- de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie;

- de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

- de la loi modifiée du 17 avril 1998 portant création d'un établissement public dénommé «centre hospitalier neuropsychiatrique»;

- de la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois;

- de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la police et l'inspection générale de la police;

- de la loi du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux,

- de la loi modifiée du 25 mars 2015 instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois, ainsi que

2) abrogation

- de la loi modifiée du 21 mai 1964 portant 1. réorganisation des établissements pénitentiaires et des maisons d'éducation; 2. création d'un service de défense sociale;

- de la loi du 4 avril 1978 ayant pour but d'habiliter le personnel du service de garde des établissements pénitentiaires à exercer certaines attributions de police générale

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 31.08.2016

***7043** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l'ILNAS*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 31.08.2016

***7044** - Projet de loi portant réforme de l'Inspection générale de la Police et modifiant*

1) la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État

2) la loi modifiée du 25 mars 2015 instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois

3) le livre Ier du Code de la sécurité sociale

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure, le 31.08.2016

***7045** - Projet de loi portant réforme de la Police grand-ducale et abrogeant la loi du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure, le 31.08.2016

***7046** - Projet de loi 1.) instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement 2.) modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre*

Dépôt: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 31.08.2016

***7047** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau*

Dépôt: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 31.08.2016

***7048** - Projet de loi concernant la protection de la nature et des ressources naturelles*

Dépôt: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 31.08.2016

***7049** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel*

Dépôt: M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias, le 31.08.2016

7052 *- Projet de loi portant modification de la loi du 27 février 2011 sur les réseaux et les services de communication électroniques*

Dépôt: M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias, le 02.09.2016

7053 *- Projet de loi portant introduction d'une certification de la durabilité des logements et modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement*

Dépôt: M. Marc Hansen, Ministre du Logement, le 05.09.2016

7054 *- Projet de loi concernant la collecte et la saisie des dossiers d'aides relatives au logement*

Dépôt: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, M. Marc Hansen, Ministre du Logement, le 05.09.2016

7055 *- Projet de loi relative à un régime d'aides à des prêts climatiques*

Dépôt: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, M. Marc Hansen, Ministre du Logement, le 05.09.2016

7056 *- Projet de loi relatif aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière*

Dépôt: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé, le 07.09.2016

7057 *- Projet de loi relatif à la construction du bâtiment Jean Monnet 2 de la Commission européenne à Luxembourg-Kirchberg*

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 07.09.2016

7058 *- Projet de loi concernant les mutuelles et modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises*

Dépôt: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale, le 08.09.2016

7059 *- Projet de loi portant approbation de l'Accord de Paris sur le changement climatique, adopté à Paris, le 12 décembre 2015*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 09.09.2016

7060 *- Projet de loi portant 1. modification du Code du travail; 2. abrogation des articles 13 à 18 de la loi modifiée du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 13.09.2016

7061 *- Projet de loi modifiant certaines dispositions du Code de la sécurité sociale*

Dépôt: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale, le 13.09.2016

7062 *- Projet de loi sur les établissements d'hébergement et la classification officielle et abrogeant*

- la loi du 11 juillet 1957 portant réglementation du camping;

- la loi modifiée du 17 juillet 1960 portant institution d'un statut de l'hôtellerie

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 14.09.2016

7064 *- Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse et portant modification de la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements des données à caractère personnel concernant les élèves*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 21.09.2016

7065 *- Projet de loi concernant l'aménagement du territoire et modifiant:*

1. la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds de route;

2. la loi modifiée du 15 mars 1979 sur l'expropriation pour cause d'utilité publique;

3. la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 27.09.2016

7066 *- Projet de règlement grand-ducal portant modification du règlement grand-ducal du 31 mai 2015 relatif à la participation de l'Armée luxembourgeoise à la mission «Resolute Support» en Afghanistan*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense, le 27.09.2016

7067 *- Projet de loi portant création du Journal officiel électronique du Grand-Duché de Luxembourg*

Dépôt: M. Fernand Etgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, le 05.10.2016

7068 *- Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la désignation de deux députés comme membres du comité d'évaluation institué par la loi du 23 juillet 2016 portant mise en place d'un statut spécifique pour certaines données à caractère personnel traitées par le Service de renseignement de l'État*

Dépôt: MM. Eugène Berger, Alex Bodry, Henri Kox, Claude Wiseler, Députés, le 06.10.2016

3) Sur demande du Gouvernement et par arrêté grand-ducal de retrait du 27 septembre 2016, le projet de loi n°6604 relatif au classement des établissements d'hébergement touristique a été retiré du rôle en date du 3 octobre 2016.

Sur demande du Gouvernement et par arrêté grand-ducal de retrait du 27 septembre 2016, le projet de loi n°6970 portant approbation d'amendements aux Annexes A et C de la Convention sur les polluants organiques persistants, signée le 22 mai 2001, adoptés par les Parties par Décisions SC-7/12, SC-7/13, SC-7/14 à l'occasion de la septième réunion des Parties, tenue à Genève du 4 au 15 mai 2015 a été retiré du rôle en date du 10 octobre 2016.

4) La pétition ordinaire et les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

690 *- Demande de pétition publique: Machines à sous illégales*

Dépôt: M. Sébastien Cazenave, le 05.07.2016

691 *- Demande de pétition publique: Panneaux interdiction de donner à manger aux pigeons*

Dépôt: M. Sébastien Cazenave, le 05.07.2016

692 *- Demande de pétition publique: Schulfreier Tag für jeden Mittwoch*

Dépôt: M. Benny Manchikit, le 07.07.2016

693 *- Demande de pétition publique: Pour la protection de la femme, de l'enfant notamment contre les mœurs de la circoncision, contre la torture d'animaux sans électronarcose, contre l'importation de viande halal, car l'importer c'est pour moi comme violer des gamins en Asie et revenir... donc pour la protection de nos valeurs et mœurs culturelles en tout genre*

Dépôt: M. Filipe Marques, le 20.07.2016

694 *- Demande de pétition publique: Coffée-Bike-Luxembourg*

Dépôt: Mme Myriam Sassel, le 24.07.2016

695 *- Demande de pétition publique: Forfait fixe par mois pour la gérance d'un appartement*

Dépôt: M. Joao Lima Da Cruz, le 26.07.2016

696 *- Demande de pétition publique: Se garer devant chez soi sans PV*

Dépôt: M. Edouard Kanku, le 02.08.2016

697 *- Demande de pétition publique: Adaptatioun vum Juegdgesetz*

Dépôt: M. Jacques Schuler, le 09.08.2016

698 *- Demande de pétition publique: Lëtzebuerger Sprooch als 1. Amtssprooch an Nationalsprooch gesetzlech fir all Awunner zu Lëtzebuerg festzeleeën*

Dépôt: M. Lucien Welter, le 16.08.2016

699 *- Demande de pétition publique: Allocation d'éducation*

Dépôt: Mme Nora Funck, le 21.08.2016

700 *- Demande de pétition publique: Remorquage direct de véhicules se trouvant sur les arrêts de bus, de stationnements pour handicapés et sur les aires de livraison*

Dépôt: M. Stéphane Schockmel, le 23.08.2016

701 *- Demande de pétition publique: De Bau vun engem Calisthenics-Workout-Park an der Péitruss*

Dépôt: M. Eric Reinesch, le 24.08.2016

702 *- Demande de pétition publique: Dérogation du port de ceinture pour tous les conducteurs de bus en service national RGTR, TICE, AVL, TEC, etc.*

Dépôt: M. Christian Rausch, le 02.09.2016

703 *- Demande de pétition publique: Pour l'introduction d'une république au Luxembourg en remplacement de la monarchie*

Dépôt: M. Serge Hoffmann, le 04.09.2016

704 *- Demande de pétition publique: Interdiction des vols de nuit*

Dépôt: M. Patrick Wilhelmy, le 05.09.2016

705 *- Demande de pétition publique: Pour la généralisation du tiers payant pour toutes les visites et interventions médicales*

Dépôt: M. Cyril Perrichon, le 09.09.2016

706 *- Demande de pétition publique: Droit au Logement*

Dépôt: M. Roger Mendes, le 14.09.2016

707 *- Demande de pétition publique: Recht auf ein pestizidfreies Leben in Luxemburg, Droit à une existence sans pesticides au Luxembourg*

Dépôt: M. Ronald Mordiconi, pétition au nom de «Fräi Ökologesch Demokratesch Partei» «FÖDP», le 14.09.2016

708 *- Demande de pétition publique: Introduction d'une formation de base aux premiers secours dans les écoles luxembourgeoises*

Dépôt: M. Eric Derume, le 14.09.2016

709 *- Demande de pétition publique: Lëtzebuerger Kanner net méi duerch déi franséisch Sprooch an de Schoulen ze diskriminéieren, an dofir och Sektiounen op Däitsch unzebidden. Et geet net, dass eis Lëtzebuerger Kanner an hirem eegene Land benodeelegt ginn.*

Dépôt: M. Romain Schinker, le 15.09.2016

710 *- Demande de pétition publique: Fuertester/Fuerfäegkeet vun eelere Leit*

Dépôt: M. Yan Meis, le 15.09.2016

711 *- Demande de pétition publique: Fir e generellt Vermummungsverbuet am ëffentleche Raum*

Dépôt: M. Pascal Hansen, le 16.09.2016

712 *- Demande de pétition publique: Einheitliche Energiesteuersätze für Diesel und Benzin*

Dépôt: M. Gilles Nosbusch, le 16.09.2016

713 *- Demande de pétition publique: Améliorer la sécurité des piétons et cyclistes à Luxembourg*

Dépôt: M. Philippe Malaisé, le 22.09.2016

714 *- Demande de pétition publique: La réforme de la loi du RMG pour les propriétaires*

Dépôt: Mme Kheira Retibi, le 24.09.2016

715 *- Demande de pétition publique: Erhalt und Modernisierung der Kirchenfabriken*

Dépôt: M. Marc Linden, le 25.09.2016

716 *- Demande de pétition publique: Droit aux primes pour les salariés en reclassement pour raison médicale*

Dépôt: M. Marc Weber, le 26.09.2016

717 *- Demande de pétition publique: Droit au don du sang pour les hommes homosexuels*

Dépôt: M. Michael Dabee, le 27.09.2016

718 *- Demande de pétition publique: Bien-être animal et santé humaine*

Dépôt: M. Michel van Aken, le 28.09.2016

719 *- Pétition ordinaire: Stop aux bombardements massifs de civils*

Dépôt: M. Martin Lagneau, Handicap International Luxembourg, le 30.09.2016

720 *- Demande de pétition publique: „An der Loft" amplaz „On Air" - Lëtzebuergesch als offiziell Sprooch am Radio aféieren an dat gesetzlech festhalen*

Dépôt: MM. Jean-Marc Cloos et Philippe Meyers, le 01.10.2016

721 *- Demande de pétition publique: Changement vum Code civil, deen op dem Code Napoléon baséiert, an en neie Code ënnert dem Numm „Code Jang de Blannen"*

Dépôt: M. Jean-Luc Linster, le 01.10.2016

722 *- Demande de pétition publique: Limitation des paiements en faveur des demandeurs d'asile pour ne pas encourager les migrations pour raisons économiques*

Dépôt: M. Manfred Reinertz Barriera, le 02.10.2016

723 *- Demande de pétition publique: Einberufung eines Referendums zwecks Einführung eventueller Taxen (Péage), um auf Luxemburger Autobahnen und Landstraßen zu fahren! (nur für Nichtansässige)*

Dépôt: M. Marc Dax, le 02.10.2016

724 *- Demande de pétition publique: Bezuelbare Wunnraum*

Dépôt: M. Christopher Back, le 03.10.2016

725 *- Demande de pétition publique: „NEEN" zu eiser Mammesprooch als éischt offiziell Sprooch. «NON» à la langue luxembourgeoise comme première langue officielle en matière administrative et judiciaire. „NEIN" zur luxemburgischen Landessprache als erste Amtssprache*

Dépôt: M. Joseph Schloesser, le 05.10.2016

726 *- Demande de pétition publique: Développer la technique de thermoablation et sa prise en charge au Luxembourg afin d'éviter l'ablation thyroïdienne*

Dépôt: Mme Anna Christen, le 06.10.2016

5) Conformément à l'article 168 (7) du Règlement de la Chambre des Députés, la Conférence des Présidents, en l'absence d'une séance publique en temps utile, a décidé à l'unanimité de l'envoi d'un avis motivé politique sur la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil visant à contrer le blocage géographique et d'autres formes de discrimination fondée sur la nationalité, le lieu de résidence ou le lieu d'établissement des clients dans le marché intérieur, et modifiant le règlement (CE) n°2006/2004 et la directive 2009/22/CE - COM/2016/0289.

6) À partir du 1er octobre 2016, la commission parlementaire ayant dans ses attributions le contrôle du Service de renseignement de l'État s'appelle «Commission de contrôle parlementaire du Service de renseignement de l'État».

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

8. 7013 - Proposition de loi sur les sportifs d'élite de niveau mondial et modifiant la loi du 3 août 2005 concernant le sport

Déclaration de recevabilité

Dann, als nächste Punkt, hu mer an der Reunioun vum 6. Oktober vun der Presidentekonferenz d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ugeholl. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 7013 iwwert den Elittesport, déi de 7. Juli vun der Madamm Nancy Arendt deponéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech deem Virschlag vun der Presidentekonferenz un an erkläert déi Proposition de loi als recevabel?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

(La proposition de loi est renvoyée à la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports.)

9. Ordre du jour

Dann huet d'Presidentekonferenz an hirer leschter Sëtzung de Projet d'ordre du jour fir dës Woch un d'Fraktioune geschéckt. Ech brauch Iech net nach eng Kéier ze widderhuelen, wat dropsteet.

Ech wollt just d'Chamber froen, ob se mat deem Ordre du jour d'accord ass.

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

An ech hunn dann direkt d'Ufro vum Här Kartheiser, fir eng Proposition de loi ze deponéieren.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* An eng Motion.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* An eng Motioun. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

10. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution par M. Fernand Kartheiser

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen a Kolleeginnen, et ass jo am Ableck, mengen ech, ganz vill rieds am Land iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch aus ganz verschiddenen Uläss. Dat eent ass natierlech déi Petitioun, déi Der alleguer kennt, déi ganz grousse Succès hat. Dat anert ass déi Diskussioun, déi mer och elo haten: de 75. Joresdag vum 10. Oktober, dee mer elo an der Kathedral an op verschiddene Monumenter gefeiert hunn. Allgemeng kënne mer feststellen, a mir gesinn dat och an den Erklärunge vu villen heibannen, datt d'Lëtzebuerger Sprooch op e ganz groussen Interessi hei am Land stéisst.

Mir haten als ADR an deem neie Verfassungsentworf, dee mer jo elo laang hei an der Chamber diskutéiert hunn, een Artikel, deen eis besonnesch um Häerz geleeën huet, an dat ass deen iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch. D'Aktualitéit vun deene leschten Deeg huet eis awer gewisen, datt mer an dëser Legislaturperiod mat u Sécherheet grenzender Wahrscheinlechkeet net méi dozou kommen, eng richteg déif Verfassungsrevisioun ze féieren, och net, Rechtsakten hei an der Chamber a Form vun engem éischte Vott ze setzen, an also och kee Referendum méi virun de Wahle vun 2018.

Fir eis ass et awer aus prinzipielle Grënn an och elo besonnesch, wou d'Lëtzebuerger Sprooch erëm esou am Interessi vun der Éffentlechkeet ass an esou héichgehale gëtt vu ville Leit, vun zentraler Wichtegkeet, datt mer deen Aspekt vun der Constitutioun elo net verleeën op en Zäitpunkt an der Zukunft, dee mer nach net kennen, mä datt mer hei kloer wëlle soen, datt mer eng punktuell Verfassungsrevisioun elo hei wëlle proposéieren, wou mer d'Lëtzebuerger Sprooch elo scho wëllen an eis Constitutioun erasetzen, an zwar a genau deenen Termen,

déi an där zoustänneger Verfassungsrevisiounskommissioun och zréckbehale goufen.

Mir haten als ADR schonn eng zweet punktuell Revisioun vun der Verfassung fir dës Legislaturperiod proposéiert. Ech wëll déi just kuerz rappeléieren: Dat ass eng Propositioun vu mengem Kolleeg Roy Reding iwwert den Déiereschutz, betreffend den Artikel 11bis vun der Constitutioun.

Déi Proposition de loi fir eng punktuell Revisioun vun der Constitutioun, fir d'Lëtzebuerger Sprooch als Sprooch vum Land ze deklaréieren, betrëfft den Artikel 29 vun eiser Constitutioun. Deen Text, wéi gesot, ass genau deen, dee bis elo och an der Diskussioun war: «La langue du Luxembourg est le luxembourgeois. La loi règle l'emploi des langues luxembourgeoise, française et allemande.» Et ass eis Hoffnung, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt mer déi zwou Verfassungsrevisiounen, déi d'ADR punktuell proposéiert, nach virum Ofschloss vun dëser Legislaturperiod hei kënnen an der Chamber diskutéieren an décidéieren.

Här President, ech däerf Iech deen Text iwwerreechen.

7069 *- Proposition de révision de l'article 29 de la Constitution*

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci.

11. Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Am selwechte Geescht wëlle mer Iech haut eng Motioun proposéieren, déi op dat ageet, wat ville Leit ganz besonnesch um Häerz läit, an déi de Wëlle vun eiser politescher Gesellschaft hei a Form vun der Chamber wëllt kloer ënnermaueren: datt mer eis zesummen engagéiere fir d'Lëtzebuerger Sprooch an alle Beräicher.

Mir hunn an deene leschten Deeg héiere vu verschiddene Vertrieder vu verschiddene Parteien, wéi wichteg hinnen d'Sprooch ass. Si soen alleguer, déi, déi mer héieren hunn, datt se sech wëllen engagéiere fir eis Sprooch, datt vill méi muss gemaach gi fir eis Sprooch, ouni awer de Multilinguismus a Fro ze stellen. Och dat ass eise Gedanken a mir deklinéieren deen op ganz verschidde Manéieren:

Mir soen, datt mer wëlle Lëtzebuergesch als Nationalsprooch an als administrativ Sprooch ausbauen. Mir wëllen, datt déi Sprooch progressiv ëmmer méi kann als vollwäerteg Sprooch an der Legislatioun an op de Geriichter verwannt ginn an datt déi Uerteeler a verschidde Gesetzestexter musse kënnen op Lëtzebuergesch iwwersat ginn, wéinstens déi Texter, mat deenen d'Leit am meeschte konfrontéiert sinn.

D'Ministèren an d'Administratioune sollten en Effort maachen, hir Kommunikatiounen, Formulairen an aner offiziell Dokumenter un éischter Plaz op Lëtzebuergesch de Leit virzeleeën.

Mir proposéieren, datt am Nationalitéitegesetz drop verzicht gëtt, datt den Niveau vun de Sproochkenntnisser erofgesat gëtt, an datt drop verzicht gëtt, fir Leit, déi 20 Joer am Land wunnen an no där Zäit nach ëmmer kee Lëtzebuergesch kënnen, fir deenen och d'Nationalitéit ze ginn.

Mir hätte gär, a mir komme muer de Mëtten an enger Fro un d'Regierung dorobber zréck, datt d'Lëtzebuerger Sprooch eng Amtssprooch am Sënn vun den Décisioune vum Conseil vun der Europäescher Unioun vum 13. Juni 2005 ass. An an deem Sënn soll d'Regierung och dat bei der Europäescher Unioun ufroen.

Mir wëllen d'Lëtzebuerger Sprooch an de Schoule souwuel als Unterrechtsfach, als Unterrechtssprooch, als Schoulsprooch an als Ëmgangssprooch festschreiwen. Mir wëlle Lëtzebuergesch an der Europaschoul, an de Privatschoulen an an deenen auslännesche Schoulen zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen.

Mir wëllen an de Crèchen an am éischten Zyklus vum Fondamental op eng multilingual Fréierzéiung verzichten a Lëtzebuergesch als eenzeg Integratiounssprooch promouvéieren.

D'Offer vu Sproochecoursen a Coursen iwwert d'Lëtzebuerger Kultur soll ausgebaut ginn an eisen auslännesche Matbierger solle reell Méiglechkeete gebuede ginn, fir och kënnen un deene Coursen deelzehuelen.

Am Gesondheets- an am Fleegesecteur wëlle mer, datt d'Regierung eis kuerzfristeg Propositioune mécht, wéi kann effikass garantéiert ginn, datt déi Leit, déi mat Patienten a Kontakt stinn, och d'Lëtzebuerger Sprooch op héijem Niveau schwätzen.

A mir wënschen eis vun der Regierung, datt se eis konkret Propositioune mécht, wéi Lëtzebuergesch an der Geschäftswelt ka promouvéiert ginn, fir datt d'Leit, déi hei an e Geschäft ginn, och kënnen op Lëtzebuergesch hir Wënsch virbréngen.

Motion

D'Chamber,

vu

- datt d'Lëtzebuerger Sprooch op groussen Interessi stéisst an datt besonnesch am Kontext vun engem séieren demografesche Wandel de Wonsch grouss ass, Lëtzebuergesch méi ze fleegen an ze promouvéieren;

- datt vill Bierger, och Vertrieder vu ville politesche Parteien, an der Effentlechkeet an an de Medie fir eng Revalorisatioun vun der Lëtzebuerger Sprooch plädéieren;

- datt d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch de Multilinguismus net a Fro stellt;

- datt d'Lëtzebuerger Sprooch déi gemeinsam Sprooch vun allen Awunner vum Land soll sinn an dowéinst als Integratiounssprooch muss weider ausgebaut ginn;

fuerdert d'Regierung op:

- de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch als Nationalsprooch an als administrativ Sprooch systematesch auszebauen an ze favoriséieren;

- alles ze maachen, fir datt Lëtzebuergesch progressiv ëmmer méi kann als vollwäerteg Sprooch och an der Legislatioun an am Rechtswiese gebraucht ginn, an an enger éischter Phas rechtlech net verbindlech Iwwersetzunge vun Uerteeler a verschiddene Gesetzestexter maachen ze loossen;

- d'Publikatiounen, Matdeelungen a Formulaire vun alle Ministèren a staatlechen Administratiounen fir d'Éischt op Lëtzebuergesch erauszeginn;

- d'Lëtzebuerger Sprooch als éischt op den Internetsäite vu Gemengen a Stat an och op Stroosseschëlter a Panneaue privilegéiert ze gebrauchen;

- den Niveau vum Sproochentest fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit net am Vergläich zu haut erofzesetzen an drop ze verzichten, Leit, déi schonn zwanzeg Joer am Land liewen, ouni Lëtzebuergesch geléiert ze hunn, d'Nationalitéit ze ginn;

- d'Lëtzebuerger Sprooch an der EU als Amtssprooch am Sënn vun der Décisioun vum Ministerrot vun der Europäescher Unioun vum 13. Juni 2005 unerkennen ze loossen;

- d'Lëtzebuerger Sprooch an de Schoulen zu Lëtzebuerg verstäerkt ze ënnerriichten an och als Schoulsprooch, Ëmgangssprooch an de Schoulen an als Unterrechtssprooch festzeleeën;

- Lëtzebuergesch och an der Europaschoul, an de Privatschoulen an an deenen auslännesche Schoulen zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen;

- an den ëffentleche Crèchen, am Précoce an an der Spillschoul (am „1. Zyklus" vun der Grondschoul) op eng multilingual Fréierzéiung ze verzichten an d'Lëtzebuergescht als eenzeg Integratiounssprooch ze promouvéieren;

- d'Offer vun de Sproochecoursen a vun de Coursen iwwer Lëtzebuerger Kultur konsequent an nohalteg weider auszebauen, och fir d'Integratioun vun den auslänneschen Awunner an anere Leit, déi un eiser Sprooch interesséiert sinn, ze begënschtegen;

- bei den auslännesche Matbierger Reklamm ze maachen, fir datt si Lëtzebuergesch solle léieren, an hinnen dozou och konkret Méiglechkeete bidden;

- bannent dräi Méint e Plang virzeleeën, mat deem effikass a kuerzfristeg garantéiert ka ginn, datt am Gesondheets- an am Fleegesecteur jiddereen, deen am Kontakt mat Patiente steet, Lëtzebuergesch op engem héijen Niveau schwätzt;

- bannent dräi Méint d'Chamber ze informéieren, wéi eng Moossnamen d'Regierung wëllt huelen, fir déi lëtzebuergesch Sprooch an der Geschäftswelt ze promouvéieren;

- der Chamber all sechs Méint e Rapport ze presentéieren, an deem d'Efforte vun der Regierung fir déi Lëtzebuerger Sprooch detailléiert opgezielt an erkläert ginn an an deem weider Initiative proposéiert ginn.

(s.) Fernand Kartheiser.

Alles dat steet an dëser Motioun. Mir hoffen, datt dee groussen Engagement, deen an de leschten Deeg hei deklaréiert ginn ass vun esou ville politesche Säiten, sech och an engem positive Vott iwwert dës Motioun nidderschléit an domadder der Glafwierdegkeet vun deenen, déi deen Engagement fir d'Lëtzebuerger Sprooch professéiert hunn, och zeguttkënnt.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Mir géifen dann zum eigentlechen Ordre du jour vun de Mëtten iwwergoen. Als éischte Punkt um Ordre du jour hu mer de Projet de loi 6935 iwwert de Congé parental. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An den honorabelen Här Rapporteur, den Här Gilles Baum, ass scho prett. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

12. 6935 - Projet de loi portant réforme du congé parental et modifiant

1. le Code du travail;

2. le Code de la sécurité sociale;

3. la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

4. la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

5. la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

6. la loi modifiée du 14 mars 1988 portant création de congés d'accueil pour les salariés du secteur privé;

7. la loi modifiée du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales;

8. la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

M. Gilles Baum *(DP), rapporteur.-* Villmools Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, wann een nach net esou laang an der Chamber hei vertrueden ass wéi verschiddener vun Iech, dann ass et ëmmer nach e bësse speziell, hei uewen ze stoen. Wann een dann awer d'Chance huet, e Projet däerfe virzestellen, op deen esou vill Leit dobausse waarden, e Projet, deen deene jonke Famillen entgéintkënnt, e Projet, deen et erlaabt, d'Familljeliewen an d'Aarbecht besser ënner een Hutt ze kréien, da kann ee sech glécklech schätzen. An d'Reform vum Congé parental ass esou e Projet. De Congé parental ass sonner Zweifel eng Erfollegsgeschicht. An de Mëtte schreiwe mer zesummen e weidert Kapitel.

Wann d'Kanner bis an engem säi Liewen antrieden, do ännert sech esou munches, an ech mengen, déi heibannen, déi Kanner hunn, wäerte mer recht ginn. Besonnesch seng Zäit muss ee sech besser andeelen. Et muss ee besser plangen, fir grad wann d'Kanner kleng sinn Zäit ze hunn, eng fest Bindung mam Puppelchen oder mam Kand opzebauen, besonnesch an deenen éischte Joren. An ech soen Iech et, et ass wichteg an et ass och ganz flott, vill Zäit ze hunn, fir mat senge Kanner ze verbréngen, fir mat senge Kanner kënnen ze spillen, ze gesinn, wéi si d'Welt entdecken, wéi si sech kierperlech entwéckelen, wéi si hir Sprooch entwéckelen. An et ass och immens wichteg, dass mer eis Kanner bei all deene Schrëtt ënnerstëtzen.

De Congé parental ass eng Méiglechkeet, déi dem Papp an der Mamm et erlaabt, méiglechst vill Zäit mam Kand ze verbréngen, ouni mussen ze fäerten, Nodeeler an der Aarbechtswelt ze hunn. An ech soen et hei an aller Däitlechkeet: De Congé parental ass e Recht. De Congé parental ass e Recht fir all Papp a fir all Mamm, egal wien dovunner deen éischte Congé parental hëlt a wien den zweeten hëlt.

De Congé parental fousst op enger Initiativ vun der Europäescher Unioun an en huet sech am Laf vun der Zäit weiderentwéckelt, besonnesch wat déi juristesch Sécherheeten ugeet. Zu Lëtzebuerg gouf en 1999 an d'Gesetzgebung iwwerholl an ëmgesat am Kader vun der Direktiv 96/34 vum Conseil vum 3. Juni 1996.

Déi Kolleegen, déi scho méi laang hei an der Chamber vertruede sinn, déi wäerte sech dorunner bestëmmt erënneren. Deemools ass eist Gesetz scho méi wäit gaange wéi déi Direktiv, well d'Direktiv huet virgesinn, dass ee mindestens dräi Méint kéint sech ëm säi Kand bekëmmeren. An déi zwee Modeller, déi hei zu Lëtzebuerg agefouert gi sinn, ech mengen déi kennt Der alleguer, dat heescht: sechs Méint direkt beim Kand bleiwen, sechs Méint Congé parental direkt, fir beim Kand ze bleiwen, oder zwielef Méint hallef.

Och war de Congé parental zu Lëtzebuerg vun Ufank un indemniséiert, eppes wat d'Direktiv net verlaangt huet. An ech mengen och, dass déi Indemnisatioun, déi d'Eltere kritt hunn, och zum groussen Deel zum flotte Succès vum Congé parental bäigedroen huet. War de Congé parental am éischte Moment als eng aarbechtspolitesch Moossnam an d'A gefaasst ginn, sou huet e sech awer ganz séier zu enger familljepolitescher Mesure entwéckelt.

Am Laf vun der Zäit goufe vereenzelt Ännerungen um Congé parental virgeholl, ouni awer déi zwee Modeller, déi ech Iech elo genannt hunn, a Fro ze stellen. Esou gouf 2002 de Congé parental verduebelt fir eng Mamm, déi Zwillinge kritt, an 2006 gouf d'Indemnitéit op 1.778 Euro festgeluecht, respektiv 889 Euro fir e Congé parental zu 50%. An un deene Montanten huet sech vun 2006 bis haut näischt méi geännert.

Wéi vill Elteren awer vum Congé parental profitéiert hunn an all deene Joren, dat beweise folgend Zuelen: Säit senger Aféierung am Joer 1999 bis den 31. Dezember 2014 hunn 80.863 Elteren de Congé parental an Usproch geholl. Dat ware 64.676 Mammen a 16.187 Pappen. A Prozenter ausgedréckt: 80% Mammen an 20% Pappen.

Bei de Mammen hu 24% de Congé parental hallef geholl a 76% Vollzäit. Bei de Pappen ass et e bësse méi équilibréiert: 42% Hallefzäit an 58% Vollzäit.

Am Joer 2015 konnt een awer feststellen, dass méi Elteren e Congé parental geholl hu wéi an der Moyenne vun deene Jore virdrun: genee 4.595 géint 4.256 am Joer virdrun, wat eng Steigerung vu ronn 8% ass.

Wee sech fir den Detail interesséiert, fënnt dësen an och nach ganz vill flott Informatiounen am Rapport d'activité vum Familljeministère.

Et war der Regierung wichteg, eng Bestandsopnam ze maachen, fir ze kucken, wat fir eng Aarbechtsmodeller den Elteren an awer och de Patrone géifen entgéintkommen. An et ass wichteg, hei ze ënnersträichen, dass dat Gesetz, wat mer elo hei virleien hunn, e Konsens ëmsetzt tëscht der Regierung an de Sozialpartner aus dem Abrëll 2015.

Donieft gouf vum Familljeministère e representative Sondage mat 1.235 Leit an Optrag ginn, fir erauszefannen, ob d'Leit genuch informéiert sinn, wat de Congé parental ass, wat d'Grënn sinn, fir de Congé parental ze huelen oder net ze huelen, a wat d'Grënn sinn, fir en ze huelen oder en net ze huelen, wann Adaptatiounen um Congé parental géife virgeholl ginn.

Abee, ech kann Iech soen: Dee Sondage huet gewisen, dass d'Leit dobausse ganz gutt wëssen, wat de Congé parental ass. Op alle Fall hu 85% vun de Leit dat uginn. An och 55% vun den Dammen, déi am Sondage matgemaach hunn, an 20% vun den Hären hunn uginn, den éischte Congé parental geholl ze hunn, de Congé parental beim éischte Kand.

Déi Haaptgrënn, fir de Congé parental net ze huelen, ware finanziell Grënn an e Manktum u Flexibilitéit bei den Aarbechtszäiten. Dës Reform ass wuel eng familljepolitesch Reform, mä si soll och de Patronen entgéintkommen, fir zesumme mam Papp oder der Mamm e flexibele Modell ze fannen, deen deenen zwee passt. De Patron kann zesumme mat den Elteren ënner méi Modeller wielen. E ka méi Modeller eraussichen, déi och hien a sengem Betrib arrangéieren, well déi méi grouss Wiel stäerkt a mengen Aen d'Vertrauen tëschent dem Papp, der Mamm an hirem Patron, an ech denken, och d'Motivatioun op der Aarbecht.

Wat sinn dann elo déi Modeller, ënnert deenen d'Elteren an Zukunft sech dee kënnen eraussichen, dee fir hir Situatioun am beschte passt? Als Éischt emol kann ee weiderhin de Congé parental huele sechs Méint ganz. Wann dat engem ze laang ass, kann een de Congé parental erofschrauwen op véier Méint ganz. Manner geet awer net, well mer duerch d'Contrainte vun der Direktiv gebonne sinn, mindestens véier Méint ze accordéieren.

Dëse Modell gëllt fir all Elteren, déi en Aarbechtskontrakt hu vu mindestens zéng Stonnen d'Woch. An dat ass eng wichteg Neierung, well virdru konnt een de Congé parental nëmmen huelen an et konnt een nëmmen an de Genoss vum Congé parental kommen, wann ee mindestens 20 Stonnen d'Woch geschafft huet. Mat deem ale System hu mer ganz vill Leit ausgeschloss.

Weiderhi kann ee mam Accord vum Patron och déi zwielef Méint hallef huelen. Och déi kënnen op aacht Méint reduzéiert ginn. Dëse Modell gëllt fir all Papp an all Mamm, déi en Aarbechtskontrakt vu mindestens 20 Stonnen d'Woch hunn.

Déi Pappen a Mammen, déi an engem Aarbechtskontrakt vu 40 Stonnen d'Woch sinn, kënnen ënner zwee weidere Modeller wielen: entweder véiermol ee Mount an enger Period vun 20 Méint respektiv wärend 20 Méint een Dag (veuillez lire: an der Woch) doheem beim Puppelche bleiwen, dat heescht 80% schaffe wärend 20 Méint.

Wichteg ass och ervirzeträichen, dass den éischte Congé parental obligatoresch muss nom Congé de maternité oder dem Congé d'allaitement geholl ginn. Ass dat net de Fall, geet d'Recht op den éischte Congé parental verluer. Eng Ausnam gëllt hei awer fir allengerzéiend Mammen.

Dir wësst, dass d'Regierung och wëllt de Congé pour raisons familiales op de Leescht huelen, soudass an Zukunft all Mamm wäert dräi Méint no der Gebuert zegutt hunn, ob se hire Puppelchen niert oder net.

Wat si weider Neierungen, nieft den neie Modeller? D'Alterslimitt vum Congé parental geet vu véier op fënnef Joer erop a se geet op zwielef Joer erop am Fall vun enger Adoptioun. Hei ass ze bemierken, dass am aktuelle Regimm de Congé parental schonn zur Halschent muss geholl ginn, éier d'Kand fënnef Joer huet. An Zukunft geet et duer, dass de Congé parental ufänkt virun deem Dag, wou d'Kand seng sechs Joer kritt.

Am Adoptiounsfall bei engem méi ale Kand, zum Beispill, gëtt eng Period vu sechs Méint (veuillez lire: sechs Joer) gerechent vum Enn vum Congé d'accueil respektiv vum Jugement bis zum Alter vu maximal zwielef Joer.

Fir konform mam europäesche Recht ze sinn, muss de Sëtz vun der Firma, bei där ee schafft, och net méi zu Lëtzebuerg sinn. Mä fir de Congé parental kënnen unzefroen, muss ee wärend deenen zwielef Méint virum Ufank vum Congé parental bei der Lëtzebuerger Sécurité sociale affiliéiert gewiescht sinn. Och muss d'Kand net méi doheem bei deem Elterendeel wunne säit der Gebuert oder dem Accueil, well d'Garde alternée an d'Garde partagée ëmmer méi Famillje betreffen. Et geet duer, wann d'Kand déi meeschten Zäit bei deem ass, deen de Congé parental gefrot huet, ouni dass d'Kand wierklech muss op eng aner Adress ëmgemellt ginn.

Fir de Congé parental opzemaache fir Persounen, déi manner wéi 20 Stonnen d'Woch schaffen oder verschidden Aarbechtskontrakter cumuléieren, ass d'Minimumstonnenzuel op zéng Stonnen d'Woch erofgesat ginn. Doduerch gëtt de Pool vun de Leit, déi an de Genoss vum Congé parental kënne kommen an trotzdeem de Lien mat hirer Aarbecht wëllen halen, wesentlech méi grouss.

Den neie Congé parental erlaabt et och Persounen, déi méi Aarbechtskontrakter hu bei verschiddene Patronen, zum Beispill Leit, déi stonneweis bei anere Leit doheem am Stot schaffen, de Congé parental kënnen ze huelen.

Wéi virdru beschriwwen, huet eng Persoun, déi manner wéi 20 Stonne schafft bei méi Patronen, elo och en Urecht op e Congé parental vu véier Méint ganz oder sechs Méint ganz. Schafft si bei méi Patronen, ass ëmmer den Accord vun de Patronen alleguerte verlaangt.

Nach eemol am Kloertext: E Papp oder eng Mamm schafft 40 Stonne bei deemselwechte Patron, da kënne si tëschent deene sechs Modeller wielen. E Papp oder eng Mamm schafft 40 Stonnen d'Woch bei verschiddene Patronen, da kënne se véier Méint ganz oder sechs Méint ganz huelen. E Papp oder eng Mamm schafft tëschent 20 a 40 Stonnen d'Woch bei engem Patron, da kënne se véier oder sechs Méint ganz huele respektiv aacht oder zwielef Méint hallef. Eng Mamm oder e Papp schafft tëschent 20 a 40 Stonnen d'Woch bei méi Patronen, da kënne si véier oder sechs Méint fir sech huelen. Eng Mamm oder e Papp schafft manner wéi 20 Stonne bei engem oder méi Patronen, da kënne se véier oder sechs Méint ganz huelen.

Ech wëll och notéieren, dass déi Leit mat engem Contrat d'apprentissage, dat heescht déi Leit, déi eng Léier maachen, och kënnen an de Genoss komme vum Congé parental, véier Méint oder sechs Méint ganz.

Eng Neierung ass och, dass en hallwe Congé parental bedeit, dass d'Aarbechtszäit ëm 50% gekierzt gëtt an net wéi bis elo 20 Stonnen d'Woch manner wéi festgehalen ass am Aarbechtskontrakt.

Déi nei Modeller vum fraktionéierte Congé parental gi vum Elterendeel an dem Patron an engem Plan de congé parental festgehalen an dann zesumme mat der Demande un d'Zukunftskeess geschéckt. Ännerungen un deem Plang sinn nëmme méiglech, wat d'Méint oder den Horaire ugeet. De Modell vum Congé parental kann awer net méi geännert ginn, wann e bis eemol accordéiert ass.

Wann et keen Accord gëtt tëschent dem Patron an dem Elterendeel, wat de Modell ugeet, da proposéiert de Patron e Gespréich an en alternative Plan de congé parental an engem Délai vun zwou Wochen. Wann och dee Congé parental refuséiert gëtt, da behalen de Papp oder d'Mamm d'Recht op véier oder sechs Méint ganz.

Deen Elterendeel, deen den éischte Congé parental wëllt huelen, muss sengem Patron Bescheed soe per Post, also als Recommandé, an dat spéitstens zwee Méint, éier de Congé de maternité ufänkt.

Den zweete Congé parental ka geholl gi vun deem Elterendeel, deen den éischte Congé parental net hat. Well et en Individualrecht ass, kann een deen och net weiderginn. Wat allerdéngs nei ass, dat ass, dass déi zwee Elterendeeler kënne gläichzäiteg de Congé parental huelen. Wéi beim éischte Congé parental muss de Patron och hei véier oder sechs Méint ganz accordéieren. Fir déi aner Modeller muss een e Plan de congé parental mat sengem Patron ausschaffen.

Beim zweete Congé parental däerf de Patron aus gewëssene Grënn, déi am Aarbechtsrecht virgesi sinn, den Ufank vum Congé parental op e spéideren Datum verleeën, wann zum Beispill e groussen Deel vu sengem Personal de Congé parental géif wëllen zur selwechter Zäit huelen an den normalen Aarbechtsoflaf net méi geséchert wier.

Wärend dem ganze Congé parental ass de Papp oder d'Mamm géint eng Entloossung ofgeséchert, an dat vum leschten Dag un, wou een de Congé parental kann ufroen, bis zum Enn vum Congé parental.

Mir hu beim zweete Congé parental och Wäert drop geluecht, dass dat Recht, e Congé parental zesummen ze huelen, net nëmmen en theoretescht Recht bleift. An dofir ass den Délai, wou den Elterendeel de Congé parental beim Patron muss ufroen, vun haut sechs Méint op zukünfteg véier Méint gekierzt ginn. Esou ass et dem Papp zum Beispill méiglech gemaach ginn, den zweete Congé parental och reell kënnen unzetrieden, wann d'Mamm de Congé consécutif hëlt.

Den zweete wichtegen Aspekt niewent enger méi grousser Flexibilitéit ass d'Héicht vum Ersatzgeld, dat d'Elteren, déi sech derfir entscheeden, de Congé parental ze huelen, och kréien. Den aktuelle Montant vun 1.778 Euro ass fir vill Leit ganz kloer eng Brems. An de Sondage huet et ganz kloer gewisen: Wat de Revenu méi héich, ergo den Ausfall méi héich ass, wat d'Leit och méi zécken, fir vum Congé parental ze profitéieren. Dat beweist och de Congé non indemnisé vu véier Méint, deen een am ale Gesetz konnt huelen: Bei der Zukunftskeess si keng Handvoll esou Demanden eragaangen, an dat säit 1999.

Fir deem entgéintzewierken, gëtt e regelrecht Ersatzgehalt, e Revenu de remplacement, agefouert. Dëst Gehalt gëtt au prorata vun deem ausbezuelt, wat vun der Pai verluer geet, an dat mat engem maximale Plaffong vun 3.204 Euro brutto. Domat komme mir och dem Avis vum Statsrot aus dem Joer 2004 no. An duerch den neie System behalen d'Elteren och weiderhin ouni Ënnerbriechung hir Assurance pension. Och ass duerch d'Aféierung vun engem Ersatzloun eng automatesch Upassung un den Index ofgeséchert, wat bei der aktueller Indemnitéit säit 2006 net méi de Fall war.

Duerch d'Méiglechkeet, am fraktionéierte Modell 20% doheem ze bleiwen, gëtt de Lounausfall natierlech wesentlech méi kleng, wéi wann e 50% oder 100% wär. Well d'Suen, déi an engem Stot sinn, eropginn, an hoffentlech och méi Pappe vum Congé parental Gebrauch wäerte maachen, gëtt sech erwaart, dass et fir d'Frae méi einfach gëtt, fir doheem ze bleiwen oder fir zréck an d'Aarbecht ze goen, well de Budget vum Stot bal identesch bleift.

De Revenu de remplacement gëtt gerechent um Revenu cotisable vun deene leschten zwielef Méint virum Ufank vum Congé parental. De Centre commun de la sécurité sociale iwwerliwwert déi Zuelen dann un d'Zukunftskeess, déi zoustänneg ass, fir de Revenu de remplacement auszebezuelen. De Montant vum Revenu de remplacement huet als ënnescht Limitt den onqualifizéierte Mindestloun vun 1.922 Euro an als iewescht Limitt 3.204 Euro brutto, wat dem soziale Mindestloun plus zwee Drëttel entsprécht. Dës Montante bezéie sech natierlech op Vollzäitaarbechtskontrakter vun 173 Stonnen d'Woch (veuillez lire: de Mount).

A Leit, déi sech derfir interesséieren, Leit, déi wëllen ausrechnen, wivill si dann als Bruttorevenu de remplacement géife kréien an deene verschiddene Modeller, deene Leit kann ech de Calculateur un d'Häerz leeën, dee se kënne fannen um Site vun der Zukunftskeess ënnert der Adress www.cae.public.lu.

D'Gesetz gesäit och vir, dass d'Elteren, déi hir Demande scho gemaach hunn, mä deenen hire Congé parental eréischt nom Akraafttriede vum Gesetz ufänkt, kënnen eng nei Demande maachen, fir eventuell vun deenen neie Modeller ze profitéieren. Dee Moment sinn d'Délaien acquis, déi ee muss respektéieren, fir eng Demande ze maachen, mä de Patron kann awer deen neie Modell refuséieren. Da fält den Elterendeel automatesch op dee Modell zréck, dee mam Patron ausgemaach gi war an deen och accordéiert gi war.

Fir de Leit entgéintzekommen, déi an hirem ugefrote Modell wëlle bleiwen, also sechs Méint oder zwielef Méint hallef, awer vum neie Revenu wëlle profitéieren, gesäit eng weider Dispositioun vir, dass se sech par lettre recommandée kënne bei der Zukunftskeess mellen, wuelverstane wann de Congé parental nom Akraafttriede vum Gesetz, dat heescht ab dem 1. Dezember, a Kraaft trëtt.

Fir all weider Informatiounen, wat d'Avise vun de Beruffskummeren ugeet oder d'Avise vum Conseil d'État, verweisen ech op mäi schréftleche Rapport.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass d'Kolleege vun der CSV am September fënnef Amendementer virgeluecht hunn, déi eng nach méi grouss Flexibilisatioun virgesinn haten, an och de Wëllen ausgedréckt hunn, beim uniformen Tariff ze bleiwen. Net nëmmen aus Zäitgrënn, mä besonnesch well dëst Gesetz - an ech ënnersträichen dat nach eng Kéier - op engem ausgehandelten Accord mat de Gewerkschaften an de Patronatsvertrieder baséiert, goufen dës Amendementer net ugeholl.

Well dëst Gesetz awer just eng weider Etapp ass a bestëmmt och net fir d'Éiwegkeet gëllt, hu mir eis parteiiwwergräifend gëeenegt, eng Motioun eranzereechen, wou mer d'Regierung opfuerderen, an dräi Joer e Bilan ze maache vun deenen neie Mesuren an och weider Weeër ze sichen, fir de Congé parental nach méi flexibel kënnen ze maachen. An, Här President, erlaabt mer, dass ech Iech hei déi Motioun iwwerreechen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- que la conciliation entre vie professionnelle et familiale est depuis longtemps une priorité politique;

- que les mesures mises en œuvre pour atteindre cet objectif doivent s'adapter le mieux possible aux besoins des familles;

- que le sondage effectué à la demande du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région en vue de la réforme du congé parental a identifié certains motifs de renonciation au congé parental;

- que le projet de loi 6935 portant réforme du congé parental vise à répondre aux besoins exprimés par les parents en ce qu'il

- flexibilise les modèles et les périodes de congé parental,

- étend le cercle des bénéficiaires potentiels en allégeant les conditions d'octroi,

- incite plus de parents à prendre un congé parental;

- qu'il importe de continuer l'analyse des moyens mis en œuvre pour concilier vie professionnelle et vie privée, y compris en tenant compte des amendements et propositions faits au cours des travaux parlementaires;

- que déjà la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales prévoyait dans son article 19 une évaluation des effets des dispositions portant notamment sur l'incidence du congé parental sur le marché de l'emploi, ses effets sur l'égalité des chances et ses effets dans l'intérêt de l'enfant;

invite le Gouvernement

- à dresser un bilan du nouveau système du congé parental après une période de trois années et à évaluer les différents modèles proposés aux parents;

- à présenter, le cas échéant, des propositions d'adaptation.

(s.) Gilles Baum, Taina Bofferding, Françoise Hetto-Gaasch, Fernand Kartheiser, Roberto Traversini.

Da wéilt ech ofschléisse mat engem ganz grousse Merci un alleguer d'Kommissiounsmemberen, déi ganz, ganz äifreg matgeschafft hunn un den Aarbechten, un eise ganz fläissege Sekretär, den Här Jean-Paul Bever, fir seng gutt Aarbecht, an e ganz besonnesche Merci och un d'Madamm Myriam Schanck, déi Presidentin ass vun der Zukunftskeess, déi eis mat ganz vill Sachverstand duerch dëse ganz wichtegen an och immens flotte Projet begleet huet.

Ech soen Iech alleguerten e grousse Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An den Här Rapporteur hätt och nach der Chamber kënne Merci soen, dass se him e puer Minutte méi Riedezäit ginn huet.

(Interruptions et hilarité)

Voilà, dat gesot, ginn ech d'Wuert dann direkt weider un d'Madamm Françoise Hetto fir d'CSV.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur, dem Gilles Baum, e grousse Merci soe fir säi ganz ausféierleche souwuel schréftleche wéi och mëndleche Rapport. Erlaabt mer vläicht, fir am Ufank e klengen, wierklech e ganz klenge Réckbléck ze maachen.

De Congé parental, deen ass hei am Land agefouert ginn opgrond vun enger, wéi Dir et och gesot hutt, EU-Direktiv vum 3. Juni 1996, déi en individuellt Recht vu minimum dräi Méint Congé parental fir all Elterendeel, dee schafft, am Fong geholl garantéiert. An dat ass e Recht, dat doduerch entsteet, dass een e Kand kritt oder e Kand adoptéiert. Déi Direktiv ass hei zu Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 12. Februar 1999 transposéiert ginn.

Loosst mech drun erënneren, dass dee Congé parental deemools als en neit an och zousätzlecht Instrument fir d'Bekämpfung vum Chômage ugesi ginn ass. De Congé parental sollt näämlech dozou déngen, fir Chômeuren oder Leit ouni Aarbecht als Remplaçanten ebe fir deen Zäitraum ze rekrutéieren, wou eng Aarbechtsplaz duerch e Congé parental net besat wier.

D'Etüd iwwert de Congé parental vun 2002 huet awer besonnesch déi familljepolitesch Aspekter wéi och déi vun der Chancëgläichheet als ganz positiv ervirgestrach. D'Ziler vum Congé parental si manner beschäftegungspolitescher Natur, mä éischter familljepolitescher Natur. En plus droe se dozou bäi - an do gëtt d'Chancëgläichheetsministesch mer bestëmmt recht -, dass mer iwwert dëse Wee der Chancëgläichheet tëschent Fra a Mann och e Stéck méi no kommen.

D'Famill kritt mam Congé parental déi Ënnerstëtzung vum Stat, déi hir och zousteet. Mir hunn als CSV nach ëmmer d'Meenung vertrueden an eis Politik och dorobber ausgeriicht, dass een den Eltere soll de Choix loossen, dass een den Eltere soll all Méiglechkeeten oploossen, wéi si hiert Familljeliewe wëlle gestalten, ob si fir e Congé parental optéieren oder net, ob si ganz doheem bleiwen, fir sech selwer ëm d'Erzéiung vun hire Kanner ze bekëmmeren, oder ob si Deelzäit oder ganzdaags schaffe ginn an op Famill, Betreiungsstrukturen oder awer och Dageselteren zréckgräifen.

Déi ganz Diskussioun ronderëm de Congé parental muss een awer och kucken an engem Gesamtkontext vun éischtens Aarbechtszäiten, déi besser op d'Conciliatioun vu Famill a Beruffsliewe mussen ofgestëmmt ginn, a vun zweetens alle méigleche Formen u flexibele Betreiungsmesuren.

Ech wëll op dëser Plaz drun erënneren, dass an deenen zwou leschte Regierungen immens vill Efforte gemaach gi sinn, wat souwuel d'Crèchë wéi och d'Betreiung vun de Kanner ubelaangt, déi am Schoulalter sinn. Et gouf e Statut fir Dagesmammen agefouert, fir domadder wierklech och e breede Spektrum u méigleche Betreiungsmodeller ze offréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Congé parental stellt net nëmmen e Recht duer fir all Elterendeel, e stellt awer och eng Erausfuerderung duer fir all Patron vun enger Entreprise. Wat de Volet Aarbechtszäitorganisatioun ubelaangt, do bleift nach villes ze maachen, well déi ganz Conciliatioun Famill a Beruff, déi hänkt wierklech maassgeblech dovunner of, wivill Optiounen een als Elteren huet, fir de Spagat tëschent Famill a Beruff dann och ze realiséieren.

Duerfir hu mir als CSV an der Kommissioun och eng Rei Amendementer an deem Sënn proposéiert gehat. Ech komme gläich dorobber zréck.

Ech wëll awer op dëser Plaz och mäi Respekt ausdrécke fir all déi Patronen an Entreprisen, déi wierklech hiert Bescht maachen, fir dass hir Mataarbechter de Congé parental kënnen huelen, déi och d'Décisioune vun den Eltere respektéieren, ouni dass dat Konsequenzen op deenen hir zukünfteg Carrière huet. Et ass

sécherlech net einfach, de Congé parental an déi betriiblech Organisatioun mat anzebauen, ganz besonnesch net fir déi méi kleng Entreprisen. Mir sinn eis och bewosst, dass et Betriber gëtt, déi de Wënsch vun hire Salariéë méi einfach kënnen nokomme wéi anerer, net well déi et net wëllen, mä well si et einfach organisatoresch gesinn net hikréien.

Et ass och begréissenswäert, dass d'ABBL gëschter eng Absichtserklärung ënnerschriwwen huet, dass een dann an Zukunft kann de Remboursement vum Immobilieprêt wärend der Zäit vum Congé parental ënnerbriechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetzestext ginn eng ganz Partie Adaptatioune vum aktuelle Congé parental gemaach. Engersäits gëtt déi aktuell Indemnitéit duerch e Revenu de remplacement ersat, an anerersäits kréien d'Elteren an Zukunft d'Méiglechkeet, fir en dach awer méi flexibele Congé parental ze huelen.

Mir sinn als CSV och der Meenung, dass et wierklech Zäit war, de Congé parental ze iwwerkucken an ze iwwerschaffen. Allerdéngs hätt ee kënnen dës Reform notzen, fir e Stéck méi wäit ze goen a méi eng grouss Palett u flexibele Méiglechkeeten unzebidden. Zanter dass de Congé parental agefouert ginn ass, kann ee feststellen, dass ëmmer méi Mammen a Pappen dovunner Gebrauch maachen. An dat ass och gutt esou. 2001 waren et ronn 30% vun den Elteren, déi de Congé parental geholl hunn. Abee, 2014 si mer awer trotzdeem scho bei 44,1%.

Am mannste gëtt en allerdéngs genotzt vun de Monoparentallen. An dass net méi Elteren de Congé parental huelen, dat huet natierlech och verschidden Ursaachen. Fir déi eng ass, wéi et gesot ginn ass, de Montant vun der Indemnitéit ze niddreg fir de Fall, wou se e géife ganz beieneen huelen. Anerer fäerten, hir Carrière géif duerch de Congé parental dach awer e Knécks kréien. Fir anerer ass et awer och dacks en No-Go vusäite vum Patron. A fir nach anerer ass en, esou wéi mer e bis elo haten, ganz einfach vill ze vill rigid.

Mir begréissen als CSV prinzipiell all Mesure, déi drop ausgeriicht ass, den Elteren d'Liewe manner schwéier ze maachen an hinnen et och ze erlaben, méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen. Duerfir begréisse mir et och, dass d'Regierung higeet an de Congé parental méi flexibel wëllt gestalten.

Mir haten an eisem Wahlprogramm stoen, dass mer d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff wéilte verbesseren iwwert de Wee vu méi enger flexibeler Aarbechtszäitorganisatioun. An do kënnen natierlech e flexibele Congé parental an eng aner Aarbechtszäitorganisatioun doudsécher derzou bäidroen.

Flexibilisatioun an Aménagement vun der Aarbechtszäit gehéieren zum Zäitgeescht. D'Patronat ass jo am Prinzip och mat enger Reform vum Congé parental am Sënn vu méi Flexibilitéit d'accord, hätt sech awer gewënscht, dass déi Diskussiounen iwwert d'Aarbechtszäitorganisatioun parallell gefouert gi wieren an dass een am Fong geholl op deem Ganzen e Konsens fonnt hätt.

Mir bedaueren, dass dat net geschitt ass, well mir sinn och iwwerzeegt, dass een, wann dat de Fall gewiescht wier, nach hätt kënne ganz aner Méiglechkeete fir de Congé parental erausschielen. An dës Reform wier do derduerch méi ambitiéis ginn.

Duerfir hate mir och eng Partie Amendementer proposéiert, déi dem Wonsch vu ganz villen Eltere ganz bestëmmt entgéintkomm wieren. Mir schwätzen hei vill iwwert d'Elteren. Mir alleguer wäerten haut de Mëtte vill iwwert d'Eltere schwätzen a wéi een et fir si ka besser organiséieren, mä ech wëll awer op dëser Plaz och ee Wuert iwwert dee klenge Mënsch soen, ëm deen et am Fong geholl geet: d'Kand.

Déi éischt dausend Deeg am Liewe vun engem Kand sinn entscheedend, wat de physeschen a psychesche Bien-être fir de Rescht vu sengem Liewen ubelaangt. Dausend Deeg, dat sinn néng Méint Schwangerschaft an eppes méi wéi zwee Liewensjoren. D'Bindungsfäegkeet fänkt am Bauch vun der Mamm un. Déi éischt zwee Liewensjore festegt de Puppelchen dann d'Liene mat senge Bezuchspersounen, am Idealfall den Elteren. Déi éischt Jore sinn entscheedend, de Rapporteur huet dat och ënnerstrach, an duerfir sollt een och dëse jonken Eltere wierklech d'Chance ginn, déi éischt Zäit, déi éischt Joren esou vill wéi méiglech Zäit mat hirem Puppelchen ze verbréngen.

Dat ass och de Wonsch vu ganz villen Elteren. Jonk Eltere wëllen dee Stress, dee sech ergëtt duerch d'Jongléieren tëschent Famill a Beruff, einfach net méi hinhuelen. Vun den Elengerzéier guer net ze schwätzen!

Fir dass eng Famill awer kann zu enger Famill zesummewuessen, brauch se Zäit. Dohier muss et méiglech ginn, duerch en dach awer flexibele Congé parental seng Aarbechtszäit esou anzedeelen, dass all Famill sech hir ënnerschiddlech Liewensaart a -weis kann erméiglechen, sech awer och hiren Job ka sécheren, am Aarbechtsprozess mat drableiwen an awer iwwer e puer Joer genuch Zäit huet, fir mat deem neie klenge Familljemember eng enk Relatioun opzebauen.

D'Patronen hu jo eigentlech och all Interessi drun, hire Leit entgéintzekommen, well zefridde Salariéë sti gemengerhand dem Betrib trei zur Säit. D'Betriber, déi net kënnen duerch héich Léin Leit unzéien, kënnen dat awer eventuell duerch interessant a familljefrëndlech Aarbechtszäitaménagementer maachen. Et huet deemno jiddwereen eppes drun ze gewannen. A vu dass de Gesetzestext souwisou virgesäit, dass de Patron muss fir all Flexibilisatioun säin Accord ginn, sollt een et dem Patron an dem Salarié iwwerloossen, eng fir si agreabel Léisung ze fannen. Op alle Fall sollen et net legislativ Barrièrë sinn, déi der Flexibilitéit am Wee stinn.

Duerch eis Amendementer, déi leider net ugeholl gi sinn, hätten d'Elteren an d'Kand méi Zäit firenee kritt. Si hätte vill méi eng breet Palett vu Méiglechkeete gehat, an dat ouni dass et de Stat méi deier gi wier. Am Géigendeel. À propos Käschten, do kommen ech och nach drop ze schwätzen.

Mir wollten den Elteren de Choix ginn, tëschent dräi verschiddene Congé-parentallen ze wielen: véier Méint ganz, sechs Méint ganz oder souguer aacht Méint Congé parental temps plein. Dernieft hätt een dës dräi Formen och nach kënne fraktionéieren. D'Leit, déi plein temps schaffen, hätte kënne mat eisen Amendementer innerhalb vun deem Congé parental, dee fir si a Fro kënnt, ufroen, net just fir zur Halschent, och net just fir zu 80% schaffen ze goen, esou wéi et elo virgesinn ass, neen, no eise Virstellungen hätte si kënne carrément tëschent enger Palett vun 20%, 40%, 50%, 60% an 80% wielen. Zu allem hätt natierlech de Patron säin Accord misse ginn. E muss dat jo mam neien Text souwisou maachen.

Mir sinn der Meenung, an de Sondage beweist et och, dass d'Eltere sech prioritär méi Zäit, méi Flexibilitéit wënschen an net un éischter Stell méi Indemnitéit. Eis Amendementer hätten e grousse Choix erméiglecht.

Dobäi muss een awer och soen, dass de Choix fir Flexibilitéit, zum Beispill dee Moment, wou ee sech derfir décidéiert, 80% schaffen ze goen an 20% vum Congé parental ze profitéieren, dass dat op Käschte geet vun der Zäit. Well et dierf een net iwwer 30 Méint 80% schaffe goen, esou wéi dat engem am Fong geholl géif zoustoen, wann een dat vun de sechs Méint ëmrechent, mä just wärend 20 Méint.

Zweetens, d'Regierung gesäit vir, déi forfaitaire Indemnitéit duerch e Revenu de remplacement, deen op 3.200 Euro brutto maximal fixéiert ass, ze ersetzen. Mir als CSV, mir halen un deem aktuellen indemnitairë System fest. Wéisou?

Ma mir sinn der Meenung, dass eng Indemnitéit, déi een am Kader vum Congé parental kritt, net sollt vu Persoun zu Persoun variéieren. Mir mengen, dass de Revenu de remplacement, esou wéi d'Gesetz en dann elo festhält, géint de Gläichheetsprinzip, deen an der Verfassung verankert ass, verstéisst. Fir eis huet d'Erzéiungsaarbecht vun allen Elteren deeselwechte Wäert. D'ailleurs ass dat och esou an deenen anere Länner. Et kann net sinn, dass deem enge seng Elterenaarbecht méi Wäert huet wéi deem anere seng.

En plus sinn déi 3.200 Euro, déi ëmmer an d'Fënster gestallt ginn, net netto. Do gi jo d'Steieren nach of, d'Soziallaaschte ginn nach of. Keen, awer och wierklech kee wäert 3.200 Euro erauskréien! Mir als CSV wollten duerfir de Montant vun der Indemnitéit fir all Eltere gläich loossen an um Niveau vum onqualifizéierte Mindestloun festmaachen. An dovunner géif ausser deenen 2,8% fir d'Krankekeess an 1,4% Assurance dépendance näischt ofgezu ginn. Amplaz vu méi Suen hätte mir méi Zäit offréiert, wann dat da vun den Eltere gewënscht gewiescht wier. Mä wéi gesot, eis Amendementer si leider net ugeholl ginn.

Ech sinn awer trotzdeem frou, dass se op iergendeng Aart a Weis den Nidderschlag fannen an enger gemeinsamer Motioun, wou mer dann an dräi Joer wäerte kucken, wéi dat Ganzt, wat mer elo dann haut wäerte stëmmen - mir wäerten eis enthalen -, wéi dat da bei de Leit ukënnt.

Mir wieren natierlech nach méi frou gewiescht, wann eis Amendementer adoptéiert gi wieren. Awer mir si wierklech net domadder averstanen, dass hei verschidde Revenue wäerten ausbezuelt ginn. Ech denken och drun, dass déi Leit, déi an Zukunft dat mussen ausrechnen, dass déi nach ganz vill Freed kréie bei deene Berechnungen.

An et ass och net esou, Madamm Minister, wéi Dir gesot hutt, dass et och am Congé de maternité géife verschidde Valeure ginn. De Congé de maternité, dee gëtt iwwert d'Krankekeess bezuelt. Dorobber gëtt cotiséiert am Prorata zum Salaire an och jee nodeem, ob ee Fonctionnaire ass, ob een am Privatsecteur schafft oder ob een Indépendant ass. An de Congé parental ass eng Prestation familiale, wourobber een 2,8% Krankekeess an 1,4% Assurance dépendance bezilt. Et kann een deemno net Äppel mat Bire vergläichen.

Mir bedaueren awer och, dass hei - an dat ass awer och e wesentleche Punkt - keng seriö Käschteberechnung gemaach ginn ass respektiv keng seriö Estimatioun. Am Géigendeel!

An der Fiche financière gëtt sech op zwou Hypotheese beruff, wou 50% vun de Salariéen, déi sech fir de Congé parental plein temps décidéieren, sech géife fir e Congé parental vu véier Méint décidéieren, a wou 50% vun de Salariéen, déi fir e Congé parental mi-temps sech géifen entscheeden, op dee vun aacht Méint géifen zréckgräifen. Dat heescht: Dir gitt dervun aus, dass d'Halschecht sech fir dee méi kuerze Congé parental entscheet. Abee, dat ass op jidde Fall och dee Modell, deen de Stat am mannste wäert kaschten an awer, an Áren Zeenarien, 15 bis 29 Milliounen méi wäert kaschten, wéi dat bis elo de Fall ass.

Une voix.- Très bien!

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV)*.- Ech géif dann natierlech nawell gäre wëssen, Madamm Minister, wat géif dann ufalen u Käschten, wann d'Majoritéit vun de Leit sech géif fir déi deierst Versioun décidéieren, sechs Méint ganz oder zwielef Méint hallef, well schliisslech, Dir erhofft Iech dat jo, wäerten dann och méi Pappen an Zukunft de Congé parental wëllen huelen, well se sech duerch déi méi héich Indemnitéit ugezu spieren.

An deene ganzen Estimatioune steet och kee Wuert driwwer, a wéi engem Mooss dass de Plus u Steieren, déi dach awer wäerten och erakommen, säin Nidderschlag fënnt. Et ass ganz einfach keng seriö Estimatioun.

Nach just ee Wuert zur Propositioun vun de véier Méint Congé parental respektiv véiermol ee Mount. Mir sinn als CSV der Meenung, dass een den Elteren net soll manner Zäit ubidden, fir mat dem Kand ze verbréngen, mä éischter méi. Ech fäerten näämlech, dass mer hei duerch dës Alternativ kënnen e gewëssenen Drock kreéieren an deem Sënn, dass d'Patronen hire Leit soen, jo, si sollte sech da vläicht léiwer fir déi véier Méint décidéieren amplaz fir déi sechs Méint, well dat fir de Betrib méi einfach ze organiséieren ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus all dëse verschiddenen Ursaachen, déi ech elo opgezielt hunn, wäerte mir eis bei dem Vott iwwert dëst Gesetz enthalen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Hetto. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Max Hahn. Dir hutt d'Wuert, Här Hahn, fir d'DP.

M. Max Hahn *(DP)*.- „An, wéini ass et da bei dir esou wäit?" Jo, dës Fro kritt een a mengem Alter alt emol gestallt.

(Brouhaha)

Dorobber, léif Kolleegen, wäert ech Iech awer keng Äntwert ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Mir hunn Iech jo och net gefrot.

M. Max Hahn *(DP)*.- Ech wäert villméi op déi Froen agoen, déi ee sech an deem Kontext a mengem Alter stellt.

Haut, an dovu sinn ech iwwerzeegt, gëtt e Gesetz gestëmmt, dat de Congé parental däitlech méi attraktiv wäert maachen. Dat huet zwar bestëmmt keen Afloss op de Kannerwonsch vun enger Koppel, well ech mengen net, dass d'Leit méi oder manner Kanner wëllen, deemno wéi de Congé parental geregelt ass. Mä et beaflosst d'Elteren awer bei der Äntwert op eng aner Fro. D'Fro, déi jonk Famillje sech näämlech stellen, ass déi heiten: Hëlt een de Congé parental? Oder hëlt een en net?

Natierlech wëllt ee méi Zäit mat sengem Kand verbréngen. An trotzdeem muss een d'Rechnung maachen, ob de Congé parental net ze vill Nodeeler an Abousse fir ee selwer a seng Famill bedeit. D'Zil vun dëser Reform ass, dass vill méi Elteren, a besonnesch vill méi Pappen, den zweete Congé parental huele wäerten. D'Zil ass et, dass a fënnef bis zéng Joer den zweete Congé parental esou oft geholl gëtt wéi deen éischten. Dass d'lescht Joer den zweete Congé parental just a 34% vun de Fäll geholl ginn ass, weist, wéi ambitiéis d'Zil vun dëser Reform ass.

Här President, et heescht, den neie Congé parental gëtt den haitege Gegebenheeten ugepasst. Mä wat sinn dann déi haiteg Gegebenheeten? Haut ass d'Rolleverdeelung am Stot eng aner wéi nach bei mengen Elteren. Deemools war et näämlech ganz oft esou, dass de Mann schaffe gaangen ass an d'Fra doheem bliwwen ass, fir d'Kanner grousszezéien. Hautdesdaags ginn déi zwee aus der Koppel schaffen a wann den Nowuess bis do ass, bleiwen déi Allerwéinegst nach ganz doheem beim Kand.

Dat huet haaptsächlech zwou Ursaachen: éischtens, d'Finanzen an déi eege sozial Ofsécherung, och wann d'Bezéiung emol an d'Bréch geet, an zweetens de Wonsch, säi Beruff op d'mannst deelweis auszeüben, well en engem Spaass mécht an ee perséinlech erfëllt. An do, léif Frënn, gëtt et tëschent Fraen a Männer keen Ënnerscheed.

Ech stellen a mengem Frëndes- a Familljekrees awer nach ee groussen Ënnerscheed zu fréier fest: Hautdesdaags wëllen d'Pappe méi an d'Erzéiung vun hire Kanner agebonne ginn. An dat ass och gutt esou! D'Experte si sech hei eens, dass hei grad déi éischt Joren enorm wichteg sinn. An awer, et si grad d'Pappen, déi de Congé parental net huelen. Mä firwat ass dat dann esou?

Ma d'Grënn, firwat haaptsächlech deen éischte Congé parental geholl gëtt an deen zweete vill manner, sinn en gros déiselwecht wéi déi, firwat hautdesdaags dacks keen Elterendeel ganz doheem bleift. Ech widderhuele mech: Dat sinn éischtens d'Finanzen an d'sozial Ofsécherung an zweetens de Wonsch, säi Beruff op d'mannst deelweis auszeüben. A grad op dës zwou Ursaachen äntwert d'Reform.

Wat d'Finanzen ugeet, ass deen nei agefouerten Ersatzloun vum Congé parental méi no un där normaler Pai vun den Elteren, wat et grad der Mëttelschicht finanziell och erlaabt, de Congé parental ze huelen. Et däerf een net vergiessen, dass rezent e Sondage realiséiert gouf, deen ervirgehuewen huet, dass bal d'Halschent vun deene gefrote Leit, déi de Congé parental net geholl hunn, dës Entscheedung getraff hunn, well se sech de Congé parental finanziell net leeschte konnten.

Wat de Wonsch ugeet, säi Beruff op d'mannst deelweis auszeüben, esou gëtt deem mat enger Erhéijung vun der Flexibilitéit, wéi een de Congé parental huele kann, Rechnung gedroen. Hei wäert een an Zukunft tëschent véier zousätzleche Modeller kënnen entscheeden. Déi zousätzlech Modeller wäerten de Mammen an de Pappen entgéintkommen, déi vläicht net sechs Méint Ganzzäit am Congé parental wëlle sinn. Ech denken do un déi Elteren, déi an engem dynamesche Secteur schaffen, wou sechs Méint eng laang Zäit sinn, an där zum Beispill Projeten ofgeschloss ginn an nei Projeten entstinn, un deene si wëllen deelhuelen. Véier Méint um Stéck, véier Méint verdeelt oder een Dag d'Woch, dat erméiglecht et, kee Choix tëschent dem Kand an der Aarbecht mussen ze treffen.

Fir Famill a Beruff besser ënner een Hutt ze kréien, ass an esou Fäll besonnesch d'Formule, fir de Congé parental wärend 20 Méint een Dag d'Woch ze huelen, eng flott Optioun fir Employé a Patron. Dat entsprécht enger Tâche vun 80%. Gekoppelt mam Bruttoersatzrevenu vu bis zu 3.200 Euro, ass de finanziellen Aschnëtt fir d'Mëttelschicht also wesentlech méi kleng, wéi dat aktuell de Fall ass.

Här President, erlaabt mer e kuerzen Ausfluch an d'Vergaangenheet. 1999 gouf de Congé parental agefouert, dat mat deenen zwee Modeller, wéi mir se bis haut kennen: sechs Méint Ganzzäit an den zwielef Méint Hallefzäit. Dat si mëttlerweil ëmmerhi 17 Joer hier, 17 Joer, vun deenen d'CSV 14 Joer laang de Familljeressort besat huet an näischt heiru geännert huet. Ech wëll net polemesch ginn,...

(Hilarité)

...mä ech war dowéinst virun engem Mount verwonnert, dass d'Reform därselwechter CSV net flexibel genuch war, obwuel d'Reform véier zousätzlech Variante virgesäit. Wann déi flexibel Modeller hinnen esou wichteg sinn, stellen ech mer just d'Fro, firwat si dat net scho méi fréi proposéiert an och ëmgeännert hunn!

Ech freeë mech op alle Fall, dass et elo och der CSV wichteg ass, de Congé parental méi ze flexibiliséieren.

(Interruption)

An natierlech hätt ee mat der Flexibilitéit nach méi wäit kënne goen. Et däerf een awer net

vergiessen, dass d'Ministesch dëst Gesetz net an der Dunkelkammer ausgeschafft huet a geschriwwen huet, mä de virleiende Gesetzestext mat de Sozialpartner ausgehandelt huet, woufir ech der Ministesch, awer och der ganzer Regierung op dëser Plaz félicitéiere wëll.

Une voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP)*.- Wat d'Flexibilitéit ugeet, schéngt d'CSV sech jo an déiselwecht Richtung ze bewege wéi mir.

Une voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP)*.- Nieft dem spéide Wonsch no méi Flexibilitéit hält d'CSV awer un der Iddi vun engem eenheetleche Montant fest a géif deemno léiwer bei engem vill méi niddrege Montant bleiwen. Abee, mir maachen do eng aner Analys. En eenheetleche Montant léist de Problem net, dass vill Eltere sech de Congé parental finanziell net erlabe kënnen. Grad d'Upasse vum Montant un de reelle Loun mat engem Maximum vun 3.200 Euro brutto erméiglecht et eréischt ville Leit mat engem mëttleren Akommes, de Congé parental an Usproch ze huelen.

D'CSV argumentéiert, dass d'Erzéiungsaarbecht mam nämlechte Montant soll bezuelt ginn. Wa si doranner kohärent wier, misst si dat jo och fir de Congé de maternité an de Congé d'allaitement froen. Hei kritt ee jo och keen eenheetleche Montant wärend den aacht respektiv zwielef Wochen no der Gebuert ausbezuelt, mä de volle Salaire. Dat ze ännere wier zwar genausou kontraproduktiv, mä op d'mannst wier et kohärent.

(Interruption)

Ech bleiwen derbäi: E méi en niddregen eenheetleche Montant léist eise Problem net, well vill Eltere sech de Congé parental weiderhin net leeschte kéinten. Ech wëll awer och betounen, dass och méi en héijen eenheetleche Montant net d'Léisung wier, well mir domat falsch Ureizer géife schafen, wa verschidde Leit méi Suen iwwert de Congé parental ausbezuelt géife kréie wéi si verdéngen, wa se schaffen.

Här President, d'Reform, iwwert déi mer haut schwätzen an déi gestëmmt wäert ginn, ass e Meilesteen an der Familljepolitik. D'Reform dréit ganz kloer der Realitéit Rechnung, fir datt an Zukunft méi Leit an och méi Pappe sech fir de Congé parental kënnen entscheeden.

Fir sech matzäiten un d'Besoine vun den Eltere kënnen unzepassen, begréisst d'Demokratesch Partei d'Motioun, déi de Rapporteur déposéiert huet. Et ass näämlech wichteg, an e puer Joer eng Bestandsopnam ze maachen, fir dee System kënnen ze evaluéieren an eventuell och Upassungen ze maachen.

Dem Rapporteur Gilles Baum a Parteikolleeg wëll ech selbstverständlech am Numm vun eiser ganzer Fraktioun en décke Merci soe fir säin exzellente schréftlechen awer och mëndleche Rapport. An ech ginn dann heimat den Accord vun eiser Fraktioun.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Taina Bofferding fir d'LSAP.

Mme Taina Bofferding *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut gi mer weider an d'Richtung vun enger moderner Familljepolitik an dat ass e gutt Signal fir d'Familljen hei am Land. Éier ech op déi eenzel Elementer aus der Reform aginn, wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren an dem Rapporteur, dem Deputéierte Gilles Baum, Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport.

D'LSAP begréisst dës Reform, well domadder erméigleche mer: éischtens, dass méi Eltere wäerten an de Genoss vum Congé parental kommen; zweetens, méi Wahlméiglechkeeten, fir Beruff a Famill besser openeen ofzestëmmen; drëttens, méi Zäit fir d'Familljen. Véiertens erméigleche mer och méi Sue fir d'Familljen a fënneftens wäerte mer och der Chancëgläichheet e gutt Stéck entgéintkommen.

D'Vereenbarkeet vu Beruff a Famill ass fir meng Partei e ganz grousse Sujet. Mir engagéieren eis fir Mesuren, déi den Eltere sollen hëllefen, Famill a Beruff besser an Aklang ze bréngen. Et gëtt ëmmer méi Familljen, wou béid Elterendeeler schaffen. An hirer Virstellung vun engem gudde Liewe gëtt et déi zwee: Zäit fir d'Famill an Zäit fir de Beruff. Si erwaarden - an ech mengen, dat zu Recht - vun der Politik, dass si se ënnerstëtzt an hir Liewensrealitéit verbessert.

Mat enger Auszäit erméigleche mer et den Eltere, hiren Job virleefeg ze ënnerbriechen oder zréckzeschrauwen, fir esou méi Zäit ze hunn, fir sech intensiv ëm hiert klengt Kand ze këmmeren. Wéi déi Zäit sech gestalt, wéi ee sech organiséiert, dat soll vun de Besoinen ofhänken, déi d'Familljen an och d'Betriber hunn. Et geet eben drëms, sech esou ze organiséieren, dass béid Säiten dovunner kënne profitéieren.

Dobäi sollte mer net vergiessen, dass och spéider am Liewe vun engem Kand, also den éischte Liewensjoren, et Phase gëtt, an deenen d'Elteren och méi Zäit fir hiert Kand brauchen. An et ass wichteg, dass si och déi Zäit kréien. An dofir kënnen Elteren an Zukunft de Congé parental bis dat sechst Liewensjoer vum Kand huele respektiv, am Fall vun enger Adoptioun, bis zwielef Joer.

Eng grouss Verbesserung, déi mer haut schafen, ass d'Flexibiliséierung vun der Elterenzäit. Hei komme mer ganz kloer de schaffenden Elteren entgéint. De Wonsch no Flexibiliséierung koum am Sondage, deen am Virfeld vun der Reform gemaach gouf, ganz kloer eraus. Et ass richteg, dass bei der Opspléckung am Verglach zu deenen zwee anere Modeller manner Deeg wäerten zur Verfügung stoen. Dofir hunn d'Elteren awer bei der flexibiliséierter Form méi Choixen!

Vu Patronssäit war viru Kuerzem ze héieren - also si hunn erëm déi flexibiliséiert Form kritiséiert -, dass et fir d'Betriber extrem schwiereg wier, sech ze organiséieren, wann e Salarié een Dag an der Woch géif feelen, well ee fir deen Dag net en Ersatz kéint astellen. An et wär och net am Sënn vun der Saach, dass aner Employéen da méi Aarbecht hätten. Nun, do kéint ee jo och bal mengen, dass déi Salariéen am beschten hätten, ni krank ze ginn oder en Dag Congé ze huelen.

Ech wëll net weider op déi Ausso elo agoen, mä op deen ugeschwatene Problem ginn et awer e puer Äntwerten. Éischtens: Wa Betriber bis elo esou vill Wäert drop geluecht hätten, d'Absencen duerch e Congé parental ze ersetzen, da wär de Congé parental och beschäftegungspolitesch genausou wéi um familljepolitesche Plang eng Success Story gewiescht. A mir wëssen alleguerten, dass dat leider net de Fall war.

Zweetens muss ee soen, dass et och ganz vill vum Betrib grad wéi vun der Gréisst an och vun der Aktivitéit vum Betrib ofhänkt, wat een als Modell vum Congé parental arrangéiert a wat eben net. Sou hunn zum Beispill kleng Betriber aner Contraintë wéi grousser, déi, déi Schichte schaffen anerer wéi déi, déi dat net maachen. An et gëtt och Betriber, wou et effektiv méi laang dauert, fir eng Persoun nei anzeschaffen a wou dann déi sechs Méint Vollzäit-Congé-parental éischter déi schlecht Optioun duerstellen.

Dofir ass et jo och esou, dass souwuel bei der flexibiliséierter Form wéi och beim Congé parental à mi-temps nëmmen am Accord mam Patron deene Forme kann zougestëmmt ginn.

E weidere Punkt, deen am Sondage och e ganz grousst Thema war, ass d'Indemnitéit. Bal d'Halschent vun den Elteren hu gesot, si hätte sech géint de Congé parental entscheet, well si e sech net hätte kënne leeschten. Niewent dësem Aspekt wëll ech och nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Montante vum Congé parental säit 2006 agefruer sinn.

Fir där Suerg entgéintzekommen, gëtt déi fix Indemnitéit elo duerch e Revenu de remplacement ersat. Dat huet als Virdeel, dass de Salaire weiderleeft an dass et wärend dem Congé parental net zu weidere groussen Aboussen an de Familljenakommesse soll kommen.

Et ass sécher falsch, et esou duerzestellen, wéi wann d'Elteren nëmmen Zäit fir Kanner hätten, wa se genuch Sue géife kréien. Fakt ass awer, dass ganz vill Familljen hei am Land nun emol op zwee Akommessen, zwee Salairen ugewise sinn, fir déi lafend Käschten ze finanzéieren.

Vun den Oppositiounsparteien ass ze héieren, dass den Ersatzrevenu d'Elteren net méi gläich géif behandelen, well se net méi deeselwechte Montant ausbezuelt kréien. Et gëtt kritiséiert, dass elo zwou Zorten Eltere géife geschafe ginn: déi mat den niddrege Paien an déi Eltere mat den héije Paien. Fakt ass awer, dass déi Differenz tëschent de Paien net eréischt duerch d'Modifikatioun am Congé parental zustane kënnt. Deen Ënnerscheed, dee besteet och elo!

De Congé parental ass net geduecht, fir d'Erzéiungsaarbecht ze belounen. Den neie Congé parental huet zum Zil, en Akommesverloscht, deen eben duerch d'Reduktioun vun der Aarbechtszäit zustane kënnt, ze kompenséieren. An dat ass och déi bescht Manéier, fir de Congé parental villen Elteren iwwerhaapt emol zougänglech ze maachen.

Et wäerten och hoffentlech méi Pappe ginn, déi an Zukunft de Congé parental wäerten huelen, fir esou och méi Zäit mat hirem Kand kënnen ze verbréngen. Dat wäert och hoffentlech positiv Auswierkungen am Beräich vun der Chancëgläichheet hunn. Op dee Punkt kommen ech spéider nach eemol zréck.

Begréissen di mer och déi gemeinsam Erklärung, déi gëschter tëschent der Familljeministesch an der ABBL ënnerschriwwe ginn ass.

Niewent dem Aspekt vun der Stäerkung vun der Relatioun zum Kand ass et och wichteg, dass den Elteren hir sozial Rechter weiderhi bestoe bleiwen. Fir meng Partei ass de Schutz vun der Aarbechtsplaz grad wéi d'Sécherheet, nom Congé parental nees op seng Plaz zréckzekommen ouni Aboussen a senger Carrière, extrem wichteg. De Kënnegungsschutz ass iwwert déi ganz Dauer vum Congé parental, also bis maximum 20 Méint, garantéiert. Dobäi sinn dann och déi Eltere protegéiert, déi op e flexibele Modell zréckgräifen.

A verschiddenen Avise gëtt gefuerdert, dass och schonns ab der Demande de Kënnegungsschutz soll spillen. D'LSAP hätt dat och gäre gesinn, mä leider konnten d'Sozialpartner sech op deem Punkt net eenegen.

Ee Punkt, dee munch Elteren awer nach wäert Suerge bereeden, ass, wann een am Congé parental ass an et zu enger Faillite kënnt, dass de Salarié da säi Congé parental verléiert. Natierlech sinn déi Suitten hannendrunner jee no Situatioun ganz ënnerschiddlech - déi eng falen an de Chômage, déi aner hu vläicht méi Chance a kënnen herno vun engem Betrib iwwerholl ginn -, esou si mir awer der Meenung, dass een déi Fäll besonnesch gutt am A soll behalen a gegebenenfalls eng Kéier muss driwwer nodenken, ob net awer eng aner Léisung kéint virgesi ginn.

Ee Punkt, deen awer bestëmmt ganz vill Eltere wäert opootme loossen, ass, wann ee wärend dem Congé parental den Employeur wiesselt a sech berufflech verbessert, also méi verdéngt, dass een dann an Zukunft net méi déi Deeg, wou een am Congé parental war, muss zréckbezuelen. Mat der Reform däerfen déi Leit dat, wat se kritt hunn, och da behalen.

Bis elo huet een op d'mannst 20 Stonnen d'Woch misse schaffen, fir e Recht op Congé parental ze hunn. An dat ännert. Et brauch ee just nach, an et ass scho virdru gesot ginn, et brauch ee just nach zéng Stonnen d'Woch ze schaffen. Mir fannen dat ganz gutt, well esou komme sécherlech méi Elteren an de Genoss vun engem Congé parental.

An dorënner falen eben eng ganz Partie Leit, déi manner wéi eng hallef Tâche schaffen. A well déi jo bis elo kee Recht op Congé parental haten, hu si d'Allocation d'éducation fir sech an Usproch geholl. An nodeems dës Allocatioun jo ofgeschaaft gouf, erlabe mer hinne mam neie Gesetz eben en Zougang zum Congé parental.

Nei ass och, dass béid Elterendeeler zäitgläich däerfen de Congé parental huelen. An den Délai vun néng Wochen, deen huet mussen agehale ginn, fir den éischte Congé parental ze kréien, wa kee Congé de maternité oder Congé d'accueil geholl ginn ass, deen Délai gëtt och elo erofgesat. Dat heescht, dass souwuel d'Pappen net méi esou laang musse waarden, fir an den éischte Congé parental ze goen, wéi och Elteren, déi hiert Kand aus enger Leihmutterschaft hunn, net méi brauchen déi Délaie vun néng Wochen ofzewaarden.

Mir begréisse weider, dass de Congé parental och elo als dat unerkannt gëtt, wat en ass, an zwar eng Familljemesure, an net méi eng Mesure am Beräich vum Travail, déi Aarbechtsplaze soll schafen, wat, wéi ech et scho virdru gesot hunn, an der Vergaangenheet nëmme ganz sielen de Fall war.

Weider bréngt dës Reform net just Fortschrëtter an der Vereenbarkeet vu Beruff a Famill, mä wäert och e Quantesprong a Saache Chancëgläichheet sinn, wann ebe méi Pappen an Zukunft wäerten dann de Congé parental huelen. Vill Pappe wëllen dat. Vill Pappe wëlle méi Zäit mat hirem Kand verbréngen. An dofir solle si och sensibiliséiert ginn, fir vun hirem Recht méi Gebrauch ze maachen. An domadder sollen och Ängschte virun engem negativen Impakt op déi professionell Carrière ofgebaut ginn.

Domadder erreeche mer hoffentlech och en Ëmdenken an der Astellungspolitik. Dann hätte jonk Fraen, déi sech fir en Job virstellen, vläicht méi Chancen, well se net direkt ënner en - wéi soll ech soen? - méigleche Verdacht geroden, an nächster Zukunft eng Kéier schwanger ze ginn.

Fir vill Patronen - an dat ass leider nach ëmmer esou - ziele jonk Fraen aus bestëmmten Alterskategorien nach ëmmer als en Astellungsrisiko. Dofir eben hei d'Iwwerleeung: Wa méi Pappen de Congé parental huelen, wa sech dat zu enger Normalitéit apendelt, da wäerten an Zukunft net nëmmen d'Pappen, d'Männer manner schif bekuckt ginn, mä vläicht hunn dann och Fraen a Virstellungsgespréicher méi Chancen an - wéi soll ech soen? - ginn net méi als tickend biologesch Zäitbomme betruecht. Domadder kéime mer ganz sécherlech och der Chancëgläichheet e gutt Stéck entgéint.

Schlussendlech bleift d'Vereenbarkeet vu Beruff a vu Famill och no de Verbesserunge vum Congé parental e grousse Spagat fir vill Mammen a Pappen. Mir Politikerinnen a Politiker kënne gutt Gesetzer maachen, d'Eltere finanziell ënnerstëtzen an hinnen och méi Méiglechkeeten ubidden, an awer brauche mer och d'Volontéit vun de Patronen, fir op d'Situatioun vun den Eltere Rücksicht ze huelen. Instrumenter fir méi Flexibilitéit mussen do usetzen, wou d'Betriber kënne flexibel ginn, an net do, wou d'Eltere musse flexibel ginn.

D'Familljen, déi schaffend Elteren hei am Land, hunn eng familljefrëndlech Aarbechtswelt verdéngt. An dat Gutt dorunner ass, dovunner kënne se alleguerte profitéieren: D'Elteren, d'Patronen an am allermeeschten d'Kanner! An dofir stëmme mir dëser Reform vum Congé parental ganz gären zou. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. An nächste Riedner ass den Här Roberto Traversini fir déi gréng.

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Grazie, Presidente. Merci dem Här Gilles Baum fir de mëndlechen a schréftleche Rapport. E war gutt, wéi ëmmer.

De Congé parental gouf 1999, also viru ronn 17 Joer, agefouert. Wat deemools prioritär als eng Moossnam fir Aarbechtsplazen ze schafen ugesi gouf, soll elo endlech zu enger familljenënnerstëtzender Moossnam reforméiert ginn. Mir begréissen ausdrécklech, datt de Congé parental mat dësem Projet de loi endlech un d'Realitéit vum 21. Jorhonnert ugepasst gëtt. D'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff ass e grénge Kärsujet.

Mir freeën eis, datt dat neit Gesetz d'Diskrepanzen aus dem Wee schafe wäert an de Familljen et wäert erlaben, méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen. Esou kënnen d'Eltere besser Bezéiungen zu hire Kanner opbauen an hiert Beruffsliewe besser mat der Famill ënner een Hutt bréngen. Et mussen nun emol a ville Familljе béid Eltere schaffe goen. Ech si mer sécher, datt mat dëser Reform méi Elteren de Choix fir de Congé parental wäerten treffen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- An éischter Linn treffe si déi Entscheedung natierlech net wéinst de Suen, mä zum Wuel vun hire Kanner! Mä ech sinn iwwerzeegt, datt dëst Gesetz duerch déi méi héich finanziell Kompensatiounen an déi vill méi grouss Flexibilitéit vill Eltere wäert iwwerzeegen, de Congé parental ze huelen, an hiren Alldag am Congé parental méi einfach mécht. Et féiert domadder och zu enger Verbesserung vum Kannerwuel. An ëm dat geet et jo hei.

Viru 17 Joer hate mer e groussen Déséquiliber a ville Familljen. D'Mamme sinn dacks aus dem Beruff erausgaangen, fir sech ëm d'Kanner ze këmmeren. Si sinn dunn an hirer berufflecher Carrière op de gliesene Plaffong gestouss: Si verdénge substanziell manner a spéider feelen hinnen eventuell och nach Joren an der Pensioun! D'Pappen hu missen duerfir ëmsou méi fläisseg weiderschaffen, fir d'Suen ze verdéngen, këmmere sech awer wéineg ëm de Stot an hunn oft keng esou gutt Relatioun mat hire Kanner. Deen Déséquiliber besteet leider nach ëmmer a ville Familljen.

De bisherege Congé parental hätt kënnen dozou bäidroen, dat e bëssen ze änneren. Doduerch, datt de Congé de maternité mam Congé parental konnt verlängert ginn, konnten d'Elteren hir Kanner mat néng Méint an d'Crèche ginn, wat fir déi meescht Elteren duerchaus akzeptabel war an de Beruff vun der Mamm net ze laang ënnerbrach hätt. Si konnten hiert Kand och eréischt fréistens mat 15 Méint an eng Crèche ginn, wa se och den zweete Congé parental direkt geholl hunn. Dee Moment haten déi zwee Elteren d'Geleeënheet, fir ganz fréi eng gutt, zolidd Relatioun mat hirem Kand opzebauen.

Mä leider huet et net esou fonctionnéiert, op alle Fall net esou, wéi mir eis et virgestallt hunn. Éischtens gouf de Congé parental haaptsächlech vun de Frae geholl: Zanter 1999 sinn et der 64.000 a bei de Männer just 16.000. Deen Déséquiliber tëschent Mann a Fra huet sech also gewëssermoossen nach verschäerft.

Haut sinn d'Fraen oft e ganzt Joer aus dem Beruff eraus, wa se e Kand kréien. Vill Frae fannen, datt dat ze laang ass a verzichten da léiwer op hire Congé. Vill Männer fannen, datt hir Famill net kann op hiert Akommes verzich-

ten, zemools well jonk Famillje jo och oft héich Wunnengskäschten hunn. Si huelen also guer kee Congé parental.

War dee bisherege Congé parental dowéinst e Mësserfolleg? Ganz kloer: Neen! De Congé parental ass e wichtege Baustee fir eng modern Familljepolitik. Awer leider gëtt de Congé parental vill ze oft als e Luxus ugesinn, fir Leit, déi sech et leeschte kënnen, amplaz datt jiddwereen deen hëlt.

De Congé parental soll eng ganz normal Etapp ginn am Liewe vun de Mammen a virun allem am Liewe vun de Pappen. Mir wënschen eis, datt de Congé parental gradesou normal fir béid Eltere gëtt, wéi et de Congé de maternité schonn haut fir d'Fraen ass. Mir sinn der Meenung, datt d'Pappe fréi eng enk Bezéiung zu hire Kanner kréie sollten an datt si sech intensiv mat hire Kanner auserneesetzen, fir datt mir de Frae besser Chancë ginn, fir hir Plaz am Beruffsliewen anzehuelen.

Duerfir fanne mer dës Reform vum Congé parental och esou wichteg an déi eenzel Moossname richteg!

Déi Etüd, déi am Virfeld gemaach gouf, huet gewisen, datt d'Leit virun allem de Congé parental net huelen, wann net déi néideg Flexibilitéit gebuede gëtt, fir de Congé un déi spezifesch Bedürfnisser vun der Famill unzepassen.

Den zweete grousse Problem, dat huet d'Etüd och gewisen, ass d'Héicht vun der Indemnitéit, déi déi jonk Eltere kréien. Wann den Ënnerscheed do ze grouss ass, kënne vill Leit sech den Akommesverloscht net leeschten oder si vläicht net bereet, déi néideg materiell Aschränkungen ze akzeptéieren.

Dës Reform geet op déi zwee wichteg Problemer an. D'Mamme kréie vill méi Flexibilitéit, fir sech gläich ëm hire Beruff an hir Famill ze këmmeren. Dëst ass eng grouss Verbesserung fir d'Chancëgläichheet.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng).-* All Ongerechtegkeete ginn natierlech net aus dem Wee geraumt, mä et ass en immens wichtege Schratt fir d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff fir d'Mammen a fir d'Pappen.

Duerch d'Flexibilitéit kann elo entweder e Congé vun nëmme véier Méint ganz geholl ginn oder iwwer 20 Méint verdeelt. An ech wëll do awer der Madamm Hetto soen: Dir hutt recht, datt wahrscheinlech verschidde Pappen a Mammen dann amplaz sechs Méint véier Méint wäerten huelen, mä et ass awer och esou, datt sech der vill vläicht net getraut hunn, well se hu misse sechs Méint huelen, a se sech elo wäerte méi trauen, well et der just véier sinn. Dat kann een och esou gesinn, mä et ass e Point de vue wéi mam Glas: hallef voll oder hallef eidel? Hei ass et hallef voll; op alle Fall fir eis.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng).-* Mir sinn och frou, datt de Congé ausgedeent gëtt op déi Leit, déi nëmmen zéng Stonnen an der Woch schaffen, wat jo meeschtens Frae sinn. Wichteg ass et och, datt d'Elteren elo d'Méiglechkeet kréien, fir de Congé parental kënnen zesummen ze huelen. Dat kënnt sécherlech ville Familljen entgéint.

Och fir d'Pappen ass et eng grouss Verbesserung. D'Entschiedegung vun de Leit am Congé ass vun elo u gestaffelt a kënnt domadder schonn der Indemnitéit vum Congé de maternité e bësse méi no. D'Eltere kënne bis 3.204 Euro de Mount kréien. Natierlech ass dat nach net fir jiddwereen e volle Lounausgläich, awer dach schonn e substanzielle Fortschrëtt.

Doduerch, datt d'Entschiedegung gehéicht gëtt, mussen déi jonk Familljen, déi eventuell nach e Prêt zréckbezuelen, sech manner Suergen ëm hir Finanze maachen a kënne sech méi op hiren Nowuess konzentréieren. Och e grousse Merci, datt et nach eng Kéier gëschter ënnerstrach ginn ass, datt ee ka bei seng Bank goen, datt d'Banken dat ënnerstëtzen, datt se op sinn, fir kënnen e puer Méint oder vläicht e bësse méi laang dee Prêt, dee se mat de Clienten a Clienteën hunn... fir nach eng Kéier drop hinzeweisen, datt dat méiglech ass, quitte datt et dat scho ginn ass. Ech fannen dat op alle Fall eng absolutt flott, gutt Iddi. Duerfir Merci och duerfir!

Mir begréissen et och ausdrécklech, datt d'Mammen an d'Pappen, déi nach ënnert dem ale System eng Demande eraginn, awer scho vum neie System kënne profitéieren. Mir sinn awer och der Meenung, datt dësen neie Congé parental elo net fir zéng Joer a Stee gemeesselt ass. Et ass fir eis wichteg, datt een d'Mesuren no enger gewëssener Zäit evaluéiert.

Et geet hei ëm d'Effikassitéit an datt mir am Congé parental och déi Ziler erreechen, déi mir eis gesat hunn. Mir mussen engersäits préiwen, ob de Montant duergeet, an anerersäits, ob een net nach un anere Schrauwe muss dréien, fir datt d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff sech verbessert, besonnesch och am Hibléck op d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft. Duerfir ënnerstëtze mir och d'Motioun, datt a spéitstens dräi Joer d'Regierung soll kucken, wat dës Verbesserunge bruecht hunn. An da solle mer dann, wann et néideg ass, deen nächste Schratt maachen.

Allerdéngs si mer iwwerzeegt, datt dës Evaluatiounen net däerfen dozou féieren, datt mer da gesetzlech erëm op de Stand vun haut zréckfalen, mä datt déi Moossname fir méi e groussen Equiliber tëschent Fraen a Männer suerge sollen. Dëst huet schonn am Joer 1999, wéi de Congé parental fir d'Éischt gestëmmt gouf, meng gréng Virgängerin Renée Wagener gesot. Meng Fraktioun huet dëse Projet deemools aus der Oppositioun awer matgestëmmt.

Esou wéi eis Famillje sech veränneren, muss sech och eis Familljepolitik weiderentwéckelen. An deem Sënn war dës Reform scho laang iwwerfälleg a war sécherlech net fir näischt ee vun den zentrale familljepolitesche Chantiere vun dëser Regierungskoalitioun.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng).-* Heimadder ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun. Ech soen Iech Merci. Och der Madamm Myriam Schank soen ech Merci, an dem Lynn an dem Mike. Villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Merci, Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Da brauch ech net méi Merci ze soen. Den Här Kartheiser fir d'ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech wéilt och ufänke mat engem ganz häerzleche Merci un den Här Baum, deen eis e komplizéiert Gesetz ganz flott erkläert huet.

M. Gilles Baum *(DP).-* Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Majo gesitt Der! Et geet och esou weider, well ech wollt Iech soen, datt mer als ADR dëst Gesetz ausdrécklech begréissen a senger Richtung. Mir sinn och frou, datt de Congé parental reforméiert gëtt, datt mer méi Flexibilitéit kréien. Mir begréissen och déi Iddi vun der Indemnité de remplacement oder dem Revenu de remplacement, well dat méi Leit erlaabt, de Congé parental ze huelen.

Et si vill positiv Elementer an dësem Gesetz. An ech wäert Iech méi spéit herno da verroden, wéi mir eis dozou stellen, well mir hunn och gläichzäiteg eng ganz Rei Kriticken.

D'Regierung presentéiert dat heiten als e Schlëssel vun hirer Familljepolitik. Si seet: „Et ass e Meilesteen." Mir hunn héieren, et wär eng Moderniséierung. Mä wat awer och muss gesot ginn, dat ass, datt et eng komplett eesäiteg Familljepolitik ass, eng Politik, déi de Familljen de Choix hëlt.

Den Här Hahn hat sech virdrun a senger Interventioun driwwer gewonnert, datt eigentlech net vill Leit doheem bleiwe bei de Kanner, an en huet sech gefrot firwat. Ma firwat? Wéinst der Politik vun dëser Regierung! Et ass eng eesäiteg Politik. Déi Leit, déi schaffe ginn, déi kréien elo eng besser Konditioun, fir e Congé parental ze huelen - wat mer ausdrécklech och als ADR begréissen -, mä eise Problem läit doranner, datt all déi aner, déi wëlle vläicht doheem bleiwen, déi net wëllen e Beruff maachen, déi sech wëlle Vollzäit ëm hir Kanner këmmeren, datt déi déi Méiglechkeet ewechgeholl kréien. Dee Choix, deen hëlt dës Regierung! An dat ass dee Wee, dee mir net matginn.

Mir hunn e puermol als ADR gesot, datt mir en anere Modell géifen huelen: Mir féieren en Elteregeld an. Mir kucken, datt déi Mammen oder déi Pappen, déi wëlle Vollzäit doheem bleiwen, sozialverséchert sinn, datt se eng Pensiounsversécherung hunn, datt se och am Fall vun enger Scheedung ofgeséchert sinn, datt se en anstännege Revenu hunn, och a Fonctioun vun der Kannerzuel. Dat ass an eisen Aen e Familljemodell, deen déi zwou Säite gläich avantagéiert an dee wierklech de Familljen e Choix léisst.

Awer, wéi gesot, dat, wat Dir haut maacht, déi eng Säit bevirdeelegen, dat ass e Wee, dee mir eben hallef kënne matgoen an Är Richtung a mir kënnen eben och besser Konditioune fir de Congé parental ausdrécklech ënnerstëtzen.

Mir mussen eis trotzdeem froen, ob dat Gesetz genau deem entsprécht, wat elo haut an der Entwécklung néideg ass. Eng éischt Fro, déi sech stellt, ass eigentlech den europäesche Kontext. Mir haten héieren an deene verschiddene Presentatiounen, déi eis gemaach gi sinn, datt den Europäesche Geriichtshaff décidéiert hat, datt eng Prestation familiale ebe muss exportabel sinn. An deemools war d'Beuerteelung opgrond vun deem Facteur entstanen, datt et kee Revenu de remplacement war.

An der Tëschenzäit ass et e Revenu de remplacement. An da stellt sech natierlech d'Fro, wéi déi europarechtlech Konsequenzen dovunner sinn. Wann et e Revenu de remplacement ass, wat heescht dat? A mir hunn do eigentlech keng Analys, europarechtlech gesinn. Et wär awer richteg, zemools am Kontext vun deenen aktuellen Diskussiounen, wou esou vill sozial Prestatiounen an hir Exportabilitéit an Europa a Fro gestallt ginn, op de Leescht geholl ginn. An och dat misste mer hei eng Kéier méi genee kucken.

Et ass och hei europarechtlech relevant, well mer jo gewuer gi sinn a verschiddenen Diskussiounen, datt de Sëtz vun der Firma, wou een affiliéiert ass, wou ee wunnt, datt dat och direkt Konsequenzen huet op déi Prestatiounen, déi mir hei bezuelen. Also eng Diskussioun, déi net onnéideg ass!

Wat eis awer och fundamental stéiert, niewent der Eesäitegkeet vun der Regierungspolitik an der Familljepolitik ganz allgemeng, dat ass déi Amëschung an d'Famill. Mir als ADR, mir kucken och ëmmer d'Perspektiv vum Kand. Wat ass am Interessi vum Kand? Ma am Interessi vum Kand ass, datt seng Elteren esou vill wéi méiglech bei em sinn.

A mir soen: Et ass un der Famill, fir ze décidéieren, wie soll beim Kand bleiwen, ob dat d'Mamm ass oder ob et de Papp ass. Mir kritiséiere ganz ausdrécklech déi Fuerderung, déi och hei erëm am Gesetz steet, an dat hu mer ëmmer gemaach, datt dee Congé parental net transférabel soll sinn, datt de Stat virschreift: deen een d'Halschent an deen aneren d'Halschent. An eisen Ae geet dat ze wäit. De Stat huet esou eng Décisioun net ze huelen. Mir respektéieren d'Souveränitéit vun der Famill. Mir loossen der Famill déi Autoritéit, dee Choix selwer ze treffen.

Dowéinst ass dat och e fundamentale Kritikpunkt. Et gëtt e puer Artikelen an deem Gesetz, déi sech direkt oder indirekt op déi Transférabilitéit referéieren. Mir haten een Abléck envisagéiert, och nach e Choix séparé doriwwer ze froen. Et gëtt ze komplex, mir loossen dat sinn. Awer ech wëll däitlech aktéieren, datt mir déi Nettransférabilitéit hei kritiséieren. Et ass am Interessi vum Kand, datt d'Elteren - egal wéi een Elterendeel - kënne soulaang wéi méiglech bei em sinn.

An d'Regierung seet dat jo u sech selwer! Dir sot an Ärem Gesetz, et wär eng vun de Begrënnunge vun Ärem Gesetz, datt eng zolidd Relatioun geschafe gëtt tëschent Kanner an Elteren. Ma wann dat de Wonsch ass, wann dat Äert Zil ass, da freet ee sech natierlech, firwat Der et eigentlech heiansdo an der Praxis ausdrécklech verhënnert, datt et kann zu deem Lien kommen.

Och d'Bedeitung vun de Pappen ass mer net ganz kloer. Mir héieren ëmmer erëm: „Et solle méi Pappen doheem bleiwen", mä awer den Tenor ass ëmmer: Et solle méi Pappen doheem bleiwen u sech aus Grënn vun der Chancëgläichheet. Mä ass de Papp net selwer eng wichteg Bezuchspersoun vum Kand, onofhängeg vun der Carrière oder vum Beruff vun der Fra? Ass net och d'Roll vum Papp, d'Virbildfunktioun vum Papp, de Referenzpunkt vum Papp ganz wichteg an der Entwécklung vun engem Kand?

An en huet einfach eng Valeur propre, déi awer an deem Discours, deen d'Regierungskoalitioun hei féiert, dacks vergiess gëtt zugonschte vun der Carrière vun der Mamm. Dat ass eng legitimm Considératioun. Et ass awer och eng, déi an eisen Aen net duergeet.

Mir begréissen awer och an deem Sënn, datt déi Flexibilitéit hei am Gesetz ageféiert ass, déi et gescheetenen oder getrenntene Koppele méi einfach mécht, vum Congé parental ze profitéieren, datt do déi zwee Elterendeeler besser kënnen zu hirem Recht op de Congé parental kommen. Et ass am Interessi vum Kand, datt dat esou geschitt. An duerfir ënnerstëtze mer dat och.

Mir hunn eng Rei vu Considératiounen, déi mer och nach mussen hei ausdrécklech ernimmen. Eng ass och scho gesot ginn: Dat ass, datt den Drock vläicht méi grouss gëtt, fir méi e kuerze Congé parental ze huelen, wann een d'Wiel huet zwësche véier Méint a sechs Méint. Et ass an eisen Aen eng wichteg Fro, fir an dräi Joer, wa mer d'Evaluatioun maachen, ze kucken, wéi sech dat dann zäitlech agencéiert an ob wierklech net deen Drock ze vill grouss ass.

Dann ass nach eng aner Saach: Ech mengen och, datt d'Patronen heiansdo net genuch zu hirem Recht komm sinn. Wann een e fraktionéierte Congé parental hëlt, et geet ee véier Deeg an der Woch schaffen an dee fënneften Dag net, datt een dann de Kündigungsschutz huet wärend deene ganzen 20 Méint, déi da betraff sinn, dat schéngt eis och iwwerdriwwen ze sinn. Well wann ee wierklech e Feeler gemaach huet an et kann een awer weider mat Kündigungsschutz wärend enger laanger Zäit rechnen, dann ass dat eng Belaaschtung fir d'Betriber. Et kann op jidde Fall eng sinn.

An ech mengen, datt mer musse wuel op d'Rechter vun den Elteren uechtginn, zemools wa se de Congé parental zesummen huele sechs Méint oder véier Méint, datt hinnen do näischt ka geschéien. Mä an deem Fall vun dem fraktionéierte Congé parental misst een awer wierklech nach eng Kéier eng Reflexioun féieren, wéi een e Gläichgewiicht ka schafen tëschent de Rechter vun deem, deen de Congé parental hëlt, an och deene legitimme Suerge vun de Patronen, zemools a klenge Betriber, op där anerer Säit.

Dann hu mer nach déi Fro vun de Bankkreditter. D'Madamm Minister huet do gëschter en présence vu Kamera, Press a mat groussem Tamtam eng Deklaratioun ënnerschriwwen, an där näischt Neies steet. An do muss ee sech awer wierklech froen, ob hei net e bëssen eng Irreführung gemaach gëtt.

Et war ëmmer méiglech fir een, deen e Kreditt huet, bei seng Bank ze goen an ze soen: „Hei, ech setzen dee gär aus wärend enger gewëssener Zäit, d'Réckbezuelung vum Kreditt. Oder kommt, mir kucken, wéi mer dat kënne besser agencéieren, datt et op menge Revenue besser geet." Dat war ëmmer méiglech. An d'ABBL hat dat och schonn e puermol gesot. Et ass awer vun dëser Regierung eng Initiativ ugekënnegt ginn, wou schlussendlech eppes erauskomm ass, wat e scho gëtt! Dat geet net duer! Wann Der wierklech eppes hätt wëlle fir déi Leit maachen am Bezuch op d'Bankkreditter, dann hätte mer e bësse méi Imaginatioun vun der Regierung erwaart.

Ech wëll och nach vläicht e Wuert soen, well ech nach eng Minutt hunn, iwwert déi Propositiounen, déi d'CSV gemaach huet. Et waren zwou Kategorië vu Propositiounen. Dat eent, dat war, fir méi Flexibilitéit eranzekréien. Dat kënne mir als ADR ënnerstëtzen. Mir hunn déi Amendementer, fir op nach méi Flexibilitéit ze goen, och prinzipiell ënnerstëtzt. Et muss een natierlech kucken am Eenzelfall, wéi een dat da gesetzlech ausformuléiert, mä mat där Iddi, fir och méi laang Periode kënne Congé parental ze huelen, si mer am Prinzip d'accord, wéi gesot, well mer och ëmmer d'Interesse vum Kand op déi éischt Plaz setzen.

Déi aner Iddi vun der CSV, fir de Revenu de remplacement duerch eng Indemnitéit ze ersetzen, dat mécht eis scho méi Suergen; mir fannen et scho gutt, datt de Revenu de remplacement agefouert gëtt. Mä d'CSV huet dat argumentéiert mat där Suerg, et soll jiddweree fir d'Erzéiungsleeschtung gläichbehandelt ginn, dass d'Erzéiungsleeschtung vun deem engen a vun deem aneren d'selwecht wäert ass. Mä an hirer eegener Propositioun vun der CSV hu mer déi Rechnung net erëmfonnt!

Wann een an der CSV-Propositioun véier Méint oder sechs Méint Congé parental à temps plein hëlt, da verdéngt ee 64 Euro den Dag. Hëlt een en aacht Méint, dann huet een nach 48 Euro den Dag. An ech mengen, do war eng Kontradiktioun an der CSV-Propositioun selwer. Wann d'Leeschtung d'selwecht muss sinn, da muss se och gerechent op den Dag awer d'selwecht sinn, soss hëlt jo keen aacht Méint, wann en do pro Dag manner kritt wéi fir véier oder fir sechs Méint. Awer an der Richtung, fir méi Flexibilitéit eranzekréien, wéi gesot, do kënne mer op dee Wee matgoen.

Elo hunn ech Iech ugekënnegt am Ufank, wou ech Iech näämlech gesot hunn, wat mer als Virdeeler gesinn, datt mer prinzipiell ënnerstëtzen, datt de Congé parental besser ausgebaut gëtt, datt mer doranner vill Virdeeler gesinn, datt mer et op där anerer Säit bedaueren, datt esou vill Nodeeler awer och an dësem Gesetz sinn: datt mer näischt maache fir déi Leit, déi wëlle ganzdaags doheem bleiwen an iwwer eng laang Zäit wëlle bei hire Kanner Vollzäit doheem bleiwen, datt d'Interesse vun de Patronen net genuch gekuckt ginn, datt bei de Bankkreditter net vill geschitt ass, datt vläicht Pressioun op deen Eenzelne kann ausgeübt ginn.

Alles dat considéréiert, hu mer décidéiert, dësen Text awer matzestëmmen. Mir wäerten de Congé parental wéinst senge Virdeeler matstëmmen, mä awer bei eiser Positioun bleiwen an och weider derfir kämpfen, datt déi Leit, déi

wëlle Vollzäit doheem bleiwen a sech ëm hir Kanner ganzdaags këmmeren, fir se ze erzéien... Fir déi kämpfe mer virun, mä dëst Gesetz stëmme mer awer och mat.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum fir déi Lénk.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. D'Spriecher vun de Koalitiounsparteie sinn de Mëtten net midd ginn, d'Virzich vun dëser Reform an den héchsten Téin ze luewen an ervirzehiewen. An effektiv, mat dësem Gesetzesprojet ginn eng Rëtsch Verbesserungen un der Ausriichtung vum aktuelle Congé parental virgeholl, an dat, fir eis, virun allem an zwee Kärberäicher.

Éischtens an ugefaange bei der Indemnitéit vum Congé parental, déi kee fixe Montant méi soll sinn, mä ab elo eng Aart Zousaz-, Ersatzloun duerstelle soll. Äänlech wéi dat bei anere Revenus de remplacement de Fall ass, soll et en Ausgläich, wann och plafonéiert, fir d'Ënnerbriechung vun der klassescher Beruffscarrière sinn an domadder d'Méiglechkeet schafen, fir Beruff a Kannererzéiung méi einfach uneneen unzepassen, dëst am Intérêt vu béide Partner an enger Koppel.

An et gëtt sech an eisen Ae berechtegterweis erhofft, datt dëst e positiven Effekt op d'Beruffscarrière vu Frae wäert hunn, wéi och e weideren Ureiz fir Männer schaaft, fir sech verstäerkt ëm d'Kand këmmeren ze kënnen.

Deen Ersatzloun gëtt elo endlech och erëm un den Index gebonnen, respektiv den ieweschte Plaffong gëtt un d'Entwécklung vum Mindestloun ugepasst. Klëmmt de Mindestloun, esou klëmmt och de Plaffong vum maximale Betrag vum Ersatzloun. Domadder gëtt elo endlech déi komplett onsozial Desindexéierung vun der CSV/LSAP-Regierung vun 2006 erëm réckgängeg gemaach. Mir begréissen dat ausdrécklech.

Beim zweete Punkt, der Flexibilitéit, och do gëtt et formal Verbesserungen. De Congé parental kann elo bis zum Alter vu sechs, an net wéi virdru bis fënnef Joer ugefrot ginn. Déi zwee Eltere kënne gläichzäiteg de Congé parental huelen. A generell ginn d'Konditiounen, fir iwwerhaapt kënnen an de Genoss vun deem Congé parental ze kommen, vereinfacht.

Och wann dës positiv Veränneruṅge sécherlech net ze ignoréiere sinn, esou bleiwen dach awer an eisen Aen eng ganz Rëtsch kritesch Froen a kritesch Bemierkungen ze maachen, grad an deenen zwee Beräicher Flexibilitéit an Ersatzloun. Well ënnert deem Begréff „Flexibilitéit" kann ee ganz vill verstoen; Guddes a Schlechtes. Déi entscheedend Fro ass awer: Flexibilitéit fir wien? An dovunner net ze trennen: Wien décidéiert iwwert d'Flexibilitéit?

Mir wäerten an deenen nächste Wochen hei an der Chamber nach méi mat dëse Froen ze dinn hunn, besonnesch am Zesummenhang mat der Reform vum PAN-Gesetz. Well och do geet et ëm Flexibilitéit. Flexibilitéit, déi an deem Fall vum Salarié ofgefuerdert gëtt.

Bei dësem Projet hei, esou heescht et, soll et ëm d'Flexibilitéit fir de Salarié goen. Eng Flexibilitéit, déi et de Leit erméigleche soll, Beruff a Kannererzéiung besser mateneen ze verbannen. Also eng Iddi, där ee grondsätzlech nëmmen zoustëmme kann.

Wann ee sech elo awer den Text hei ukuckt, da stellt ee fest, datt et eigentlech just een neit Element vu Flexibiliséierung gëtt, dat e wierklecht Recht vum Salarié duerstellt, näämlech datt een de Congé parental plein temps net méi muss sechs Méint, mä och elo ka véier Méint huelen.

All déi aner Modeller vu Flexibilitéit, dat heescht hallef Deeg oder 20% manner schaffe respektiv véiermol ee Mount Congé parental huelen, sinn alleguer ëmmer gebonnen un den Accord vum Patron. Wann awer déi nei flexibel Méiglechkeete vum gudde Wëlle vum Patron ofhänken, da stelle se kee wierklecht Recht duer.

Iwwer all Wonsch vum Elterendeel op méi flexibele Congé parental décidéiert a leschter Instanz de Patron. Fir Beruff a Famill kënnen zesummenzebréngen, sinn d'Leit also weider vun den ekonomeschen Interessen oder den Desiderata vun de Patronen ofhängeg. Dëst kritiséiert och zu Recht d'Salariatskummer an hirem Avis zu dësem Projet a mengt, datt domadder déi eigentlech fortschrëttlech Iddi vun der Flexibiliséierung vum Elterecongé eigentlech schonns vun Ufank un hypothéquéiert gëtt. Si menge souguer - Zitat: «Ce qui va mettre en échec la réforme.»

Zougang zu dësen neien, flexibele Modeller, déi, wéi gesot, d'Zoustëmmung vum Patron brauchen, hu just déi Leit, déi een an net méi wéi ee Kontrakt hunn, an deenen hire Kontrakt méi wéi d'Halschent vun der Regelaarbechtszäit duerstellt. Leit, déi 40 Stonne schaffen, awer méi Aarbechtsverträg hunn, kënnen net vun dësen neie Mesurë profitéieren.

An anere Wierder heescht dat, datt weiderhin deen eenzege Modell, bei deem et kloer Rechter op Elterecongé gëtt, deen ass vum Congé parental plein temps. Grad do wollt d'Gesetz jo awer nei Weeër an nei Méiglechkeeten opmaache fir d'Elteren. An dëser Ambitioun gëtt den Text, an där heiter Fassung, net gerecht.

Weider Neierungen, déi sech och gutt unhéieren an eng positiv Flexibilitéit fir de Salarié duerstelle kéinten, sinn, éischtens, d'Erofsetze vun der Mindeststonnenzuel op zéng Wochestonnen, déi ee brauch, fir kënnen Urecht op de Congé parental ze hunn, an zweetens, d'Cumuléiere vu méi Aarbechtsverträg.

Dëst ass effektiv eng nei an an eisen Aen gutt Ouverture, déi de sozialen an aarbechtsweltleche Realitéite vu ganz villen, an och besonnesch jonke Leit entsprécht.

De Problem ass awer hei och erëm net nëmmen, datt Leit mat méi Aarbechtsverträg net däerfen op déi nei, flexibel Formen zréckgräifen, neen, fir iwwerhaapt kënnen de klassesche Congé parental à plein temps unzefroen, brauche se den Accord vun all hire Patronen.

Huele mer e Beispill: d'Carole. D'Carole schafft ugemellt als Haushaltshëllef bei dräi verschiddene Ménagen, soe mer, véier Stonnen d'Woch.

(Brouhaha)

Donieft geet d'Carole nach aacht Stonne bei eng kleng Entreprise botzen an hëlleft de Weekend…

(Brouhaha)

…sechs Stonnen an engem Restaurant als Aushëllef.

D'Carole geet also 26 Stonne bei fënnef verschidde Patrone schaffen. Mat dësem neie Projet kann d'Carole elo e Congé parental plein temps ufroen. Dat ass nei. An dat ass och gutt esou.

Den Hoken derbäi ass awer: D'Carole kritt dee just, wann all seng Patronen domadder averstane sinn! Et geet duer, datt ee vun hinnen, also ee vun deene fënnef, dat net wëllt. Dann ass et Esseg mam Carole sengem Wonsch, sech fir en halleft Joer just ëm säi Kand ze këmmeren.

Dëst Beispill weist, datt de Gesetzestext zwar gutt kléngt an och gutt Intentiounen huet, mä fir ganz vill Leit riskéiert, un de Realitéite vun der Aarbechtswelt ze scheiteren. An dobäi ass d'Carole geneesou wéi aner Leit, déi méi wéi een Aarbechtsvertrag hunn, eent, dat elo schonn onheemlech flexibel muss sinn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

An dat ass de Paradox vun dësem Projet: Jee méi Flexibilitéit d'Leit duerch hir Aarbechtskonditioune mussen un den Dag leeën, desto gréisser sinn d'Schwieregkeeten, fir an de Genoss vun de positiven Elementer vun dësem Gesetz ze komme respektiv desto gréisser ass d'Ofhängegkeet vum Patron.

Äänleches gëllt och fir den Ersatzloun. Och wa mer de Prinzip vum Revenu de remplacement ausdrécklech begréissen, sou musse mer awer feststellen, datt et virun allem Leit mat niddrege Léin an/oder net vollen Tâchë sinn, déi riskéieren, manner ze kréien. Och hei rechent d'Salariatskummer vir, datt et fir déi Leit mat prekären Aarbechtsverhältnisser souguer partiell zu Verschlechterunge komme kann.

Här President, dëst Gesetz bréngt a wesentlechen Zich Verbesserungen, notamment wat d'Konzeptioun vum Ersatzloun ugeet, an och weider, wann och beschränkt Flexibilitéit fir béid Elteren. Duerfir wäerte mir dëse Projet och ënnerstëtzen.

Mir hätten eis awer gewënscht, d'Regierung wier net um hallwe Wee stoe bliwwen an hätt e wierklecht an duerchsetzbart Recht fir de Salarié op méi Flexibilitéit an dësem Projet verankert, grad och fir déi Leit, déi prekär Kontrakter hunn oder déi am Niddreglounsecteur beschäftegt sinn, well dat ass den eigentleche Problem an eisen Aen, an net, wéi d'Riedner vun der ADR oder vun der CSV gesot hunn, datt de Patron, d'Rechter vum Patron géifen ageschränkt ginn.

Eppes ass fir eis kloer: Eng wierklech besser Vereenbarkeet vu Beruff a Famill erreeche mer just duerch eng substanziell Reduzéierung vun der Regelaarbechtszäit. An duerfir géif et haut héich Zäit ginn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Baum. An d'Wuert huet elo d'Familljeministesch, d'Madamm Corinne Cahen.

Prise de position du Gouvernement

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, loosst mech fir d'Éischt och dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin exzellente mëndlechen a schréftleche Rapport. Och all de Riedner vun haut géif ech nawell gäre Merci soen. An ech mengen, dass déi Rieden, déi mer haut héieren hunn, ganz gutt reflétéieren, wéi et an der Chamberskommissioun war, näämlech extrem interessant, e ganz flotten Austausch par rapport zu dësem Gesetzestext. An dofir soen ech och der ganzer Kommissioun villmools Merci, well mir hunn alleguer sécher och nach vill bäigeléiert.

De leschte Weekend hunn ech e Sondage gelies aus Däitschland, wou gesot ginn ass, dass 70% vun de Männer an 69% vun de Fraen der Meenung sinn, dass d'Kannerkréie fir Fraen en „Karrierekiller" ass. 70%, dat sinn der jo awer nawell relativ vill. An dat däerf jo awer haut net méi de Fall sinn!

Mir hunn et héieren haut: D'Gesetz vum Congé parental geet op 1999 zréck, an ech kann Iech soen, dass 1999, och nach am Joer 2000, 2001 an esou weider, d'Fraen och ganz schif bekuckt gi sinn an hirer Entreprise, wa se gesot hunn, si géifen de Congé parental huelen. Haut ass et esou, dass et zur absolutter Normalitéit gehéiert, dass d'Fraen de Congé parental huelen, mä dass leider awer ëmmer nach d'Männer schif bekuckt ginn, wa se soen, si géifen de Congé parental huelen.

Mä mir gesinn awer, dass an deene leschte 17 Joer e ganz grousse Wee gemaach ginn ass an der Mentalitéit vu jiddwerengem, vun all de Leit, vun den Entreprisen a vun de Salariéen, vun den Aarbechtskolleegen. An ech sinn extrem zouversiichtlech, dass mer dee Wee wäerte weidergoen an dass och an Zukunft d'Männer net méi wäerte condamnéiert ginn oder iergendwéi komesch agestuuft ginn, wa si décidéieren, de Congé parental ze huelen.

Dofir hu mer och décidéiert, de Congé parental ze reforméieren, justement fir dass en éischter de Besoine vun deene jonken Elteren entsprécht an dass si och méi Zäit mat hire Kanner kënne verléieren… verbréngen!

(Hilarité)

Mir haten…

(Hilarité)

Ech war scho bei mengem nächste Gedanken.

(Interruption)

Ech war scho bei mengem nächste Gedanken. Bon, mir wëssen, mir hunn et och haut héieren, dass 1999 de Congé parental eng aarbechtsförderndd Mesure war. A mir wëssen och haut, dass dat iwwerhaapt net gegraff huet. Et sollt am Fong esou sinn - an dat war deemools de Minister Biltgen, deen dat Gesetz hei an d'Chamber bruecht huet -, et sollt esou sinn, dass doduerch, dass d'Leit sechs Méint doheem bleiwe mam Congé parental, dann anerer sollten agestallt ginn, an doduerch sollt de Chômage am Fong geholl bekämpft ginn. Dat ass awer ni esou gewiescht, well ganz dacks sinn déi Leit iwwerhaapt net ersat ginn. A ganz dacks eben ass de Chômage ganz sécher doduerch net erofgaangen.

Mir hunn et och héieren: Et goufen ze streng Ausgangspositiounen. Dat heescht, et huet ee mussen op d'mannst 20 Stonne beim nämlechte Patron schaffen, fir iwwerhaapt kënnen de Congé parental ze huelen. Vill Leit konnte sech de Congé parental net leeschten, ebe wéinst deem finanziellen Aspekt. Si haten dacks en décke Prêt lafen - oder hunn dacks en décke Prêt lafen -, fir hiert Appartement, hiert Haus ze bezuelen. An da war dat hinnen och dacks vill ze rigid: ebe sechs Méint ganz oder zwielef Méint hallef. An et gouf näischt dotëschent. Et gouf näischt, wat e bësse méi ugepasst war un dat, wat si gebraucht hunn.

Grad Leit mat engem ganz gudde Schoulofschloss konnte sech de Congé parental net leeschten. An da Leit, déi déi Kritären net erfëllt hu vun, wéi gesot, 20 Stonne bei engem Patron schaffen - ech ginn do just ee Beispill: eng Botzfra, déi dräi verschidde Patronen huet a bei jiddwerengem zéng Stonne schafft -, konnte bis elo de Congé parental net huelen a wäerten en awer vum 1. Dezember dëst Joer un dann och kënnen huelen.

Ech sinn immens frou iwwert déi Gespréicher, déi mer haten, souwuel am CPTE wéi och an der Tripartite. Déi hu gewisen, dass jiddwereen am Fong geholl wierklech eng Reform vun dësem Congé parental wollt, souwuel d'Sozialpartner alleguer wéi och d'Regierung. An ech muss soen, dass wierklech e grousst Versteesdemech war op Säite vum Patronat. Si wëssen och haut, dass d'„work-life balance" extrem wichteg ass, fir gutt Mataarbechter ze kréien an och gutt Mataarbechter ze halen. A si soen eis dat jo och!

Si soe regelméisseg, dass haut de Wonsch vu jonke Leit, déi bei si schaffe kommen, e ganz aneren ass wéi dee viru 15 oder 20 Joer. Jonk Leit froen dacks: Mä wéi ass da meng „work-life balance" hei? A mir wëssen och, dass natierlech déi „work-life balance" respektiv dat, wat d'Leit brauchen, déi jonk Elteren, absolutt variéiert mam Alter vun de Kanner. Si wëlle méi Zäit, wann d'Kanner ganz kleng sinn. Si wëllen dënschdes, donneschdes mëttes fräi, dacks, wann d'Kanner an der Primärschoul sinn. A si hunn nach aner Besoinen, wann d'Kanner bis méi grouss sinn.

Bon, mat dëser Reform wäerte mer dann zwou Saachen aféieren, näämlech de Fait, dass d'Leit vill méi flexibel de Congé parental kënnen huelen - si hunn d'Wiel tëschent ville Congés parentaux, dat hu mer och de Mëtteg héieren -, an dann natierlech de Revenu de remplacement, deen d'Indemnitéit wäert remplacéieren. A mir wëssen, dass et genau d'Kombinatioun vu béidem ass, wat d'Eltere wäert incitéieren, méi Zäit bei hire Kanner ze bleiwen.

E klengt Beispill just: Een, deen zum Beispill 20% Congé parental wäert huelen, dee verléiert jo net vill. Deen huet 80% Revenu nach ëmmer an e kritt seng 20% bis op eng Héicht vun 3.200 Euro, wann een dat op 40 Stonnen d'Woch héichrechent, nach vum Stat bezuelt. An et gëtt, wéi gesot, de Leit d'Méiglechkeet, méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen.

An och, wann dacks gesot gëtt, dass déi Flexibilitéit fir d'Patrone ganz schwiereg ass, esou erlaben ech mer awer hei als Expatron ze soen, dass och do all Entreprise aneschters funktionéiert. An och do géif ech nawell gär e Beispill haut ginn. Wann ee sechs Méint net do ass, dann ass en net do. Entweder kritt een e remplacéiert oder meeschtens kritt een en net remplacéiert, well een net déi richteg Persoun fënnt, respektiv bis een déi ugeléiert huet, ass deen aneren nees do.

Mä kommt, mir huelen emol einfach d'Beispill vun engem Coiffeurssalon. Mir wëssen alleguer, dass d'Coiffeurssalone ganz dacks freides a samschdes déi décksten Deeg hunn, dann, wann déi meeschte Clienten do sinn. Ech gesinn, e puer, déi wéineg Hoer hunn, fuere sech schonn iwwert de Kapp.

(Hilarité)

Mä et ass dach fir e klenge Coiffeurssalon dacks méi vu Virdeel, wann e Coiffeur oder eng Coiffeuse een Dag d'Woch net do ass, spréch dënschdes oder mëttwochs, an dann awer de Weekend, ebe wa vill ze dinn ass, präsent ass, wéi wann en einfach sechs Méint oder véier Méint guer net do ass.

D'Flexibilitéit, dat wëll ech och eng Kéier hei soen, dat ass en Accord, dee mer mat de Sozialpartner haten. D'Flexibilitéit, déi ass verhandelt ginn, souwuel mat de Patrone wéi och mat de Gewerkschaften.

An d'CSV mengt, et hätt ee misse méi wäit goen. Jo, mä dëst ass - mir si voll an engem Prozess dran -, dëst ass ee Schratt. Et kann een och méi wäit goen. Mä wann een en Accord huet mam Patronat a mat de Gewerkschaften, dann huet een deen als Regierung och gefällegst anzehalen! An dofir soen ech souwuel de Gewerkschafte wéi och dem Patronat villmools Merci, dass mer deen Accord konnte fannen, well e wierklech fir d'Kanner ass a fir d'Kand am Mëttelpunkt ze hunn, fir dass d'Eltere méi Zäit mat hire Kanner kënne verbréngen.

Mir hunn och héieren: De Congé parental, deen zweete Congé parental wäert ee kënnen huele bis d'Kand sechs Joer al ass. Dat heescht, och dat ass eng substanziell Ännerung par rapport zu deem, wat et elo gëtt.

Ech géif och gär, Här President, der Zukunftskeess villmools Merci soe fir all déi Aarbecht, déi si am Hannergrond am Moment mécht. Vläicht e klengen Appell, dass déi jonk Elteren - a mir wësse jo, wéi vill Maile mer am Moment alleguer kréien - net alleguer mateneen op d'Zukunftskeess uruffen. Ech kann do de Site recommandéieren: www.cae.lu.

An da kann ech och vläicht soen, dass ab dem 1. November scho virgedréckt Formulairë wäerten disponibel si fir déi Leit, déi nach wéilte vum neie Congé parental profitéieren an awer hir Demande virdru schonn erageschéckt hunn. Da brauche se dat just auszefëllen a mat Accusé de réception eranzeschécken. An natierlech wäert d'Zukunftskeess och nach Informatiounsversammlungen doruechter maachen. Dat heescht, jiddweree wäert informéiert ginn. Et huet kee Wäert, dass jiddweree gläichzäiteg dann dohinner urifft.

Also ech sinn der Meenung, dass dëst e ganz wichtege Meilesteen ass an der Familljepolitik. Et ass eng Familljepolitik fir d'Leit. Et ass eng Familljepolitik fir d'Elteren. An et ass virun allem eng Familljepolitik, déi nom Besoin vun de Kanner kuckt.

A mir fuere virun an deem Prozess, well et sinn nach aner Gesetzer um Instanzewee: Congé extraordinaire, Congé pour raisons familiales, d'Congé d'allaitement. An ech mengen, dass et wichteg ass, dass een d'Sensibiliséierungsaarbecht weidermécht, dass een d'Patrone sensibiliséiert, dass een och seet: „Okay, Dir musst jo net dee flexibele Congé parental accordéieren."

Mä ech bleiwen iwwerzeegt dervun, dass dee flexibele Congé parental fir d'Patronen extrem interessant wäert sinn, op d'mannst esou interessant wéi fir hir Salariéen. A mir wëssen alleguer, dass, wann d'Salariéen zefridde sinn, da funktionéiert d'Entreprise natierlech och vill besser. Et ass immens wichteg, dass d'Leit kënnen d'Beruffsliewen an d'Privatliewen, d'Familljeliewe matenee kombinéieren.

An ech géif net wëllen ophalen hei, Här President, ouni awer nach ze zielen, dass, wéi ech 2009 Membre élu gouf vun der Chambre de Commerce, do hat an där éischter Plénière deemools d'Chambre de Commerce am Fong geholl un d'Regierung - un déi deemoleg, et ware jo just Wahlen -, un déi deemoleg nei Regierung Recommandatiounen ausgeschafft. An do stoung ënner anerem dran, dass d'Chambre de Commerce der Meenung wär, dass de Congé parental einfach misst op dräi Méint reduzéiert ginn.

An ech hu mer dunn erlaabt, als ganz neie Membre élu an der Chambre de Commerce, d'Wuert ze froen an deemools schonn ze soen, dass een dat awer vill méi differenzéiert misst kucken an dass een emol vläicht misst no de Besoine souwuel vun de Leit wéi och vun de Betriber kucken an dass een dat vill méi flexibel misst handhaben. Dat war viru siwe Joer!

Ech mengen, d'Chambre de Commerce huet e ganz, ganz wäite Wee gemaach zanterhier. Mir alleguerten! An esou ass dat eben: D'Welt evoluéiert a mir probéieren natierlech, d'Gesetzer un dat unzepassen, wat d'Leit brauchen, wat d'Famillje brauchen a wat d'Kanner brauchen.

Mir spueren net an der Familljepolitik. Mir investéieren an d'Kanner an an d'Familljepolitik. Ech mengen, mir schaffen un der Zukunft vum Land. A wat ass d'Zukunft, wann et net eis Kanner sinn? Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Minister. Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen a mir kënnen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6935 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6935 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6935 ass mat 37 Jo-Stëmmen, bei 23 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

A mir si saiséiert mat enger Motioun, déi, souwäit ech gesinn, vun alle Fraktioune respektiv Sensibilitéiten ënnerschriwwen ass. Ech mengen, d'Motioun ass motivéiert gi vum Rapporteur. Gëtt et nach eng Wuertmeldung zu der Motioun, déi d'Unanimitéit schéngt ze maachen tëschent de Fraktiounen an de Sensibilitéiten?

Da géif ech proposéieren, dass mer géife mat Handophiewen iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

Wien domat d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Enthalungen?

Also ass déi Motioun, déi de Bilan no dräi Joer freet, unanime ugeholl. Ech soen Iech Merci.

13. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à la langue luxembourgeoise

Da wollt ech der Chamber d'Fro stellen, vu dass mer mat enger Motioun saiséiert gi sinn am Ufank vun der Sëtzung, wat mer mat där Motioun solle maachen.

Den Här Bodry freet sech d'Wuert dozou. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mech stéiert manner de Contenu vun der Motioun, och wann ech net mat allem averstane sinn, wat drasteet, wéi den Zäitpunkt vun där heiter Motioun.

Momentan gëtt et eng Petitioun, déi leeft nach ëmmer. D'Petitioun 698, déi genau dat doten zum Sujet huet, déi leeft momentan nach ëmmer, kann nach ënnerstëtzt gi bis de 24. Oktober. Duerno - iwwer 14.000 Leit, déi déi Petitioun ënnerstëtzen! - wäerte se hei gehéiert gi vun der Chamber.

Ech géif et aus Respekt virun deene Leit, déi déi Petitioun lancéiert hunn, a virun allem virun deene ville Leit, déi déi Petitioun ënnerstëtzen, net gutt fannen, dass mer elo géifen, éier mer déi Leit ugehéiert hunn, éier mer eis Prozedure vun der Petitioun hei duerchgezunn hunn, hei eng Ofstëmmung maachen an der Chamber iwwer Konklusiounen, déi am direkten Zesummenhang sti mat deem Sujet, dee vun der Petitioun hei opgeworf ginn ass.

Well, Här Kartheiser, Dir wësst och, déi heite Positioun hätt Der gradesou gutt kënne virun zwee Joer hei an der Chamber erabréngen, wéi Der selwer eng Interpellatioun zu deemselwechten Thema hat. Dat hutt Der net gemaach. Dir maacht et elo am Zesummenhang mat der Petitioun.

Duerfir géif ech hei proposéieren, dass mer aus Respekt virun der Prozedur vun der Petitioun net an dësen Deeg hei géifen driwwer ofstëmmen, mä dass mer dat géife reportéieren op en Datum, eng ëffentlech Sitzung nodeem mer all déi Leit héieren hunn, déi déi Petitioun eragereecht hunn. Ech mengen, déi Leit verdéngen deen dote Respekt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci fir déi Propositioun. Dozou Stellungnamen? Den Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President. Ech mengen, datt den Här Bodry hei eng ganz räsonabel Propositioun gemaach huet, déi eigentlech eis Ënnerstëtzung fënnt. Ech fannen, datt mer déi Diskussioun...

Une voix.- Mir versti guer näischt.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Da waart, elo héiert Der.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Jo.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech fannen, datt den Här Bodry eng...

(Interruption)

Ech fannen, datt den Här Bodry eng ganz räsonabel Propositioun hei gemaach huet. Déi Diskussioun kréie mer souwisou, mengen ech, hei an der Chamber am Kader vun där Diskussioun, déi mer mussen, éischtens, mat de Pétitionnairë féieren. An duerno schéngt et mir absolutt evident ze sinn, datt mer och hei an der Chamber selwer eng Diskussioun iwwert déi Thematik do wäerte féieren, soudatt ech déi Propositioun do nëmme kann ënnerstëtzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Zum Inhalt wëll ech mech de Moment net äusseren. Mä effektiv ass eigentlech de Punkt deen, datt et de Moment net dee richtege Moment ass, fir doriwwer ze diskutéieren an ofzestëmmen, well mer eben, et ass scho gesot ginn, fir d'Éischt sollen déi Leit unhéieren, déi déi Petitioun lancéiert hunn. Duerno kënne mer dat dann natierlech hei an der Chamber maachen. Duerfir ënnerstëtze mir och déi Propositioun, déi gemaach ginn ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Berger. Dann d'Madamm Loschetter. Zu Wuert gemellt huet sech och den Här Kartheiser.

Madamm Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, et ass alles gesot.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Madamm Loschetter. Ech géif vläicht de Krees zoumaachen an dann d'Wuert dem Auteur ginn. Den Här Wagner kritt et nach virdrun.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci. Jo, mir géifen eis och der Propositioun vum Här Bodry ralliéieren. Ech mengen, et muss ee fir d'Éischt emol och d'Diskussioun féieren am Hearing, deen dës Petitioun déclenchéiert huet. Dat soen ech ëmsou méi, well ech och nach Member vun der Petitiounskommissioun sinn. Ech mengen, dat wär och eng Fro vu Respekt géigeniwwer vum Pétitionnaire. An da kënne mer dat a Rou weiderhin diskutéieren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Wagner. Den Här Kartheiser, deen eis seet, wat e vun de Virschléi hält.

M. Fernand Kartheiser *(ADR), auteur.*- Villmools Merci, Här President. Jo, mir hunn an de leschten Deeg ganz vill iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch héieren an ech mengen, et war vun eiser Säit aus ni interpretéiert ginn, datt all déi Leit, déi sech elo zu der Wichtegkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch äusseren, domadder net genuch Respekt géintiwwer de Pétitionnairë gewisen hätten.

Et ass an eisen Aen ëmmer eng gutt Geleeënheet an ëmmer e gudden Zäitpunkt, wann ee sech fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt. A mir kënnen awer och gär nach déi Zäit waarden, bis mer déi Unhéierung hei an der Chamber haten.

Ech géif just proposéieren, Här President, wann ech d'Interventioune vu menge Kolleegen hei richteg interpretéieren, datt se sech net géifen opposéieren, géife mer hei proposéieren, datt Der vläicht déi Motioun dann op den Ordre du jour vun der éischter ëffentlecher Sëtzung setzt, nodeem déi Unhéierung geschitt ass. Ech mengen, dann hu mer jo dat respektéiert, wat hei proposéiert ginn ass a mir hätten deen Ableck och déi Garantie, datt mer déi kleng zäitlech Verlagerung net allze wäit no hannen drécken.

Wa mer eis kéinten dorop eenegen, mengen ech, wiere mer ganz frou an dankbar. Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat däerft kee Problem sinn!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech mengen, all d'Membere vun der Presidentekonferenz hunn dee Wonsch matkritt a si wäerten zum gegebenen Zäitpunkt, wa mer den Ordre du jour fixéieren, dorop zréckkommen.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Jo, Dir hutt jo och en Observateur an der Presidentekonferenz, dee sech dann zum Echo vun Árem Wonsch wäert maachen. Dat gesot, géif ech mengen, dass hei jo dann Unanimitéit ass, fir dat esou ze maachen. Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci. Da maache mer dat esou.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7059, deen de Paräisser Accord iwwert de Klimaschutz soll hei bei eis ëmsetzen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Henri Kox.

14. 7059 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de Paris sur le changement climatique, adopté à Paris, le 12 décembre 2015

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Wéi virdrun d'Familljeministesch beim Gesetz iwwert de Congé parental gesot huet, dass et e Meilestee wär fir d'Lëtzebuerger Familljepolitik, esou kann ee sécherlech behaapten, dass dëst Gesetz, wat mer hei elo um Ordre du jour hunn, e Meilestee praktesch fir d'Weltgemeinschaft wäert sinn. Et ass e wichtegen a richtege Schratt fir eis Kanner, awer och fir eis Kandskanner. Et kéint ee souguer den Neil Armstrong zitéieren, wéi e gesot huet, e klenge Schratt hei fir eist Land, wa mer dëst votéieren, mä e ganz grousse Schratt fir d'Mënschheet!

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Dëse Projet de loi huet als Finalitéit, wéi virdru vum President gesot, den Accord vu Paräis ze ratifizéieren, deen den 12. Dezember 2015 op der COP21 ugeholl gouf. Wat ass d'COP21? Dat ass d'Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques vun der Weltgemeinschaft, déi sech mat der Klimaproblematik beschäftegt, déi mer haut eben, wéi gesot, solle ratifizéieren.

D'Konventioun selwer gouf vu Lëtzebuerg den 22. Abrëll 2016 schonn ënnerschriwwen, an dëst um Jour de la Terre, an dëst net eleng vun nëmme Lëtzebuerg, mä vun 175 Parteien, dat heescht vun 174 Länner an der Europäescher Kommissioun, déi als eng Partei duergestallt gëtt.

Dësen Accord, dee fir mech e weltëmfaassende Vertrag ass, wou praktesch all d'Länner am Boot sinn, ass e ganz wichtegen Accord. An ech wéilt do gären de Laurent Fabius zitéieren, dee vun engem „accord universel" iwwert de Klima geschwat huet. En huet eng Rei Adjektiver genannt, fir dësen Accord ze beschreiwen, an e seet: „Dësen Accord ass differenzéiert, dësen Accord ass gerecht, dësen Accord ass nohalteg, dësen Accord ass dynamesch, dësen Accord ass équilibréiert an dësen Accord ass juristesch bindend fir eis Länner alleguerten."

Wéi eng Ziler huet dësen Accord ze erfëllen a wéini trëtt dësen Accord a Kraaft? Ziler ginn et der dräi. Dat Wichtegst ass dat, fir de Weltklima op eng Temperatur vu maximal 2 Grad Erhéijung ze begrenzen, voire op 1,5 Grad hinzesteieren. Dëst geet nëmmen, wa mer alleguerten zesummen an engem Boot sinn. Dofir ass all Land opgefuerdert, eng Rei vu Moossnamen ze maachen, an all Land ass gefuerdert, eng Rei vu Reduktiounsmoossnamen a senger Politik ze definéieren.

An dat Drëtt, vläicht och eent vun de wichtegsten Ziler, dat ass de finanziellen Engagement: de finanziellen Engagement insbesondere vun den héichentwéckelte Länner vis-à-vis vun den Drëttweltländer, déi sech drop accordéiert hunn, fir bis 2020 100 Milliarden Euro ze sammelen..., 100 Milliarden Dollar ze sammelen. Ee Moment wann ech gelift. 100 Milliarden Dollar bis 2020 ze sammelen!

A fir Lëtzebuerg bedeit dat, dass mir eisen Accord schonn op 35 Millioune ginn hu bis 2020, fir de finanziellen Ausgläich tëschent den ënnerentwéckelte Länner an den héichentwéckelte Länner ze maachen.

E klengen Historique vläicht iwwert déi ganz Accorden, well da gëtt ee sech der Bedeitung méi bewosst iwwert déi Schnellegkeet, déi mer awer hei fäerdegbruecht hunn, fir den Accord vu Paräis elo ze ratifizéieren.

Déi éischt Konferenz war scho laang, viru 24 Joer, dat war den 13. Juni 1992 zu Rio de Janeiro, wou déi éischte Kéier iwwert d'Begrenzung vun der Temperatur, vun dem Ausmooss vun der Klimaveränneruing diskutéiert gouf. Et huet gedauert bis 1997, wou de Kyoto-Accord definéiert gouf. Dat war déi drëtt Reunioun vun der COP. Dofir gouf déi deemools COP3 genannt.

Den Accord vu Kyoto huet awer nach bis 2005 gebraucht, fir a Kraaft ze trieden, an en huet sech an zwee Deeler opgespléckt. Dat ass eng Kéier eng éischt Period, déi ass gaange vun 2008 bis 2012, an déi zweet Period, déi ass de Moment amgaangen ëmgesat ze ginn an déi geet vun 2013 bis 2020. Am Ennerscheed awer zu Paräis hu beim Kyoto-Accord nëmmen... oder d'Emissiounen, déi e berücksichtegt huet, stellen awer nëmme 15% duer. 85% vun den Emissioune vun deene Länner, déi ganz héich Emissioune maachen, sinn näämlech net beim Kyoto-Accord derbäi gewiescht!

Wou sti mer elo bei der Ratifikatioun? Do kënne mer soen, dass mer et gepackt hunn! Gepackt, well d'Europäesch Kommissioun, oder d'europäesch Ëmweltministeren de Freideg virun enger Woch driwwer diskutéiert hunn, dass se den Accord wëlle ratifizéieren. D'Europäescht Parlament huet et genau virun enger Woch gemaach. An dat war de Startschoss, fir kënnen dësen Accord ëmzesetzen. Well den Accord huet zwou Bedéngungen: Et musse 55 Länner vun der Welt den Accord ratifizéiert hunn a 55% vun all den Emissioune musse vun deene 55 Länner gedeckt sinn.

Doduerch, dass d'Europäescht Parlament d'lescht Woch ënnerschriwwen huet an och ratifizéiert huet, sinn haut - oder op dem Stand vum 6. Oktober - 74 Länner, déi dësen Accord ratifizéiert hunn a si ëmfaassen am Ganzen 58,8% vu sämtlechen Emissiounen, déi ausgestouss sinn. Domadder kann dësen Accord a Kraaft trieden, näämlech 30 Deeg duerno, an dat ass laut der UNO de 4. November, wou dë-

sen Accord a Kraaft trëtt, dat heescht genau virun der nächster COP. Dat ass d'COP22, an déi ass zu Marrakesch a Marokko.

Wat heescht dat fir déi eenzel Länner? Dir wësst, dass Lëtzebuerg sech en Zil am Kyoto-Prozess ginn huet. Bis 2020 muss Lëtzebuerg seng Emissiounen ëm 20% reduzéiert hu par rapport zu 2005, awer ouni dass d'Industrië mat berücksichtegt ginn, d'Industrië sinn am europäesche Sharing matagebonnen. Dat heescht, Lëtzebuerg muss säin Effort och nach bis 2020 weiderdreiwen. De Moment leie mer, wéi de Camille Gira gäre seet, „on track", dat heescht awer, mir sinn eréischt bei 13%, déi mer reduzéiert hunn. Et bleiwen, fir eisen Obligatioune gerecht ze gi bis 2020, nach 7% ze erreechen. Et heescht also, mir mussen eis weiderhin ustrengen.

Wat heescht et iwwert de Kyoto-Vertrag eraus? Well dann trëtt de Paräiser Accord a Kraaft, an de Paräiser Accord huet keng Zilsetzung méi vu Joergäng, mä huet eng Haaptzilsetzung: Dat ass eng Dekarbonisatioun vun eiser Wirtschaft. Längerfristeg heescht dat, dass mer 2050 eng Reduktioun vun 80% bis 95% vun den CO_2-Equivalenzemissioune mussen erreechen, wat natierlech wahnsinneg ustrengend wäert sinn.

Fir Lëtzebuerg heescht dat: Ma, mir hunn en Zil gesat kritt bis 2030 vu minus 40%, minus 40%, well mer natierlech dat Land sinn, wat wirtschaftlech am beschten dosteet, a well mer pro Kapp nach immens vill Efforte musse maachen.

Fir dës Efforten ze erreechen, brauche mer sämtlech Secteuren am Boot. Mir brauchen och sämtlech Gesellschaftsschichte mat am Boot. Dat geet vun der Zivillgesellschaft iwwert d'Gemengen an natierlech och hei iwwert d'Chamber, déi hir Responsabilitéit mussen huelen.

An ech mengen, mir hunn dës Responsabilitéit scho geholl. Mir hunn eis am Virfeld vu Paräis iwwer e Joer laang an enger Souskommissioun mat dem Klima beschäftegt. Mir hu virun engem Joer hei an der Chamber e ganz groussen Débat gefouert, wou mer eng Rei vu Pisten opgeluecht hunn, Pisten, fir dass och Lëtzebuerg sech senger Responsabilitéit bewosst ass an dass mir och eis mat längerfristegen Ziler ausenanersetze mussen an och mat längerfristege Politicken a sämtleche Beräicher. Sämtlech Beräicher vun eiser Wirtschaft mussen deemno mat an d'Boot geholl ginn, well ouni déi, ouni d'Leit dobausse kënne mer dës Ziler net erreechen.

Dofir nach eng Kéier mäin Opruff hei, dëst mat enger grousser Majoritéit kënnen ze stëmmen. An ech ginn dovun aus, dass mer hei d'absolutt Majoritéit wäerte kréien, well an der Kommissioun hu mer de 6. Oktober 2016 de Rapport vun der Ratifikatioun vu Paräis ugeholl, an dat eestëmmeg. D'Gesetz selwer gouf den 9. September déposéiert. De Statsrot huet eis de 27. September den Avis dozou ginn. An den 3. Oktober an der éischter Sëtzung, wou mer eis nach eng Kéier domat beschäftegt hunn, sinn ech zum Rapporteur bestëmmt ginn.

Dofir zum Schluss an zur Konklusioun: Ech mengen, dass dëst wierklech e Meilesteen ass fir d'Weltgemeinschaft, dass et e Schratt an déi richteg Richtung ass. Mä et bleift extrem vill ze maachen, dofir: d'Äerm eropstréppen an dru schaffen!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marco Schank. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV).*- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt mat engem Merci ufänken un de Kolleeg Henri Kox als Rapporteur vun dësem Projet, e Merci fir den detailléierte schréftlechen a mëndleche Rapport. Hien huet mat enger Partie Superlativen ugefaangen: een Dag nodeem zu Paräis 196 Länner dem Klimaaccord zougestëmmt hunn, en Dag fir d'Geschichtsbicher, e Meilesteen, en historescht Evenement an esou weider.

D'Zukunft muss weisen, ob de Klimaaccord vu Paräis esou euphoresch Beuerteelunge verdéngt, déi begeeschtert Unerkennung do verdéngt. Ech denken, datt d'Fransousen, mat un der Spëtzt dem Här Fabius, an awer och eis Émweltministesch Unerkennung verdénge fir hiert jeeweilegt Verhandlungsgeschéck zu Paräis.

Engersäits ass et esou, de Rapporteur huet et gesot, datt déi éischte Kéier iwwerhaapt e globalen Accord zustane komm ass, en Accord, deen all Staten op der Welt verflicht zu der Begrenzung vun der globaler Erwäermung op däitlech ënner 2 Grad, méiglechst 1,5 Grad par rapport zu virindustriellen Niveauen. An dofir mussen d'CO_2-Emissioune weltwäit tëschent 2045 an 2060 op null zréckgefouert ginn an eben och en Deel vun den CO_2-Emissiounen aus der Äerdatmosphär evakuéiert ginn. Dat ass engersäits. Anerersäits - an dee Saz ass méi kuerz - ass awer och eppes ganz kloer: D'Äerderwärmung vun dëser Welt wäert an den nächste Jore weidergoen, a grondleeënd weidergoen. Si hält net op mat der Ratifizéierung vun dësem Accord.

Als Optimist kéint ee soen: Vläicht schrauwe jo an Zukunft d'Staten och vu sech aus hir Ustrengunge fir de Klimaschutz an d'Luucht. Vläicht wäert och an Zukunft d'Force vun de Marchéen d'Länner éischter zu méi Klimaschutz bewegen. Vläicht ginn och d'erneierbar Energië an Zukunft weider mat deem Tempo méi bëlleg, wéi dat elo an der Vergaangenheet de Fall war. A vläicht mierkt och China, datt Klimaschutzmoossnamen och gutt sinn, fir d'Loft a senge Stied méi propper ze maachen. A vläicht geschitt dann d'Émstellung op eng kuelestofffräi Ekonomie tatsächlech méi séier, wéi mir eis et haut kënne virstellen. Dat ass den Optimist.

Als Pessimist, deelweis och als Realist, kéint ee soen, datt den Deal vu Paräis net duergeet, fir eist Klima ze retten, wéinst all deem Klimawandel, deen trotzdeem nach komme wäert par la force des choses, an duerch en CO_2, dee mer schonn ausgestouss hunn an der Vergaangenheet respektiv dee mer no Paräis natierlech nach aus eise Fabricken, aus eise Fligeren, Schëffer, Autoen an esou weider erausblosen an deen och nach laang an der Atmosphär bleiwe wäert. A wéinst der Fro - dat ass, mengen ech, eng ganz wesentlech -, ob dann d'State sech un hir eegen, sech selwer operluechte Verflichtungen hale wäerten.

Madamm Presidentin, en vue vun der Ratifizéierung vum Klimaaccord vu Paräis probéiere mir dann awer, éischter optimistesch an d'Zukunft ze kucken a freeën eis an éischter Linn emol, datt d'USA a China virun enger gewëssener Zäit - ufanks September, mengen ech, war dat - am Kader vum G20-Sommet den Accord vu Paräis ratifizéiert hunn.

An och d'EU-Parlament huet dat viru Kuerzem gemaach, d'lescht Woch, nodeems d'Émweltminister vun der EU den 30. September zu Bréissel eng Blamage évitéiert hunn, kann ee bal soen, an et fäerdegbruecht hunn, sech op ee gemeinsame Ratifizéierungsprozess ze eenegen.

„Et war en haarde Kampf", gëtt d'Madamm Ministesch zitéiert am „Wort" direkt no dem Sommet, an zum Schluss och nach mat engem wesentleche Saz - mengen ech, well dee Kampf, dee kënnt eréischt -: et géifen nach déif gräifend Diskussioune bevirstoen, dëst am Kontext vun engem wuel virprogramméierte Sträit ëm den „effort sharing".

De sougenannten „effort sharing", also d'Laaschtendeelung, reguléiert 60% vun den CO_2-Emissiounen an der EU. A vun dësem gréisste klimapoliteschen Instrument gi si sech natierlech wichteg Ustéiss ausgerechent fir d'Dekarboniséiere vun deene verschiddene Secteuren: Verkéier, Gebaier an esou weider. An amplaz dëst Instrument un d'Ergebnisser vum Paräiser Accord unzepassen, géife verschidde Memberlänner - heescht et! - probéieren, vu Schlupflächer respektiv vu Rechentricke Gebrauch ze maachen.

Madamm Presidentin, vun 2020 u wäert de Grand-Duché mat ganz ambitiéise Reduktiounsziler konfrontéiert ginn. Héich Ziler goufe sech gesat. Ech erënneren elo net un déi, déi mer schonn haten: Bis 2020 d'CO_2-Emissiounen 11% senken; derbäi komme jo nach déi 11% Undeeler un erneierbaren Energien an 20% méi Energieeffizienz bis 2020. Mä fir 2030, do läit d'Lat fir Lëtzebuerg am Kader vum „effort sharing" richteg héich, näämlech bei minus 40% am Joer 2030 par rapport zu 2005. Et ass virdru vum Rapporteur scho gesot ginn.

Dës 40% stinn an engem Reglementsvirschlag vun der Europäescher Kommissioun, dee viru Kuerzem, Mëtt Juli, presentéiert gouf, fir déi jäerlech CO_2-Reduktioune vun den eenzelne Memberstate virzeschloen. Entspriechend dësem Kommissiounsvirschlag géif den Emissiounsbudget fir Lëtzebuerg ab 2021 ënner anerem och dovun ofhänken, wéi d'Emissiounen an de Joren 2016 bis 2018 sech géifen an der Moyenne entwéckelen.

Och wann dëse Virschlag vun der Kommissioun, kann ech mer virstellen, nach dierft änneren, ass dëst Zil fir Lëtzebuerg eng enorm Erausfuerderung. An ech hu viru Kuerzem héieren, fir dat Beispill ze soen, datt de Logistiksecteur sech elo scho wéinst deene minus 40% géif grouss Suerge maachen a sech freet, ob de Secteur kéint iwwerliewen, e Secteur, dee jo och vu vergaangene Regierungen, vun dëser Regierung pousséiert gëtt, net zulescht duerch den Ausbau och vum Containerterminal zu Beetebuerg.

Nun, fir déi héich Ziler ze erreechen, huet d'Émweltministesch eis gesot an der Kommissioun, datt se am Ministère amgaang sinn, en drëtten Aktiounsplang ze preparéiere respektiv och en Adaptatiounsplang ze adaptéieren, wann een esou wëllt, un deem ze schaffen.

An eng éischt Fro mengersäits dozou: Wéini soll deen drëtten Aktiounsplang virgeluecht ginn, well ech do verschidden Datumen héieren hunn? An der Zeitung hunn ech gelies, dat wier fréistens Summer 2017. Et sinn awer och Mataarbechter aus dem Ministère, déi gesot hunn, ënner anerem, datt dësen drëtten Aktiounsplang vläicht schonn Enn des Joers oder Ufank nächste Joers kéint virleien. Vläicht kann eis d'Madamm Minister eppes dozou soen.

D'lescht Joer hu mer, dat ass vum Rapporteur virdun och nach eng Kéier ernimmt ginn, dee groussen Débat gefouert mam Sujet „Politesch Orientéierung an Aktiounsméiglechkeeten am Kontext Klima an Energie", wann ech mech richteg erënneren, mat net manner wéi 40 Sëtzungen, déi mer haten am Zäitraum vun annerhallwem Joer.

A mir ginn dovun aus als Fraktioun, datt déi Aarbecht net ëmsoss war, mä datt déi 57 Recommandatioune wäerten Agang fannen an deen neien Aktiounsplang. D'CSV-Fraktioun fuerdert op jidde Fall, datt d'Chamber, sou wéi et och am Rapport vun deem Débat steet, regelméisseg an dee Prozess agebonne gëtt, dëst en vue vun deene Moossnamen a Léisungsvirschléi, déi dozou solle féieren, déi entspriechend Klimaziler ze erreechen.

Madamm Presidentin, an deem Débat d'lescht Joer hunn ech och am Numm vu menger Fraktioun däitlech gemaach, datt mir eis ambitiéis Hausaufgaben a puncto Klimaschutz nëmme fäerdegbréngen, wann et eis geléngt, fir d'Biergerinnen an d'Bierger an domadder och d'Zivillgesellschaft an d'Boot ze kréien. „An d'Boot kréien" huet de Rapporteur e puermol gesot. Do sinn ech och mat him enger Meenung.

Ech sinn awer där Meenung, datt mer mussen dat An-d'Boot-Kréie strukturéieren. An ech wëll eppes dozou soen, well ech d'lescht Joer am November am Débat och eng konkret Propositioun gemaach hunn, näämlech eng Proposition de loi fir d'Schafung vun enger nationaler Kommissioun fir nohalteg Entwécklung a Klimaschutz.

Ech denken och, fir vläicht fir d'Éischt e Saz zum Klimapakt ze soen, datt dëst Instrument ee ganz wesentlecht ass, well d'Gemengen derfir gesuergt hunn, mat ganz vill Kreativitéit - an och d'Gemengesyndikater, Naturparken an anerer - et fäerdegbruecht hunn, mat enger regionaler Approche sech fir de Klimaschutz no beim Bierger a bei de Biergerinnen, well jo d'Gemengen esou no bei de Stéit sinn, anzesetzen.

D'Gemenge si ganz kloer onverzichtbar Partner am Klimaschutz, wann et heescht, den Energieverbrauch an d'CO_2-Emissiounen an den Dierfer an an de Stied ze reduzéieren an awer och, an dat ass wuel gradesou wichteg, parallell Investitiounen, ekonomesch Aktivitéiten an den Aarbechtsmaart doduerch ze stimuléieren. An dofir si lokal a regional Energie- a Klimaschutzkonzepter wichteg Bausteng fir déi landeswäit Émsetzung vun deene geplangten ambitiéise Moossnamen.

Wéi et schéngt - hu mer an der Kommissioun gesot kritt – ginn et nach just zwou Gemengen, déi net am Klimapakt matmaachen. An der Zwëschenzäit goufen et souguer schonn eng Partie Gemengen, déi déi drëtt Zertifizéierungsstuf erreecht hunn, wat engem international unerkannte Standard entsprécht, näämlech dem „European Energy Award Gold". Déi Gemenge sinn, fir se net ze nennen, Park Housen, Tandel, Biekerech a Schëffleng. A souwäit ech informéiert sinn, wäerten och zwou vun dëse Gemengen elo d'nächst Woch op Luzern reesen, näämlech Housen an Tandel, fir do och am Austausch mat anere Gemengen…

(Interruption)

…och déi regional, besonnesch déi regional Approche am Kontext Klimaschutz weiderzereechen.

Mä de Klimapakt eleng geet an eisen Aen net duer. Mir mussen dat vill beschwuerent Abezéie vun der Zivillgesellschaft strukturéieren, hunn ech virdru gesot, well soss dës Regierung an och déi Regierungen, déi duerno wäerte Responsabilitéit kréien, bei hirer Klimapolitik wäerten an d'Eidelt lafen.

An dofir hunn ech och an dësem Kontext am Débat d'lescht Joer am Numm vu menger Fraktioun eben dann déi Proposition de loi déposéiert fir d'Schafe vun enger nationaler Kommissioun fir nohalteg Entwécklung a Klimaschutz, dat heescht eng strukturéiert Partnerschaft vu Stat, vu Gemengen, vun ONGen, vu Gewerkschaften a vum Patronat. An d'Zil vun dëser Gesetzespropositioun ass et, wéi gesot, d'Zivillgesellschaft besser anzebannen.

Dës Proposition de loi baséiert dorobber, fir d'Gesetz vum 25. Juni 2004 unzepassen. Dat ass d'Gesetz iwwert d'Koordinatioun vun der nationaler Politik fir nohalteg Entwécklung. An ech hat mech bei dëser Proposition de loi op d'Experienz beruff, déi mer gemaach hunn an de Joren 2010, 2011 mat dem Partenariat fir Émwelt a Klima, also e ganz konkreten Exercice, wou eigentlech dat duerchgespillt gouf och an Zäit vun annerhallwem Joer vun der viregter Regierung, wou Ministèren, Gemengen, de Syvicol fir d'Gemengen, d'ONGen, d'Gewerkschaften an d'Patronen un engem Dësch souzen, fir e gemeinsame Moossnamekatalog opzestelle fir de Klima- an Émweltschutz. An déi Moossname sinn dunn och an den zweeten nationalen Aktiounsplang agefloss, a virun allem war dat och d'Grondlag fir d'Schafe vun deem Klimapakt, un deen ech virdrun erënnert hunn.

Deemools schonn ass d'Iddi an deem Grupp diskutéiert ginn, fir aus dem Partenariat eng dauerhaft Struktur ze maachen. Vun de staatleche Partner, ech erënnere mech dorunner, ass deemools insistéiert ginn, datt een d'Regierungsmembere méi staark misst an dee Prozess integréieren, fir eng besser Visibilitéit a fir eng besser Kredibilitéit an deem Zesummenhang och ze erreechen.

Dëse Gesetzesvirschlag mat senger entspriechender Virgeeënsweis géif eng verstäerkt a besser strukturéiert Zesummenaarbecht mat den Organisatioune vun der Zivillgesellschaft garantéieren a gläichzäiteg och eng méi pousséiert Participatioun vun der politescher Prise de décision assuréieren.

Madamm Presidentin, an enger Jointe vun Affaires étrangères an Émweltkommissioun gouf viru Kuerzem d'Agenda 2030 fir eng nohalteg Entwécklung presentéiert. Dat ass nach net ganz laang hier.

An deem Kontext begréisse mir et, datt d'Regierung d'Reglement vum 14. Juli 2005 ofgeännert huet. Do geet et näämlech ëm d'Zesummesetzung, ëm d'Organisatioun an de Fonctionnement vun der Commission interdépartementale du développement durable. Dat ass an deem Reglement geregelt. An heimat gouf elo en Upgrade vun der Zesummesetzung vun där Kommissioun virgeholl, ebe fir déi verschidde Ministèrë méi staark ze responsabiliséieren. An dat fanne mir richteg. Dat fannen ech eng gutt Iddi, well et och am Sënn ebe vun där Proposition de loi ass, déi ech d'lescht Joer gemaach hunn, an ech mengen, déi ganz wesentlech ass.

Wat elo dës Proposition de loi ugeet, gëtt et nach keen Avis, weder vun der Regierung nach vum Statsrot. Si huet eng Nummer kritt an domat ass et dat elo emol.

Mech géif awer interesséieren, dofir d'Fro un d'Émweltministesch, ob d'Regierung ënner Émstänn wëllens ass, awer an déi Richtung do ze goen. Well ech soen lech hei, datt et schifgeet, fir ambitiéis, esou ambitiéis Moossnamen ze huelen, ze erreechen, wa mer net d'Zivillgesellschaft, wa mer net d'Leit um Terrain an dat berüümt Boot do kréien!

Dann, d'Majoritéit seet an hirer Regierungserklärung op der Säit 71, dat hunn ech och schonn op dëser Plaz emol rappeléiert, si géif e sougenannten Nohaltegkeetscheck aféiere fir d'Projeten an d'Décisioune vun der Regierung, déi eng Incidence hunn en termes vun nohalteger Entwécklung a Klimaschutz.

Dofir wollt ech elo och d'Fro stellen un d'Madamm Minister: Huet d'Regierung wëlles, an den nächste Méint esou en Nohaltegkeetscheck anzeféieren, respektiv ass se souguer vläicht amgaang un deemselwechten ze schaffen?

Zum Schluss, Madamm Presidentin, eng lescht Fro un d'Madamm Minister, an zwar d'Fro, wou mir mat der Etüd fir den Tanktourismus dru sinn, déi d'Regierung an Optrag ginn huet a wou och schonn nogebessert ginn ass, wéi mer et gesot kruten.

Am „Wort" hunn ech gelies, de Kolleeg Henri Kox hätt gesot, den Tanktourismus misst enger kritescher Analys ënnerzu ginn. Gëtt dat elo zousätzlech gemaach?

An da steet awer och nach do, an der Zwëschenzäit géif et e Kompromëss ginn - wat ëmmer dat heescht - en vue vun der Presentatioun vun dëser laang erseenter Etüd. An de Kolleeg Marcel Oberweis huet net méi spéit wéi virun, mengen ech, zwou Wochen och

nach eng Kéier gefrot, wou mer mat där Etüd dru wieren. An ech wëll dat dann op dëser Plaz och maachen.

Domat géif ech ganz zum Schluss d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn, zu engem ganz wesentleche Projet en vue vun der Ratifizéierung vum Klimaaccord vu Paräis.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Schank. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt fir d'Éischt dem Rapporteur Henri Kox Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Mir als LSAP wäerte selbstverständlech dëse Projet de loi och ënnerstëtzen.

E Merci wëll ech awer och eiser Ëmweltministesch Carole Dieschbourg soe fir hiren Asaz, besonnesch bei der leschter Lëtzebuerger Présidence, wou jo och dëse Paräiser Accord zustane komm ass.

De Rapporteur huet den Accord an all senge Facetten am Detail erkläert. Dofir wëll ech mech op e puer generell Remarquë beschränken.

D'LSAP huet sech schonn iwwert déi lescht Joren, an et kann een entre-temps soen, scho säit Jorzéngten, ëmmer konsequent fir de Kampf géint de Klimawandel agesat a wäert dat selbstverständlech och an Zukunft weider esou maachen. Dat gëllt souwuel um internationalen, nationalen, awer och um lokalen Niveau, well nëmme wa mer all zesumme grouss Efforte maachen, hu mer eng Chance, fir déi schlëmmst Konsequenze vun engem Klimawandel ze verhënneren.

An deem Sënn begréisse mer als LSAP och den Accord vu Paräis, well et effektiv gegléckt ass, bal all Staten, an de Rapporteur huet et elo am Detail erkläert, vun der Welt mat an dat berüümt Boot ze kréien, wat jo leider beim Kyoto-Accord net de Fall war. D'Europäesch Unioun eleng kann zwar hei mam gudde Beispill virgoen. D'Zil, fir d'Klimaerwäermung ënner 2 Grad ze halen, dat kann awer nëmmen erreecht ginn, wann all grouss Emittente vun der Welt vun Zäregasen zesummeschaffen an och elo éierlech a reell Efforte maache wäerten. De politesche Wëlle vun der LSAP a vun dëser Regierung, fir eise Bäitrag dozou ze leeschten, ass op alle Fall do.

Mir sollten eis awer näischt virmaachen: Och wann dës Kéier d'Reduktiounsziler fir déi eenzel EU-Memberstate gebonne ginn un d'Wirtschaftsleeschtung, wäert Lëtzebuerg iwwerduerchschnëttlech héich Engagementer mussen agoen, a mäi Virriedner Marco Schank huet dat och elo grad schonn ënnerstrach. Dat geet och esou aus der Propos vun der EU-Kommissioun vum Juli ervir, déi mir an der Kommissioun virgeluecht kruten: Lëtzebuerg a Schweden waren deemno déi Länner an der EU, déi déi gréissten Efforte misste maachen a bis 2030 hir Emissioune par rapport zu 2005 ëm 40% misste reduzéieren. Dat gëtt, wéi scho gesot ginn ass, en enormen Défi.

Och wa mir am Moment op der virgezeechenter Trame net esou schlecht dostinn, wéi virdru scho gesot ginn ass, „on track" sinn de Moment, fir et nach eng Kéier ze soen, bis 2020, de Rapporteur huet dat och gesot, musse mer 20% par rapport zu 2005 reduzéieren. Mir sinn de Moment op 13%. Fir an deenen nächste véier Joer schéngen déi 7% net onméiglech ze sinn.

De Problem kënnt awer effektiv no 2020, wann dann dee Paräiser Accord a Kraaft trëtt nom Kyoto-Accord. Engersäits si mer dann an der Situatioun, dass mer wahrscheinlech bis dohinner, bis 2020, déi méi einfach Mesuren, fir d'Emissiounen ze vermeiden, schonn ëmgesat hunn. An et wäert duerno awer ëmsou méi schwiereg ginn, fir weider Reduktiounen ze erreechen.

Anerersäits hu mer zënter Joren e staarke Wuesstum. Ech mengen, mir wëssen och, wat mer do vu Pronosticken hunn, souwuel vun eiser Ekonomie wéi vun eiser Bevëlkerung, an et gesäit ganz esou aus, wéi wann dat och an de kommende Jore jo géif esou weidergoen.

Et ass zwar zum Deel gelongen, de Wirtschaftswuesstum lasszekoppele vun der Entwécklung vun den Emissiounen, mä och wann een d'Emissioune pro Awunner kuckt, hu mer Fortschrëtter gemaach. Mir brauchen do awer e regelrechte Quantesprong, wa mer an nëmmen zéng Joer zwëschen 2020 an 2030 eis Emissiounen nach eemol ëm 20% wëlle senken. Ëmsou méi wichteg ass et, fréi genuch konkret Pläng ze hunn, wéi een dës international Verflichtungen och kann an d'Realitéit ëmsetzen.

Deen drëtten nationalen Aktiounsplang fir de Klimaschutz kritt do eng ganz grouss Bedeitung fir Lëtzebuerg. Mir mussen dee Plang net nëmme matzäite fäerdeg hunn, mä et muss een dann och an eisem Budget entspriechend Moyene virgesinn, fir dass dës Mesuren och effektiv an der Realitéit kënnen ëmgesat ginn.

Entre-temps wär et vläicht gutt, en Tëschebilan vun der Ëmsetzung vum zweeten nationalen Aktiounsplang ze zéien, fir emol am Detail ze kucken, wat mer bis elo erreecht hunn a wou mer par rapport zu deem, wat mer eis virgeholl hunn, och stinn. Well eis Accorden, Deklaratiounen an Aktiounspläng hunn nëmmen dann en Impakt op de Klima, wa se duerch konkret Mesuren och ëmgesat ginn.

Zäregasen entsti bekanntlech bei ganz verschiddene Prozesser, mä dee gréissten Impakt am Kontext vun eise Klimaschutzmoossname betrëfft wuel d'Produktioun an de Verbrauch vun der Energie.

Et muss eis engersäits geléngen, méi Energie op eng nohalteg an ëmweltfrëndlech Manéier ze produzéieren, an anerersäits ganz einfach manner Energie ze gebrauchen. Et kann een dobäi net nëmmen no Klimaschutzkritäre kucken. Et geet jo fir d'Mënschheet am Endeffekt dorëms, gréisser Katastrophen ze vermeiden, bei deenen d'Liewen an d'Gesondheet am Sënn vum Klimaschutz net dozou féieren, (veuillez lire: bei deenen d'Liewen an d'Gesondheet bedrot sinn. Dofir däerfe streng Oplagen am Sënn vum Klimaschutz net dozou féieren,) dass d'Atomkraaft als eng Alternativ ugesi gëtt. Et gesäit een elo schonn, wéi schwéier sech beispillsweis d'Belsch deet, fir hir komplett vereelzt Atomkraaftwierker ofzeschalten, well se an deene vergaangene Joren net genuch an erneierbar Energien investéiert hunn.

Al Atomkraaftwierker, déi nach just mam Argument um Lafe gehale ginn, dass ee soss d'Stroumversuergung net garantéiere kann, sinn extrem gefäierlech. Ech hoffen, dass mer net zu Tihange, Doel oder Cattenom en zweet Fukushima erliewe mussen, fir dass dat jiddwerengem kloer gëtt. Doriwwer eraus wäert et sécher Pressioune ginn, fir nei Atomkraaftanlagen ze bauen, fir méi einfach kënnen d'Klimaschutzziler ze erreechen. Nei Atomanlage sinn zwar vläicht eng Zäit laang méi sécher wéi déi al, mä de Problem vun der Lagerung vum atomaren Offall gëtt domat net geléist.

Lëtzebuerg huet dorobber natierlech nëmmen e ganz klengen, limitéierten Afloss. Mir kënnen eis awer um EU-Niveau derfir asetzen, dass alternativ erneierbar Energië verstäerkt gefërdert ginn, an net d'Atomenergie. Souwisou wäert d'Klimaschutzpolitik um EU-Niveau e ganz wesentlechen Impakt dorobber hunn, ob mer eis Ziler erreeche kënnen oder net.

D'Reaktiounen op deem Niveau nom VW-Skandal an den USA stëmmen een do och net onbedéngt optimistesch. Statt d'Autosindustrie, déi sech dank deene leschte Kontrollmechanisme vun der EU laanscht besteeënd Ofgasnorme gemogelt huet, dozou ze zwéngen, déi streng Wäerter an Zukunft tatsächlech anzehalen, goufen d'Norme ganz einfach eropgesat! An ech wëll vläicht, wa mer déi Zäit hunn, awer emol eng Kéier e bëssen op déi Saach agoen.

Dir wësst, dee Skandal ass 2015 vun den Amerikaner do entdeckt ginn; ech erspueren Iech dat. Just vläicht eng Ziffer: D'Valeure ware 35-mol ze héich. Elo ass proposéiert gi vun der EU-Kommissioun, déi nei Regelen op e sougenannte Konformitéitsfacteur vun 2,1 fir déi nei Typpenzouloossung vun neie Modeller ab 2017 ze setzen. Dat sinn natierlech héich Wäerter, soudass mer ëm 1,5% wäerten am Joer 2020 leien, soudass mer eis Grenzwäerter nach wäerten ëm 50% iwwerschreiden! Ech wëll dat just eng Kéier och als Beispill soen, wéi do iwwerluecht gëtt.

Bon, d'Europäescht Parlament huet an deem Sënn seng lescht Décisioun nach net geholl. Do war eng Propositioun gemaach ginn de 14. Dezember 2015, fir vun deene Wäerter do erofzekommen. Déi ass awer net akzeptéiert ginn. Bon, dat soll elo effektiv am Januar diskutéiert ginn. Ech wëll just domadder soen, dass, wa mer a Richtung CETA an TTIP op aner Länner weisen, dass mer hei an Europa, an deem do spezielle Fall op jidde Fall, mengen ech, eis Hausaufgaben net amgaange si richteg ze maachen.

Esou Rücksichten op d'Interesse vun der Industrie kann d'EU an Zukunft also net méi huelen, wa se et eescht mengt mat de Klimaschutzziler, déi se sech zu Paräis ginn huet.

Generell sinn d'Recherchen an den technesche Fortschrëtt wichteg Facteuren, wa mer an Zukunft besser Méiglechkeete wëllen hunn, fir mat wéineg Energie auszekommen. Um EU-Niveau kënnen do Akzenter gesat ginn, déi e klengt Land wéi Lëtzebuerg nëmme wéineg ka beaflossen. Mir kënnen allerdéngs d'Uwendung vun deenen neisten Technologien - «meilleures technologies possibles», wéi mer dat nennen - förderen a mat Hëllef vu Subsiden dozou bäidroen, dass mir och als ganz normal Konsumente schnell Accès dozou hunn. Dat ass och net nei. An och déi Beräicher, an deenen esou Mesurë besonnesch sënnvoll sinn, bleiwe weiderhin der zwee: Dat sinn den Transport an de Logement.

Als Éischt zum Transport, Madamm Presidentin. Dës Regierung investéiert konsequent weider an den ëffentlechen Transport, an dat ass och gutt esou. Den Tram, iwwert dee jorelaang gestridde gouf, hëlt endlech konkret Formen un. An och aner Deeler vum Mobilitéitskonzept gi stéckweis ëmgesat. Mir mussen hei esou schnell wéi méiglech virukommen, fir déi Capacitéiten ze schafen, déi mer an Zukunft brauchen. Et mécht kee Sënn, Leit mat Campagnen dozou ze animéieren, den ëffentlechen Transport ze benotzen, wann een net déi néideg Capacitéite kann zur Verfügung stellen.

Dat konnt een iwwregens gëschter Owend ganz flott an engem Reportage op RTL op eng impressionnant Manéier gesinn, wou een iwwregens och d'Iwwersaturatioun vun eisen Autobunne feststelle konnt. Wann ech un den Eng-Millioun-Awunner-Stat denken, mengen ech, gëtt dat engem och besonnesch ze denken. D'Offer soll der Demande also ëmmer e Stéck viraus sinn. D'Leit klamme ganz vum selwen op den ëffentlechen Transport ëm, wa en attraktiv ass an d'Méiglechkeet dozou besteet.

Äänlech gesäit et mat der Mobilité douce aus. Wa Vëlos- a Foussweeër duerchgeeënd bestinn, wann d'Ëmsteigméiglechkeeten op aner Transportmëttel gutt sinn, also den „Interface", wéi mer dat nennen, gutt ass, da gëtt dat och genotzt.

Et wier an deem Kontext ganz gutt, aktualiséiert Donnéeën iwwert d'Evolutioun vum „modal split" zu Lëtzebuerg ze kréien, wann dat méiglech ass, Madamm Ministesch. Soss eben eng Kéier an enger Ëmweltkommissiounssitzung.

Well den Individualverkéier awer ëmmer wäert e feste Bestanddeel vum Verkéier bleiwen, mussen hei onbedéngt weider Efforte gemaach ginn, fir méi spuersam a propper Gefierer op d'Strooss ze kréien. Do gëtt et effektiv nach ganz vill Sputt no uewe bei der Elektromobilitéit. Um nationalen Niveau kënne mir Ureizer schafen, fir dass d'Leit beim Kaf vun hirem Auto méi en ekologesche Choix treffen. Mä mir mussen och um europäeschen Niveau hëllefen, méi Drock op d'Autosindustrie ze maachen.

An der Entwécklung vu Motore respektiv vu Batterië sinn nach vill Fortschrëtter ze maachen. Mä d'Industrie muss och gewëllt sinn, genuch doranner ze investéieren.

Bon, zum Stéchwuert vu Stroumlagerung, Stroumspeicherung oder Accumulateuren, Batterien an esou weider, wéi mer dat nennen, a grousse Capacitéiten, do sinn effektiv nach vill technesch Fortschrëtter ze maachen. Mä ech mengen, dass mir an enger Welt, déi esou innovativ ass, och eis deem Problem do musse stellen.

Déiselwecht Efforte ginn et och ze maachen am Beräich vun dem Verleeë vun de Stroumleitungen. An och do hu mer jo gesinn zum Beispill un Däitschland, wat dat da fir Probleme mer gëtt mat verschiddene Leit, déi sech dergéint wieren, wat een och gutt ka verstoen. Iwwregens hei zu Lëtzebuerg hate mir och schonn dee Problem, wa Stroumleitunge geluecht gi sinn. Och do sinn oft d'Argumenter gebraucht ginn am Beräich vun der Natur, déi do zerstéiert gëtt. An dofir mengen ech, dass et och wichteg ass an deem Kader, dass et och hei dozou passt, dass dat neit Naturschutzgesetz och do Hëllef wäert bréngen a Kloerheet wäert bréngen; Stéchwierder vu Biotopen, Stéchwuert Kompensatioun respektiv Ökopunkten.

Generell solle mer awer och Ureizer schafen, fir d'Benotzung vun Dieselmotoren ze reduzéieren. Ech mengen, do hu mer gesinn, dass an Däitschland elo eng grouss Fuerderung ass, oder zu Paräis, fir déi Dieselmotore ganz aus de Stied ze verbannen. An ech mengen, do si mer op engem Wee, deen een och vläicht... Do wollt ech d'Ministesch froen, ob mer och hei zu Lëtzebuerg esou Iwwerleeunge maachen, fir Dieselautoen, déi déi respektiv Normen net anhalen, a bestëmmten Zonen, déi besonnesch kriddelech sinn am Beräich vum Feinstaub, fir déi och do eventuell ze verbidde respektiv eng Restriktioun ze ginn.

Schnell virugedriwwe gi mussen natierlech och all Mesuren, déi dozou bäidroe kënnen, de Wuerentransport vun der Strooss erofzekréien. Do hu mer jo elo och mat dem Projet vum Containerterminal zu Beetebuerg/Diddeleng déi richteg Akzenter gesat.

Deen anere Beräich, deen zu Lëtzebuerg e grousst Potenzial opweist, fir Energie ze spueren, ass dann deen zweeten natierlech, de Logement. Mir hunn elo e Projet de loi an der Chamber virleien, wou d'Förderméiglechkeeten fir energieeffizient Bauen a Renovéiere verbessert ginn. A mir kréien an deem Kontext jo nach d'Geleeënheet, fir dat am Detail ze diskutéieren. Dofir wëll ech och elo hei net weider dorop agoen.

Ech géif mer awer schonn hei wënschen, dass kéint eng kloer Analys gemaach ginn, wat déi Mesuren, déi mer bis elo hunn, konkret bruecht hunn, an dass mer duerno och a regelméissegen Ofstänn kéinten nopréiwen, wéi d'Akzeptanz vun deenen neie Mesuren ass a virun allem, wéi se genotzt ginn.

Eleng un deene Beispiller aus de Beräicher Transport a Logement gesäit een, dass déi Verflichtungen, déi mer mat der Ratifizéierung vum Paräiser Accord aginn, grouss Verännerungen a virun allem substanziell Investitioune wäerte vun eis verlaangen. Ëmsou méi wichteg ass et, e kontinuéierlechen, permanente Monitoring vun all deene Mesuren ze maachen an ze iwwerpréiwen, ob se déi gewënscht Resultater och bréngen. Nëmmen esou ka garantéiert ginn, dass um Enn tatsächlech e positive Bäitrag am Sënn vum Klimaschutz an och vum Paräiser Accord dobäi erauskënnt.

An domadder ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Negri. Als nächste Riedner hunn ech den Här Max Hahn ageschriwwen. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

M. Max Hahn *(DP).*- Madamm Presidentin, haut ass e groussen Dag. Et ass en Dag, wou mir aus dem Versprieche vu Paräis eng konkret national Verflichtung maachen. 195 Länner hu sech zu Paräis dorobber gëeenegt, gemeinsam géint de Klimawandel virzegoen! Ech wëll hei guer net op déi vill Enttäuschunge vun deene Jore virdrun agoen, wou aus nationalen Egoismen eraus d'Mënschheet amgaange war, hiert eegent Graf ze schëppen. Well wat zielt ass, dass Paräis eis net nëmmen nei Hoffnung ginn huet, mä Paräis huet eis Erwaardungen iwwertraff. D'ganz Welt huet zu Paräis décidéiert, seng eegen CO_2-Emissiounen ze reduzéieren. Dat ass en eemolegt Resultat!

An ech félicitéieren dofir besonnesch der Lëtzebuerger Regierung an der Ëmweltministesch, déi an hirer EU-Présidence e groussen Undeel un deem Succès hei hunn.

Une voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP).*- D'Ratifikatioun a ville Länner schleeft net wéi esou oft jorelaang, mä passéiert an engem Tempo, deen engem den Otem hëlt.

Une voix.- Ah jo!

M. Max Hahn *(DP).*- Just als Verglach: Tëschent dem Verhandlungsresultat an dem Akraafttriede vum Kyoto-Ofkommes louche ganzer aacht Joer! Do dergéint wäert den Accord vu Paräis a manner wéi engem Joer no de Verhandlungen a Kraaft trieden. D'Versprieche vu Paräis si keng eidel Wierder, mä Wierder, déi Doten no sech zéien. Haaptemissiounslänner wéi d'USA, China, Indien a Brasilien hu scho ratifizéiert! China an d'USA eleng maache 40% vun de weltwäiten Emissiounen aus.

Et ass kee Geheimnis, dass dëst alles Länner sinn, déi an der Vergaangenheet gären emol mat deenen zwee Féiss op der Brems stoungen, wann et ëm d'Festleeë vu Klimaziler gaangen ass. Dass dës Länner elo mat am Boot sëtzen, gëtt eis Flilleken an der Course géint de Klimawandel.

Madamm Presidentin, haut ass et also un der Rei vu Lëtzebuerg, den Traité ze ratifizéieren. Mir setzen haut en Traité a Kraaft, dee grouss Chancen huet, an d'Geschicht als Dréipunkt an der weltwäiter Klimapolitik anzegoen. Et ass en Traité vun der Verantwortung fir déi kommend Generatiounen, deene mer eben net dierfen am volle Bewosstsinn en lerwen hannerloossen, wou si riskéieren, hir Liewensgrondlag vun Naturkatastrophen a Klimachangementer zerstéiert ze kréien.

Léif Kolleegen, mir sinn dësen Traité eise Kanner a Kandskanner schëlleg. Jo, Lëtzebuerg bekennt haut Faarf am Klimaschutz. A maache mer eis näischt vir: Et sti grouss Défie viru Lët-

zebuerg, Europa an der Welt! De Klimaaccord setzt de Kader, mä mir mussen elo dësen Accord mat Liewe fëllen.

Op d'ganz EU gekuckt, hu mir eis zu enger Reduzéierung vu 40% vun den CO_2-Emissiounen engagéiert. Europa muss sech elo eens ginn, wéi dat gemeinsamt Zil soll erreecht ginn. Kucke mir eis un, wéi schwiereg d'Zesummeschaffen um europäesche Plang dëser Deeg ass, da wësse mer, wéi haart an ustrengend dës Verhandlunge ginn. Mä ech hoffen, dass de Klimaaccord och Europa eng zweet Loft gëtt, fir déi national Egoismen ze iwwerwannen an, wann et dorobber ukënnt, un engem Strang ze zéien.

De Kyoto-Vertrag leeft 2020 aus. Vill wichteg Länner, dat wësse mer, waren dësem net bäigetrueden. An eréischt duerno, also ab 2020, fänken d'Obligatioune vum Paräiser Accord un. Ech ginn de Kritiker recht, déi soen: „Firwat eréischt 2020? Mir hunn eigentlech keng Zäit ze verléieren." 2015 war historesch gesinn dat wäermste Joer, dat jeemools opgezeechent ginn ass. 2016, do sinn d'Experte sech eens, wäert dat nach eng Kéier iwwerbidden. Leider war awer zu Paräis méi e fréien Zäitpunkt net dran. Mä mir wëssen all: D'Zäit leeft! An ech hoffen, dass déi verschidde Länner, grad déi, déi net am Kyoto-Accord dra sinn, déi nächst Joren net verbëtze wäerten, mä dass si hir Beméiunge géint de Klimawandel eropschrauwen.

Madamm Presidentin, wat heescht dësen Accord elo fir Lëtzebuerg?

Mir ratifizéieren haut en Traité, deen och den Ufank vum Enn vun de fossillen Energien ass. Jo, däers musse mer eis bewosst sinn, an ech weess, dass dat nach schwéier virstellbar ass, wa mer d'Realitéit dobausse kucken. Mëttel- a laangfristeg heescht dat, dass d'Mentalitéite musse changéieren, d'Geschäftsmodeller mussen ugepasst ginn an en Emklammen op alternativ, klimafrëndlech Modeller muss méi staark encouragéiert ginn. Mir mussen eis bewosst sinn: Geléngt et eis net, d'Leit mat op dëse Wee ze huelen, wäerte mir eis Obligatiounen net packen!

Dësen Accord heescht, dass mir eis Efforten däitlech musse verbesseren. Mir wëssen, dass mer an der Vergaangenheet net ëmmer Musterschüler a Saache Klimaschutz hei zu Lëtzebuerg waren. Mir packen et de Moment awer besser, eis Klimaziler ze erreechen, wat vill domadder ze dinn huet, dass manner Leit vu bausse bei eis op Lëtzebuerg tanke kommen. Zur Erënnerung: 70% vun eisen CO_2-Emissioune kommen duerch den Transport.

Ech wëll awer op dëser Plaz elo guer net op all d'Mesuren agoen, déi d'Regierung schonn entaméiert huet, a weider Mesuren, déi nach komme mussen, well ech mer sécher sinn, dass mir nach vill Geleeënheete wäerte kréien, doriwwer hei am Haus an an der zoustänneger Kommissioun ze debattéieren.

Madamm Presidentin, dësen Accord ass nëmmen en Ufank. A mir wäerten an der Weltgemeinschaft sécher nach deen een oder deen anere Réckschlag mussen astiechen, déi eng oder aner Enttäuschung erliewen, a vill Schweess an Ustrengunge sti virun eis. Ech mengen, dat wësse mir all. An awer sollte mir dëse Moment hei feieren, well d'Welt huet sech Grousses virgeholl, an haut setze mir Lëtzebuerger d'Ofkommes fir eist Land a Kraaft. Elo heescht et, all zesummen upaken!

Dëst gesot, géif ech dem Rapporteur Henri Kox gäre Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport a ginn domat den Accord vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Hahn. Als nächste Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser ageschriwwen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Häre, ech wéilt och ufänke mat engem häerzleche Merci un den Här Kox, deen, wéi ëmmer, wann et ëm de Klima geet, mat grousser Begeeschterung a groussem Engagement hei geschwat huet.

Den Accord vu Paräis, dee mer haut hei ratifizéieren, huet dee Meritt, datt en existéiert. Mä wann een e kuckt, muss ee feststellen, datt e wéineg contraignant ass, heiansdo wéineg konkret, an datt et méi e Vertrag ass, deen e bësse politesch Verspriechen a juristesch Form gekleet huet. Wär dat net de Fall, da kéinte mer och dovun ausgoen, datt State wéi d'USA a China manner séier d'accord gewiescht wären, fir sech dësem Text unzeschléissen. Mä datt se et maachen, weist eng gewëssen Universalitéit an och e gewëssene Mentalitéitswandel bei deene Staten. Mir hunn och, an dat wëll ech derbäisoen, genausou wéi d'Amerikaner oder d'Chineesen huet och d'ADR kee Problem domat a mir ratifizéieren dat hei gär mat.

Wann een awer elo kuckt, wat déi heiten Ëmsetzung konkret fir eis heescht, do si mer wesentlech méi kritesch wéi anerer heibannen. Éischtens stellt sech d'Fro vun der legaler Prozedur. Et ass dovu geschwat ginn - an do wär ech frou, wann d'Madamm Minister eis dat géif erklären -, datt zu Bréissel - Zitat Presseartikel - eng „legale Hintertür" benotzt gi wär, fir elo eng séier Ratifizéierung vum Vertrag ze eréiglechen, par rapport zu deenen üübleche Prozeduren. Ass dat esou? A wéi eng sinn do adaptéiert ginn oder geholl ginn?

An dann den Engagement fir Lëtzebuerg. Ech mengen, dat ass eigentlech den Haaptpunkt, wa mer dat hei ëmsetzen. Wat heescht dat fir eis?

40% manner par rapport zu 1990, dat ass déi héchsten Obligatioun vun allen EU-Staten. An et ass schonn déi zweete Kéier, wou Lëtzebuerg eng héich, déi héchsten Obligatioun op sech geholl huet. Mir haten dat schonn no Kyoto mat minus 28%. Erreecht hate mer net minus 28%, mä minus 8,2%, an de Rescht hu mer misse kafe goen. De Rescht sinn Zertifikater, déi eis um Maart 110 Milliounen Euro kascht haten. D'Cour des Comptes hat sengerzäit doriwwer e ganz, ganz kritesche Rapport formuléiert. Mir kënnen deen elo net nach eng Kéier hei zitéieren. Mir wëlle just drop verweisen, datt eigentlech déi héich Engagementer deemools schonn net konnten agehale ginn.

Déi Propositioun hei vu minus 40%, déi ass zustane komm duerch e Schlëssel, dee mir och kritiséieren, de Bruttoinlandsprodukt pro Awunner. Mir wëssen alleguer hei am Land, datt de Bruttoinlandsprodukt pro Awunner net dee reellen Zoustand, de Räichtum vum Land reflétéiert, well jo d'Frontalieren do net mat agerechent ginn. An awer ass opgrond vun deem Kritär festgehale ginn - haaptsächlech opgrond vun deem Kritär - am Conseil européen, datt minus 40% fir eis déi richteg Zuel wär.

Minus 40% an engem Land, wat e ganz séieren ekonomesche Wuesstum kennt, wat seng Awunnerzuel, wann déi Zifferen da sollte stëmmen, déi am Ableck zirkuléieren, iwwer eng Millioun Awunner, 1,1, 1,2 Milliounen Awunner iergendwéini zielt an noer Zukunft, an da solle mer nach eis Emissiounen ëm minus 40% reduzéieren! Ass dat iwwerhaapt an iergendenger Aart a Weis realistesch?

Wat sinn dann d'Konsequenzen op d'Ekonomie? Et muss ee sech froen, mir hunn hei esou vill vun Dekarboniséierung héieren - mir wëssen, datt eis Energiepräisser fir d'Betriber am europäesche Verglaich awer net déi niddregst sinn - an et muss ee sech froen, ob mer net hei an eng Politik eraginn, wou wéinstens déi gréng Partei wëllt an eng Desindustrialiséierung vum Land goen, wärend d'Sozialisten awer probéieren, d'Ekonomie ze diversifizéieren. Ass do net ee vun deene ville Widdersprëch, déi mer an dëser Regierung ëmmer méi feststellen?

Mir haten hei als Chamber am November, den 12. November nach eng Resolutioun gestëmmt, an där mer gefrot haten, datt zu Paräis sollt en eenheetleche Präis fir Kuelenemissioune festgeluecht ginn, fir eng Delokalisatioun vun der Produktioun a Länner ze verhënneren, wou ebe manner Contraintë wären, wat d'Gaz à effet de serre ugeet.

Dat ass awer net geschitt. Oder kann d'Madamm Minister eis soen, ob an der Tëschenzäit esou Engagementer geholl gi wären? Eiser Kenntnis no net. Et besteet also e Risiko vun engem Carbon Leakage, vun engem Verloscht vun industrieller Struktur a Länner, déi manner staark Engagementer huelen, wéi mir et hei maachen.

Dat besonnesch an engem Land, wat ganz staark de Loftverkéier promouvéiert an d'Logistik promouvéiert! Och hei gesi mer, datt déi Regierung virdrun an och déi aktuell Regierung grouss Investissementer an d'Logistik machen. Et soll een de Chantier zu Beetebuerg kucke goen, sech virstellen, wat do eng Zuel vu Camione kënnt, déi do sollen tanken an zirkuléieren. Wéi ass alles dat kompatibel mat enger Politik, déi déiselwecht Regierung wëllt bedreiwen, fir ganz staark Reduktioune vun CO_2-Emissiounen ze kréien?

Dann ass och een Zil, an dat huet d'Regierung festgeluecht, fir d'Habitatiounen ze huelen als Hiewel, fir CO_2-Emissiounen ze reduzéieren: Passivhaiser. An do muss een awer soen, datt awer déi Etüden, déi elo aus Kalifornien kommen - wou och d'Passivhaiser ganz staark promouvéiert gi waren -, an notamment déi vum Här Levinson, en Emweltökonom, gewisen hunn, datt duerch de sougenannte Reboundeffekt net manner Energie verbraucht gëtt a Passivhaiser wéi par rapport zu normalen Haiser. Dat ass eng ganz interessant Etüd. An et muss ee sech och do d'Fro stellen: Wéi kredibel ass dann d'Démarche vun der Regierung, déi dat do da proposéiert?

Och musse mer am A behalen, datt déi intelligent Compteuren - am Ableck vläicht nach net, awer potenziell - och eng Gefor fir d'Privatsphär vun de Leit kënne ginn. A mir haten als ADR schonn e puermol gesot, datt mer eng speziell Legislatioun wéilten, fir d'Benotzung vun den intelligente Compteure genee ze kontrolléieren. Et kann net sinn, datt iwwert de Wee vun der CO_2-Reduzéierung herno de Leit eng gewësse Liewensweis soll imposéiert ginn an datt dat dann iwwer esou elektronesch Mëttele kontrolléiert gëtt. Déi Gefor ass awer reell.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Och d'Landwirtschaft musse mer kucken. Si leescht e wäertvolle Bäitrag zu eiser Gesellschaft. Et kann net sinn, datt d'Landwirtschaft ëmmer méi als Instrument geholl gëtt vun dëser Regierung, wat sech am Déngscht vun anere Politicke muss bewegen. D'Landwirtschaft huet hiren eegene Wäert. A mir kënnen net einfach akzeptéieren, datt se ëmmer méi gedirängelt gëtt duerch aner Prioritéite wéi déi, déi si eisem Land originär brëngt.

D'Konsequenzen op de Budget. An der Fiche financière vun dësem Gesetz heescht et: «Le projet de loi n'a pas d'impact sur le budget de l'État.» Dat ass inakzeptabel! Dat ass inakzeptabel! Well d'Ëmsetzung dovun, vläicht net d'Gesetz selwer, mä d'Ëmsetzung... Mir hate grad gesot: „Beim Kyoto-Protokoll hu mer eis misse fräikafen." Mir wäerten et wahrscheinlech och hei misse maachen. An déi Sue kommen aus dem Statsbudget!

Mir hunn héich Kapitalexporter vun ëffentleche Gelder. Ech erënnere mech, datt eng aner Koalitiounspartei - d'DP, fir se net ze nennen - nach virun e puer Joer zesumme mat der ADR gesot huet: „Et ass dem Klima egal, wou et geschützt gëtt. Mir kënnen et och hei am Land maachen. Mir musse keng Projeten a Lettland oder a Litauen finanzéieren oder an anere Länner. Dat geet och hei. An hei hätte mer Retombéeë fir eist Handwierk, hei hätte mer Retombéeën och um steierleche Plang."

Elo hu mer eng Regierung, déi seet: „Et huet kee finanziellen Aspekt", déi awer ënner anerem en UNO-Fonds ënnerstëtzt, vun deem mer nach net wëssen, wéi en herno fonctionnéiert, op jidde Fall net a leschter Konsequenz, deen awer gespeist gëtt mat Suen iwwert de Budget bis zu 120 Milliounen Euro bis 2020, 2014 bis 2020. A 35 Milliounen Euro ginn an de Fonds vert pour le climat. Fënnef Millioune pro Joer. Dat sinn d'Donnéeën, déi d'Regierung eis selwer ginn huet. An dann heescht et: „Et gëtt keng Konsequenzen op de Statsbudget." Onverständlech!

Den Tanktourismus, dat rout Duch vun deene Grëngen. Et ass eng Konstant, datt probéiert gëtt, vun der Säit vun där Partei haaptsächlech, den Tanktourismus hei am Land ze liquidéieren. Et muss een awer wëssen, datt dat am Ableck nach ëmmer eng substanziell Source de revenu vum Statsbudget ass an datt, wa mer dee Revenu net méi hunn, dofir awer net manner CO_2 verbraucht gëtt! Et gëtt vläicht minimal oder marginal manner verbraucht, well manner Leit iwwert d'Grenz kommen, mä dat fält kaum an d'Gewiicht.

Tatsaach ass, datt CO_2-Ausstouss awer nach ëmmer gemaach gëtt, just, datt net méi hei am Land getankt gëtt. E Verloscht fir de Statsbudget an e minimale Gewënn héchstens fir Klimaiwwerleeungen! An, wéi gesot, e Land, wat esou vill elo an d'Logistik investéiert an do den Tanktourismus aktiv promouvéiert um Niveau vun de Camionen, dat wäert Problemer hunn, déi aner Politik do kredibel ze rechtfertegen.

Alternativ Energien: Dat gëtt ëmmer esou gewisen, als wär dat wierklech d'Léisung. D'alternativ Energien, déi maachen hei am Land - 2014 - 4,5% aus vun der Gesamtenergie. Dat heescht, 96% sinn net alternativ Energien! Mir sollen op 11% kommen. 89% sinn net alternativ. A fir déi 11% brauche mer nach net alternativ Energien, fir déi Versuergungsausfäll, déi bei den alternativen Energien entstinn, ze komplettéieren an ze kompenséieren.

Dat ass eng schéi Saach, alternativ Energien, an da muss een nach Aschränkunge maachen! De Biogas stellt eng ganz Rei vun ethesche Problemer. De Biomethan kann eventuell méi schiedlech sinn. De Verbrauch vu Liewensmëttel, fir Biogas ze produzéieren, ass ganz staark ëmstridden. Alles dat ass... Wandkraaftanlagen, d'Produktioun vu Wandkraaftanlagen ass extrem ëmweltschiedlech. Alles dat misst een emol an enger Gesamtbilanz vun den alternativen Energien och kucken.

Obscho mir eis selbstverständlech net dergéintstellen, fir se ze entwéckelen. Mä op jidde Fall musse mer et realistesch kucken! A mir musse gesinn, datt eng Dekarboniséierung vun der Gesellschaft, wa mer vun 11% alternativ schwätzen, iwwerhaapt net denkbar ass! Well u sech ass et esou, datt mer weider an Europa Kuel, Gas an nuklear Energie hunn, och wa mer alternativ Energië vläicht promouvéieren, wéi mer et solle maachen.

An da stellt sech d'Fro och, et ass haut nach net ugeschwat ginn, vun der Twinerg. Mir haten hei am Land eng grouss Energie-, eng Stroumproduktiounsanlag op Basis vu Gas - dat ass am Vergläich zur Kuel eng propper Energiequell -, déi awer elo muss zoumaachen, well se um belsche Réseau houng an hei, fir dës Begréffer, fir eist Land oder fir dee Betribsschema, dee fir Twinerg definéiert ginn ass, net méi produktiv war.

Dat heescht, mir hunn eng grouss Anlag hei, no Veianen déi zweetgréisst Produktiounsanlag fir Stroum, déi maache mer zou, obschonn et eng vergläichsweis propper Energie ass, obscho se eng Versuergungssécherheet an deem Sënn hätt kënnen augmentéieren, well se um nationalen Territoire war. An awer gëtt hei, ouni vill driwwer ze diskutéieren, dat zougemaach. Et muss een hannerfroen, ob dat eng richteg Décisioun ass oder ob een hätt och kënnen aner Weeër goen.

D'Steierreform, fir domadder opzehalen, och do ass keng wierklech iwwerzeegend Politik vun der Regierung. D'Madamm Weber - ech wëll se hei zitéieren - vum Mouvement écologique hat selwer gesot an engem Artikel elo kuerz, si géif zouginn, datt mer steierlech, an hirer Vue, net wäit komm wären, wat den Ëmweltschutz ugeet. Déi Abattementer fir ëmweltfrëndlech oder Nullemissiounsautoen, déi betreffen oder profitéieren haaptsächlech Leit, déi eben déi Suen hunn, fir iwwerhaapt esou vill kënnen ofzeschreiwe vun enger Steiererklärung.

Derbäi kënnt, datt d'Produktioun vu Batterië fir esou Autoen och extrem ëmweltschiedlech ass. An de Stroum, mat deem se fueren, dee kënnt jo och aus dem Stecker. Dat heescht, huele mer elo emol 11% alternativ Energien, da kommen nach ëmmer 89% aus karbonbaséierten Energiequellen oder aus nuklearen Energiequellen. Alles dat misst ee mat bedenken.

Mir plädéieren als ADR fir eng realistesch Approche an där ganzer Energiepolitik, ouni Ideologie, fir ze kucken, wéi mer kënnen déi Gasen, déi potenziell ëmweltschiedlech si fir d'Klima, fir d'Atmosphär, reduzéieren, awer vernënfteg, ouni Drock op d'Stéit auszeüben an andeem mer och déi ekonomesch Interesse vun eisen Entreprisen net vergiessen an e vernënftegen, rouege Wee ginn, och am Klimaschutz.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet dee leschte Riedner, den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech wäert mat engem Zitat ufänken. De franséische President, de François Hollande - et kënnt seele vir, datt ech en zitéieren -, sot: «Le plus grand danger n'est pas que notre but soit trop élevé et que nous le manquions, le plus grand danger est qu'il soit trop bas et que nous l'atteignions.» Esou hat hien am Kader vun der COP21 gesot. Dee Saz, dee kléngt gutt, mä d'Gefor ass wahrscheinlech éischter déi, datt den Objectif éischtens ze niddreg ass an zweetens emol net erreecht gëtt.

Och wa mir als Lénk haut eis Zoustëmmung zu dësem Accord wäerten natierlech ginn, musse mer eis ëmmerhi relativ grouss Skepsis awer matdeelen. An ech mengen, et ass néideg, well et ass wéineg Skepsis haut matgedeelt ginn, vu mengem Virriedner ofgesinn, mä an enger anerer Richtung natierlech.

(Interruptions)

Wann ee schonn iwwerhaapt kuckt, et fänkt u vläicht bei der Symbolik, mä et war...

An eng aner Richtung! Et huet näischt mat enger Allianz ze dinn. Haalt op, esou Saachen ze soen! Ech hu ganz kloer... Firwat lauschtert Der net no? Lauschtert no!

(Interruptions)

An haalt op ze schwätzen, wann ech schwätzen, well dat stéiert mech e bëssen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift! Wann ech gelift! Mir halen insgesamt mat deenen Dialogen op! A jidderee riicht sech un d'Chamber!

(Interruption)

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Voilà. Jo, neen, mä dat..., bon!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Loosst Iech net aus dem Konzept bréngen, Här Wagner!

M. David Wagner *(déi Lénk).-* ...COP21.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ech stinn hannerun Iech.

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Oder ech sëtzen hannerun Iech.

(Hilarité générale)

Une voix.- Très bien!

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Dat ass eng Stäerkt. Et ass eng Stäerkt.

(Brouhaha)

Et fänkt u bei der Symbolik. Also et ass méi wéi eng Symbolik, wann ee scho kuckt zu Paräis bei der COP21, wat fir eng Sponsoren och derbäi waren, dorunner muss een awer erënneren: eng Partie Multien, grouss Betriber, déi deelweis Champion sinn an der Steierhannerzéiung - do gëtt et jo och en Zesummenhang -, wéi IKEA zum Beispill, oder awer och Entreprisë wéi ENGIE, déi Invester a fossillen Energië maachen, oder souguer Fracking ënnerstëtzen, wéi Suez Environnement; sou heescht déi och nach, dat ass kee Witz! Dat nennt een am Prinzip och Greenwashing! Dat Ganzt ass natierlech och net innocent. An et däerf een och net vergiessen, datt vill ONGe jo och gefrot haten, fir iwwerhaapt déi Sponsoringskonventioun kënnen ze gesinn. An dat krute se net ze gesinn.

Dann net ze schwätzen natierlech dervun - dat ass vläicht och reng symbolesch -, mä den Energiekommissar, den Här Cañete, deen och nach ganz enk mat der Uelechindustrie verbonnen ass. Ech weess net, ob dat och nach ganz berouegend ka sinn.

Mä, Här President, et ass kee Pessimismus, ech mengen, et muss een och e bësse realistesch sinn. Mir musse vun der Illusioun ewechkommen, datt de Klima iergendwéi ze retten ass, ouni fundamental Ëmwälzunge vun de politeschen an ökonomesche Strukturen.

An anere Wierder an ouni ronderëm de Bräi ze schwätzen: Et gëtt oft vun esou engem sougenannten „grénge Kapitalismus" geschwat. Ech mengen, dat, wat beim grénge Kapitalismus sécher ass, dat ass, datt et Kapitalismus ass. Ob et gréng ass, dat ass eng aner Fro.

Ech géif mer och nach erlaben, den Hervé Kempf ze zitéieren, dee kenne vläicht vill Leit vun Iech, Journalist am „Monde": «Le „capitalisme vert", c'est la continuation d'un système qui dans son principe est destructeur de l'environnement et qui, dans sa dernière phase, s'est traduit par une expansion extraordinaire des inégalités. (…) C'est seulement une construction et un habillage idéologique pour faire croire que l'on peut évoluer par rapport à l'environnement sans changer les déterminants fondamentaux de nos régulations sociales, de notre système économique et de la répartition des pouvoirs dans cette société.»

D'Zerstéierung vun der Welt huet net als Ursaach, datt deen een oder deen anere béisaarteg wier a sech e Spaass dorauser géif maachen, d'Ëmwelt esou vill wéi méiglech ze verpeschten. Et huet mat engem System ze dinn, mat enger Weltwirtschaft ze dinn, déi ongebändegt ass an op Profittmaximéierung berout.

An dëser weltwäiter Tendenz zur Profittmaximéierung organiséiert sech d'Welt esou, datt all Form vu Protektioun, sozial Protektiounen an Ëmweltprotektiounen, fir Profitter ze maachen zerschloe ginn. Do gëtt et e gutt Beispill - oder vläicht besser gesot e schlecht Beispill a Wierklechkeet -, dat ass dat Zil, wat sech déi indesch Regierung...

Also et gëtt oft op d'Drëttweltlänner oder Entwécklungslänner - Indien ass jo u sech e Schwelleland, a méi wéi dat - geklappt. Mä 2014 hat déi indesch Regierung sech jo och en Zil gesat, wat ganz ambitiéis war a Saache Solarenergie, fir bis am Joer 2022 100 Gigawatt kënnen ze produzéieren u Solarenergie, dat heescht, méi wéi Industrienatioune wéi Däitschland, China, Japan an d'USA zesummen.

De Projet hat natierlech en Ëmweltzil, mä en hat natierlech och en anert Zil, dat ass, fir d'lokal Wirtschaft ze ënnerstëtzen. Dat heescht, datt Indien och Regele festgehalen huet, fir den Import vu fotovoltaesche Modullen an Zelle kënnen ze limitéieren.

Wat ass du geschitt? D'US-Regierung ass virun den Organe de règlement des différends vun der OMC gaangen, also d'Schiidsgeriicht vun der OMC, a krut och Gain de cause. Ganz einfach, well laut gewëssenen internationale Regelunge vum „fräien Handel", wéi dat esou schéin heescht, et do gewësse Mesurë ginn, fir d'Protektioun vu lokalen oder nationale Preferenzen ze verbidden. Bon.

Et muss een awer och soen, duerno ass Indien nach an Appell gaangen. A souwäit ech weess, ass dat nach net ganz gesprach. Et ass een nach gespaant ze kucken, a wat fir eng Richtung et kéint goen. Mä et gouf vill Zäit verluer. Datselwecht ass och geschitt a Kanada, am Stat Ontario, deen och e Projet hat fir erneierbar Energien. An dee gouf och duerch déiselwecht Prozedur gebremst.

De Problem ass, et geet net nëmmen ëm d'USA. D'EU kann och deelweis eng néfaste Roll spillen. Mir hunn dat och. An ech mengen, d'ONG Corporate Europe Observatory huet an deem Sënn viru Kuerzem am Kader vun de Verhandlungen en EU-Dokument geleaked, dat u sech seet... Ech hunn et hei op Englesch stoen, mä ech mengen, dat gëtt vill ze vill grujelech, wann ech ufänken, elo op Englesch ze zitéieren. Ech weess emol net, ob et legal ass, ob een hei däerf Englesch schwätzen. Ech menge schonn. Mä wann ech iwwerhaapt Englesch schwätzen, dann ass et och net legal, well et ass grausam. Mä dat seet en gros, datt u sech d'Handelspolitik net soll tangéiert ginn an datt d'EU-Doktrinn net soll tangéiert gi bei de Verhandlungen. Dat heescht u sech, datt Handelsziler virrangeg si virun Ëmweltziler oder sozialen Ziler.

Ech mengen, dat ass awer och e Problem, dee mer do hunn! Wann et der Industrie no géif goen, wéi ech an engem Artikel gelies hat, fir de fräien Handel iwwerhaapt nach kënnen ze retten, da kéint d'Welt eemol, zweemol, dräimol stierwen, Haaptsaach de fräien Handel ass geséchert!

Mir hunn en anere Problem och, an dat ass dee vum siwentgréissten Exportateur vum Karbon, deen och aus dem Accord ausgeschloss ass. Dat ass net Japan, dat ass net Frankräich, et ass net Däitschland, et ass emol am Fong geholl kee Land, mä et ass d'Aviatioun. Well den Impakt vun der Aviatioun, deen ass esou héich wéi dee vun den 129 Länner, déi am mannsten Emissiounen ausstoussen. An d'Lobby vun der Aviatioun huet et natierlech fäerdegbruecht, sech aus deem Accord erauszeklammeren. U sech d'Schëfffaart am Prinzip jo och.

Deen Dossier, dee gëtt natierlech da virun d'UNO, virun den zoustännegen Organismus, d'Organisation de l'aviation civile internationale vun der UNO, verlagert. Do sëtzen Transportministeren, déi am Prinzip jo éischter méi favorabel sinn - on va dire - fir d'Aviatioun. Vläicht ass et hei zu Lëtzebuerg eng Ausnam, ech ginn dovunner aus vläicht. Mä et muss een dovunner ausgoen, datt et do ganz aneschters gehandelt gëtt, zemools wann ee weess, datt d'Fligerei grad amgaangen ass ze boomen. Ech mengen, do gëtt et och e Rapport vum Centre for Aviation, dee virgesinn huet, datt bis deemnächst 2.500 nei Flughäfe weltwäit wäerte geplangt ginn a 441 Milliarden Euro (veuillez lire: Dollar) och nach investéiert wäerte ginn.

Elo ass en Accord fonnt ginn ufanks Oktober, fir dat ze reguléieren, mä natierlech am Kader vun deem faméise CORSIA, also deem Carbon Offsetting and Reduction Scheme for International Aviation. An dat ass erëm dee klassesche Kompensatiounssystem am Kader vun engem maartorientéierten Emissiounshandelsmechanismus, deen total ënnerstëtzt gëtt vun de Fluchkompanien an u sech och vun der IATA, also dem Daachverband vun de Fluchgesellschaften, quasi ausgeschafft gouf. Dat heescht, mir hunn do op deem Niveau och e Problem.

Ech mengen - Här President, ech si schonn elo gläich fäerdeg, ech hunn nach just 30 Sekonnen, fir ze schwätzen -, Dir hutt scho meng Messagë richteg verstanen. Mir ënnerstëtzen dat a mir wäerten dat heiten, deen Accord, och ratifizéieren. Mir sinn och gespaant ze kucken, wéi deemnächst och den Aktiounsplang vun der Regierung wäert ausgesinn. Vun der Regierung, vusäite vun der Regierung gouf och scho monéiert, datt mer am Kader vun der Steierreform ganz vill Efforte géife maachen. Ech mengen, do misst een awer eendeiteg méi ambitiéis sinn!

Ech wéilt och nach d'Fro stellen, déi den Här Schank virdru gestallt huet, iwwert d'Etüd wat den Tanktourismus ugeet. Ech mengen, dat ass relativ wichteg.

Mä ech mengen, de Message ass och deen, an dee riicht sech net nëmmen un d'Chamber oder un d'Regierung, a sécherlech net un d'Industrie, mä och un d'Bierger an d'ONGen an d'Zivillgesellschaft, an ech mengen, déi hunn dat och richteg verstanen: Et ass eng Illusioun ze mengen - mengen ech! -, et ass eng Illusioun ze mengen, datt mer wierklech de Klima kënne retten zesumme mat der Groussindustrie, well dat sinn net déiselwecht Interessen! An ech mengen, et ass e Kampf, deen ee muss féieren. An déi meescht ONGen, déi féieren e Kampf géint d'Groussindustrie. Datt d'Regierunge vläicht en anere Wee mussen aschloen, ass eng aner Saach.

Mä vläicht däerf een net vergiessen - et däerf ee sech net der Illusioun higinn -, datt mer dee Kampf net wäerten zesumme mat der Pëtrolsindustrie gewannen, zesumme mat der Fluchindustrie gewannen, zesumme mat verschiddene Multie wäerte gewannen, mä géint si. An dat ass och en Appell un d'Zivillgesellschaft, déi dat scho längstens verstanen huet.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo d'Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.-* Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert, als Alleréischt emol e ganz grousse Merci fir déi engagéiert Rieden haut de Mëtteg, fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun, déi gutt Zesummenaarbecht op allen Niveauen, wat dësen Accord an d'Ratifizéierung ugeet.

Et ass - a vill vun Iech hunn et gesot - deen éischte weltwäit legal bindenden Accord, dee mer ratifizéieren; eng politesch Äntwert, déi weist, dass mer kënnen agéieren, wann et sech ëm e globalen Défi handelt, deen a sech eng Bedrohung ass net nëmme fir zukünfteg Generatiounen, mä eng Bedrohung och haut fir d'Stabilitéit, d'politesch Stabilitéit, fir eis Ekonomien, virun allem awer fir eise Liewensraum an dee vun eise Kanner. An dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mer dëse Kampf géint de Klimawandel zesummen uginn, dass mer eis gemeinsam dat Zil ginn, wat mer eis am Paräiser Accord ginn hunn: D'Äerderwäermung op maximal 2 Grad ze begrenzen an all Efforten ze maachen, bei 1,5 Grad stoen ze bleiwen.

Dass dat net einfach gëtt, dat wousste mer ëmmer, dass mer dofir en dynameschen Accord bräichten, mat Fënnefjoreszyklen, eng Äntwert op verschidde Froen, wou mer no an no eis Reduktioune kënnen eropschrauwen, esou wéi mer et haut scho gesinn an Europa, wou mer eis fir 2020 20% virgeholl haten, wou mer haut schonn op 24% Reduktioune sinn, wou mer eigentlech méi maache wéi dat, wat mer eis virgeholl hunn. An dat weist och, dass mer capabel sinn ze wuessen, eis ze entwéckelen als Länner, gutt Aarbechtsplazen ze kreéieren an ze entkoppelen, also ze reduzéieren, eis Emissiounsziler ze erreechen. An dat weist och déi breet Ënnerstëtzung, déi mer haut de Mëtteg hei gesinn hunn.

Et geet also net drëm: Pake mer et un? Et geet drëm: Wéi kréie mer et hin, méiglechst schnell dës Ziler zesummen ze erreechen a jiddwereen derbäizehunn? An do hat den Här Schank mer eng éischt Fro gestallt an déi wëll ech dann natierlech och direkt beäntwerten: Wéini kënnt dann elo deen drëtten Aktiounsplang?

Ma deen drëtten Aktiounsplang... An dofir sinn déi zwou Aussoe vläicht fir Iech à ce stade nach e bësse konträr, si sinn et awer guer net. Ech hunn den CSDD beoptragt, also de Conseil supérieur pour un développement durable, eng Evaluatioun ze maache vun deem, wat d'Chamber d'lescht Joer hei geschafft huet, den IZES-Rapport an dat, wat hei a sëlleche Sëtzunge gemaach ginn ass, an dat a Verbindung mat engem zweeten Avis, wou et drëm geet, wéi setze mer d'Agenda 2030 ëm, an do e partizipative Prozess ze maachen.

A mir wäerten eng Evaluatioun bis Enn des Joers hoffentlech virleien hunn, fir en drëtten Aktiounsplang am Laf vum éischte Semester d'nächst Joer zesummen ze erschaffen. Well et geet, an dat hunn der vill hei gesot, net drëm, dass eleng d'Politik, d'Chamber an d'Regierung dat maachen, dass d'Gemengen dat maachen, neen, et geet och drëm, dass mer d'Ekonomie mathuelen, dass mer d'Société civile, d'ONGe mathuelen, dass jiddwereen do derbäi ass. Well mir packen déi minus 40%, déi mer eis als Zil gesat hunn, nëmmen, wa jiddwereen derbäi ass.

Dofir hoffen ech, dass dat heiten elo op déi Fro vum Här Wagner a vum Här Schank äntwert. Mir kucken hei, d'Evaluatioun ze maachen. An och den Här Negri hat dat gefrot: evaluéieren an dann e Plang opzestellen, deen déi eenzel Secteuren eenzel oplëscht, fir dass mer eng gutt an eng gutt geplangten Aart a Weis hunn, fir virzegoen, wou all Secteur säin Apport da wäert bréngen.

Den Accord de Paris setzt de gemeinsame Kader ab 2020, wéi mer wëlle virgoen. An ech mengen, dass ee Geheimnis, firwat mer zu deem Accord komm sinn a firwat bis op haut scho 76 Partien do derbäi sinn, d'Geheimnis ass, dass dat zesummen erschafft gëtt, dass jiddweree seng Kontributioun op den Dësch geluecht huet. An dat beäntwert eng Fro, déi och gestallt ginn ass. Et hunn elo scho 76 Partië gesot, dass se matmaachen. An dat wäert natierlech d'Fro vum Leakage, vum Eppes-Forthuelen absolument reduzéieren, vu dass elo schonn déi grouss Natiounen, déi bis ewell net aktiv waren, wéi d'USA, wéi China, wéi Indien, alleguerten elo schonn derbäi sinn.

Dofir ass et batter néideg, dass mer net nëmmen als EU eis de Moyen ginn hunn duerch eng unanime Décisioun. An dat war keng Hannerdier! Mir hunn all zesumme beschloss, dass mer dës Kéier de Ratifizéierungsprozess virzéien, ier déi eenzel Länner ratifizéiert hunn. Normalerweis hätt jiddweree solle ratifizéiert hunn, da wäre mer zesummen dohigaangen. Dës Kéier ware mer unanime eis der Verantwortung bewosst, dass mer nëmme kredibel sinn an nëmmen um Dësch vun de Verhandlunge wäerte sëtzen, wa mer elo accéléréiert als EU ratifizéieren, well et geet dodrëm, dass mer e Partner um Verhandlungsdësch an der nächster COP wëlle sinn. An ech mengen, et wär eng absolutt Blamage fir d'EU gewiescht, wa mer dat net gemaach hätten.

A fir eis politesch ofzesécheren, wëll ech awer nach soen. Déi, déi an der Chamberskommissioun waren, déi hunn de Statement, dee politesche Statement vun de Memberstate gesinn, dee mer och unanime ugeholl hunn, wou nach eng Kéier de Rôle vun de Parlamenter, déi enorm wichteg si bei der Ratifizéierung, ënnerstrach gëtt. Dat war keng Hannerdier. Dat war einfach eng politesch Äntwert op eppes, wat absolutt néideg war, an zwar, dass Europa mat am Lead bleift, wann et ëm d'Klimapolitick geet!

Dofir freeën ech mech, dass mir haut dee Schrëtt maachen, deen a sech an Europa schonn Däitschland, Frankräich, Éisträich, Portugal, Polen an déi jëtzeg Présidence, d'Slowaken, an och déi kommend Présidence, Malta, gemaach hunn. Dat weist, dass déi, déi an dem Présidencemodus sinn, dass déi, déi an der Responsabilitéit sinn, dass déi, déi amgaange sinn, dat aktiv unzepaken, alleguerten hir Ambitioun hunn, do derbäi ze sinn.

Da wëll ech awer nach kuerz op Lëtzebuerg agoen. Jo, déi minus 40, dat ass e groussen Défi, awer mir kënnen dat packen! Mir hu jo net gewaart, a mäi Virgänger weess dat jo och, mat de Klimapoliticken, bis deen Accord vu Paräis koum! Mir hu vill geschafft. Awer den Ënnerscheed ass haut: Mir hunn net nëmmen de Klimapakt fir eis Gemengen, deen e supert Instrument ass, dee mer weiderentwéckelt hunn, mir hu Konventioune gemaach mat CELL, fir d'Bierger mat eranzekréien, mat IMS, fir déi kleng Betriber mat eranzekréien. Mir hunn de Paquet weiderentwéckelt.

Neen, a mir hunn net nëmmen d'Effizienz am Wunnengsbau! Neen, mir gesinn och ganz konkret, zum Beispill bei den Äiden, déi mer un d'Leit ginn, bei der PRIMe House, do gesi mer net nëmmen, dass mer méi ausbezuelen, mir gesinn och, dass d'Dossieren innerhalb vun engem Mount traitéiert ginn. Virdru waren dat, wéi mir an de Ministère komm sinn, 14 bis 18 Méint. Haut gëtt et ee bis véier Méint an da kréien d'Leit hiert Geld! Well mer wëllen, dass d'Leit all matmaachen! Well mer wëlle konkret beweisen, dass mer dat kënne maachen!

Och an der Fotovoltaik hu mer vill Dossieren deblockéiert. Dir gesitt et, wann Der speziell duerch den Norde vum Land fuert, dass do einfach ganz vill dran ass an dass mer eis Ziler kënnen erreechen, wa mer se konkret uginn. An dat net eleng am Ëmweltministère, dat zesumme mat alle Partner an dëser Regierung. Zum Beispill an engem Prozess wéi dem Rifkin, wou mer eis wierklech Gedanke maachen: Wéi wëlle mer d'Ekonomie dann herno opstellen, wou jiddwereen derbäi ass? Zum Beispill an Zesummenaarbecht mam Transport, wou mer e Paradigmewiessel hunn: Zwee Drëttel ginn an d'ëffentlech Mobilitéit, an d'duuss Mobilitéit.

A jo, mir brauchen eng Dekarboniséierung! An do brauche mer och den europäesche Volet. An dofir ënnerstëtze mer och, dass och um europäesche Plang vill iwwer Mobilitéit geschwat gëtt. An ech mengen, ënner Lëtzebuerger Présidence ass zum Beispill den Thema „duuss Mobilitéit" fir d'Éischt um Niveau vun den Transportministeren opkomm.

Jo, an och do musse mer éierlech sinn, a mir sinn am Moment amgaangen, an dat wäert esou muncher vun Iech wonneren, mir sinn am Moment tatsächlech amgaangen, en Termin auszemaache fir d'Tanktourismusetüd. An déi wäert am November presentéiert ginn.

À propos Transport: Jo, et kann een elo de Beschloss vun der ICAO kritiséieren. Et kann een awer och soen: Et ass en éischte Schrëtt an eng Richtung. An elo musse mer weiderschaffen! Well wien hat viru Paräis geduecht - do waren d'Europäer déi Eenzeg, déi Transport a Schëfffaart wollten! -, wien hätt geduecht, dass mer net emol e Joer méi spéit um weltwäiten Niveau éischt Aktioune géife gesinn?

Kommt, mir schaffe konstruktiv weider, well dat ass de Wee: de Leit Mutt maachen! Dass mer och e Koup Benefissen hunn: beim Transport, dass mer eng besser Loftqualitéit, manner Stress hunn, manner Geräischer; beim Hausbau, dass mer manner Energie verschwenden, méi hei op d'lokal Betriber setzen, dass mer eist wirtschaftlecht Potenzial do ausnotzen, wou mer et hunn. Mir hu wéineg Ressourcen. Firwat schaffe mer net méi an der Kreeslafwirtschaft? Och dat maache mer iwwregens op enger flotter Plattform mat der Ekonomie. Ech kéint elo esou weiderfueren.

Ech kann och d'Steierreform uschwätzen. Jo, verschiddene Leit geet dat net wäit genuch! Awer mir hu konkret eng Aktioun - an dat beäntwert och dem Här Negri seng Fro -, fir eben net nëmmen emissiounsaarm, do huele mer och den Diesel mat an dee Gedankegang eran. Well mir wëllen nieft den Ureizer am Loftqualitéitsplang natierlech och konkret Mesuren - e Loftqualitéitsplang, dat wësst Der, kënnt Enn des Joers -, konkret Mesurë maachen. Eng dovun ass d'Steierreform!

Jo, verschiddene Leit geet et net wäit genuch. Ech mengen, dass den Ënnerscheed ass, dass hei d'ganz Regierung matupéckt, souwuel wann et drëm geet, fir de Ratifizéierungsprozess no vir ze dreiwen, wéi och, wann et drëm geet, am Ausland wierklech kohärent Klimapoliticken ze vertrieden an och déi falsch Léisungen, déi och erwäänt gi sinn - wéi Atomenergie -, ganz kohärent ëmmer erëm un de Pranger ze stellen an ze soen: Neen, mir erreechen d'Klimaziler just mat der erneierbarer Energie an Effizienz! An och do, mengen ech, dass mer liwweren.

Nach e Wuert zu de Finanzen. Jo, Lëtzebuerg gesäit hei och Benefisser an deem Beräich, well mer eng Finanzindustrie hunn, déi eigentlech gutt opgestallt ass. Dofir hate mer dëst Joer eng Journée boursière, déi am Kader vun den „green bonds" stoung. Dofir gëtt et bei LuxFLAG mëttlerweil e Klimalabel. Ech mengen, dass de Finanzsecteur längst erkannt huet, dass mer kënne gutt Aktioune maachen an dass déi Fongen, déi haut schonn hei sinn, déi an d'erneierbar Energie investéieren, dass mer do sollte weider dru schaffen. Mir hunn eis Responsabilitéit als Regierung an dat sollte mer jo maachen.

Wann een international wëllt kredibel sinn, da muss een och d'Responsabilitéit vun der internationaler Klimafinanzéierung, déi an deem drëtten Zil vum Paräiser Accord mat dran ass, dass mer mussen d'Finanzflëss kompatibel maache mat enger CO_2-neutraler Welt, da musse mer och dat eescht huelen, da musse mer eiser Responsabilitéit eng Äntwert ginn. D'Lëtzebuerger Regierung huet sech engagéiert, scho viru Paräis, dass mer wëllen déi 120 Millioune bis 2020 erreechen an dass mer dat och als eise faire Part uginn.

Ech mengen, dass et hei drëm geet, responsabel Politicken ze maachen, gerecht Politicken. De Paräiser Accord ass en transformative Kader, deen nei ökonomesch Modeller promouvéiert an dee fir méi Gerechtegkeet suergt a fir méi Fairness op der Welt an deen am Endeffekt näischt aneschters mécht, wéi eis Liewensqualitéit ze erhalen. An dofir sinn ech frou, dass mer dëse Schrëtt haut ginn, dass d'Lëtzebuerger Politik sech där Verantwortung bewosst ass an dass mer alleguerten haut, wéi de Max et sot, „Faarf bekennen" an eis zum Paräiser Accord bekennen.

Ech soen Iech op jidde Fall e ganz grousse Merci fir déi gutt an déi schnell Kooperatioun. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Minister.

A mir géifen dann elo iwwergoen zur Ofstëmmung iwwert deen „transformative Kader" vum Projet de loi 7059.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7059 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Bei deem historesche Vott verseet elo hei den Apparat!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- 59 hunn ech der. An ech ginn dann dovun aus, dass mer déi 60. Stëmm och hunn; déi kënnt da vum Här Bodry.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Rio applaudéiert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Ofstëmmung ass eriwwer mat 59-mol Jo, laut mengem Schierm. Doraus ginn da wahrscheinlech 60 Jo, wa mer de Bulletin de vote hunn. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7059 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Roger Negri), M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler (par M. Gusty Graas), Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Muer hu mer Rendez-vous um zwou Auer.

D'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à18.34 heures)

SÉANCE 2 MERCREDI, 12 OCTOBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Heure de questions au Gouvernement

Question n°215 du 11 octobre 2016 de M. André Bauler relative à la prévention des risques psycho-sociaux au travail, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire et à M. le Ministre de la Sécurité sociale

- *M. André Bauler - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*

Question n°216 du 12 octobre 2016 de Mme Diane Adehm relative à la circulaire n°3393 envoyée aux communes début août 2016, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

- *Mme Diane Adehm - M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur (intervention de M. Gast Gibéryen)*

Question n°217 du 11 octobre 2016 de Mme Cécile Hemmen relative au programme européen en faveur de la consommation de fruits à l'école «Fruit4School», adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

- *Mme Cécile Hemmen - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs*

Question n°218 du 12 octobre 2016 de M. Fernand Kartheiser relative à la reconnaissance de la langue luxembourgeoise comme langue officielle de l'Union européenne, adressée à M. le Premier Ministre et à M. le Ministre de la Culture

- *M. Fernand Kartheiser - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre de la Culture*

Question n°219 du 11 octobre 2016 de M. Claude Adam relative à la mise en place du dispositif d'assurance qualité dans les services d'éducation non formelle, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- *M. Claude Adam - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*

Question n°220 du 12 octobre 2016 de M. Marco Schank relative à la mise en place du système européen de contrôle des trains (ETCS) au niveau du trafic transfrontalier, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Marco Schank - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°221 du 11 octobre 2016 de M. Alexander Krieps relative aux frais de gestion pour le timbre «Droit de chancellerie» facturé par la Société nationale de circulation automobile lors de l'immatriculation d'un véhicule routier, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Alexander Krieps - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°222 du 11 octobre 2016 de Mme Taina Bofferding relative à l'introduction éventuelle de la gratuité des livres scolaires pour les élèves de l'enseignement postprimaire, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- *Mme Taina Bofferding - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*

Question n°223 du 12 octobre 2016 de M. Max Hahn relative au cadastre des vents au Luxembourg, adressée à M. le Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures

- *M. Max Hahn - M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*

Question n°224 du 11 octobre 2016 de Mme Cécile Hemmen relative à la disponibilité sur le territoire national de bornes de recharge pour véhicules électriques, adressée à M. le Ministre de l'Économie

- *Mme Cécile Hemmen - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie*

3. 7063 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

- *Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché (dépôt d'une motion)*
- *Débat: M. Aly Kaes (interventions de M. Claude Adam et M. Frank Arndt), M. Roger Negri, M. Henri Kox, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen (intervention de M. Claude Haagen)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*

4. 6894 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 3 de la Constitution

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
- *Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle: M. Alex Bodry*
- *Discussion générale: M. Paul-Henri Meyers, Mme Simone Beissel, M. Claude Adam, M. Roy Reding, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (intervention de M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie)*
- *Second vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution*

5. 6941 - Projet de loi prévoyant une procédure d'information dans le domaine des réglementations techniques et des règles relatives aux services de la société de l'information

- *Rapport de la Commission de l'Économie: M. Claude Haagen*
- *Discussion générale: M. Laurent Mosar, Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Nicolas Schmit, M. Romain Schneider, M. François Bausch, M. Fernand Etgen, M. Dan Kersch et M. Claude Meisch, Ministres; M. Camille Gira, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen d'Sëtzung op. E schéine gudde Mëtteg! Här Premierminister, huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Neen, Här President.

2. Heure de questions au Gouvernement

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da kënne mer direkt zu eisem Ordre du jour iwwergoen. Mir fänken de Mëtteg u mat enger Froestonn un d'Regierung. Dir kennt d'Regel: zwou Minutte fir de Froesteller a véier Minutte fir d'Regierung. Well mer ganz vill Froen hunn, géif ech Iech bieden, déi Riedezäit strikt anzehalen aus Kollegialitéit virun deenen anere Kolleegen, soss kommen déi, déi hannendru sinn, net méi drun.

Ech fänken dann u mat der éischter Fro, déi kënnt vum Här André Bauler, riicht sech un den Aarbechtsminister an dréit ëm d'Preventioun vun de psychosoziale Risiken op der Aarbecht. Den Här Bauler huet d'Wuert.

- Question n°215 du 11 octobre 2016 de M. André Bauler relative à la prévention des risques psycho-sociaux au travail, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire et à M. le Ministre de la Sécurité sociale

M. André Bauler *(DP).*- Merci, Här President. Bei eise belschen Nopere gëtt et zanter 20 Joer e Gesetz iwwert de sougenannte Bien-être au travail. D'Gesetz ass am Laf vun de Jore weiderentwéckelt ginn an deckt verschidde Felder of, wéi zum Beispill d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz, d'Aarbechtsmedezinn, d'Ergonomie, d'Aarbechtshygiène, Moossnamen am Ëmweltberäich, déi een direkten Impakt op déi virdru genannten Elementer hunn.

2014 koum nach en anere Volet derbäi, näämlech dee vun de psychosozialen Aspekter. Belsch Entreprisë kënnen do zum Beispill op ee Conseiller en prévention zréckgräifen, am Fall wou et zu interne Konflikter kënnt oder fir de schaffende Leit mat Rot zur Säit ze stoen. Zesumme mat enger Vertrauenspersoun, déi aus dem Personal ervirgeet, sollen déi psychosozial Risiken an engem Betrib opgelëscht ginn.

Dës Vertrauenspersoun kann, mam Accord vum Demandeur, bei der Direktioun intervenéieren, fir si op intern Problemer opmierksam ze maachen. Dës Persoun kann och d'Roll vun engem Mediateur iwwerhuelen, wann et zu betribsinterne Konflikter kënnt. Dat Ganzt huet als Zil, fir d'Wuelbefannen op der Aarbechtsplaz ze verbesseren, e Klima vu Vertrauen ze schafen an derfir ze suergen, dass d'Leit net ausbrennen.

Dass esou eng Preventiounspolitik dozou bäidréit, fir Krankmeldungen erofzesetzen, Konfliktpotenzial aus den Entreprisen erauszehuelen an esou hir Käschten ze reduzéieren, dat ass a priori eng begréissenswäert Saach.

Dofir wollt ech den Här Aarbechtsminister an och vläicht säi Kolleeg vun der Sécurité sociale Folgendes froen:

Éischtens, wéi fonctionnéiert hei zu Lëtzebuerg d'Preventioun vun de psychosoziale Risiken an de Betriber?

Zweetens, kennt de Minister Beispiller vu Betriber, an deenen d'Direktiounen haut schonn op spezialiséiert intern oder extern Professioneller an deem Beräich zréckgräifen?

An drëttens, denkt d'Regierung drun, fir d'Preventioun vun de psychosoziale Risiken an der Aarbechtswelt weider ze verbesseren?

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bauler. An d'Wuert huet den Här Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, ech mengen, wéi den honorabelen Deputéierte gesot huet, gesi mer haut, datt déi psychosozial Risiken ëmmer méi heefeg ginn. A ville Betriber kenne mer eben d'Situatioun vu Stress, vu Burn-out, déi dann och aner Krankheete ganz oft mat sech bréngen.

Nun ass den Objektiv deen, d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz oder d'Qualité de vie vun der Aarbecht an op der Aarbechtsplaz effektiv ze verbesseren, well mir gesinn an deene Situatiounen, an deene Betriber, wou déi Qualité de vie net existéiert, do sinn déi Risiken notamment vun deene psychosoziale Krankheeten am heefegsten.

Dofir hu mer och en Instrument. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Chambre des Salariés en Index iwwert d'Aarbechtszefriddenheet an iwwert d'Quality of work, esou heescht deen. An dee gëtt ons och Indikatiounen, wéi d'Leit eigentlech hir Aarbechtsplaz gesinn. An dat ass och en Instrument, wat sollt gebraucht ginn, fir natierlech och déi Mesuren ze huelen, déi elo ugeschwat gi sinn.

Aarbechtszäiten, Aarbechtsdrock a besonnesch d'Verfügbarkeet, d'permanent Verfügbarkeet - an dat ass dat neit Phenomeen, wat ganz enk verbonnen ass mat den neien Technologien -, dat sinn eng Rei vun deene Problemer, déi ëmmer méi heefeg zitéiert ginn, déi dann och à l'origine si vun deene Problemer. D'Leit hunn d'Impressioun, datt d'Aarbechtszäit an d'Fräizäit net méi getrennt sinn, mä ëmmer méi aneneginn, an dat kreéiert natierlech och e psychologeschen Drock, dee vu verschiddene Leit dann och net einfach ze erdroen ass.

Zu deem Punkt just, mengen ech, wier et utile, d'Sozialpartner opzefuerderen, sech mat där Fro ausenanerzesetzen an ze kucken: Wat kann een do maachen, Entreprise par Entreprise, an de Secteuren? Ech denken un ee grousse Secteur och hei zu Lëtzebuerg, dee ganz oft ronderëm d'Auer schafft. Muss een dat iwwer e Gesetz maachen oder muss een Incentivë schafen, fir datt an den Entreprisen do Quote geschaaft ginn?

Grouss Entreprisen an Däitschland, a Frankräich hunn esou Quoten, wou d'Leit e Recht op Neterreechbarkeet hunn. A Frankräich ass elo e Gesetz gestëmmt ginn, déi berüümte Loi sur le travail, wou en Artikel och dat Recht virgesäit. Ech mengen, dat ass eng Diskussioun, déi mer och hei musse féieren.

Mä fundamental, mat alle positiven Aspekter, déi ech och engem belsche Gesetz iwwert de Bien-être au travail unerkennen, ass déi ganz Gestioun dovun awer d'Saach vun den Entreprisen. Et muss een also déi richteg Incentivë schafen. Et muss ee mat allen Akteuren an den Entreprisen agéieren an och kucken, Léisungen ze fannen. Et muss ee besonnesch dann, wa Situatiounen ufänke sech ze deklaréieren, wann d'Persoun mat Stress ufänkt, dann ass ganz oft, wann do näischt geschitt, d'Suite dovun de Burn-out. An da si mer an engem Cercle vicieux ganz oft vun där Persoun. An ech mengen, mäi Kolleeg wäert och do iwwert déi ganz Aspekter an iwwert den Absenteismus e puer Wuert soen.

Mir wëllen also beroden. Emol fir d'Éischt muss een d'Akteuren zesummebréngen. Wie sinn d'Akteuren? Éischtens d'Entreprisë selwer. An ech muss soen, ganz oft an den Entreprisë sinn d'Manager guer net sensibel op déi do Saachen. Si hunn ëmmer am Bléckfeld d'Chifferen. Mä si vergiessen, datt, wann d'Leit krank ginn, wann den Taux d'absentéisme héich ass, da sinn och d'Performances économiques net méi besonnesch gutt. Also, déi Prise de conscience muss een natierlech ganz staark ënnerstëtzen.

Et muss een en Dialog an der Entreprise hunn. Mir hunn zwar net elo e spezielle Personnage, wéi Der dat virgesinn hutt, mir hunn en Délégué à la sécurité. A säit der Reform vun onsem Gesetz iwwert den Dialogue social heescht deen och „à la santé". An ech mengen, deem kënnt schonn eng Responsabilitéit zou, wann déi do Situatioun sech stellt. Datt et Entreprisë gëtt, déi esou eng Politik hunn - ech wëll elo keng zitéieren - a verschiddene Secteuren: jo. Mä ech mengen: Nous pouvons mieux faire!

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo?

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Här President, just eng Fro, ob de Sozialminister, wann den Här Bauler dat wëllt, och dräi Wierder soll dozou soen. Dat wier gutt, well et gëtt eng Rei vu Pläng, déi entwéckelt ginn. Ech kann dat awer och op eng schréftlech Fro, déi e stellt, ganz gären äntwerten. Dat ass awer Iech iwwerlooss, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also normalerweis sinn et véier Minutten. Wann d'Chamber domat d'accord ass - awer nëmmen, wann d'Chamber domat d'accord ass! -, da kann de Sécurité-sociales-Minister och nach e Wuert dozou soen.

(Assentiment)

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Merci, Kolleeginnen a Kolleegen. Ech hale mech och kuerz. Ech wollt just eng Kéier kuerz dorop agoen, datt mer och aktiv waren, well et eng vun de Prioritéite vun der Regierung ass, virun allem dee ganze Volet vun der Preventioun, deen ugeschwat ginn ass. An et ass och néideg, well mer grad am „Groupe de travail absentéisme" gesinn hunn, datt 24% vun de Krankmeldungen, déi eng gewëssen Durée hunn, iwwert déi dote Krankheet de Moment erfalen.

An ech mengen, et sinn zwee wichteg Programmer, déi entstane sinn. Deen éischten ass dee vun der Charte nationale „Vision Zéro", déi d'Regierung, den Aarbechtsminister mat villen anere Ministeren hannendrun a mat de Sozialpartner entwéckelt hunn. Do ginn et ebe genau elo an deenen dote Programmer, déi entwéckelt goufe vun 2016 bis 2022, do fanne mer ebe just eng ganz Rei vu Moduller erëm, fir Aktiounen ze maachen am Kader vun der Preventioun. An ech mengen, dat ass e Volet, dee ganz wichteg ass fir d'Zukunft, datt mer heiranner musse schaffen, genau wéi Der et an Ärer Fro ugeschwat hutt.

An ech mengen, et ass virun allem hei wichteg, datt mer all d'Akteuren erëmfannen, engersäits d'Assuréen, d'Agents publics, awer och d'Patronen, d'Famillje selbstverständlech och derbäi, awer och dee ganze Volet vun de Professions de santé, déi doranner musse matwierken.

An dann awer och vläicht fir de Minister vun der Fonction publique: Och hien, mengen ech, ass aktiv ginn. Zënter 2015 gëtt et dee Plan d'action och do. An och hei huet hien eréischt viru Kuerzem och déi doten Divisioun ëm véier Leit erweidert an och hei wäerte konkret Projete kommen, fir virun allem och an dësem Beräich vun der Fonction publique kloer Akten ze setzen.

Bon, wéi gesot, ech hu probéiert, kuerz ze sinn. Wa sollen Detailer komme mat Chifferen, mat Aktiounen, maachen ech dat ganz gären opgrond vun enger schréftlecher Fro, déi erakënnt.

Merci, Här President, Merci, Kolleegen, datt mer konnten e puer Minutte méi laang dës Fro erklären.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Sozialminister. An och Merci, dass e fir de Fonction-publiques-Minister mat geäntwert huet.

Da géif ech zu der nächster Fro iwwergoen, déi kënnt vun der Madamm Diane Adehm an dréit sech ëm d'Gemengecirculaire 3393. An ech hu mech klug gemaach: Dat ass déi Circulaire, wou et sech ëm d'Propriétéitsverhältnisser bei de reliéise Gebaier handelt. D'Madamm Adehm huet d'Wuert.

- Question n°216 du 12 octobre 2016 de Mme Diane Adehm relative à la circulaire n°3393 envoyée aux communes début août 2016, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wéilt de Mëtteg eng mëndlech Fro un den Innenminister stellen, ebe grad iwwert déi Circulaire vum 9. August 2016, wou et ëm d'Propriétéitsverhältnisser vun de reliéise Gebaier an aner Gidder vun de Cultë geet.

An dëser Circulaire steet den Datum vum 1. Oktober als Stéchdatum fir d'Gemengen, fir en Titre de propriété vun de reliéise Gebaier eranzereechen oder awer Konventiounen, wann d'Gemengen an d'Kierchefabricke sech dann eens sinn, wien an Zukunft soll Propriétaire si vun de reliéise Gebaier.

An der Intérieurskommissioun vum 12. September 2016 sot den Innenminister, dass den Datum vum 1. Oktober 2016 net bindend wier. Op eng Question urgente vum 28. September äntwert den Innenminister, dass den Datum vum 1. Oktober effektiv net bindend ass, mä hie seet awer gläichzäiteg, dass ee vu senge Beamte sech op d'Circulaire ebe vum 9. August berifft, fir ze soen, dass dës Circulaire nach ëmmer en vigueur wier.

Dowéinst wëll ech elo de Minister froen, wéini dass hien eng nei Circulaire un d'Gemengen erausgëtt, an där den Datum vum 1. Oktober opgehuewe gëtt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Innenminister, Dir hutt d'Wuert!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Madamm Adehm huet elo grad zu mer gesot, wéi se laanscht mech gelaf ass: eng „never-ending story". An dat schéngt jo bei dësem Thema dann effektiv esou ze sinn.

Ech sinn awer frou, fir dës Fro gestallt ze kréien, fir dann nach eng Kéier hei och am grousse Sall ze preziséieren, firwat dass et iwwerhaapt zu deem Datum vum 1. Oktober komm ass.

Opgrond vun deenen Diskussiounen, déi mer mam Bistum gefouert hunn, ass eng Zousaziddi opgetratt par rapport zu der Konventioun vum Januar 2015, näämlech dass et och méiglech sollt sinn an Zukunft, dass Gemenge Propriétaire si vun enger Kierch, mä dass d'Kierch awer e gewësst Vetorecht kritt, fir driwwer ze décidéieren, ob déi Kierch dann zukünfteg och nach dem Culte zur Verfügung gestallt bleift oder net.

Also, wéi gesot, am Ufank war dat net ugeduecht an eiser Konventioun vum Januar 2015. Mä am Kader vun den Diskussiounen, déi ganz fair verlaf sinn, hu mer dat esou festgehalen. An do ass och festgehale ginn, dass géif eng Annex 3 gemaach ginn, wou déi Kierche géifen opgelëscht ginn, déi ënnert dee Statut do falen, wou also d'Gemeng Propriétaire ass, mä net eleng kann driwwer décidéieren, ob se an Zukunft dem Culte zur Verfügung gestallt gëtt oder net.

Et ass och evident, dass op déi Annex 3 do nëmme solle Kierche kommen, déi selbstverständlech de Gemenge gehéieren. An dofir ware mer a sinn och nach an engem gewëssenen Zäitdrock, och am Intérêt vun den Aarbechte vun der Chamber an och am Intérêt vun deem Avis, deen de Statsrot soll maachen, fir eng éischt Ébauche vun der Lëscht 2 ze maachen, wou d'Propriétéitsverhältnisser vun deene Kierchegebaier gekläert solle ginn.

Doropshin hunn ech dann och eng Circulaire un d'Gemenge geschriwwen, wou ech se invitéiert hunn, eis matzedeelen, ob se eventuell en Accord hätte mat der Kierchefabrik, oder ob se en Titre de propriété hunn, da sollte se eis deen eraginn, fir dass mer kënnen eng éischt Ébauche vun der Lëscht 2 maachen, wou d'Propriétéitsverhältnisser, esou wéi ech Iech et gesot hunn, dropstinn.

Eng ganz Rei vu Gemengen... Dir hutt mer och eng Fro gestallt: Wéi eng Gemengen hu bis den 1. Oktober dorobber geäntwert? Den 1. Oktober, dat war e Samschdeg, den 2. Oktober war e Sonndeg, dat weess ech ganz genau, well mäi Meedchen huet do Gebuertsdag an et war Pappendag...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- E Méindeg war den 3. Oktober.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Bis deen Dag... Ech gesinn, Här Gibéryen, Dir hutt d'Saach am Gréff.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Gelift?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat ass gutt esou.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Majo, tipptopp! Doropshin hätt ech also kënnen äntwerten: bis elo keng. Mä an der Tëschenzäit hunn eng ganz Rei Gemengen eis geäntwert an hu gesot, dass se entweder schonn Accorden hu respektiv dass se Titres de propriété hu respektiv dass se amgaange sinn, déi och nach weider auszehandelen. An deem Sënn ass eis Iddi och opgaangen. Et ass Bewegung an den Dossier erakomm. Mir hunn eis an der Tëschenzäit och nach eng Kéier mam Bistum gesinn, fir ze kucken, fir déi Lëscht 2, vun där ech geschwat hunn, opzestellen.

Op Är konkret Fro, ob eng nei Circulaire erauskënnt, mengen ech, dass dat net néideg ass. D'Gemenge maachen dat elo schonn, wat se opgefuerdert waren, net nëmmen an där Circulaire, déi Dir ugeschwat hutt, mä si waren dat schonn am Abrëll, de 24. Abrëll 2015. Si sinn also amgaangen, déi Aarbechten ze maachen. Ech weess, dass ganz vill Bewegung ass. An ech sinn der Meenung, dass mer deem Zil, wat mer gemeinsam mat der Kierch definéiert hunn, fir hei och virunzekommen, dass mer do e gudde Schrëtt weiderkomm sinn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister.

Déi nächst Fro kënnt vun der Madamm Cécile Hemmen, riicht sech un den Här Landwirtschaftsminister an dréit ronderëm den europäesche Programm „Fruit4School".

- Question n°217 du 11 octobre 2016 de Mme Cécile Hemmen relative au programme européen en faveur de la consommation de fruits à l'école «Fruit4School», adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

Mme Cécile Hemmen *(LSAP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Enn 2008 hunn d'Landwirtschaftsminister vun de 27 europäesche Memberstaten e Programm ugeholl fir d'gratis Verdeele vun Uebst a Geméis an de Schoulen. An zanter 2010 bedeelegt sech Lëtzebuerg och un dësem europäesche Programm mat där gratis Offer an de Schoulen an huet d'Initiativ „Fruit4School" lancéiert.

U sech ass dat jo och eng exzellent Initiativ, net nëmmen a puncto Gesondheet, mä natierlech och a puncto Liewenshygiène bei de Kanner a

bei deene Jonken. Grad no enger grousser Vakanz wier et duerno ubruecht, dass d'Kanner direkt weiderfuere mat deem, wat jo an de Summerméint eigentlech méi einfach war, näämlech all Dag e Stéck Uebst iessen.

Eigentlech ass och ugeduecht, dass spéitstens 14 Deeg no Schoulufank d'Uebst scho soll disponibel sinn an de Schoulen. Mä wat awer elo d'Liwwerung vum Uebst fir dat neit Schouljoer 2016-2017 ugeet, esou huet dee Programm bis op den heitegen Dag nach ëmmer net ugefaangen. A wann een um Site vun de Marchés publics kuckt, da kann ee gesinn, dass souguer den Ausschreiwungsdossier nach konnt bis de 5. Oktober ofgeholl ginn. An, souwäit wéi ech dat matgedeelt kritt hunn, wier de Kalenner mat de Livraisoune bis elo och nach ëmmer net fixéiert.

Här Minister, ech wollt Iech eigentlech froen, ob Dir doriwwer am Bild sidd, ob et eng plausibel Erklärung gëtt fir dee Retard. Kënnt Der eis eventuell och confirméieren, dass de Programm déi nächst Joren och nach normal wäert weiderlafen? Dass vläicht da besser no den Délaie gekuckt gëtt? Dass och vläicht driwwer nogeduecht gëtt, fir emol eng Evaluatioun ze maachen iwwert den Taux de satisfaction, an dat souwuel bei de Kanner wéi awer och bei de Liwweranten?

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

Mme Cécile Hemmen *(LSAP).*- Well, wéi gesot, et ass eng exzellent Initiativ, déi nach vläicht op verschiddene Punkte verbesserungsfäeg wär.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Hemmen. An d'Wuert huet elo de Landwirtschaftsminister.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech der Madamm Hemmen villmools Merci soe fir déi Fro.

Virewech wëll ech soen, datt de Schouluebstprogramm, deen ënnert dem Numm „Fruit4School" leeft, déi nächst Woch souwuel an de Lycéeë wéi an de Grondschoule wäert ulafen. Wann ech richteg informéiert sinn, ginn de Moment a Spuenien Clementinne gepléckt, déi vun e Méindeg un an de Schoule verdeelt ginn an déi traditionell bei eise Schüler ganz gutt ukommen.

Dëst Joer missten dann och fir d'éischte Kéier wärend véier Liwwerwochen d'Schüler lëtzebuergescht Uebst kréien, wat, wéi Dir all wësst, mir ganz besonnesch um Häerz läit.

Mir sinn dëst Joer e bësse méi spéit drun, dat ass richteg. Normalerweis liwwere mer Enn September. Well d'Soumissioun awer esou huet missen ugepasst ginn, fir datt regional Produzenten direkt fir véier Woche kéinte matbidden, duerfir war dat e bësse méi schwiereg, fir datt mer awer dëst Joer kënnen eben einfach wärend véier Woche Lëtzebuerger Uebst verdeelen. An ech mengen, dat erklärt dee Retard, vun deem d'Madamm Hemmen geschwat huet.

A fir déi Leit, déi besonnesch Wäert drop leeën, datt och dëst Joer erëm Bio-Fairtrade-Bananne verdeelt ginn, där wäerte jiddefalls och erëm eng Kéier dëst Joer derbäi sinn.

Fir Iech dann emol eng Kéier eng kleng Iddi ze ginn, wéi eng Envergure dee Programm do huet, hei e puer Zuelen: Do ginn dann elo all Schoulwoch ongeféier 15 Tonnen Uebst un eng 330 Schoulgebaier geliwwert, soudatt iwwer 90.000 Schüler, also déi allermeescht bal dovunner, 94%, kënne profitéieren! Esou wäit, wat dëst Schouljoer ugeet.

Am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence war d'Zesummeleeung vum Schouluebst- a Schoulmëllechprogramm een Dossier, wou mir ganz intensiv dru geschafft hunn. D'Resultat war, datt mir deen Dossier do konnten ënner eiser Présidence ofschléissen, andeems mir, no net ëmmer ganz einfache Verhandlungen, een Accord fonnt hunn, dee vun de Memberstaten, dem Europaparlament an der Kommissioun gedroe ginn ass. Ab dem Schouljoer 2017-2018 lafen déi zwee Programmer dann ënner enger gemeinsamer Reglementéierung.

Do wäerte mir dann och bei eis kucken, wéi mer an der Zukunft déi zwee Programmer beschtméiglech kënnen opstellen. Besonnesch bei de pädagogesche Begleetmoossname kann ee sech do ganz interessant Synergien erwaarden. Och erhoffen ech mer, datt duerch deen neie Kader, deen eis besonnesch bei der Méllech méi Fräiheete léisst, d'Akzeptanz bei de Schoule ka verbessert ginn.

Bis dohinner musse mer awer och nach op d'Ausféierungsreglementer waarden, déi uganks des Joers dierften am Journal officiel publizéiert ginn. Duerno wäerten da Gespréicher mam Secteur an deene verschiddenen anere Ministèrë lafe fir eng nei national Strategie, fir déi Programmer op d'Been ze setzen, no där mir da wëlles hunn, déi nächst sechs Joer ze schaffen an déi Programmer nach méi attraktiv ze maachen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Landwirtschaftsminister.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Fernand Kartheiser, riicht sech un de Premierminister an dréit ronderëm déi offiziell Unerkennung vun der Lëtzebuerger Sprooch als europäesch Sprooch.

- Question n°218 du 12 octobre 2016 de M. Fernand Kartheiser relative à la reconnaissance de la langue luxembourgeoise comme langue officielle de l'Union européenne, adressée à M. le Premier Ministre et à M. le Ministre de la Culture

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech wollt dem Här Statsminister eng Fro stellen opgrond vun enger Interventioun, déi den Här Educatiounsminister Meisch de 5. Oktober an der Chamber gemaach... net an der Chamber, pardon, op RTL gemaach hat. An en huet do op RTL gesot, e wär verwonnert, en hätt entdeckt, datt dat Lëtzebuergescht nach net als europäesch Sprooch unerkannt wier.

Dat huet eis iwwerrascht, well d'Regierung, zu där den Här Meisch jo gehéiert, hat schonn e puermol an dëser Legislaturperiod och zu där Fro Stellung geholl an huet ëmmer negativ geäntwert. Et ass also en Dossier, deen u sech d'Regierung misst ganz gutt kennen.

D'Regierung hat Stellung geholl an huet sech referéiert op Saachen, déi net ganz korrekt sinn. Dat wär nëmme fir regional Sproochen, heescht et an enger vun de Stellungname vun der Regierung. Eis legal Basis, well et ass eng laangjäreg ADR-Fuerderung, ass eng Conseilsdécisioun vum Europäesche Conseil, vum Ministerrot vum 13. Juni 2005, an där am Artikel 1 kloer festgehalen ass, datt dat d'Sprooche sinn, déi um ganzen nationalen Territoire geschwat ginn an déi och als offiziell Sprooch, als administrativ Sprooch an deem Land zoulässeg sinn.

Mir haten och d'Reaktiounen héieren opgrond vum Här Meisch senger Interventioun. A senger eegener Partei huet den DP-Fraktiounschef deeselwechten Dag, wéi den Här Meisch seng Interventioun um Radio hat, en Artikel publizéiert an enger Lëtzebuerger Zeitung, an deem en op Franséisch seet, dat wär elo keen „Souci", mir wären nach „en quête d'identité". Deen Dag drop huet den DP-Generalsekretär awer publizéiert, hie géif déi DP-Initiativ ënnerstëtzen.

A vun deene Gréngen a vun den LSAP-Kolleegen hu mer och e puer Kommentarer héieren, déi eigentlech dem Här Meisch seng Iddi, fir elo Lëtzebuergesch an Europa méi ze promouvéieren, net ënnerstëtzen.

Dir verstitt, Här Statsminister, datt mir e bëssen duerjernee sinn. Mir froen eis, ob mir als Oppositiounspartei...

(Brouhaha)

...nach wierklech déi Plus-value bréngen, déi mer kënnen, wann d'Regierung an hirer eegener Partei esou vill intern Oppositioun an dëser Fro mécht.

Dofir hu mir geduecht, et ass haut d'Geleeënheet, fir Iech ze froen: Wat ass dann d'Positioun vun der Regierung? Wëllt Dir Lëtzebuergesch als Europasprooch opwäerten, unerkenne loossen? Wa jo, wéini an ënner wéi enger Form?

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. An de Premier- a Statsminister huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre de la Culture.*- Merci, Här President. Ech wëll hei e puer Saache soen. Déi éischt Saach ass einfach, fir ze soen: Wann de Sujet haut kënnt, ass et, well et eng Petitioun gëtt, déi de Sujet soulevéiert huet, a wou haut da probéiert gëtt, elo sech de Sujet unzezéien.

M. Roy Reding *(ADR).*- Hoho!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre de la Culture.*- Hei geet et just drëms, dass mer wëllen en toute sérénité a virun allem am Respekt, Här President, vun deene Pétitionnairen hinnen och eng komplett Äntwert ginn, wou ee seet, wat geet a wat net geet.

Mir sinn amgaangen elo zum Beispill op deem dote Punkt d'Konditiounen an och d'Käschten, d'Konsequenzen, wann esou eppes de Fall wär, och genau analyséieren ze loossen. Et sinn eng Rëtsch vu Saachen, déi scho gemaach gi sinn, wou mer mengen, dass et och wichteg ass, déi och nach eng Kéier ze rappeléieren. An dofir wäert d'Regierung deen Dag, wou och déi Diskussioun ass ronderëm déi Petitioun, och hir Positioun do erklären.

A par respect eleng scho fir d'Pétitionnairë stellen ech mer d'Fro, firwat hei eng Partei elo mengt, si misst domadder Polemik maachen. Mir sollen dëse Sujet en toute sérénité kënnen debattéieren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir kommen zu där nächster Fro. D'Fro kënnt vum Här Claude Adam un den Erzéiungsminister iwwert d'Assurance qualité fir informell Erzéiungsservicer. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°219 du 11 octobre 2016 de M. Claude Adam relative à la mise en place du dispositif d'assurance qualité dans les services d'éducation non formelle, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Mir hu mam Gesetz, wat mer Enn Februar 2016 hei an der Chamber debattéiert a gestëmmt haten, eng ganz Rei Mesuren agefouert, fir d'Qualitéit an eise Betreiungsstrukturen eropzesetzen. A mer hunn niewent e puer anere Mesuren och festgehalen, datt mer géifen 22 Agents régionaux astellen - déi wiere beim Service national de la jeunesse affiliéiert -, déi da géifen iwwert d'Land kucken, wéi et mat der Qualitéit an de Crèchë steet.

Meng Fro duerfir un den Här Minister. Ech hunn dat nach eng Kéier gelies an där Broschür, déi mer elo kuerz eréischt kritt hunn. Ganz flott Broschüren, déi de Ministère mécht, déi ausféierlech sinn, informativ sinn.

Wéi ech dat do gelies hunn, wollt ech eigentlech just wëssen: Här Minister, wéi wäit ass dat mat der Installatioun vun deenen 22 Agents? Déi fënnt ee jo och net an engem Dag. Do brauch een Zäit. Wéi sidd Der virgaangen? Wéi vill Leit hutt Der mëttlerweil fonnt? Wéi gesäit de Profill aus vun deene Leit? Sinn der scho vun deenen aktiv, oder waarde mer bis mer dee ganze Contingent hunn? Respektiv wann déi schonn ufänken aktiv ze ginn, wat ass de Schlëssel? Wou fänken déi un? Wéi ass d'Land opgedeelt, wou déi Leit dann hirer Aarbecht noginn?

Ech freeë mech op Är Äntwert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. An den Här Erzéiungsminister huet d'Wuert.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, jo, effektiv mat dem Gesetz iwwert d'Jeunesse, wat e ganze Qualitéitsdispositif fir den nonformale Bildungsberäich agefouert huet, ass och virgesinn, datt déi Aarbecht, déi déi eenzel Institutiounen - Crèchen, Maisons relais, Jugendhaiser - leeschten an déi sech och muss dem Bildungsreferenzkader conforméieren, datt kontrolléiert gëtt, ob dat dann och de Fall ass, ob se sech souwuel déi eenzel Prozedure ginn huet, och déi Prozeduren anhält, och déi pädagogesch Approchen definéiert huet an och déi an der Praxis anhält.

Duerfir ginn et 22 Agents régionaux. Déi solle rekrutéiert ginn. Déi Posten, déi sinn och disponibel. En Deel vun deenen 22 ass mëttlerweil och scho rekrutéiert ginn. Dat sinn der néng, déi schonn ugefaangen hunn. Zwee och nach eng Kéier fänken den 1. Januar un. Och déi si momentan schonn an enger Formatioun. A fir déi aner eelef ze rekrutéieren, hu mer en zweeten Appell gemaach.

Mir hate genuch Kandidature wuel och bei deem éischten Appell. Mir haten insgesamt 55 recevabel Kandidaturen. Mir hunn natierlech awer och gekuckt, datt déi Leit och deen néidege Bagage, déi néideg Erfahrung matbréngen, fir eben déi schwiereg, komplex a verantwortungsvoll Aufgab do kënnen ze iwwerhuelen. Well een aneren ze kontrolléieren an natierlech och domat eng Responsabilitéit ze iwwerhuele fir dee ganze System, ass schonn eppes, wou méi wéi just den Diplom erfuerdert ass.

Déi Formatioun, déi fir déi éischt Agents régionaux jo schonn ugelaf ass, déi leeft elo emol op fënnef Wochen. Do geet et virun allem och ëm d'Legislatioun, d'Legislatioun vun deem ganze Secteur, déi ee soll kenneléieren, an deem een herno täteg ass. Et geet awer och drëms, d'Organisatioun vum Stat kennenzeléieren. Et geet awer och drëms, de Referenzkader kennenzeléiere fir den nonformale Bildungsberäich, well par rapport zu deem muss ee sech jo herno an der alldeeglecher Aarbecht och kënne bewegen, an och déi ganz Methodologie vun der Assurance qualité, déi mat deem Gesetz a Kraaft getrueden ass, verinnerlechen.

Sécherlech sinn och d'Struktur an d'Zesummenhäng am nonformale Bildungsberäich hei am Land, och d'Kompetenzopdeelung tëschent dem Ministère, tëschent den Träger e wichtege Sujet, wéi awer och grad herno eng reflexiv Approche ze vermëttelen, wou och erëm déi regional Agente sech permanent eigentlech solle selwer dem Besoin upassen an och den Erausfuerderungen upassen.

Déi Formatioun do gëtt gemaach am Kontext vun hirem Stage. Se gi jo als Employé privé rekrutéiert am Kontext vun hirem Stage vun dräi Joer, dee se als Employé privé... Employé de l'État, pardon, wäerte maachen. Do sinn déi Formatioune vu fënnef Wochen dann och noutwendeg.

Vun November 2016 u wäerten déi Agenten och en éischte Kontakt mat den Akteuren um Terrain ophuelen, mat Crèchen, mat Maisons-relaisen, mat Jugendhaiser. Se wäerten och kucken, sech regional ze implantéieren. Mir hu virgesinn, datt mer insgesamt herno siwe regional Zentre queesch uerchtert d'Land hunn, wou mer och Servicer, net nëmmen déi doten, déi jo dem SNJ ënnerstallt sinn, mä och aner Servicer, déi dem Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ënnerstallt sinn, an de Regioune wëlle regruppéieren, wou op siwe Plazen och d'Agents régionaux wäerte mat derbäi sinn.

Et gëtt eng Rei vu méi regionalen Zentren herno vun der Éducation, der Enfance an der Jeunesse, mä op siwe Plaze wäerten d'Agents régionaux och präsent sinn, fir vun do aus an der Regioun hir Aarbecht kënnen ze iwwerhuelen.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Erzéiungsminister Claude Meisch.

An déi nächst Fro kënnt vum Här Marco Schank, riicht sech un den Nohaltegkeetsminister an dréit ronderëm den europäesche Kontrollsystem vun Zich am grenziwwerschreidende Verkéier.

- Question n°220 du 12 octobre 2016 de M. Marco Schank relative à la mise en place du système européen de contrôle des trains (ETCS) au niveau du trafic transfrontalier, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, nom trageschen Zuchaccident vun Zoufftgen virun zéng Joer wësse mer haut, datt dee fatale Feeler deemools keng Eenzelhandlung vun enger Persoun war, mä ee Verstrécke vu verschiddenen Evenementer, deemno eng Kette vu Feeler. Elo heescht et, datt d'CFL vill gemaach hätt, fir datt déi festgestallte Feeler sech esou net méi kéinte widderhuelen; besonnesch technesch wier opgerüst ginn. Dat ganzt Lëtzebuerger Schinnennetz soll an der Tëschenzäit mat dem ETCS-Sécherheetssystem, dem „European Train Control" équipéiert sinn. E System, dee mënschlech Feeler soll hëllefen ze verhënneren.

Elo gëtt an engem „Wort"-Artikel an deem Kontext op e Problem higewisen, näämlech deen, datt Frankräich säin eegene System hätt, also e franséischt Fabrikat. An do heescht et dann, datt eis Zich den ETCS schonn op der Stater Gare géifen ausschalten, well en net wärend der Faart däerf ausgeschalt ginn, an da mat dem Virgängersystem „Memor II+" bis op d'Grenz an dann deemno och weider géife fueren.

Da gëtt och gesot, datt un der Haaptachs, un där den Accident deemools geschitt ass, en erheeblecht Geforepotenzial géif bestoen, wou Lëtzebuerg keen Afloss hätt, an Eisebunner géife vun engem grousse schwaarze Lach oder No Man's Land schwätzen.

Meng véier kuerz Froen un den Infrastruktureminister:

Éischtens, wéi ass et da mat der Interoperabilitéit vum ETCS am grenziwwerschreidenden Zuchverkéier?

Zweetens, et heescht, bei eis géif et Problemer mam ETCS op de Maschinnen nach ginn. Ass dat esou?

Drëttens, sinn d'auslännesch Maschinnen, déi op Lëtzebuerg kommen, all mam ETCS équipéiert?

A véiertens, wéini gëtt dee fortschrëttleche GSM-R-Digitalfunk agefouert, deen de jëtzege Radio sol-trains ersetze soll, wou et heescht, et

géife grouss Lächer ginn, a wou et heescht, et géife keng Ersatzstécker méi ginn?

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Schank. An d'Wuert huet den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President, a Merci och dem Här Schank fir déi Froen. Et ass richteg, datt Lëtzebuerg décidéiert huet, deemools no deem schwéieren Accident 1997, fir sech op de Wee ze beginn, relativ séier de ganze Réseau ze équipéiere mat méi engem séchere System. An et ass du relativ séier décidéiert ginn, fir op den ETCS-System iwwerzeschwenken, an dat aus guddem Grond, well zu deem Zäitpunkt och, europäesch gesinn, gesot ginn ass, ganz Europa misst relativ séier dozou iwwergoen.

Eise Réseau ass nach net ganz fäerdeg. 2017 - d'nächst Joer - ass de Réseau ganz ofgeschloss a ganz équipéiert domat a bis dohinner natierlech och eist Material. Et ass awer esou, datt, wéi Dir et richteg gesot hutt, haaptsächlech a Frankräich vill Problemer bestinn. A Frankräich besti vill Problemer, ganz einfach well Frankräich net investéiert huet a weider mat hirem System fueren, obschonn ofgemaach war, datt virun allem am grenziwwerschreidende Verkéier Enn 2017 och do de Réseau esou misst équipéiert sinn. Dat kréie se awer net hin.

Dir hutt och vläicht matkritt, datt deen neie President vun där vergréisserter Regioun, wéi se dann elo heescht - Champagne-Ardenne oder wéi heescht se scho méi? Ech weess net, ech hunn den Numm…

Une voix.- Grand-Est!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Grand-Est, pardon! Grand-Est heescht se -, datt dee sech driwwer beklot huet, datt déi Investissementer net gemaach gi sinn. An dee setzt sech och elo massiv derfir an, datt dat soll nogemaach ginn. Et handelt sech a Frankräich ëm en Investissement tëschent 25 an 30 Milliounen Euro.

Dir kënnt Iech virstellen, datt och schonn emol vu franséischer Säit aus gemengt ginn ass: „Oh, firwat sollen d'Lëtzebuerger dat net och nach bezuelen?" Mir hunn awer bis elo gesot, datt mir dat net géife maachen, well mir eis Hausaufgabe géife maachen a si wiere gefällegst gebieden, och hir ze maachen, soudatt am Fong déi Transitiounsperiod wäert verlängert ginn. Wéi laang, dat muss nach festgestallt ginn; dat hänkt elo dervun of, wéi séier se investéieren. Dat heescht, et gëtt eng Transitiounsperiod, wou dann nach mat zwee Systemer muss geschafft ginn.

Mir haten och e bësse Problemer mat der Belsch. Déi sinn awer entre-temps behuewen. D'Belsch ass och elo um Wee, fir iwwerall ze équipéieren am ETCS. Dir wësst, datt plazeweis deelweis jo souguer Bussen agesat gi sinn am grenziwwerschreidende Verkéier, well do Retarde waren haaptsächlech an der Homologatioun vun eisem Material, mä déi Problemer sinn entre-temps Gott sei Dank behuewen.

Wat den digitale Funk ubelaangt, ass d'Eisebunn déckvoll amgaangen drun ze schaffen. Dat wäert och esou séier wéi méiglech implementéiert ginn. Dir hutt recht. Ech mengen, mir hunn d'lescht Joer an deem aktuelle Funk…, mä dat ass awer alles am Investitiounsprogramm dran. An esou séier wéi méiglech wäert op dem Eisebunnsréseau den digitale Funk dann och agefouert ginn.

Wéi gesot, et läit net un eis. Leider hu mer haaptsächlech op der franséischer Säit wierklech vill Problemer, an dat huet dermat ze dinn, datt einfach a Frankräich net genuch an de Réseau investéiert gëtt. Ech behaapten och emol, dat hätt och vill mat de Schwieregkeeten ze dinn, déi een iwwerall a Frankräich konnt feststellen.

Dir hutt vläicht och Artikele gelies, datt a Frankräich an deene leschte Joren enorm vill an d'TGV-Netz investéiert ginn ass an d'Regionalnetzer vernoléissegt gi sinn. Dat ass jo och a Frankräich de Moment eng grouss Diskussioun, an ech ginn emol dervun aus: Dat hei ass och een Deel dovunner. Well et ass jo net nëmmen eng Fro, déi sech stellt herno mam Sécherheetssystem, och fir d'Capacitéit. Mir bauen eis Capacitéiten och massiv aus, an op där anerer Säit misst natierlech och nach eppes geschéien, an do happert et de Moment nach.

Wéi gesot: Mir schaffen awer dodrun a mir bleiwen derhannert, datt dat a Frankräich geschitt an datt mer déi Problemer esou séier wéi méiglech behuewe kréien. Wat eise Réseau ubelaangt, mengen ech, si mer awer do op der gudder Schinn - fir et wuertwiertlech ze soen -, datt et klappt.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Alexander Krieps, riicht sech un deeselwechten Nohaltegkeetsminister an dréit ronderëm den Droit de chancellerie an der technescher Kontrollstatioun fir motoriséiert Gefierer. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°221 du 11 octobre 2016 de M. Alexander Krieps relative aux frais de gestion pour le timbre «Droit de chancellerie» facturé par la Société nationale de circulation automobile lors de l'immatriculation d'un véhicule routier, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Alexander Krieps *(DP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt dem Minister Bausch eng Fro stellen iwwert déi Timbres de chancellerie zu Sandweiler an der SNCA. Dat ass jo en Établissement public ënner Ärer Kompetenz, souwäit ech weess.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Neen.

M. Alexander Krieps *(DP).*- Neen, si se net ënner Ärer Kompetenz? Awer Dir hutt awer e bëssen domadder ze dinn.

(Hilarité)

An ech hunn e Frënd Garagist. Hien a mäi Kolleeg a Frënd Claude Lamberty hu mech drop higewisen, dass, wann een en Auto op Sandweiler umelle geet, da bezilt een en Timbre de chancellerie vu 50 Euro. An da kommen dann nach Frais de gestion derbäi vun deem Timber an och TVA op deene Frais de gestion. An dat mécht dann herno nach plus 5 Euro. Dat sinn 10%, déi ee bezilt.

(Interruption)

Jo. Gëtt deen Timber aus engem jorelaange Safe geholl, dass deen op eemol esou Frais-de-gestione mat sech bréngt? Ass et vläicht e Schwaarze Kapp? Ech si vun enger Generatioun vun Timbersammleren an ech denken ëmmer un de Schwaarze Kapp vun 1850. Ech hunn elo gesinn, déi éischt Timbere koumen an England 1840. Schreift d'Britten nach net of! Mä ech mengen, ofgesi vun der Timbersammlergeneratioun, an ech hunn och net un ons Frënn op menger Rietser geduecht, wéi ech un de Schwaarze Kapp geduecht hunn,...

(Hilarité)

...mä ech wollt hei froen, dem Beamte säi Spaut zu Sandweiler ass jo och net déi Sue wäert: Kann een domadder rechnen, dat geet natierlech iwwer Iech eraus, Här Bausch, ob dann deemnächst an anere Verwaltungen an Zukunft esou Fraisen derbäikommen? Ech fannen, dass dat e bëssen iwwerzunn ass. Ech wär frou, wann Der ons eng Erklärung géift ginn; dem Här Lamberty a mir, well hie reegt sech méi doriwwer op wéi ech.

(Hilarité)

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech stelle fest, dass den Här Lamberty en edele Porte-parole huet. An ech ginn direkt d'Wuert un den Nohaltegkeetsminister weider.

(Hilarité)

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, ech si frou, datt den Här Lamberty esou Saache wéi dat doten huet, fir sech opzereegen, da schéngen net vill Problemer am Land ze sinn.

(Hilarité)

Dat Éischt, wat ech wëll soen, ass: D'SNCA ass keng Verwaltung, och keen Établissement public, et ass eng privat Gesellschaft.

Dat Zweet, wat ech wëll soen, dat ass, datt normalerweis den Timber, also de Chancelleriestimber net bei der SNCA, mä beim Enregistrement kaaft gëtt. An donc ass och normalerweis deejéinegen, deen immatrikuléiert, verflicht, en do ze kafen. An da kritt en, wann en en och do keeft, normal natierlech kee Centime zousätzlech Fraise gerechent!

Fir awer entgéintzekommen, huet d'SNCA décidéiert, wa Leit natierlech dat net gemaach hunn, vergiess hunn oder da just virdrun dru geduecht hunn an e Virement gemaach hunn, dann hu se gesot: „Okay, dann offréiere mer dee Service och." Dat heescht awer, datt natierlech d'SNCA, wat eng privat Gesellschaft ass, muss déi Timbere siche goen, fir datt se der och do huet, fir dat kënnen dropzemaachen.

Dat heescht, dat ass mat Fraise verbonnen. An duerfir kritt Der dann, éischtens, wann Der normal den Timber kaaft hutt, wéi et virgesinn ass, kritt Der kee Centime Fraise gerechent. Wann Der et natierlech do maacht, kritt Der dräi Euro gerechent. Ech iwwerloosse jiddwerengem elo seng Meenung, ob dat berechtegt ass oder net.

Wat ech Iech awer ka soen, dat ass, datt 2017 eng Ännerung wäert kommen an deem Sënn, datt Der iwwer „myguichet.lu" iwwer Är Kreditkaart och kënnt bezuelen. A wann Der dat maacht, kritt Der och keng Fraise gerechent.

An da wëll ech Iech och nach an engems da matdeelen…, déi Questioun, déi gëtt mer dann d'Geleeënheet, fir Iech matzedeelen, datt ech amgaange sinn, d'Missioune vun der Immatrikulatioun a vum Führerschäin ewechzehuele vun der SNCA an do en Établissement public, en aneren, en neien ze grënnen, awer net aus deem Grond vun den dräi Euro Fraisen, mä wéinst Dateschutzgrënn an och nach anere Saache wäerte mer dat restrukturéieren. An da gëtt deen Établissement public och zoustänneg, da fält den Timber de chancellerie ganz ewech. An da gëtt eng normal Tax drop geluecht, an dat wäert d'Saach da souwisou insgesamt vereinfachen.

Merci.

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Nohaltegkeetsminister.

An déi nächst Fro kënnt vun der Madamm Taina Bofferding, riicht sech un den Erzéiungsminister an dréit ronderëm gratis Schoulbicher am Secondaire. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°222 du 11 octobre 2016 de Mme Taina Bofferding relative à l'introduction éventuelle de la gratuité des livres scolaires pour les élèves de l'enseignement postprimaire, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Jo, genau, Här President. Meng Fro geet un den Educatiounsminister wéinst senger Ausso virun e puer Wochen, datt de Stat eventuell d'Käschte vun de Schoulbicher am Secondaire kéint iwwerhuelen. Et géif mam Gedanke gespillt ginn, datselwecht wéi an der Grondschoul ze maachen an de Schüler am Lycée dann d'Schoulbicher gratis zur Verfügung ze stellen.

Meng Partei géif en Effort, deen an déi Richtung geet, ganz gutt fannen. Ech hat jo och schonns an der Debatt zur Lag vun der Natioun a bei der Reform vum Kannergeld drop higewisen, datt mer wëllen d'Elteren duerch weider Sachleeschtungen entlaaschten, well fir vill Famillje sinn d'Schoulbicher mat enger héijer Dépense verbonnen. A fir besonnesch deene finanziell méi schwaache Ménagen ënnert d'Äerm ze gräifen, kéint zum Beispill eng Pist déi sinn, esou eng Hëllef un d'Allocation de vie chère ze bannen.

An dofir elo meng Froen un de Minister: Wéi konkret sinn entre-temps dës Iwwerleeungen? A wéi eng Richtung soll et goen? Wéi eng Piste si schonn ugeduecht ginn oder sollen nach gepréift ginn?

Ass d'sozial Selektivitéit eventuell e Kritär an den Iwwerleeungen? An ob d'Digitaliséierung, déi och ëmmer e méi grousse Wäert an eisem modernen Zäitalter spillt, ob deen Aspekt vläicht och an den Diskussioune mat zréckbehale ginn ass.

An ech soen Iech elo scho Merci fir Är Äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Bofferding. An d'Wuert huet den Erzéiungsminister, den Här Claude Meisch.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Ech soen och der Madamm Bofferding Merci, déi mer d'Geleeënheet gëtt, hei nach eng Kéier ze confirméieren, datt d'Regierung effektiv amgaangen ass ze préiwen, ënner wat fir enge Konditiounen een och gratis Schoulbicher - fir dat emol esou ze resuméieren - am Secondaire kéint aféieren. Dir hutt selwer gesot: Mir hunn dat am Fondamental.

An dat ass effektiv eng finanziell Belaaschtung fir ganz vill Familljen. Mir hunn emol nach eng Kéier gekuckt, wat dat heescht. Jee no Klass mécht dat awer ganz schnell tëschent 300 a 500 an heiansdo och emol méi Euro aus. A wann een da vläicht och nach méi Kanner am Secondaire huet, da wësse mer, wéi do de Familljebudget belaascht ass.

Ech wëll soen, datt mer dat fréistens fir d'Rentrée 2018 plangen. De Moien ass jo hei op dëser Plaz de Budget 2017 virgestallt ginn. Do ass Iech vläicht opgefall, datt eng Initiativ wéi déi doten net virgesinn ass. Mir brauchen och nach e bëssen Zäit, fir dat doten ze plangen. Mir gesinn et och effektiv am Kader vun deem Adaptatiounsmechanismus vun de Prestationfamiliallen, wou mer jo gesot hunn, datt mer souwuel d'Prestations familiales en espèces wéi och d'Prestations familiales en nature, wou een déi heite kéint drënnerfale loossen, wëlle regelméisseg upassen un d'Lounentwécklung.

Dat heite wär sécherlech e Schrëtt, deen doriwwer eraus géif goen, dee wäit iwwert d'Lounentwécklung eraus géif goen. Trotzdeem, denken ech, mécht et wierklech Sënn, dat heiten ze kucken, well et wär eng considérabel Entlaaschtung fir ganz vill Budgete vun de Familljen. An eng Schoulrentrée wär awer sécherlech och mat manner Stress verbonnen, manner Stress fir déi eenzel Familljen, fir d'Schüler an heiansdo awer och fir d'Schoulen.

Et gëtt awer elo nach eng Rei vun Défien, op déi ech wëll hiweisen, op deene mer amgaange sinn ze schaffen. Wéi kréie mer dat doten hin, ouni datt de lokalen Handel zum Beispill do ganz ausse vor ass?

Mir wëssen awer, datt nieft all Lycée sech nach déi eng oder aner Librairie hält. An et wär sécherlech net gutt, wann dat herno net méi esou wär, wann déi Servicer do net méi kéinten ugebuede ginn, duerch esou eng politesch Décisioun.

Mir gesinn och, datt een dat heite muss verknäppe mat der Autonomie vun de Lycéeën, déi mer jo wëlle stäerken, souwuel d'kurrikular Autonomie wéi awer och Autonomie, wat d'Léiermaterialien ubelaangt, datt mer do also eng enk Verknäppung an och eng Responsabiliséierung vun de Lycéeë mussen hikréien, datt dat net zentral vum Ministère herno gesteiert gëtt, mä éischter da vun den eenzelne Schouletablissementer.

An, Dir hutt et ugeschwat, d'Léiermaterialien entwéckele sech jo weider. Mir sti virun engem grousse Schrëtt a Richtung vun Digitaliséierung och vu Léiermaterialien. Dat muss natierlech och matgekuckt ginn, matconsidéréiert ginn, souwuel wat vläicht d'Hardware ubelaangt, déi de Schüler brauch, fir mat digitale Léiermaterialien och kënnen an der Schoul ze fonctionnéieren, wéi awer och an Zukunft sech d'Fro ze stellen: Jo, wat ass dann nach de Rôle vum Buch?

Ech si fest dovun iwwerzeegt, datt mer ëmmer Schoulbicher an de Schoule wäerten hunn, mä vläicht awer net méi onbedéngt, datt jiddweree säi Schoulbuch wäert hunn, datt mer e Schoulbuch wäerten hunn, wat vu vir bis hannen ganz duerchgeholl gëtt, mä vläicht éischter nach an eenzelne Fächer e Schoulbuch wäerten hunn, aus deem een emol punktuell och eppes mécht.

Da stellt och d'Fro sech: Wa mer gratis Schoulbicher ginn, wien ass Propriétaire vun deene Bicher? Gi mer déi esou an de Schüler bleift Propriétaire an en hält déi dann och? Oder ass et d'Propriétéit vun der Schoul an déi ginn dann och vläicht un déi nächst Generatioun weider? Ech denken, och do muss ee pragmatesch Léisunge fannen. Fir dat eent Buch mécht déi eng Solutioun e Sënn a fir dat anert Buch mécht déi aner Solutioun Sënn.

Dat sinn déi dräi Défien, déi mer, mengen ech, mussen hei geschéckt matconsidéréieren, wa mer an déi dote Richtung wëlle goen. Mä mir sinn amgaangen, dat doten, dat kann ech confirméieren, ze préiwen a wëllen dann och, wa mer definitiv Léisungen hunn, d'Chamber domadder befaassen.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister.

D'nächst Fro kënnt vum Här Max Hahn, geet un de Statssekretär am Nohaltegkeetsministère an dréit ronderëm de Wandkadaster.

- Question n°223 du 12 octobre 2016 de M. Max Hahn relative au cadastre des vents au Luxembourg, adressée à M. le Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures

M. Max Hahn *(DP).*- Jo, villmools Merci, Här President. Gëschter, dat wësse mer alleguer, war e groussen Dag, also, zum enge sécherlech fir d'Familljen, well deen neie Congé parental gestëmmt ginn ass, awer op där anerer Säit och fir d'Emwelt, well gëscht konkret no de Versprieche vu Paräis vun der Weltklimakonferenz d'lescht Joer am Dezember mer eis eigentlech verflicht hunn an aus dem Verspriechen also eng Verflichtung gemaach hunn. Mir hu Faarf bekannt a Saache Klimaschutz.

Mä dat bedeit och fir eis hei zu Lëtzebuerg ganz grouss Défien. Do si mer eis och eens. Do hu mer gëscht ganz laang heiriwwer diskutéiert. Dofir wäert ech dat hei op dëser Plaz net maachen. Mä, ech denken, ee ganz interessante Beräich si sécher d'erneierbar Energien. A

wa mer e bësse kucken, wou mer nach vill Potenzial hei zu Lëtzebuerg hunn, dann ass sécherlech de Beräich vun der Wandkraaft een, dee mer ganz, ganz speziell sollten upaken. Ech denken, et ass och dat, wat d'Regierung aktuell schonn amgaangen ass ze maachen.

Ech weess, dass och am Süden, am Kader vu Sudgaz an enger Viretüd gepréift gëtt, fir nach zousätzlech zu deene scho bekannte Wandmillen, déi geplangt sinn, wéi zum Beispill zu Déifferdeng oder zu Garnech, dass och nach op anere Plaze Viretüde gestart ginn. An do hunn ech mer da soe gelooss, dass an deem dote Kader, an dat ass eigentlech meng éischt Fro, et e Kadaster gëtt, e Kadaster, deen eigentlech seet, wou ee keng Wandmille soll oder ka villméi opriichten.

An do wier eigentlech déi éischt Fro: Dee Plang, deen et da gëtt, dee Kadaster, wann et dann esou ee gëtt, wéi ech mer soe gelooss hunn, ass och ugeduecht, fir deen ëffentlech ze maachen?

Déi zweet Fro, déi geet eigentlech an eng äänlech Richtung wéi déi, déi den Deputéierten André Bauler schréftlech un Iech an un och de Wirtschaftsminister gestallt huet: Wat sinn eigentlech déi genee Kritären, fir ze definéieren, wou een da keng Wandmillen däerf hisetzen?

Ech denken, do ginn et der, wéi Distanzen zum Bauperimeter vu 650 Meter, Distanzen zu de Stroossen, vun der Längt vun der Wandmille plus 10%, d'Afluchschneis zum Fluchhafen. Wat gëtt et do dernieft vläicht nach vun Ausschlosskritären?

An dann déi drëtt a lescht Fro: Si Bestriewungen, fir nieft deem Kadaster, deen da seet, wou ee keng Wandmille soll opriichten, fir vläicht e Kadaster ze erstellen, vläicht och à moyen terme eréischt, fir ze soen: Ma, wou ass et da sënnvoll, sief et duerch d'Topografie, awer och soss all déi Konditiounen, fir Wandmillen opzeriichten? Dat heescht, dass ee vläicht éischter vun engem Kadaster, wou een net Wandmille kéint opriichten, an eng Richtung kéim: Wou kéint ee se dann opriichten?

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Hahn. An d'nächst Kéier wann ech gelift op d'Auer kucken! An d'Wuert huet de Statssekretär, den Här Camille Gira.

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Merci, Här President, Merci dem honorabelen Deputéierte Max Hahn fir d'Fro. Mir hunn am Nohaltegkeetsministère kee Wandkadaster opgestallt. Mir hunn en Aarbechtsinstrument opgestallt, wat soll derfir déngen, de potenziellen Investisseure relativ fréi eng Orientéierungshëllef ze sinn, wou se mat grousse Schwieregkeete musse rechnen, wa se bei eis am Haus néideg Autorisatiounen zegutt hunn, sief dat a puncto Fligerei, sief dat a puncto Naturschutz.

Et mécht kee Sënn, dat Instrument ze publizéieren, well op där Kaart, do feelen zwee ganz wichteg Voleten. Dat eent ass de Kaméidiaspekt, deen Der erwäänt hutt, mä och de Schattenwurf, deen een och muss bei all Projet berücksichtegen, fir dass d'Leit, déi iergendwou eng Wandmillen an der Noperschaft hunn, net geckeg ginn, owes, wa se op der Terrass sëtzen, an deen Apparat, dee géif all puer Sekonne virun hiren Aen dréien. Duerfir mécht dat kee Sënn, dat do ze publizéieren.

Hannert där Kaart stécht awer eng méintelaang wëssenschaftlech Aarbecht vun eise Spezialisten am Vullen- an am Fliedermaisberäich zesumme mam Fuerschungsinstitut LIST. Mir hunn do iwwer 20 Léieren iwwereneegeluecht opgrond vun den Daten, déi mer hu vum Monitoring vun all deene sensibelen Espècen, déi an deem dote Beräich musse gekuckt ginn. An doropshi kënne mer relativ frëi soen, wou et gréisser Problemer wäert ginn, wann een anzwousch wëllt investéieren, a wou net. Dat hëlleft awer den Investisseure scho ganz gutt. Jiddwereen, dee wëllt investéieren, dee ka bei eis kommen a kritt déi Kaart och gewisen.

Ech wëll awer soen, dass et zu Lëtzebuerg de Moment nëmmen eng absolutt Tabuzon gëtt, an dat ass sechs Kilometer am Radius vum Radar um Findel. Do kann an däerf keng Wandmillen opgeriicht ginn, well dat zu Sécherheetsproblemer am Bedreiwe vum Fluchhafe kéint féieren. Tëschent 6 a 16 Kilometer ronderëm de Radar um Fluchhafe muss eng Etüd gemaach ginn, ob net Problemer entstinn. Wann déi Etüd positiv verleeft, kënnen der opgeriicht ginn. A priori ass et fir de Rescht am Land theoretesch méiglech, Wandmillen ze setzen.

Ech wëll och soen, dass et nach eng aner Ursaach gëtt, fir keng definitiv Kaart ze publizéieren. D'Technik geet extrem séier weider. A wann ee viru 15 Joer guer net huet brauchen drun ze denken, méi déif wéi 400 Meter iwwert dem Mieresspigel eng Wandmillen opzeriichten, esou spillt dat haut net méi. Well déi Apparaten ëmmer méi héich ginn, ass et haut scho méiglech, op 300 Meter erofzegoen. Vläicht ass et an dräi Joer méiglech, op 250 Meter erofzegoen.

Dat do ass jo och net eisen Job. Ech mengen, déi Investisseuren, déi hu jiddwereen hire Wandkadaster. Dir fannt haut Start-up-Firmen, déi Iech bannent 14 Deeg op engem Computermodell relativ kloer an däitlech soen, wou potenziell Sitte sinn. Et geet awer nawell keen Investisseur hin an investéiert 25 oder 30 Milliounen Euro, ouni dann awer op der Plaz wärend engem Joer mat engem Mast gemooss ze hunn. - Fir ze soen, dass dat do u sech näischt géif brénge, wa mer déi Kaart géife publizéieren, well se wierklech nëmme vu Spezialisten ze notzen ass.

Fir de Rescht kann ech confirméieren, mengen ech, dass d'Regierung duerch eng gutt Zesummenaarbecht och vun deenen eenzelne Ministèren eng kleng Revolutioun fäerdegbruecht huet. Ech ka confirméieren, dass mer bis haut 60 Megawatt autoriséiert hunn. Dat ass esou vill, wéi an deene leschte 15 Joer gebaut ginn ass. A mir sinn opgrond vun Autorisatiounen, déi erwënscht sinn, nach eng Kéier a Kontakt, wat net wäit ass fir nach eng Kéier 60 Megawatt, soudass et kéint kommen, dass mer an dëse fënnef Joer duebel esou vill Wandmillekraaft eventuell kréien, wéi an deene leschte 15 Joer. Ech mengen, do si mer op engem gudden Tripp a wäerte mat grousser Wahrscheinlechkeet déi 11% erneierbar Energien, déi mer eis fir 2020 virgeholl hunn, erfëllen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Statssekretär.

Mir kommen zu der leschter Fro. Déi kënnt vun der Madamm Cécile Hemmen un den Energieminister a Wirtschaftsminister iwwert d'Luedstatioune fir Elektroautoen.

- Question n°224 du 11 octobre 2016 de Mme Cécile Hemmen relative à la disponibilité sur le territoire national de bornes de recharge pour véhicules électriques, adressée à M. le Ministre de l'Économie

Mme Cécile Hemmen *(LSAP).*- Merci, Här President. Um grousse Salon, um groussen Autossalon, dem „Mondial de l'Automobile 2016" zu Paräis, huet déi franséisch Ëmweltministesch Ségolène Royal annoncéiert, fir ronn eng Millioun elektresch Bornë bannent dräi Joer a Frankräich ze installéieren.

Hei zu Lëtzebuerg, do si mengen Informatiounen no déi ëffentlech Opluedstatioune bis elo emol nach éischter méi rar geséit an et wiere souguer nach guer keng där ëffentlecher Bornen an eiser Haaptstad. Ech schwätzen elo net vun deenen, déi fir d'Clientë vun den Hoteller reservéiert sinn oder awer fir d'Employéë vu verschiddene Firmen.

Duerfir wéilt ech och gären op eng Ausso vun Iech, Här Wirtschaftsminister, zréckkommen, déi Der virun e puer Wochen nach eng Kéier rappeléiert hutt, dass bis 2020 800 ëffentlech Opluedstatioune wäerten installéiert gi bei eis hei am Land. Net méi spéit wéi elo am August huet och e Konsortium annoncéiert, dass si den Zouschlag kritt hu fir d'Liwwerung vun deenen 800 Opluedbornë fir Elektroautoen hei zu Lëtzebuerg.

Här Minister, gäre wéilt ech vun Iech wëssen, wéi vill där ëffentlecher Bornen eigentlech an aktuell de Moment op eisem Territoire schonn a Kraaft sinn, wéini déi nei geplangte Bornen dann och elo installéiert ginn. Wéi wäert dat praktesch goen? Ass dat Stationéiere payant? Ass d'Opluedzäit begrenzt, fir dass och e méiglechst grousse Roulement garantéiert ass? Ginn et Sanktiounen, wann ee sech net un déi Regel hält?

Wéi vill kascht et eigentlech, fir den Auto mat esou enger sougenannter „Mobicard" ze lueden? Bleift dëse Präis och weiderhi stabel? Sinn Ännerunge virgesinn? An dann natierlech net zulescht och d'Fro: Ginn et eigentlech och Akzisen op dësem Stroum?

Merci, Här Minister.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Hemmen. An d'Wuert huet den Här Wirtschaftsminister Etienne Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci, Här President. Fir op d'Fro vun der honorabeler Deputéiert ze äntwerten, vläicht e ganz schnelle kuerzen Historique. 2011 huet de Wirtschaftsministère fir d'Éischt eng Etüd gemaach, fir ze kucken, ob d'Elektromobilitéit wirtschaftlech machbar ass, ob dat Sënn géif maachen.

D'Konklusioun war, dass een dat duerchaus sollt maachen, mä dass mer net sollten de Feeler maache wéi am Ausland, dass all Regioun hir eege Systemer hätt, wéi déi Bornë solle sinn, hir eege Steckere wa méiglech nach, soudass mer eis drop gëeenegt hunn, ee System ze hunn, deen interoperabel ass an deen och informatesch zentraliséiert ass, a keng verschidde Systemer am Land wäerten opriichten.

2012 hu mer dunn déi gesetzlech Basis geschaaft, wou dräi wichteg Punkten dra sinn, näämlech éischtens deen, dass mer gesot hunn: Responsabel, fir all déi Bornen opzeriichten, ginn d'Netzbedreiwer zu Lëtzebuerg. Also d'Stroumnetzbedreiwer, déi sollen hir Infrastrukture bauen.

Bezuelt gëtt déi ganz Infrastruktur, déi elo dorëmmer opgestallt gëtt, iwwert d'Netznotzungstariffer am Elektreschen, déi all Client vun Elektresch bezilt. Dat si ronn 50, 60 Milliounen - leet mech net fest op dee genaue Montant, deen dat do kascht! -, wat awer am Gesamtcoût vun den Netzkäschte wierklech marginal ass, soudass dat net zu Erhéijunge vun den Tariffer fir d'Konsumenten dobausse wäert féieren.

An et ass esou, dass all Client herno vun deene Bornë selwer säi Stroumliwwerant wäert kënne wielen. Dat heescht, wann ech mat mengem Stroumliwwerant doheem en Deal maachen, dass ech och op Bornë bei him d'Elektresch zéie ginn, da kann ech dat maachen. Ech kann awer bei all anere Stroumubidder goen. Dat heescht, déi Bornë sinn neutral, an andeem ee seng Käertchen do agëtt, gëtt een dann un, vu wiem een d'Elektresch wëllt kafen, dat an där Borne da gezaapt gëtt.

2015 hu mer e Règlement grand-ducal gemaach, wou mer déi ganz technesch Spezifissitéite festgehalen hunn.

2016 hu mer de Plan d'implantation général gemaach, fir ze soen: Wat kënnt vu Bornen elo wouhin an d'Land? An do ass festgehale ginn, dass der eben exactement 800 solle gebaut ginn, awer all Kéiers mat zwou Prisen, dat heescht 1.600 där Prisen iwwert d'Land verdeelt, 400 dovunner op Park & Riden an op Garen an déi aner 400 verdeelt iwwert d'Gemengen a spezifesch eben do, wou vill Leit si respektiv Autoe sech ophalen.

Et ass och festgehale ginn, dass minimum eng esou eng duebel Borne pro Gemeng soll gebaut ginn. Am November 2016, dat heescht also an engem gudde Mount, wäerten déi éischt Tester ufänken. An ab Abrëll 2017 sollen dann déi éischt Bornë fir d'Clienten zur Dispositioun stoen. 2020 soll déi lescht dann och installéiert ginn. A mir hoffen, dass mer souguer e bësse méi schnell do virukommen, fir dat dann ze maachen, fir dass dann 2020 flächendeckend iwwert d'ganzt Land déi Bornen dostinn.

Dir hutt elo gefrot, ob et, wou et scho Bornë gëtt. Ech mengen, et ginn eng ganz Rei Gemengen, déi Initiative geholl hunn - dont d'Stad Lëtzebuerg natierlech och -, déi op verschidde Plaze schonn elektresch Bornen installéiert hunn. Et ginn eng Rei Geschäfter, déi dat gemaach hunn, fir eng kommerziell Attraktivitéit ze hunn. Dir hutt Automobillproduzente wéi zum Beispill Tesla, déi entre-temps Bornen opgeriicht hunn.

An ech mengen, d'Elektromobilitéit oder déi ëffentlech Elektromobilitéit, déi ëffentlech Bornen, déi mer stellen, dat soll eigentlech just e Complément zu deem sinn, wat ee jo och doheem ka maachen. Ech mengen, bei der Elektromobilitéit geet et drëm, dass de Client herno de Reflex huet, fir all Owend, wann en heemkënnt, ebe säin Auto an de Stecker ze stiechen, an dann iwwerall, wann en dann op enger Plaz ass, wou esou eng Borne ass, kann en dann natierlech och nach eng Kéier oplueden, soudass déi Angscht vun der Räichwäit vum Auto ewechfält, dass een also net riskéiert, iergendwou hänken ze bleiwen.

Mä wivill Bornen elo genee scho wou stinn, doriwwer féiere mir kee Regëster. Dat kann ech Iech net soen.

Wéi ass et mam Präis? Et ass esou, dass d'Elektresch, wat Der haut vun de Bornë kaaft, wann Der Client bei Tesla sidd, do kritt Der et gratis, do bezilt d'Firma de Stroum. Dat heescht, Dir fuert komplett gratis. Wann Der muer op deenen Elektrobornen, déi de Stat installéiert, déi d'Operateuren installéieren, tankt, dann ass et esou, dass Der deen Tariff bezuelt, deen Der ausgemaach hutt mat Ärem Stroumfournisseur.

Mä just fir Iech eng Iddi ze ginn: Vu dass mer keng Akzise speziell op dat doten Elektresch fir d'Mobilitéit leeën, ass et esou, fir dat elo emol graff auszedrécken, dass Der 100 Kilometer kënnt mat engem Auto elektresch fuere fir de Géigewäert fir ronn 2 Euro. Wann Der déiselwecht 100 Kilometer fuert mat engem Diesel, da sinn et 6 Euro. A wann Der déiselwecht 100 Kilometer fuert mat engem Bensinner, da leit Der bei 10 Euro. Dat heescht, eleng do gesitt Der, wat den ekonomeschen Intérêt ass, fir mat esou engem Auto ze fueren.

Merci villmools.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Domat si mer um Enn vun eiser Froestonn ukomm. Mir hunn zéng Froen an enger Stonn kënnen evakuéieren. Merci fir d'Disziplinn!

Da komme mer zu dem nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Orientéierungsdebatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Stat. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Rapportrice zu där Orientéierungsdebatt, d'Madamm Josée Lorsché, ass scho prett. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

3. 7063 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Rapport de la Commission du Développement durable

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, wéi Dir wësst, féiert d'Chamber eemol am Joer eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Infrastrukturprojeten, déi de Ministère vum Développement durable zesumme mat anere Verwaltunge wëllt realiséieren, dëst am Laf vun den nächste Joren, mä net schonn den nächste Januar.

Dës Zort vun Debatt besteet zanter 2006 schonn a bezitt sech op all Projeten, déi, den Estimatioune vun der Regierung respektiv vun de Verwaltungen no, méi wéi zéng Milliounen Euro wäerte kaschten. Eréischt nodeems d'Chamber dann hiren Accord de principe zu deene Projete ginn huet, kann déi detailléiert Ausaarbechtung vun de Projeten ufänke mat allen Etüden, déi dozou gehéieren an déi och virgeschriwwe sinn.

Well dës Etüden zu dësem Zäitpunkt nach net gemaach sinn, ass et och net méiglech, de geneeë Käschtepunkt vun deene Projeten op den Dësch ze leeën. Ech betounen dat, well déi Fro ëmmer erëm opkënnt, firwat mir an dëser Debatt net vu genauen Zuele schwätzen.

Sollt et sech dann erweisen, datt e Projet méi wéi 40 Millioune wäert kaschten, ass d'Regierung forcéiert, e Finanzéierungsgesetz auszeschaffen zu deem spezielle Projet. - Dat zur Prozedur.

Déi geet zréck op eng Décisioun vun der Budgetskontrollkommissioun aus dem Joer 2005, déi deemools drop gehalen huet, datt d'Chamber méi Matsproocherecht beim Plange vun neien Infrastrukturprojete kritt an datt och méi Transparenz an dat ganzt Finanzement vun deene Projete soll kommen. An deem Sënn ass dann d'Budgetskontrollkommissioun och forcéiert, de finanzielle Suivi vun deene Projeten ze assuréieren. Doduerch geet de Minister dann all sechs Méint an déi Kommissioun a leet den Timing vir.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen dann zu der Lëscht vun den neie Projeten, déi den zoustännege Minister François Bausch der Nohaltegkeetskommissioun an der Sëtzung vum 22. September 2016 virgestallt huet. Et sinn der eng Hällewull. Et sinn der dëst Joer 18, soudatt ech aus Zäitgrënn net am Detail op all Projet kann agoen.

Generell wéilt ech fir d'Éischt soen, datt de Gros vun de Projeten, déi dëst Joer virgeluecht gi sinn, sech op d'Renovatioun, op den Assainissement an awer och op den Neibau vu bestoende Gebaier bezitt. Et geet also virun allem dorëms, fir déi al Bausubstanz, déi mer hunn, opzewäerten, ouni datt d'Erschléissung vun neiem Bauterrain néideg ass.

Dobäi ass et der Regierung och wichteg, bei all Bau, bei all Renovatioun a bei all Assainissement op ekologesch an energiespuerend Kritäre Wäert ze leeën. Méi Erklärungen dozou fannt Dir och a mengem schréftleche Rapport.

Ech fänken u bei den Infrastrukturen, déi iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs finanzéiert ginn. Dat sinn der néng.

Éischtens, eng Jugendherberg fir honnert Persounen iwwert der neier Gare routière zu Ettelbréck, an derniewent en zweet Gebai, wat den Hébergement vu sozialen, edukativen a medezinnesche Servicer soll erméiglechen. Dës zwee Gebaier sinn am Kontext vum Ausbau vun der Ettelbrécker Gare geplangt a gehéieren zum ganzen urbanistesche Konzept, wat schonn op dëser Plaz virgestallt ginn ass a wat am Zentrum vun Ettelbréck realiséiert gëtt.

Eng zweet Jugendherberg fir honnert Leit soll zu Veianen entstoen. Hei ass keen Neibau geplangt, mä d'Renovatioun an den Assainisse-

ment vun engem vu Sites et monuments geschütze Gebai am historesche Kär vu Veianen. Dëst Gebai huet bis 2013 als CIPA fonctionnéiert a gëtt an enker Zesummenaarbecht mat Sites et monuments als Jugendherberg ëmgebaut.

Ech kommen zum drëtte Projet. Dee besteet aus der Rekonstruktioun vun zwou Betreiungsinfrastrukturen aus dem Joer 1982 fir kleng Kanner um Kierchbierg. Dës Gebaier si mat Asbest belaascht a sollen zwee neie Gebaier Plaz maachen. Dat eent ass geduecht fir 350 Kanner an 38 Betreier. Et soll als Garderie fonctionnéieren. Dat anert fir 110 Kanner a 40 Betreier an ass als Crèche ugeduecht.

Well dës Infrastrukture fir d'Besoine vun der Europäescher Kommissioun a vum Europaparlament gebaut ginn, handelt et sech fir eise Budget ëm eng Null-Operatioun. Dat ass jo ëmmer esou bei Projeten, déi d'Europäesch Kommissioun betreffen. Dat heescht, datt de Lëtzebuerger Stat zwar de Maître d'ouvrage ass an de Virfinanzement garantéiert, mä datt d'Käschten duerno vun der Europäescher Kommissioun u Lëtzebuerg zréckbezuelt ginn. Zu dësem Projet gehéiert iwwregens och de Réaménagement vum Bausseberäich mat engem Parking an dem Bau vun engem Restaurant.

En anere Projet am Beräich vun den europäeschen Institutiounen ass d'Realisatioun vun zousätzleche Sécherheetsmoossnamen um Site vum Europäesche Geriichtshaff, déi och dann iwwert déi Europäesch Unioun finanzéiert wäerte ginn. Sënn an Zweck vun deene Moossnamen ass, de Geriichtshaff als wichteg europäesch Institutioun besser virun Terrorattacken ze schützen. D'Noutwendegkeet vun deene Moossnamen huet sech aus engem Audit erginn, deen dozou duerchgefouert ginn ass.

Ech kommen dann zum fënnefte Projet. Hei handelt et sech ëm d'Reaffektatioun vun der Nationalbibliothéik um Site tëschent dem Boulevard Roosevelt an der Rue Notre-Dame. Heizou wéilt ech e wéineg méi an den Detail goen. Ab 2019, wann déi nei Nationalbibliothéik um Kierchbierg bis fonctiounsfäeg ass, soll an deem Gebai hei eng Galerie mat permanenten an temporären Ausstellunge vu Lëtzebuerger Konschtwierker entstoen. Et ass déi Galerie, vun där Der schonn héieren hutt. De Kulturminister huet se schonn ugekënnegt. An et ass och geduecht, datt do eng ganz Rei kulturell, didaktesch an edukativ Aktivitéiten op deem Site solle stattfannen.

Dernieft ass awer och ugeduecht, an deemselwechte Gebai Logementer ënnerzebréngen, déi awer nach am Detail ze definéiere sinn an déi der Regierung no eng sozial Ausriichtung solle kréien. Dëse Projet wäert an enker Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg geplangt an ëmgesat ginn. An dofir bleift do nach munches ze definéieren, wuel wëssend, datt et sech bei dësem Gebai ëm eng ganz wäertvoll historesch Ierfschaft handelt, e Gebai, wat am Kär vun der Haaptstad läit. Et war dat Gebai, wat 1603 fir de Collège des jésuites zur Verfügung gestallt ginn ass, duerno 1817 fir de Kolléisch an zanter 1973 fir d'Nationalbibliothéik.

De sechste Projet betrëfft dann och e bekannt Gebai, d'Villa Louvigny am Stater Park, déi aus dem Joer 1920 staamt, also och schonn e gewëssenen Alter huet a mëttlerweil komplett renovéierungsbedürfteg ass, dëst souwuel um Niveau vun der Energieversuergung wéi och um Niveau vun der Sécherheet.

Wéi Dir wësst, ass de Gesondheetsministère zanter dem Joer 2000 an deem Gebai ënnerbruecht. Et ass renovéiert ginn am Joer 1998 bis dann 2000, awer net genuch. Virdru war et dann de Sëtz vun RTL, dat wësst Der och alleguer. Wéi gesot, muss dëst Gebai vu Fong op astand gesat ginn.

De siwente Projet, deen iwwert deeselwechte Fong leeft, besteet aus der Konstruktioun vun engem neien nationale Krisenzentrum um Site vum Schlass vu Senningen. Hei ass virgesinn, datt och den Haut-Commissariat à la protection nationale an deem Gebai ënnerbruecht soll ginn, nieft engem sécuriséierte Sall fir de Centre des technologies de l'information de l'État. Zousätzlech geet et drëms, d'Schlass vu Senningen un déi international Sécherheetsstandarden unzepassen.

An da kommen ech zu deenen zwee leschte Projeten, déi iwwert dee Fong lafen. Deen éischten ass d'Konstruktioun vu Gebailechkeete fir Ponts et chaussées a fir d'CFL zu Iechternach, deen zweeten de Bau vun engem Dépôt fir Ponts et chaussées a fir d'Gestion de l'eau um Fridhaff. Dëse leschten Dépôt wäert den aktuellen Dépôt vu Ponts et chaussées zu Gilsdorf ersetzen, well deen Terrain gebraucht gëtt fir d'Besoine vum Lycée technique agricole, dee jo do entsteet.

Här President, ech kommen zu de Projeten, déi iwwert d'Fonds publics scolaires lafen an deemno d'Schoulinfrastrukture betreffen. Dat sinn der dräi an dësem Joer.

Deen éischte Projet besteet aus der Reorganisatioun vum gesamte Site ronderëm de Lycée technique vun Ettelbréck. Well de Lycée technique agricole, dee sech op där anerer Säit vun der Avenue Salentiny befënnt, op Gilsdorf plënnert, kann dëst Gebai, wat elo zu Ettelbréck steet, duerno zum Deel ofgerappt an zum Deel renovéiert ginn. Dat erlaabt, en neie Schoulcampus ze schafe vu ganzer sechs Hektar, an dat fir de Lycée technique vun Ettelbréck.

Den zweete Schoulprojet ass en neie Lycée fir 1.200 Vollzäitschüler a 680 Schüler am sougenannte Régime concomitant, déi eng Beruffsausbildung absolvéieren. Dëse Lycée ass souwuel fir den ënneschten Zyklus vum Enseignement secondaire classique wéi och fir sämtlech Cyclë vum Enseignement secondaire général geduecht a soll an der Peripherie vun Ierpeldeng am Norde vum Land entstoen, dëst op enger Fläch vun ongeféier 5,8 Hektar. An dee Lycée wäert och, wéi an all anere Lycéeën, eng Sportshal integréiert ginn.

Den drëtte Schoulprojet bezitt sech dann op déi méi eeler Generatioun. Et geet ëm den Ausbau vun der Uni Lëtzebuerg um Campus vum Kierchbierg. Hei geet et drëms, souwuel d'Fakultéit vum Droit, der Ekonomie an de Finanzen zesumme mam Max-Planck-Institut an deem Quartier ënnerzebréngen. Zu deem Zweck wäert d'Annex vum Lycée technique du Centre, déi schonn haut vun der Uni genotzt gëtt, ofgerappt an nei gebaut ginn, wärend de Bâtiment Henri Tudor bestoe bleift. Zousätzlech ass och virgesinn, datt d'Fondation Losch e Gebai mat neien Auditoirë fir d'Uni wäert realiséieren.

Domat kommen ech da bei den nächste Fong, de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux. An dee Fong gëtt just ee Projet ageschriwwen, an zwar de Bau vun enger neier Opfangstruktur fir zousätzlech 240 Demandeurs de protection internationale um Terrain vum Foyer Don Bosco um Lampertsbierg, dëst an direkter Proximitéit zum Foyer Lily Unden, deen zanter 2015 fonctionnéiert.

Hei wéilt ech betounen, datt dëse Projet nëmme realiséiert gëtt, wa kee Wee méi derlaanscht féiert, zousätzlech DPIen um Lampertsbierg respektiv an der Stad unzesidelen. Prioritär muss et am Kontext vum Accueil vun de Flüchtlinge jo drëms goen, de Bau vun neien Opfangstrukture fir d'DPIen ze dezentraliséieren a se méi équilibréiert am Land ze verdeele wéi bis elo, wou ech gäre soen, datt d'Stad Lëtzebuerg, niewent enger Rei anere Gemengen, schonn eng grouss Verantwortung iwwerholl huet an datt et och u Gemengen ass, déi nach keng Flüchtlingen hunn, sech dozou ze bekennen.

Jiddefalls ass et héich Zäit, datt de Foyer Don Bosco, deen aus de 60er Jore staamt, ofgerappt gëtt, well et kengem Mënsch méi zouzemudden ass, an deem Gebai ze liewen. An et ass och kloer, datt dat Gebai vun der Substanz hier net méi gerett ka ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e weidere Fong, deen ugezaapt gëtt, ass dann de Fonds des routes, wéi ëmmer, iwwert deen dräi Projete solle finanzéiert ginn.

Deen éischten ass zu Réimech geplangt - ech kucken op den Här Kox -, wou d'Esplanade nei aménagéiert soll ginn, dëst ënner anerem mat der Realisatioun vun zousätzlechen Héichwasserschutzmoossnamen, dem Bau vun enger neier Vëlospist - wat jo eng flott Saach ass fir d'Touristen, mä net nëmmen -, dem Redressement vun der Route du Vin an dem Ausbau vum Quai fir Croisièresschëffer, déi jo schéngen e grousse Succès zu Réimech ze hunn.

De gesamte Projet besteet aus siwen Deelprojeten, déi d'Ponts et chaussées an Zesummenaarbecht mat der Stad Réimech ausgeschafft hunn. Hei läit schonn en estimative Budget vir an dee bedréit 16 Milliounen Euro. Aus Zäitgrënn ginn ech och hei net an den Detail, verweisen awer ganz gären op Pläng, déi ech Iech zouschécken, wann Der se wëllt hunn.

Den zweete Projet vum Fonds des routes féiert an den Norden, an zwar op d'N7 - ech kucken elo an eng aner Richtung -, wou bekanntlech vill Accidenter geschéien a wou sech eng Rei Sécherheetsmoossnamen opdrängen opgrond vun zwee Sécherheetsauditen, déi op der Streck duerchgefouert gi sinn.

Wat ass konkret geplangt? Éischtens geet et drëms, eng Leitplank an der Mëtt vun der Strooss op enger Streck vun 18 Kilometer ze erriichten. Dës Moossnam betrëfft déi Tronçonen, déi dräispureg verlafen a wou d'Gefor erwisenermoossen am gréissten ass.

Zweetens huet den Audit och erginn, datt d'Kräizunge solle sécuriséiert ginn, dëst duerch eng ganz Rei Moossnamen, déi och an engem deementspriechenden Dokument festgehale sinn an déi ech Iech ganz gären zoukomme loossen, wann dat Iech interesséiert.

En drëtten a leschte Projet, Här President, deen iwwert de Fonds des routes soll finanzéiert ginn, betrëfft d'Suppressioun vum Passage à niveau PN17 zu Walfer. Domat verbonnen ass de Bau vun enger Ënnerféierung fir de motoriséierten Trafic a fir d'Mobilité douce, dat heescht de Foussgänger an de Vëlosfuerer. Zweetens awer och de Bau vun enger Ënnerféierung fir Foussgänger op der Héicht vum zweete PN, de PN16, an d'Mise en conformité vum Arrêt Walfer, deen ënner anerem behënnertegerecht wäert ëmgebaut ginn.

Schlussendlech kommen ech bei zwee Projeten, déi iwwert de Fonds du rail lafen a sech deemno op d'Eisebunnsinfrastrukture bezéien. Beim éischte Projet handelt et sech ëm d'Erneierung an ëm d'Modernisatioun vun der Gare vu Klengbetten. Nieft der Erneierung vun de Quaien, déi fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit wäerten ëmgebaut ginn, gëtt och en neie Souterrain gebaut, deen de Park & Ride mam Quai intermédiaire - wéi e genannt gëtt - verbënnt. Dëse Quai gëtt bis zu der Rue du Chemin de fer ausgebaut, wärend dat aalt Stellwierk wäert ofgerappt ginn a Plaz wäert maache fir zousätzlech Abrien an enger gehëtzter Salle d'attente, soudatt ee ka soen, datt dës Gare vill méi benotzerfrëndlech wäert ginn, wéi se bis elo ass.

Och dëse Projet ass scho méi ausgeräift, soll tëschent 2017 an 2019 realiséiert ginn, an dëst fir 14 Milliounen Euro, den Estimatiounen no.

Den zweeten Eisebunnsprojet, Dir Dammen an Dir Hären, besteet aus der Aféierung vum sougenannte Système automatisé d'information aux voyageurs, op dee scho laang gewaart gëtt. Dëse System ass geduecht, fir d'Clientë souwuel akustesch wéi och visuell op sämtleche Garen an Haltestelle vum Land iwwert déi real Zäitschinn vun den Zich ze informéieren. Dat heescht, datt d'Passagéier ganz geziilt op eng uniformiséiert Manéier iwwer eventuell Retarde vun den Zich an d'Bild gesat ginn a genee wëssen, wéini den Zuch dann elo ukënnt. Ech weisen Iech d'Bild, wéi déi Tableaue wäerten herno ausgesinn. Dat ass en Affichage, deen op alle Garë wäert deeselwechte sinn.

(Mme Josée Lorsché montre une documentation à la Chambre des Députés.)

Här President, domat hunn ech déi 18 Projeten esou gutt wéi méiglech resüméiert. Mat verschiddenen Nuancen, jee no Interessen a perséinleche Preferenzen, géif ech emol mengen, hunn d'Membere vun der Kommissioun d'Lëscht vun de Projeten an der Sëtzung vum 6. Oktober 2016 eestëmmeg ugeholl. An deem Sënn iwwerreechen ech Iech, Här President, eng deementspriechend Motioun, déi vun de Vertrieder vun der LSAP, der DP, déi gréng, ADR an déi Lénk ënnerschriwwen ass an d'Regierung opfuerdert, déi néideg Etüden ze realiséieren, fir datt d'Projeten iwwerhaapt kënnen ëmgesat ginn.

Motion 1

«Grands projets d'infrastructure de l'État»

La Chambre des Députés

Vu

- la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructure;

- la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics;

Considérant

- l'avis de la Cour des comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructure du 22 mars 2001;

- la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 prise suite à la présentation de l'avis précité;

- les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructure dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre;

- la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion «grands projets d'infrastructure Travaux publics» du 23 octobre 2008;

- le fait que ladite procédure répond aux préoccupations formulées dans la motion précitée du 29 janvier 2002;

- la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros;

- la liste des projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avant-projet détaillé (APD) à charge du département du Développement durable et des Infrastructures, présentée lors des séances du 22 septembre et du 6 octobre 2016 de la Commission du Développement durable;

- la présentation détaillée des différents projets que les responsables du Ministère du Développement durable et des Infrastructures et de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois ont fournie à la Commission du développement durable;

- l'avis favorable que ladite Commission a émis pour chaque projet qui lui a été présenté;

Marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire 2017 afin de garantir les objectifs suivants:

a. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics administratifs

- Construction d'une auberge de jeunesse et des structures d'accueil à Ettelbruck

- Construction d'un dépôt des Ponts et chaussées & Gestion de l'eau au Fridhaff

- Centre polyvalent de la petite enfance Kirchberg (CPE1 & CPE2): nouvelles constructions

- Auberge de jeunesse à Vianden: rénovation et assainissement

- Bibliothèque nationale, rue Notre-Dame: création d'une Galerie d'art nationale et élaboration d'un projet de logements en étroite concertation avec la Ville de Luxembourg

- Villa Louvigny à Luxembourg: rénovation et assainissement

- Construction d'un nouveau Centre national de crise: sécurisation du site «Château de Senningen»

- Construction de dépôts et ateliers pour les besoins des Ponts et chaussées et d'un hangar CFL à Echternach

- Palais de la Cour de justice européenne: mesures de sécurité

b. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics scolaires

- Lycée technique Ettelbruck: réaménagement et extension de l'ancien Lycée technique agricole

- Construction d'un nouveau Nordstad-Lycée à Erpeldange

- Réaménagement du site de l'Université du Luxembourg: Faculté de Droit, d'Économie et des Finances et Institut Max Planck à Luxembourg-Kirchberg

c. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux

- Nouveau centre pour demandeurs de protection internationale sur le terrain du Foyer Don Bosco (Foyer Lily Unden II) au cas où le grand afflux de DPI persiste et rend cette nouvelle construction indispensable

d. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds des routes

- Réaménagement de l'Esplanade de Remich

- Réaménagement de la N7

- Suppression du PN17 et aménagement d'un passage inférieur pour trafic motorisé et mobilité douce sur le CR125 menant vers Stafelter à la hauteur du PN17 à Walferdange

e. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds du rail

- Gare de Kleinbettingen: renouvellement et modernisation des installations fixes

- Aménagement aux gares ferroviaires d'un système automatisé d'information aux voyageurs.

(s.) Josée Lorsché, Gast Gibéryen, Gusty Graas, Roger Negri, David Wagner.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.-* Ofschléissend drécken ech deene villen an äifrege Mataarbechter a Mataarbechterinne vum MDDI, vun der Administration des bâtiments publics, vu Ponts et chaussées an CFL

nach e grousse Merci aus fir déi detailléiert Erklärungen, déi si eis an der Kommissioun ginn hunn, a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da kënne mer zu der Diskussioun iwwergoen. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Aly Kaes.

Débat

M. Aly Kaes *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kann ee soen: „alle Jahre wieder", well mer sinn all Joer hei, fir dann déi grouss Projeten an där doter Form ze diskutéieren, esou wéi d'Madamm Lorsché, där ech, fir unzefänken, villmools Merci soe fir hiren exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport, dat och schonn hei gesot huet. E Rapport iwwert den Diskussiounspabeier vun dëser dach wichteger Prozedur, mam Zil, scho fréi am Laf vun där Prozedur den Accord de principe vun der Chamber fir gréisser Infrastrukturprojeten ze kréien.

Duerno ass et jo da bekanntlech un der Comexbu, fir de Suivi financier vun den Dossieren ze maachen. An et muss ee scho soen, datt, zënter datt et d'Prozedur gëtt, 2006, et ass scho gesot ginn, u sech d'Dépassementer dach awer vill méi kleng gi sinn.

Zu de Projete selwer brauch ech wierklech net an den Detail ze goen. D'Madamm Lorsché huet dat engersäits gemaach, an anerersäits, well einfach d'Projeten - an och si huet dat schonn erwäänt - nach däermoossen an de Kannerschong stiechen, oder déi meescht Projeten, kann an dësem Moment net allze vill iwwert d'Detailer vun de Projete gesot ginn.

Allgemeng kann ee feststellen, wat begréissenswäert ass, datt eng Rei Infrastrukture geschaaft ginn, déi gutt sinn, fir Lëtzebuerg am Tourismus virunzebréngen, wéi zum Beispill déi nei Jugendherberg zu Ettelbréck op där neier Gare, déi domadder also och direkt un den éffentlechen Transport ugebonnen ass. An dann eng zweet Infrastruktur, wéi et jo och scho gesot ginn ass, déi eng Rei Organisatioune beherbergt am méi soziale Beräich.

An da gëtt gläich am Norden nach eng zweet Infrastruktur an där Hisiicht geschaaft, an dat an der Stad Veianen - oder an der Stad Veinen, wann een dat gär richteg seet -, an zwar ebenfalls, wéi gesot, eng Jugendherberg mat honnert Plazen. Dëst ass extrem wichteg fir den Zentrum vu Veianen an u sech ass et och an engem Gebai, wat jo virdrun e Centre intégré war a wat u sech en Ensembel mat där dach beschtbekannter Trinitarierkierch vu Veianen duerstellt. An deen Ensembel soll dann och heimadder - Dir gesitt also, villes geet awer mateneen -, deen Ensembel soll dann op jidde Fall och heimadder opgewäert ginn.

Bon, et muss een natierlech elo kucken - hei ginn 200 Plazen an deem Beräich geschaaft -, datt dës Infrastrukturen an der Zukunft och esou public gemaach ginn am In- an Ausland, fir datt se och optimal kënne genotzt ginn.

Da gouf et an den Diskussiounen an an de Pabeiere vun där zoustänneger Kommissioun en Dossier iwwert d'Nationalbibliothéik, wou et drëm gaangen ass, 35 Logementer fir Jonker ze schafen, déi Schwieregkeeten hunn, um Wunnengsmarché Fouss ze faassen.

Wann ech elo gutt nogelauschtert hunn, dann ass dat nuancéiert ëmdisponéiert ginn an elo, an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg, sollen an Zukunft an dat Gebai, dat dann net méi als Nationalbibliothéik genotzt gëtt, Wunnenge kommen. An et gëtt sech net méi spezifesch op eng Kategorie fokusséiert, mä et sollen allgemeng, an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg, Wunnengen do geschaaft ginn. Dat ass op jidde Fall fir d'CSV och méi sënnvoll an d'CSV kann och dat neit Element absolutt ënnerstëtzen.

Hei soll dann och eng Konschtgalerie realiséiert ginn. Ech mengen, et ass kloer, datt d'Konscht ganz wichteg ass an absolutt soll ënnerstëtzt ginn. D'Fro ass natierlech, ob een an deem Gebai dann elo nach eng Konschtgalerie soll implantéieren. Ech wëll och an deem Kontext den Här Minister froen, ob effektiv och an deem Dossier d'Stad Lëtzebuerg mat agebonne war oder agebonnen ass, well dat Gebai jo awer am Häerz vun der Stad läit a jo och eng gewësse Geschicht huet.

Dann ënnerstëtzt d'CSV, wat och eng ganz laang Fuerderung war, fir d'Uni Lëtzebuerg net ganz aus der Stad erauszehuelen, ënnerstëtzt natierlech d'CSV, datt d'Uni Lëtzebuerg u sech weider mat engem wichtegen Deel um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg bleift. Mir wëlle vum Här Minister dach awer wëssen, wat dann elo um Lampertsbierg, wann et do schonn Informatioune gëtt, am Detail mat deene Gebaier geschitt, wou jo elo de Moment nach d'Uni Lëtzebuerg dran ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Bau vun engem Dépôt fir Ponts et chaussées um Fridhaff a vun Infrastrukture vun der Gestion de l'eau, dat ass eng sënnvoll Ëmsiidlung vun dëse Servicer aus der Gilsdorfer Strooss, wou jo an der Proximitéit eng ganz Rei vu Schoulinfrastrukture scho präsent sinn, an zwar am Secondaires-Beräich, a wou jo dann och no bäi d'Akerbauschoul gebaut gëtt. Hei gëtt sécher domadder Plaz fräi fir schoulno Infrastrukturen, wéi zum Beispill en Internat oder Sportinfrastrukturen.

An deem Kontext wollt ech och den Här Minister da froen, wéi et ëm déi Dikrecher Schwämm steet, déi jo vum Stat iwwerholl ginn ass a wou haut scho bäi Wäitem net genuch Méiglechkeete sinn, fir datt all déi Schoulen optimal hire Schwammsport kënnen ausüben. Et leien iwwregens och scho méi laang déi eng oder déi aner Demanden do vun Nopeschgemengen, fir sech kënnen an där Schwämm do definitiv och Stonnen ofzesécheren. Gëtt dës Schwämm erweidert? Gëtt se moderniséiert? Wat geschitt mat där Dikrecher Schwämm?

De Bau vun engem neie Centre national de crise an d'Sécurisatioun vum Senninger Schlass si Saachen, wou mer jo virun e puer Joer nach guer net dru geduecht hätten. Mä leider ass et d'Entwécklung an eiser Welt, déi dat ganz einfach néideg mécht. Duerfir kënne mer dat och nëmmen ënnerstëtzen.

An déiselwecht Problematik reie sech natierlech och d'Aarbechten a betreffend d'Sécherheetsmoossname bei der Cour de justice européenne.

Ech wëll och ausdrécklech d'Investitiounen am Beräich vun de Schoule begréissen. Dëst si Projete vun enger nationaler Importenz a se mussen zäitno realiséiert ginn. Ech wëll se elo net nach eng Kéier opzielen. Et ass och déi eng oder déi aner Infrastruktur, déi zu Ettelbréck oder no bei Ettelbréck realiséiert gëtt, wat ech perséinlech natierlech nëmme ka begréissen.

E wichtege Projet, fir Leit an Nout ze hëllefen, ass den neien - d'Madamm Lorsché huet et scho gesot - Centre pour demandeurs de protection internationale um Terrain vum Foyer Don Bosco, de Foyer Lily Unden II. Hei fannen 240 Flüchtlinge Plaz, also duebel esou vill wéi an deem Zenter, dee schonn do besteet. Et ass wichteg, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt mer deene Mënschen eng adequat Struktur kënnen ubidden. Si hu schonn oft en traumatesche Parcours hanner sech, an da musse mir hinnen einfach ugepassten Opfanginfrastrukturen ubidden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss awer soen: Wat d'Solidaritéit - an et ass virdrun och scho bei der Rapportrice esou ugeklongen - op dësem Niveau ubelaangt, wëll ech awer hei och nach eemol erwänen, datt et eng Rei Gemenge gëtt, jo, déi ganz konstruktiv matschaffen. Anerer hunn awer vill méi Retizenzen. Fir déi Gemengen, wéi zum Beispill d'Gemeng Tandel, an dat kann ech mat rouegem Gewësse soen,...

Une voix.- Aah!

M. Aly Kaes *(CSV).*- Jo, et kann een elo hei „aah" soen. ...déi scho laang ugebueden hunn - an den Här Minister kann dat bezeien -, honnert Leit - an dat ass proportional zur gesamter Bevëlkerung nawell guer net esou schlecht - opzehuelen, ass d'Infrastruktur, déi vum Stat gebaut soll ginn, leider nach ëmmer net do. Wann een do gesäit, wéi aner Länner kuerzfristeg musse vill Logementer zur Verfügung stellen, ech mengen, da musse mir eis och Moyene ginn, vill méi schnell ze reagéieren, wéi dat leider awer bis elo de Fall ass.

Bon, wat de Fonds du rail ugeet, esou ass nieft dem Projet vun der Gare zu Klengbetten virun allem den automatiséierten Informatiounsservice fir Zuchclienten ervirzehiewen, well jiddwereen, dee mam Zuch ënnerwee ass, heiduerch méi - natierlech méi - Confort huet an och sécher ass, all néideg Informatiounen iwwert d'Verbindungen och en temps réel matgedeelt ze kréien. Nodeems d'Stater Gare a Miersch scho mat dësem System équipéiert sinn an Ettelbréck als ëmmerhin zweetgréisst Gare och elo geschwë soll un de System ugeschloss ginn, hoffen ech, datt de System schnellstméiglech flächendeckend fir all Garen ëmgesat gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend kommen ech dann elo zu de Projete vum Fonds des routes. De Réaménagement - et ass och scho gesot ginn - vun der Esplanade zu Réimech ass e wichtege Projet fir d'ganz Regioun. Ech mengen, den Här Kox gëtt mer do recht, well, wéi Der alleguerte wësst, ass Réimech, jo, et kann ee soen, d'Pärel vun der Musel, nieft dem...

(Brouhaha)

Gitt mer eng Chance, gitt mer eng Chance! Ech si jo net fäerdeg!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Schengen...

M. Aly Kaes *(CSV).*- ...nieft dem Kolleeg Léon Gloden senger Muselmetropol Gréiwemaacher ee vun den touristeschen Unzéiungspunkter vun der Regioun. An dowéinst ass et wichteg, datt d'Esplanade gutt aménagéiert ass.

Zäitgläich gi jo dann d'Aarbechten un der Route...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, déi zweet Rei dohannen ass elo emol roueg!

(Hilarité)

M. Aly Kaes *(CSV).*- Merci, Här President.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Voilà! ...un der Route du Vin gemaach. D'Vëlospist gëtt dann och realiséiert. An dann, wat fir Réimech ganz speziell a wat ganz wichteg ass, ginn och, esou wéi et scho gesot ginn ass, eng ganz Rei vun Héichwaassermoossname getraff. Well et ass keen, dee besser weess, wéi problematesch datt dat ass wéi dee Réimecher Buergermeeschter, well hien ass bal all Kéiers derbäi, wann et heescht Héichwaasser.

Aus Sécherheetsgrënn ass och de Projet, dee virgesäit, zu Walfer um CR125 a Richtung Stafelter de Passage à niveau 17 duerch e Passage inférieur ze ersetzen, richteg a wichteg.

Dir gesitt, ech hu bis elo bal nëmme ganz positiv geschwat, Här President.

(Interruption)

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Presidentin, entschëllegt. Ech gesinn en dohanne stoen, den Här President.

Ech weess natierlech, datt Der all drop waart. Jo. Duerfir kommen ech dann elo zum Réaménagement vun der N7.

Plusieurs voix.- Aah! Très bien!

M. Aly Kaes *(CSV).*- Dëse Projet, dee fir mech alt erëm just eng, jo, soe mer, Tëschenetapp Richtung véier Spure kann duerstellen, geet zréck op zwee Sécherheetsauditen aus de Joren 2007 an 2011. Et handelt sech ëm en Tronçon mat zwou plus eng Spuren op enger Längt vun 18 Kilometer. Dat Ganzt huet awer 40 Kilometer tëschent dem Rond-point Fridhaff an der belscher Grenz. Hei gëtt engersäits eng Trennung tëschent de Spure virgesinn an och verschidde Plaze solle geséchert ginn. Et ginn och Konzepter definéiert, wéi déi geféierlech Kräizunge Fléiber, Rouderssen, Duerscht a Lausduer kënne réaménagéiert ginn an, wéi ech scho gesot hunn, méi sécher gemaach ginn.

Doriwwer eraus gëtt och analyséiert, wéi en Impakt eng zentral Trennung op d'Konfiguratioun vun de Kéieren huet a puncto Sécherheet an och de Contrainten, déi et do gëtt, wéi zum Beispill den Accès op déi verschidden Terrainen an natierlech d'Accessibilitéit fir d'Services techniques an d'Rettungsdéngschter.

Schlussendlech soll nach gekuckt ginn, jo, ob eng Vëlospist ka bei der N7 ageplangt ginn, fir d'Mobilitéit vun de Cyclisten an der Regioun ze förderen.

Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Presidentin, ech kann et net oft genuch soen: Dëst ass alles just Gepléischters an ass einfach net zukunftsorientéiert fir d'Entwécklung vum Norde vun eisem Land! Dat Eenzegt, wat den Awunner vun der Regioun eppes brëngt an och wierklech eppes zur Sécherheet op der ganzer Streck bäidréit, ass den Ausbau vun der N7 op zweemol zwou Spuren.

Une voix.- Très bien!

M. Aly Kaes *(CSV).*- Well et muss ee jo wëssen, datt et elo schéin a gutt ass, datt 18 Kilometer vun där N7 mat Leitplanken an der Mëtt geséchert ginn. Esou wéi ech et scho gesot hunn: Et bleiwen dann awer nach ëmmer 22 Kilometer, déi ongeséchert sinn. A wat fir Accidenter do kënne geschéien, hu mer jo leider erëm eng Kéier de leschte Weekend gesinn. An, souvill wéi ech informéiert sinn, ass schonn nees haut tëschent Maarnech an Housen en Accident geschitt, wou méi Autoen dra verwéckelt sinn a wou et anscheinend och Blesséierter gi sinn.

Jo, da war ech de Moie bei der Presentatioun vum Budget derbäi. An do huet de Finanzminister op dëser Plaz hei Folgendes gesot: „Déi Problemer, déi mer all kennen, fir moies op d'Aarbecht ze kommen an owes erëm zréck, sinn awer net eng Konsequenz... oder sinn net déi direkt Konsequenz vum héije Wuesstum. Si sinn eng Konsequenz dovunner, dass de Wuesstum iwwer Joren net richteg encadréiert gouf an d'Infrastrukturen net matzäit ugepasst goufen."

Wann dat dann esou soll richteg sinn, wéi den Här Gramegna dat de Moie gesot huet, dann dierf dës Regierung kee Moment zécken an net deeselwechte Feeler nach eemol maachen an d'gesamt Streck esou séier wéi méiglech op zweemol zwou Spuren ausbauen.

Da wëll ech awer och nach eng kleng Remarque maachen, Här Minister. Ech fannen et drolleg, wann Der zu Houschent an zu Maarnech d'Bauere gewarnt hutt, datt en Ausbau vun zweemol zwou Spuren dach awer e Verloscht vu villen Terraine géif no sech zéien, dann awer elo gläichzäiteg d'Absicht hutt, eng Vëlospist op der ganzer Streck ze realiséieren. Näischt, wierklech näischt, Här Minister, géint eng Vëlospist, au contraire, awer hei muss d'Prioritéit op enger fonctionneller a sécherer Strooss leien. A mam beschte Wëllen: Ech kenne keen, deen all Dag vu Sankt Vith an d'Stad mam Vëlo schaffe fiert!

Bon, éier ech zu engem dach awer nach méi perséinlechen a vläicht och méi witzegen Ofschloss kommen,...

Une voix.- Aah!

M. Aly Kaes *(CSV).*- ...ginn ech dann awer, och wa mer d'Motioun net ënnerschriwwen hunn, den Accord vun der CSV-Fraktioun zu de Projeten alleguerten, mä ech soen och ganz kloer: Ech hunn et net iwwert d'Häerz bruecht, fir déi Motioun ze ënnerschreiwen, well do awer d'N7 net wäit genuch geet.

(Interruption)

Ech wollt awer dann ofschléissend mat enger klenger Anekdot déngen. Här Minister, ee vun den Exponente vun Ärer grénger Partei am Norden huet viru Kuerzem, jo, dem honorabelen Här Claude Adam Folgendes gesot...

(Brouhaha)

...- ech zitéieren -: „Dee Kaes dreemt vun Autobunnen a baut Vëlosweeër, an eise Bausch, deen dreemt vu Vëlosweeër a baut Autobunnen." Dëst gesot, soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

(Brouhaha)

Ass et eng Fro?

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Jo. Merci, Här Kaes. Ee Moment, den Här Adam wëllt lech eppes froen oder e Kommentar maachen.

M. Aly Kaes *(CSV).*- Selbstverständlech, Här Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Här Kaes, ech kennen déi Geschicht do. Ech hunn awer elo just... Dir hutt mäin Numm mat drabruecht. Dat do ass awer keng Ausso vu mir, oder?

Une voix.- Neen!

M. Aly Kaes *(CSV).*- Dat hunn ech jo och net gesot!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Dann hat ech lech falsch verstanen. Ech war e bëssen erféiert.

M. Aly Kaes *(CSV).*- Neen, ech hu gesot...

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Ech war e bëssen erféiert. Gutt!

M. Aly Kaes *(CSV).*- Ech kann lech et nach eng Kéier virliesen.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci. Ech liesen et no. Ech liesen et no.

(Brouhaha)

M. Aly Kaes *(CSV).*- Ech hu gesot, dee Mann vun Ärer Partei, deen hätt bei lech dat hei gesot.

Une voix.- Wat genee?

M. Aly Kaes *(CSV).*- Ech hunn dat gesot.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Sou! Also, lues!

M. Aly Kaes *(CSV).*- An domadder soen ech lech nach eng Kéier Merci fir d'Nolauschteren.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Waart! Hei, den Här Arndt wéilt nach eppes soen. Dir misst stoe bleiwen!

M. Aly Kaes *(CSV).*- Selbstverständlech, Här Arndt.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- E Buergermeeschter aus dem Norden.

M. Frank Arndt *(LSAP).*- Här Kaes, vu datt mer mat der N7 allen zwee betraff sinn an och oft drop ugeschwat ginn, froen ech mech awer, firwat datt an deem heite Moment d'CSV dee Pabeier hei net konnt ënnerschreiwen, well net méi drasteet wéi e Réaménagement vun enger N7. Wann elo méi explizitt drop

agaange gi wier, hätt ech Iech verstanen, datt Der gesot hätt: „An der Mëtt eng Leitplank ze maachen, domat si mer net d'accord, wann dat drasteet." Awer hei steet kloer dran, de Réaménagement vun der N7 soll gekuckt ginn. Firwat ënnerschreift dann d'CSV dee Pabeier hei net mat?

M. Aly Kaes *(CSV).*- Majo, ech kann Iech eng ganz einfach Äntwert ginn. Wann Der gutt nogelauschtert hutt, da stëmmt d'CSV dee Pabeier. An domadder huet d'CSV jo dann och den Accord ginn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Exzellent.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Sou! Merci, Här Kaes. Als nächsten ageschriwwene Riedner kënnt elo den Här Roger Negri. Elo gi mer an de Süden. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Madamm Presidentin.

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- E bësselche Rou am Sall, wann ech gelift!

Här Negri, fuert lass!

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Madamm Presidentin. Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, als Éischt wëll ech der Rapportrice, der Madamm Josée Lorsché, villmools Merci soe fir hiren exzellente Rapport, dee ganz komplett war an zu deem mer och haut den Accord de principe ginn; wuelverstane fir d'Etüden ze entaméieren an net fir déi definitiv Projeten. Ech mengen, dat gëllt fir all déi Saachen, wou mer och elo diskutéiert hunn, wou ech herno nach eng Kéier spéider wëll och awer dozou schwätzen.

Zanter 2006, wou dës Prozedur besteet, huet sech jo déi wirtschaftlech Situatioun weltwäit an och zu Lëtzebuerg staark verännert; am Ufank no ënnen an de Moment no uewen. Trotzdeem, a grad an Zäite vun enger méi schwaacher Konjunktur, hu mir ëmmer d'Investitiounen an eis Infrastruktur op engem héijen Niveau gehalen. Mir konnten eis dat leeschten, well mer virun der Finanz- a Wirtschaftskris eng gutt Ausgangssituatioun haten. Mä et stécht derhannert och d'Iwwerzeegung, dass ee grad a méi schwéieren Zäiten d'Ekonomie net dierf ofwiergen an dass ee sech einfach doutspuert.

Wichteg ass dann awer, dass een esou investéiert, dass déi kommend Generatioun, déi jo muss d'Scholden ofdroen, déi haut gemaach ginn, vun dësen Investitiounen och ka profitéieren. Dat kann op eng indirekt Manéier sinn, wann dank deene gudden Infrastrukturen de Standuert Lëtzebuerg attraktiv gehale gëtt an och déi nächst Generatiounen eng gutt ekonomesch Situatioun virfannen, déi hinnen deeselwechten Handlungsspillraum léisst, dee mer haut hunn.

Et gëtt awer och, wéi mer dat hei gesinn, Projeten, déi der jonker Generatioun op méi eng direkt Manéier Notze brëngen. Dat trëfft op eng Rei Projeten zou, déi mer dëst Joer virgeluecht kritt hunn.

Als Éischt wëll ech d'Schoulinfrastruktur am Norde vum Land ervirhiewen. Esou gëtt zu Ierpeldeng en neien Nordstad-Lycée gebaut, wou herno bis zu 1.200 Schüler kënne regulär an d'Schoul goen an och nach eng Kéier 680 an engem Régime concomitant kënne schaffe goen. Da gëtt och weider am Norden de Lycée technique zu Ettelbréck ëm- an ausgebaut, an dat nodeem d'Ackerbauschoul zu Gilsdref ass.

D'LSAP begréisst dës Projeten, well et an eisen Aen eng vun deene ganz wichtegen Aufgabe vum Stat ass, derfir ze suergen, dass eis Kanner a jonk Leit gutt Ausbildungsméiglechkeeten hunn, an dat onofhängeg dervun, a wat fir enger Regioun vum Land si wunnen.

Genausou positiv bewäerte mer deemno och den Ausbau vun der Infrastruktur vun der Uni Lëtzebuerg. Dat ass bekanntlech e laangwierege Prozess, deen an Etappe vollzu gëtt. Souwéi déi nei Gebaier um Site vum Belval fäerdeg sinn, kann dee Moment de Campus Kierchberg fir d'Fakultéite vum Droit, der Ekonomie an de Finanzen zesumme mam Max-Planck-Institut realiséiert ginn. Dat ass dann d'Geleeënheet, al Gebaier ofzerappen an dee Campus no de Besoine vun haut ze aménagéieren.

Investitiounen, déi deene Jonken zeguttkommen, beschränke sech awer net nëmmen op d'Schoul. Dat fänkt bei deene ganz Klengen un, déi Crèchëplaze brauchen. Do ginn um Kierchbierg elo zwee nei Gebaier fir e Centre polyvalent de la petite enfance gebaut, déi déi al Gebaier ersetzen, an deenen nach Asbest - leider - verbaut gouf. Et handelt sech heibäi ëm eng Infrastruktur fir d'Kanner vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg fir d'Europäesch Kommissioun respektiv fir d'Europäescht Parlament schaffen. An dofir gëtt de Projet och vun der Europäescher Unioun bezuelt. Allerdéngs ass de Lëtzebuerger Stat Bauhär a muss dat Geld virstrecken.

D'LSAP begréisst ganz besonnesch, dass op der Lëscht, déi de Minister eis virgeluecht huet, och e Projet ass, wou Logementer fir Jonker geschafe ginn, déi aus ënnerschiddleche Grënn net méi bei hiren Eltere kënne wunnen, mä deenen hir perséinlech Situatioun et net erlaabt, ouni Hëllef um Wunnengsmaart eppes ze fannen. A Kombinatioun mat engem entspriechenden Encadrement ass dat fir déi Betraffen eng seriö Chance, fir op hir eege Féiss ze kommen.

Domat gëtt dat Gebai vun der Nationalbibliothéik, wou fréier emol de Kolléisch war, op eng positiv Manéier nei genotzt. Dee Projet, dee gëtt jo och, wa mer richteg informéiert sinn, wéi d'Madamm Rapportrice gesot huet, zesumme mat der Gemeng Lëtzebuerg gebaut. An dat gëtt jo dann och do diskutéiert, an do wäre meng zwee Kolleege Marc Angel a Franz Fayot ganz staark drun interesséiert, och mat agebonnen ze ginn op där Plaz vun der Gemeng, éier dee Projet finaliséiert gëtt, well et da jo e Kofinanzement och do gëtt.

Madamm Presidentin, eng flott nei Bestëmmung kritt ebenfalls dat fréiert Altersheem zu Veianen, dat sech op engem historesche Site befënnt an an Zukunft ëmfonctionnéiert soll ginn an eng Jugendherberg. Genausou wéi déi nei geplangte Jugendherberg zu Ettelbréck sinn dat zwee Projeten, déi engersäits vu Jonken natierlech kënne genotzt ginn an anerersäits eis touristesch Offer am Norde vum Land verstäerke wäerten an domat och vum ekonomesche Standpunkt hier Sënn maachen.

Niewent deene Projeten, déi ech elo opgezielt hunn an déi un éischter Stell vu Jonke wäerte genotzt ginn, gëtt et natierlech awer och aner noutwendeg Aarbechten, déi aus ënnerschiddleche Grënn musse realiséiert ginn. Wann zum Beispill duerch de Bau vun neie Schoulgebaier zu Gilsdref den Dépôt vu Ponts et chaussées verschwënnt, muss natierlech dofir en neie Site gesicht ginn.

Wa sech nei Sécherheetsrisiken erginn, läit et op der Hand, dass eenzel Gebaier, déi an deem Kontext relevant sinn, un déi nei Situatioun mussen ugepasst ginn. Dat gëllt an dësem Fall fir den Europäesche Geriichtshaff, awer och fir den neien nationale Krisenzenter um Site vum Sennenger Schlass.

Sécherheetsfroe spillen allerdéngs och eng Roll bei de geplangten Investitiounen aus dem Fonds des routes an dem Fonds du rail. Dat betrëfft am Stroossebau de Mëttelsträifen, deen op der N7 soll aménagéiert ginn, fir ze verhënneren, dass e Gefier kann op d'Géigespur geroden. Do stellt sech och d'Fro, ob een net hei misst eng Tempolimitt op där Streck aféieren op 90 Stonnekilometer.

Well déi Fro, déi virdru gestallt ginn ass, op déi ech awer elo vläicht keng Äntwert wëll, ass déi Saach mat der Zweespuregkeet a béid Richtungen, ob dat tracésméisseg elo méiglech ass oder net. Ech mengen, de Moment op dräispurege Stroossen, wësse mer, kënne mer mat 110 Stonnekilometer fueren. Wéi mer d'lescht Kéier an der Kommissioun gesot kritt hunn, ass d'Tracéierung och zu enger méi héijer Geschwindegkeet ausgebaut ginn, sengerzäit.

Mä souwäit ech dat weess - ech sinn elo kee Stroossebauer, mä ech weess awer e bëssen am Eisebunnssecteur iwwer Tracéierunge Bescheed -, kann ech mer net virstellen, dass een do zweespureg kann an zwou Richtunge fueren, ouni dass et zu gréisseren Tracéierungsverännerunge kënnt. Dat heescht, d'Strooss kann net méi op där Plaz do bleiwen. Wa Kéieren hannerenee kommen, gëtt dat ganz schwéier.

Dofir ass déi Fro, déi ech wollt un den Här Minister stellen - ech weess elo net, ob dat hei elo e Projet gëtt, vu dass d'Etüd jo elo eréischt gemaach gëtt -, ob dat en Dossier gëtt, wou muss e Gesetz gemaach ginn. Ob dat iwwer 40 Millioune geet oder net, weess ech elo net, mä wann dat elo net sollt de Fall sinn, dat heescht, dass mer als Chamber net géifen domadder direkt befaasst ginn duerch e Gesetz, mengen ech, wär et awer interessant, wa mer iwwert de Verlaf vun deenen Etüden do kéinten informéiert ginn, wéi dat do géif goen. Well déi Suerg, déi virdrun ausgeschwat ginn ass vu mengem Virriedner, mengen ech, ass net nëmmen eng Suerg vun him selwer oder vu senger Partei, mä ass och eng Suerg vun eis alleguerten an och domadder vun der LSAP, dass mer déi Strooss do, déi N7, wierklech och sécuriséiert kréien.

Ech mengen, mäi Virriedner, den Aly Kaes, huet dat och gesot: De leschte Weekend war do erëm e schwéiert Accident, wou en Auto aus enger rietser Kéier gedroe ginn ass, déi duebelspureg war. An ech mengen, et ass natierlech ganz grav, wann op enger duebelspureger Strooss, déi elo de Moment net ofgeséchert ass, wann een do frontal an en aneren Auto rennt. An deene Rietskéieren ass dat immens geféierlech. Dofir wär et einfach flott, wa mer do kéinten zesummen doriwwer informéiert ginn.

Mir ënnerstëtzen op jidde Fall dee Projet do vun deem Mëttelsträifen, well mer ganz einfach der Meenung sinn, dass et och net aneschters geet. Mä trotzdeem, mengen ech, wäerten do am Detail awer nach eng ganz Partie Froen ze kläre sinn, zum Beispill och, ob do eventuell mussen zousätzlech Unterführunge gebaut ginn oder net. Dofir wär et interessant, fir gewuer ze ginn, wéi grouss deen Impakt vun deem Projet do am Endeffekt soll sinn.

Madamm Presidentin, da géif ech zu deem nächste Projet kommen, dat ass d'Ofschafung vun deene geféierleche Passage-à-niveauen, am Sproochgebrauch d'Barrièren, wéi mer soen op dem Eisebunnsréseau. An deene vergaangene Joren hu mir scho vill Projeten ugeholl, wéi zum Beispill dee vu Schëffleng, wou d'Aarbechte jo ganz gutt amgaange sinn. Do ginn direkt eng ganz Partie Barrièren ofgeschaaft. Dozou gi mir och hei den Accord de principe, fir dat zu Walfer ze maachen. D'Madamm Rapportrice huet dat schonn ugeschwat. Mir mussen effektiv derfir suergen, dass no an no, iwwerall do, wou den Zuch fiert, d'Barrièren ewechkommen.

Et géif mech dofir an deem Kontext interesséieren, Här Minister, wou mer do am Allgemengen dru sinn. Sou hu mer och op der Lëscht gesinn, dass dëst Joer, an do si mer bei der Eisebunn, d'Moderniséierung vun der Klengbettener Gare op der Lëscht steet. Do géif et mech och interesséieren, fir wéini et hei géif zu enger Suppressioun vun der Barrière zu Klengbetten kommen.

Bon, do si mer eis bewosst, dass dat eng komplizéiert Saach ass. Do gëtt jo elo déi nei Bréck gebaut fir déi 25 KW Wiesselstroum, ob dat herno zu engem Contournement do kënnt, well op der Plaz selwer, d'Madamm Rapportrice huet gesot, dass do e Souterrain gebaut gëtt, mä dee Souterrain ass jo nëmme fir Vëlosfuerer a Foussgänger, awer net fir d'Autoen. An ech mengen, dass dat awer do e reelle Problem bleift.

An déiselwecht Fro erlaben ech mer dann och ze stellen, Här Minister, wéi et zu Capellen do ausgesäit, fir do e Souterrain ze bauen, well mer do och an enger geféierlecher Stroossesituatioun sinn, mat engem S, engem sougenannten S, wou et ganz geféierlech ass, dass Autoen agequëtscht ginn. Dofir wär ech frou, wann den Här Minister eis kéint herno dorop eng Äntwert ginn - zu Capellen, wann ech gelift.

D'Passage-à-niveaue stellen net nëmmen e Sécherheetsrisiko duer, si ënnerbriechen och de Verkéiersfloss a féieren, jee no Situatioun, zu enger Trennung vun Uertschaften. Wann eng Barrière duerch eng Unterführung ersat ka ginn, bedeit dat fir déi Uertschaften eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit op net nëmmen engem Niveau.

D'LSAP begréisst natierlech och, dass generell Investitioune gemaach ginn, fir den ëffentlechen Transport an, wéi an dësem konkrete Fall, den Zuchverkéier méi attraktiv ze maachen. Modern a propper Garen, genuch Parkplazen derbäi an e gudde Service um Client sinn do wichteg Aspekter.

Et ass och wichteg, dass d'Informatiounen, déi d'Leit op der Gare kréien, liicht accessibel a korrekt sinn. Den neien automatiséierte System kann e wichtege Bäitrag dozou leeschten. Et ass effektiv esou, dass am Moment aktuell d'Leit Informatiounen net onbedéngt esou kréien, wéi dat kéint sinn, wann en Zuch Verspéidung huet oder ausfält an eventuell duerch e Busservice muss ersat ginn. Dat kann an Zukunft besser gi mat deenen neien Technologien, wéi de Minister dat och hei proposéiert huet, déi engem da géifen zur Verfügung stoen, fir deen dote Problem dann ze léisen.

Et mécht et sécher méi einfach, dass ganz vill Leit ëmmer méi e Smartphone hunn - wann en net explodéiert! Et kéint een da vläicht an Zukunft eng App offréieren, wou ee jidderzäit gewuer gëtt, wou grad e Chantier drun ass oder soss e Problem um Réseau ass, ob den Zuch Verspéidung kritt oder net.

D'LSAP op jidde Fall ass iwwerzeegt, dass all déi Projeten, déi mer haut virgeluecht kritt hunn, sënnvoll sinn an och noutwendeg sinn. Domadder géif ech dann och den Accord vu menger Fraktioun ginn, fir d'Etüde vun dësen neie Projete virunzedreiwen. An domadder géif ech Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Här Negri. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. D'Rapportrice an och meng Virriedner si praktesch schonn duerch sämtlech Projete gaangen. Dofir wëll ech mech nëmmen op e puer dann och beschränken.

Déi Projeten, déi haut virgestallt goufen, sinn u sech eng Äntwert och op d'Erausfuerderung vun enger moderner Gesellschaft, wéi sech dat hei a Lëtzebuerg stellt. An ech wëll do op där enger Säit natierlech d'Mobilitéit als Éischt setzen an och nennen, awer och d'Bildung, déi eben de Lëtzebuerger Modell hei mat dem staarke Wuesstum virun eng grouss Erausfuerderung stellen. An op där anerer Säit, mengen ech, ass et awer och gradesou wichteg hei ze betounen, dass Erausfuerderunge sech stellen, wa mir och weiderhin eise moralesche Responsabilitéiten als engem vun de räichste Länner op der Welt wëlle gerecht ginn, an dat besonnesch hei a puncto vun der Flüchtlingsfro.

An ech kéint awer och d'Beschreiwung vun eisem Finanzminister vun de Moien zitéieren, dee bei der Presentatioun vum Budget gesot huet, en huet dräi Wierder gesot, déi ech och hei fir dee Projet kéint huelen, näämlech: Qualitéit, Solidaritéit a Kompetitivitéit. Ech mengen, all déi Beispiller weisen, dass mer op déi richteg Päerd hei setzen.

Ech wëll da besonnesch eben den Deel ervirsträichen, deen och d'Rapportrice scho gesot huet, dat ass eis Erneierung vun de Bausubstanzen, an do besonnesch d'Renovatioun. An do weist sech, dass mer insbesondere an der energetescher Sanéierung an och, wat d'nohalteg Baumaterialien ubelaangt, ganz vir sinn an dass dat och e wichtegen Element ass, fir herno och d'Entretienskäschte vun de Gebaier méiglechst kleng ze halen.

An dann, dat Zweet, dat ass scho virdru vun e puer Leit hei zitéiert ginn, dat ass d'Verbesserung vun den Infrastrukturen an der Mobilitéit. An ech wëll awer do virun allem op eppes hiweisen: Dat ass d'Verbesserung, wat de Service um Client bei der Mobilitéit ubelaangt.

Dës virgenannte Beispiller, also déi zwee Beispiller, déi ech elo just genannt hunn, d'Mobilitéit an d'Sanéierung vun de Gebaier, sinn insbesondere ganz wichteg, wann ech drun erënneren, dass mer gëschter eben d'Ratifikatioun vum Paräiser Accord hei virgeholl hunn a grad an deenen zwee Beräicher de gréissten Nohuelbedarf och ass an och déi gréisste Potenzialer do sinn, fir eppes ze huelen, eppes ze huelen, wat d'CO_2-Emissiounen oder Equivalenz-Emissiounen ubelaangt. An do, mengen ech, hu mer jo och déi eng oder déi aner Hausaufgab ze maachen. An d'Obligatiounen, déi mer bis 2020 mussen erreechen, kënne mer nëmmen erreechen, wa mer effektiv ganz massiv an den ëffentlechen Transport wäerten investéieren.

Dat heescht, déi Projeten, déi virdru genannt gi sinn, si keng Luxusprojeten. Dat si wierklech Projeten, fir eng wichteg Ausriichtung fir d'Zukunft ze maachen. Dësen Investitiounsprogramm ass e weidere Bausteen am Konzept vun dëser Regierung, bei deem et drëm geet, eist Land op d'Erausfuerderung vun der Zukunft beschtméiglech ze preparéieren. Et ass eng konkret Äntwert, esou wéi ech dat virdru scho gesot hunn, op theoretesch Visiounen a Konzepter, déi mir esou oft hei och an der Chamber diskutéieren.

Mir hunn eng Rei Retarden opzehuelen aus der Vergaangenheet, déi sech gestallt hunn. An ech mengen, dass dës Regierung elo um richtege Wee ass, dës a ville Beräicher opzehuelen.

An dofir gehéiert et sech fir mech, nach eng Kéier de Punkt vun der Mobilitéit ervirzesträichen an dass et an der Kontinuitéit ass vun deene leschten dräi Joren, dass insbesondere an den ëffentlechen Transport investéiert gëtt, awer net nëmmen. Mä ech denken, dass do den Zuch, de Bus, den Tram, awer och d'Mobilité douce, wéi de Vëlo scho virdru genannt gouf, e ganz wichtege Punkt sinn.

Mä niewent den Investitiounen an d'Infrastrukturen, mengen ech, ass et awer nach méi wichteg, op eng Opklärungscampagne ze setzen an dann och op de Service um Client, an insbesondere, wat ech virdru scho gesot hunn, op den Informatiounssystem, op den automateschen Informatiounssystem vun de Realzäiten, wéini a wou en Zuch, awer och e Bus kënnt. Well dee Moment, wa mer e Client optimal informéieren iwwert d'Ukomme vun engem Bus oder d'Weiderfuere vun engem Bus oder engem Zuch, kréie mer e Qualitéitssprong an den ëffentlechen Infrastrukturen an an den Transportmëttel.

Fir mech ass et dofir wichteg, dass net nëmmen an de Garen all déi Informatiounstafele kommen, mä och an de Bussen. An de Moie konnt ech dat a menger Linn och kucken a feststellen, dass eben d'Echtzäit vun den Zäiten do ugekënnegt gëtt. An ech hunn och nogefrot am MDDI. Méttlerweil si säit dem 26. September 50 Linne mat Echtzäit ausstafféiert ginn. An dobäi sinn och 90 Linnen un den neien Horaire ugepasst ginn, well et immens, ganz wichteg ass, dass een den Uschloss direkt kritt. Dann ass et eng Alternativ zum Individualverkéier. An da kréie mer och d'Leit méi séier op de Bus.

Den 1. Februar d'nächst Joer wäerte weider 30 Linne mat Echtzäitunzeige fräigeschalt ginn. A souguer den 1. Mee 2017 eben nach weider Linnen, fir déi Informatioun nach méi optimal ze maachen.

Gläichzäiteg gëtt awer och de gesamten RGTRs-Beräich nei opgestallt. An ech mengen, dat ass eng weider Etapp, fir e Qualitéitssprong am ëffentlechen Transport ze garantéieren.

Mir sinn natierlech ganz houfreg an och frou, dass weiderhin an d'Bildung investéiert gëtt. Schoulinfrastrukture sinn eppes ganz Wichteges fir eist Land. Dir wësst, mir hunn net immens vill Ressourcen. Dofir ass et wichteg, an d'Wëssen ze investéieren, an do musse mer insbesondere wuessen, well dat ass dat, wat mer hei am Land opzeweisen hunn. An dat ass e Beräich vun och Kompetitivitéit, wa mer insbesondere a gutt schoulesch Infrastrukturen investéieren.

Ech wëll u sech just e puer Punkten opzielen. Dofir wollt ech awer och eppes iwwert den Tourismus natierlech soen. Dir hutt all matkritt: De Méindeg gouf déi nei Publizitéitscampagne vun der Statssekretärin, der Francine Closener, virgestallt, wéi Lëtzebuerg sech am Ausland soll presentéieren, dëst souwuel mat engem neie Logo wéi och mat neie Konzepter, dem sougenannten Nation Branding, wéi dat op Neilëtzebuergesch genannt gëtt.

Dëst wäert och ganz positiv Auswierkungen am Tourismussecteur hunn, engem Secteur, deen ee muss nennen, dee schliisslech awer 6 bis 7% vun eiser Wirtschaft ausmécht, wat jo net näischt ass. An dofir ass et richteg a wichteg, weiderhin an d'Infrastrukture vum Tourismus ze investéieren, an insbesondere wann esou Renovatiounen oder Neibaute vu Jugendherberge geschéien, wéi dat zu Veianen oder och nach zu Ettelbréck de Fall ass, ass dat nëmmen ze ënnerstëtzen.

Ech kommen dann och net derlaanscht, e puer Wierder iwwert d'Esplanade vu Réimech ze verléieren,...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Henri Kox *(déi gréng).-* ...d'Esplanade, déi u sech esou lues an den Alter komm ass an déi den neien touristeschen Erausfuerderunge vun haut net méi gerecht gëtt. Dir wësst, déi lescht grouss Aarbechte sinn un där Esplanade an de 60er Joren am leschte Jorhonnert geschitt, näämlech dee Moment, wou d'Muselkanalisatioun entstanen ass.

Ech sinn dofir och houfreg an och frou, dass dee Projet op den Instanzewee elo gesat gëtt. Ech sinn och sécher, dass déi Infrastruktur zesumme mat engem Héichwaasserschutz, mat enger Vëlospist an och engem Neibau vun der Gare routière, déi vun der Réimecher Gemeng bezuelt gëtt, mat engem flotten Accueil fir den Tourist, d'Attraktivitéit net nëmme vu Réimech, mä, et ass virdru gesot ginn, vun der ganzer Muselregioun steigert, déi Muselregioun, déi effektiv net nëmmen zu Réimech ass, mä déi vu Schengen bis erop op Waasserbëlleg geet an déi am Zesummenhang mat engem Ënotourismus ze nennen ass. An dofir ass et ganz wichteg, dass och d'Lëtzebuerger Land weiderhin an den Tourismus investéiert, well et e Créneau ass, dee mer och weider sollten ënnerstëtzen.

Ech kommen da schonn zum Schluss, net ouni awer nach eng Kéier ze soen, dass duerch dës Investitiounsprogrammer erëm e klenge Retard opgeholl gëtt an dass mer d'Weiche fir d'Zukunft heimadder stellen. Dës Projeten hëllefen am Usaz, de Wuesstum hei am Land op eng nohalteg a qualitativ Aart a Weis ze steieren. Schlussendlech hëllefe se eis, fir eiser moralescher Verflichtung an der Flüchtlingskris och gerecht kënnen ze ginn.

Heimat ginn ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun zu der Motioun. An ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci dem Här Kox. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).-* Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech mengen, et ass net ze iwwersinn, wann een duerch d'Land geet, datt de Moment ganz vill Chantieren do sinn. Dat ass e gutt Zeechen. Dat ass en Zeechen, datt mer eng staark Ekonomie hunn; dat ass en Zeechen, datt ganz vill gebaut gëtt; dat ass en Zeechen, datt mer villes wëlle bewegen. Ech verweisen zum Beispill op de Chantier vum Tram, vun der neier Zuchstreck vun der Stad op Beetebuerg oder de Ban de Gasperich. Dat si jiddefalls Beweiser, datt sech ganz villes hei beweegt.

Den Débat vun haut, deen erlaabt eis och als Deputéierten, e Bléck an d'Zukunft ze werfen, wat op eis duerkënnt. En erlaabt eis och, eng politesch Appréciatioun iwwer eng Rei vu Projeten ofzeginn, déi vun der Regierung geplangt sinn, wuel wëssend, datt se natierlech finanziell nach net kënnen zu dësem Zäitpunkt gréisstendeels quantifizéiert ginn. Mä et kann ee sech awer trotzdeem schonn erafillen, wat op deenen eenzelne Gebidder soll an deenen nächste Jore geschéien.

D'Lëscht vun de Projeten ass dëst Joer jo besonnesch laang. Duerfir wëll ech och net ze vill an den Detail agoen. Ech wëll awer fir d'Éischt emol zwou allgemeng Remarquë maachen.

Déi éischt ass déi: Wa mer vill iwwer Baue schwätzen, da muss et eng Evidenz sinn ëmmer méi, datt natierlech do ekologesch Kritäre berücksichtegt ginn an datt dat de Standard muss sinn, sief dat Fotovoltaik, sief dat Sammele vu Reewaasser oder sief dat ëmweltfrëndlecht Baumaterial an esou weider an esou fort. Dat muss een elo feststellen, datt dat jo och ëmmer méi Anzuch fënnt. Mä et gëtt awer munchmol nach ab und zu duerch d'Land gesënnegt. Well et kann ee jo net vum Privatmann verlaangen, datt hien engagéiert ass, dynamesch ass, fir sech an déi Richtung ze bewegen, wann e gesäit, datt op där anerer Säit déi ëffentlech Hand net ëmmer an déi richteg Richtung sech beweegt.

Da vläicht eng zweet Remarque. Et ass awer och wichteg, datt mer an Zukunft d'Gemenge vläicht méi oft a méi fréi och an de Prozess matabezéien. Et wier net gutt, wann eng Gemeng aus enger Zeitung vläicht gewuer gëtt, datt e gréissere Projet op hirem Territoire geplangt ass, och wann natierlech dat reng an d'Kompetenz vum Stat fält. Mä fir munch onnéideg Diskussiounen ze verhënneren an Zukunft, soll een dat vläicht nach méi genee fleegen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, et sinn elo bal zwee Joer hier, datt mer op dëser Plaz den Neibau vun der Gare zu Ettelbréck décidéiert hunn. Dat war en Débat, deen och mat gewëssenen Emotioune verbonne war, well et dorëms gaangen ass, fir och e besteeënd Gebai, wat iwwer 150 Joer al ass, ofzerappen. Doriwwer kann een nach diskutéieren. Ech mengen, haut ass elo net méi d'Plaz. D'Décisioun ass geholl. Et däerf een och net vergiessen, datt doduerch sech jo awer och nei urbanistesch Méiglechkeete fir d'Stad Ettelbréck entwéckelen. Den ëffentlechen Transport gëtt ouni Zweifel valoriséiert duerch den Aménagement vun engem neie Park & Ride vu 430 Plazen.

Bei den Débaten am Dezember 2014 waren u sech nach net esou ganz konkret Iddie virgeluecht ginn, wat da soll och op deene Gebaier, an deene Gebaier geschéien. Haut si mer, wéi gesot, elo scho mat zwee méi konkrete Projete befaasst, engersäits där Jugendherberg mat iwwer 100 Plazen an anerwäerts Infrastrukture fir Servicer aus dem medezinneschen, sozialen an edukative Beräich.

Ech wëll besonnesch drop hiweisen, datt den Aménagement vun enger Jugendherberg natierlech och een touristeschen Aspekt huet. Et ass jo vill iwwer Tourismus hei geschwat ginn. Ech kommen och nach eng Kéier kuerz drop zréck. Dat wäert schonn e positiven Impakt hunn. Ech mengen, och besonnesch fir déi Jonk soll een awer ëmmer Méiglechkeete schafen, datt och si kënnen d'Welt entdecken, a wann et nëmmen déi kleng Welt vu Lëtzebuerg ass. Vun Ettelbréck aus kann een, wéi gesot, sech souwuel an den Norde wéi an de Süde vum Land mam ëffentlechen Transport gutt déplacéieren.

Ech mengen, déi sozial Ariichtungen, déi do virgesi sinn, wäerten ouni Zweifel awer och eng Valorisatioun si fir d'Stad Ettelbréck.

Wa mer scho bei Jugendherberge sinn, da si mer natierlech och séier zu Veianen - Veinen -, do, wou jo elo an engem ganz historesche Kär, an engem ganz historesche Gebai och dann d'Ënnerbréngung vun enger Jugendherberg virgesinn ass. Ech mengen, et ass ganz wichteg, an dat ass jo och am Rapport erauskomm, datt eng Kollaboratioun mat Sites et monuments hei ugestrieft gëtt. Dat muss ouni Zweifel sinn, well mer, wéi gesot, all Ursaach hunn, fir eis historesch Substanz beschtméiglech am Land ze konservéieren.

An et kënnt een net derlaanscht, ëmmer erëm allerdéngs festzestellen, datt munchmol nach Sënne gemaach ginn. Dat ass wierklech ze bedaueren. Dat muss einfach endlech emol eng Kéier ophalen! Mir sollen un där Substanz, déi mer hunn, festhalen. An et wier jo awer wierklech eng grouss Sënn, wann een elo un esou Gebailechkeeten, déi eng ganz laang Geschicht hunn, géif Moossnamen huelen, déi de Charakter vun esou engem Gebai géifen dach deelweis zerstéieren.

Une voix.- Ganz gutt!

M. Gusty Graas *(DP).-* Madamm Presidentin, de Bau vu Crèchen a Garderien - besonnesch déi Leit, déi um kommunale Plang aktiv sinn, déi wëssen, datt dat eng ganz grouss Erausfuerderung ass. Dat passt nun eben an de moderne Liewensstil eran. Duerfir ass et och net verwonnerlech, datt um Kierchbierg jo do och nei Infrastrukture fir Garderien a Crèchen entstinn, déi vum Lëtzebuerger Stat préfinanzéiert ginn. Mir hu jo dann Urecht op e Remboursement vun de Käschten.

Wat een an deem Kontext allerdéngs muss hei ënnersträichen, ass, datt dat jo awer och eng Méiglechkeet ergëtt, an dat dierft den Ekonomiesminister besonnesch freeën, datt jo awer hei och Opportunitéite fir d'Lëtzebuerger Betriber geschafe ginn.

Op där anerer Säit däerf een och net vergiessen, mir sinn nach wie vor an enger Wuesstumsspiral. Ech wëll elo net déi Diskussioun hei iwwert de Wuesstum lasstréppelen, well soss gëtt et ganz spéit. Am Moment si mer zu 580.000 Awunner. An de Moien huet jo nach de Finanzminister gesot, datt an deene leschten 20 Joer d'Populatioun ëm 40% an d'Luucht gaangen ass. Ech mengen, dat mierkt een all Dag op ganz ville Beräicher, virun allem natierlech am Verkéier.

Dat bréngt natierlech och mat sech, wa mer an där Wuesstumslogik do bleiwen, an déi wäerte mer mat Sécherheet, och do soll een éierlech sinn, net gebrach kréien, dat bréngt natierlech mat sech, datt och muss Schoulraum geschafe ginn. Dat ass evident, datt Schoulraum muss geschafe ginn.

Den Hickhack ëm de Lycée agricole zu Dikrech ass jo elo emol, Gott sei Dank, eriwwer. Doduerch gëtt natierlech och neie Schoulraum fräi, sief dat fir de Lycée technique zu Ettelbréck. D'Akerbauschoul wäert jo da plus ou moins am Joer 2020 fäerdeg sinn.

Ech wëll awer nach op déi besteeënd Infrastruktur zu Ettelbréck och ze schwätze kommen, fir erëm eng Kéier drop hinzeweisen, datt déi besteeënd Akerbauschoul dach och eng gewëssen historesch Substanz huet. Och do soll een also oppassen, wann een do Modifikatioune virhëlt, datt dat awer och soll aus dem Bléckwénkel vun engem gudden architektonesche Schutz gesi ginn.

E ganz interessante Projet, dee sech natierlech och mécht, dat ass den Nordstad-Lycée, keng nei Iddi, eng Iddi, déi awer ëmmer erëm nei diskutéiert gëtt, kann ee soen.

Ech mengen, do hätt ech och emol eng Fro un de Minister: Wéi ass et mat den Acquisitioune vun den Terrainen, fir den Nordstad-Lycée ze schafen?

Ech wëll och drop hiweisen, datt et do jo awer och Stëmme ginn, déi en anere Site prônéieren. Ech denken un déi fréier Laduno, déi fréier Molkerei, wou net méi spéit wéi virun e puer Wochen och den Här Francis Schartz, fréieren Direkter vum Nordstad-Lycée, sech jo u sech éischter fir dee Site ausgeschwat huet. Och mäi Fraktiounskolleeg André Bauler huet an déi Richtung schonn Iwwerleeunge gefouert. Dee Site hätt zumindest de Virdeel, datt e ganz gutt souwuel un den ëffentlechen Transport wéi och un d'Stroosseninfrastruktur ugebonne wier.

Wa mer, wéi gesot, an deem Beräich sinn, wësse mer jo, datt eben och dann an der Gilsdrefer Strooss kann neie Schoulraum entstoen, wann d'Servicer vu Ponts et chaussées op de Fridhaff delokaliséiert ginn.

Wat d'schoulesch Infrastrukturen ubelaangt, si mer natierlech och ganz séier bei der Uni. Och do hu mer jo de Moie matgedeelt kritt, datt d'Regierung gewëllt ass, an zu Recht, och weiderhin déi néideg Kreditter zur Verfügung ze stellen, fir d'Uni nach hei zu Lëtzebuerg weider auszebauen.

Ech mengen, de Campus Belval entwéckelt sech lues a lues wierklech flott. Datt net all Fakultéiten op engem Site regruppéiert sinn, dat ass nun eben elo Fait. Zu deem muss een och elo stoen. Awer d'Uni u sech, den Ausbau vun der Uni ass ouni Zweifel och gutt fir den Image vun dësem Land.

Datt elo um Kierchbierg d'Fakultéiten Droit, Ekonomie a Finanze regruppéiert ginn, ass u sech e gutt Zeechen, e richtegt Zeechen. Et däerf een net vergiessen, datt grad de Kierchbierg jo haut, kann ee scho bal soen, de Site par excellence ass vun de Finanzen, vum europäesche Recht, vun der Ekonomie. An duerfir ass déi Noheet vun deenen zwou Instanze mat Sécherheet och gutt gewielt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An et däerf een och net vergiessen, datt d'Ubannung un den ëffentlechen Transport jo um Kierchbierg, wa bis eng Kéier den Tram och fonctionnéiert, quasi optimal ass.

Iwwert d'Nationalbibliothéik ass hei scho munches gesot ginn. D'Nationalbibliothéik ass och e wäertvollt historescht Gebai. Et kann een nëmme begréissen, datt d'Konscht nach wie vor do soll e grousse Raum behalen. Hei ass jo eng Galerie virgesinn. Op där anerer Säit solle Logementer dohinner kommen.

Jo, ech sinn och der Meenung, datt dat awer an enker Diskussioun, Kollaboratioun mat der Stad Lëtzebuerg muss geschéien. D'Stad Lëtzebuerg huet nun eben, och wa se net Propriétaire ass, awer och eng Verantwortung an deem Sënn, datt se no bausse muss e flott Bild vun hirer Stad vermëttelen. An da fannen ech et net méi wéi normal, datt och eng Stad Lëtzebuerg, wéi gesot, matagebonne gëtt an dat, wat een an esou historesche Gebailechkeete wëllt maachen.

Wa mer vun historesche Gebailechkeete schwätzen, da kann een awer och d'Villa Louvigny dodra gesinn, wat zwar elo eng ganz aner Architektur ass. Se staamt, mengen ech, vun 1920. 1957 gouf jo dunn déi aachtstäckeg Tour do bäigesat. Do ass vill Geschicht vun der CLT geschriwwe ginn a vun RTL. An een, dee jo elo emol schonn dobanne war, dee gesäit, wou de Ministère de la Santé ënnerbruecht ass, dee mierkt natierlech, datt hei mussen Adaptatioune gemaach ginn, fir datt ee kann awer och eng modern Atmosphär schafen, datt och d'Mataarbechter aus dem Ministère do hirer Aarbecht optimal kënnen nogoen.

Sécherheet ass e Punkt, mat deem mer eis ëmmer méi mussen - leider! - beschäftegen. Och mir hei zu Lëtzebuerg, mir sollen net esou naiv sinn a mengen, net och mir kéinten emol eng Kéier vläicht d'Zilscheif vun engem Uschlag ginn. Mir hu scho méi wéi eemol iwwert deen Aspekt hei diskutéiert. Ech erënneren hei un den „Renegade", wou mer jo och Moossname getraff hunn, wat elo d'Sécuritéit vum Loftraum ubelaangt. Och hei sinn elo e puer Projete virgesinn. Ënner anerem d'Sécurisatioun vun der Europäescher Cour de justice an och vun dem Schlass zu Sennengen.

D'Flüchtlingskris: en anert Thema, wat eis scho vill beschäftegt huet a wat eis och wäert an Zukunft beschäftegen. Och do solle mer eis kengen Illusiounen higinn: Och do wäerte mer nach méi wéi eemol missen drop zréckkommen. An och do ass et awer evident, datt e Land wéi Lëtzebuerg gefuerdert ass, säi Bäitrag ze leeschten. An dat mannst, wat een awer ka soen, datt dës Regierung do jiddefalls bis elo eng ganz gutt Aarbecht geleescht huet. An et ka mat Sécherheet keen eis virwerfen, datt mer net och fréizäiteg erkannt hätten, wéi mer missten déi ganz Kris ugoen, an datt mer net och dat néidegt Ëmfeld geschaaft hätten, fir d'Flüchtlinge beschtméiglech hei zu Lëtzebuerg opzehuelen.

Iwwert den Don Bosco ass schonn oft hei geschwat ginn. Datt en an engem schlechten Zoustand ass, wësse mer alleguer. Datt e gegebenenfalls eng Kéier muss ofgerappt ginn - wa mer natierlech op där anerer Säit nei Méiglechkeeten hunn, fir Flüchtlingen ënnerzebréngen -, ass eng Evidenz. Awer och do ganz kloer erëm eng Kéier: dat nëmmen an enker Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg.

Ech wëll awer an deem Kontext och hei drun erënneren, et geet net nëmmen ëm den Encadrement u sech, wat d'Infrastrukturen ubelaangt, mä et geet awer och ëm de mënschlechen Encadrement, deen hei mindestens genausou wichteg ass.

Dann natierlech, als een, deen och ganz gären op d'Musel geet, kënnt een och net derlaanscht an et mécht een et och ganz gär, dann elo emol e kuerzen Déplacement op Réimech ze maachen. Datt do elo eng Rei Projeten - ech mengen, siwe sinn et der am Ganzen - virgeholl ginn, dat ass mat Sécherheet net vu Muttwëll. Wann een dat reng vum touristeschen Aspekt hier kuckt, dann ass nach ouni Zweifel Potenzial zu Réimech. An datt elo gekuckt gëtt, fir dee Magnéit Musel - et ass nun eben e Magnéit fir den Tourismus - nach ze verbesseren, ass jiddefalls eng Décisioun an déi richteg Richtung.

Wa mer vum Tourismus schwätzen, da solle mer net nëmme vum Tourismus am Generelle schwätzen, mä virun allem och vum Bannentourismus. Ech mengen, den Här Buergermeeschter weess dat besser wéi ech: Wann een op engem Feierdag, wou schéi Wieder ass, op Réimech geet, dann huet ee scho Problemer iwwert d'Esplanade ze trëppelen, well esou vill, jo, et kann ee scho bal soen Dausende Leit do sinn, wat jo och gutt fir d'Stad ass, gutt fir den Tourismus. An duerfir solle mer dat och weiderhin an deem Sënn mat ënnerstëtzen.

An et gëtt en anert Phenomeen, wat sech ëmmer méi bemierkbar mécht, dat sinn d'Croisièrë mat Schëffer op de Flëss, déi och ëmmer méi un Attraktivitéit gewannen, wat natierlech och zu zousätzleche Problemer op der Musel, besonnesch och zu Réimech féiert. Duerfir si jo do eng Rei Infrastrukture geplangt, wat d'Uleeë vu Schëffer ubelaangt, och wat de Ravitaillement vun de Schëffer mat Waasser a mat Stroum ubelaangt.

Do ass natierlech nach ee Problem, an dat ass och eng Fro, déi ech hei wollt stellen: E Schëff, wat méi laang ass wéi 110 Meter, däerf jo net dréien op der Musel, laut dem Artikel 8 vum Polizeireglement iwwert d'Navigatioun op der Musel. Ech weess allerdéngs...

(Interruption)

Ech hat dat auswenneg geléiert. Ech weess allerdéngs, datt do Etüden amgaange sinn, ënner anerem am Beräich och vum Mäerterter Hafen, mengen ech. Vläicht kann de Minister eis do soen, ob do virgesinn ass, vläicht eng Kéier d'Infrastruktur an deem Sënn unzepassen.

Datt d'Leit zu Réimech leider oft mat Héichwaasser geplot sinn, ass och keng Neiegkeet. Datt och do elo Moossname geplangt sinn, kann een net méi wéi ënnerstëtzen.

Ech wëll allerdéngs och hei drop hiweisen, d'Musel ass awer net nëmmen eng Schëfffahrtsstrooss. Ech mengen, dat brauch ech och engem grénge Buergermeeschter net onbedéngt ze soen. D'Musel ass och e wichtegen ekologesche Liewensraum. Duerfir, mengen ech, musse mer, wa mer esou Projete realiséieren, besonnesch am direkten Émfeld vun engem Floss, awer ganz virsiichteg, ganz sensibel virgoen, no ekologesche Kritären. An da kommen ech awer net derlaanscht, och nach eng Kéier op d'Qualitéit vun der Musel hinzeweisen. Och do ass jo awer nach munches ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou eng Debatt wéi déi heiten, déi kann natierlech net gefouert ginn, ouni och iwwer Eisebunnsprojeten ze schwätzen. D'Klengbettener Gare ass hei scho genannt ginn. De Komfort soll do erhéicht ginn. Do ass jo och geplangt, fir gegebenenfalls d'Barrière ze suppriméieren. Dat schéngt jo net esou einfach ze sinn.

Natierlech zitt dann esou eng Gare och vill Autoen un. Do ass emol d'Iwwerleeung komm, fir vläicht gegebenenfalls e Parkhaus ze aménagéieren. Ech hunn allerdéngs Verständnis, wann een dat och vun engem aneren Aspekt hier kuckt. Dat kann natierlech och zweeschneideg sinn. Mir zéien dee Moment zousätzleche Verkéier an eng Gemeng un, wuel wëssend, datt dat vun den Awunner selwer net onbedéngt gäre gesi gëtt. Dowéinst kann ech mer awer virstellen, datt d'Iddi vum Parkhaus net onbedéngt iwwerall gäre gesi gëtt.

Eppes, wat awer ouni Zweifel wäert de Komfort vun de Passagéier erhéijen, dat ass deen neien Informatiounssystem. Eppes, wou ee scho bal ka soen, wat iwwerfälleg ass, wat mer am Ausland praktesch iwwerall hunn, datt elo kënnen dann d'Passagéier direkt informéiert ginn, wou hiren Zuch drun ass, wéini e kënnt, ob e Verspéidung huet oder net.

Vläicht kann een awer an deem Kontext och emol d'Fro stellen, ob et net vläicht ubruecht wär, op gréissere Park & Ride-Plazen och emol esou e Panneau ze installéieren. Well et däerf een net vergiessen, do hale jo och alt emol Dausende vun Autoen. Déi Leit hunn e ganz laange Wee ze goen. Wann déi och vläicht emol géifen informéiert ginn: Voilà, „däin Zuch ass do an do, huet déi an déi Verspéidung", dat kéint sech och emol vläicht als Virdeel erweisen.

Ech wëll dann och hei soen, datt d'CFL, a mengen Aen, oft zu Onrecht kritiséiert gëtt. Wann een awer d'Entwécklung vun der Eisebunn an deene leschte Jore kuckt, da muss een awer ganz vill Positives gesinn. Engersäits de Komfort vun den Zich, deen ouni Zweifel verbessert ginn ass. Anerersäits um Réseau, wou ganz vill geschafft gëtt. Datt natierlech eng Rei Zich regelméisseg Verspéidung hunn - ech schwätze besonnesch vun enger Streck, déi engem jo gutt bekannt ass, fir an d'Stad eranzefueren -, ass evident: De Réseau ass iwwerlaascht! Dowéinst gëtt jo och elo ganz vill investéiert. Mä insgesamt, mengen ech, kënne mer eis net bekloen iwwert de Fonctionnement vun der Lëtzebuerger Eisebunn.

An da wëll ech och drop hiweisen, datt jo d'Eisebunn elo eng intern Meenungsëmfro och gestart huet. An zwar soll déi jo bis den 21. Oktober daueren, wou d'Personal kontaktéiert gëtt, ugeschriwwe gëtt, wou si sech kënne matdeelen. Ech fannen dat eng gutt Iddi. Dat kann nëmmen zum bessere Fonctionnement vun engem Betrib bäidroen.

Wa mer scho bei der Sécherheet a bei der Eisebunn sinn, dann ass een natierlech och direkt bei der Suppressioun vun e puer Barrièren. De PN17 zu Walfer, wat jo u sech eng gutt Saach ass, well dat jo och gläichzäiteg eng Verbesserung vun der Gare Walfer mat sech bréngt, virun allem och fir d'Personnes à mobilité réduite.

Wann ech mer däerf awer déi kleng Klammer erlaben: Et gëtt leider, leider nach ze vill Gemengen, wou do awer nach ganz vill Defiziter bestinn! An och op der Gare, déi mer natierlech och net onbekannt ass, Beetebuerg, muss ech awer leider feststellen, do si mer awer nach wäit hannendran. Ech wier nawell frou, wann do relativ séier och géifen Adaptatioune gemaach gi fir Leit, déi Schwieregkeeten hunn, sech ze déplacéieren.

Wat d'Gemeng Walfer ubelaangt, an d'Buergermeeschtesch, d'Madamm Joëlle Elvinger, wäert mer jo net onrecht ginn, do gëtt et jo och nach de PN16 an der Rue de la Montagne, wou d'Gemeng och net onfrou wär, wann deen och géif suppriméiert ginn, wann awer gläichzäiteg och géif e Souterrain do aménagéiert ginn. Mä den Här Minister kann eis do vläicht och nach zousätzlech Explikatioune ginn.

Bon, och ech kommen natierlech net derlaanscht, wéi de Kolleeg Aly Kaes, fir dann awer nach op ee wichtege Punkt ze schwätzen ze kommen: Déi Strooss, déi hei am meeschten diskutéiert gëtt - mä dat soen ech awer elo net pejorativ, au contraire -, ech mengen, mir sinn eis bewosst, datt d'N7 eng vun deene gefäierlechste Stroossen am Land ouni Zweifel ass. De leschte Weekend huet erëm e Beispill geliwwert.

Woubäi een awer och muss da soen: Et ass awer net nëmmen den Tracé vun der Strooss, dee schëlleg ass, wa vill Accidenter geschéien! En huet eng Matschold. Mä loosse mer awer och ganz éierlech sinn: Et si jo awer e puer Zäitgenossen, déi dat net ëmmer esou ganz genee huele mam Code de la route. A wann et dann zu engem Drama, zu engem Accident kënnt, dann ass, wéi gesot, net ëmmer mam Fanger op d'Strooss ze weisen.

Nichtsdestotrotz ass et awer wichteg, datt mer eis Gedanke maachen: Wéi kënne mer déi Strooss hei verbesseren, d'Sécherheet? Aus deem Pabeier hei geet eng kloer politesch Ausso ervir, déi der CSV net gefält. Dat ass hiert gutt Recht. Déi Strooss gëtt net op véier Bunnen ausgebaut. Ech mengen, dat ass eng kloer Ausso, déi elo vun der Regierung hei gemaach ginn ass.

Bon, dowéinst kommen awer eng Rei vun Upassungen: de sougenannten Terre-plein central. Als Laie ginn ech gären zou, deen Term war mer net bekannt. Mä op Lëtzebuergesch heescht dat jo da Leitplanken. Ass dat esou? Mä et ass wichteg, datt...

Une voix.- Dat ass esou.

M. Gusty Graas *(DP).*- Jo, et kann dat sinn. Mä et ass wichteg, wéi gesot, datt mer hei Moossnamen huelen, fir d'Sécherheet ze verbesseren. An ech wëll och hei un d'Wierder erënneren, déi mäi Fraktiounskolleeg, den André Bauler, de 9. Dezember 2014 op dëser Plaz gesot huet. Do hate mer eng Interpellatioun iwwert d'N7. Deemools sot den Här Bauler, a lauschtert gutt no, well dee Mann, deen hat Visiounen, deen huet am Fong du scho gesot, wat elo zu engem gudden Deel...

(Interruption)

...realiséiert gëtt: „De Profil type vun där sougenannter «Dräibunn» wier also deen heiten: Op béide Säite riets, do, wou et machbar ass, eng Voie lente, déi mat 90 km/h ze fueren ass, an déi zwou bannenzeg Spure sinn da mat maximal 110 km/h ze fueren. An der Mëtt soll ee Sträife vun engem Meter reservéiert bleiwen, fir déi néideg Sécherheetsmoossnamen ze garantéieren." Ech mengen, déi Virschléi hu jo also nach ëmmer hir Gültegkeet.

Ofschléissend och nach e Wuert zu där Vëlospist, där mir elo manner reservéiert géintiwwerstinn. Mir gesinn dat awer trotzdeem als eng flott Iddi. Selbstverständlech ass dat net déi absolutt Prioritéit. D'Prioritéit gehéiert der Sécherheet op der N7. Mä datt awer gläichzäiteg am Beräich do eng Vëlospist aménagéiert gëtt, fanne mer awer eng gutt Iddi. Datt selbstverständlech kee vun der Wämperhaart bis an d'Stad mam Vëlo schaffe fiert, dat wësse mer. Et sinn awer emol Leit dertëschent, déi awer och vläicht gär mam Vëlo fueren.

Bon, ofschléissend wëll ech soen, datt déi Projeten, déi elo hei virgeluecht ginn, an déi richteg Richtung ginn. Si spigelen u sech d'Regierungspolitik insgesamt zréck, a wéi eng Richtung mer wëllen investéieren, an och dat, wat virdrun hei scho gesot ginn ass, wat de Finanzminister de Moie gesot huet, vun deenen dräi Pilieren.

Dat heiten, dat enchaînéiert un dat, wat de Moien hei gesot ginn ass. Dowéinst kënne mir als Demokratesch Partei dat och ënnerstëtzen a wäerte selbstverständlech och déi Motioun hei guttheeschen.

An ech wëll awer och nach der Madamm Lorsché Merci soe fir hire ganz gudde Rapport.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An en ass scho prett, den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus der Kolleegin Josée Lorsché Merci fir hire Rapport.

Ech mengen, wann een als sechste Riedner an esou enger Debatt drukënnt, da verstitt Der, datt ech elo net all eenzelne Projet nach eng Kéier hei wäert duerchhuelen.

Une voix.- Ooh!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mä wann Der drop haalt: Mir hu kee Problem! Mä ech mengen, mir géifen eis dat erspueren.

Et ass am Fong zéng Joer hier, datt mer déi Prozedur hei décidéiert hunn, deemools an der deemoleger Comexbu, an zwar well mer ganz dacks hei an der Chamber festgestallt hunn, datt vill Projeten do waren, wa mer se hei gestëmmt hunn a wa mer spéiderhi bei d'Konte komm sinn, da waren déi Projete ganz dacks ganz vill iwwerschratt. Duerfir ass déi nei Prozedur 2006 agefouert ginn, wou gesot ginn ass, datt all Projet iwwer 7,5 - dat ass 2009 op 10 Milliounen eropgehuewe ginn - an all Projet, deen iwwer 40 Milliounen ass, muss iwwert de Wee vun engem Projet de loi hei an d'Chamber kommen.

All dës Projeten, wéi gesot, iwwer zéng Milliounen, déi ginn all Joers dann hei am Virfeld vun der zoustänneger Kommissioun, op Propositioun vum zoustännege Minister, diskutéiert an an enger Resolutioun (veuillez lire: Motioun) festgehalen, wou dann d'Chamber zoustëmmt.

An dat wäerte mer dann haut och mat eiser Ënnerstëtzung maachen, fir eben dëse Projeten zouzestëmmen, fir datt d'Regierung kann ufänken, déi Dossieren ze preparéieren, fir datt se ka Frais d'études engagéieren, a fir datt mer iwwert dee Wee dann d'Projeten herno heihinnerkréien, déi mussen an d'Chamber kommen - wéi gesot, déi iwwer 40 Milliounen -, déi da méi no bei der Realitéit sinn, wat de Chiffer ubelaangt, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Et muss een och soen, datt déi Prozedur hir Friichte gedroen huet. All déi Kolleeginnen a Kolleegen aus der Comexbu kréie jo regelméisseg vum zoustännege Minister e Relevé virgeluecht vun alle Projeten, déi lafen, souwuel déi, déi de Stat, d'Bâtiments publics oder d'Ponts et chaussées maachen, mä awer och wat d'Eisebunn ubelaangt, all d'Projeten. An do muss ee wierklech éierlechkeetshalber soen, datt praktesch kee Projet méi derbäi ass, deen Dépassementer huet.

Ech mengen, do muss een och deene Leit an deenen eenzelne Verwaltungen an deenen Ingenieuren a Bureaux d'études, déi déi Planunge maachen, déi d'Devisen opstellen, félicitéiere fir déi gutt Projeten, wat d'Estimatioune vum Coût ubelaangt. Well et ass fir d'Politik, mengen ech, eppes wesentlech, dat ass, wa se kann eng gewësse Planungssécherheet hunn, virun allem och wat d'Finanzen ubelaangt a virun allem, wann d'Projeten dann, wéi gesot, herno och am Devis bleiwen.

Et ass fir mech kee Problem, wann e Projet presentéiert gëtt an déi Responsabel setzen den Devis e bësse méi héich un, wéi dat vläicht de Fall wär, fir eng gewësse Garantie ze hunn. Mä dann ass et, mengen ech, fir d'Politik awer sécher, datt et an deem Kader bleift. An duerfir Merci un alleguer déi Leit, déi déi Projeten an de vergaangenen zéng Joer zu esou engem gudde Resultat gefouert hunn!

Ech wëll just hei Positioun bezéien zu dräi Projeten. Wéi gesot, mir stëmmen déi Resolutioun (veuillez lire: Motioun), mir sinn domat averstanen. Deen een ass deen, deen d'Bibliothèque nationale ubelaangt, wou sollen déi Logementer fir Jugendlecher dra gemaach ginn. Et ass eng ganz gutt Iddi, fir Logementer fir Jugendlecher ze schafen, déi Problemer hunn, fir eng Wunneng ze fannen.

Mä d'Fro, déi ech mer oder déi mir eis gestallt hunn, ass, ob d'Nationalbibliothéik dat gëeegent Gebai ass. Et ass en historescht Gebai, wou et och, wat d'Konzept vum Fonctionnement vum Gebai ubelaangt, eiser Meenung no dach awer vläicht schwéier ass, fir do Wunnengen dran ze maachen.

Mir wëllen eis net dergéint verschléissen. Mir wëlle just drop opmierksam maachen, datt et, eiser Meenung no, vläicht net dat gëeegentst Gebai ass, fir Wunnengen dran ze maachen an et vläicht méi sënnvoll wier, iergendwou, anzwousch aneschters en neit, fonctionnelt Gebai ze maache mat esou Wunnengen dran, wou och d'Alentoure vun dem Gebai méi der Jugend géifen entspriechen, wou eventuell e bëssen Natur derbäi ass, e Fräiraum, wéi grad hei matzen am Zentrum an der Nationalbibliothéik, wou mir mengen, datt dat Gebai och vläicht kéint fir aner administrativ oder representativ Fonctioune gebraucht ginn. Wéi gesot, mir stäipen eis net dergéint, mä mer wollten eis Bedenken awer bei deem Projet do umellen.

Een anere Projet, deen de Mëtteg hei selbstverständlech diskutéiert ginn ass, dat ass eis N7. De Kolleeg Aly Kaes huet des Laangen an des Breeden doriwwer diskutéiert. Mir wëlle vun eiser Säit aus soen, datt mir als ADR zu 100% d'Iddi ënnerstëtzen, fir d'N7 op véier Spuren auszebauen, op zweemol zwou Spuren.

Ech mengen, wéi mer hei virun engem Joer d'Gesetz gestëmmt hunn iwwert d'Radaren, do hu mer och deemools gesot, datt déi Radare sollen dohinner kommen, wou Geforepunkte sinn. An eleng op deem Tronçon vun der N7 hu mer dräi Radaren higesat! Wat jo dann och en dokumentéierte Bewäis ass, datt mer als Politiker der Meenung sinn, datt dat eng gefäierlech Strooss ass.

An och alleguer déi Accidenter, déi regelméisseg do geschéien, déi beweisen dat, datt dat eng gefäierlech Strooss ass. An och dat, wat haut hei festgehale gëtt, ass erëm de Bewäis, datt et eng gefäierlech Strooss ass, well hei ebe sollen elo Leitplanken an d'Mëtt kommen, fir déi zwou vun enger Spur ze trennen, a wa Kräizunge solle verbessert ginn an esou weider.

Ech wëll duerfir soen, datt mir der Meenung sinn, datt een net derlaanscht kënnt, mëttelfristeg awer déi Strooss ganz op véier Spuren auszebauen. Ech mengen, mir hunn d'Nordstrooss elo fäerdeg. A jiddwereen, deen déi Streck fiert, wat jo formidabel ass, d'Nordstrooss, fir déi ze fueren haut, wat een do vun Zäit gewënnt, alleguer déi Leit - vläicht an de Stousszäiten, wou et net esou geet -, mä soss ass dat e Genoss, fir an den Norden ze fueren oder vum Norden erof an d'Stad ze fueren. An et feelt ganz einfach hannert der Nordstrooss elo eng véierspureg Strooss bis uewen an d'Éislek.

Ech mengen de Kolleeg Frank Arndt huet virdrun hei, wéi de Kolleeg Aly Jaerling geschwat huet, op d'Motioun, déi mer haut hei stëmmen...

Une voix.- Den Aly Kaes!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Gelift?

M. Claude Haagen *(LSAP).*- Den Aly Kaes, net den Aly Jaerling.

Une autre voix.- Den Aly Jaerling hutt Dir gesot.

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass eng Gewunnecht. Jo, jo.

M. Claude Haagen *(LSAP).*- Dir schéngt en ze vermëssen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Normalerweis, wann esou e Lapsus mer geschitt, da soen ech: Ech wollt kucken, ob Der nogelauschtert hutt. Mä dës Kéier wollt ech net kucken, ob Der nogelauschtert hutt, et war einfach e Lapsus. Dir gesitt, d'Vergaangenheet hëlt een ëmmer erëm an.

De Kolleeg Aly Kaes huet hei iwwert d'N7 geschwat an duerno huet de Kolleeg Frank Arndt eng Interventioun gemaach, wou e gesot huet, ob en d'Motioun net gelies hätt, well do géif nëmmen drastoen: Réaménagement de la N7. Domadder wollt de Kolleeg Arndt wahrscheinlech soen, datt d'Motioun méi wäit geet wéi den Text.

Elo stellen ech mer awer dann hei d'Fro, wann ee vun der Majoritéit esou eng Interpretatioun vun der Motioun hei gëtt, weess ech net méi, wéi dann elo d'Interpretatioun vun där Motioun ass. Ass et dat, wat am Rapport steet, wat gemengt ass, oder ass et esou, datt vläicht nei Iwwerleeungen an der Majoritéit komm sinn,

datt se awer mengen, et misst ee méi wäit goen, wat d'N7 ubelaangt, an datt een dat duerfir an der Motioun méi generell formuléiert huet, wou jo dann och de Kolleeg Frank Arndt spezifesch drop higewisen huet? Vläicht kréie mer nach eng Antwert.

Ech wier frou, wann d'Interpretatioun vun der Motioun esou ze verstoe wier, wéi de Kolleeg Frank Arndt eis se hei virdru wollt gleewen doen. An da géif och den Här Kaes doudsécher déi Motioun hei matstëmmen.

Mä, wéi gesot, mir sinn als ADR derfir, datt déi Strooss soll op der ganzer Längt zweemol zweespureg ausgebaut ginn.

Nach e Schlusswuert, wat déi Informatiounssystemer ubelaangt. Déi Informatiounssystemer, déi mer op d'Garë kréien. Ech mengen, mir sinn elo alleguer frou, datt et kënnt. Mä a Wierklechkeet, musse mer soen, musse mer bedaueren, datt et elo eréischt kënnt, well dat, wat mir elo hei amgaange sinn am Land ze installéieren, dat ass am Ausland scho laang eng Normalitéit. An hei si mer wierklech am Hannertreffen.

Mir sollen net ze vill driwwer schwätzen, mä mir sollen et esou séier wéi méiglech maachen. Well et ass praktesch blamabel, wann ech nach haut de Moien de Finanzminister héieren hunn, wat mir e gutt an e räicht Land sinn, wat Rekordinvestitiounen huet, an datt mer dann esou Nachzügler an esou enger dach net allze grousser Investitioun sinn. Duerfir sollte mer eis net ze vill op d'Schëller klappen, mä mir sollte vläicht ganz still und leise, awer séier déi Installatioune maachen.

Dat gesot, wäerte mir där Motioun zoustëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Gibéryen. Da si mer elo um Enn vun eiser allgemenger Ronn an d'Regierung huet d'Wuert: den Här Nohaltegkeetsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President, fir d'Wuert, an och Merci allen Deputéierte fir hir Bäiträg; och der Rapportrice fir hire gudde schréftlechen a mëndleche Rapport.

Ech wëll versichen, Här President, an där Zäit, déi ech hunn, eng Rei Froen ze beäntwerten an op een oder zwee Projete vläicht nach e bësse méi am Detail anzegoen. Ech huele se elo net chronologesch, wéi se hei kommen am Text respektiv an der Motioun, mä esou en fonction vun de Riedner, wéi ech mer opgeschriwwen hunn, wéi d'Froe komm sinn. Ech mengen, dat erlaabt mer dann, datt ech och kee vergiessen herno an eng Äntwert ze ginn op eng Fro, déi ee gestallt huet.

Ech fänken dann u mat der Bibliothéik. Do sinn eng Rei Froe gestallt ginn. Et si sech och eng Rei Froe gestallt ginn, ob dat eent oder dat anert géif Sënn maachen. Ech verheemlechen Iech och net, datt mer vill Diskussiounen doriwwer haten, och an der Regierung, wat ee mat deem Gebai soll maachen. An ech muss Iech och soen, datt meng perséinlech Meenung déi war, fir do an där Bibliothéik, wann eng Kéier d'Bibliothéik erausgeplënnert ass, e flott Gebai dranzemaache mat enger gemëschter Struktur vu Wunnengen, awer ouni ze definéieren, wat fir eng Wunnengen, mat souguer och éischter ënnendran, um ënneschte Stack, Restauratioun a Commerce.

Bon, du koum d'Demande op am Kulturmilieu fir awer nach eng zousätzlech Kulturinfrastruktur. Wat elo gesicht ginn ass, dat hei, ass e Kompromëss. Dat heescht, et soll jo dann esou en Ausstellungsraum drakommen, awer och eng Restauratioun niewendru kommen. Et ass e bëssen e Kompromëss vun deem Ganzen. Woubäi ech awer ëmmer wëll betounen: Mir si jo hei nach net um Stadium vum Projet. Dat heescht, elo kann et sinn, datt en cours de route ganz sécherlech nach Evolutioune kommen, och duerch Diskussiounen, déi mat der Stad Lëtzebuerg sinn.

An ech wëll dat direkt hei betounen: Bei all Projet, dee mer maache matzen am Stadkär, hu mer ëmmer Consultatioune mat der Stad Lëtzebuerg, wat d'Konsequenzen dovunner sinn, zemools wann et och ëm historesch Gebaier geet, wéi deem heiten.

Et muss ee jo och wëssen, mir hunn hei ganz streng Oplagen. Dat Gebai ass klasséiert a vëlleg zu Recht. Mir kënnen net egal wat dramaachen. Mä wéi gesot, hei si mer um Stadium vun de Studien. An ech mengen, esou wéi et elo formuléiert ass am Text, datt a priori eng gemëschte Struktur soll drakommen, also Kultur oder gemëscht Kultur mat Commerce a Logement, dat léisst eis souwisou alles op. Herno, wann de Projet kënnt, dat do gëtt jo mat Sécherheet, esou wéi et ausgesäit, éischter e Gesetzesprojet vum Käschtepunkt hier herno, mä dovun ofgesinn, mengen ech, och wann et kee Gesetzesprojet misst ginn, da wäerte mer d'Chamber informéieren, wat mer hei am Detail wierklech wäerten dramaachen.

Dat nämlecht trëfft och zou fir den Don Bosco. Den Don Bosco muss ganz kloer ofgerappt ginn. Ech mengen, dat Gebai, wann mer net an där Situatioun wäre vun de Flüchtlingen, wär et och schonn ofgerappt. Et ass elo emol virgesinn, eventuell dann eng Annex ze maache vun deem, wat besteet, mä och dat ass nach net definitiv. Dat heescht, och hei soll studéiert ginn, gekuckt ginn, wat ee kann op d'Plaz do maachen, an enker Ofstëmmung och mat der Stad Lëtzebuerg.

Ech mengen, mir wësse jo och net vun der Flüchtlingskris, wéi déi weider wäert evoluéieren, dat hänkt jo och elo e bëssen dovunner of. Mä op alle Fall ass et esou, datt, wann dat ofgerappt gëtt an e Projet dropgesat gëtt, dat dauert jo souwisou nach eng Zäit, da wäerte mer nach genuch Zäit kréien, fir doriwwer ze schwätzen an och ze kucken, wat mer dann definitiv wäerten op déi Plaz do maachen.

Ech bleiwen da vläicht beim Lampertsbierg, well do eng Rei Froe gestallt gi sinn am Zesummenhang mat dem Déplacement vun der Uni op de Kierchbierg a wat da geschitt mat de Gebailechkeeten um Lampertsbierg.

Bon, och do ass ze soen, Dir wësst, datt do e gudden Deel ass, dat si klasséiert Gebaier, déi hunn en architektonesch héije Wäert, historesche Wäert zum Deel. An do dierfe mer net egal wat dramaachen. Ech mengen, do ass et och kloer, déi Gebaier sollen éischter enger éffentlecher Bestëmmung zougeuerdnet ginn, mindestens deen Deel, dee klasséiert ass.

Fir de Rescht hat Der jo matkritt sécher, datt mer der Stad Lëtzebuerg proposéiert hunn, datt mer eng ganz Rei Lycéeë wëllen eraushuelen um Lampertsbierg, de Lycée technique du Centre zum Beispill, an datt eng ganz Reorganisatioun soll komme vun de Lycéeën um Lampertsbierg, aus engem ganz einfache Grond: well do eng immens Konzentratioun ass vu Lycéeën, awer op enger Plaz, wou et net immens gutt gëeegent ass, wat immense Verkéier generéiert, déi onzieleg Bussen, déi mussen dorobberfueren. An duerfir soll en Deel op de Kierchbierg kommen.

An dann ass virgesinn natierlech, datt och um Lampertsbierg do solle Wunnengen entstoen. Dat si jo Terrainen, déi dem Stat gehéieren, wat eng gutt Saach ass, dann hu mer och eng Mainmise drop, wat fir eng Wunnengen do entstinn a wéi se sollen entstoen. Dat soll a Phase geschéien. Dat geschitt net alles op ee Coup. Et muss ee jo och fir d'Éischt emol dann um Kierchbierg fir de Lycée technique du Centre zum Beispill eppes Neies bauen. Mä dat wäert a Phasen, wéi gesot, transforméiert ginn.

Wat awer elo genau wäert an déi historesch Gebaier kommen, dat wësse mer nach net. Ech mengen, dat ass amgaangen, gekuckt ze ginn.

Dann zu dem Informatiounssystem vun de CFL. Bon, den Här Gibéryen seet - dat ass richteg -, et hätt scho méi fréi kënne gemaach ginn. Do ginn ech Iech net onrecht. An dat louch mir och uewen ze insistéieren, datt mer dee System do elo solle séier kréien.

Ech muss allerdéngs drop hiweisen, datt an Europa och nach laang net all Réseaue gutt équipéiert sinn an datt mir mindestens elo de Virdeel hunn, beim System, dee mir wäerte maachen, datt mer dee modernsten an neiste kënnen huelen, deen och am beschte kompatibel ass mat deenen aneren Informatiounsmëttelen, déi d'Leit haut hunn. Zum Beispill an der digitaler Welt, dat wësst Der, gëtt et haut Handyen. Dir kënnt herno dat nämlecht, wat Der op Äre Saile gesitt, och op d'Handyen herno kréien.

Duerfir ass et och beispillsweis, ech mengen, den Här Graas hat gefrot, ob een där net nach méi soll opstellen, där Panneauen, och op Park & Riden zum Beispill. Dat mécht net vill Sënn, well Dir kënnt herno op Ärem Handy eigentlech déi nämlecht, bal déi nämlecht Informatiounen ofruffen, wann dat alles bis fäerdeg ass.

Et geet hei méi drëms, op de Garen déi grouss Informatiounsstellen, wou och vill Fluxe si vu Leit, datt do kloer siichtlech ass, also datt d'Leit sech zurechtfannen, gutt informéiert sinn.

An dann ass dat hei jo och eng Kombinatioun tëschent geschwater Informatioun och op digitaler Basis mat ugewisener Informatioun. An déi gëtt natierlech och verknäppt mam nationalen Telematiksystem, dee mer hu beim Verkéiersverbond, dat heescht, datt den RGTR och, also all déi aner Mobilitéitsträger, déi mer am éffentlechen Transport hunn, domadder kombinéiert ginn, soudatt mer eng Villzuel vu Méiglechkeete kréien an Zukunft, fir de Client wierklech vill, vill besser ze informéiere wéi haut. Dat dréit zu der Qualitéit vum éffentlechen Transport enorm bäi, dat gëtt eng enorm Verbesserung. An duerfir sinn ech frou, datt dee Projet elo relativ séier wäert ëmgesat ginn.

Woubäi ech och wëll soen: Mir kucken och dauernd, wat deen neiste Stand ass. Déi ganz digital Welt, déi evoluéiert ganz, ganz rapid. A mir wäerten duerfir versichen, ëmmer erëm dat Allerneist a -bescht och do matanzebauen an ze adaptéieren. An dee ganze System, ech mengen, dozou gehéieren zum Beispill och aner Elementer wéi de gratis Wi-Fi um ganzen Eisebunnsréseaunetz, deen ech gär hätt.

An ech hat jo op eng Question parlementaire geäntwert, elo kierzlech, datt an deenen neie KISS-Automotricen eng Testphas wäert kommen, wou et probéiert gëtt. Ech war mer och selwer eng Rei Saachen nach ukucken. Do gëtt et och haut technesch gesi vill, ëmmer besser an ëmmer méi Méiglechkeeten, fir Iwwerbréckungen ze maachen, fir Schwächte vum Réseau auszegläichen. An ech hunn och de CFL gesot, datt ech wierklech gären hätt, datt dee gratis Wi-Fi um ganze CFLs-Réseau relativ séier soll kommen. An dat wäert och geschéien. An dat ass och e wichtegen Deel an der Informatiounspolitik an an der Qualitéit, déi mer kënnen ubidden.

Well an Zukunft, wann ech heiansdo esou Reportagë gesinn op der Televisioun oder och an den Zeitunge liesen, wou Vergläicher gemaach ginn tëschent dem Zuch an dem Auto, da gëtt ëmmer nëmme genau d'Zäit geholl, déi ee brauch vun A no B, mä et gëtt net gekuckt, wat fir eng aner Virdeeler een zum Beispill am Zuch huet, zum Beispill, wann da gratis Wi-Fi do ass, da kann ee gemittlech seng Zeitung liesen am Zuch op sengem iPad oder och aner Saache maachen, vläicht emol d'Maile liesen.

Alles dat si Saachen, déi een, wann een am Auto muss fueren oder souguer wann een am Stau steet, net ka maachen. An dat sinn awer och qualitativ keng ze ënnerschätzend Virdeeler. Duerfir ass et mer esou wichteg, datt mer do dee Wi-Fi och relativ séier kréien.

Dann zu der ganzer Problematik mat de Passages à niveau. Do waren eng Rei Froe gestallt ginn. Fir d'Éischt emol zu der Gare Klengbetten an zu dem Gebai vun der Gare. Den Här Negri hat dat gefrot.

Zum Gebai: Ech hat och nach virun e puer Deeg eng Entrevue, e lescht Gespréich mat dem Schäfferot vun der Gemeng Stengefort. Déi hate jo Suergen, datt, wa mer géifen d'Gebai ewechhuelen, herno kee gehëtzte Wartesall méi do wär an esou weider. Mir hunn hinnen awer elo d'Pläng gewisen. Do war e gewëssent Mëssverständnis do. Et ass natierlech esou, datt amplaz vun deem aktuelle Gebai e gehëtzte Wartesall dohinnerkënnt, deen och grouss genuch ass, mat enger Toilett och, enger éffentlecher Toilett. Also, déi Suerg, datt elo guer näischt méi do wär, déi ass net berechtegt. Doriwwer ass d'Gemeng och elo frou, datt dat esou ass. An ech mengen, duerfir si vill Suerge fort.

Do hu mer nach driwwer diskutéiert, ob et net sënnvoll wär, fir ze kucken, eppes dohinner ze kréien, datt een e Croissant kéint kafen an esou weider. A mir sinn herno zur Konklusioun komm, zesummen, datt ee vläicht do soll emol e Projet probéiere mat esou enger Aart „food truck" moies, wou dann zu verschiddene Stonnen zwar net e grousst Iessen, mä Croissanten zum Beispill kéinte verkaaft ginn. Et kéint een emol vläicht do eng Kéier en Test maachen. An d'Gemeng kuckt och elo mat engem Bäcker aus der Uertschaft, ob dat vläicht méiglech wier ze maachen. Bon, dat ka vläicht e flotte Modell ginn, vun deem ee sech da ka virstellen, en och emol op anere Plazen, op gréissere Garen ze maachen am Land.

Mä op alle Fall, déi Gare kënnt elo ewech a gëtt ersat duerch eng modern Installatioun vu gehëztem Wartesall mat Toilett. An do ass d'Gemeng och elo d'accord, datt mer dat maachen. An de Passage à niveau, deen ass à l'étude. Do gëtt et schonn e Projet. An et ass kloer, datt deen och soll gemaach ginn. Do gëtt et awer nach keen definitivenTiming. Fir Capellen, par contre, gëtt et nach kee Projet.

Mä dann awer zu deenen anere Passage-à-niveauen, déi gefrot gi sinn: Den Cents, de PN56, deen ass 2018 fäerdeg. An dann déi dräi Passage-à-niveauen zu Schëffleng, déi sinn ewechgeholl den Hierscht 2018. Zu Dummeldeng ass et 2020 de Fall. Dat heescht, Dir gesitt, dee Programm, dee leeft wierklech zügeg weider, fir iwwerall ze versichen, déi Passage-à-niveauen do ewechzehuelen.

Dann zu der Fro vum Här Graas iwwert d'Wendestell vun de Schëffer. Dat war an enger Question parlementaire vun Ärem Kolleeg vu Mondorf kierzlech beäntwert ginn - dee jo och hei ass. An déi Wendestell, dat gëtt gemaach fir Schëffer vun 135 Meter, dat ass geplangt. An et ass souguer e Gesetzesprojet scho quasi fäerdeg.

Et ass awer allerdéngs esou: An dee Gesetzesprojet kommen eng Rei aner Saache mat dran, zum Beispill d'Renaturéierung vun der Sir. Och déi Fëschtrap, déi do soll gebaut ginn, eppes, wat dem Här Graas jo bestëmmt och gefält, wa mer un esou Saachen denken. An dann natierlech och eng Mikrozentral, fir Stroum ze produzéieren, soll an engems matgemaach ginn. Dat ass e Gesetzesprojet, deen ass esou gutt wéi fäerdeg an dee wäert ech Iech och iergendwann eng Kéier an d'Chamber bréngen, soudatt dee Problem sech dann och wäert léisen.

Dann, als Ofschloss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach e puer Wuert zu der N7. Éischtens emol wëll ech soen, datt et par rapport zu deenen Diskussiounen, déi mer jo haten - an dat waren der jo net wéineg, viru knapp zwee Joer -, keen neie Moment gëtt. Iwwerhaapt keen een neie Moment! Duerfir brauch ech och all meng Argumenter, déi ech bruecht hunn, sougutt hei an der Chamber wéi an aneren Diskussioune wéi och a Biergerversammlungen, déi ech organiséiert hunn, net nach eng Kéier ze widderhuelen.

Ech hunn och deemools awer gesot, an dat gëtt heimadder ageléist, datt e ganze Koup Investissementer an déi N7 gemaach ginn, fir déi Strooss ze sécuriséieren. An ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, datt een en Ausbau vun enger Strooss op méi Spuren haaptsächlech och am Zesummenhang kuckt mat der Belaaschtung vun der Strooss iwwer 24 Stonne respektiv mat der Capacitéit, déi een haut huet par rapport zu den Autoen, déi driwwerfueren an an der Zukunft vläicht géifen driwwerfueren oder sollen driwwerfueren.

An d'Haaptargumentatioun, firwat datt mer dat net maachen, wat Eenzelner vläicht gären hätten, dat ass, datt déi Capacitéit vun der Strooss duergeet. Et gëtt eng Rei Problemer op der Streck a puncto Sécherheet. Déi gi behuewen. Déi sinn och alleguer heidra virgesinn. An ech mengen och, wa mer déi all gemaach hunn, dann hu mer d'Sécherheetsproblemer wierklech geléist. Da gëtt et där op där ganzer Streck keng méi.

Mäi Wonsch wär just deen heiten un d'Deputéierten, un d'Politiker am Allgemengen: Ech héieren ëmmer ganz séier Interpretatioune par rapport zu Accidenter, déi geschitt sinn. Ech géif wierklech drëm bieden, wann Accidenter geschitt sinn, dat ass jo scho schlëmm genuch an tragesch genuch fir déi Leit: Kommt, mir maache keng Politik mat Accidenter, déi grad geschitt sinn!

Well ech soen Iech: D'Ursaache vun Accidenter, firwat en Accident geschitt ass, firwat ee säi Liewen huet misse loossen, déi si meeschtens net esou einfach ze deiten a festzestellen, wéi dat hei aus der Hëft eraus oft gär gesot gëtt.

Ech wëll Iech drop hiweisen, datt ech net fir näischt de Bilan vun den Accidenter vum Joer virdrun (veuillez lire: de Bilan vun den Accidenter vum Joer virdrun esou spéit maachen). Ech kéint dee jo, theoretesch gesinn, op den 2. Januar zéien. Mä dat maachen ech net. Firwat maache mer dat net? Ma, well tëschent dem Januar an dem Abrëll, wou meeschtens d'Chiffere publizéiert ginn, mer detailléiert Analyse kréie vun den Assurancen, vun der Police, vun der Protection civile, komplett Detailer kréien, wat wierklech d'Emstänn an d'Ursaache ware vum Accident. An ech soen Iech: Ganz, ganz oft ass et net dat, wat am Ufank vläicht gemengt gëtt!

Mir wëssen natierlech, duerch déi Statistiken, déi ech publizéieren, datt et - ech géif bal soen - a bal 70% vun de Fäll iwwerhéichte Vitesse ass. Dat sinn awer definitiv Statistiken, wou dat festgestallt ginn ass. Et ass e Fait, datt d'Vitesse einfach de grousse Problem ass, dee mer an eiser Gesellschaft nach ëmmer hunn. An duerfir schaffe mer jo och dorunner, datt mer d'Leit derzou kréien, datt se d'Vitessë solle respektéieren, esou wéi se virgeschriwwe sinn.

Mä et huet kee Wäert, Konklusiounen ze zéien, an et ass wierklech net glécklech, Konklusiounen ze zéien aus Accidenter, déi geschéien. Wéi gesot, ech soen Iech just ee Beispill. Mir haten net déi lescht Woch, mä et ass nach net esou laang hier, en Accident, wou een och hätt kënnen dat eent mengen an am Endeffekt war et awer e Malaise vun der Persoun, déi hannert dem Steier souz. An duerfir géif ech wierklech drëm bieden, keng Interpretatioune méi ze maachen hei an der Chamber vun Accidenter, well dat bréngt eis net ganz vill.

Wann d'Zuele bis do sinn, déi kritt Der jo och ëmmer als Chamber, da kann ee ganz gäre ku-

cken, op Basis vun den Zuelen da Konklusiounen ze zéien op enger sachlecher Basis. An ech mengen, et ass och esou, wéi et gemaach gëtt an deem Aarbechtsgrupp Sécuritéit, wou iwwregens alleguer d'Akteuren drasëtzen. Well déi Konklusiounen, déi d'Ponts et chaussées zitt an och ech zéien um politeschen Niveau, wat op wat fir enger Strooss gemaach gëtt oder soll gemaach ginn, dat ass net einfach esou, well dat mer grad moies afält oder engem Bauingenieur vu Ponts et chaussées moies grad afält, mä déi gi gezunn op Basis vun Diskussiounen, wou vill Experte ronderëm den Dësch sëtzen an der Verkéierssécherheet, Police an esou weider, fir zu deene Konklusiounen ze kommen.

Elo kann ee vläicht doriwwer aus anere Grënn net ëmmer frou sinn an zefridde sinn, mä mat den Accidenter ganz kloer am Zesummenhang gesinn, si se meeschtens op där sachlecher Basis festgestallt ginn a gëtt och an der Regel ëmmer direkt dorobber reagéiert. Dat kënnt Der roueg kucken, wat an deene leschte Jore gemaach ginn ass a wat och an deenen nächste Jore gemaach wäert ginn, wann et drëms geet, d'Stroosse méi sécher ze maachen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Nohaltegkeetsminister. Domat si mer, souwäit ech dat gesinn, um Enn vun eiser Orientéierungsdebatt ukomm.

Motion 1

Et bleift eis nach d'Motioun.

Ass déi Motioun ausdiskutéiert?

Plusieurs voix.- Jo!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ass dat de Fall? Da géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Ass de Vote électronique gefrot? Oder kënne mer mat Handophiewen ofstëmmen?

(Assentiment et interruption)

Vote sur la motion 1

Wien derfir ass, ass da gebieden, d'Hand ze hiewen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- D'Géigeprouf: dergéint? Enthalungen? Unanimitéit: Domat ass d'Motioun mat alle Stëmmen ugeholl. Merci.

An da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, der Revisiounspropositioun vum Artikel 32.(3) vun eiser Verfassung.

Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen herno beim Vott noutwendeg ass. A mir wësse jo, dass dat hei en zweete Vott ass. An den Här Rapporteur, den honorabelen Alex Bodry, huet elo direkt d'Wuert.

4. 6894 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 3 de la Constitution

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, bei dëser Proposition de révision vun eiser Verfassung geet et ëm eng punktuell Neiformuléierung vun engem Deelartikel vun eiser Constitutioun, dem Artikel 32.(3).

Haut solle mer als Chamber eng zweete Kéier doriwwer befannen, nodeem mer e Reflexiounsdélai vun dräi Méint respektéiert hunn. Den éischte Vott hate mer hei zu deem neien Artikel 32.(3) de 6. Juli an der Chamber. An deemools hate vu 54 Deputéierte sech der 52 fir déi Ännerung ausgeschwat, bei zwou Géigestëmmen. Ech hoffen als Rapporteur, dass et eng äänlech breet Zoustëmmung gëtt bei dësem zweete Votum, wéi en an eiser Verfassung virgeschriwwen ass.

Bei deem Artikel 32.(3) dréit et sech ëm Froen, déi mat der Kompetenz vun der Regierung ze dinn hunn, fir Reglementer ze huelen, fir also Ausféierungsbestëmmunge vu Gesetzer ze huelen. Wat ass Domän vum Gesetz, wat ass Domän vum Reglement? Wat ass also schlussendlech am Décisiounspouvoir vun der Chamber a wat läit an dem Décisiounspouvoir vun der Regierung?

Et ass also eng ganz sensibel Matière, déi mer hei uginn, déi mer hei reformuléieren, an dat an deem spezifeschen Domän 32.(3) vun dem sougenannten Domaine réservé à la loi par la Constitution.

Mir kennen hei zu Lëtzebuerg, wéi eng Partie aner Länner, dee System vun der Réserve de la loi, wou also festgeluecht gëtt, wat fir eng Matièren eigentlech mussen duerch d'Gesetz geregelt ginn an net däerfen duerch Reglementer vun der Exekutiv geregelt ginn.

Dat sinn eng ganz Partie Matièren, déi an der Verfassung opgezielt ginn, wou drasteet: „la loi règle, la loi détermine", an dat heescht, dass also net duerch eng Regierungsdécisioun oder duerch administrativ Bestëmmunge vun der Regierung gewësse Matièrë geregelt kënne ginn. Dat muss de Législateur obligatoresch erweis maachen.

Wat awer erëm net heescht, dass dat eng exklusiv Kompetenz wär vum Législateur. En huet d'Haaptkompetenz, mä wann de Législateur dat esou wëllt an esou décidéiert an an e Gesetz eraschreift, kann en och dem Grand-Duc, der Exekutiv - an der Praxis ass dat d'Regierung - e Pouvoir réglementaire zougestoen. Et ass awer e Pouvoir d'attribution, déi an deem heiten Domän de Grand-Duc, lies d'Regierung kritt.

Also, dee Pouvoir réglementaire am Domaine réservé, deen d'Regierung huet, gëtt et, ass och esou gewollt, och vun der Chamber, mä ass natierlech méi beschränkt wéi an deenen anere Matièren, déi net spezifesch vun der Verfassung dem Gesetz virbehale sinn.

An de Matières réservées à la loi besteet och zum Beispill de Pouvoir réglementaire spontané vum Grand-Duc net. Dee muss also, wéi ech virdru gesot hunn, expressément an enger Gesetzesbestëmmung virgesi sinn, an an där doter Matière ass et och esou, dass keng Règlements ministériels däerfe geholl ginn. Déi sinn an der Matière réservée ausdrécklech duerch eng aner Verfassungsbestëmmung ausgeschloss.

Par contre bleift also eng gewëssen Attributiounskompetenz, déi d'Exekutiv huet, fir och an deenen heite spezifesche Fäll ze reglementéieren. Ech mengen, déi klassesch Fäll, wou mer oft déi Problematik do begéinen, ass am ganze Schoulsecteur, wou an dëser Verfassung drasteet, dass zum Beispill alles, wat d'Schoul betrëfft, vum Gesetz geregelt muss ginn. En aneren Domän, dee mer oft begéinen, ass dee vun der Liberté de commerce et de l'industrie, wou och Aschränkungen nëmme kënnen duerch e Gesetz festgeluecht ginn, net also vun der Regierung eleng kënnen décidéiert ginn.

D'Fro, déi sech natierlech stellt, zënter dass mer déi dote Bestëmmungen hunn, ass: Wéi wäit geet dann elo déi Kompetenz vun deem engen a vun deem aneren? Dat ass en éiwegen Diskussiounspunkt, eng Debattefro, a wou et eng Jurisprudenz gëtt, ënner anerem och natierlech vun eiser Cour constitutionnelle.

Den aktuellen Text vum 32.(3) ass relativ rezent a geet op eng Revisioun vum 19. November 2004 zréck. D'Absicht vum Constituant war et deemools, Rechtssécherheet ze schafen an eigentlech de besteeënde System vun de Matières réservées bäizebehalen, gläichzäiteg awer och dem Grand-Duc e gewëssene Pouvoir réglementaire ze loossen.

Am Kloertext heescht dat, do si mer eis haut nach ëmmer eens, dass dat eise Wëllen ass: Déi grouss Prinzipien, d'Haaptregelen an enger Matière mussen duerch d'Gesetz festgeluecht ginn. D'Detailer kënnen iwwer Règlement grand-ducal festgeluecht ginn, wann d'Gesetz dat ausdrécklech virgesäit.

«Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, le Grand-Duc ne peut prendre des règlements et arrêtés qu'aux fins, dans les conditions et suivant les modalités spécifiées par la loi.» Dat ass den aktuelle Verfassungstext. Deen ass am Ufank och interpretéiert ginn an deem Sënn, wéi mir et eigentlech beabsichtegt haten, duerch eis Cour constitutionnelle, bis an engem éischten Arrêt, den 29. November 2013, et sinn nach aner Arrêten nokomm, méi eng restriktiv Lektür gemaach ginn ass vun där neier Verfassungsbestëmmung, d'Cour constitutionnelle méi streng war an den Domän vum Règlement grand-ducal ganz enk definéiert huet a gesot huet, wierklech all d'Konditiounen, all Modalitéite missten am Gesetz selwer fixéiert ginn, an da bleift praktesch net méi ganz vill iwwreg fir den Domän vum Règlement grand-ducal.

Dësen Ëmstand huet schonn de Statsrot dozou gefouert, fir an enger Stellungnam, ënner anerem och an engem Avis, schonn Ufank 2014, déi Fro vun enger Neidefinéierung, Neiformulatioun vum Artikel 32.(3) opzewerfen. An och dës Regierung huet sech an deemselwechte Sënn geäussert.

An eisem Entworf vun der Chamber fir eng nei Verfassung huet déi zoustänneg Parlamentskommissioun och eng Textpropos vum Statsrot an hirem Projet de révision vun der Verfassung zréckbehalen. Mir hunn eis deen Text awer nach eng Kéier ugekuckt. A mir sinn eigentlech zu deem Schluss komm, eng Schlussfolgerung, déi iwwregens och gedeelt gëtt vum Statsrot, dass dat, wat sengerzäit de Conseil d'État proposéiert hat als neien Text a wat mir ee Moment iwwerholl haten, dass dat eigentlech wahrscheinlech net duergeet, fir op déi fréier Interpretatioun vun dem Pouvoir réglementaire am Domaine réservé à la loi zréckzekommen.

An duerfir hu mer en neien Text eigentlech eis ausgeduecht, dee mer och zréckbehalen hunn an dee wéi folgt formuléiert ass: «Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, le Grand-Duc ne peut prendre des règlements et arrêtés qu'en vertu d'une disposition légale particulière qui fixe l'objectif des mesures d'exécution et le cas échéant les conditions auxquelles elles sont soumises.»

Bei der Matière réservée muss also d'Gesetz ausdrécklech virgesinn, et geet hei rieds vun enger Disposition légale particulière, dass de Grand-Duc an engem spezifesche Fall an enger Matière habilitéiert ass, bestëmmt Ausféierungsbestëmmungen ze huelen.

D'Gesetz muss och zousätzlech d'Zil vun deem Reglement festleeën. Zu wat fir engem Zweck ginn déi Règlements d'exécution geholl? Dat muss also am Gesetz selwer stoen. Mä am Géigesaz zu deem aktuelle Verfassungstext ass et net obligatoresch, dass d'Gesetz och all Konditiounen an all Modalitéite vun deene Matièrë festleet. D'Gesetz kann an Zukunft Konditioune festleeën, et muss et awer net maachen. Wat also virdrun obligatoresch war, gëtt elo reng fakultativ an eisem neien Text.

Ech widderhuelen nach eng Kéier: D'Zil ass et, dass mer erëm zu deem, mengen ech, gesonden Équiliber kommen, dee mer iwwer laang Jorzéngten haten, wou och an der Matière réservée à la loi - d'Gesetz muss déi wichteg Regelen, d'Grondprinzipie festleeën - d'Detailfroe kënnen iwwer Règlement grand-ducal festgeluecht ginn, wann de Législateur dat expressément esou virgesäit an och den Zweck vun där Operatioun am Gesetz selwer festleet. Dat ass dat, wat mer an deem heiten Text wëllen erreechen.

Mir hoffen, dass mer dës Kéier richtegleien, dass och eise Wëlle richteg interpretéiert gëtt. An deem Sënn géif ech Iech also hei bieden, deen heiten Text ze stëmmen.

Et ass kee Chèque en blanc, deen d'Chamber heimadder der Exekutiv gëtt. Iwwert de Gesetzestext behale mer all Ficellen an der Hand. Mä et gëtt eis déi Méiglechkeet, besonnesch a méi techneschen Domänen, wou et immens schwéierfälleg wär, ëmmer iwwer e Gesetz Bestëmmunge festzeleeën, iwwer Règlement grand-ducal kënnen am Detail dann iwwert d'Regierung déi néideg Modifikatiounen am Laf vun der Zäit ze maachen.

Dat gesot, géif ech Iech also am Numm vun der Kommissioun bieden, deen heiten Text och eng zweete Kéier esou ze stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An éischte Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Här President, de Rapporteur, den Här Alex Bodry, huet d'Hannergrënn an och d'Explikatioune ginn, woufir dass deen Text elo esou geännert gëtt. Ech selwer hu beim éischte Vott de 6. Juli eis Argumenter virgedroen, firwat dass mir deen Text do ënnerstëtzen. Ech mengen, deem ass näischt bäizefügen. An dofir kann ech och elo fir deen zweete Vott den Accord vun der CSV ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Meyers. D'Madamm Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hänke mech och un dat, wat meng Virriedner gesot hunn. Ech mengen, mir hunn déi Deelverfassungsrevisioun gemaach, fir aus engem praktesch reglementaresche Blocage erauszekommen, deen notamment an dem Éducatiounssecteur eise Regierungsmemberen d'Aarbecht ganz schwéier gemaach huet. Mir hu gesot: Et muss alles geschéien, fir dass notamment an deem Secteur erëm kann effikass a schnell geschafft ginn.

Ech mengen, mir hunn all eis Argumenter scho beim éischte Vott gesot. Den Artikel 114 vun der Verfassung verlaangt jo, dass mer dësen zweete Vott maachen, well an där neier Prozedur soll, duerch deen zweete Vott, d'Solennité an de Formalisme vun der Procédure de révision ervirgehuewe gi par rapport zum Vott vun enger normaler Loi, engem normale Gesetz.

An ech wollt domat dat nach eng Kéier ënnersträichen, dass bien entendu, wéi mer et am éischte Vott gemaach hunn, d'DP-Fraktioun voll hannert deem Text do steet.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Beissel. Den Här Adam huet d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Den Här Bodry huet erëm eng Kéier erkläert, wat den Enjeu ass vun dëser Ännerung, vun dëser Proposition de révision vun eiser Verfassung.

Ech hat d'Geleeënheet, fir beim éischte Vott de 6. Juli och d'Argumenter, firwat datt déi gréng Fraktioun dës Ännerung géif ënnerstëtzen, hei duerzeleeën. Déi gréng Fraktioun huet hir Meenung net geännert zënter dem 6. Juli. An duerfir wäerte mir dann och déi Kéier beim zweete Vott eisen Accord ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Adam. Dann huet den Här Reding d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Och d'ADR huet zënter dem leschte Vott hir Meenung net geännert a wäert och déi Kéier der Verfassungsännerung zoustëmmen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Den Här Baum huet d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Déi Lénk huet eppes gemeinsam mat all deenen anere Parteien: Si huet och hir Meenung net geännert par rapport zum Vott vum 6. Juli. Den Här Bodry huet ganz gutt duergestallt, datt et eng heikel Matière ass, wou et ëm Décisiounspouvoire geet, wou et ëm en Équiliber geet tëschent Décisiounen, déi d'Chamber hëlt, an Décisiounen, déi d'Regierung kann huelen. Mir mengen, datt déi aktuell Regelung, wéi se an der Verfassung steet, gutt ass an datt se keng Ännerung brauch. A mir sinn och dofir dergéint.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- D'Regierung freet sech d'Wuert zu der Propositioun.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Jo, wann Der eis d'Wuert gitt, Här President. Merci. Ech wëll fir d'Éischt och den Deputéierte Merci soen, dass dee Vott, dee virun der Vakanz stattfonnt huet, datselwecht Resultat wäert mat sech bréngen. Hei geet et virun allem ëm méi Rechtssécherheet. Dat ass dat, wat ganz, ganz wichteg ass. An hei ass och net en Transfert de pouvoir, dee gefrot gëtt. Doweinst Merci der Regierung, pardon, Merci der Chamber,...

(Hilarité)

...dass se dës Rechtssécherheet och garantéiert.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Et seet jo soss keen eis Merci.

(Hilarité)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Dofir soen ech och deenen Deputéierte Merci, déi nach ëmmer zu hirem Wuert stinn an dann haut och den Text wäerte stëmmen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Statsminister. A mer kéinten dann zur Ofstëmmung iwwergoen. Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass bei deem heite Vott keng Procuratiounen erlaabt sinn.

Second vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution

Mir géifen de Vott starten. Fir d'Éischt... Jo, dat brauch ech dann net ze soen, vu dass et nëmme perséinlech Stëmme gëtt. Huet jiddwereen ofgestëmmt? Et komme keng bäi. Dat schéngt also de Fall ze sinn. Dann ass d'Ofstëmmung ofgeschloss.

Mir hu 50 Participatiounen um Vott: 48-mol Jo an 2-mol Neen.

(Interruption)

Jo, ech hunn hei 53 Präsenze markéiert a 50 Votten. Dir dot eis jo net nach eng Kéier ofstëmmen? Ech mengen, d'Ofstëmmungsresultat ass ganz kloer. Déi Zweedréttelmajoritéit ass largement erreecht. An domat ass déi Revisiounspropositioun ugeholl. Merci gesot.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz,

Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty et Edy Mertens;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen: de Projet de loi 6941 iwwert d'Informatiounsprozedur am Beräich vun den technesche Reglementéierungen. An ech gesinn, dass de Rapporteur, den Här Claude Haagen, scho viru mer Plaz geholl huet,...

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Plaz geholl? Ech stinn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ... well ee mech net méi gesäit.

(Hilarité)

5. 6941 - Projet de loi prévoyant une procédure d'information dans le domaine des réglementations techniques et des règles relatives aux services de la société de l'information

Rapport de la Commission de l'Économie

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Här President, de Projet de loi mat der Nummer 6941, deen eng Procédure d'information, wéi Der gesot hutt, virgesäit, also en Informatiounsverfahren um Gebitt vun technesche Virschréften a Virschréfte fir Leeschtungen an der Informatiounsgesellschaft, ass de 4. Februar vun dësem Joer vum Wirtschaftsminister an der Chamber déposéiert ginn. D'Handelskummer huet hiren éischten Avis den 1. Mäerz an de complémentairen Avis den 20. Juni vun dësem Joer agereecht. An d'Handwierkerkummer huet hiren Avis den 18. Mäerz 2016 agereecht.

De Statsrot huet säin éischten Avis de 24. Mee an den Avis complémentaire de 5. Juli ofginn. Den Avis complémentaire huet sech dorobber bezunn, datt de Statsrot haaptsächlech eng Opposition formelle um Artikel 5 vun dësem Projet de loi gemaach huet, déi awer dunn nom Amendement vun der Ekonomieskommissioun den Accord vum Statsrot kritt huet.

Den Objet vun dësem Gesetzestext gesäit d'Emsetzung vun der EU-Direktiv 2015/1535 betreffend d'Informatiounsprozedure vir, fir déi et schonn EU-wäit säit den 80er Joren eng Prozedur gëtt. Domäner, déi ënnert dës technesch Regele falen, si bei eis ënner anerem d'Konstruktioun, d'Landwirtschaft, d'Telekommunikatioun, den Transport, d'Mécanique, d'chemesch Produiten, d'medezinnesch Équipementer an d'Energieversuergung.

Fir e reiwungslost Fonctionnéiere vum europäesche Bannemaart ze garantéieren, ass elo d'Zäit komm, fir déi national Initiativen iwwert d'technesch Reglementatiounen EU-wäit méi transparent ze gestalten, fir esou de fräie Wuereverkéier net ze hënneren. Esou muss a soll all Memberstat, deen eng technesch Regelung huet, esou wéi se am éischten Artikel vum Projet de loi definéiert ass, also all déi Produiten a Servicer, déi an deem Kader drastinn, der EU-Kommissioun matdeelen. Dëst awer nëmme fir nei Normen, déi net schonn op europäeschem oder internationalem Niveau unerkannt sinn.

D'Zil vun dëser Informatiounsprozedur ass et, de jeeweilege Memberstaten an der EU-Kommissioun et ze erméiglechen, fir datt een, ier si d'technesch Regelen ëmsetze wëllen, ka kucken, wat bis dohinner an deene jeeweilege Länner genotzt gëtt. Esou gesäit een näämlech vir, wat fir eng Prozeduren nach néideg sinn, also och wat fir eng Harmonisatioun op deenen Domäner nach néideg ass.

D'Wichtegkeet an och d'Uwendung besonnesch vun dëser Prozedur gouf scho vum Europäesche Geriichtshaff a verschiddene Fäll e puermol monéiert, well soss dës Regelen eben net opposabel sinn.

De Gesetzestext gesäit och vir, datt um nationalen Niveau den ILNAS, also den Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services, zoustänneg ass fir d'Kommunikatioun vun esou technesche Regele mat der Europäescher Kommissioun a mat deenen anere jeeweilegen EU-Memberstaten.

All weider technesch Detailer fannt Der a mengem schréftleche Rapport. Dat gesot, ginn ech natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Haagen. An den Här Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo. Merci dem Här Rapporteur Haagen fir säin exzellente Rapport an enger technescher Matière. Duerch säi Rapport hu mer wéinstens e Minimum vun där komplexer Matière verstanen. Merci derfir. A mir wäerten dëse Projet natierlech stëmmen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Mosar. D'Madamm Elvinger huet d'Wuert.

Mme Joëlle Elvinger *(DP).*- Jo, ech géif dem Här Rapporteur och gär villmools Merci soe vun eiser Säit fir déi gutt Explikatiounen zu deem techneschen Dossier. A well d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv de Bannemaart nach méi effikass maache soll, andeems eng Transparenz geschafe gëtt, fir déi national technesch Regelen EU-wäit ze garantéieren, gëtt d'DP-Fraktioun dann och hiren Accord zu dësem Projet de loi.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Elvinger. Dann den Här Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Jo. Merci, Här President. Ech géif et ganz kuerz maachen. Merci un de Rapporteur, an och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet den Här Wirtschaftsminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Jo. Merci, Här President. Ech muss soen, ech sinn erstaunt, awer och dankbar doriwwer, dass deen héich technesche Projet hei net méi Froen u mech opwerft. Dofir soen ech Iech Merci, dass Der deen esou stëmme wëllt.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wirtschaftsminister.

Da kënne mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6941 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6941 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

58 Kolleegen hunn direkt oder indirekt ofgestëmmt: 58-mol Jo. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Roberto Traversini) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn domat um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Ech soen Iech Merci.

Rendez-vous: deen nächsten Dënschdeg bei enger Reunioun, wou all d'Kommissiounen invitéiert sinn, déi zwar keng Plénière ass, mä awer e wichtege Charakter huet, dann, wa mer de Vizepresident vun der EU-Kommissioun hei empfänken an e Fro-an-Äntwert-Spill och hei maachen. Selbstverständlech ass d'Regierung bei där Geleeënheet och invitéiert. An déi, déi wëllen deelhuelen, solle sech wann ech gelift bei eis mellen.

Doriwwer eraus wënschen ech Iech nach e schéinen Owend.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.22 heures)

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes. législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

SÉANCE 3

JEUDI,
20 OCTOBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Changements de composition des commissions parlementaires
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Communications
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. 7069 - Proposition de révision de l'article 29 de la Constitution
- *Déclaration de recevabilité: M. Mars Di Bartolomeo, Président*

5. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

6. Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur la décision du Conseil concernant le «Comprehensive Economic and Trade Agreement (CETA)», suivie d'un débat
- *Déclaration: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Débat: M. Laurent Mosar, M. Marc Angel (dépôt d'une motion), M. Gusty Graas, M. Claude Adam (interventions de M. David Wagner), M. Fernand Kartheiser (dépôt d'une motion), M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes (dépôt d'une documentation)*
- *M. Fernand Kartheiser (parole après ministre), M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*
- *Vote sur la motion 2 (rejetée)*

7. Interpellation de M. Gusty Graas au sujet de la gestion de l'eau
- *Exposé: M. Gusty Graas*
- *Débat: M. Aly Kaes (dépôt d'une motion), Mme Cécile Hemmen, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur la motion 1*

8. 6893 - Projet de loi

1. relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles;

2. portant création d'un registre des titres professionnels et d'un registre des titres de formation;

3. modifiant

a) la loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire,

b) la loi modifiée du 31 juillet 1991 déterminant les conditions d'autorisation d'exercer la profession de pharmacien,

c) la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé,

d) la loi modifiée du 11 janvier 1995 portant réorganisation des écoles publiques et privées d'infirmiers et d'infirmières et réglementant la collaboration entre le ministère de l'Éducation nationale et le ministère de la Santé,

e) la loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales,

f) la loi du 14 juillet 2015 portant création de la profession de psychothérapeute
- *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace: M. André Bauler*
- *Discussion générale: M. Serge Wilmes, Mme Taina Bofferding, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Alex Bodry)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

9. Interpellation de M. Gusty Graas au sujet de la gestion de l'eau (suite)
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

10. 6897 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la Convention Benelux en matière de propriété intellectuelle (marques et dessins ou modèles), fait à Bruxelles le 21 mai 2014

et

6898 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la Convention Benelux en matière de propriété intellectuelle (marques et dessins ou modèles), en ce qui concerne l'opposition et l'instauration d'une procédure administrative de nullité ou de déchéance des marques, signé à Bruxelles, le 16 décembre 2014
- *Rapports de la Commission de l'Économie: M. Claude Haagen*
- *Discussion générale: M. Félix Eischen, Mme Simone Beissel, M. Henri Kox*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*
- *Votes sur les projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*

11. 7068 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la désignation de deux députés comme membres du comité d'évaluation institué par la loi du 23 juillet 2016 portant mise en place d'un statut spécifique pour certaines données à caractère personnel traitées par le Service de renseignement de l'État
- *Rapport de la Commission du Règlement: M. Eugène Berger*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen*
- *Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, M. Félix Braz, Mme Lydia Mutsch et Mme Carole Dieschbourg, Ministres; M. Marc Hansen, Ministre délégué; Mme Francine Closener, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtten! Ech maachen d'Sëtzung op a froen dann direkt d'Regierung, ob se ausser der Erklärung nach eng Matdeelung ze maachen huet.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Neen, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Ausseminister.

2. Changements de composition des commissions parlementaires

Ech wollt dann d'Chamber consultéieren iwwer eng Rei vu proposéierten Ännerungen an eise Kommissiounen. D'DP-Fraktioun proposéiert, dass an der Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse den Här Edy Mertens den Här Claude Lamberty punktuell fir de Punkt iwwert de Projet de loi 7011 iwwert de Clierfer Lycée, an dat bis zum Enn vun der Prozedur, ersetzt.

(Brouhaha)

D'LSAP-Fraktioun proposéiert, dass an der Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace den Här Franz Fayot den Här Yves Cruchten ersetzt all Kéier fir de Punkt iwwert de Projet de loi 7049, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert déi perséinlech Donnéeën an dat bis zum Enn vu senger Prozedur.

An der Commission des Affaires intérieures soll d'Madamm Tess Burton den Här Frank Arndt all Kéier fir de Punkt vum Projet de loi 7035 ersetzen. Et handelt sech ëm d'Fusioun vun de Gemenge Mompech a Rouspert; och do bis zum Enn vun der Prozedur.

Ass d'Chamber mat deene Propositiounen averstanen?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

3. Communications

Dir fannt um Büro vun der Chamber d'Lëscht vun deenen neie Froen, d'Lëscht vun de Projeten, déi deponéiert gi sinn, an d'Lëscht mat de Petitiounen.

Communications du Président - séance publique du 20 octobre 2016

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***7050** - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:*

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi du 18 décembre 2015 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2016

9) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

10) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

11) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

12) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 12.10.2016

***7051** - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020*

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 12.10.2016

***7072** - Projet de loi instituant un service de médiation de l'Éducation nationale, instaurant un médiateur au maintien scolaire, un médiateur à l'inclusion scolaire et un médiateur à l'intégration scolaire et portant modification de la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

***7073** - Projet de loi concernant l'extension de l'offre scolaire du Lycée technique Michel Lucius et modifiant sa dénomination*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

***7074** - Projet de loi portant sur l'enseignement secondaire et modifiant*

1. la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

2. la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

3. la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement (Titre VI: de l'enseignement secondaire);

4. la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée;

5. la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire;

6. la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;

7. la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote;

8. la loi du 13 juillet 2006 portant organisation du Centre d'accompagnement et de psychologie scolaire;

9. la loi du 16 mars 2007 portant - 1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue - 2. création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation;

10. la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle;

11. la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire;

12. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

13. la loi du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance;

14. la loi du 29 juin 2010 portant création d'une réserve nationale de chargés d'enseignement pour les lycées et les lycées techniques;

15. la loi du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers;

16. la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale;

17. la loi du 7 juillet 2016 portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement secondaire et secondaire technique

18. la loi du XX XX XXXX ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

***7075** - Projet de loi portant création d'un Observatoire national de la qualité scolaire*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

***7076** - Projet de loi portant sur le développement curriculaire de l'Éducation nationale et modifiant*

1. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire général;

3. le Code de la sécurité sociale

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

***7077** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet 1. la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques; 2. la création d'un «Centre de Gestion Informatique de l'Éducation»; l'institution d'un Conseil scientifique*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

***7078** - Projet de loi portant*

1. organisation de la reprise des enseignants de religion et des chargés de cours de religion préyue par la Convention du 26 janvier 2015 entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et l'Église catholique du Luxembourg concernant l'organisation du cours commun «éducation aux valeurs» sous le régime de l'employé de l'État;

2. modification de la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire;

3. modification de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

4. abrogation de la loi du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Archevêché, d'autre part, concernant l'organisation de l'enseignement religieux dans l'enseignement primaire

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

***7079** - Projet de loi portant modification*

1. de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

2. de la loi du 13 juillet 2006 portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

3. de la loi du 16 mars 2007 portant 1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue 2. création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation;

4. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;

5. de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle;

6. de la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance;

7. de loi du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves;

8. du Code de la sécurité sociale

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

2) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

***726** - Demande de pétition publique: Développer la technique de thermoablation et sa prise en charge au Luxembourg afin d'éviter l'ablation thyroïdienne*

Dépôt: Mme Anna Christen, le 06.10.2016

***727** - Demande de pétition publique: Installation d'un système de barrière automatique au parking Hôtel de Ville à Ettelbruck*

Dépôt: M. Jerry Le Vaillant, le 10.10.2016

***728** - Demande de pétition publique: Gratis ëffentlechen Transport OCH fir Studenten*

Dépôt: M. Jean Wivenes, le 13.10.2016

***729** - Demande de pétition publique: Demande d'octroi de la classe d'impôt 2 aux familles monoparentales*

Dépôt: Mme Nuria Iturralde, le 18.10.2016

***730** - Demande de pétition publique: Fir eng steierlech Entlaaschtung vun den Elengerzéier/innen (familles monoparentales)*

Dépôt: M. Jean Heuschling, le 19.10.2016

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

4. 7069 - Proposition de révision de l'article 29 de la Constitution

Déclaration de recevabilité

An hirer Reunioun vum 13. Oktober 2016 huet d'Presidentekonferenz d'Proposition de révision vun der Constitutioun Nummer 7069, déi den Artikel 29 vun eiser Verfassung soll ofänneren an déi hei den 11. Oktober 2016 vum Här Fernand Kartheiser deponéiert gouf, als recevabel unerkannt.

Ass d'Chamber och do bereet, d'Presidentekonferenz ze suivéieren?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

5. Ordre du jour

Den Ordre du jour kennt Der. Zënter der Presidentekonferenz ass proposéiert ginn, fir deen Ordre du jour, deen duerch d'Presidentekonferenz gaangen ass, duerch d'Erklärung zum Stand vum Dossier CETA ze ergänzen.

Ass d'Chamber mat där Propositioun d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zur Deklaratioun vum Här Ausseminister iwwert de Stand an déi nei Entwécklungen am Dossier CETA iwwergoen. All Fraktioun a Sensibilitéit huet eng Riedezäit vun zéng Minutten. An den Här Ausseminister huet déi Zäit, déi e fir néideg empfënnt, fir den Dossier ze erklären. Här Ausseminister Jean Asselborn, Dir hutt d'Wuert.

6. Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur la décision du Conseil concernant le «Comprehensive Economic and Trade Agreement (CETA)», suivie d'un débat

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Merci, Här President. Ech géif vläicht ufänke mat der Fro: Wat charakteriséiert CETA, den Handelsaccord tëschent der Europäescher Unioun a Kanada?

CETA ass deen éischte Fräihandelsaccord, deen d'Europäesch Unioun mat engem Member vun dem G7 ofschléisst. Et ass gläichzäiteg deen ëmfaassendsten Accord, deen d'EU bis dato verhandelt huet. CETA regelt den Handel, wéi mer wëssen, vu Wueren, vu Servicer tëschent Kanada an Europa a baut eigentlech op dräi grousse Pilieren op: dem geregelten Zougang op d'Marchéen, der Zesummenaarbecht dann am Beräich vun der Reguléierung, den technesche Normen, a schliisslech dem Austausch vun Investissementer.

CETA ass a mengen Aen e wichtegen Accord, well och d'Kanadier e strategesche Partner sinn, wéi kaum en zweeten, fir d'Europäesch Uniioun. A mir sinn als Europäesch Unioun zwéngend - zwéngend! - op Partner ugewise wéi Kanada, fir da mat um Dësch fir fair Regelen ze kämpfen, fair Regelen, fir e staarke Kader ze setzen - an dat ass fir mech dat Allerwichtegst -, deen d'Globaliséierung an déi richteg Richtung bréngt.

Mir hunn als Europäesch Unioun elo nach 22% vum weltwäite Bruttosozialprodukt. Nom Brexit wäerten et der nach 18% sinn. Et däerf een also net vergiessen, dass aner Länner a Regiounen amgaange sinn, mir wëssen dat, regional Accorden auszehandelen. An déi hunn zum Deel ganz aner Usiichten, wat zum Beispill d'Aarbechtsrecht ugeet, wat den Ëmweltschutz ugeet oder wat d'Konsumenterechter ugeet, fir nëmmen déi ze nennen.

Entweder also mir bestëmme mat oder mir kucken no, wéi anerer iwwer eis bestëmmen!

Et ass villes, wat an de leschte Jore vu verschiddene Säiten a speziell och vun der Zivillgesellschaft gefrot ginn ass, an de CETA-Pakt agepaakt ginn, sief et virun allem déi nohalteg Entwécklung, siefen et d'Aarbechtsrechter oder de Konsumenteschutz. Mir hunn eis doduerch en Instrument ginn, un deem manner déi grouss Multie profitéieren, mä wouduerch d'Benefisser vum fräien Handel allgemeng net am Widdersproch stinn zu eisen europäesche Gesellschaftsmodeller a wou vill Mëttel- a Klengbetriber eppes dovunner hunn. Dat ass d'Definitioun vun engem Fräihandelsaccord vun der neier Generatioun.

Déi grouss Eckpunkte si folgend: Duerch d'Ewechfale vun den Zolltariffer spueren eis Entreprisen all Joer 470 Milliounen Euro, Suen, déi kënne fir Investissementer, aner Investissementer geholl ginn. Eis Betriber kënnen endlech matmaache bei den ëffentlechen Ausschreiwungen a Kanada, an dat och um Niveau vun de Provënzen. Ech soen „endlech", well déi kanadesch Firmen dësen Zougang an Europa scho längst hunn. Duerch CETA kann dëst Ongläichgewiicht opgehuewe ginn. An dat ass deen éischten internationalen Accord, an deem Kanada esou eng Ouverture mécht.

Dobäi muss een awer och erwänen, dass d'Europäesch Unioun a Kanada ëffentlech Ausschreiwungen no ekologeschen oder soziale Kritäre kënne bestëmmen. An op deem Punkt ännert CETA näischt par rapport zu haut.

Och ginn duerch CETA eng 145 sougenannten „indications géographiques" geschützt. Dat heescht, dass traditionell europäesch Iesswueren, Gedrénks net kënnen als kanadesch Kopie verkaaft ginn. Och dat ass eng Première an Nordamerika.

Mä doriwwer eraus sinn, mengen ech, awer déi folgend Punkten, Här President, déi iwwert deene wirtschaftlechen Interesse stinn, wäit iwwert deene wirtschaftlechen Interesse stinn, nach vill méi wichteg:

Fir d'Éischt emol d'Recht, Gesetzer ze erloossen, op Englesch „the right to regulate". D'Europäesch Unioun a Kanada kënne weiderhin ouni Restriktioun déi Gesetzer unhuelen, déi si fir richteg a fir wichteg fannen, fir d'Ziler vum Wuel vun der Allgemengheet ze erreechen. D'Lëscht vun de Politikberäicher, déi hei opgezielt ginn - Ëmweltschutz, Konsumenteschutz, Gesondheetspolitik, Éducatioun, Sécherheet, Sozialpolitik -, déi ass net zou, déi ass erweiderbar. Dat steet - fir Leit, déi jo genee wëlle wëssen, wou et am Text steet, duerfir soen ech dat -, op verschiddene Plaze: Et steet an der Präambel, Artikel 8.9, Artikel 23.2 an Artikel 24.3.

Déi zweet Saach ass: D'Zesummenaarbecht am Beräich vun der Reguléierung, dat heescht zum Beispill technesch Normen oder Tester, ass an engem fräiwëllege Kader ze gesinn - Artikel 21.2.6 - an zum anere geschitt se um Niveau vun de Régulateuren. Bei eis ass dat den ILNAS. Dat heescht, hei gi keng politesch Entscheedunge getraff. Dat maache weiderhin d'Regierungen an d'Parlamenter. A wann ee seet: „D'Zesummenaarbecht ass fräiwëlleg", da beträfft dat souwuel den Dialog tëschent de Régulateuren u sech, mä awer och d'Ëmsetze vun eventuelle Resultater.

Ee ganz wichtege Punkt sinn d'ëffentlech Servicer. D'Staten op allen Niveauen - also och bei eis um Niveau vun de Gemengen - kënne weiderhin d'ëffentlech Servicer esou organiséieren, wéi si dat fir richteg halen. An et gëtt och präziséiert, dass Recommunaliséierungen zu all Moment méiglech sinn. Op Lëtzebuergesch heescht dat: Wann ee Service op enger Gemeng liberaliséiert gi war an e soll erëm zréckgefouert ginn an d'ëffentlech Hand, dann ass CETA keng Hemmnis, fir dat ze maachen.

D'Regierunge ginn och net dovunner ofgehalen, nei ëffentlech Servicer unzebidden oder Servicer als ëffentlech ze erklären. Et sinn d'Regierungen, déi décidéieren, ob et en ëffentleche Service ass oder net.

Zu den ëffentleche Servicer am Sënn vum CETA gehéieren zum Beispill och den ëffentleche Wunnengsbau oder sozial Déngschtleeschtungen. Och hei, déi, déi dat net gleewen, mussen dat liesen op der Säit 1.294 ënner „public utilities" Annex II, Artikel 8.15, Artikel 9.7 an Artikel 18.3. Also, ech liesen elo hei net dat Neit Testament vir, mä et ass esou.

(Hilarité)

Investitiounsschutz: An dësem Kapitel sinn e puer besonnesch erwänenswäert Punkte festzehalen. Esou gëtt zum Beispill den „right to regulate" nach eng Kéier ënnerstrach, Artikel 8 Absatz 9 Ziffer 1. Auslännesch Investore ginn net besser behandelt wéi einheimesch Investoren. D'Gesetzer kënne geännert ginn, och wann doduerch d'Gewënnerwaardunge vum Investor negativ betraff sinn.

Also, wichteg, nach eng Kéier, Artikel 8 Absatz 9 Ziffer 2: All Gesetzer kënne geholl ginn an et ka kee kanadesche Betrib op Lëtzebuerg kommen a soen: „Duerch dat Gesetz, wat d'Chamber elo hei gestëmmt huet, hu mir manner Benefiss a mir kloen." D'Bréifkëschtefirme kënne keng Klo erhiewen, Artikel 8.1.

D'Riichtere vum Investitiounsgeriichtshaff mussen déiselwecht Qualifikatioun hu wéi déi an hirem Heemechtsland, Artikel 8.27.4. Fir kënne Riichter ze sinn, si strikt ethesch Regelen ze respektéiere fir d'Onofhängegkeet an d'Objektivitéit, a si verhënneren esou Interessenskonflikter.

Kanada an d'Europäesch Unioun verflichte sech zu engem Monitoring vum ICS, also vun deem neie Geriicht, fir iergendwelch Schwieregkeete méiglechst schnell ze behiewen. Déi zwou Parteie verflichte sech, direkt mat den Aarbechte vun engem Code de conduite fir d'Riichteren unzefänken - an Dir erënnert lech un déi Motioun, déi mer hei gestëmmt hunn an der Chamber, déi Dir gestëmmt hutt an der Chamber am Juni, wou dat kloer drasteet -, mat dem Zil, dës Aarbechten ofzeschléissen, éier de CETA a Kraaft ass.

Et däerf een och hei net vergiessen, ëm wat et eigentlech geet. Mat der europäescher Reform vum Investitiounsschutz, deen d'Kanadier am Nachhinein akzeptéiert hunn, nodeems d'Verhandlunge schonn ofgeschloss waren, hu mer et fäerdegbruecht, vun engem privatrechtleche Konzept vun Investitiounsschutz zu engem ëffentlech-rechtleche System ze kommen, deen et erlaabt, déi privat Schiidsgeriichter ofzeschafen.

Mir hu mat dem ICS e System op d'Bee gestallt, wou d'Verhandlungen ëffentlech an transparent oflafen, wou d'Staten an net d'Firmen onofhängeg Riichter eraussichen a wou schliisslech och d'Méiglechkeet vun engem Appell virgesinn ass, wou et och ausgeschloss ass, dass duebel Kloe lafen, wat beispillsweis de Fall ass bei Vattenfall. Vattenfall huet ugefaangen, ëffentlech-rechtlech, also op den normale Geriichter, ze kloen, ass do net virukomm, huet dunn den ISDS, déi privat Schiidsgeriichter ugeruff, an d'Resultat ass, dass bis haut nach keng Décisioun do ass. Déi ëffentlech-rechtlech (veuillez lire: privat) Schiidsgeriichter, ech soen et nach eng Kéier, verschwannen heimadder. Dat alles huet, wéi gesot - also dee System hei -, näischt méi mat dem System vun de private Schiidsgeriichter ze dinn.

Nohalteg Entwécklung: An dësem Kapitel gëtt ënnerstrach, dass Kanada an d'Europäesch Unioun sech der nohalteger Entwécklung säit Laangem verflicht hunn.

Dann eppes och ganz Wichteges, ech hu gesot, et sinn net nëmmen d'Benefisser, déi hei considéréiert ginn, mä och de Schutz vun den Aarbechtsrechter. D'Aarbechtsgesetzer kënnen net ofgeschwächt ginn, Artikel 23.4, fir Investitiounen unzezéien. Deemno gëtt de Sozialdumping kloer am Text ënnerbonnen.

Kanada ass amgaang, déi lescht vun den aacht ILO-Konventiounen - also ILO, dat heescht OIT, Organisation internationale du travail -, ze ratifizéieren. D'Vertragsparteie verflichte sech och, dës Konventiounen effektiv ëmzesetzen. Et bleift net bei enger renger Absichtserklärung. Insgesamt ass dëse Punkt ee vun de wesentleche Merkmaler vun de Fräihandelsaccorde vun där neier Generatioun.

Et geet net nëmmen, ech soen et nach eng Kéier, ëm wirtschaftlech Benefisser fir Betriber oder fir Investisseuren, mä och ëm d'Rechter vun den Aarbechter! Et sinn dës Kapitelen, déi ausschlaggebend si fir eis Kredibilitéit als Europäesch Unioun, wa mer soen: Mir wëllen eis Wäerter erausdroen a mir wëlle matbestëmmen iwwert d'Regelen am Welthandel.

Nächste Punkt: den Ëmweltschutz. Béid Parteie kënnen hir Ëmweltschutzgesetzer esou änneren, wéi si dat fir richteg fannen, Artikel 24.3. Mä Ëmweltstandarden däerfen net erofgesat ginn, fir Investitiounen unzelackelen, Artikel 24.5. Schliisslech erwäänt dëse Paragraf och nach d'Engagementer vu Kanada a vun der Europäescher Unioun, fir gemeinsam un der Ëmsetzung vun dem Paräiser Klimaaccord ze schaffen.

Dann ee Punkt, eng Clause de révision - op Lëtzebuergesch fannen ech do kee richtegt Wuert, mä dat kënnt nach -, d'Matabezéie vun allen Interessevertrieder: D'Gewerkschaften, d'Patronat, d'Zivillgesellschaft gi regelméisseg ëm hire Rot gefrot, wann et drëms geet, déi verschidde Kapitele vum CETA ëmzesetzen. Et gëtt ee spezielle Forum, de CETA Civil Society Forum, Artikel 22.5, gegrënnt. D'Vertragsparteien engagéiere sech, fir besonnesch d'Kapitelen iwwert d'Aarbecht an d'Ëmwelt regelméisseg ze iwwerpréiwen, fir sécherzestellen, dass dës Dispositioune richteg an effektiv ëmgesat ginn.

Hei sinn et och éischt Iwwerleeungen am Conseil ginn, ech soen dat ganz kloer, de leschten Dënschdeg, fir ze préiwen, inwiefern Sanktiounsmechanisme gräife kënnen, wa bei der Ëmsetzung vu CETA géint verschidde Bestëmmunge grad och am Kapitel vun der nohalteger Entwécklung sollt verstouss ginn. A mir Lëtzebuerger also wäerten eis esou enger Diskussioun selbstverständlech net verweigeren!

Waasser, e wichtege Punkt: Keen Zwang, fir d'Waasser ze privatiséieren.

Nächste Punkt: ëffentlech Ausschreiwungen. Bei den ëffentlechen Ausschreiwunge gi weiderhin Ëmwelt- a sozial Aarbechtsmaartkritären, wéi beispillsweis d'Anhale vu Kollektivverträg, berücksichtegt, Artikel 19 3 Absatz 2 Buschtaf (b).

Dës Punkte sinn alleguer a verständlecher, manner juristescher Sprooch an der Déclaration conjointe widderholl an och preziséiert ginn. Dës Deklaratioun ass net vun alle Länner gefrot ginn, laang net! Si ass vu fënnef Länner ënnerstëtzt ginn a gefrot ginn: Däitschland, Frankräich, Holland, Éisträich a Lëtzebuerg. All déi aner Länner waren äusserst skeptesch a wollte vill méi séier virukomme mat CETA.

Déi Deklaratioun ass e formellen EU-Rechtsakt, deen zesummen adoptéiert gëtt mat der Décisioun vum Conseil, fir CETA ze ënnerschreiwen. Dës Deklaratioun gëtt dann zesumme mam CETA-Text am Journal officiel publizéiert.

No der Bibel - fir dat och eng Kéier ze soen, well ech jo elo do dra sinn - vun den Traitéen, der Wiener Konventioun vun 1969 iwwert d'Vertragsrecht, a genauer gesot nom Artikel 31.2 vun dëser Konventioun ass dës Deklaratioun en Instrument, dat op eng verbindlech - ech widderhuelen: verbindlech! - Aart a Weis d'Interpretatioun vu CETA duerch d'Vertragsparteie regelt an och an engem Sträitfall esou viru Geriicht gehandhabt gëtt. An deem Fall muss - muss! - den Investitiounsgeriichtshaff d'Déclaration conjointe interprétative considéreieren.

Déi seet ganz kloer, dass am Zweifelsfall d'Dispositioune vu CETA am Sënn vum Schutz vun den ëffentleche Servicer, dem Ëmweltschutz, dem Schutz vun den Aarbechtsrechter an esou weider mussen ausgeluecht ginn. Et ass och an deem Sënn, wou d'Recht vun de State fir ze reguléiere esou staark betount gëtt a maassgeblech ass, och wann doduerch beispillsweis, ech soen et nach eng Kéier, d'Gewënnerwaardunge vun de Firmen erofginn.

An dee leschte wichtege Punkt, deen an der Déclaration conjointe explizitt betount gëtt: Sämtlech Importer an d'Europäesch Unioun mussen d'Virschréften erfëllen, déi an der EU gëllen, well CETA kann de Vorsorgeprinzip net a Fro stellen, Artikel 191 vum Traité vu Lissabon.

Vu dass den Text vun dëser gemeinsamer Erklärung nach net adoptéiert gouf, ass et, léif Leit, net ausgeschloss, dass nach lescht Verbesserungen, lescht Prezisiounen, Ajustementer, alles, wat Der wëllt, méiglech sinn. A Lëtzebuerg ass op jidde Fall an dësem Verbesserungsprozess agebonnen a wäert weider Verbesserungen an deem Sënn mat ënnerstëtzen, wa se an d'Diskussioun kommen. Allerdéngs ass et schwéier fir mech... Fir mech ass den Text kloer. Wann aner Leit mengen, aner Länner mengen, et kéint een nach preziséieren, ass Lëtzebuerg dobäi, fir dat ze maachen.

Zweetens dann: Wat waren d'Schwieregkeeten, déi verschidde Memberstate virun an och am Laf vun der Sitzung vum Conseil „Commerce" de leschten Dënschdeg eigentlech haten? Wéi Der wësst, waren am Virfeld, mä dunn och am Laf vum Conseil vu virgëschter, eng Rei Froen, déi sech fir verschidde Memberstate gestallt hunn.

Ech fänken u vläicht mat deene schwieregsten, mat Däitschland, wou jo d'Bundesverfassungsgericht gréng Luucht ginn huet, fir CETA ze ënnerschreiwen, dëst awer ënner dräi Konditiounen, an zwar éischtens emol, dass just déi Kapitele vu CETA provisoresch applizéiert ginn, déi ënner EU-Kompetenz falen. A fir eis war dat jo och ëmmer kloer, dass en nëmme just provisoresch kann applizéiert ginn, nodeem d'Europaparlament e gestëmmt huet a just fir de Kontext EU-Kompetenz.

Dat Zweet ass: De gemeinsame Comité, deen a CETA virgesinn ass, dee ka keng Entscheedungen huelen, keng Propositiounen och maachen, ouni dass all Memberstat säin Accord ginn huet.

An drëttens: Däitschland kann eesäiteg mat der provisorescher Applikatioun vu CETA ophalen. Dat ass d'Virlag vum Bundesverfassungsgericht.

Ech wëll och eng Kéier hei e wéineg betounen: D'Bundesverfassungsgericht ass jo eng Erfindung vun den Amerikaner a vun den Engländer an Däitschland, a mir respektéieren och selbstverständlech alleguerten déi héich Kompetenz vun deem Geriicht. Allerdéngs gëtt et ee Geriicht, wat, europäesch gesinn, driwwersteet: Dat ass d'Cour européenne de justice. A mir däerfen elo net, mengen ech, an eng Phas erakommen, wou dat Karlsruher Geriicht eigentlech méi héich a senger Duerchschlagskraaft europäesch ugesidelt gëtt wéi d'Cour européenne de justice.

Däitschland huet gefrot, fir dës Bedéngunge vu Karlsruhe kënnen anzehalen. Doropshin huet de leschten Dënschdeg de Conseil dräi Deklaratiounen ugeholl, soudass Däitschland seng Zoustëmmung zu CETA konnt ginn.

Et gouf duerno elo festgehalen, dass déi provisoresch Applikatioun vu CETA ophält, also gestoppt ass, wann ee Parlament oder een iewescht Verfassungsgeriicht sech géint d'Ratifizéierung ausschwätzt an déi entspriechend Regierung dat dann och notifizéiert. An dee Moment ass d'Ratifikatiounsprozedur CETA total gestoppt.

Also, fir dat op Lëtzebuergesch nach eng Kéier kloer hei ze soen, an duerfir ass jo och eng Erklärung gemaach gi vum Conseil: De Fall geholl, et gëtt ënnerschriwwen, de Fall geholl, d'Europaparlament seet Jo, stëmmt also positiv of, d'provisoresch Applikatioun kënnt, an et kënnt eent vun deene Parlamenter an deenen 28 Länner (veuillez lire: an et verweigert eent vun deene Parlamenter an deenen 28 Länner d'Zoustëmmung) oder eent vun deene Parlamenter an der Belsch, well déi jo speziell verfassungsrechtlech figuréieren do, dann ass déi ganz Prozedur fir de ganze CETA-Accord, net nëmmen EU, mä och national Kompetenz, dat heescht alles, wat EU ass, alles, wat och d'national Kompetenz ass, gestoppt. Dat musse mer wëssen. Dat ass och kloer zum Virschäi komm. Dat huet näischt elo mat Karlsruhe ze dinn. Et ass kloer zum Virschäi komm an där leschter Reunioun vum Conseil „Commerce".

Wat genau soll elo provisoresch applizéiert ginn, ëmmer virausgesat d'Europaparlament stëmmt deem zou? Nun, de Conseil huet nach eng Kéier an aller Däitlechkeet confirméiert, dass déi provisoresch Applikatioun vum CETA just Matière betrëfft, déi kloer an integral Kompetenze vun der Europäescher Unioun sinn. Dir wësst, dass do nach op der Cour de justice hei zu Lëtzebuerg en Uerteel iwwer Singapur aussteet, vun deem awer ugeholl gëtt, dass dat am Fréijoer geholl gëtt. An ech mengen, dann ass een doranner och ee fir allemol kloer.

Et sinn also eleng d'Kompetenze vun de Memberstate betraff. Konkret heescht dat, dass den Investitiounsschutz, an domadder den ICS, net provisoresch selbstverständlech applizéiert gëtt. Och de Volet pénal vum Schutz vun der Propriété intellectuelle trëtt eréischt a Kraaft, wa CETA ratifizéiert ass, well dat ënnert déi national Kompetenz fält. Par contre gëtt d'Kapitel nohalteg Entwécklung, an do hu mer drop gepocht, provisoresch applizéiert.

Dir gesitt, dass et eng zimlech komplex Saach ass, an duerfir gouf och de leschten Dënschdeg am Conseil gesot, dass mir als Europäesch Unioun misste kucken, fir déi sougenannten „comprehensive Fräihandelsaccorden", also ëmfaassend Fräihandelsaccorden an Zukunft esou ze gestalten, dass et kloer ass, wéi eng Beräicher eendeiteg an der europäescher Kompetenz sinn, wou dann och d'Europäescht Parlament seng Zoustëmmung muss ginn, a wéi eng an der nationaler Kompetenz sinn, wou eben d'national Parlamenter d'Soen hunn.

Dir wësst och nach, fir ze complétéieren, Bulgarien a Rumänien hu gesot, si kéinte prinzipiell CETA ënnerschreiwen. Mä si waarden, dat ass kloer, op e formellt Engagement vun der kanadescher Regierung, dat dëse Länner d'Visafräiheet dann zouséchert. Do wier eng Léisung imminent, mä virdru kéinte se net ënnerschreiwen. Dat ass kloer, do waart een op deen aneren. Mä politesch ass ofgemaach, dass dat misst klappen.

Här President, bei CETA hu mer et mat engem Accord ze dinn - a well et esou komplex ass, géif ech nach eng Kéier siwe Punkte rappeléieren -, mat engem Accord, wou 1) déi privat Schiidsgeriichter ofgeschaaft sinn an duerch en internationalen Investitiounsgeriichtshaff ersat ginn, wou 2) kee Sozialdumping méiglech ass, fir en Investor unzezéien, mä fir déi éischte Kéier an der Geschicht vun der europäescher Handelspolitik d'Kärkonventioune vun der OIT mat ratifizéiert ginn, wou 3) keen Drock zur Liberaliséierung vun ëffentleche Servicer ka gemaach ginn, wou 4) déi éischte Kéier d'Prinzipie vun der nohalteger Entwécklung festgehale sinn a keen Dumping duerch d'Erofsetze vun den Ëmweltgesetzer erlaabt ass, wou 5) keng Kloe vu Bréifkëschtefirmen aus Kanada zougelooss sinn, wou 6) d'Recht ze légiféréiere fir all Säiten absolutt bleift, a wou 7) de Vorsorgeprinzip net touchéiert gëtt, mä bien au contraire méi staark ënnerstrach gëtt.

Här President, ech ginn dovunner aus, dass verschidde Leit am héijen Haus hei wéi och ausserhalb vun deem Haus alles, wat ech versicht hunn hei kloerzestellen, als waarm Loft disqualifizéieren. Dat ass selbstverständlech och hiert gutt Recht.

Emol ofgesinn dovunner, dass ech net dovunner ausginn, dass a mindestens 27 vun 28 EU-Länner lauter Scharlatane fir d'Schicksal vun hire Länner verantwortlech sinn, woen ech am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung ze soen, dass, wann d'Europäesch Unioun net matbestëmmt iwwert d'Zukunft vum fräien Handel, anerer (veuillez lire: anerer dat wäerte maachen), déi vill manner zimperlech mat dem Ëmgang vun de Wäerter, souwuel am Aarbechtsrecht, am Ëmweltrecht, am Gesondheetsrecht, Respekt vun eisen Normen a Regelen tout court sinn. Da kéint séier eng ganz kal Loft am internationale Commerce blosen.

An dëst wier schlecht, Här President, léif Leit, fir e Land, dat 47 Milliarden exportéiert am Joer a wou 100.000 - 100.000! - Aarbechtsplaze vum internationalen Handel ofhänken.

Duerfir wier et nëmmen zu eisem Virdeel, wann d'Europäesch Unioun sech géif fannen, zu 27 plus d'Belsch mat der Wallonie an hirem Schouss, fir dëse Kadervertrag, deen d'Referenz ass a mengen Aen, dee wierklech d'Referenz ass fir all neit Ofkommes, dat ënnert der Lat vun de Bedéngungen, déi hei fixéiert ginn, net méi wäert kënnen ofgeschloss ginn, weder am Europäesche Parlament nach an den nationale Parlamenter.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Ausseminister. Mir géifen da mat der allgemenger Diskussioun ufänken. Den éischte Riedner ass den Här Laurent Mosar fir d'CSV.

Débat

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Samschdeg virun aacht Deeg hu sech hei an der Stat méi wéi 4.000 Mënsche versammelt, fir géint den TTIP a CETA ze demonstréieren - fir lëtzebuergesch Verhältnisser eng méi wéi respektabel Mobiliséierung. Dëst weist, datt vill Mënsche sech Suerge maachen ëm d'Zukunft vun den europäesche Sozial- an Ëmweltstandarden, ganz besonnesch a Saache Liewensmëttelsécherheet a Verbraucherschutz.

Mir deelen d'Suerge vun der Zivillgesellschaft a mir huelen och d'Ängschte vun de Mënschen eescht. Wéi vill Bierger bedauere mir, datt d'Verhandlunge laang Zäit wéineg transparent waren. Dëst gëllt allerdéngs vill méi fir den TTIP wéi fir de CETA. Dëst huet awer säit 2015 Schrëtt fir Schrëtt geännert. A wat de CETA betrëfft, si jo och da sämtlech Verhandlungsresultater ëffentlech. A mir hunn als Deputéiert en Accès op all Dokumenter vun dësem Accord.

Här President, fir eis ass et dofir och wichteg, fir den TTIP an de CETA net an datselwecht Dëppen ze geheien. Ech hunn et schonn e puermol op dëser Tribün gesot, an ech widderhuelen et nach eng Kéier: Beim TTIP si mir nach meilewäit vun enger Eenegung mat den Amerikaner ewech. An ech ka mir och net virstellen, datt iergendwéi eppes an dësem Dossier nach wäert bougéiere bis no den amerikanesche Presidentschaftswahlen.

An der leschter Nuecht huet vläicht deen een oder deen anere vun lech den drëtten a leschten Débat zwëschen der Madamm Clinton an dem Här Trump gelauschtert. An hei muss een nach eng Kéier ënnersträichen, datt souwuel den Här Trump wéi d'Madamm Clinton klipp a kloer gesot hunn, datt et mat hinne keen TTIP wäert ginn, och net no de Presidentschaftswahlen. Besonnesch d'Madamm Clinton war an dëser Fro glaskloer, nodeem si jo alt an hirer Zäit als Secretary of State nach éischter dem TTIP méi favorabel géintiwwerstoung.

Beim CETA ass allerdéngs d'Situatioun eng komplett aner. CETA ass keen TTIP, a Kanada ass och keng Provënz vun de Vereenegte Staten, mä vertrëtt ee mat Europa vergläichbare Wirtschafts- a Sozialmodell.

CETA ass deemno och keen trojanescht Päerd, wéi dat ëmmer behaapt gëtt, well och mat dësem Accord wäert d'Importatioun vu kanadesche Wueren europäeschen, a kengen anere Regelungen ënnerleien. Am Géigesaz zu de Verhandlunge beim TTIP sinn d'Kanadier den Europäer extrem wäit entgéintkomm, an all déi rout Linnen, déi Europa wichteg sinn, sinn och vun de Kanadier integral respektéiert ginn.

D'EU-Standarde ginn duerch CETA net verschlechtert. Am Géigendeel: Et entsteet hei souguer e sougenannt „level playing field" am Geescht vum europäesche Sozialmodell. All Land, an ech betounen dat hei nach eng Kéier, behält d'Recht op Reguléierung am ëffentlechen Interessi, an domadder bleift och d'Primat vun der Politik bestoen.

De Principe de précaution, dee fir eis alleguerte vun enger eminenter Wichtegkeet ass, gëtt hei net ugetaascht. D'Sozialstandarde bleiwen onverännert, gradesou wéi d'Prinzipie vun eisem Aarbechtsrecht. D'Ëmwelt an de Klima ginn duerch dësen Accord net zousätzlech belaascht. An d'Liewensmëttel bleiwe sécher an d'Grenze vun Europa ginn net fir Gentechnik opgemaach. Weder eise Gesondheetssystem nach d'Waasserversuergung gi privatiséiert. An och bei de Schiidsgeriichter ass geséchert, datt déi aktuell fonctionnéierend Schiidsgeriichter aus deene privaten Donkelkummeren an den ëffentleche Raum eriwwerkommen.

Ech wëll och nach eng Kéier hei betounen, datt déi Schiidsgeriichter, sou wéi se elo am CETA-Accord virgesi sinn, net nëmmen den Accès fir d'Investisseuren, mä och fir d'State garantéieren. An ech hoffen och, ech mengen, mir sinn eis och do all eens, datt déi nei Schiidsgeriichter, sou wéi se dann hei am CETA-Accord virgesi sinn, e wichtege Schrëtt sinn och a Richtung vun engem internationalen Investitiounsgeriichtshaff, dee fir all Litigë wäert am Welthandel zukünfteg zoustänneg sinn.

Här President, dësen Accord ass an deene leschten Deeg a Wochen affinéiert a verbessert ginn, och duerch den Engagement vun der Zivillgesellschaft a verschiddenen europäesche Länner, awer och duerch den Asaz vun eenzelne Regierungen, zu deenen, an dat soen ech och hei kloer an däitlech, och déi lëtzebuergesch Regierung an der Persoun vum Ausseminister Jean Asselborn zielt.

Den Text, deen eis elo virläit, ass besonnesch duerch déi Deklaratioun, déi elo annexéiert gëtt, méi kloer, an haaptsächlech juristesch méi prezis ginn. An och dëst Haus, an dat soll een och emol eng Kéier ervirsträichen, huet duerch seng Motioun vum 7. Juni zu där Verbesserung bäigedroen an huet et notamment fäerdegbruecht, datt e Konsensus fonnt ginn ass, datt et sech beim CETA ëm en Accord mixte handelt, dee vun alle Parlamenter an der Europäescher Unioun, a souguer deene regionalen, muss ofgeseent ginn.

Duerch den Asaz vu verschiddene Regierungen ass et awer ganz besonnesch zu enger Verbesserung um Niveau vun de Schiidsgeriichter komm, engem Punkt, dee jo ganz eleng elo an de Kompetenzberäich vun den nationale Parlamenter fält, déi domadder och alleguerte mussen hire Feu vert ginn, ier dës nei Schiidsgeriichter kënnen a Kraaft trieden.

An ech muss Iech do soen, Dir Dammen an Dir Häre: Mat allem Verständnis fir Kriticken aus der Zivillgesellschaft, wat dës Schiidsgeriichter ugeet, hunn ech dach awer Problemer, kënnen nozevollzéien, datt weider Deeler vun dëser Zivillgesellschaft sech besonnesch vehement géint dës Schiidsgeriichter wieren, déi trotzdeem eng wesentlech Verbesserung par rapport zu der aktueller Situatioun duerstellen!

An hei muss ee wëssen, datt, wann d'Bestëmmungen iwwert dës Schiidsgeriichter vun engem nationale Parlament verworf ginn - an den Ausseminister huet et virdru jo och nach eng Kéier erklärt -, dës net wäerten a Kraaft trieden, wat dann zu engem Status quo wäert féieren! An net nëmmen, awer ganz besonnesch déi aacht Länner, déi elo schonn e bilateralen Accord mat Kanada hunn, wäerten also bei enger Ofleenung wesentlech méi schlecht dostoen, wéi dat mat deem virgeschloenen neie Modell wäert de Fall sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech kommen awer net derlaanscht, am Kader vu menger Interventioun nach eng Kéier op d'Positioun vun deenen hei am Parlament vertruedene Fraktiounen anzegoen, fir d'Éischt, fir ze ënnersträichen, datt eis Fraktioun vun Ufank un eng kloer Positioun hat, andeem mer gesot hunn, datt, wann d'Konditiounen, déi an där parteiiwwergräifender Motioun festgehale goufen, erfëllt wären, mir eis Zoustëmmung zum CETA géife ginn. Dës Konditioune sinn elo fir eis kloer erfëllt, soudatt mir d'Regierung invitéieren, och ënnerstëtzen, datt si haut oder muer hiren definitiven Accord um Sommet zu Bréissel zu CETA soll ginn.

Mir hunn, an dat wëll ech awer och soen, e bësse Problemer mat der Positioun vun eise grénge Kolleegen, déi bis elo jo awer nach ëmmer Member vun der groussherzoglecher Regierung sinn. An et ass jo scho méi laang bekannt, datt d'Regierung favorabel zu deem ausgehandelte CETA-Accord mat deenen annexéierten Erklärungen ass. An ech gi jo dann emol dovun aus - an et sëtze jo och hei zwee Ministeren -, datt och déi gréng Ministeren am Conseil des Ministres dozou hir Zoustëmmung ginn.

Fir mech ass et dofir schwéier novollzéibar, datt déiselwecht gréng Partei, där hir Ministeren hir express Zoustëmmung zu deem CETA-Accord ginn, gläichzäiteg hir Memberen invitéiert, géint dee vun der Regierung mam Accord vun hire Ministeren ausgehandelten Accord virleschte Samschdeg demonstréieren ze goen.

Dëst kënnt schonn, Dir Dammen an Dir Hären, enger Aart politescher Schizophrenie gläich. An ech géif mer wënschen, am Interessi vun enger méiglechst grousser Eierlechkeet, Dir Dammen an Häre vun deene Gréngen - an Dir kritt d'Geleeënheet bei der Motioun vum Här Angel -, datt Der klipp a kloer de Mëtten elo sot, ob Der elo fir dee CETA-Accord sidd oder net.

Sou wéi beim Brexit kann een näämlech net gläichzäiteg dobaussen an dobanne sinn, an hei kann een och net an der Regierung fir de CETA respektiv dann an der Chamber an am Europaparlament an op der Place publique géint dësen Accord schwätzen. Dat geet net! Hei ass Kloerheet gefrot, léif Kolleege vun deene Gréngen. An ech hoffen, datt mir de Mëtten déi Kloerheet vun Iech héieren!

Här President, d'CSV-Fraktioun ass mam Kommissiounspresident Juncker averstanen, wann e seet,…

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- … datt CETA e Modellofkommes fir de Fräihandel vun der Zukunft ass. Kaum e Vertrag enthält esou vill Ofsécherung wéi de CETA. De Vertrag plus d'Zousazerklärung ënnersträichen zum Beispill, datt keng Emwelt- a Sozialstandarde gesenkt ginn an datt et weder zur Privatiséierung vun ëffentlechen Déngschtleeschtunge ka kommen nach eng Recommunaliséierung vu privaten Déngschter ka kommen (veuillez lire: ka verhënnert ginn).

Och steet kaum e Stat ausserhalb vun Europa, an ech hunn et virdru scho gesot, deenen europäesche Wäerter esou no wéi Kanada.

All dëst, muss ech Iech och soen, Dir Dammen an Dir Hären, ass meilewäit ewech vun deem Feindbild, wat vu verschiddene Géigner gemoolt gëtt, déi CETA als eng Aart Diktatur vun de Konzerner beschreiwen, déi de Rechtsstat an d'Demokratie géife wëllen aushielegen.

Wien d'Globaliséierung net ophale kann, awer gestalte wëllt, brauch esou en Ofkommes, soulaang et keng multilateral Fortschrëtter bei der Welthandelsorganisatioun gëtt!

Wie CETA ofleent, muss sech froen, ob en eigentlech géint all Handelsliberaliséierung ass an domadder d'Geschäft vun de Wirtschaftsnationaliste bedreiwe wëllt. Deejéinege muss sech dann och mat den negative Konsequenzen op Wuesstum a Beschäftegung an der Europäescher Unioun an och hei zu Lëtzebuerg auserneesetzen! Mir stinn op jidde Fall kloer fir Matbestëmmung an der Handelspolitik, déi vill besser ass fir d'Mënschen heiheem, awer och fir d'Weltwirtschaftsuerdnung.

Well CETA, Dir Dammen an Dir Hären, ass kee Selbstzweck, mä et ass en Ofkommes fir fräien a fairen Handel, an domadder och fir méi Aarbecht a méi Wuelstand an Europa an och bei eis doheem.

An am Iwwregen huet de kanadesche Premier Trudeau ganz recht: Scheitert CETA, wäert d'Europäesch Unioun keen anere gréissere Vertrag méi an Zukunft am internationalen Handel ofschléissen. Dat géif dann och bedeiten, datt d'Europäesch Unioun keen eescht ze huelende Partner méi an der Handelspolitik wäert sinn an Europa an de Bilateralismus géif zréckfalen. Ganz besonnesch fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg, wat op Exporter ugewisen ass, wär dat dramatesch!

Här President, ech wëll ophalen no enger leschter Bemierkung. Wéi virun zwee Deeg Greenpeace um Kierchberg demonstréiert huet, hate se uewen e grousse Banner opgespaant mat der Opschréft „Don't trade away democracy".

Wann elo, wéi den Didier Reynders dat ausgedréckt huet, 27 an en hallwe Memberstat sech fir de CETA-Accord ausschwätzen, kann et net sinn, datt dësen Accord um Niveau vun der Europäescher Unioun blockéiert gëtt vun engem eenzege Regionalparlament. Mat allem Respekt fir d'Suerge vun eise wallouneschen Noperen!

Och dat, Dir Dammen an Dir Hären, huet eppes mat Demokratie an der Europäescher Unioun ze dinn! Esou komme mer an Europa net weider. Esou kënnt Europa net aus senger Kris eraus, weder bannen a scho guer net no baussen! Hei geet et och ëm d'Glafwierdegkeet an ëm d'Zukunftsfäegkeet vun der Europäescher Unioun, déi haut a muer zu Bréissel décidéiere muss, ob se der Globaliséierung just um Rand vum Terrain als interesséierten Zuschauer wëllt nokucken oder ob se als aktive Spiller wëllt matbestëmmen.

Ech hoffe wierklech, datt mer an deenen nächsten Deeg um Sommet zu Bréissel zu engem Accord iwwer CETA kommen. Well keen, och hei an dësem Haus, kann Interessi drun hunn, datt Europa an nach méi eng grouss an déif existenziell Kris fält wéi bis elo!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Mosar. Ech gi jo dovun aus, dass en och schonn zu der Motioun Stellung geholl huet. Dofir hunn ech en och net a senge Räsonnementer ënnerbrach. Wann Der d'accord sidd, wäert ech déiselwecht Prozedur bei deenen…

(Interruption par M. Alex Bodry)

Ech gi jo dovun aus, dass et keng ass, déi vum Himmel gefall ass, Här Bodry.

(Hilarité)

Ech mengen, den Här Angel hätt se am Grapp a géif eis se elo nach méi am Detail explizéieren. Här Angel, Dir hutt d'Wuert fir d'LSAP.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Merci, Här President. Ech ginn Iech dofir och direkt d'Motioun of, déi ech herno erläutere wäert, fir dass ech et nëmmen net géif vergiessen a fir dass se och kopéiert an ausgedeelt ka ginn. Wann ech gelift.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

1) qu'il revient au Conseil d'approuver la signature de l'accord économique et commercial global (AECG), ou Comprehensive Economic and Trade Agreement (CETA), ainsi que son application provisoire avant l'entrée en vigueur, tel que prévu à l'article 218(5) du Traité sur le Fonctionnement de l'Union européenne;

2) qu'une motion parlementaire, votée le 18 novembre 2015, avait invité le Gouvernement à s'opposer au Conseil de l'UE à toute démarche menant vers l'implémentation de l'AECG, tant que les très controversées dispositions du Règlement des différends entre investisseurs et États (RDIE/ISDS) initialement proposées seraient maintenues;

3) que suite aux critiques massives, ces dispositions initiales du RDIE/ISDS ont été remplacées par un système juridictionnel amélioré, plus transparent, plus stable et doté d'une possibilité de recours, appelé Système de Cour d'investissement (SCI/ICS);

4) qu'une deuxième motion parlementaire, votée le 7 juin 2016, avait insisté sur le caractère «mixte» de l'accord, le vote au Parlement européen avant toute application provisoire éventuelle et la consultation régulière de la Commission des Affaires étrangères;

5) que les institutions respectives ont tenu compte des points susmentionnés de la motion de la Chambre;

6) que la motion parlementaire du 7 juin 2016 avait également insisté sur la clarification des questions juridiques controversées ainsi que sur l'indépendance et l'impartialité des membres siégeant au tribunal permanent des investissements prévu par l'AECG/CETA;

7) que suite aux critiques de la société civile et aux demandes de plusieurs États membres - dont le Luxembourg - une déclaration interprétative conjointe du Canada et de l'Union européenne et de ses États membres a été élaborée afin de clarifier des points controversés, tel que le droit de légiférer, la coopération volontaire sur les normes et standards, la protection des services publics et les travaux sur un code de conduite contraignant pour les membres du tribunal;

8) que la déclaration interprétative devra être juridiquement contraignante au sens de l'article 31 de la Convention de Vienne sur le droit des traités;

9) que la déclaration de la Commission sur l'AECG/CETA mentionne explicitement que l'application du principe de précaution ne sera pas touchée par l'AECG/CETA et fait référence aux articles respectifs des traités, notamment l'article 191 du Traité sur l'Union européenne et les articles 168(1), 169(1) et (2) du Traité sur le Fonctionnement de l'Union européenne;

10) que Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes a encore une fois soulevé lors de la réunion du Conseil de l'UE du 18 octobre 2016 les points importants pour le Luxembourg, notamment le code de conduite pour les juges dans le cadre du SCI/ICS, l'engagement de protéger les services publics à tous les niveaux, y inclus la possibilité de renationaliser des services publics ayant été privatisés, et la clarification que le principe de précaution, tel que mis en œuvre dans l'UE, ne sera pas remis en question;

11) que lors de la réunion du Conseil de l'UE du 18 octobre 2016, 27 États membres se sont mis d'accord sur le principe de signature de l'accord AECG/CETA, y compris la déclaration interprétative conjointe, tandis que le Gouvernement fédéral de la Belgique n'était pas en mesure de donner son accord, puisque le Gouvernement et le Parlement de la Région Wallonne n'ont pas octroyé les pleins pouvoirs;

convaincue

12) que l'AECG/CETA présente, en cas d'expérience pratique positive, les qualités afin d'être un modèle pour d'autres accords de libre-échange de l'Union européenne avec d'autres partenaires à l'avenir;

13) qu'un large débat démocratique, en incluant la société civile, doit avoir lieu au Parlement européen et dans les parlements nationaux lors du processus de ratification;

invite le Gouvernement

- à soutenir au sein du Conseil de l'UE toute démarche visant des clarifications et autres améliorations supplémentaires;

- à s'engager pleinement dans les travaux sur le code de conduite contraignant pour les membres du tribunal permanent des investissements;

- à consulter régulièrement la Commission des Affaires étrangères et européennes sur l'état d'avancement de ces travaux;

- à veiller à ce que les parlements nationaux aient le pouvoir de décision en ce qui concerne la ratification de la partie mixte de l'accord et plus particulièrement la question sensible du système juridictionnel de l'AECG/CETA et que le SCI/ICS ne soit pas appliqué provisoirement;

- à donner son accord, compte tenu de ce qui précède, à l'AECG/CETA au sein du Conseil de l'UE et à lancer le processus démocratique de ratification.

(s.) Marc Angel, Claude Adam, Gusty Graas, Laurent Mosar.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da ginn ech se direkt weider.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Regierungsmemberen, fir d'Alleréischt wëll ech dem Ausseminister Jean Asselborn hei nach eng Kéier Merci dofir soen, dass hie sech am Dossier CETA an Europa an zu Lëtzebuerg ëmmer ganz staark engagéiert huet. De Jean Asselborn huet och ëmmer erëm an der aussepolitescher Kommissioun ons alleguer Ried an Äntwert gestanen zu den neisten Entwécklungen am CETA-Dossier, an dat souguer zweemol samschdes moies fréi.

Där Entwécklunge goufen et der genuch an et ass ons an onser Kommissioun och ni langweileg ginn. De CETA-Dossier huet also eng ganz Rei Entwécklunge matgemaach. An deen Text, deen haut virläit, ass scho laang net méi deen Text, dee virun zwee Joer um Dësch louch. Dat ass e Punkt, deen ech haut hei wierklech ënnersträiche wëll.

Dobaussen op der Place publique gëtt jo leider e bëssen dat Bild vermëttelt, dass an deem Dossier hei op där enger Säit d'Zivillgesellschaft steet an Dausende Leit op d'Strooss ginn, fir hir Fuerderungen ze stellen, an op där anerer Säit d'Politiker, déi awer maachen, wat se wëllen.

An ech mengen, dat stëmmt net esou. Richteg ass, dass d'Zivillgesellschaft, zesumme mat enger ganzer Rei Politiker, an deem Dossier hei immens vill erreecht huet. An dofir am Numm vun der LSAP e grousse Merci un d'Zivillgesellschaft.

Den éischte Vizepresident vun der Europäescher Kommissioun, de Frans Timmermans, huet ons dat och hei virun zwee Deeg an dësem Sall bestätegt. D'europäesch Handelspolitik huet sech duerch dësen Débat fundamental verännert. Et fënnt haut en Débat an Europa statt iwwer en Thema, dat laang Zäit kee richteg interesséiert huet. An dobäi geet et net nëmmen drëms, op wéi eng Aart a Weis mer esou Accorde verhandelen, mä virun allem och, wéi mer de Welthandel an Zukunft gestalte wëllen.

Beim CETA leeë mer elo d'Lat ganz héich. An dat ass och gutt esou, fir dass mer bei anere Verhandlungen net kënnen drënner erduerchgoen. Dass CETA net TTIP ass, mengen ech, brauch ech hei net weider ze erklären.

Här President, et huet sech, wéi gesot, vill inhaltlech verännert an de CETA ass a senger jëtzeger Form eppes aneschters wéi am August 2014. Am Text vun deemools waren am Kapitel zum Investitiounsschutz nach ëmmer déi privat Schiidsgeriichter - déi een am Fong geholl emol net Schiidsgeriichter däerf nennen, well et Schiidsstelle waren -, nom ale Modell virgesinn. An Dank de Protester aus der Zivillgesellschaft an dem décidéierten Asaz vun de sozialistesche Ministeren aus sechs europäesche Länner - ënner anerem och Dir, Här Asselborn - sinn déi privat Schiidsgeriichter aus dem Text erausgeholl ginn. An dat ass och ze begréissen, dass déi nei kanadesch Regierung dat och dunn akzeptéiert huet.

Et ass eng Alternativ entwéckelt ginn, déi en ëffentlecht, transparent Investitiounsgeriicht tëschent den EU-Länner a Kanada virgesäit, mat professionellen an onofhängege Riichter a mat der Méiglechkeet op e Recours. Eng Alternativ, déi laangfristeg dozou féiere soll, dass mer en internationaalt Investitiounsgeriicht schafen an alleguerten déi nach besteeënd privat Schiidsstellen ofschafen. Dat ass e reellen an e wichtege Fortschrëtt um Wee zu engem méi gerechte Welthandel!

D'Protester vun der Zivillgesellschaft an Deeler vun der Politik hunn och erreecht, dass eng „joint interpretative declaration" tëschent Kanada, der Europäescher Unioun an hire Memberstaten, déi dobausse meeschtens als Zousazprotokoll bekannt ass, ausgeschafft ginn ass, fir op enger ganzer Rei Punkten an Ängschte Kloerheet ze schafen. An dat sinn déi Punkten, op deenen d'Interpretatioun dovun, wéi de CETA auszeleeën ass, auserneegaangen ass. Dësen Zousazprotokoll oder dës Deklaratioun, zumindest an hirer aktueller Fassung, hu mer jo och an der aussepolitescher Kommissioun mam Minister an zwou Sitzungen diskutéiert a guttgeheescht.

Verschidde Kritiker soen elo, dësen Zousazprotokoll oder dës Deklaratioun hätt nëmmen de Wäert vun enger Werbebroschür. Dat ass net esou! D'Interpretatiounen, esou wéi se vun dësem Protokoll oder dëser Deklaratioun virgesi ginn, wäerte verbindlech sinn. An dëst ass duerch den Artikel 31 vun der Wiener Konventioun iwwert d'Recht vun de Verträg geséchert. An op dësen Artikel 31 gëtt sech explizitt an dësem Pabeier referéiert!

Dësen Artikel 31 schreift vir, dass d'Interpretatioun vun engem Vertrag am Sënn vun allen zousätzlechen Accorden tëschent de Parteie muss erfollegen. Mat anere Wierder, fir nëmmen ee Beispill ze ginn: Wann am Zousazprotokoll steet, dass all d'Wueren, déi importéiert ginn, eise Standarde mussen entspriechen, da musse se dat och maachen. Wichteg ass et dofir, ze kucken, wat an deem Zousazprotokoll genau do drasteet, an dann ze décidéieren, ob dat duergeet.

Domat kommen ech och op d'Positioun vun der LSAP an dësem Dossier. D'LSAP, als Partei wéi och als Fraktioun, hat vun Ufank un eng kloer Linn an de Fräihandelsdossieren. Mir hunn d'Verhandlunge konstruktiv, mä awer och ëmmer kritesch begleet. A mir hunn zesumme mat onsen europäesche Schwësterparteie Fuerderunge gestallt a Verbesserunge virgeschloen an ënnerstëtzt. D'LSAP huet sech ganz intensiv a laang mam CETA beschäftegt.

Mir waren déi eenzeg Partei heibannen, déi deen Dossier och an aller Transparenz mat hire Memberen op engem ëffentleche Kongress diskutéiert huet. Mir hunn eis op deem Kongress virun allem mat Inhalter beschäftegt, anescht wéi dat leider vu Verschiddenen dobaussen duergestallt gouf, a mir hu vill gutt Argumenter vu béide Säiten ausgetosch. Zum Schluss hu mer en demokratesche Vott geholl, e Vott, bei deem eng grouss Majoritéit vun onse Membere sech op enger Positioun ralliéiert huet.

Mir hunn an onser Kongressmotioun, éischtens, och eis Ënnerstëtzung fir d'Fuerderunge vun der Chambersmotioun vum 7. Juni ënnerstrach, dass de CETA en Accord mixte muss sinn an dass déi definitiv Décisioun iwwert d'Investitiounsgeriicht bei den nationale Parlamenter leie muss. Virun allem awer hu mer ons Fuerderungen un den Zousazprotokoll, deen zu deem Zäitpunkt jo nach eréischt verhandelt gouf, festgeluecht a kloer gesot, dass mer géint CETA stëmme wäerten, wann dës Punkten an deem Zousazprotokoll, dee jo elo eng Deklaratioun ass, net drastinn.

Dëst waren déi Punkten, op deene mer der Zivillgesellschaft recht ginn hunn, dass de CETA-Text hei ze vill Interpretatiounsspillraum léisst, a wou mer dofir wollten, dass hei séchergestallt gëtt, dass de CETA an onsem Sënn interpretéiert muss ginn.

Als Éischt hu mer kloergestallt, dass den Zousazprotokoll oder d'Deklaratioun eng juristesch Valeur muss hunn, well soss bréngt se jo effektiv guer näischt. Déi inhaltlech Fuerderunge waren dunn, éischtens, d'Sécherstelle vun der Neutralitéit an der Onofhängegkeet vun de Riichter; zweetens, d'Kloerstellung, dass d'ëffentlech Déngschtleeschtungen net vu CETA betraff sinn; an drëttens, d'Garantie, dass de Vorsorgeprinzip vun der EU a Kraaft bleift.

Ons Parteileitung gouf domat beoptraagt ze iwwerpréiwen, ob dës Punkten erfëllt ginn. An hei ass ons Parteileitung dëse Méindeg zum Schluss komm, dass den Zousazprotokoll, oder besser d'Interpretatiounsdeklaratioun an hirer

jëtzeger Fassung dëse Punkten all Rechnung dréit.

Op d'juristesch Valeur vun där Deklaratioun sinn ech elo grad schonn agaangen, dat brauch ech net ze widderhuelen. An de Minister huet et jo och nach am Detail gemaach.

Déi Deklaratioun enthält e ganzt Kapitel zu den ëffentlechen Déngschtleeschtungen, wou confirméiert gëtt, dass dës vun all Stat op allen Niveaue kënnen esou regléiert ginn, wéi de Stat et fir richteg hält. De CETA verlaangt weder Privatiséierung vun dësen Déngschtleeschtungen nach verhënnert en, se erëm ze verstaatlechen oder ze recommunaliséieren.

Zum Vorsorgeprinzip steet dran, dass béid Säite fräi sinn, Regelungen zum Schutz vun der Ëmwelt an der Gesondheet ze treffen, déi si wëllen, an dass all Wueren a Leeschtungen, déi importéiert ginn, sech un dës Standarden an Normen hale mussen.

Ausserdeem gëtt och ganz kloergestallt, dass déi géigesäiteg Unerkennung vun de Standarde fräiwëlleg ass an also nëmmen dann erfollege wäert, wann och eng reell Gläichwäertegkeet do ass. Dat bedeit, dass de Vorsorgeprinzip, esou wéi en an der EU ugewannt gëtt, net a Gefor ass. Dëst gëtt iwwregens och an engem zweeten Dokument, enger Deklaratioun vun der Europäescher Kommissioun, nach eemol bestätegt, wou si explizitt schreift, dass de Vorsorgeprinzip, wéi en an den Europäeschen Traitéë steet, a Kraaft bleift a vun der Kommissioun weiderhi wäert ugewannt ginn.

Bei der Neutralitéit an der Onofhängegkeet vun de Riichter schlussendlech verflichte sech d'Europäesch Unioun a Kanada dozou, direkt mam Ausschaffe vun engem „code of conduct" unzefänken, deen d'Neutralitéit an d'Onofhängegkeet garantéiere soll. Eng ofschléissend Bewäertung vun deem „code of conduct" ass natierlech eréischt méiglech, wann dësen dann och virläit. Allerdéngs gi mer dovunner aus, dass dat virun enger Ratifikatioun vum entspriechenden Deel vum Accord hei an der Chamber wäert de Fall sinn a mir dës Bewäertung da le moment venu kënne virhuelen. An ech mengen, d'aussepolitesch Kommissioun wäert do och de Suivi maachen. Ech sinn iwwerzeegt, dass de Minister eis do au courant wäert halen, esou wéi hien et am Laf vun deem ganzen Dossier ëmmer gemaach huet.

Zu dësem Zäitpunkt awer gesi mer als LSAP ganz kloer, dass ons Bedéngungen erfëllt sinn, fir dass de CETA-Accord kann ënnerschriwwe ginn, fir dass en endlech an déi demokratesch Prozedur am Europaparlament an och an den nationale Parlamenter kann eragoen.

Dann zur Motioun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wollt ech soen, ech hu se mat de Kolleege vun déi gréng an der DP ausgeschafft, an d'Kolleege vun der CSV hu se och matgedroen an ënnerschriwwen. Si ass ënnerschriwwe fir d'DP vum Gusty Graas, fir déi gréng vum Claude Adam, fir d'CSV vum Laurent Mosar, a fir meng Partei hunn ech selwer ënnerschriwwen.

Ech hunn Iech se elo grad ofginn an ech wollt e puer Wuert zu där Motioun soen.

Mir kommen an de Considéranten natierlech drop zréck, dass déi Chamber hei zwou Motioune gestëmmt huet, eng den 18. November 2015, wou mer gesot hunn, dass mer d'Regierung opfuerderen, sech am Conseil géint deen alen ISDS-System auszeschwätzen. Dat ass geschitt. Et ass en neie System ausgeschafft ginn.

Mir kommen an där Motioun an de Considéranten och op déi zweet Motioun zréck, déi vum 7. Juni 2016, wou mer drop gepocht hunn, dass de CETA en Accord mixte muss sinn, a wou mer drop gepocht hunn, dass et zu kenger Application provisoire ka kommen, éier dass d'Europaparlament ofgestëmmt huet. An an där Motioun vum 7. Juni hu mer besonnesch ënnerstrach, dass do Klarifikatiounen, wat déi juristesch Froen iwwert d'Indépendance an d'Impartialitéit vun deene Riichter ubelaangt, musse kommen. An ech mengen, dat ass an der Déclaration interprétative jo ganz kloer kloergestallt ginn.

An onser Motioun vun haut schreiwe mer och fest a beruffen eis op den Artikel 31 vun der Konventioun vu Wien, dass déi Deklaratioun juristesch contraignant ass. Mir maachen och weiderhi Referenz op de Principe de précaution, iwwert deen ech scho vill geschwat hunn, a mir erënneren och drun, dass de Minister den Dënschdeg am Conseil nach eng Kéier fir Lëtzebuerg eng ganz Rei Punkten opgeworf huet: déi vum Service public, déi vum Principe de précaution an och vun der Onofhängegkeet vun de Riichter.

A besonnesch soe mer am Punkt 11, an dat hu mer aus de Konklusioune vun deem Conseil, déi jo public sinn, dass all d'EU-Länner, dass 27 EU-Staten d'accord ware mam Prinzip, fir de CETA ze ënnerschreiwen, inklusiv där Déclaration interprétative, a mir soen awer, dass déi federal belsch Regierung net en mesure war ze ënnerschreiwen, well hir d'pleins Pouvoirs vum wallounesche Parlament, also och vun der wallounescher Regierung, nach net octroyéiert gi sinn.

Dofir erkläre mer eis an där Motioun iwwerzeegt, dass de CETA am Fall vun enger positiver praktescher Experienz déi Qualitéite besëtzt, fir e Modell ze gi fir weider Accords de libre-échange. A mir soen awer och, dass et wichteg ass, dass e breede politeschen Débat mat der Société civile geféiert soll ginn, tëschent dem Europaparlament an der europäescher Zivillgesellschaft, an datselwecht hei zu Lëtzebuerg tëschent der Chamber an der Zivillgesellschaft.

Dofir invitéiere mer ons Regierung, dass se weiderhin am Conseil vun der Unioun - an et wäert jo nach zu Consultatiounen elo komme mat der Kommissioun - all Démarche, déi nach méi Klarifikatiounen an nach weider Verbesserunge mat sech bréngt, soll ënnerstëtzen.

Mir invitéieren d'Regierung, sech staark anzebannen an d'Verhandlungen iwwert d'Aarbechte vun deem Code de conduite fir déi Riichter. Mir invitéieren d'Regierung, dass se weiderhin, wéi se dat virdru gemaach huet, eis aussepolitesch Kommissioun permanent iwwert den Avancement vun deenen Aarbechten un deem Code de conduite informéiert.

A mir erënnere se och drun, dass se oppasse soll, dass et esou ass, dass besonnesch déi Investitiounsgeriichter an där Partie mixte sinn an dass dat heescht, dass déi muss vun den nationale Parlamenter verabschit ginn.

A compte tenu vun all deem soe mer, dass mer d'accord sinn, dass ons Regierung de CETA ënnerschreift an dass dann endlech och den demokratesche Prozess vun der Ratifikatioun an och d'Diskussiounen an engem demokratesch gewielten Europaparlament an an demokratesch gewielten nationale Parlamenter kënnen ufänken.

Dat gesot, soen ech Iech Merci. Ech soen de Kolleege Merci, déi un der Motioun matgeschafft hunn. Voilà! Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet elo direkt de Gusty Graas fir d'DP.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CETA-Ofkommes, wou den Text jo schonn de 26. September 2014 finaliséiert gouf, ass ouni Zweifel eng Schwéiergebuert. Déi lescht Deeg sinn erëm ganz spannend. Den Ausgang ass nach ongewëss. D'wallounescht Parlament riskéiert, eis e Stréch duerch d'Rechnung ze maachen. Dat bedauere mir.

A wa mer schonn den Term „bedaueren" als DP gebrauchen, da wëll ech domadder schonn eng ganz kloer Ausso hei maachen: Mir hunn eis vun Ufank u kloer fir dat Handelsofkommes ausgeschwat. Mir hunn dat vläicht net esou mat ganz vill Ophiewes no bausse gemaach. Mir hunn awer eng ganz kloer Linn vertrueden, well mer der Meenung sinn, datt dat Ofkommes eng Chance fir d'europäesch Ekonomie ass, awer och eng Chance fir déi Lëtzebuerger Ekonomie. Et ass virdrun hei scho gesot ginn: D'Betriber vu Lëtzebuerg kënnen och elo zum Beispill un Ausschreiwungen a Kanada deelhuelen.

Ech wëll och drun erënneren: 2015 louch Kanada op der 19. Plaz vun deene Länner, wouhinner mir exportéieren, dat mat 0,84% vun eisem Gesamtexport, beim Import op der 15. Plaz mat 0,60%. Dat ass net vill. Dat héiert sech moderat un, mä dat kann awer ouni Zweifel nach besser ginn. Mä wat awer méi wichteg ass, dat ass den Aspekt vis-à-vis vun Europa, well d'EU ass ëmmerhin den zweeten Importateur a Kanada. An et däerf ee jo och net vergiessen, datt ronn 500 Milliounen dierften elo agespuert gi fir déi europäesch Exportateuren, wann déi ganz Taxe géifen ewechfalen.

Dat wëllt awer elo net heeschen, datt d'Demokratesch Partei, déi, wéi gesot, ech wëll dat nach eng Kéier hei ënnersträichen, mat Argusaen déi ganz Entwécklung an deene leschte Jore suivéiert huet, einfach bedenkelos der Entwécklung nogekuckt hätt. Neen, ganz au contraire! Och mir haten eng Rei Bedenken. Och mir hunn eis zu enger Rei Punkte ganz kloer positionéiert.

Ech wëll nach eng Kéier op déi haaptsächlech fënnef rout Linnen agoen, wou d'Demokratesch Partei sech vun Ufank un och kategoresch dergéint ausgeschwat hat:

1) Fir eis war et ganz kloer, datt keng Verwässerung vu sozialen, aarbechtsrechtlechen an ëmweltpolitesche Standarde kann agefouert ginn duerch dat Ofkommes hei. Mat eis ass oder wier et just eng Konvergenz no uewe vun de Kritäre ginn.

2) Mir hunn eis vun Ufank u fir den Accord mixte ausgeschwat. Dat heescht, datt déi, ech soen elo emol, 38 Parlamenter - iergendwou hunn ech scho gelies, datt et der elo an déi 40 wieren, mä da kommt, mir bleiwen emol bei 38 -, datt déi selbstverständlech missten hei e Matsproocherecht kréien, och wann ee weess, datt déi national Kompetenz an deene ganzen Ofkommessen dach hei zimlech limitéiert war.

3) Da war et fir eis och evident, datt deen Accord hei nëmme kéint provisoresch a Kraaft trieden, wann natierlech am Virfeld awer och d'Europäescht Parlament seng Zoustëmmung ginn hätt.

4) An dann dee véierte Punkt, géif ech soen, dat war fir eis dee wesentlechsten, dee wichtegsten. Ech mengen, dat ass och keng Iwwerraschung. Eng DP, déi sech ganz kloer ëmmer fir d'Rechtsstaatlechkeet asetzt, hat vun Ufank u Problemer - esou wéi dat a villen aneren Ofkommesse geregelt ass - mat deem sougenannten ISDS, datt privat Juridictiounen duerfir géifen hierhalen, fir ze riichten, wa Litigë géifen entstoen. Dat kann aus eiser Positioun hier gekuckt net sinn!

Duerfir si mer frou, datt grad op deem Punkt do eng positiv Entwécklung komm ass, datt elo spezifesch Geriichter geschafe ginn, wou d'Magistraten och vun enger offizieller Autoritéit genannt ginn. Well et ka jo awer net sinn, datt an engem Rechtsstat Affekotebüroen - näischt géint Affekoten -, mä datt déi op eemol och nach d'Fonctioun vum Riichter kéinte kréien!

Duerfir begréisse mer och ausdrécklech, wat d'Motioun ubelaangt, déi de Kolleeg Marc Angel elo hei virgeluecht huet, datt dat do och nach eng Kéier zréckbehale ginn ass, a virun allem, datt op dee Code de conduite higewise gëtt, dee contraignant soll sinn, well mer der Meenung sinn, datt dat hei e wesentlechen Aspekt vun deem ganzen Ofkommes ass.

5) Dann e fënnefte Punkt, wat fir eis och eng ganz kloer rout Linn war: Dat ass de sougenannten „Précautiounsprinzip", wou et fir eis eng Evidenz ass, datt mer net hätte kënnen dermat d'accord sinn, wann dee vläicht geaffert gi wier. Ech wëll och drun erënneren, datt dee jo awer trotz allem och am Artikel 191 vum Traité vu Lissabon garantéiert ass.

Mir stelle jiddefalls fest, datt deenen Haaptawänn, déi d'Demokratesch Partei an all deene Méint - an all deene Joren, kann ee soen - formuléiert huet, Rechnung gedroe ginn ass. Dowéinst kënne mer och, an ech kann dat elo och schonn hei kloer soen, der Motioun ouni Zweifel zoustëmmen.

Dann ass natierlech ee Punkt, deen elo an deene leschten Deeg, an deene leschte Wochen och fir vill Diskussioune gesuergt huet, natierlech: Wat ass de Stellewäert vun där gemeinsamer Deklaratioun? Vill Leit hu gefrot: Wat ass de juristesche Wäert?

Ech sinn net Jurist, ech wäert mech net driwwer ausloossen, hu mech allerdéngs och e bësse mam Artikel 31 vun der Wiener Konventioun vum 23. Mee 1969 auserneegesat. An do steet dran - en ass schonn e puermol hei zitéiert ginn, mä et huet nach keen e virgelies, duerfir erlaben ech mer dat dann hei kuerz ze maachen: „Für die Auslegung eines Vertrags bedeutet der Zusammenhang außer dem Vertragswortlaut samt Präambel und Anlagen: jede sich auf den Vertrag beziehende Übereinkunft, die zwischen allen Vertragsparteien anlässlich des Vertragsabschlusses getroffen wurde;". Ech mengen, dat do seet awer munches aus. An ech ginn och dervun aus, datt d'Juristen awer och do erkennen, wat de Wäert am Fong geholl vun deem Artikel 31 do ass.

Sécher, dat hei ass e ganz interessant Dokument. Et ass en Dokument, wat fir zousätzlech Garantië biergt. An et léisst manner Interpretatiounsschwieregkeeten herno zou. Duerfir begréisse mir als Demokratesch Partei dës zousätzlech Deklaratioun, déi jo dann och a ganz wichtege Punkten eppes ausseet; ech wëll se net méi am Detail hei all oplëschten: Investissementsschutz, ëffentlech Déngschter, de Schutz vun der Ëmwelt, Waasser...

An e besonnesche Passus wëll ech awer och nach hei ernimmen, dat ass deen: d'Rechter vun den Aboriginal peoples. Ech mengen, dat ass e wesentlecht Element. Mir schwätzen ëmmer nëmmen hei iwwer reng deen ekonomeschen Aspekt, mä hei gesäit een awer och - an ech gesinn dat als méi wéi nëmme reng eppes Symbolesches -, datt dat heiten awer och an där Deklaratioun zréckbehale ginn ass.

Da wëll ech awer och nach op den Artikel 30.2 vun deem ganzen Ofkommes hiweisen. Do geet et zum Beispill och drëm, wéi ee kann de CETA-Vertrag herno als Partner verloossen. An och dee sollen emol vläicht eenzel Leit duerchliesen, da mierke se awer, datt do awer och nach eng Rei Hannerdieren opgelooss ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et muss een awer och feststellen, datt d'Oppositioun géint CETA u sech - aus eiser Siicht gekuckt kléngt dat vläicht elo e bëssen erstaunlech, mä - relativ geréng ass! Ech mengen, de Minister weess dat vill besser wéi ech. En huet selwer virdru gesot, datt 27 Länner derfir waren. A wann een och kuckt, a wivill Länner esou eng Oppositioun war wéi hei zu Lëtzebuerg, da sinn déi séier opgezielt. Duerfir, och dat muss een awer hei relativéieren, wann ee vun enger „massiver Oppositioun" schwätzt.

Natierlech, hei zu Lëtzebuerg hate mer méi e Widderstand, hu mer méi e Widderstand. D'Plattform géint TTIP oder Stop TTIP/CETA verkierpert dat.

Ech wëll dat och ganz kloer soen: Mir als Demokratesch Partei waren net op där Manifestatioun. Mir hunn och net derzou opgeruff! Dat hat och seng gutt Ursaach: well mer vun Ufank un eng kloer Linn haten a well mer och vun Ufank u ganz kloer d'Richtlinne vun der Regierung mat vertrueden hunn.

Ech wëll awer ganz däitlech hei soen, datt een awer esou eng Manifestatioun net soll negativ gesinn, mä ganz au contraire. Ech mengen, dat beweist jo awer och, datt mer an engem Rechtsstat liewen, datt mer an enger Demokratie liewen. An ech gi souguer esou wäit, datt deen Asaz, deen déi Leit bewisen hunn, och gewësse Friichten hat. Well datt et zu där Deklaratioun hei komm ass, wou Lëtzebuerg jo mat den Initiator war, ass mat Sécherheet awer och zu engem gewëssenen Deel drop zréckzeféieren, datt mer als Politiker awer och de Wand vun hanne gespuert hunn. Dowéinst fannen ech dat op eng Manéier awer ganz flott, wa Leit sech manifestéieren an op d'Strooss ginn, och wann een ebe mat der Zilsetzung net onbedéngt kann d'accord sinn.

Une voix.- Très bien!

M. Gusty Graas *(DP).*- Ech wëll och drun erënneren, datt et erstaunlech ass, datt dat Ofkommes hei virun engem Joer praktesch ville Leit guer net bekannt war. Firwat ass et bekannt ginn? Eben duerch d'Entwécklung vun TTIP. A virdrun ass schonn e puermol hei vun deem engen oder deem anere gesot ginn: TTIP ass net CETA; CETA ass net TTIP. An dat ass och ganz kloer richteg esou!

Ech wëll dann awer och drun erënneren, datt mer virgëschter den éischte Vizepresident vun der Europäescher Kommissioun hei ënner eis haten, de Frans Timmermans. Ech hunn dat eng ganz interessant Diskussioun fonnt. Ënner anerem hat ech em selwer och eng Fro iwwer CETA gestallt. Datt en e ganz kloert Bekenntnis zu CETA gemaach huet, huet vläicht manner iwwerrascht, mä en huet awer eng wesentlech Ausso gemaach, an déi hunn ech mer och hei notéiert.

E sot: „Wa mer kënnen een Ofkommes mat engem Land maachen, dann ass et mat Sécherheet Kanada. Mat deem kënne mer e ganz kloert Ofkommes maachen." An e sot: «Le Canada partage nos valeurs.» Ech mengen, dat kann een ouni Zweifel guttheeschen, well grad Kanada ass jo awer e Land, wat héich Norme vertrëtt. A Kanada huet eng ganz positiv Entwécklung an enger ganzer Rei vun Dossiere gemaach.

Ech wëll och drun erënneren, datt ënnert dem neie Premier, dem Justin Trudeau, elo zum Beispill d'Klimaschutzziler verstäerkt goufen a Kanada, an, wéi gesot, och d'Gläichstellungspolitik. Ech kéint dat nach weiderféieren. Duerfir mengen ech also, wa mer scho vis-à-vis vu Kanada schwätzen, da solle mer och op där Héicht mat deem Land schwätzen, wou et sech och ouni Zweifel beweegt.

Eppes ass kloer: Wa mer CETA net zu engem gudden Enn bréngen, dann ass eng schlecht Basis fort (veuillez lire: dann ass dat eng schlecht Basis), fir nei Traitéen auszehandelen. Well mir gi méi staark vis-à-vis - wann ech elo „mir" soen: d'Europäesch Unioun - vun anere potenzielle Partner - Amerika, Australien, China -, wa mer deen heite Vertrag ënnerdaach kréien.

Wa CETA net kënnt, dann ass et mat Sécherheet och eng Blamage fir d'Europäesch Unioun! An et ass mat Sécherheet och e Schlag géint d'Handelspolitik. Och däers soll ee sech alles bewosst sinn. Dowéinst, wéi gesot, awer och den Appell un all déi Leit, deenen hir Meenung ee selbstverständlech muss respektéieren, mä un all déi Leit, déi wierklech ganz déif gräifen, fir Argumenter ze fannen, fir géint dee Vertrag hei ze sinn, sech awer och bewosst ze sinn, wat et géif heeschen, wann dee Vertrag hei net géif a Kraaft trieden.

Ech wëll ofschléissend awer och am Numm vun der Demokratescher Partei dem Ausseminister, dem Här Asselborn, Merci soen, dee sech an deene leschte Wochen a Méint wierklech an enger klorer Linn am Numm vun der Regierung engagéiert huet. En huet sech net nëmme Frënn gemaach, och net a sengen eegene Reien. An ech mengen, dat wësse mir och ze respektéieren. D'DP hofft jiddefalls, datt de 27. Oktober den Här Trudeau kann dann awer de Fliger buchen, fir d'Ofkommes ënnerzeechnen ze kommen. Et ass mat Sécherheet e gudden Traité!

An ech wëll ofschléisse mat enger Ausso, déi mäi Parteifrënd, de Charel Goerens, där Deeg gemaach huet: „Et ass mat Sécherheet dee beschten Traité, dee jeemools mat engem Land ofgeschloss ginn ass."

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Graas. An d'Wuert huet elo direkt den Här Claude Adam fir déi gréng.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann een als véierte Riedner nom Minister zu engem Sujet Stellung bezitt, dann ass et net ëmmer einfach, fir d'Opmierksamkeet vum Plenum nach op sech ze kréien.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Ech hunn d'Gefill, wéi wann dat de Mëtten e bëssen anescht wier.

Plusieurs voix.- Aah!

Une voix.- Loosst de Riedner dach ausschwätzen!

Une autre voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Esou munche vun Iech wäert sech d'Fro gestallt hunn: Wéi zéien déi gréng sech dann hei aus der Affär?

(Exclamations)

Mir hunn eis et net einfach gemaach. Den Här Mosar huet sech souguer misse Problemer maache mat der Positioun vun déi gréng. Gott sei Dank, Här Mosar, ech hu manner Problemer mat eiser Positioun, an ech hoffen och - also, mir ass dat méi wichteg wéi elo Är Problemer -, ech hoffen, datt dann elo, wann ech meng zéng Minutten laang hei konnt d'Positioun vun déi gréng erklären, datt dann Är Problemer geléist sinn. Wann net, da musst Der kucken, datt Der dermat eens gitt.

(Interruption par M. Laurent Mosar)

Ech wollt awer dann, Här Mosar, och nach soen: Wann Der mengt, mir wiere „schizophreen", dann ass dat och Äre Problem! Mä Schizophrenie vun enger grousser Vollekspartei, déi jo awer souwuel de Jo an déi eng Meenung wéi déi aner ënner sech ënner een Hutt kritt…

(Interruption)

Gutt, déi Diskussioun kënne mer dann nach eng aner Kéier weiderféieren. Ech kommen zréck zu menger Ried, soss si meng zéng Minutte verschwonnen.

Ech gräifen och scho vir - obschonn ech nach net e Statement kritt hunn -, datt mer eis et net esou einfach gemaach hu wéi esou munch aner Leit heibannen. Mir hunn näämlech net wéi eis Kolleege vun déi Lénk einfach nëmmen Nee zu CETA gesot. Mir hunn eis och doduerch d'Chance net huele gelooss, fir kënnen e konstruktiivt Wuert matzeschwätzen an de Vertrag doduerch ze besseren.

Mir hunn och eng aner Relatioun zu der Europäescher Unioun wéi déi Lénk. Well wann et muer e Referendum géif ginn zu engem EU-Austrëtt vu Lëtzebuerg, da géife mir eis Ofstëmmung op alle Fall net dervun ofhängeg maachen, ob d'Fro aus dem lénken oder aus dem rietse Lager géif kommen,…

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- …well esou schwaarz-wäiss gesi mir d'Welt wierklech net!

(Interruptions)

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Här President, ech wollt…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dir hutt d'Wuert nach net.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Ah!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Mä wann Der et frot an de Riedner huet näischt dergéint, da kënnt Der eng Fro stellen oder eng Prezisioun ginn.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, ech sinn e bëssen… Sot mer!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dir kritt d'Zäit ugerechent.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Da stellt Är Fro!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci. Merci, Här Adam. Merci, Här President. Ech mierken, datt déi gréng wierklech nervös sinn an dëser Fro,…

Plusieurs voix.- Ooh!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- …wat CETA ugeet, datt op eemol den Här Adam, deen normalerweis jo ganz sachlech ass, versicht, eng ganz demagogesch Linn ze fueren.

Ech hunn en Interview ginn iwwert d'Europäesch Unioun, a wësst Der, de Problem vun déi Lénk ass deen - an dee kennen déi gréng vläicht och net, an anerer vläicht och net, mä déi gréng bestëmmt net! -, datt mir op dat lauschteren, wat d'Gewerkschafte soen an d'Zivillgesellschaft sot a wat de Mouvement écologique seet.

Une voix.- Aah!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Wann Der ganz genau liest, wat ech soen…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also…

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Ech soe ganz genau an deem Interview, do soen ech ganz genau, datt, wann d'Aarbechterbewegung…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Wagner, Dir hutt herno Zäit, fir Iech ze explizéieren.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dir hutt d'Wuert kritt, fir eng Zwëschebemierkung ze maachen,…

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- …net fir eng Ried ze halen.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Oh, mä et ass zwar d'selwecht. Mä op jidde Fall géif ech den Här Adam bieden, e bësse manner demagogesch ze sinn.

Une voix.- Voilà!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, ech weess net, wou den Här Wagner meng Nervositéit feststellt. Ech komme just eng Kéier drop zréck - wann ech dat scho gesot kréien -, wéi kommen ech op meng Ausso, ob dat polemesch ass; hei war eng Fro an engem Interview vum Dënschdeg, 18. Oktober: „Gäbe es morgen ein Referendum zum EU-Austritt Luxemburgs, was würde David Wagner wählen?" Äntwert: „Käme dieser von rechten Parteien, würde ich für den Verbleib stimmen. Käme die Idee aus der Gewerkschaftswelt, dann wäre dies anders."

(Hilarité et interruptions)

Gutt! Da kéim ech erëm, wann et erlaabt ass, zréck zum Thema vun haut, zum CETA.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Elo kann ech nach keng Remarque zu Ären Aussoe maachen, mä, Här Gibéryen, ech mengen, mir hu jo och schonn op Facebook gesinn, datt Dir Iech Suerge maacht ëm eis Aussoen. Mir maachen eis och…

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dir kritt mech net aus menger Rou bruecht!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Mir maachen eis och Suergen iwwer Är Aussoen. Mir setzen et net all Kéiers op Facebook. Mä gutt!

Mir schaffe schonns zënter Laangem op dem Dossier vu CETA, an zwar inhaltlech. A mir hunn och innerhalb vun eiser Partei op eng méiglechst demokratesch Aart a Weis all eis Memberen, déi sech beruff gefillt hunn, zu dësem Dossier d'Wuert ze ergräifen, matschwätze gelooss.

An, Här President, mir zéien eis net aus der Affär. Mir bezéie Stellung. Mir hunn an der ganzer CETA-Diskussioun Verantwortung iwwerholl. A mir stielen eis och elo, wou mer a Richtung vun engem virleefegen Enn vun de Verhandlunge ginn - an ech betounen „e virleefegt Enn vun de Verhandlungen" -, mir stielen eis och elo net aus der Verantwortung.

D'Handelsrelatiounen tëschent Lëtzebuerg a Kanada hunn eng laang Traditioun, geneesou wéi och dat gutt Verhältnis tëschent deenen zwee Länner. Scho kuerz nom Zweete Weltkrich, am Joer 1948, sinn d'Handelsrelatiounen tëschent Lëtzebuerg a Kanada duerch d'Grënnung vun der Chambre de Commerce Canada-Belgique-Luxembourg nohalteg gestäerkt ginn. Zanterdeem hunn déi zwee Länner och ëmmer méi um multilateralen Niveau an internationalen Organisatioune matenee geschafft.

Eis Relatioune mat Kanada sinn awer och duerch eng ganz Rei Traitéen um europäesche Plang gepräägt. Hei ass et wichteg ze erwänen, datt am Joer 1976 en Accord-cadre, dat sougenannt „Framework Agreement for commercial and economic cooperation between Canada and the EU", also tëschent Kanada an der Europäescher Communautéit, ënnerschriwwe gouf. An dësem Accord-cadre haten déi zwou Säite sech géigesäiteg déi beschtméiglech Handelsavantagen zougesprach. Si hate sech dozou verflicht, um ekonomeschen a kommerzielle Plang ze kooperéieren.

Et gëtt natierlech och aner Accorden, déi en Afloss op den Handel tëschent der EU a Kanada hunn. E Beispill heifir ass den „Agreement between Canada and the European Community on trade in wines and spirit drinks". Dësen Traité geet op den Handel mat Spirituosen a Wäiner an a schützt ënner anerem de Muselwäin als Marque protégée.

Trotz dësen Traitéen an trotz der laanger Geschicht vun Handelsrelatioune mat Kanada gouf seelen esou vill iwwer en Handelstraité diskutéiert wéi an de leschte Joren, a speziell an deene leschten 18 Méint.

Mir hunn de CETA-Accord kritesch begleet, vun Ufank un. Firwat esou kritesch? Majo, de CETA ass e Fräihandelsaccord tëschent der EU a Kanada, zwee laangjäregen Handelspartner, déi sech a ville Punkten nostinn. Mä et ass en Handelsaccord vun där neier Generatioun, deen däitlech méi wäit geet wéi all déi Accorden aus dem 20. Jorhonnert.

Et ass en Handelsaccord, dee Plaz fir vill Hoffnungen opgemaach huet, Hoffnungen op méi e gerechten a faire Welthandel. An och Plaz fir vill Ängschten, Ängschte viru weideren negativen Auswierkunge vun der Globalisatioun.

D'Geschicht vum CETA geet schonns op d'Joer 2007 zréck. Um EU-Kanada-Sommet zu Berlin gouf beschloss, fir eng Studie opzeginn, déi sollt analyséieren, wat d'Benefisser an d'Käschte vun enger méi enker ekonomescher Zesummenaarbecht tëschent Kanada an der EU kéinte sinn. Dës Etüd gouf am Joer 2008 publizéiert, wouropshin am Joer 2009 e Rapport joint nokoum, ier den deemolege kanadesche Premier Harper zesumme mat dem demoolegen EU-President Topolánek an dem deemolege Kommissiounspresident Barroso um EU-Kanada-Sommet zu Prag den Ufank vun den Handelsgespréicher annoncéiert huet.

Bis Oktober 2011 waren néng formell Verhandlungsronnen ofgeschloss. An am Oktober 2013 hunn de kanadesche Premier Harper an de Kommissiounspresident Barroso zu Bréissel annoncéiert, datt déi zwou Parteien zu engem prinzipiellen Accord komm wieren. Fäerdeg publizéiert gouf den Accord awer eréischt nom juristeschen Iwwerpréiwen an no dem Changement mam ICS - et ass schonn de Mëtteg erwäänt ginn - den 29. Februar vun dësem Joer.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et iwwerrascht bestëmmt keen heibannen, wann ech behaapten, datt ech mer als gréngen Deputéierte mam CETA, trotz ville verschiddene Verbesserungen, déi bis haut gemaach goufen, nach ëmmer en aneren Accord gewënscht hätt.

Jo, et ass sécher, wann et eleng un eis geleeën hätt, da géif de CETA-Vertrag ganz anescht ausgesi wéi deen, iwwert dee mer haut schwätzen. D'Welt an d'Europäesch Unioun brauchen eiser Meenung no fir d'Zukunft eng ganz aner Generatioun vun Handelsofkommen. Si brauchen Handelsofkommen, déi den Emweltschutz op déi alleréischt Plaz stellen, déi de Klimaziler méi gerecht ginn! Si brauche fair Handelsofkommen, déi op demokratesche Grondprinzipie berouen, a si brauchen Handelsofkommen, déi déi nohalteg Entwécklungsziler vun de Vereenten Natiounen nach méi eescht huelen. Si brauchen Handelsaccorden, déi de Mënsch an de Mëttelpunkt setzen, de Mënsch virun d'Interesse vun de grousse multinationale Gesellschaften.

De CETA-Accord wäert eis weisen, a wéi eng Richtung datt mer an Zukunft musse goen, fir dës Ziler ze erreechen. De CETA-Accord mat sengen negativen an hoffentlech och positive Säiten! A jo, sécherlech wäert de CETA en Afloss op den TTIP a weider Fräihandelsaccorde kréien.

A jo, et ass sécher, wann et un eis geleeën hätt, da wier och beim CETA vun Ufank un op méi eng transparent Aart a Weis verhandelt ginn. An ech mengen, mir sinn net déi Eenzeg heibannen, déi sech dat vun Ufank u gewënscht hätten. Ënner anerem huet och den Här Mosar schonn dorobber higewisen.

Den Text, esou wéi mir en hei virleien hunn, ass e Kompromëssstext, dee vu 27, 28 EU-Memberstate mat hire verschiddenste Regierungen - mat deene wierklech verschiddenste Regierungen, wann een et queesch duerch Europa kuckt; an et sinn och net méi ëmmer déiselwecht wéi déizäit wéi den Accord ausgehandelt ginn ass - a mat der Europäescher Kommissioun a Kanada zesummen ausgehandelt gouf. An, wéi gesot, eigentlech war den Text schonn am Hierscht 2013 fäerdeg verhandelt an ofgeschloss.

Mir haten als Gréng d'Méiglechkeet, de CETA-Vertrag vu virera pauschal ofzeleenen. Mir hunn décidéiert, dat net ze maachen. Mir hunn décidéiert, datt mer net géife fräiwëlleg an den Abseits goen. Mir wollten eis bedeelegen un der Diskussioun ëm den Accord, a mir hunn eis bedeelegt. Mir wollten eisen Deel zu enger Verbesserung vum Accord bäidroen. A mir hunn eisen Deel dozou bäigedroen.

Mir hunn ëmmer erëm - an ech behaapten och net, datt mir déi Eenzeg waren - eng etlech Froen opgeworf, déi nach net gekläert waren an och nach zum Deel haut net gekläert sinn. Zënter Mee hu mer eis an engem Aarbechtsgrupp intensiv mat CETA auserneegesat. Mir haten europäesch Experte fir Wirtschaftsrecht an internationalen Handel agelueden, fir iwwer inhaltlech an technesch Froen ze diskutéieren. Meng Partei hat sech och mam Minister Jean Asselborn getraff, fir him eis Bedenken zu verschiddene Punkte vum CETA matzedeelen, mat him ze diskutéieren an Äntwerten op oppe Froen ze kréien. Och him Merci fir säin Engagement a seng Bereetschaft, sech deenen Diskussiounen ze stellen.

Nieft eis hunn awer och nach vill aner Akteuren op ville verschiddenen Niveauen Drock gemaach; a mat Succès. En Text, deen eigentlech schonns zou war, ass nach eemol opgemaach ginn. Aus dem ISDS gouf en ICS. An de CETA krut en Zousazprotokoll ugehaangen. Dëst si sécherlech nëmme kleng Erfolleger, an awer sinn ech der Meenung, datt d'Ännerungen, déi zënter 2013 deelweis och géint d'Juncker-Kommissioun duerchgesat goufen, an déi richteg Richtung ginn. A virun allem gouf jo och eis Roll als Deputéiert a puncto Ratifizéierung kloergestallt. Dat heescht, et ass en Accord mixte ginn an d'Parlamenter hunn dat lescht Wuert.

Vill Leit menge jo, datt de CETA-Dossier deemnächst zou wär, wann den EU-Conseil bis Jo gesot huet. Mir mengen awer, datt et elo op eisem parlamentareschen Terrain eréischt ugeet an hei nach gréisser Matcher wäerten ze spille sinn. An och dat ass ënner anerem en Asaz, deen de Lëtzebuerger an eisem Parlament ze verdanken ass.

Konkret geet et drëms, datt d'Fro vun de Schiidsgeriichter jo an den „Mixte"-Deel vum Accord soll kommen oder kënnt…

(Interruption)

Dat ass geschitt.

…an domadder och a sämtlechen nationalen an an den zoustännege regionale Parlamenter wäert musse gekläert ginn.

A wat dës Schiidsgeriichter ugeet, do ass scho villes gesot ginn. Do ass awer nach villes och onkloer. Vill Regelen zum Fonctionnement mussen nach ausgeschafft ginn. Mir hunn och nach ëmmer, fir et emol héiflech auszedrécken, „gréisser Bedenken", wat d'Noutwendegkeet vun dëse Schiidsgeriichter betrëfft.

Onofhängeg vum prinzipielle Problem besti mer och weiderhin drop, datt méiglechst schnell e strikte Code de conduite fir d'Riichter an d'Riichterinne vun dëse Geriichter muss ausgeschafft ginn, esou wéi et och an der Motioun, déi mer haut verabschiden, steet.

Zum Schluss wëll ech dann nach eng Kéier betounen, datt déi gréng de Jean Asselborn och weiderhin a senger Aarbecht wäerten ënnerstëtzen an him och fir säin Engagement a seng Ausdauer Merci soen. Mir deelen och déi zousätzlech Lëtzebuerger Bedenken an déi Punkten, déi onbedéngt fir Lëtzebuerg mussen erfëllt sinn, déi den Ausseminister den Dënschdeg am Conseil offiziell zu Protokoll ginn huet. Allerdéngs gesäit et jo ganz esou aus, wéi wann de CETA dëse Weekend nach net géif finaliséiert ginn. Speziell d'Demandë vun der wallounescher Regioun fir Verbesserungen un der „joint interpretative declaration" decke sech jo och mat eise Lëtzebuerger Fuerderungen. A weider Verbesserunge sinn an eisen Aen ëmmer méiglech, soulaang den Traité net offiziell signéiert ass.

Et sollt een d'Zäit och notzen, fir déi rechtlech Verbindlechkeet an d'Uwendbarkeet vun der Zousazdeklaratioun ze verbesseren an och d'Belsch mat an d'Boot ze kréien.

Ech ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dëser Motioun. An ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Adam. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech fir d'Éischt all deenen uschléissen, déi dem Här Minister Asselborn Merci soen, datt en heihinner komm ass, datt en eis déi Erklärunge ginn huet. A villes vun deem, wat e gesot huet, si jo och positiv Entwécklungen.

Loosst mech vläicht eis Deklaratioun hei an e puer Punkten opdeelen.

Fir d'Éischt e puer Wierder iwwert d'Positioun vun der ADR. Mir haten eng Journée parlementaire, wou mer de CETA am Detail diskutéiert hunn, wou mer och eis Parteigremien invitéiert haten. An deen Ableck hu mer diskutéiert opgrond vun deenen Dokumenter, déi virlouchen. Dat woren nach net déi definitiv Dokumenter. A mir hunn eise Parteigremie versprach, datt mer zréckkommen, wann all d'Dokumenter definitiv virleien, an datt mer dann eréischt eng Parteidécisioun huelen, ouni de konstitutionelle Rechter vun den Deputéierte virzegräife selbstverständlech. Mir hunn also déi lescht Décisioun an der Partei nach net geholl. An ech wäert d'ADR also och hei an deem Sënn haut net engagéieren.

Mir hunn awer eng Rei vu virleefege Konklusioune geholl gehat. Dat Éischt ass, datt mir och déi Wichtegkeet vum fräien Handel mat Kanada ënnerstrach hunn, datt mer de Schutz vun eisen ekonomeschen, sozialen an ekologeschen Interesse ganz héichschreiwen, datt mer keng Vermëschung mam TTIP wëllen. A mir hunn do och proposéiert, datt mer mat eisen amerikanesche Frënn éischter a Richtung vu sektoriellen Accorde gi wéi a Richtung vun engem „comprehensive agreement", deen eis net realistesch schéngt. Also an deem Sënn hu mer Nee zu TTIP gesot. A mir hu prozedural op d'Kompetenz vun deenen nationale Parlamenter insistéiert.

Wat heescht dat fir haut? Ech wëll vläicht - ausser vun de Sonndesrieden - e puer Wierder soen iwwert de Rôle vun den nationale Parlamenter an e puer institutionell Aspekter an dëser Diskussioun besonnesch ënnersträichen. Et ass näämlech wichteg, an ech kommen herno och, wann ech d'Haltung vun deene Gréngen an aneren analyséieren, op d'Konsequenz a verschiddene Positiounen zréck.

Dat Éischt ass: Mir hu gesot, d'ADR huet dat ëmmer gesot, dëst Parlament huet gesot, et muss en Accord mixte sinn. En Accord mixte inspiréiert sech un den Dispositioune vum Artikel 4 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der Union européenne. Mä deen Traité, deen Artikel, deen ass aus Opportunitéitsgrënn am Laf vun der Zäit esou interpretéiert ginn, als géif et do eng kloer Trennung an deem Artikel ginn, äänlech wéi am Artikel 3 virdrun, tëschent deem, wat Uniounskompetenz ass an national Kompetenz. Dat ass net de Fall!

Dat ass eng Rechtsentwécklung, déi déi eng arrangéiert huet, well se méi Pouvoire wollten, an déi aner arrangéiert huet, well se den Diskussioune wollten aus dem Wee goen. Mä mir hunn eng „compétence partagée" doranner. Am däitschen Text steet „gemeinsam", am engleschen „shared". Mir hu keng séparé, mir hu keng résiduell national Kompetenzen, keng Reschtkompetenzen, mä eppes, wat zesumme soll ausgeübt ginn tëschent europäeschen Instanzen an nationalen Instanzen.

Den Europäesche Geriichtshaff - den Här Minister huet virdru gesot, datt mer nach en Uerteel am Dossier Singapur erwaarden -, deen huet traditionell integrationistesch geuerteelt, dat ass jo och an deem Sënn e bësse geschaaft ginn, och déi lescht Lissabon-Revisioun vun de Verträg huet den Europäesche Geriichtshaff an deem Sënn inspiréiert. Mir kënnen eis also virstellen, a wéi eng Richtung et geet.

Fir eis ass et awer wichteg, datt mer de Geescht vum Traité, esou wéi en ursprünglech geholl ginn ass, respektéieren an an näischt higinn an an der Ratifizéierungsprozedur vun engem internationalen Traité d'Kompetenze vun den Nationalstaten aschränken. Well dat ass net esou geduecht gewiescht!

Mir wëllen och keng ëmgedréite Souveränitéitsdoktrinn. D'Souveränitéit vun den Europäesch-Unioun-Organer, souwäit se existéiert als Deelsouveränitéit, kënnt vun de Memberstaten. An esou seet et och den Artikel 4 vum Traité vun der Europäescher Unioun, datt d'Kompetenze jo och nëmmen delegéiert sinn dohinner, datt alles, wat net explizitt un d'Europäesch Unioun gaangen ass, eng national Kompetenz ass. Also sinn och déi exklusiv Kompetenze vun der Unioun ëmmer nëmmen delegéiert Kompetenze vun den Nationalstaten. Och dat ass europäeschen Traité!

Den Artikel 25 vun der Wiener Vertragsrechtskonventioun muss dobäi matbeduecht ginn. Hei ass den Artikel 31 Alinea 2 rappeléiert ginn, an deem Sënn iwwert d'Rechtsverbindlechkeet vun interpretativen Deklaratiounen. Dat ass och zu Recht esou gemaach ginn. Mä den Artikel 25 muss och interpretéiert ginn. Dee schwätzt iwwert d'Konditioune vun der provisorescher Uwendung vun engem Vertrag an dat, wat et heescht, wann e Stat net wëllt gebonne sinn. An dann heescht dat d'Enn vum Vertrag.

Firwat soen ech dat hei? Ma well eis opgefall ass, datt bei der Application provisoire dat anscheinend an Europa net ëmmer de Fall ass, an datt deen Artikel 25 an de Geescht vun de Verträg vun den europäeschen Institutiounen net ëmmer respektéiert gëtt.

Kommt, mir kucken de Referendum vum 6. Abrëll dëst Joer an Holland: 61% vun de Leit hunn an enger Fro iwwert den Accord d'association tëschent der Europäescher Unioun an der Ukrain décidéiert, datt se Nee zum ganze Vertrag soen. Trotzdeem gëtt e weider provisoresch applizéiert! Elo kann ee soen: „Bon, d'hollännesch Regierung huet vläicht nach net all hir Konklusioune gezunn." Mä et ass awer e Lackmustest. Mir musse kucken: Wann dann elo e Stat wierklech Nee seet, och par voie référendaire, wéi dat an Holland de Fall ass, heescht dat da wierklech d'Enn?

Den Här Minister ass haut heihinnerkomm an en huet gesot: „Wann ee Stat, ee Parlament Nee seet, dann ass dat d'Enn." Mä mir hunn awer de Fall vum Associatiounsofkommes mat der Ukrain. An also stellt sech d'Fro vun der Glafwierdegkeet vun där Ausso.

Dann ass och gesot ginn: „Mir gi bei d'Europäescht Parlament." Ech mengen, den Här Angel hat et rappeléiert: Et ass demokratesch gewielt; dat ass wouer! Mä ech erënnere mech, den Här Minister ass komm an en huet sech gefreet - dat kann een deelen oder och net - iwwert den Ausgang vum Referendum an Ungarn - dat ass hir Saach, et ass net eis -, wou manner wéi d'Majoritéit sech un de Wahle bedeelegt, sech um Referendum bedeelegt hunn. Also wor en ongülteg. An Ungarn wor d'Wahlbedeelegung 44,08%. D'Wahlparticipatioun bei de Wahle vum leschten Europaparlament wor 42,61%. Iwwert déi Legitimitéit gëtt awer ni diskutéiert!

Mir wëllen als ADR hei e puer Prinzipie ganz kloer soen:

Éischtens, mir hätte gär, datt dee ganzen Traité dem Parlament virgeluecht gëtt! An do ënnerscheede mer eis schonn an engem sprangenden, essenzielle Punkt vun deem Text, dee véier Parteien eis hei virleeën.

Véier Parteien hunn haut eng Motioun heihinnergeluecht - an ech kommen nach drop -, wou se soen: „Mir wëllen, dat hei d'«partie mixte»..." - wéi si soen, et ass e falschen Ausdrock, et ass net d'„partie mixte", et wär héchstens d'„partie nationale" an där Logik, wéi dat dote geschriwwe ginn ass -, mä „...dat d'Partie mixte hei soll ënnerschriwwe ginn" - an der Logik also „partie nationale" -, wou mir soen: Neen! Well mir interpretéiere, mengen ech, richteg déi europäesch Rechtslag a mir wëllen dem Parlament net dat Recht huelen, iwwert dee ganzen Traité ofzestëmmen! Dat hu mer och ni hei anescht an der Chamber bis elo gesot! Ech kann Iech herno - dat maachen ech och - eng Motioun hei zitéieren, déi eppes aneres seet.

A mir wëllen och - an dat ass och an enger Motioun, Här President, déi ech Iech heimadder iwwerreechen -, datt mer nach an dëser Legislaturperiod, wa méiglech, am Fall vun engem Ofschloss da vun dësem Vertrag mat Kanada, wäerte kënnen driwwer ofstëmmen.

Motion 2

D'Chamber

- am Hibléck op déi konstitutionell a vertraaglech Rechter vun den nationale Parlamenter an hir politesch Wichtegkeet bei der Ratifizéierung vun engem internationalen Ofkommes, inklusiv vun engen Ofkommes, dat ënnert déi gemëschten Zoustännegkeet vun der EU an hire Memberstate fält;

- am Bewosstsinn vun der Bedeitung vun den transatlantesche Bezéiungen a besonnesch och vun de Relatioune mat Kanada;

- am Fall vum Ofschloss vum CETA-Accord tëschent der Europäescher Unioun an hire Memberstaten, engersäits, a Kanada, anerersäits,

fuerdert d'Regierung op,

- der Chamber dee ganze CETA-Vertrag mat Kanada virzeleeën, fir datt d'Chamber och kann iwwert dee ganze Vertrag am Hibléck op eng eventuell Ratifizéierung ofstëmmen;

- der Chamber de CETA-Vertrag esou séier wéi méiglech virzeleeën, fir datt nach an dëser Legislaturperiod kann iwwert dee Vertrag ofschléissend ofgestëmmt ginn.

(s.) Fernand Kartheiser.

Dann ass nach e ganz wichtege Punkt. Mir hunn hei, an dat kënnt jo och als Konklusioun aus deem, wat den Här Minister Asselborn gesot huet, e Prinzip gesot: datt mer u sech respektéieren, wann ee Parlament Nee seet, dann ass et eben de Schluss, wat fir Lëtzebuerg besonnesch wichteg ass. Wéi dacks wore mir dann als klengt Land isoléiert? A wéi dacks hu mir dann drop gehalen, datt déi Rechtsgrondlage respektéiert ginn an datt, wann een Nee seet, da muss et Nee sinn?

A wat maache mer elo an dëser Motioun, déi véier Parteien hei eis proposéieren, mat Wallounien? Mir soen an den europäesche Verträg selwer, Artikel 4(2), datt d'Unioun all demokratesch verfassungsméisseg Struktur muss respektéieren, och déi regional a lokal Selbstverwaltung, Artikel 4(2). An awer héiere mer aus der Belsch elo Wierder wéi „Ultimatum". An hei gi mer hin an dës Regierung, dës Regierungsparteie proposéieren eis eng Motioun, wou mer zwar feststellen, datt ee Parlament Nee seet, a wou mer awer wëllen higoen a ratifizéieren!

Mir widderspriechen eis jo! Mir widderspriechen eis. Mir soen engersäits - an et ass eng vertraaglech Obligatioun! -, datt all Parlament a senger konstitutioneller Roll soll respektéiert ginn. An hei fuerdere mer praktesch op, eis iwwer Wallounien ewechzesetzen an awer virunzemaachen an ze ënnerschreiwen.

Dat ass net eis Definitioun vu Respekt.

Mir hunn eis och gewonnert iwwert déi Haltung vun deenen eenzelne Parteien, wa mer déi Motioun kucken, déi hei presentéiert ginn ass. déi gréng, hei eng fantastesch Leeschtung! Här Adam, Dir hutt mech beandrockt, wéi Der mech dacks beandrockt. Haut hutt Der mech beandrockt duerch déi Eleganz vun enger 180-Grad-Kéier, déi Der hei gemaach hutt am Numm vun Ärer Partei.

Mä Dir hutt net nëmmen hei eng 180-Grad-Kéier gemaach! Ech froe mech, wat d'Basis bei deene Gréngen hält vun Äre Positiounen. Mir hunn dach hei déi Texter, déi virleien, wéi déi gréng selwer gesot hunn, Dir hutt hei gesot zweemol an Ärer Ried: „Mir hunn nach net déi definitiv Texter. Mir hu virleefeg Texter." An deene grénge Gremien, do gouf awer eppes ganz aneres gesot. Do heescht et: „Wa mer déi endgülteg Texter hunn, dann huelen déi gréng hir Positioun." „Erst wenn das Ergebnis der Nachverhandlungen bekannt ist und uns das endgültige Zusatzprotokoll vorliegt,...". Dat ass nach net do! An awer gitt Der eis haut schonn Ären Accord! Net eise Problem, mä Dir erkläert dat an Ärer Partei!

Genausou wéi Der hei sot, majo, da misst de Vorsorgeprinzip, Artikel 191, betount ginn an dat misst rechtsverbindlech sinn. Jo, dat steet an enger Erklärung vun der Europäescher Kommissioun, vun där mer awer nach net wëssen, wat deen endgültege Rechtsstatus vun där Erklärung do ass. Mir hunn also hei eng Partei, déi eigentlech déi Décisiounen, déi an hirer eegener Partei geholl gi sinn, an enger 180-Grad-Kéier haut negéiert.

Dann, de Respekt vun de Parlamenter, ech hat dat scho gesot, wou mer hei feststellen, datt mir ëmmer erëm gesot hunn, datt mer mussen déi demokratesch Prozedure respektéieren. Mir haten hei gesot an eiser Motioun an der Chamber, datt mer mussen d'Ratifikatioun «conformément aux procédures légales de ces États» maachen. Dat war de 7. Juli 2015. Et ass jo dat, wat an der Belsch geschitt! Déi respektéieren hir Verfassung. An awer wëlle mir higoen a soen: „Bon, ob d'Belsch elo d'accord sinn oder net, mir gi weider a mir ratifizéieren."

Et sinn also hei eng ganz Rei Problemer an deem Text, deen eis virgeluecht gëtt. Mir hunn nach net déi definitiv Texter, wéi ech gesot hunn. Duerfir wëll ech d'ADR haut nach net festleeën, obscho mer et kéinten. Ech maachen et net, aus Respekt virun de Membere vun eise Parteigremien.

Dat Zweet ass, mir hunn hei en Text, deen net de Geescht respektéiert vum Respekt virun de konstitutionelle Regele vun engem Nopeschland an dem Respekt virun den demokratesche Prozeduren an der Belsch. Mir hunn en Text, dee seet: „Mir kënnen hei als Lëtzebuerger Parlament nëmmen en Deel ratifizéieren." An et steet an Ärem Tiret: «...le pouvoir de décision en ce qui concerne la ratification de la partie mixte de l'accord» soll d'Chamber kënnen agéieren. Mir soen als ADR do kloer Neen. Mir hätte gär, datt dëst Parlament an der Ausübung vu senge souveräne Rechter iwwert dee ganze Vertragstext vum CETA kann a muss ofstëmmen, fir sech eng Meenung iwwert d'Ratifikatioun kënnen ze maachen.

A schlussendlech ass et jo och nach esou, datt den Artikel 218(5), deen hei invoquéiert gëtt an Ärer Motioun, iwwert d'Ratifikatiounsprozeduren an d'Application provisoire, näischt seet zu deenen Dispositiounen, déi awer hei an der Partie décisionnelle invoquéiert ginn.

Déi Motioun ass also fir eis net akzeptabel. A mir wäerte bei eiser Linn bleiwen: volle Respekt virun der Souveränitéit vun dësem Parlament an där vun deenen anere Parlamenter. A mir wonneren eis iwwert d'Positioun vun de Gréngen an dëser Fro.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci gesot. A leschte Riedner ass de Marc Baum fir déi Lénk.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Här President, ech hunn d'Diskussioun suivéiert, opmierksam suivéiert. An ech muss Iech soen, datt ech awer iwwerrascht sinn. Datt liberal oder konservativ Parteien d'Hohelied vum Fräihandel, vum liberale Fräihandel sangen, ass konsequent a kohärent. Datt awer Organisatiounen, Parteien, déi historesch zur Gauche gehéieren, dat op déi onkritesch Aart a Weis maachen, huet mech awer iwwerrascht.

Ech mengen näämlech, datt déi Geschicht vum liberale Fräihandel net eréischt mat TTIP a CETA ugefaangen huet. Si huet scho méi laang ugefaangen. Mëtt de 90er Joren hate mer en Accord, deen AMI geheescht huet, wou Verhandlungsdokumenter, äänlech wéi elo bei TTIP a bei CETA, geleaked goufen, un d'Effentlechkeet koumen a wou en Opschräi war vun der Zivillgesellschaft, äänlech wéi dat hei haut de Fall war bei TTIP a bei CETA.

An no enger kuerzer an hefteger Diskussioun vu Kritik vu Gewerkschaften an Emweltverbänn war et de franséische sozialistesche Premierminister Lionel Jospin, deen deen Accord AMI fir dout erkläert huet. En huet ausdrécklech gesot: „Et ass en Accord, deen net reformabel ass, net amendabel ass, mä deen esou an deene Grondzich, wéi en elo virläit, muss refuséiert ginn." Dat war um Niveau vun der OECD, wou dee sollt a Kraaft trieden, deen Accord.

Duerno ass probéiert ginn, en Accord ze fannen um Niveau vun der OMC. Mir kennen déi globaliséierungskritesch Bewegung, '99, Seattle, an och dat ass 2003 definitiv gescheitert zu Cancún.

Zënterdeem probéiert d'Europäesch Kommissioun elo, bilateral Handelsaccorden ze maachen, mat awer nach ëmmer méi oder manner deemselwechten Inhalt. Dat heescht: Déi Kritik, déi an den 90er Jore scho berechtegt war, ass elo nach ëmmer do. An et kann een de Wording kucke vun eenzelne Passagen, deen identesch ass mat deem vun deenen Accorden, mat deene mer et hei ze dinn hunn.

Ech wëll awer ufänke mat der Zousazdeklaratioun, déi an de leschte Woche jo ganz vill diskutéiert ginn ass. Eis fält op, datt zimlech all Avis juridique, deen op deenen zwou Säite vum Atlantik verfaasst gouf, seet, datt dee juristesche Wäert vun där Deklaratioun quasi null ass. Ech ernimmen hei just den Avis vun der Salariatskummer, deen am Résumé festhält, datt verschidden, an nëmme verschidde Passagen, ënner ganz besonneschen Emstänn kéinten - eventuell - vun engem Riichter - wann en da Loscht huet - als Interpretatiounshëllef genotzt ginn. Awer nëmmen, wann e mat allen anere méiglechen Interpretatiounsmëttelen net méi weiderkënnt, also am Zweifelsfall. Dat heescht, et concédéiert een: Ma Zweifelsfäll si méiglech.

Donieft ass awer den Inhalt vun där Deklaratioun, an eisen Aen, deelweis lächerlech. Ee Beispill: An der Deklaratioun gëtt gesot, mat CETA géifen d'Staten d'Recht behalen ze reguléieren, dee berüümten „right to regulate", dee jo och vum Ausseminister esou oft an esou gären zitéiert gëtt.

Mä, Här President, wann an engem Vertrag muss festgehale ginn an erkläert ginn, datt de Stat weider d'Recht behält, ze reguléiere respektiv Gesetzer ze erloossen, da seet dat scho ganz vill iwwert den Inhalt vun deem Text aus! An dat ass dann eigentlech schonn de Skandal.

Wat awer net drasteet an der Deklaratioun, dat ass, datt d'Staten zwar d'Recht hunn ze reguléieren, mä datt d'Multinationalle gradesou d'Recht hunn, fir dergéint ze kloen, fir Schuedenersaz a Milliounenhéicht kënnen ze fuerderen.

Firwat steet dat net klipp a kloer an där Deklaratioun, datt d'Multinationallen net kënne géint eng souverän Décisioun vun engem demokratesche Parlament virgoen?

Une voix.- Dat steet dach dran!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Neen, dat steet net dran! D'Kapitel 8 vun der Deklaratioun...

Ech kommen nach drop zréck, Här Asselborn. Ech hunn Iech och Äre Räsonnement duerchféiere gelooss.

Et steet net klipp a kloer dran, well den eigentlechen Text vu CETA näämlech genau dat virgesäit, datt d'Multinationalle géint d'Décisioune vu Parlamenter kloe kënnen, well et sech bei dëser Deklaratioun also eigentlech just ëm e PR-Exercice handelt, deen de Leit an eisen Aen soll Sand an d'Ae streeën.

D'Madamm Malmström huet et selwer genannt, déi Deklaratioun, dat wier esou eng Zort „Best-of" vun deem, wat am CETA géif drastoen.

An da sti jo och nach Saachen dran, an dëser Deklaratioun, déi objektiv falsch sinn, wéi zum Beispill déi Geschicht, datt lokal Investisseuren déi gläich Rechter hu wéi kanadesch Investisseuren. Dat ass falsch! Wann de Cactus hei zu Lëtzebuerg investéiert, kann hien net de Stat virun engem Schiidsgeriicht verkloen, wann em eppes net passt. De Walmart-Konzern kann dat mat senge Sucursallen a Kanada awer maachen, wann de CETA bis a Kraaft ass. D'Cactus-Grupp huet net dat Recht, virun e Schiidsgeriicht ze goen.

Datt hei verschidde Parteien hir Zoustëmmung zu CETA mat dëser Deklaratioun verbannen, déi an eisen Aen onverbindlech ass, ass onverständlech, well et ass net déi Deklaratioun, déi zielt, mä den eigentlechen Text vum CETA. An duerfir bleiwen och all déi Kriticken, déi an deene vergaangen zwee Joer aus der Zivillgesellschaft komm sinn, weider bestoen.

Här President, eng Bomm entschäerft een net doduerjer, datt een e Smiley dropmoolt!

(Interruption)

CETA ass, genausou wéi TTIP, TiSA an déi aner Handelsverträg vun där sougenannter neier Generatioun vun der EU-Kommissioun, en zudéifst neoliberale Projet. Wann den Ausseminister seet, et géif dobäi drëms goen, fir der Globaliséierung Regelen ze ginn, dann ass dat am beschte Fall Wonschdenken!

Et geet hei net ëm Soziales oder Ëmwelt. Dat ass reng Dekoratioun. An deene Beräicher enthält CETA näischt, awer och guer näischt, wat een och nëmmen iergendwéi kéint als Fortschrëtt bezeechnen. An d'Tatsaach, datt Kanada elo ILO-Konventiounen ënnerschreift, dat ass net duerch CETA de Fall. Well, wat soll dann am Ëmweltberäich weider kommen? Wat bréngt CETA fir de Klimawandel? Oder mengt Der, wann nach méi Wueren onnéidegerweis vun där enger Säit vum Pull op déi aner Säit vum Pull transportéiert ginn, kéinte mer d'COP21-Ufuerderunge besser erfëllen?

Dir sot eigentlech just, et wier manner schlëmm, wat am CETA-Accord drasteet, wéi erzielt géif ginn. An Dir hutt awer een Argument, wat derfirschwätzt, an dat ass e liberaalt Argument. Dir sot: „Wa mer Regelen a Restriktiounen ofbauen, da schafe mer Wuesstum." Dat seet och d'EU-Kommissioun. A si huet och virgerechent, datt deen Accord géif e Wirtschaftswuesstum bréngen. Aner Etüde beweisen oder probéieren, de Géigendeel ze beweisen, soen och, et kéim zu Aarbechtsplazofbau. Mä souguer d'Kommissioun seet, datt et verschidde Beräicher vun der Ekonomie gëtt, déi dovunner profitéieren, an anerer, déi net dovunner profitéieren a souguer drënner leiden.

Här President, ech hunn den Aussenhandelsminister viru véier Méint an der Chamberskommissioun gefrot, ob d'Regierung déi Berechnungen op eist Land ugewannt hätt, ob se eng Etüd an Optrag ginn hätt, wat dat fir eis Ekonomie bedeit, wéi eng Secteuren dann dovunner profitéieren a wéi eng Secteuren dann eventuell drënner leiden. An d'Äntwert war: „Neen, d'Regierung huet dat net gemaach." Siwe Joer Verhandlungen, gëtt ëmmer gesot, a keng Impaktanalys vu CETA op eist Land!

Bei CETA geet et ëm Liberaliséierung an Dereguléierung. Et geet drëms, datt d'State politesche Spillraum ofginn. Et geet ëm den Ofbau vu Restriktioune fir Multinationallen a fir d'Kapital, a schlussendlech ëm eng weider Konzentréierung vun der ekonomescher Muecht.

Mir kënnen net akzeptéieren, wann d'Kritiker, wéi dat virdrun e bëssen ugeklongen ass och vum Här Graas, wann d'Kritiker vu CETA an TTIP konsequent als Isolationisten ofgestempelt ginn. Et ass net, well ee géint dës ultraliberal Handelsaccorden ass, datt ee wëllt d'Grenzen zoumaachen!

Jo, de Räichtum vum Land Lëtzebuerg kënnt zu engem Deel aus senger Oppenheet. Mä et däerf een awer och net vergiessen, datt de Wuelstand vun de Leit vun de Gewerkschaften an d'Liewensqualitéit vum Konsumenteschutz a vun Ëmweltbewegungen erkämpft gi sinn, also genau deenen, déi elo géint dës Accorde mobiliséieren a virun dësen Accorde warnen.

Ech wëll dann och nach op en anert Argument vum Här Asselborn hei agoen, näämlech, datt Europa d'Standarden an der Handelspolitik misst festleeën, well soss anerer dat géife maachen.

Éischtens emol: Wie sinn dann déi aner, déi déi Standarde géifen an der Welt duerchsetzen? Kenia? Mosambik? Bangladesch? Souguer China huet net d'Capacitéit, fir alleng der Welt seng Regelen opzedrängen.

An zweetens: Wouhier hëlt sech d'EU-Kommissioun eigentlech d'Recht eraus, fir dem Rescht vun der Welt hir Regele wëllen opzedrécken? Soll dann um europäesche Wiesen d'Welt geniesen? Ei ei ei, dat wëlle mer net! Net an enger neoliberaler Europäescher Uniouun, an där all véierte Bierger vum Aarmutsrisiko bedrot ass!

Den Här Minister ass och an de leschten Deeg net midd ginn ze soen, Europa géif eng schlecht Figur maachen, dat am Kontext vun dem Refus vun der Wallonie. Mä et freet ee sech awer och: Keng gutt Figur fir wien? Well fir Millioune vun europäesche Bierger, fir Millioune vun Europäer an awer och fir Millioune Leit ausserhalb vun Europa ass dat, wat an der Wallonie geschitt, en Hoffnungsschimmer. Et ass d'Hoffnung, datt an déi neoliberal Maschinerie, déi wéi e Bulldozer wärend Jorzéngten iwwer alles gefuer ass, wat net bei dräi op de Beem war, d'Hoffnung, datt an déi Maschinerie endlech Sand gestreet gëtt!

(Interruption)

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- D'Sozialisten, d'Chrëschtdemokraten, déi gréng an déi Lénk an der Wallonie hunn hir Responsabilitéite geholl a si vertrieden och hir Bierger. Ech géif mer wënschen, datt och hei zu Lëtzebuerg d'Deputéiert de Courage hätten, sech op d'Säit vun de Gewerkschaften, den Ëmweltverbänn an der Zivillgesellschaft ze stellen, op d'Säit vun deene 4.000 Leit, déi virun zéng Deeg hei manifestéiert hunn.

Den Dënschdeg um Conseil, op der Pressekonferenz, déi d'Madamm Malmström herno ginn huet, ass och vill diskutéiert ginn, wéi een esou Situatiounen, déi mer am Moment hunn, an Zukunft eventuell vermeide kéint.

Ween elo awer mengt, d'Kommissioun wéilt d'Prozedure méi demokratesch an transparent maachen, huet sech, der Madamm Malmström hiren Aussoen no, awer geschnidden, well gemengt ass, wéi een de Ratifikatiounsprozess vu Fräihandelsaccorde kann ofkierzen!

Mä dat ka jo just eppes heeschen: Et gëtt also elo schonn driwwer diskutéiert, de Stellewäert vun den nationale Parlamenter an der Handelspolitik nach weider ofzebauen. Reagéiert d'EU op d'Fräihandelskritik mat engem weideren Ofbau vun Demokratie? Dat kann een zumindest den Aussoe vun der Madamm Malmström no fäerten.

(Interruption)

Här President, wat mer ni haten a wat mer onbedéngt brauchen, ass eng Diskussioun mat de Bierger iwwer all Deelberäicher vun der EU-Handelspolitik. Wëlle mer Multilateralismus oder bilateral Verträg? Wëlle mer kleng lokal, regional Entreprisë privilegéieren oder multinational Konzerner? Wéi kann d'Handelspolitik Sozialdumping verhënneren an héichwäerteg Aarbechtsplaze schafen? Wéi eng Handelspolitik kann zum Ofbau vun den Inégalitéite bäidroen? A wéi kann een Handel mat Ëmwelt- a Klimaschutz an Aklang bréngen? Wéi kann d'Verhandlung an d'Ëmsetzung vun der Handelspolitik demokratesch legitiméiert a kontrolléiert ginn? Alles dat si Froen, déi mer missten diskutéieren an déi haut net diskutéiert kënne ginn.

Här President, bei deem, wat mer mat CETA um Dësch hunn, ass eis Haltung kloer. Si war et och vun Ufank un. Bei enger ganzer Rëtsch vun anere politesche Parteien, notamment bei deene Gréngen an Däitschland, war dat och esou.

Dësen Accord féiert eis an eng Richtung, déi mir op kee Fall kënne veräntwerten. De Vott fir oder géint dës Zort vu Fräihandelsaccorden ass schlussendlech och eng Entscheedung doriwwer, a wéi enger Gesellschaft ee liewe wëllt. Entweder et steet een op der Säit vun de Multinationallen an dem Grousskapital oder et steet een op der Säit vun de Bierger, de Gewerkschaften, den Ëmweltverbänn, dem Konsumenteschutz an den Entwécklungsorganisatiounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn eis Säit gewielt.

Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

(Interruption et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun an den Här Ausseminister huet nach eng Kéier d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Här President, ech wollt fir d'Éischt nach eppes maachen, fir Kloerheet ze schafen, well an der Motioun ugeschnidden ass, wat ech gesot hat um Kierchbierg den Dënschdeg. An ech géif der Chamber dee kompletten Text gi vu menger Ausso de leschten Dënschdeg am Conseil „Commerce".

(M. Jean Asselborn dépose une documentation.)

Dat Zweet, wat ech wollt soen - ech hoffen, dass ech nach e wéineg ka liesen -, dem Här Kartheiser wollt soen,... Awer virdru wëll ech alleguerten deenen anere Leit, déi hei geschwat hunn, e grousse Merci soe fir hiert Engagement a fir hir Wierder, déi och, wat meng Persoun ugeet, mer guttgedoen hunn. Mä ech mengen, mir sinn an engem demokrateschen Débat a mir mussen eis och natierlech kënne mat deenen ausenanersetzen, déi e wéineg eng aner Meenung hu wéi hei déi grouss Majoritéit.

Une voix.- Très bien!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Wat ech net verstinn, dat ass: Wou soll hei an där Motioun drastoen, dass mir d'Wallonie géifen drängen? Also, wann een dat mer hei kéint explizéieren, da sinn ech gäre bereet, nach fënnef Minutten no der Sitzung heizebleiwen, well dat steet net dran!

Ech géif och mengen, dass ech eng Äntwert parat hätt op déi Fro, déi gestallt ginn ass iwwert déi Problemer, déi d'Hollänner eventuell kéinten hu mat der Ukrain. Dir wësst, do war e Referendum. An do ass vun den hollänneschen Autoritéiten um leschte Conseil ganz kloer gesot ginn, dass déi Konditioun, déi hei drasteet, sech just géif op CETA bezéien an net op iergendeen aneren Traité.

Mir wëssen, dass d'hollännesch Regierung a ganz schlechten Dicher ass no deem Referendum, wou awer d'Initiateure vun deem Referendum gesot hunn, et géif hinnen net ëm d'Ukrain goen, mä ëm vill aner Saachen. Haut um Conseil européen gëtt doriwwer geschwat. An et ass ze hoffen, dass d'hollännesch Regierung e Wee erausfënnt aus där Situatioun, an där se dran ass. Well et wier schued, wierklech schued, wann Europa net kéint dee Schratt maachen an deen Accord mat der Ukrain guttheeschen!

Dann, wat de leschte Riedner, den Här Baum, gesot huet: Also, ech fannen, och an där Chamber hei an och an deene leschten Deeg, wat mech e wéineg gewonnert huet, dat ass déi wierklech heiansdo dogmatesch Approche, fir einfach d'Räsonnementer esou ze dréien, wéi se engem passen.

An ech hunn hei zwee, dräi Beispiller: Firwat gëtt vum „right to regulate" geschwat? Firwat gëtt geschwat vum Recht, dass d'Parlamenter, d'Regierunge weiderhi regéiere kënnen a légiféréiere kënnen? Ma well dat Ängschte sinn, déi vun der Société civile opgeworf gi sinn! An dat sinn Äntwerte vun eben deene Leit, déi CETA ze verteidegen hunn oder wëlle verteidegen, dass do kloer an déi Deklaratioun drastoe kënnt, dass den „right to regulate" net kann touchéiert ginn am CETA-Accord.

Dat Zweet, dat ass, Dir behaapt hei einfach, dass Sociétéiten, Multie kënne géint Parlamenter kloen. Mä am...

Une voix.- Géint Staten!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- ...géint State kloen. Mä liest eng Kéier den Artikel 8.9! Ech hunn et elo scho sechsmol gesot! Do steet et genee dran: Wat maachen d'Parlamenter? D'Parlamenter stëmme Gesetzer. An et steet dran op siwe Plazen, och am Préambule, dass net ka geklot gi vu Firme géint Gesetzer, déi gestëmmt gi sinn an engem Parlament a wou duerch déi Gesetzer dann hir Gewënner reduzéiert ginn. Dat steet dran! Duerfir musst Der dat unhuelen oder net. Ech kann et nëmmen nach eng Kéier hei explizéieren.

Dat Drëtt, dat ass - a wann dat kee Fortschrëtt ass: Et ass déi éischte Kéier an engem Handelsofkommes vun der Europäescher Unioun mat engem Drëttstat, dass d'Europäesch Unioun drop gehalen huet, dass déi aacht ILO-Konventioune musse ratifizéiert sinn! Elo kënnt Der soen: „Dat ass guer näischt." Mä dat hu mer a kengem anere Vertrag!

A wann Der da sot, Europa hätt d'Arroganz, fir anere Leit virzeschreiwen op der Welt, wéi se solle liewen, da wëll ech Iech just soen: Huelt Iech eng Kéier den Accord tëschent Asien an Amerika an da kuckt Der emol do erauszefannen, wéi et do mat den Aarbechtsrechter steet, wéi et do steet mat den Ëmweltstandarden, wéi et do steet mat de private Schiidsgeriichter! Do ass absolutt näischt dru geännert. An d'Amerikaner hunn eis ëmmer gesot: „Mir kënnen nëmme just eenegermoossen un Iech erukommen, wa mer och deen TPP mat Asien eng Kéier ënnerdaach hunn, fir kënnen an den Endgame (veuillez lire: an den Endgame vun de Verhandlungen zum TTIP) ze goen.

Ech hunn net hei iwwer TTIP geschwat, absolutt net. Mä ech fannen awer, dass een awer muss d'Éierlechkeet hunn, Här Baum, dass wierklech déi Progrèsen, déi gemaach gi sinn, wou ee versicht huet, och am Aarbechtsrecht, och op anere Punkten, wat d'Ëmweltrecht, wat den Développement durable ugeet... Et ass déi éischte Kéier, dass an engem internationalen Handelsaccord iwwert den Développement durable geschwat gëtt! An dat sinn awer Progrèsen effektiv, déi een net einfach ka mat där leschter... Wéi soll ech soen? Jo, et ass praktesch eng dogmatesch Approche, déi do besteet, fir dat einfach net zur Kenntnis ze huelen!

Ech wier also wierklech frou - ech war dacks bei Iech an der Kommissioun -, dass mer eis an der Kommissioun eng Kéier kéinte véier Stonnen aspären an da kucken, Punkt fir Punkt, wou effektiv an deem CETA-Vertrag... Och d'Deklaratioun, wëscht dat net einfach esou ewech, wat d'Convention de Vienne vun 1969 ugeet! Dat ass net esou, wéi Dir dat sot. Bestëmmt net! Ech si keen héichqualifizéierte Jurist, mä schwätzt mat Leit, déi eppes vun Traitéë kennen, déi soen Iech do de Contraire derzou.

Duerfir, loosst mer vläicht ophalen och! Mä mir maachen do Angscht dem Vollek dobaussen, mir maachen Angscht de Leit mat eppes, wat iwwerhaapt net ass!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Ausseminister. Ech hunn eng Wuertmeldung vum Här Kartheiser zu den Aussoe vum Här Minister.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, Merci, Här President. Den Här Minister Asselborn hat jo Stellung geholl. An ech soen him Merci fir seng Erklärung. En huet eng Fro gestallt an deem Sënn, datt een him soll erklären, awéiwäit déi Ausféierungen, déi ech gemaach hunn iwwer Wallounien, géifen zoutreffen, fir him dat ze erklären. Dat maachen ech ganz gär.

De 7. Juni 2016 huet dëst Parlament eng Motioun geholl, an där zweemol sech op den Débat démocratique an de Rôle vun de Parlamenter bezu ginn ass, eng Kéier am Artikel 12, wou gesot ginn ass, den Assentiment vun de Parlements nationaux wär néideg, an eng Kéier am drëtten Tiret bei den Invitten, wou och erëm eng Kéier gesot gëtt, et misst garantéiert ginn, datt déi national Parlamenter hiren „mot à dire" hunn, also hiert Matsproocherecht.

De 8. Juli 2015 huet dëst Parlament eng Motioun ugeholl, wou nach eng Kéier kloer gesot ginn ass, «à veiller au sein du Conseil» an esou weider, datt d'États membres de l'Union européenne missten do implizéiert ginn, «conformément aux procédures légales de ces États.» Dat ass jo am Ableck an der Belsch de Fall, vu datt Wallounien muss kënnen der federaler Regierung d'Autorisatioun ginn, fir den Accord ze ginn. Et ass also alles korrekt an a Conformitéit.

Elo constatéiert awer déi Motioun, déi mer haut proposéiert kréie vu véier Parteien, an hirem Considérant 11: «que le Gouvernement fédéral de la Belgique n'était pas en mesure de donner son accord, puisque le Gouvernement et le Parlement de la Région Wallonne n'ont pas octroyé les pleins pouvoirs;». Dat ass e Fait. An dann, am leschten Invite, dee leschten Tiret seet do: «compte tenu de ce qui précède», an dat ass fir mech dann natierlech y inclus déi Situatioun an der Belsch, well déi steet jo hei uewendriwwer am Punkt 11, «compte tenu de ce qui précède» soll dann d'Regierung invitéiert ginn, den Accord am Conseil vun der UE ze ginn an «à lancer le processus démocratique de ratification.»

An do soen ech: Do kann een awer eng Kontradiktioun dra liesen, well et ass näischt, wat an der Belsch geschitt wär, wat net demokratesch wär, wat net konform zu de Prozeduren an der Belsch wär.

An ech soen nach eng Kéier: Et ass wichteg, datt mir als klengt Land och dorobber Rücksicht huelen, well et ass an den Accorde vun der Europäescher Unioun, Artikel 4.2. vum Traité vun der Europäescher Unioun. An esou, wéi et hei formuléiert ass, muss een den Androck kréien, datt, egal wat an der Belsch ge-

schitt, mir d'Regierung sollen invitéieren, elo den Accord ze ginn a mat engem demokratesche Prozess unzefänken, deen awer an der Belsch amgaangen ass ze fonctionnéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Ausseminister huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Här President, et ass just de Contraire. Wann Der kuckt, wat am «invite le Gouvernement» steet, an deem éischten Tiret, do steet dran - dat Éischt, dat ass e Fait, dass effektiv d'Wallonie keng pleins Pouvoirs ginn huet -, do steet dran, dass mer bereet sinn, als Lëtzebuerger Regierung matzehëllefen, wa weider Klarifikatiounen néideg si fir d'Wallonie, wa weider Améliorationen néideg sinn, dass Lëtzebuerg do mathëlleft. C'est tout!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm.

Motions

Mir si saiséiert mat zwou Motiounen. Ech ginn dovun aus, dass d'Motiounen allen zwou largement motivéiert waren, an ech hunn deem och bei der Riedezäit Rechnung gedroen, soudass mer zu der Ofstëmmung vun de Motioune kënnen iwwergoen.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Da géif ech d'Ofstëmmung zu där éischter Motioun, déi vum Här Angel abruecht ginn ass, lancéieren.

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

55 Deputéiert hu sech fir d'Motioun ausgeschwat. 5 hu mat Nee gestëmmt. Domat ass d'Motioun vum Här Angel, déi ënnerstëtzt gouf vun deenen anere Fraktiounen, ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Vote sur la motion 2

Da géif ech zu der Ofstëmmung iwwert déi zweet Motioun iwwergoen, déi vum Här Kartheiser abruecht ginn ass.

Ech lancéieren d'Ofstëmmung. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

3 Jo-Stëmme kommen op dës Motioun, 55 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen. Domat ass dës Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, der Interpellatioun vum Här Gusty Graas iwwert d'Gestioun vum Waasser. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ech géif proposéieren - no 30 Sekonnen, wann d'Onrou sech am Sall e bësse geluecht huet -, dass dann elo den Interpellant, den Här Gusty Graas, d'Wuert huet.

7. Interpellation de M. Gusty Graas au sujet de la gestion de l'eau

Exposé

M. Gusty Graas *(DP), interpellateur.*- Merci, Här President. „Es ist wohl ausgemacht, dass nächst dem Wasser das Leben das Beste ist, was der Mensch hat." Dat ass en Zitat vum Georg Christoph Lichtenberg. An ech mengen, dat seet alles iwwert de Stellewäert vum Waasser aus.

D'Fro ass: Si mir eis deem Wäert ëmmer bewosst? Ech mengen, leider muss een dës Fro zu engem gudden Deel mat Nee beäntwerten, besonnesch an deene Regiounen, an dozou zielen ech mat Sécherheet emol an éischter Linn eis Regioun, wou d'Waasser oft eppes Selbstverständleches ass. Am Contraire zu villen anere Plazen op der Welt, wou et e Mangel u Waasser gëtt a wou virun allem awer och net auszeschléissen ass, datt souguer an nächster Zäit militäresch Konflikter ausbrieche wäerten, well net genuch Drénkwaasser do ass.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

D'Problemer vum Waasser insgesamt kann een e bëssen an der Billersprooch illustréiere wéi Ebbe und Flut: Geschitt en Accident, an där hate mer leider déi lescht Wochen a Méint genuch, ech erënneren un den Accident op der Atert, bedéngt duerch e Problem bei der Goodyear, ech erënneren un d'Shell, an et kéint een dat nach esou hei weiderféieren, dann natierlech ass eng Flut vu Reaktiounen. Ass et roueg un der Waasserfront, dann ass Ebbe, dann héiere mer relativ wéineg vun där Problematik.

Hu mer dann hei zu Lëtzebuerg Problemer mat der Qualitéit vun eise Gewässer? Leider muss een och déi Fro mat engem gewëssene Jo beäntwerten, och wann, wéi gesot - ech mengen, et muss een ëmmer realistesch sinn, objektiv bleiwen -, am Verglach zu villen anere Plazen op der Welt dat natierlech staark ze relativéieren ass. Trotz der EU-Wasserrahmenrichtlinie 2000/60/EG - an déi wäert eis an deem Débat hei nach méi wéi eng Kéier beschäftegen -, déi den 22. Dezember 2000 a Kraaft getrueden ass an déi bei eis duerch d'Gesetz vum 19. Dezember 2008 ëmgesat gouf, huet sech d'Situatioun net wesentlech geännert.

Et gëtt jo ëmmer ganz vill op Europa geschloen, kann ee soen. Hei huet dann Europa op eng Manéier am positive Sënn zréck op eis geschloen, andeems datt et eis ënner Contraintë gesat huet. An ech sinn och iwwerzeegt, wa mer net déi EU-Wasserrahmenrichtlinie hätten, wär d'Situatioun nach vläicht manner gutt.

Da muss een och drop hiweisen, datt Lëtzebuerg jo veruerteelt gouf. Zanter dem 28. November 2013 hu mer missen eng forfaitaire Sanktioun vun 2,2 Millioune bezuelen an eng deeglech Astreinte vun 2.800 Euro.

Duerfir ass dës Interpellatioun, fir emol erëm eng Kéier op d'Wichtegkeet vun enger effikasser Gewässerschutzpolitik hinzeweisen.

Ech wëll awer direkt hei ënnersträichen, datt et net d'Zil vun esou enger Interventioun ass, fir mam béise Fanger op deen een oder deen anere ze weisen. Ech mengen, wann een éierlech ass, da musse mer dee béise Fanger op eis alleguerten halen, well mir hunn alleguerten dozou bäigedroen, datt d'Situatioun net esou ass, wéi mer eis dat virstellen oder wéi se och vläicht misst sinn.

Dës Interpellatioun baséiert sech virun allem op fënnef Haaptpunkten: éischtens, d'Qualitéit vun de Gewässer; zweetens, den Zoustand vun de Kläranlagen; drëttens, d'Renaturéierung vun de Baachen a Flëss; véiertens, d'Drénkwaasser. A fënneftens wollt ech awer och nach op den zweete Gestiounsplang fir déi hydrografesch Distrikter vum Rhäin a vun der Meuse agoen.

Et sinn d'Zuelen, déi beweisen et - et sinn net ech, deen dat behaapt, ech sinn duerfir net Spezialist, ech beruffe mech hei op Aussoen, déi awer vu Spezialiste gemaach gi sinn -, an zwar hu mer keen Iwwerflächegewässer, wat de Prädikat „ganz gudden ekologeschen Zoustand" verdéngt. 23% weisen eng onbefriddegend Qualitéit op an 8% carrément eng schlecht. A wann ee reng de cheemeschen Zoustand vun eise Gewässer kuckt, dann ass kee Gewässer derbäi, wat u sech d'Attribut „zefriddestellend" oder „gutt" ka kréien.

Och aus hydromorphologescher Siicht hu mer ganz grouss Problemer an ech wäert och dorobber nach zréckkommen. An och déi Donnéeë vum zweete Bewirtschaftungsplang, wéi gesot, ënnersträichen esou Aussoe ganz kloer a ganz däitlech.

An da gëtt et ee wichtegen, och e verlässleche Bioindikator, dat ass de Fëschbestand. Wa mer eis Baachen a Flëss analyséieren, da musse mer feststellen, datt d'Aartenzesummesetzung, ech géif scho bal soen „dramatesch" an deene leschte Joren zréckgaangen ass. A wann net géif regelméisseg e Besatz an enger Rei vu Gewässer gemaach ginn, da wär jiddefalls d'Zuel vun de Fësch nach vill méi kleng.

Laut der EU-Waasserramerichtlinn, wéi gesot, hätte mir bis d'Joer 2015 eis Gewässer an e gudden Zoustand brénge missen. Och als Netspezialist weess een, datt mer deen Objektiv mat Sécherheet net erreecht hunn. Bis 2021 misste mer dat Zil erreechen. Mir kënnen dann nach eng Kéier verlängere bis 2027, an da misst normalerweis Schluss si laut dem Artikel 4 vun der Ramerichtlinn.

Et mussen also nach weider grouss Ustrengunge gemaach ginn. Woubäi een awer och do objektiverweis muss ënnersträichen: Et ass elo net, datt an deene leschte Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg net investéiert gi wär. Dach, et ass vill investéiert ginn. Mä et ass net genuch investéiert ginn!

Ee vun den Haaptproblemer vun eise Gewässer ass ouni Zweifel d'Eutrophéierung. An do kann een als bescht Beispill, well et eben och elo rezent ass, den 380 ha grousse Stauséi vun Esch-Sauer ufëieren, dee souguer de Moment nach ënner enger staarker Algeproduktioun leit. Déi huet sech, wéi gesot, bis haut net opgeléist. Et ass keen neie Phenomeen. Et ass also net, datt een dëst Joer fir d'Éischt dovu geschwat huet. Et huet ee scho viru Jorzéngten, kann ee scho bal soen, dovunner geschwat.

Dann ass d'Fro erlaabt: Ass et net lamentabel, datt mer dee Problem bis haut nach ëmmer net an de Grëff kritt hunn? Well d'Ursaache si jo bekannt: ongekläerten Ofwässer, intensiv Landwirtschaft. Obwuel ech och wëll direkt hei ënnersträichen: Et ass mat Sécherheet net richteg, d'Landwirtschaft ëmmer eleng hei un de Pranger ze stellen, woubäi ee se natierlech net kann aus der Flicht entloossen, dat ass ganz evident. Datt dowéinst d'Biolandwirtschaft muss an Zukunft nach méi staark ënnerstëtzt ginn, ass och kloer.

Allerdéngs muss een och an där ganzer Diskussioun objektiv sinn, an dann ass awer och de Konsument an der Flicht. Och dat gëtt ze vill oft vergiess. A wéi schnell reagéiert de Konsument op eng minimal Präiserhéijung? Ass jiddweree bereet, emol een, zwee Euro méi ze bezuele fir e Produkt, wat dann op méi eng biologesch Aart a Weis hiergestallt ginn ass?

Et gëtt haut och Méiglechkeeten natierlech, fir méi naturno de Buedem ze bewirtschaften. Ech denken zum Beispill un d'Depotdüngung, ech denken awer och un d'Strip-Till-Verfahre beim Mais a bei de Rommelen.

Mä et gëtt awer och Liichtblécker. An do wëll ech zum Beispill d'Initiativ LAKU hei erwänen - Landwirtschaftlech Kooperatioun Uewersauer -, déi gouf de 27. Oktober 2015 tëschent der SEBES an enger Rei Betriber aus dem Naturpark Uewersauer kreéiert. Ech mengen, de Moment sinn et plus ou moins 70 Betriber, déi matmaachen. Dat ass eng positiv Entwécklung an dat ass och eppes, wat mer sollen an Zukunft nach verstäerkt ënnerstëtzen.

Natierlech, wann ee beim Stauséi ass, däerf een och net vergiessen, datt 70% vum Anzuchsgebitt vum Stauséi op belschem Territoire leien. Och do soll een dat ganz kloer a ganz däitlech soen. Virdrun ass Wallounien hei bedauert ginn. Jo, op där anerer Säit muss een awer och soen, datt eis belsch Frënn op engem anere Gebitt dann awer och Verantwortung missten iwwerhuelen, besonnesch hei. Ech weess, datt do Ofkommessen amgaang sinn ausgeschafft ze gi mat Frankräich, och mat der Belsch. Dat ass e richtege Wee, dat ass e gudde Wee, deen een och muss weiderféieren.

Ech hunn deslescht an engem landwirtschaftleche Magazinn gelies: „Waasserschutz als fräiwëlleg, awer prioritär Aufgab bedreiwen". Ech soen awer ganz éierlech, ouni dat elo hei polemesch ze gesinn, dat Wuert „fräiwëlleg" huet mech awer e bësse gestéiert. Ech fannen haut, Waasserschutz, dat kann een net als fräiwëlleg gesinn, mä dat ass eng Obligatioun, net nëmme fir d'Landwirtschaft, mä fir eis alleguerten!

Da gëtt et natierlech nach eng ganz Rei aner Belaaschtunge vun eise Gewässer, virun allem déi diffus Verschmotzungsquellen, sief dat d'Sickerwaasser vun Deponien, sief dat d'Streeën am Wanter op eise Stroossen, siefen dat déi héich Nitratwäerter. Ech verweisen do zum Beispill op d'Wolz an op d'Clierf.

Dann natierlech e besonnesche Problem, dat ass dee vun de Pestiziden, deen eis leider och ganz vill Problemer mécht. Ech verweisen hei och nach eng Kéier op dee groussen Défi, deen d'Regierung ugeholl hat a wou ech och der Regierung félicitéieren, fir e Verbuet vum S-Metolachlor auszespriechen am Februar 2015. Och de Metazachlor ass jo ganz staark ageschränkt ginn no dem Accident zu Witry an der Belsch.

Duerfir ass och d'Fro ze stellen, ob d'Regierung bereet ass, wa sech erweist, datt et eng Rei Pestizide gëtt, an et gëtt der doudsécher nach, déi en héije Belaaschtungsgrad weise fir eis Gewässer, ob se bereet ass, dann och an Zukunft nach esou - ech soen dat éierlech - couragéiert Décisiounen ze huelen.

Ech wëll awer op dëser Plaz drop hiweisen, datt mer jo en neit Pestizidegesetz den 19. Dezember 2014 hei gestëmmt hunn, datt mer och en nationalen „Aktiounsplang Pestiziden" hunn an - et sëtze jo och nach vill Kolleegen heibannen, déi Verantwortung op dem Gemengenniveau hunn - datt et jo och zënter dem 1. Januar 2016 verbueden ass, an de Gemenge Pestiziden ze gebrauchen. Mä ech gi jo dovun aus, datt och jiddweree sech drun hält.

A finalement, och hei soll ee ganz éierlech dat soen, wéi vill Privatleit nach ronderëm hiert Haus, wéi vill Klenggäertner an hirem Gaart och nach Pestizide benotzen, wat vläicht net onbedéngt misst sinn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, wéi kënne mer dann elo d'Qualitéit vun eise Gewässer verbesseren? Da si mer natierlech direkt bei dem wesentlechste Punkt vun dëser Interpellatioun, an zwar bei de Kläranlagen.

„Die zunehmende Eutrophierung unserer Gewässer muss gebremst werden. Es gilt hier, die bestehenden Kläranlagen auszubauen, um so eine bessere Stickstoff- und Phosphorreduktion zu erzielen." Déi Wierder goufen net virgëschter geschriwwen. Déi Wierder goufe ganz genee 1989 als Virwuert vun enger Broschür „Eist Waasser" geschriwwen. Dat sinn also elo bal 30 Joer hier. Mä si hunn awer nach wie vor, muss ee soen, leider hir voll Aktualitéit.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg 242 Kläranlagen, dovunner der 125 mechanescher Natur. Dat ass eng Gesamtrengegungscapacitéit vun ongefëier enger gudder Millioun EWGen, also „Einwohnergleichwerte". 96% vun der Populatioun hei zu Lëtzebuerg sinn un eng Kläranlag ugeschloss. Am Joer gi 26,6 Millioune Meter Kibb gekläert.

Wann een dat doten also alles héiert, dann hätt ee jo bal d'Gefill, ze soen: „Majo, dann ass jo awer alles wonnerbar!". Firwat gëtt sech dann elo hei awer e bësse méi kritesch mat der Situatioun auserneegesat?

Dat muss een allerdéngs relativéieren. Et kënnt jo net nëmmen op d'Quantitéit vun de Kläranlagen un, mä et kënnt virun allem awer op hir Effikassitéit un! An dann ergëtt sech schonn e ganz anert Bild, besonnesch wat déi mechanesch Kläranlagen ubelaangt. Et brauch ee kee Spezialist ze sinn, fir ze wëssen, datt eng mechanesch Kläranlag u sech haut oft méi kontraproduktiv ass, oft d'Gewässer méi belaascht. An dowéinst muss dat awer a Fro gestallt ginn. Si droen och nach zu engem zousätzlech méi héijen Närstoffgehalt bäi.

Bei de biologesche Kläranlage feelt dann oft eng sougenannt „Denitrifikatiounsstuf". An dann däerf een och net vergiessen, datt ronn 20% vun de biologesche Kläranlagen iwwer 20 Joer al sinn. Dat heescht, besonnesch déi Mikropollutioune kënnen do natierlech net considéréiert ginn.

Wat heescht dat: Mikropollutioun? Dat ass iwwregens e Phenomeen, deen net ganz nei ass, mä deen eis awer an Zukunft nach vill méi beschäftege wäert. Ech denken do virun allem un d'Réckstänn vu Medikamenter an eise Gewässer. An Europa gëtt et schätzungsweis 3.000 verschidde Réckstänn vu Medikamenter. Also si mer och ganz séier bei der Diskussioun ëm déi sougenannt „véiert Stuf".

Mir hunn nach en anere Problem, dee vun deene sougenannte PCPen, „personal care product", dat heescht Shampoing, Seef, Kosme-

tika an esou weider an esou fort, déi mer alleguer onbedenklech benotzen, wou awer da ganz vill Résiduen an d'Waasser kommen an do och vill Schued hannerloossen.

Schlussendlech gëtt et och nach Problemer duerch d'Mikrofasere vun de Kleeder, wat alles ënnerschat gëtt. Mä wann ee mat de Spezialiste schwätzt, da gëtt ee ganz séier gewuer, datt dat enorm Problemer mat sech brëngt bei der Kläranlag.

D'Schwäizer zum Beispill hunn do schonn immens Efforte gemaach. An och do vläicht dann d'Fro un d'Regierung, wat se gedenkt och op deem Niveau an Zukunft ze ënnerhuelen.

Wa mer vu Kläranlage schwätzen, da soll dat natierlech net nëmmen heeschen, datt een hei d'Haushalter un de Pranger stellt - mir alleguer zesummen -, mä awer och d'Betriber. Och d'Betriber däerf een net aus der Verantwortung entloossen. Ech schwätzen hei virun allem vun dem Prétraitement vun deene Betriber, déi virun allem ganz sensibel Ofwässer produzéieren. An déi zwee Accidenter, déi ech virdru genannt hunn, déi soe jo och genuch. Et mussen duerfir nach méi Kontrolle gemaach ginn, Sanktiounen däerfe keen Tabuthema sinn!

An da wësse mer jo och, datt mer verschidden Entreprisen hei zu Lëtzebuerg hunn, déi Schwéiermetaller, Phenolen a PAKen an d'Waasser ofleeden. E grousse Problem ass jo och de Quecksëlwer. Duerfir ass et schued, datt de sougenannte Minamata-Traité nach net definitiv ëmgesat ass, mä Lëtzebuerg huet en ënnerschriwwen. Wat ass dat? Dat ass eng Uertschaft a Japan, wou extrem vill Leit ëmkomm sinn duerch en héije Quecksëlwergehalt am Waasser.

Schlussendlech muss een awer och op d'Kanalnetz hiweisen, e Kanalnetz - wéi gesot, erëm eng Kéier, d'Kolleegen aus de Gemenge wëssen dat och -, wat zum Deel och munchmol vétuste ass. Hei sinn natierlech d'Gemenge gefuerdert. Mir musse méi Trennsystemer aféieren. Mir wëssen, datt virun allem de Mëschsystem och eng vun den Ursaachen ass vun dem schlechte Fonctionnement vun de Kläranlagen.

Reeniwwerlafbecke musse gebaut ginn. Reenréckhaltebecke musse gebaut ginn, well mer eben och eng nei Entwécklung hunn, wat virun allem och de Reen, de Platzreen ubelaangt; ech kommen herno nach eng Kéier kuerz drop zréck. A perséinlech sinn ech awer och der Meenung, datt keen neie PAP méi, Här Wunnengsbauminister, dierft autoriséiert ginn, wann net am Virfeld garantéiert ass, datt awer wierklech en adequaten Uschloss un eng Kläranlag garantéiert ass.

Wa mer scho bei de Kläranlage sinn, kommen ech awer net derlaanscht, iwwer ee Punkt eppes hei ze soen, wat mer jo am Projet de loi elo presentéiert kruten, deen d'Regierung virgeluecht huet, fir d'Waassergesetz ze adaptéieren, wat u sech eng gutt Initiativ ass. Et ass jo virgesinn, datt den Taux de subvention fir de Bau vun de Kläranlage vu 65% op 50% soll erofgesat ginn. Ech mengen, et soll een dat awer zumindest diskutéieren.

Ech verstinn de Räsonnement, datt eng Regierung sech hei ganz kloer op eng Gesetzgebung baséiert, déi seet, datt d'Gemengen d'Kompetenz hu bei der Klärung vun de Gewässer. Mä et muss een awer och d'Realitéit kucken. Wat kann dat dote bedeiten, wa mer elo den Taux vu 65% op 50% erofhuelen? Ech fäerte jiddefalls - ech hoffen awer, datt ech onrecht behalen -, datt eng Rei Gemengen, an dat ass net schlecht gemengt, net pejorativ gemengt, mä ech denke virun allem un déi kleng Gemengen aus dem ländleche Raum, déi schonn immens Problemer hunn, fir hirer Aufgab nozekommen, datt déi doduerch vläicht nach manner motivéiert sinn, fir an de Gewässerschutz ze investéieren.

An dann ass och d'Gefor do, datt Ënnerscheeder bei der Klärung entstinn. Mir hunn dann de Syndikat X - ech schwätzen elo vun engem Anzuchsgebitt vum selwechte Floss -, dee bereet ass, vläicht méi ze investéieren, well och de politesche Wëllen do ass, well och vläicht méi finanziell Moyenen do sinn, a mir hunn dann de Syndikat Y, deen awer da manner investéiert am selwechten Anzuchsgebitt. Dann ass dem Floss schlussendlech net schrecklech vill geholl ef!

Dowéinst, mengen ech, solle mer also hei eng oppen Diskussioun féieren, ob dat de richtege Wee ass. An da muss ee kucken, datt mer am Intérêt vum effikasse Gewässerschutz hei d'Décisioun huelen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre n, e wesentlechen Aspekt vun enger effikasser Gewässergestioun ass natierlech och d'Renaturéierung. Dat ass den drëtte Punkt vun dëser Interpellatioun. Wat ass eng Renaturéierung? Bon, dat ass eben eng méi naturno Morphologie, méi eng naturno Struktur vun engem Gewässerlaf, respektiv och, d'Duerchgängegkeet vun engem Gewässer ze verbesseren. Ech denken zum Beispill un d'Suppressioun vu Querbalken an esou weider an esou fort.

Wa mer op engem Gebitt - an do solle mer awer éierlech sinn! -, wa mer op engem Gebitt wierklech enorm gesënnegt hunn an deene leschte Jorzéngten, dann ass et awer wierklech am Haartverbaue vun eise Gewässerleef. Et gëtt masseg negativ Beispiller, ech nennen der och e puer hei, fir och dat ze illustréieren, wat mer alles Schlechtes gemaach hunn: zu Esch zum Beispill, wou d'Uelzecht iwwer 1.600 m duerch Réier gefouert gëtt; d'Diddelenger Baach, déi vun Diddeleng a Richtung franséisch Grenz op 3,8 km a Réier läit. Ech gi ganz éierlech zou: Am Raum Beetebuerg gesäit et net besser aus. D'Péitrus, do brauche mer net wäit ze goen. Ech kéint nach d'Kor nennen.

Ech kéint nach vill esou Beispiller nennen, wou am Fong geholl näischt méi vun engem Floss, näischt méi vun enger Baach iwwreg ass, mä just vun engem triste Rinnsal. An ech bleiwen der Meenung, datt do enorm vill Feeler gemaach gi sinn an datt do muss den Hiewel ugesat ginn. Ech weess, datt do schonn an deene leschte Joren nei Initiative geholl gi sinn.

D'Ursaache sinn och hei bekannt. Et si méi Ursaache rationeller Natur, sief dat, datt Urainer gefaart hunn, si géifen e Meter carré Terrain verléieren, oder sief et, datt et net an d'Uerdnungsbild vun eis eragepasst huet. Mä déi Denkweis, déi muss awer ouni Zweifel der Vergaangenheet ugehéieren. An, wéi gesot, en éischt Ëmdenken ass ze erkennen, mä et geet nach e bësselche lues.

Natierlech sinn och d'Gemengen hei gefuerdert. Mir hunn natierlech do erëm e Problem, datt och déi Gemengen, déi vläicht amgaang sinn - an ech kann do e bëssen aus der Schoul schwätzen -, esou Projeten ëmzesetzen, extrem gebremst ginn, well se net un d'Terraine kommen.

Wa mer eng Morphologie, wa mer eng Renaturéierung vun engem Gewässerlaf maachen, brauche mer natierlech Terrainen. Da si mer natierlech och ganz séier bei dem Element Utilité publique an och Expropriatioun. Ech weess, dat si Wierder, déi net ganz populär sinn dobaussen. Mä d'Fro muss awer gestallt ginn, ob dat net awer wierklech d'utilité publique ass.

An, wéi gesot, ech maachen awer hei och en Appell un d'Regierung, vläicht de Gemengen do nach zousätzlech Ënnerstëtzung ze gi bei der Renaturéierung vu Gewässerleef. Well eng Renaturéierung ass mat Sécherheet net nëmmen eng gutt Waff, fir d'Selbstrengegungskraaft ze verbesseren, mä si ass och eng gutt Waff beim Héichwaasserschutz.

À propos Héichwaasser: 1993 an 1995 hate mer bedeitend Héichwaasserkatastrophen, kann ee soen, hei zu Lëtzebuerg, mä emol net awer, mengen ech, vergläichbar mat där, déi mer Enn Juli am Aerenzdall erlieft hunn.

Natierlech, mir mussen domadder liewen, et sinn nei Phenomeener opgetrueden. Ech denke virun allem un déi hefteg Platzreen. Mä mir däerfen hei elo net nëmmen eng reng Symptombekämpfung maachen. D'Welt ass net stationär. Déi Héichwaasserschutzmoossnamen, déi mer haut décidéieren, kënne muer vläicht iwwerlieft sinn.

Duerfir ass et wichteg, datt mer eis op wëssenschaftlech Date baséieren, wa mer esou Moossnamen décidéieren. Ech wëll hei zum Beispill och un de LIST erënneren, deen eng ganz gutt Aarbecht mécht, dee wierklech wëssenschaftlech Date ka liwweren, wéi mer kënnen eng ganz Konzeptioun vun Héichwaasserschutzmoossname maachen.

Ze begréissen ass, fir nach eng Kéier zréckzekommen op de Projet de loi, dee virgeluecht gouf, datt jo Héichwaasserschutzmoossnamen an Zukunft solle méi verstäerkt ënnerstëtzt ginn.

De Klimawandel, natierlech, och dee mécht keen Halt hei viru Lëtzebuerg. D'Prognose ginn dervun aus, datt bis d'Joer 2100 d'Temperaturen tëschent zwee a véier Grad wäerten an d'Luucht goen.

Ech baséiere mech hei op eng Etüd vun der internationaler Kommissioun fir de Schutz vum Rhäin, wou zum Beispill elo prognostizéiert gëtt, datt am Raum Worms de Rhäin zum Beispill an de Summerméint wäert iwwer 25 Grad hunn. Och dat héiert sech no engem ganz schrecklechen Zeenario un. Och dat wäert eng ganz kloer Perturbatioun fir d'Fauna an d'Flora mat sech bréngen. Datselwecht gëllt iwwregens och fir d'Musel a fir d'Saar. De Klimawandel wäert vläicht keng direkt Inzidenz op d'Quantitéit vum Grondwaasser hunn, vläicht éischter au contraire, mä awer mat Sécherheet op d'Qualitéit.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre n, wa mer iwwert d'Waasser schwätzen, da komme mer och net derlaanscht an da gehéiert dat och derzou, iwwert d'Drénkwaasser natierlech dann ze schwätzen. Et ass déi eenzeg natierlech Ressource, déi an der EU fir en abordabele Präis muss verkaaft ginn.

Ech kann et net oft genuch widderhuelen: Mir hunn hei zu Lëtzebuerg dee wierklech eenzegaartege Privileeg, datt mer Waasser zu all Moment zur Verfügung hunn, net nëmmen an enger héijer Quantitéit, mä virun allem och an enger ganz gudder Qualitéit! An dowéinst ass et och wichteg, datt mer nach wie vor héich Efforte maachen, fir deen Niveau kënnen ze behalen.

Am Duerchschnëtt, wéi gesot, ginn 115.000 m^3 all Dag hei zu Lëtzebuerg gebraucht. An dat däerf een natierlech net ënnerschätzen, well déi Demande wäert an Zukunft nach an d'Luucht goen. Net well de Pro-Kapp-Verbrauch an d'Luucht geet, dee geet souguer éischter erof, hunn ech mer soe gelooss, mä well natierlech dat Land hei wiisst. Mir sinn de Moment zu 580.000 an et brauch ee kee grousse Prophet ze sinn, fir ze soen, datt et net méi laang dauert, bis datt mer zu 600.000 respektiv zu 700.000 Leit sinn.

Da si mer natierlech och ganz séier beim Drénkwaasserpräis, en Thema, wat och net nei ass. Kee Geréngere wéi de fréiere Premier Juncker hat dat schonn a sengem Débat iwwert d'Lag vun der Natioun den 8. Mee 2012 hei thematiséiert. Ma et muss ee jo awer en Ënnerscheed maachen tëschent engem harmoniséierte Waasserpräis an engem Eenheetswaasserpräis.

Ech weess, datt et eng Rei Kolleegen, och hei bannen an och dobausse gëtt, virun allem Vertrieder vu méi klenge ländleche Gemengen, déi sech éischter fir en Eenheetswaasserpräis asetzen. Dat kann een novollzéien. Ech soen awer ganz éierlech, datt ech géint en Eenheetswaasserpräis sinn, aus enger Rei vun Ursaachen.

Net nëmme gräife mer hei an d'Autonomie communale an, mä op där anerer Säit kann een eng Gemeng net mat enger anerer Gemeng vergläichen. Et gëtt Gemengen, déi hunn déi an déi Problemer, wou se musse spezifesch Investissementer maachen, an et si Gemengen, déi hunn déi an déi Problemer, soudatt een, wann een iwwert de Waasserpräis diskutéiert, dann iwwert den harmoniséierte Waasserpräis - do si jo scho vill Ustrengunge gemaach ginn -, awer Eenheetswaasserpräis ass menger Meenung no zu dësem Zäitpunkt jiddefalls keen Thema.

Et muss een awer och drop hiweisen, datt jo awer grouss Efforten an der Lescht och gemaach gi sinn, fir eben, wéi gesot, d'Drénkwaasserreservoiren ze verbesseren, fir eben nach besser Méiglechkeeten ze schafen, datt mer dat beschtméiglecht Drénkwaasser kréien.

Ech erënneren hei un de Projet de loi, dee mer de leschten 8. Juni hei gestëmmt hunn iwwert den Neibau, déi nei Opbereedungsanlag vum SEBES zu Eschduerf. An och do, wann een d'Statistik kuckt, an der Moyenne huet de SEBES tëschent 1970 an 1979 35.192 m^3 geliwwert, tëschent 2010 an 2014 waren dat scho 54.849 m^3. Do gesäit een also schonn, wéi d'Tendenz an d'Luucht geet. Elo, wéi gesot, schafe mer eng Capacitéit vun 110.000 m^3.

Mir hunn eng ronn 270 Quellen nach hei zu Lëtzebuerg an eng 40 Buerungen, wou dann och Drénkwaasser gewonne gëtt. All Joer bilde sech ongeféier 118 Millioune Meter Kibb nei. An ech wëll awer dorop hiweisen, datt dat natierlech kann zu engem zousätzleche Problem féieren, wéi gesot, wat eben nach de Bedarf un Drénkwaasser ubelaangt. Also muss sech och Gedanke gemaach ginn. Vläicht kann eis d'Madamm Minister do och déi eng oder déi aner Erklärung ginn.

Ech weess, datt Iwwerleeunge gemaach ginn, fir zum Beispill aus der Musel Drénkwaasser ze gewannen. Ech weess, datt zum Beispill och an de Galerië bei Esch d'Méiglechkeet géif bestoen, fir Drénkwaasser ze förderen. Dat sinn natierlech elo nach Zukunftsprojeten, déi nach wäit ewech si vun haut, mä déi vläicht awer schonn haut mussen iwwerluecht ginn.

Da kommen ech awer net derlaanscht, wa mer iwwer Drénkwaasser schwätzen, besonnesch wa mer iwwer Quelle schwätzen, eppes zu de Quelleschutzzonen ze soen. An do muss ech awer ganz éierlech soen, do hu mer mat Sécherheet magistral versot!

Ech verweisen hei op e Gesetz vum 27. Juni 1906 iwwert d'ëffentlech Gesondheet, wat et entre-temps net méi gëtt. An do stoung zum Beispill dran, am Artikel 3: «L'arrêté visé à l'alinéa 1er du présent article déterminera en même temps, s'il y a lieu, un périmètre de protection contre la pollution de la source ou de la nappe souterraine. Il est interdit d'épandre sur les terrains compris dans ce périmètre des engrais humains ou d'autres matières susceptibles de nuire à la salubrité de l'eau (...).»

Wéi gesot, dat ass 110 Joer hier. Ech mengen, mir hunn eis ni dorunner gehalen.

Wa meng lescht Informatioune stëmmen, dann hu mer elo fënnef Quelleschutzgebidder ausgewisen, wou ech och wëll dann deene Verantwortlechen duerfir félicitéieren, well et ass nach net esou laang hier, do hate mer praktesch iwwerhaapt keent ausgewisen. Siwe wären an der Prozedur, mä 90 wären der am Ganzen auszeweisen. Also, och do waart nach vill Aarbecht op eis.

Madamm Presidentin, op Basis vum Artikel 11 vun där schonn e puermol hei zitéierter Wasserrahmenrichtlinie musse mer jo ëmmer e sougenannte Bewirtschaftungsplang opstellen. Deen zweeten ass elo ugelaf fir d'Period 2015 bis 2021. Dat Dokument, wat ganz sophistiquéiert ausgeschafft ginn ass an natierlech fir e Laie relativ schwéier verständlech ass, erlaabt awer vläicht, eng ganz genee Radiografie ze maache vun eise Gewässer. Et gouf jo vu verschiddene Säite kritiséiert, ech wëll dat elo net weider hei verdéiwen.

Dat Eenzegt, wat engem opgefall ass - och de Public hat jo do d'Méiglechkeet, fir matzediskutéieren -, et ware ganzer zwee Leit, déi do reagéiert hunn. Woubäi ech awer elo verstinn, datt deen Eenzelnen dobausse sech net onbedéngt vläicht mat esou engem Dokument auserneesetzt.

Wat mech awer méi frappéiert huet: datt nëmmen 42 Gemengen en Avis ofginn hunn! Dat léisst awer e bëssen déif blécken! An do muss een awer d'Fro stellen, ob den Intérêt dann net méi grouss ass bei de Gemengen, sech mat der Waasserschutzpolitik iwwer e längeren Zäitraum auserneenzesetzen. Et soll elo kee mer kommen, dat wär, well de Service technique net an der Lag ass, dat ze maachen. Dat stëmmt - ouni deene Leit ze no ze trieden -, mä dat ass evident, mir sinn hei an enger héichspezialiséierter Matière. An et soll scho guer kee kommen: „Dat kascht ze vill Geld." Et gëtt spezialiséiert Bureau-d'étuden hei zu Lëtzebuerg, déi engem roueg kënnen en Avis maachen. An dat ass jo bei enger Rei vu Gemengen och geschitt.

Jiddefalls ass dat och de Beweis, datt d'Ëffentlechkeetsaarbecht, bis hin zu de Gemengen, vläicht och nach muss verbessert ginn.

Et gëtt jiddefalls eng ganz Rei Ursaachen, firwat datt mer d'Ziler bis elo net erreecht hunn. Dat, wat ech Iech elo virliesen, ass net vu mir, dat ass vu Spezialisten, an zwar erëm am zweete Bewirtschaftungsplang steet dann: „Die Abweichungen in der Einschätzung der Zielerreichung von 2009 (...) lassen sich unter anderem dadurch erklären, dass viele Maßnahmen (...) noch nicht umgesetzt werden konnten. Dies liegt vor allem an einem langsameren Fortschritt (...) bei der Umsetzung der Maßnahmen, welcher zum Beispiel durch längere Wartezeiten beim Erwerb von Grundstücken", do war ech jo schonn drop agaangen, „längere Planungs- und Umsetzungszeiträume, zeitaufwendige Genehmigungsverfahren, zeitaufwendige Abstimmung mit allen Beteiligten, Personalengpässe und begrenzte oder fehlende finanzielle Mittel bedingt ist."

Duerfir, wéi gesot, och hei d'Fro un d'Regierung, wéi se gedenkt, vläicht dann déi Ursaachen, déi hei opgezielt ginn, och ze behiewen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre n, , hei war elo e kuerze Sträifzuch duerch d'Gewässerproblematik insgesamt hei zu Lëtzebuerg. Eppes ass kloer: Mir hunn nach ganz vill Hausaufgabe virun eis! Ech wëll eppes hei ënnersträichen: Do ass d'Politik gefuerdert an éischter Linn.

Ech weess och, datt mer eng Hällewull vun Administratiounen hunn, Verwaltungen hunn, Ministèren hunn, déi fir de Waasserschutz zoustänneg sinn, wou ganz vill a ganz gutt Aarbecht gemaach gëtt. Et spiert een allerdéngs och oft, an dat ass jo och hei elo schonn aus dem Text erauskomm, et feelt natierlech och oft u Leit. Duerfir, mengen ech, solle mer grad op deem dote Gebitt net ze vill knausereg sinn, wann et heescht, vläicht zousätzlecht Personal op deene Plazen anzestellen.

Den zweete Bewirtschaftungsplang geet dervun aus, datt mer 1,5 Milliarde bis 2021 missten investéieren. Dat wären also plus ou moins 250 Milliounen (veuillez lire: 250 Millioune pro Joer). Ech mengen, dat misst eis als Stat en effikasse Gewässerschutz wäert sinn!

An deem Sënn soen ech Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Gusty Graas fir seng in-

teressant Presentatioun. Als éischte Riedner hunn ech den Här Aly Kaes ageschriwwen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. Aly Kaes *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren de Mëtteg iwwert d'Waasser, iwwer eis national Drénkwaasserversuergung, d'Waasserqualitéit, d'Renaturéierung vu Flëss a Baachen, de Waasserpräis an d'Ofwaasserpolitik. Schonn eleng bei der Opzielung gesäit een, wéi villsäiteg a wéi wichteg d'Thema Waasser ass. Duerfir ass et och wichteg, datt mer a regelméissegen Ofstänn dësen Dossier op den Ordre du jour hei vun der Chamber setzen.

Duerfir wëll ech och dem honorabele Gusty Graas Merci soe fir seng Initiativ, déi awer schonn op den 19. Mee vun dësem Joer zréckgeet. Mir bedaueren awer, datt dës Debatt eréischt elo stattfënnt. Et ass a sech an engem gewëssene Sënn Moutarde après dîner, well d'Madamm Ëmweltminister an der Tëschenzäit, an zwar de 5. August, de Projet de loi iwwert d'Reform vum Waassergesetz an der Chamber déposéiert huet.

An dësem Gesetzesprojet huet d'Regierung kloer hir Prioritéiten an der Waasserpolitik virgezeechent. Mir bedaueren, datt mer eréischt haut, nodeems de Projet schonn déposéiert ass, eng Interpellatioun iwwert d'Waasser féieren. A mir zweifele wierklech, ob Elementer vun dëser Diskussioun nach an dem Projet de loi hiren Nidderschlag fannen. Ech hoffen, datt dat awer vläicht kann de Fall sinn.

Well deem esou ass, wëll ech a menger Interventioun dann och scho kuerz op dee Projet de loi agoen, deen d'Madamm Ëmweltminister déposéiert huet. Den Detail diskutéiere mer selbstverständlech dann an de Kommissiounssëtzungen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, den Drénkwaasserverbrauch hei zu Lëtzebuerg läit bei ongeféier, virdrun ass 115.000 m^3 gesot ginn, ech hunn eng Zuel vun 120.000 m^3 pro Dag, wouvun ongeféier eng Halschent Grondwaasser ass an déi aner Halschent Uewerflächewaasser. Wann een hei zu Lëtzebuerg vun Drénkwaasser schwätzt, da lant een och relativ séier, an dat ass ganz normal, bei dem SEBES. 89% vun eiser Populatioun op 74% vun der Fläch vum Land gi mat SEBES-Waasser versuergt. An all Dag komme Clienten derbäi.

Och wann de Pro-Kapp-Verbrauch iwwert d'Joren erofgaangen ass, esou huet proportional dozou d'Awunnerzuel zu Lëtzebuerg an och d'Zuel vun de Frontalieren drastesch zougeholl. Dëst huet derzou gefouert, datt mer dem Bau vun enger neier Waasserfabrik zu Eschduerf zougestëmmt hunn, fir deem zukünftege Besoin un Drénkwaasser nozekommen.

Ech froe mech awer ganz éierlech, ob een doriwwer eraus net nach méi wäit an d'Zukunft misst kucken, virun allem, wann een un d'Diskussioun vun engem net nëmme 700.000-, mä 1,1-Millioun-Awunner-Stat denkt. Geet de Stau dann als eenzegen Drénkwaasserreservoir vum Land nach duer? Wuel kaum! Da brauche mer eng ganz Rei vun Alternativen. Eng ass genannt ginn, dat ass, datt mer Waasser aus der Musel eventuell opbereeden.

Eng aner Méiglechkeet, déi och schonn an der Diskussioun war, dat ass, datt mer en zweete Stauséi, onofhängeg vun deem jëtzegen, uleeën. Dat ass och alles schonn an engem gewëssene Sënn studéiert ginn. Mä et gëtt och eng ganz Rei vun negative Säiten. Sou géife bei engem zweete Stauséi 30 ha Natura 2000-Gebitt iwwerschwemmt ginn!

Wa mer iwwert de Verbrauch vun Drénkwaasser schwätzen, muss ee sech och Gedanke maachen, wéi een de Verbrauch erofgesat kritt. E Beräich, wou vill Aspuerpotenzial läit, ass ganz kloer d'Industrie. A ville waasserintensiven Industriebetriber gëtt quasi ëmmer op wäertvollt Drénkwaasser zréckgegraff. Dobäi gëtt et eng ganz Rei vu konkreten Alternativen. Sou kéint een zum Beispill bei den Datenzentren, déi eng enorm Hëztentwécklung hunn an duerfir intensiv musse gekillt ginn, wann iwwerhaapt op de Medium Waasser, dann op Brauchwaasser zréckgräifen, fir ze killen.

Generell sollt bei der Planung vun den Industriezone gekuckt ginn, datt een am Sënn vun der Économie circulaire Brauchwaasser als Ressource soll huelen, fir ze killen, amplaz vun Drénkwaasser. D'Brauchwaasser kann dobäi all Zort vu Waasser sinn, wat sech net als Drénkwaasser eegent: Uferfiltrat, Uewerflächewaasser, ënner Emstänn och gefiltert Klärwaasser. Esou eng Mesure schount eis Ressourcen a bréngt och ganz kloer e Käschtevirdeel fir eis Betriber.

A wann ech scho bei der Industrie sinn, da si mer och der Meenung, datt bei der Konzeptioun vun den Industriezonen de Schutz vum Drénkwaasser vun den Industriezonen a sech am Vierdergrond muss stoen: datt bei der Erschléissung adequat Schutzmoossnamen agebaut ginn, wéi zum Beispill Réckschlagklappen, déi verhënneren, datt et duerch intern Circuiten zur Verschmotzung vum Drénkwaasserréseau kënnt.

Eng aner Iddi beim Waasserspueren ass et, al Quellen, déi aus Qualitéitsgrënn net méi fir d'Drénkwaasserversuergung gëeegent sinn, datt een dat Waasser hëlt, fir d'Blummen ze netzen, fir Gréngflächen a Fussballterrainen ebenfalls ze netzen. D'Zil muss et sinn, datt an der Haaptsaach keen Drénkwaasser verbëtzt gëtt.

Dann e puer Wierder zum Iwwerflächewaasser. Mir sinn der Meenung, datt d'Iwwerflächewaasser eraus aus den Ofwaasserkollektere muss geholl ginn, well et soss onnéidegerweis an d'Kläranlage leeft. Dëst Waasser gehéiert net an de Klärprozess, well et de gudden, de richtege Fonctionnement vun de Kläranlage stéiert. Et mécht dee ganze Prozess méi deier, bréngt domadder onnéideg Käschte fir d'Gemengen an dann och fir d'Bierger mat sech. A virun allem verbraucht et enorm onnëtz Energie.

E weidere Punkt, deen ech wollt beréieren, sinn a sech d'Bassins de rétention an de PAPe respektiv an de PAGen. Am Moment musse Réckhaltebecken nach ëmmer no engem Schema X gebaut ginn. Et si keng Auswäichméiglechkeete virgesinn. Si mussen innerhalb vun dem PAP respektiv dem PAG ugeluecht an op deierem Bauland opgeriicht ginn. Dat ass e Facteur, dee ganz sécher mat sech bréngt, datt eis Terrainen onnëtz verdeiert ginn.

Mir sinn der Meenung, datt ee Réckhaltebecken nëmme soll bauen, wa virdrun all aner Méiglechkeeten ausgeschëpft sinn. Dat heescht, méiglechst wéineg versigelen, e Maximum versickeren, duerno recycléieren an zulescht, wann all d'Méiglechkeeten ausgeschëpft sinn, dann eréischt Réckhaltebecke bauen.

Dës Becke muss een awer net iwwerall dezentral an deenen eenzelne Lotissementer bauen. Et muss ee vu Fall zu Fall ganz einfach dat alles analyséieren a kucken, an do, wou et sech maache léisst, an der Zone verte souguer, um Rand vum PAG dës Réckhaltebecken uleeën. Dës Approche ass souguer ëfters vill méi sënnvoll wéi dat, wat mer am Moment ëmmer erëm maachen, a gëtt am allgemenge Fall wesentlech méi bëlleg.

Mir beschwéieren eis jo ëmmer iwwert déi deier Bauplazen. Hei wier e konkrete Léisungsusaz, fir de Bauterrain erëm méi sënnvoll anzesetzen an domadder méi bëlleg ze maachen.

D'Eraushuele vun de Becken aus de PAPen oder aus de PAGen erméiglecht soumat e méi kompakt Bauen innerhalb vum PAP an domadder e bessert Ausnotze vun de Bauterrainen. Bei engem PAP geet all Kéier déi eng oder déi aner Bauplaz verluer, fir eben esou e Becken ze realiséieren, wann e Becke gefuerdert gëtt.

Eng aner Solutioun fir Réckhaltebecke wier, do wou et méiglech ass, Rétentiounsflächen, Iwwerschwemmungsland direkt un de Flëss an un de Baachen ze realiséieren. Esou Systemer existéiere bekanntlech schonn an Däitschland. Dir kennt se ënnert dem Numm vun den „Auen". Esou eng Léisung géif och der Biodiversitéit ganz sécher eppes bréngen an dës verstäerken.

Am Résumé kann ee soen, datt mer gären esou vill wéi méiglech Bassins de rétention eraus aus dem Perimeter vun de Gemengen hätten, a wa méiglech bei Flëss a Baachen ënnert der Form, wéi gesot, vun Auen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, wat d'Renaturéierung vun eise Flossleef betrëfft, do wënsche mer eis, datt et an Zukunft méi séier, vill méi séier mat de Prozedure geet.

Als Beispill kann ech Iech, an ech kann do aus Erfahrung schwätzen, d'Renaturéierung vun der Blees nennen, deen Dossier, dee mëttlerweil schonn 13 Joer um Bockel huet an elo eréischt zum Deel ëmgesat gëtt, näämlech d'Halschent dervun. Mir begréissen awer ausdrécklech, datt d'Subventioune mam neie Gesetz solle substanziell an d'Luucht gesat ginn. Dat ass positiv, well Renaturéierung féiert jo och derzou, an dat ass och schonn hei gesot ginn, datt d'Baachen an d'Flëss méi lues fléissen, datt d'Vitesse domadder erausgeholl gëtt. Den neie Subventionnement an dësem Beräich ass eng gutt Saach an dréit derzou bäi, den ökologesche System vun eise Gewässer ze verbesseren.

Madamm Presidentin, wéi den 22. Juli an de Gemenge Reisduerf, Fiels, Noumer, Iernzdall, Bettenduerf, méi speziell an der Uertschaft Gilsdref, den Himmel sech zougedoen huet an et ugefaangen huet mat reenen, hat keen domadder gerechent, datt dëst Donnerwieder zu enger vun de gréissten a schwéiersten Naturkatastrophe géif ausaarten, déi eist Land an de leschte Joren, jo, et kann ee bal soen, an de leschte Jorzéngte kannt huet. Aussergewéinlech grouss Waassermasse sinn innerhalb vu kierzester Zäit op engem klengen Territoire erofgaangen.

Hei wor d'Landwirtschaft, Madamm Presidentin, sécherlech net schold un dësem Zoustand. Et wor ganz einfach eng Naturkatastroph. D'Waassermasse waren esou grouss, datt et zu schwéieren Iwwerschwemmunge gefouert huet, mat enormem materiellem Schued an och mënschlechem Leed. D'Solidaritéit an der Bevëlkerung war exemplaresch, dat muss ee ganz kloer soen, genee wéi d'Aarbecht vun deenen eenzelne Verwaltungen.

Dës Katastroph huet eis awer och gewisen, datt dës Zort vun Naturphenomeen, dee mer a sech bis elo just aus dem Ausland kannt hunn, eis zu jidder Zäit erëm treffe kann. Et huet eis awer och gewisen, datt mer eis am Land besser equipéieren an organiséiere mussen, datt mer adaptéiert Material brauchen, dat mer an esou Fäll op jidde Fall am ganze Land kënnen asetzen.

An deem Kontext muss ee sech d'Fro vun enger nationaler Materialdatebank fir d'Hëllefsdéngschter stellen, zum Beispill am zukünftegen CGDIS. Keen huet en Iwwerbléck, wat mer a sech alles vu Gefierer hunn, wou se stinn a wéi séier se dann am Asazgebitt kënne sinn.

Verschidden Ofwaassersyndikater hunn, als Beispill, haut schonn zum Deel adequat Équipementer, fir Kanäl opzespullen, déi no esou engem Evenement verstoppt sinn. Mir sinn der Meenung, datt dës Syndikater nach méi wéi bis elo mat zousätzleche staatleche Gelder op déi doten nei Missioune musse virbereet ginn. Et geet awer och net duer, nëmmen dat gutt Material ze hunn, mä et muss och schnell op der Plaz sinn a virun allem fachmännesch bedéngt ginn. Ouni solidaresch staatlech Interventioun geet et net. Dës Équipementer solle selbstverständlech a solidaresch am Noutfall am ganze Land zur Verfügung gestallt ginn an agesat ginn. Op dës Solidaritéit kommen ech awer spéider nach eng Kéier ze schwätzen.

Madamm Presidentin, duerch en Accident an der Landwirtschaft an der Belsch mat Metazachlor ass et d'lescht Joer zu enger grousser Verschmotzung am gréissten Drénkwaasserreservoir aus dem Land, dem Stau, komm. Dës Situatioun huet eis kloer gewisen, datt et wichteg ass, eis Drénkwaasserreservoiren ze schützen. Mir mussen d'Qualitéit vun eise besteeënden, awer och vun neie Quelle laangfristeg ofsécheren. Duerfir brauche mer natierlech Schutzzonen. Duerfir begréisse mer och d'Bestriewunge vun der Regierung ganz kloer an dësem Beräich.

An dëser Problematik spillt och ganz kloer d'Landwirtschaft eng ganz wichteg Roll. Et geet net, fir einfach nëmmen op d'Landwirtschaft ze klappen, mä et muss ee konstruktiv zesummeschaffen. D'Landwirtschaft ass e wichtege Partner, wa mer zu engem Resultat an der Saach wëlle kommen. Ech si mer sécher, datt d'Landwirtschaft sech kenger Diskussioun, kenger Propos wäert verschléissen, mä et muss awer och da séchergestallt sinn, datt déi Leit, déi an iergendenger Aart a Weis an enger Schutzzon leien an Aschränkungen hunn, datt eben dës Leit dann awer och mussen ugepasst Entschiedegunge kréien.

Wann ech vun der Landwirtschaft schwätzen, da wollt ech och nach kuerz op d'Problematik vun der Bewässerung vu waasserintensive Kulture wéi Uebst a Geméis hiweisen. Mir sinn der Meenung, datt et am Summer, wann et wierklech extrem dréchen ass an d'Bauere riskéieren, hir ganz Récolte ze verléieren, muss méiglech sinn, onbürokratesch op d'Waasser aus de Flëss an aus de Baachen zréckzegräifen als Alternativ zum Drénkwaasser. Dat Ganzt natierlech nëmmen ënnert der Konditioun, datt den Débit vun de Flëss a vun de Baachen et hiergëtt.

Haut muss een duerfir extra eng Geneemegung ufroen. An dës Geneemegung ass leider Gottes dacks vill ze spéit do; eréischt dann, wann d'Uebst an d'Geméis scho verdréchent sinn. Mir proposéieren, datt een den Uebst- a Geméisbaueren e Waassernotzungsrecht soll ginn an datt si déi staatlech Instanze mussen informéieren, wa se dat Waasser benotzen.

Ech wollt awer elo nach ganz speziell eng Kéier op de Waasserschutz zréckkommen, well dee betrëfft bekanntlech och net nëmmen eisen Territoire. Esou ass et, datt enger Rei Waasserschutzzonen hiert Anzuchsgebitt net nëmmen op eisem Territoire läit, mä iwwert d'Grenze vun eisem Land erausgeet.

Meng Fro ass och un d'Madamm Ministesch: Wéi gesäit et do mat der Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschlänner aus? Um Niveau vun de Kläranlage kann ech e bësse matschwätzen. Do gëtt et eng Rei vu gudde Beispiller. Zum Beispill ass d'Kläranlag zu Maarteleng vum belsche Stat gebaut ginn, well d'Ofwaasser virun allem belscht Ofwaasser ass, mä si gëtt bedriwwe vum SIDEN fir de Lëtzebuerger Stat, fir domadder sécherzestellen, datt kee Schmotzwaasser an, wéi gesot, eise gréissten Drénkwaasserreservoir, de Stau, leeft.

Da gëtt et och nach eng gutt Zesummenaarbecht an deem Beräich vun de Kläranlagen, vum Ofwaasser un der Our an un der Sauer. Dës Kooperatioun huet scho ganz vill positiv Elementer, mä si ass nach ausbaufäeg. An ech mengen, Dir sidd mat mer d'accord: E Floss kann een net an zwee deelen. Et kann een net déi eng Halschent propper hunn an déi aner Halschent dreckeg. Et muss een also iwwert d'Grenz eraus zesummeschaffen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, wann een Drénkwaasser seet, muss een natierlech och Ofwaasser soen, wat e groussen Afloss a sech op d'Waasserqualitéit huet. D'Populatioun wäert an Zukunft, wéi ech et scho gesot hunn, ganz staark uwuessen. An den Zeenario vun 1,1 Millioun Awunner ass och schonn an der leschter Zäit méi dacks genannt ginn. Dëst geet net ouni adequat - an ech mengen, dat ass kloer - Ofwaasserinfrastrukturen.

Schonn haut hu verschidden Neibaugebidder - an et ass och virdrun ugeschwat ginn - musse gestoppt ginn, well d'Verschlechterungsverbuet iwwert d'Waasserqualitéit vun eise Flëss a Baache keng zousätzlech Verschmotzung méi toleréiert. Ben, punktuell Entschäerfung konnt hei nëmme fonnt ginn - an dat ass och da fir den Här Gusty Graas -, nodeems d'Ofwaassersyndikater SIDEN-SIDERO a SIDEST an enger ganz konstruktiver - wëll ech awer hei betounen - Zesummenaarbecht mat de verantwortleche Membere vun der Regierung d'Léisung vun de Fosses étanches, also Opfangbehälter ouni Iwwerlaf, festgehalen hunn.

Dës Behälter gi vun de Promoteure gebaut, si gi vun de Syndikater ausgepompelt an op deene besteeënde biologesche Kläranlage gëtt dat Waasser entsuergt, an dat bis natierlech dann eng definitiv Léisung gebaut ass. Dëst erméiglecht d'schnellt Ëmsetze vu PAPen, well mer soss géife riskéieren, datt d'PAPen dräi, véier Joer am Tirang leien. A wann een dann a sech um Wunnengsmaart gesäit, datt mer onbedéngt do musse virukommen, dann ass dat hei ganz sécher konstruktiv an déi gutt Richtung.

Dem zousätzleche Siidlungsdrock muss een awer definitiv och duerch méi effikass Prozeduren a méi finanziell Ënnerstëtzunge fir d'Gemengen am Ofwaasserberäich Rechnung droen. D'Anlagen, déi haut gebaut ginn, mussen der zousätzlecher demografescher Entwécklung vun den Uertschafte Rechnung droen. An der Vergaangenheet sinn d'Capacitéite vun den Anlage vu staatlecher Säit ze vill reduzéiert ginn. Dëst spiere mer elo scho vereenzelt do, wou aus verschiddene Grënn, wéi zum Beispill do, wou elo Flüchtlingsdierfer hikommen, nei Anlagen no e puer Joer a sech schonn ze kleng sinn.

Déi nei Philosophie vun der Regierung, fir vill kleng Kläranlagen dezentral amplaz eng grouss zentral ze bauen, verstäerkt leider dës Problematik. Hei gëtt net de Gewässerschutz, mä den Urbanismus un éischter Stell gesinn. Eleng dës Décisioun wäert an den nächste Joren nach vill Problemer maachen.

Doriwwer eraus ginn d'Ufuerderungen un d'Oflafwäerter och ëmmer méi streng. Net nëmmen, datt fir d'Erreeche vum gudden Zoustand vun eise Gewässer d'Waasserwirtschaftsverwaltung d'Parametere Stéckstoff a Phosphor am Auslaf vun de Kläranlagen extrem verschäerft huet, d'Gemengen an d'Syndikater musse sech och nach doriwwer eraus mat anere Phenomeener ofginn, mat deene sougenannten - dat Wuert ass och scho gefall - Mikropolluanten. Dëst sinn haaptsächlech Réckstänn vu Medikamenter, vun Hormonen, vu Pestiziden oder äänleche Substanzen, déi schonn a ganz klenger Quantitéit zu Problemer kënnen am Waasser féieren.

Déi dezentral Kläranlagepolitik, verbonne mat méi Ufuerderungen un dës Anlagen, féiert onweigerlech zu méi héijen Investissementer fir d'Gemengen an ass och konträr zu enger optimaler Ofwaasserrengegung. An all dës Erausfuerderunge fir d'Zukunft kaschten esou d'Gemenge méi Geld. Duerfir ass et net ze verstoen, datt grad elo un der Schwell vun der Opbrochstëmmung - esou kann een dat scho soen - déi staatlech Hëllefe fir d'Ofwaasser drastesch erofgesat ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Aly Kaes *(CSV).*- D'Ausso, datt et jo nach 50% Subsid ginn a 50% duerch den

Amortissement erakommen, ass zu dësem Moment ganz einfach falsch. Dës Iwwerleeung kann dann eréischt gezu ginn, wann den éischten Investissement landeswäit gemaach ass an déi nei Bauwierker schonn amortiséiert ginn.

Zu dësem Moment ass de Besoin u Gelder am Ofwaasserberäich esou héich, jo, esou héich wéi nach ni. A grad zu dësem Moment dréint d'Regierung de Geldkrunn zou, an domadder och d'Méiglechkeet fir d'Gemengen, sech adequat fir d'Zukunft ze equipéieren.

De Problem weist sech awer net nëmmen am Investissement, mä och am Entretien a virun allem am Amortissement. Wann een d'Berechnung vum reelle Waasserpräis, dat heescht ouni Deckelung, mécht, da kënnt ee bei ville ländleche Gemengen, wann all d'Infrastrukture gebaut sinn, op e Präis vun ongefeier 15 Euro, pro Meter Kibb gutt verstanen, eleng fir d'Ofwaasser. Wann een dann nach d'Waasser derbäihëlt, da kënnt een iwwer 20 Euro/m³. Dëst ass praktesch dat Fënneffacht vun deem, wat haut gefrot gëtt.

An ech brauch Iech net ze soen, wéi dann d'Restanten-État vun de Gemengen ausgesinn! Dëst trëfft d'Gemengen am ländleche Raum ganz besonnesch. A mat der geplangter territorialer Finanzreform vum Innenminister sinn dës Gemengen zweemol gebeidelt.

Mir bleiwen derbäi, datt d'Waasser keng administrativ Grenze kennt an d'Solidaritéit, déi mer brauche fir propper Baachen, keng Iwwerschwemmungen an héichwäertegt Drénkwaasser net Halt virun engem fairen a solidaresche Waasserpräis fir d'Land ka maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Presidentin, d'Regierung huet de 5. August d'Reform vun der Waassergesetzgebung déposéiert. E groussen Deel vun den neien Dispositioune si begréissenswäert, well se albekannte Fuerderunge vun den Akteuren aus dem Waasserberäich Rechnung droen; esou zum Beispill eng Erhéijung vun der Unzuel vun den Tariffsecteuren, déi bis elo op dräi limitéiert waren. Dëst erméiglecht ënner anerem eng spezifesch Tarifikatioun fir den Horesca-Beräich.

Doriwwer eraus begréisse mer och d'Prise en charge vu bis 100% fir Pilotprojeten oder fir d'Recherche. Dat ass positiv, well dëst an der Vergaangenheet op d'Syndikater zréckgefall ass.

Am grousse Ganze gëtt an dësem Gesetzesprojet den Akzent op d'Adaptatioun vu verschiddene Prozedure geluecht, déi sech an der Vergaangenheet als inkohärent erwisen hunn, an et kënnt zu enger Ëmverdeelung oder, besser gesot, Reorientéierung vun de staatleche Bäihëllefen am Beräich vum Waasser. Dës Entwécklung riskéiert awer, wéi gesot, dramatesch Konsequenze fir d'Ofwaasser ze kréien.

Madamm Presidentin, ech wëll nach kuerz op ee Punkt agoen, deen am neien Text steet an deen eng Verbesserung vun de Prozedure sollt duerstellen.

Mir fannen et positiv, datt Mesuren, déi am Beräich vum Ofwaasser musse getätegt ginn, an Zukunft och ënnert de Statut vun der Utilité publique falen, esou wéi dat haut schonn de Fall ass bei Moossnamen am Beräich vun der Drénkwaasserversuergung, der Renaturéierung vun de Waasserleef oder bei de Waasserschutzzonen.

A wann dës Mesure och absolutt luewenswäert ass, esou wäert et awer schlussendlech net vill derzou bäidroen, datt blockéiert Dossieren, wou Propriétairen hir Terrainen net wëllen hierginn, séier weidergedriwwe kënne ginn, wann net och gläichzäiteg - an och dat ass schonn ugeschwat ginn - d'Gesetz iwwert d'Expropriatioun vun 1979 komplett amendéiert gëtt. Doriwwer eraus brauche mer an deene wéinegste Fäll eng Expropriatioun, mä vill méi eng Legaliséierung vun de Servitudërechter. Hei ass also nach e grousse Chantier, deen onbedéngt parallell muss ugepaakt ginn.

Et gëtt awer och Punkten an dësem Gesetz, déi eis guer net esou gutt schmaachen. Bei de staatleche Bäihëllefen am Beräich vum Ofwaasser gesäit de Projet de loi Strofen a repressiv Mesurë vir am Fall, wou Gemenge respektiv Ofwaassersyndikater mat hirer Ofwaasserstruktur an hire Kläranlagen net konform zu de Reglementer schaffen.

Derbäi kënnt nach, datt méi oder manner héich penal Sanktioune kënne gesprach ginn, an dëst dach awer och heiansdo fir ganz harmlos Verfeelungen. Zum Beispill gesäit d'Gesetz beim Akraafttrieden direkt eng ondifferenzéiert Strof vun 1,5 Euro/m³ fir eng net adequat Klärung vu méi wéi engem Drëttel vun der Schmotzfracht vun der Gemeng vir. Och wann een amgaangen ass, hei seng Hausaufgab ze maachen am Ofwaasserberäich, da gëtt dat a kenger Hisiicht berücksichtegt. Dobäi weess ee jo, datt een esou Anlagen net am Supermarché ze kafe kritt, mä datt se eng länger Geneemegungs- a Bauphas hunn.

Et ass och ze bezweifelen, ob dës contraignant Mesure wierklech d'Zilsetzung vun der Regierung erreecht. Ech ginn Iech nach en anert Beispill:

Eng vun de Mesuren ass et, d'Taxe de rejet vun 0,16 Euro/m³ op 1,74 Euro/m³ ze erhéijen am Fall vun Netkonformitéite beim Traitement vum Ofwaasser. Och wann dës Approche aus der Optik vum Prinzip vum Pollueur-payeur nozevollzéien ass, esou menge mir, datt dës Mesure net vill Gemengepappen a -mamme wäert iwwerzeegen, am Beräich vum Ofwaasser op hirem Territoire méi aktiv ze ginn, well de berechente Präis beim Ofwaasser haut scho bei 3,5 Euro/m³ läit an zukünfteg, wéi scho gesot, ëm 15 Euro/m³ läit, wann d'Anlagen all gebaut sinn. Dat ass alles berechent ginn.

Déi Leit soe sech ganz einfach, datt et méi bëlleg ass, 1,74 Euro ze bezuelen, wéi massiv a käschtenintensiv Ofwaasserinfrastrukturen ze investéieren, déi à long terme d'Gemengebudgete massiv belaaschten. Mir hätten eis gewënscht, datt een eng positiv Approche gewielt hätt an déi Gemenge belount hätt, déi an der Vergaangenheet grouss Efforten am Beräich vun den Ofwaasserstrukture getätegt hunn.

Mä de Contraire ass de Fall, eell déi Gemengen, déi an der Vergaangenheet wierklech Efforte gemaach hunn, fir d'Dossieren ze preparéieren, déi Syndikater, déi fir hir Gemengen dës Efforte gemaach hunn, déi gi ganz schlecht belount! Well am Projet de loi steet, datt spéitstens zwielef Méint nodeem datt d'Gesetz gestëmmt ass, wann net bis dohinner d'Ausschreiwung vun deene respektive Bauwierker war, wann een och 90%, 75% oder och nach 65% zougeschwat kritt huet, da falen dës op 50% zréck; 50% vun engem Forfait. An der Realitéit sinn dat awer keng 50% vum Käschtepunkt, mä ongefeier 30% vum Käschtepunkt.

Ofschléissend, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ass festzestellen, datt de Projet eng ganz Rei gutt Usätz huet, déi awer wéineg Äntwerten op déi verschidden technesch a wirtschaftlech Froe vum Waassersecteur ginn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

D'Drénkwaasser gëtt net als extrem schützenswäert Liewensmëttel agesat, mä ze liicht fir aner Zwecker agesat. D'Reewaasserproblematik gëtt nach ëmmer ze eesäiteg ugepaakt a kritt duerfir am Public net dee richtege Stellewäert.

D'Renaturéierungs- an Iwwerschwemmungsmoossname kréien zwar - dat ass richteg - méi finanziell Mëttel, d'Fro vun der Ëmsetzung bleift awer onbeäntwert. D'Kompetenzen tëschent Stat a Gemenge sinn net kloer definéiert.

De Waasserschutz bedeit och Aschränkung. Mä wéi kann een dës gerecht kompenséieren, wa se eenzeg an eleng um Réck vun eiser Landwirtschaft ausgedroe gëtt?

D'Ofwaasser ass d'Stéifkand ganz kloer vum Projet de loi, well d'Regierung wierklech, nodeems mer d'Enn vun den aktuellen EU-Strofen an dësem Beräich virun Aen hunn, déi positiv Entwécklung an dësem Beräich stoppt. Dat ass ganz einfach eng Fro: Wëllt d'Regierung dat wierklech stoppen? Weider Oplagen, manner finanziell Mëttelen a vill méi eenzel dezentral Kläranlage si Problemer, déi eis an der Zukunft ganz vill wäerten ze schafe maachen. Leider goufen awer keng weider Méiglechkeeten ageraumt, fir Retarden opzeschaffen am Ofwaasserberäich.

D'Simplification administrative, jo, Madamm Minister, ass an dësem Projet de loi inexistent.

Schlussendlech gëtt de Gemengen an de ganze Froen ëm d'Waasser kee Matsproocherecht ageraumt, mä par contre gëtt hinnen déi voll Verantwortung zougeschoustert, woubäi d'Ufuerderungen am Ofwaasserberäich, wéi gesot, an d'Luucht geschrauft an d'Moyene ganz einfach reduzéiert ginn.

Beim Asaz vun de Mëttele fir d'Héichwaasserbekämpfung an de Waasserschutz, jo, do ass de Wëllen no Solidaritéit do.

Nun, ech kann Iech nëmme soen, duerfir muss ganz kloer fir mech dës Solidaritéit och beim Waasserpräis spillen: en eenheetleche Waasserpräis, deen ouni d'Gemengegrenzen un de Bierger verrechent gëtt. 300 a méi Waasserpräisser fir dëst Land wor, ass a bleift inakzeptabel!

An ech schwätzen hei a mengem eegenen Numm. Et féiert fir mech kee Wee laanscht den Eenheetswaasserpräis an dësem Land, och wa verschidde Gemengen dat net wouer wëllen hunn an dës Regierung net wëllt driwwer schwätzen.

Erlaabt mer nach, an deem Sënn eng Motioun vun der CSV ze iwwerreechen, déi hei an déi richteg Richtung geet, Här President. Wann ech gelift! A gläichzäiteg soen ech da Merci fir d'Nolauschteren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- sachant que la distribution de l'eau potable de qualité a un coût de revient non négligeable auquel s'ajoute celui de l'assainissement;

- rappelant le principe de la répercussion du coût des services liés à l'utilisation de l'eau sur les consommateurs en application du principe pollueur-payeur;

- constatant que les coûts d'investissement en matière de services liés à l'utilisation de l'eau tendent à accroître le prix facturé aux consommateurs finaux;

- constatant des différences importantes du coût de l'eau entre les communes en milieu rural et celles en tissu urbain;

- rappelant que l'eau est un facteur de production essentiel en agriculture, horticulture et viticulture et que les milieux agricole et viticole voient l'existence de leurs exploitations menacée par l'évolution du prix de l'eau, auquel s'ajoute souvent un coût élevé de la taxe de canal selon les communes d'installation;

- constatant que certaines mesures prévues dans le projet de loi 7047 modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau vont accroître sensiblement le prix de l'eau;

- rappelant qu'en effet le projet de loi 7047 prévoit entre autres de réduire le taux de participation étatique pour les projets d'assainissement de 90% à 50%;

- constatant encore que la réforme sur les finances communales, si elle contient quelques éléments positifs qu'on peut, pris individuellement, accepter, risque néanmoins de désavantager de nombreuses communes rurales;

- constatant que selon l'orientation des plans sectoriels une commune risque de voir ses moyens d'expansion réduits;

- constatant dès lors que les réformes et modifications susmentionnées risquent de porter sérieusement préjudice aux communes rurales et mettent à mal le principe de la solidarité;

invite le Gouvernement

- à engager avec tous les acteurs sur le terrain des discussions sur le prix de l'eau, coût de l'assainissement compris, en tenant compte des répercussions e. a. de la réforme projetée sur les finances communales mais aussi de la possibilité d'évolution que les plans sectoriels laisseront en définitive aux communes;

- à rechercher des solutions tendant vers plus de solidarité et d'équité entre les différents utilisateurs de l'eau sur le territoire national.

(s.) Aly Kaes, Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Claude Wiseler.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kaes. Ech hunn do och déi Regel ugewannt, déi sech virdru bewäert huet, dass den Här Kaes konnt d'Motioun virstellen an hien och, mengen ech, fir d'CSV matgeschwat huet. Voilà! Dat gesot, géif ech d'Wuert un d'Madamm Cécile Hemmen ginn.

Mme Cécile Hemmen *(LSAP).*- Merci, Här President. Erlaabt mer unzefänken, andeem ech dem Här Gusty Graas Merci soe fir dës Interpellatioun zu deem dach extrem wichtege Sujet, wat d'Waasser ass. Ech soen Iech näischt Neits, wann ech Iech nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Waasser eng liewenswichteg an eng liewensnoutwendeg Ressource ass. Si ass liewensnoutwendeg souwuel fir de Mënsch, dee proppert Drénkwaasser brauch, wéi awer och fir d'Flora an och fir d'Fauna, déi an an och ronderëm d'Baachen, d'Flëss, d'Dëmpelen an och d'Séie liewen.

D'Waasser ass eng Ressource, déi nëmmen an enger begrenzter Quantitéit zur Verfügung steet an déi sech och nëmme lues vum selwe regeneréiert, wa se bis verschmotzt ass. Et ass dofir och d'Aufgab vum Stat a vun de Gemengen, fir dës Ressource ze schützen a Regelen opzestellen, fir dass jiddwereen Accès zum Waasser huet, ouni awer dass et zu enger Iwwernotzung kënnt, jo souguer zu Abusen.

Zu Lëtzebuerg si mer laang Zäit éischter noléisseg mat dëser Ressource ëmgaangen an d'Ëmsetzung vun der Direktive-cadre iwwert de Schutz vum Waasser ass zimlech lues an och mat vill Verspéidung virukomm. Mir hunn dës Retarden och haut nach ëmmer net ganz opgeholl.

E Bild vum Zoustand vun eise Quellen an Uewerflächegewässer kann ee sech maachen, wann een den zweete Bewirtschaftungsplang vum Lëtzebuerger Deel vun den internationale Flossgebietseinheiten Rhäin a Maas méi genau liest. D'Zäit ass hei natierlech ze kuerz, fir elo am Detail dorobber anzegoen, mä ganz kuerzgefaasst muss ee soen, dass mer dat grousst Zil vun der EU-Politik, fir e gudden Zoustand vun eise Gewässer ze erreechen, bis elo leider nach ëmmer verfeelen. Insgesamt ass den Zoustand vun eise Gewässer net gutt.

Mir mussen also nohuelen, wat mer an deene vergaangene Jorzéngte verpasst hunn. Gläichzäiteg ginn et awer och Entwécklungen, déi zousätzlechen Drock op eis Gewässer maachen.

Engersäits weisen d'Etüden, dass et zu Lëtzebuerg méi Nidderschlag gëtt wéi fréier. Dat erëm dréit derzou bäi, dass mer méi oft mat Iwwerschwemmungen ze kämpfen an och ze rechnen hunn.

Anerersäits wiisst eis Bevëlkerung, anerersäits wiisst awer och eis Ekonomie. An dat bedeit, dass d'Leit méi Waasser brauchen an och méi Waasser verschmotzen. Et bedeit awer och, dass mer méi Fläche brauchen, fir elo Stroossen ze bauen oder awer aner Transportweeër ze versigelen.

Derbäi kënnt natierlech awer och de Logement, deen ebenfalls ëmmer méi Gréngfläch verbraucht. Et muss eis dofir an deenen nächste Joren onbedéngt geléngen, aneschters ze bauen, fir de Flächeverbrauch an d'Versigelung net einfach esou virunzedreiwen.

Industrie a Landwirtschaft hunn awer och e seriöen Impakt op d'Qualitéit vun eise Gewässer. Mir stinn also virun enger ganz grousser Aufgab, wa mer trotz all deem Drock d'Qualitéit vun eise Gewässer op deen Niveau wëlle bréngen, deen d'Directive-cadre vun der EU virgesäit.

Et ass awer net esou, dass nach näischt geschitt wier. Mir mussen allerdéngs eng Rei vu Strategië méi konsequent ëmsetzen a virun allem méi séier virukommen. Dat neit Waasserschutzgesetz, dat der Chamber säit Kuerzem virläit, geet jo och an déi Richtung.

Als Éischt musse mer natierlech d'Waasserverschmotzung reduzéieren. Doriwwer ass jo och elo schonn hei bei menge Virriedner geschwat ginn. Dat gëllt souwuel um Niveau vun der Industrie, vun der Landwirtschaft oder och vun de Privatpersounen.

Bei de Betriber musse streng Kontrollen derfir suergen, dass gefeierlech Substanzen net an d'Waasser kommen. D'Sanktioune fir d'Betriber, déi dat net ganz eescht huelen, mussen einfach ofschreckend ginn.

Mat der Landwirtschaft muss et eng ganz enk Zesummenaarbecht ginn, well d'Baueren, déi maache sech och zu Recht Suergen, dass si ëmmer méi Oplage kréien, déi et hinne schwéier maachen, fir rentabel ze schaffen. Sou Oplage sinn awer leider Gottes noutwendeg an et gi jo och entspriechend Indemnitéiten, och wann dat net den Haaptbut soll sinn. An dësem Dossier hänkt sécher villes dovun of, wéi ee mateneen schwätzt an och, wéi ee mateneen ëmgeet. D'Bauere mussen als Partner an dëser Saach behandelt ginn a si däerfe wierklech net all gudden Dag un de Pranger gestallt ginn, wéi wann - wéi ganz dacks behaapt gëtt - si aus Béiswëllegkeet emol géifen d'Emwelt einfach esou vergëften!

Et muss een zum Beispill wëssen, dass, wann engem Bauer säin Terrain ganz oder och nëmmen zu engem Deel an engem ausgewisene Waasserschutzgebitt läit, da kritt e scho seng Moossnamen ënnerbreet. An dat si Moossnamen, un déi e sech dann och ze halen huet an déi dann och a säi Parzellepass enregistréiert ginn. An dee Pass, dee gëtt jo bekanntlech vun der zoustänneger Instanz, der Unicol, regelméisseg kontrolléiert.

Interessant sinn awer och déi ganz fräiwëlleg Agrarëmweltmoossnamen, déi de Bauer kann ergräifen, fräiwëlleg kann ergräifen, wéi zum Beispill mam Zwëschefruuchtbau op deene Felder, wou hien dat da virgesäit. Dëst si Moossnamen, déi scho vu ville Bauere suivéiert ginn, mä wou ee vu villen aneren nach kéint erwaarden, dass se deem gudde Beispill géifen nogoen.

Alles an allem gëtt et och héich Zäit, dass mer einfach en aneren Emgang mat de Pestizide kréien. Och dovunner ass hei jo scho geschwat ginn.

D'Verlängerung ëm 18 Méint vun der Zouloossung vum Glyphosat gouf vill diskutéiert. Et ass trotzdeem wéineg Zäit, fir valabel Alternativen auszeschaffen. Wann elo de Glyphosat definitiv vum Marché géif geholl ginn, da wieren domadder och leider nach ëmmer net all Pro-

blemer geléist. Et ass eng Aarbecht vu Fachleit, fir Mesuren auszeschaffen, fir insgesamt den Asaz vu Pestiziden esou staark erofzesetze wéi méiglech an och Best Practices um Terrain ëmzesetzen, fir dass d'Belaaschtung vun de Biedem ka reduzéiert ginn.

Ausklamere soll een dobäi och net d'Privatleit, déi oft a ganz dacks guer net vill Sachkenntnis hunn an an hire Gäert nach ëmmer monter Pestiziden asetze wëllen.

Nieft der Vermeidung vu Pollutioun bleift awer och nach den Assainissement vu Brauchwaasser e ganz wesentlecht Element. Grad an deem Punkt steet och Lëtzebuerg net gutt do. Dat ass bekanntlech eng traditionell Gemengekompetenz an et gëtt grouss Ënnerscheeder, wéi wichteg dass eenzel Gemengen dës Aufgab an der Vergaangenheet geholl hunn. Lëtzebuerger Haushalter sinn zwar zu ronn 96% un eng Kläranlag ugeschloss, mä vill vun dëse Kläranlage sinn technesch vereelzt a si erfëllen hiren Zweck méi schlecht wéi recht.

D'Tatsaach, dass de Stat fréier 90% vum Invest iwwerholl huet, konnt eng Rei Gemengen allerdéngs och net iwwerzeegen, fir sech intensiv mat hire Kläranlagen ze beschäftegen. Sou wéi etappeweis d'EU-Direktiv zu Lëtzebuerg ëmgesat gouf, ass eng nei Dynamik an dësen Dossier erakomm. Gemengen, déi bis dohinner wéineg Efforte gemaach hunn, hu ganz kloer ugekënnegt kritt, dass dat net ëmmer esou géif weidergoen. Trotzdeem sinn d'Efforten awer nëmme ganz lues ze spiere gewiescht. Et huet éiweg laang gedauert, bis all Gemeng hir Dossieren iwwert d'Infrastruktur, d'Waasserinfrastruktur fäerdeg hat, obwuel d'Reglement vun 2002 dräi Joer fir dësen Exercice virgesinn hat.

Lëtzebuerg ass dann och wéinst der Netëmsetzung vun der EU-Direktiv um Punkt vun der Kläranlag veruerteelt ginn a muss Strof bezuelen; dat ass jo bekannt. De Stat dréit also zum Deel d'Konsequenzen, wa Gemengen hir Verflichtungen net iwwerholl hunn.

Une voix.- Bravo!

Mme Cécile Hemmen *(LSAP)*.- De Projet de loi iwwert d'Waasser, deen eis zanter Kuerzem virläit, versicht et dofir mat enger anerer Approche. Amplaz d'Gemengen ze belounen, déi sech un d'Gesetz halen, sollen an Zukunft déi Gemenge méi deier musse fir hir Taxe de rejet bezuelen, déi hir Aufgab net korrekt erfëllen. Dat soll da vläicht en Ureiz ginn, fir dass déi Gemenge sech a Konformitéit setzen.

Et ass och kee Widdersproch dozou, dass d'Kläranlagen an Zukunft nach just mat 50% vum Stat wäerte subventionéiert ginn. Dat ass eng Entwécklung, déi fir d'Gemengen ofzegesi war, well de Stat eigentlech scho méi laang guer keng Subventioune méi dierft ginn.

D'LSAP hält et awer fir noutwendeg, dass dës Ënnerstëtzung net ganz ewechfält, well d'Gemenge jo awer all d'Infrastrukturkäschte fir d'Waasser mussen iwwert de Waasserpräis un hir Bierger weiderginn.

D'Waasser ass e Grondnarungsmëttel, wat fir all Bierger muss accessibel bleiwen. Dofir war d'LSAP och fir eng Deckelung vum Waasserpräis an de Gemengen, wou de käschtendeckende Präis ze héich wier. Trotzdeem ass et vertrietbar, dass et tëschent de Gemengen Ënnerscheeder gëtt an dass déi, déi matzäit an hir Waasserinfrastruktur investéiert hunn, hire Bierger och e liicht bessere Präis kënnen ubidden.

D'Reduktioun vun de Bäihëllefe fir d'Kläranlagen ass keng Spuermoossnam op Käschte vun de Gemengen. Staatlech Finanzhëllefe gi just aneschters verdeelt. Verstäerkt gefërdert gi sollen d'Investitiounen an den Héichwaasserschutz, Renaturéierungsmoossnamen an och innovativ Projete fir de Waasserschutz. Dat alles ass dréngend noutwendeg, well mer eis Ziler net erreechen, wann ëmmer nëmmen de Minimum gemaach gëtt. Mir mussen en echte Sprong no vir maachen an derfir suergen, dass déi bescht verfüügbar Technologien zu Lëtzebuerg kënnen agesat ginn.

Als Beispill wéilt ech déi Kläranlagen nennen, déi eng zousätzlech Klärstuf hunn, wou och Pestiziden a Medikamenter kënnen erausgefiltert ginn. Laut dem zweete Bewirtschaftungsplang gouf et do iwwert déi lescht zwee Joer e Pilotprojet. A vläicht huet d'Madamm Minister och virgesinn, fir eis herno eppes méi doriwwer ze soen.

Am Detail kënne mer iwwer all déi Saache jo och nach schwätzen, wa mer an der Chamber un deem neie Gesetzesprojet wäerte schaffen.

Ech wéilt awer och nach kuerz un e Gesetz erënneren, dat mer viru Kuerzem hei an der Chamber gestëmmt hunn: Ech schwätze vum Ausbau vun der Anlag vun der SEBES. Dëse Projet wäert eis net nëmmen nei Drénkwaassercapacitéiten zur Verfügung stellen, mä mir maachen och hei e qualitative Sprong bei der Opbereedung vum Drénkwaasser.

Rezent Problemer mat der Waasserqualitéit vum Stauséi, ob dat elo Pestizide wéi de Metazachlor oder Bloalge sinn, halen eis virun Aen, wéi ofhängeg mir vun dëser Drénkwaasserquell sinn. Et ass extrem wichteg, dass mer eng modern an och eng zouverlässeg Opbereedung vum Drénkwaasser kënne garantéieren, fir d'Vertraue vun de Leit an eist Krunnewaasser ze erhalen. Et ass jo awer ganz normal, dass jiddweree sech Froe stellt iwwer eist Drénkwaasser, wa mer gesot kréien, dass emol keen Hond méi dierft Waasser aus dem Stauséi saufen!

Iwwerhaapt ass d'Informatioun an d'Sensibiliséierung vun de Bierger zum Thema Waasser e ganz wichtege Punkt. An och nëmmen, wann all Akteuren - also de Stat, d'Gemengen an och d'Konsumenten - un engem Strang zéien, hu mer eng Chance, fir eis Ziler ze erreechen. Dës Koordinatioun muss beim Waasserwirtschaftsamt leien an och vun do aus gesteiert ginn. Mir mussen dem Thema Waasser méi eng grouss Bedeitung ginn an domat där zoustänneger Verwaltung och wann ech gelift déi néideg Moyenen zur Verfügung stellen, déi se dréngend brauch!

Vläicht kéint ee sech och un der Entwécklung am Energieberäich inspiréieren. Do ginn et iwwert déi lescht Jore jo grouss Veränneerungen ze mellen. Et gi Campagnë fir méi e spuersamen Ëmgang mat der Energie zum Beispill, et ginn Informatiounen, et gi Berodungen an et ginn och finanziell Ureizer, fir méi eng grouss Energieeffizienz ze erreechen.

Am Beräich Waasser kéint een et jo och vläicht äänlech maachen. Den Aspekt Waasser ass zwar am Klimapakt mat dran, mä et hëlt een dat awer kaum wouer no baussen. Dobäi wier dat dach e ganz flotte Kader, fir no baussen ze weisen, wat eng Gemeng zum Beispill an deem Beräich leescht. Et wier gutt, wann d'Rubrik Waasser méi staark do géif erauskommen, wa se méi staark géif ervirgestrach ginn an d'Gemenge mat Hëllef vun engem harmoniséierte Schema zum Beispill Informatiounen iwwert d'Waasserversuergung an den Assainissement misste public maachen.

Wann dës Informatiounen zum Beispill liicht zougänglech an och vergläichbar wieren, wier d'Chance dann net och gebueden, dass eng Diskussioun an der Gemeng doriwwer géif entstoen? Et gëtt jo och an de Gemenge jeeweils e Klimateam, wou d'Bierger matschaffen. A wann de Sujet Waasser automatesch mat um Ordre du jour steet an déi néideg Informatiounen dann och virleien, kritt dee Sujet automatesch och méi Opmierksamkeet.

Leit, déi sech an esou Kommissiounen engagéieren, kéinten zum Beispill och ganz wichteg Multiplicateure ginn, wann et drëms geet, fir d'Konsumverhale vun de Bierger ze veränneren. Ech géif hoffen, dass dësen Effekt an Zukunft net nëmme fir d'Reduktioun vum Energieverbrauch, mä och fir e besseren Ëmgang mat der Ressource Waasser kéint genotzt ginn.

An aus där Iwwerleeung eraus, firwat net mat der Iddi spillen, fir nieft dem Klimapakt och e Waasserpakt an d'Liewen ze ruffen?

Ech soen Iech e grousse Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Hemmen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Merci, Här President. A Merci dem Gusty Graas fir déi flott Initiativ, fir dass ech haut och kann da mäi Pefferkär zum Waasser bäileeën.

Waasser, d'Quell vun all Liewen, dat ass kloer. Ouni proppert Waasser kann een net liewen an duerfir musse mer dat Waasser schützen!

Ech probéieren, Iech haut e bëssen op eng Rees matzehuelen a véier Etappen, vun der Oberfläch bis op de Fong. Déi Iddi ass mer komm, well ech amgaang sinn, e Buch ze liesen, ech sinn net grad fäerdeg: „Das Buch vom Meer". Et spillt an Nordnorwegen, de Morten A. Strøksnes huet et geschriwwen, an et geet ëm zwee Männer, déi eng laang Frëndschaft verbënnt. Deen een ass Fëscher a si wëllen en Äishai fänken, dee 400 Joer al ass. Si sinn uewen um Waasser a si hunn eng Schnouer, déi geet bis ënnen erof op 350 m Déift. An dee Wee wëll ech elo mat Iech goen.

Op der Uewerfläch, der éischter Etapp, ech mengen, do hu mer d'Drénkwaasser. Et ass e kostbart Gutt, et ass rar, an et ass ëmsou méi rar, wann eng Naturkatastroph oder Äänleches wéi op Haiti grad déi Liewensgrondlag zunichte mécht. Mir sinn eis net ëmmer bewosst a mir respektéieren net ëmmer dee Virdeel, dee mer hunn zu Lëtzebuerg, vu propperem Drénkwaasser. Dee läit awer an der Kompetenz och vun de Gemengen.

Zweet Etapp, da kommen ech zum Ofwaasser. Nëmmen een Deel vun deem Waasser, wat mir all Dag notzen, dat brauche mir fir d'Liewen, fir ze drénken, fir ze kachen. Dat sinn 2% bis 3%. De Rescht, een Drëttel, dat ass fir Hygièneszwecker, en aneren Drëttel, dat ass eis Toilettëspülung. An do kënnt och dat grousst Ofwaasser hier.

Virdrun ass et ugeschwat ginn - den Här Kaes ass elo grad net do -, mä d'Économie circulaire kéint do och Weeër opweisen, an zwar wéi ee Waasser ka spueren, wéi ee grad do kann usetzen, fir bei deem Deel, deen an der Toilettëspülung ebe verbraucht gëtt, och de Waasserverbrauch ze reduzéieren. Och d'Ofwaasser ass eng Kompetenz vun de Gemengen. Ob et elo eng grouss Gemeng ass oder eng kleng Gemeng, do sinn all d'Gemengen d'selwecht kompetent, och d'selwecht an der Flicht, fir u sech do unzepaken.

Déi drëtt Etapp, do kommen ech op d'Iwwerflächegewässer, dat sinn d'Baachen an d'Flëss. Déi hunn en direkte Lien mat der zweeter Etapp, an zwar mat dem Ofwaasser, well dat gekläertent Waasser jo duerno an eis Baachen an an eis Flëss kënnt. Et ass e Liewensraum fir vill Déieren- a Planzenaarten an awer och deelweis eng Drénkwaasserquell, well d'Iwwerflächewaasser vum Stau genotzt gëtt als Rohwasser, fir duerno opbereet ze ginn.

De Schutz vun den Iwwerflächegewässer ass och noutwendeg. Eis Baache si keen Dreckstipp! Do si mer awer all gefuerdert, net nëmmen d'Anrainer, d'Betriber, d'Landwirtschaft an d'Gemengen natierlech och.

Ech ginn der Saach op de Fong an der véierter Etapp. Ech kommen elo bei d'Grondwaasser zu Lëtzebuerg. An 100 bis 150 m Déift zape mer dat un ënner eise Féiss. Ganz Lëtzebuerg steet drop als Belaaschtung an ass domat och an der Flicht, derfir ze suergen, dass d'Drénkwaasser (veuillez lire: d'Grondwaasser) propper bleift. Leider ass et an engem chemesch katastrophalen Zoustand. Do ginn ech herno nach eng Kéier drop an.

Éischt Etapp, also d'Drénkwaasser. D'Wuesstumsdiskussioun bréngt jo mat sech, dass ee sech freet, ob mer iwwerhaapt genuch Drénkwaasser hunn, ob mer en Enkpass an der Versuergung kréien, an der Quantitéit respektiv och an der Qualitéit. Dorop ginn ech méi spéit an.

Fir d'Éischt d'Quantitéit: Mir hu jo hei zesummen am Summer nach de Projet SEBES votéiert, e Gesamtprojet iwwer 166 Milliounen Euro, fir grad d'Capacitéit ze erhéijen. An dat, kombinéiert mat der Économie circulaire an der Iddi vum Waasserspueren, mengen ech, bréngt et mat sech, dass mer iwwert déi nächst Joren och do keen Enkpass kréien.

D'Qualitéit ass deen zweete Vecteur. Ass déi garantéiert? Hu mer net ze vill héich Nitratwäerter an eise Gemengequellen, déi grouss an déi kleng Gemengen? Majo, dat stëmmt. Mä do gi jo zesumme mat der AGE an dem Ëmweltministère - an et muss ee jo och soen, dass elo d'AGE emol erëm an den Ëmweltministère zréckkomm ass, dat war eng laang Fuerderung och vun deene Gréngen -, ënnert der Leedung vun der AGE an a Kooperatioun mat de Waasserbedreiwer och de Waasserschutz, d'Drénkwaasserschutzgebidder ausgewisen. D'Zuel an d'Prozedur hu meng Virriedner schonn eng Kéier beschwat, ech ginn do net weider drop an.

Ech wëll awer ganz gär nach eng Kéier ervirsträichen: Déi Kooperativ vun de Baueren, LAKU, um Stau do uewen, ass genau déi richteg Richtung, déi muss ageschloe ginn. Mat de Bewirtschafter zesummen, mat Berodung, Hëllefstellung, Methodik an och Entschiedegunge komme mer den Drénkwaasserschutzgebidder méi no. Duerfir ass och am Waasserfong extra virgesinn, dass och eben d'Agrikultur ka vun deene Gelder aus dem Waasserfong profitéieren.

A ganz gutt Erfahrungen hunn domat d'Stadtwerke München gemaach, säit iwwer 20 Joer, säit 1992, mat der Biolandwirtschaft an hire Schutzgebidder. Och do kommen ech méi spéit nach eng Kéier drop zréck. Dat kann och fir Lëtzebuerg e Modell sinn.

Hu mer net ze vill Pestiziden? Sinn eis Normen net ze héich? Läit et dodrun? Jo, Lëtzebuerg huet ganz streng Grenzwäerter. An déi gréng sinn der Meenung, dass Pestiziden am Drénkwaasser nun emol guer näischt verluer hunn.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- An duerfir - méi spéit ginn ech nach eng Kéier dorop an - mussen do och Mesuren ergraff ginn, wat d'Waasserschutzzonen ugeet.

De Waasserpräis ass virdru vu mengem Virriedner ugeschwat ginn. Et ass eng Motioun hannerluecht ginn. A stelle mer eis vir, mir hätten e Waasserpräis vu 7,5 Euro de Kubikmeter. Ass deen elo ze deier? Wou bleift dann do de sozialen Aspekt, kann ee sech jo froen. Jo, 7,5 Euro de Kubikmeter, dat ass méi wéi déi meescht Gemengen am Moment froe vläicht. Nach sinn net all d'Gemengen op de Wee gaangen, dass se e käschtendeckende Präis hire Bierger, Betriber an de Bauere verrechnen. Si mussen awer an déi Éierlechkeet kommen, souwuel déi grouss wéi och déi kleng Gemengen. An do ass ze kucken, ob do déi kleng Gemengen net heiansdo och Virreider sinn, fir grad déi do Mesure korrekt ëmzesetzen.

Wat maachen elo 7,5 Euro aus? Dat sinn dausend Liter Waasser. Heibanne si jo och e puer Kolleegen a Kolleeginnen, déi Dokter sinn an déi ganz sécher de Leit géife roden: „Ma fir déi 7,5 Euro kritt Der op de Kapp u sech quasi all Dag dräi Liter Drénkwaasser, drénkt dat, et ass gutt fir Är Gesondheet. An domat leit Der an där Norm, déi u sech ëmmer propagéiert gëtt, och vun der Gesondheetsministesch."

Wann dogéint awer ganz vill Leit op Mineralwaasser am Plastik zréckgräifen an am Glas, da wësse mer jo alleguerten, dass dat sécherlech honnertmol méi kascht wéi d'Drénkwaasser. Den Numm „Drénkwaasser"" kënnt nun emol dohier, dass een dat drénke kann! Ech maachen dat och scho säit bal 50 Joer an ech mengen, dat huet mer net allze vill geschuet.

Reduktioun vum Verbrauch: Do muss ee jo oppassen, nëmmen 2% bis 3% hu jo och mat dem Drénken a Kachen ze dinn. Do kéint een also nach ganz vill reduzéieren, ouni net méi kënne proppert Waasser eben dann ze drénken. Ech denken un d'Toiletten, Spuertastenarmaturen, duschen ampla an d'Bidde goen an esou weider an esou fort, d'Waasser an de Spullmaschinnen. A loosst de Reen dach nëmmen den Trottoir botzen, dann ass och schonn erëm e bësse Waasser agespuert.

Ech komme bei déi zweet Etapp, bei d'Ofwaasser. An ech mengen, ech muss déi aner Etapp e bësse méi kuerz faassen, well soss geet et mat der Zäit net eraus.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, fuert virun.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Jo. D'Kläranlage kaschten d'Gemengen also d'Aen aus dem Kapp. An elo ginn och nach d'Subventioune gekierzt. Wou ass do d'Logik? Ma ech mengen, ech hunn et virdru scho gesot, de käschtendeckende Waasserpräis beinhalt net nëmmen d'Fraisen am Ordinären, wat d'Waasser an d'Ofwaasser kaschten, mä och d'Infrastrukturkäschten. An elo kann et natierlech net esou sinn, dass mer eent zu eent déi Infrastrukturkäschten, déi do de Leit mat verrechent ginn, net fir Waasser- a Kanalinfrastrukturen notzen, mä fir Centres culturels an Äänleches ze finanzéieren. Do muss eng gewëssen Éierlechkeet och hikommen!

Da muss een och eng zweet Saach dozou soen, zu de Kläranlagen: Do si mer jo Jorzéngten hannendran, obwuel d'Subventioune ganz héich waren an deem Beräich. Mir si jo 2013 och veruerteelt ginn zu zwou Milliounen Euro Strof, zu enger Astreinte vun 2.800 Euro den Dag!

Zwou Kläranlage méi grouss wéi 10.000 Einwohnergleichwerte waren do net direkt en ligne ze kréien. Eng ass aus de Féiss geholl ginn, dat ass déi vu Bouneweg, déi ass ugeschloss säit dem Mee vun dësem Joer. Et ass nach eng zweet, déi ënnerwee ass - an den Aly Kaes war jo och mäi Virriedner a kennt deen Dossier ganz, ganz genau vum SIDEN -, déi wäert elo mengen Informatiounen no eben 2018 konform sinn.

Da wäerte mer also als Land Lëtzebuerg, bis alles konform ass, siwe Milliounen Euro op den Dësch geluecht hunn, u sech fir eppes net ze hunn! An dat, menger Meenung no, eiser Meenung no, hätte mer eis kéinte ganz einfach spueren! Trotz héije Subventioune ware mer also an deem Dossier net „on track".

Ech iwwersprangen eppes. Ech kommen zur drëtter Etapp, d'Iwwerflächewaasser. D'Qualitéit ass schlecht vum Waasser an de Baachen. Et gëtt jo bal keng Fësch méi, Molchen, Kriibsen an esou weider si ganz rar, vill Baache sinn an engem Bëtonskanal gefouert, et gëtt keng Duerchgängegkeet méi, d'Morphologie ass schlecht. Jo, den Zoustand vun eise Baachen, deen ass méi schlecht ginn, an zwar nach méi schlecht gi wéi beim leschte Monitoring 2009, wou mer nach 7% an engem gudden Zoustand haten. Dat war och keng enorm Trefferquot. Elo sinn et der just nach 2%. 2015 ass de Bilan gemaach ginn.

Wann ech de chemeschen Zoustand vun de Gewässer kucken, dann ass keng Baach méi, kee Floss méi an engem gudden Zoustand an duerfir hänken déi Strofe vun der EU wéi en

Damoklesschwäert iwwer eisem Kapp. An ech mengen, et ass just nach eng Fro vun der Zäit, wéini et erofrasselt, wéini mer och fir den Zoustand vun eise Baachen a Flëss wäerten zur Keess gebiede ginn.

Et sinn awer Mesuren ënnerwee, et sinn Iddien do, an zwar am Bewirtschaftsungsplang vun der Wasserrahmenrichtlinie, déi iwwer 300 Säiten déck ass, wou zesumme mat dem Hochwassermanagment-Risikoplang 850 Mesuren dra sinn, déi deelweis kombinéiert sinn. Do gëtt et Iddien, déi mussen ëmgesat ginn. Do si mer alleguerte gefuerdert, déi um Baachlaf druleien, siefen et natierlech d'Gemengen, siefen et d'Propriétairen, sief et awer och d'Landwirtschaft, siefen et d'Privatleit an hir Gäert an esou weider an esou fort.

Ee klengt Wuert wëll ech nach eng Kéier soen zu eppes, wat grad mat der Héichwaasserproblematik ze dinn huet: An zwar den 22. Juli, do hate mer jo dat schrecklecht Onwieder an der Géigend Fiels, Reisduerf, Noumer, wou méi wéi 30 Liter op de Quadratmeter pro Stonn erofkomm sinn, dee Platzreen, deen net virauszesoe war. Et war wuel eng Alerte orange gemaach ginn. An nach eng Kéier vun dëser Plaz aus wëilt ech profitéieren, fir awer deenen Asazkräfte Merci ze soen, déi do iwwer 300 Asätz déi Nuecht gefuer sinn an och duerno nach, deen Dag duerno, fir opzeraumen, fir deene Leit, déi do an Nout waren, ze hëllefen.

Leider mengen ech, dass mer an Zukunft méi dacks mat esou Phenomeener wäerte konfrontéiert ginn. Duerfir musse mer och vun deem Plang, deen d'Héichwaasser ugeet, dee mer jo och als Gemenge virleien haten, wou mer och eis konnten erabréngen - wat och déi kleng Gemenge gemaach hunn, wëll ech och nach eng Kéier ënnersträichen -, da solle mer déi Mesuren elo och zesummen ugoen. An do ass jo d'Waassergesetz esou opgestallt, dass déi Mesurë méi héich subventionéiert ginn. An dovu sollte mer profitéieren. Déi Aarbechte si grouss, déi ginn net vum selwen, si ginn och net kuerzfristeg. Mä dofir muss een elo ufänken.

Wa mer do net alleguerten eng Hand upaken, ech mengen, da kréie mer déi Problematik do net an de Grëff!

Ech kommen zur leschter Etapp, fir dass et eng Punktlandung gëtt, zum Grondwaasser. Ech ginn also der Saach op de Fong. Ech ginn awer net ganz bis op de Fong, mä just bis op 150 m Déift, an zwar do, jo, wou mer déi meescht Grondwaasserbuerungen elo am Moment hunn, déi u sech d'Waasser erophuelen, fir dass mer et kënnen als Drénkwaasser erëm eng Kéier notzen.

De Lëtzebuerger Sandsteen, dat ass jo bekannt, an eis vill Bëscher, dat ass dach dee beschte Schutz, dee mer hu fir eist Grondwaasser. Wou ass dann iwwerhaapt elo de Problem? Jo, eist Grondwaasser huet meeschtens ganz gutt Nitratwäerter, dat ass ee Vecteur, well d'Filterfonctioun vum Bësch, Buedem a Stee fonctionnéiert.

Dofir waren och eng Partie Gemenge ganz uerg erféiert ginn, wéi se an de Kontrollanalysen no dem Virfall um Stau 2014 emol hir Drénkwaasseranalysen op Pestizide préife gelooss hunn, op Metazachlor, Metolachlor an op déi Ofbauprodukter vun dëse Pestiziden. Do hu se da festgestallt op Quellen, oder net op Quellen, op Grondwaasserfaassungen, déi kee Problem mat Nitratwäerter haten, dass do d'Pestizidwäerter absolutt iwwert der Limitt louchen. An duerno hu se missen opwendeg Zousazinfrastrukturen dohinnerbauen, wou dann op eemol de Kubikmeter Waasser huet misse mat 50 bis 80 Cent de Kubikmeter eben opbereet gi mat Filteranlagen. Dat heescht, mir hunn also hei e Problem, an do solle mer dru schaffen, well soss kascht eis dat ganz einfach Suen, vill Suen.

A wann ech de chemeschen Zoustand vum Grondwaasserkierper kucken, an et si ganz vill Kaarten, déi een erëmfënnt an deem Plang - hei ass deen -, dann ass alles rout oder ganz vill rout! Méi wéi zwee Drëttel vum Lëtzebuerger Grondwaasserreservoir sinn a schlechtem chemeschen Zoustand.

(M. Gérard Anzia montre une documentation.)

A firwat ass en an deem schlechten Zoustand? Ma ganz einfach: wéinst Pestiziden. Déi si leider déi Kéier awer an der Landwirtschaft festzemaachen, an do musse mer dru schaffen, ouni elo de schwaarze Péiter engem zouzespillen. Dat ass einfach just e Fakt, dass do e Problem virläit.

A wat kënne mer do maachen? Ma ganz einfach, do gëtt et awer Beispiller vun anere Géigenden, déi genau déiselwecht Problematik scho méi laang erkannt hunn, an zwar huelen ech do d'Beispill vun de Stadtwerke vu München. Déi weise fir mech oder fir déi gréng do de Wee. Si beliwweren 1,5 Millioune Leit. Déi hunn eng Drénkwaassercapacitéit pro Dag, déi duebel esou héich ass wéi fir ganz Lëtzebuerg. An déi hunn e Programm opgesat, an dat säit iwwer 20 Joer, an zwar genau säit 1992, an zwar e grondwaasserfrëndleche Bewirtschaftungsprogramm vun hire Faassungsgebidder, dee se mat der Landwirtschaft zesumme gemaach hunn. A mat Erfolleg hu se dat gemaach!

Dee Programm, dee berout op dräi Pilieren. Deen éischte Pilier: dass d'Bewirtschaftung erfollegt no de Regele vum ekologesche Landbau, also wirtschaften am Aklang mat der Natur, ouni Kunstdünger an ouni chemesch, syntheetesch Pestiziden.

Zweete Pilier: Berodung, Buedemmonitoring a Kontrolle vun der Biolandwirtschaft, ob dat och fonctionnéiert, wat u sech ausgemaach gi war.

Déi drëtt Saach: Förderung mat Primmen natierlech, fir den Ausfall ze kompenséieren, fir de Méiopwand ze kompenséieren, a mat laangfristege Verträg iwwer 15 Joer vun dem Waasserbedreiwer. De Landwirt huet awer d'Méiglechkeet, éischter erauszeklammen. Et ass also eng laangfristeg Bindung, déi de Waasserversuerger ubitt. De Bauer kann also laangfristeg sech ofsécheren, wann en u sech seet: „A menger Methodik vun der Bewirtschaftung vun den Terraine ginn ech an eng aner Richtung." An dat ass gutt.

Biolandwirtschaft ass also en erprouftent Mëttel, fir d'Drénkwaasser ze schützen. An domat ass och nach en ekonomesch ganz gënschtege Vecteur ugaangen. An zwar hu si de Bilan gemaach: Et kascht honnertmol manner, iwwert déi dote Mesuren d'Drénkwaasser ze schützen, wéi wann ech mat Filtere muss noschaffen, wann ech d'Pestiziden a mengem Drénkwaasser dran hunn. An zwar hu si ausgerechent, an do hu si elo wierklech Erfahrung, dass dat en halwen Cent pro Kubikmeter kascht, déi Programmer, déi si do um Lafen hunn.

Ech kommen zum Schluss.

Une voix.- Très bien!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Ech hoffen, dass et gutt war. Ech hunn awer nach Zäit, fir meng Positioun zu der Motioun ze huelen. Duerfir hunn ech u sech... Här President, wéi vill Minutten hunn ech nach Zäit?

(Interruption)

Ech maachen dat net, keng Angscht!

Une voix.- Da misst Der schonn hannerzeg schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir hutt, wann Der elo zu der Motioun Stellung bezitt, nach véier Minutten.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Mäi Schluss, ech maachen e vill méi kuerz. Ech huelen déi Säiten net erëm eraus, déi ech iwwersprongen hunn.

Also op dëser Rees vun der Oberfläch bis erof an d'Déift vun dëser Thematik - ech sinn net ganz bis op de Fong komm, dofir ass d'Zäit awer net duergaangen -, hunn ech probéiert opzeweisen, dass all d'Akteuren hei am Spill sinn: d'Gemengen, d'Betriber, d'Privatleit an och d'Landwirtschaft. All déi Akteure si gefuerdert. An ech hunn och opgewisen, dass et Léisunge gëtt. Dofir, kommt, mir paken alleguerten un!

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Anzia. An dann huet d'Wuert den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll extra dem Kolleeg Gusty Graas Merci soe fir dës Interpellatioun, an där mer dat ganz komplext Thema vum Waasser behandelen: vum Waasser, wou et aus der Quell kënnt, bis et opbereet gëtt an aus dem Krunn erauskënnt, duerch de Kanal fortleeft, gekläert gëtt an dann iergendwann erëm an d'Natur, an d'Baachen zréckkënnt. Ech mengen, säin Tour, deen en hei gemaach huet, säin Iwwerschlag, dee war ganz gutt strukturéiert. E war, géif ech soen, komplett, an duerfir meng Félicitatiounen un de Gusty Graas fir déi gutt Interventioun.

Ech wëll an deenen zéng Minutten, déi mer zur Verfügung stinn, e puer punktuell Saachen eraushuelen. Dat Éischt ass d'Drénkwaasser. Ech mengen, d'Drénkwaasser, wat mer am Ableck hei am Land hunn, do muss ee soen: Am Duerchschnëtt hu mer eng gutt Qualitéit vun Drénkwaasser iwwerall am Land. Et ass net nëmmen d'Qualitéit, mä och bei der Quantitéit hu mer am Ableck keng Problemer.

De Pro-Kapp-Verbrauch ass erofgaangen, mä global ass de Verbrauch eropgaangen, doduerch datt d'Populatioun gewuess ass, doduerch datt d'Zuel vun de Leit, déi am Dag hei schaffen, och iwwert de Wee vun de Frontalieren eropgeet. Mir mussen eis also Suerge maachen a Gedanke maachen, wéi mer souwuel d'Qualitéit wéi d'Quantitéit och kënnen an der Zukunft garantéieren.

Wa mer vun deene Suerge schwätzen, da wëll ech direkt am Ufank soen, datt mer als ADR eis scho laang Gedanke gemaach hunn, an hoffentlech net eleng, iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg, de Wuesstum vu Lëtzebuerg. Wa mer haut vun 1,1 Millioun Awunner schwätzen, da beréiert dat all d'Beräicher. Ech soen ëmmer, dat geet vun der Crèche bis bei d'Morgue, alles wat dertëschent läit, an do fält och d'Waasser mat all senger Komplexitéit dran, dat do gebraucht gëtt.

An ech mengen, wa mer haut scho soen, mir mussen eis nei Gedanke maachen - mir hu wuel schonn elo gestëmmt, fir datt mer beim SEBES kënnen ausbauen, fir datt mer méi Reserven do kréien -, mä wa mer weider esou wëlle wuessen als Land, da musse mer eis och an dësem Domän eeschtlech d'Froe stellen: Wou huele mer quantitativ dat Waasser hier? A virun allem och qualitativ, wéi kënne mer dat garantéieren?

An dat ass meng éischt Fro, déi ech un d'Madamm Ministesch wéilt stellen, Här President, ob d'Regierung sech scho wierklech Gedanke gemaach huet, wa mer weider esou wuessen, sécherlech an allen Domänen, mä an dësem spezifeschen Domän, ob d'Regierung sech scho Gedanke gemaach huet, wa mer eng Kéier sollen an 30, 40 Joer bei enger Millioun oder iwwer enger Millioun ukommen, wa mer da wëssen, datt och d'Zuel vun de Frontaliere bei 400.000, 500.000 konsequenterweis misst leien, wou mer dann dat Waasser hierhuelen, wéi d'Qualitéit ka garantéiert ginn a wat och de Käschtepunkt ass vun deem Waasser, wat mer da brauchen.

Wa mer soen „d'Waasser, wat mer brauchen", dann ass et normal, datt mer duerno dann och bei d'Kläranlage kommen, well da mussen och eis Kläranlagen deementspriechend ugepasst ginn. A wann ech soen „Kläranlagen", da sinn dat net nëmmen d'Kläranlagen u sech selwer, mä da sinn dat d'Kollekteren, et sinn d'Réckstaubecken, et sinn d'Kanalisatiounen an den Uertschaften, an de Stied. Do musse mer enorm Investitioune maachen! An de Kolleeg Anzia, mäi Virriedner, huet elo grad hei gesot, datt mer Jorzéngten hannendra sinn. Mir investéiere bis 2021 1,5 Milliard oder 250 Milliounen d'Joer an d'Kläranlagen an alles, wat derzougehéiert zur Waassersanéierung. Dat ass eng enorm Zuel!

Mir hu viru 14 Deeg, oder virun enger Woch de Budget deponéiert kritt an de Finanzminister huet eis erkläert, datt mer als Land Rekordinvestitioune maachen. Mä da sinn dat Rekordinvestitiounen, déi mer musse maachen, well mer deelweis hannendra sinn an deelweis feststellen - net nëmmen hei bei de Kläranlagen, beim Waasser, mä op sämtlechen Infrastrukturen -, datt dee staarke Wuesstum, dee mer am Land hunn, am Fong eng enorm aner Säit vun der Medail huet, nämlech déi, datt mer net méi nokomme mat den Infrastrukturen, fir déi ze finanzéieren!

An dat huet sech jo am Statsbudget - mä dat wäerte mer am Dezember diskutéieren - niddergeschloen, datt mer trotz deem staarke Wuesstum, trotz Rekordinvestitiounen zënter 2003 bis haut mat engem Joer Ausnam am Statsbudget ëmmer Defizit hunn. Duerfir musse mer eis déi Fro stellen. Wa mer u Wuesstum denken a wann eis Regierung oder Parteie wëlle mordicus esou séier wuessen, da musse se awer och gläichzäiteg d'Äntwert ginn, wéi se d'Konsequenze vun deem Wuesstum wëlle finanzéieren.

Mir si schonn zu Bréissel condamnéiert ginn, well mer am Hannertreffe sinn. Mir hu missen 2,2 Millioune bezuelen a mir bezuelen elo schonn zënter dräi Joer 2.800 Euro den Dag, well mer am Hannertreffe sinn. Dat heescht, mir sinn hannendran a mir missten am Fong vir sinn, opgrond vun deem Wuesstum!

Ech wëll net weider op d'Kläranlagen agoen. Dat ass de Mëtteg genuch gesot ginn, wivill datt mer der hunn, wivill mechanescher datt mer hunn, datt mer nëmmen d'Halschent biologescher hunn, datt och déi biologesch Kläranlagen haut net méi alles eraushuele vun deem, wat an d'Ofwässer kënnt. An och do gesi mer, datt en immens groussen Nohuelbedarf besteet, fir déi aktuell Situatioun ze berengegen, ouni emol déi Investitiounen ze maachen, déi mer brauchen.

An och hei da meng zweet Fro: Ech hu virdru gesot, ob d'Regierung sech Gedanke gemaach huet, bei enger Millioun Awunner, wat dat bei der Waasserversuergung mat sech bréngt. Ech froen och, ob d'Regierung sech Gedanke gemaach huet, wat de Käschtepunkt ass an d'Konsequenze si fir d'Kläranlagen, mat allem, wat un de Kläranlagen drunhänkt, Réckstaubecken, Kollekteren, Kanalisatiounen, wat do vun Investitiounen op dëst Land zoukënnt, wa mer weider wëllen esou wuessen.

Mat deem Wuesstum hänkt natierlech och zesummen d'Zoubëtonéiere vum Land. Ech mengen, wann ee weess, wivill datt mer zoubëtonéieren... An am Ableck huet een esou d'Gefill, datt bei dëser Regierung se een Zil hätten an dat wier, praktesch d'ganzt Land zouzebëtonéieren. Iwwerall gëtt geschafft. Iwwerall gëtt gebaut. Iwwerall gëtt zersidelt.

An all Zersiidlung bedeit, datt mer d'Ofwaasser méi konzentréiert, méi séier duerch d'Kanalisatiounen a Flëss leeden, wat dann och zur Konsequenz huet, datt mer méi Iwwerschwemmunge kréien. A fir dann erëm déi Iwwerschwemmungsgebidder ze schützen, dat bedeit erëm zousätzlech Investitiounen, déi mer do musse maachen, fir datt net verschidde Géigenden hei am Land erdrénken.

Duerfir och do meng Fro, ob sech d'Regierung am Kader vun där Flächenzersiidlung, déi mer am Ableck hei maachen, och Gedanke gemaach huet, wat dat als finanziell Konsequenzen huet, wat mer do mussen als Stat an den nächste Joren investéieren.

A wa mer weider esou wëlle wuessen, wéi dat jo d'Zil vun enger Rei vu Leit schéngt heibannen ze sinn, da mussen déi Leit eis och Äntwerten op alleguer déi Froen do ginn.

Wa mer dann op där anerer Säit gesinn, datt ouni Ausnam kee Floss méi hei am Land ass - praktesch all eis Flëss -, wou ee ka soen: „Ma deen entsprécht wierklech den Topqualitéiten, wéi ee se sech misst vun engem Waasserlaf erwaarden", dann ass dat natierlech fir e Land wéi Lëtzebuerg, wat mer jo als esou e fortschrëttlecht, esou e räicht Land dohinnerstellen, en Aarmutszeugnis!

A wa mer dëser Deeg och driwwer geschwat hunn an den eenzelne Branchen, wat den Tourismus ubelaangt, datt mer méi misste maachen, fir Leit hei op Lëtzebuerg ze kréien, fir méi attraktiv als Touristenzenter ze ginn, an datt verschidde Géigenden - ech denken un d'Éislek, d'Musel, d'Sauer - virun allem soen, datt se Problemer an der Hotelleriesbranche hunn, a wa mer da soen, mir missten nach nei Saache maachen, fir ebe méi attraktiv ze ginn - an et ass jo eng ganz Palett vu Projeten, déi gemaach si ginn -, da soen ech Iech: Déi schlechtste Reklamm fir déi Géigenden ass, wann Der zu de Leit sot: „Dir däerft kee Fouss hei an d'Waasser setzen!" Dat ass déi schlechtste Reklamm, déi e Land sech ka maache fir den Tourismus!

An hei musse mer soen, hei hu mer klääglech versot! Dat huet mat deem Ganzen ze dinn, mat de Kläranlagen a mat allem, mat den Iwwerschwemmungsgebidder. A wa mer dat net an d'Rei kréien, da brauche mer och net méi hinzegoen an iwwert d'Attraktivitéit vum Tourismus ze schwätzen!

Här President, ech gesinn, mir sinn op néng Minutte gaangen. Ech wëll awer nach zum Schluss e puer Wuert iwwert den Eenheetspräis soen. Ech mengen, et ass eng Diskussioun, déi mer laang hei am Land gefouert hunn. Ech perséinlech si kee Favoritt, fir en Eenheetspräis anzeféieren. Ech soen Iech och, firwat.

Ech mengen, datt et Géigenden hei am Land ginn, déi net dicht besidelt sinn. Déi musse grouss Waassernetzer hunn an da pro Kapp, pro Awunner oder pro Fudder Waasser, wat se liwweren, relativ héich Investitioune maache vis-à-vis vun enger Stad, déi relativ déck besidelt ass a vill Leit huet, déi vill Waasser verbrauchen, a wou do d'Investitioun relativ vill méi favorabel ass pro Meter Kibb. Duerfir sinn ech der Meenung, datt do de Stat misst reguléierend wierken an deene Gemengen, déi eben op enger Landfläch sinn, datt déi misste méi finanziell ënnerstëtzt ginn an do en Ausgläich kréien.

Firwat sinn ech géint eng Solidaritéit tëschent de Gemengen? Ma Dir hutt Gemengen hei am Land, déi hu wierklech an hir Waassernetzer enorm investéiert. Enorm investéiert! Déi hu gutt Waassernetzer mat praktesch kenge Perten. A wann ee keng Perten huet, da kann ee selbstverständlech e bessere Waasserpräis presentéieren oder froen, wéi wann et Gemenge gëtt, déi iwwer Joren, dacks Jorzéngten näischt an hiert Waassernetz investéiert hunn.

A mir hu Gemengen hei am Land, deenen hir Fuitten an hire Waassernetzer, déi leie bal - ech nenne kee Prozentsaz -, mä et ass bal d'Halschent bei verschiddene Gemengen, déi ganz grouss Fuitten hunn. Mä et sinn awer och Gemengen, déi bei 20%, 30% leien, well hiert Waassernetz net an der Rei ass! An et kann awer net sinn, datt déi Gemengen, déi an hir Waassernetzer investéiert hunn an duerfir e gutt Waassernetz hunn, wat gutt Leitungen

huet, wat keng Fuitten huet, datt déi missten an engem Solidaritéitsbäitrag deene Gemengen hëllefen, déi am Fong iwwer Joren näischt an hiert Waassernetz investéiert hunn. Dat wier och net richteg!

Duerfir sinn ech der Meenung, datt dat sollt - wann eben do uerdentlech Kritäre sinn, a fir mech ass et e Kritär, wann eng Landgemeng vill Kilometeren huet mat wéineg Awunner -, datt de Stat dat sollt hëllefe kompenséieren, selbstverständlech ënner Oplagen: datt dann eng Gemeng awer och muss derfir suergen, datt hiert Waassernetz uerdentlech an der Rei ass a keng Fuitten do sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass eng grouss Diskussioun, déi mer musse féieren, wou mer eng enorm Aarbecht hunn a wou mer wäerten an deenen nächste Jorzéngten, souguer ouni staarke Wuesstum, enorm Ziffere mussen dran investéieren, fir deen dote Problem geléist ze kréien. Déi Leit, déi drop drängen, datt mer nach misste weider esou rapid wuessen, wéi mer dat am Ableck amgaange sinn, déi mussen eis déi zousätzlech Informatioun an Äntwert ginn, wéi se dat da wëlle finanzéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm an d'Wuert huet d'Madamm Ëmweltministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, léiwe Kolleeg aus der Regierung, als Éischt emol wëll ech dem Gusty Graas e ganz grousse Merci soen, dass mer no zéng Joer, wou hei an der Chamber net iwwert d'Waasser esou kloer debattéiert gouf - well déi lescht Interpellatioun, hunn ech gesinn, war vun engem vu senge Parteikolleegen 2006 -, dass mer no zéng Joer d'Geleeënheet kréien, dem Waasser esou vill Raum hei an dësem Haus ze ginn.

Eng zweet Geleeënheet wäert et sécherlech ginn, wa mer iwwert dat neit Waassergesetz debattéiere wäerten, wat jo haut an Är Rieden och scho ganz vill mat agefloss ass.

Ech wëll dann och alle Riedner e grousse Merci soe fir hir Beiträg an och soen, dass ech verschidden Ureegunge ganz gäre wëll mathuelen, wéi zum Beispill déi vu méi Sensibiliséierung, d'Saachen och vläicht méi entweder an de Klimapakt oder an aner Iddie mat anzebauen. Ech mengen, et gi scho verschidden Initiativen, esou wéi den „Drëpsi".

Mä ech mengen awer, dass mer wierklech am Beräich Waasser mussen d'Aen ophalen, dass mer alleguerten zesummen heibanne wëssen, wéi wichteg et ass, dass mer eist Waasser an e besseren Zoustand kréien.

Well wa mer d'Analys richteg maachen - an dat huet, mengen ech, jidderee gemaach -, da gesi mer, dass mer wierklech richteg vill Aarbecht hunn, wa mer déi wäertvoll Ressource Waasser wëlle fir künfteg Generatiounen erhalen, wa mer wëllen d'Ressource Drénkwaasser weider notzen a wa mer och wëllen eis Gewässer, d'Iwwerflächegewässer an d'Grondwaasser an deen Zoustand kréien, wéi se solle sinn. Wéi se solle si fir eis, awer och am europäesche Kader, deen eis Gott sei Dank, muss ech soen, hei e gudde Kader ginn huet, fir dass awer eng gewëssen Dynamik och hei zu Lëtzebuerg an de Waasserberäich erakomm ass.

Ech wëll och éierlech gesot net zréckkucken, well et kann ee lamentéieren, wat alles net geschitt ass, mä Politik ass do, fir an d'Zukunft ze kucken, fir d'Zukunft ze garantéieren. An dofir, mengen ech, ass et besser, dass mer vun der positiver Dynamik profitéieren, déi mer am Moment hunn, fir weiderzekommen am Waasserberäich.

Ech hat et bei der Virstellung vum Gesetz schonn eng Kéier gesot, eis Vue ass, méi preventiv ze schaffe fir e bessere Waasserschutz, méi cibléiert ze schaffen, well mer wëllen d'Gelder esou asetzen, dass mer méiglechst vill erreeche wäerten. A méiglechst vill erreechen, dat maache mer nëmmen, wa mer méi kooperativ ginn, wa mer jidderee mat am Boot hunn, wa mer partnerschaftlech mat der Landwirtschaft, mat de Gemengen, mat allen Akteuren a mat de Bierger schaffen un enger gudder Waasserqualitéit hei zu Lëtzebuerg. Dat soll eist Zil sinn an do zielen ech op Iech!

Et gouf an de leschten dräi Joer vill méi, och an der Effentlechkeet, iwwert d'Waasser geschwat, well et eng politesch Prioritéit ass, well och e puer Tëschefäll do waren, Onfäll do waren an d'Leit sech vill méi bewosst gi sinn, wéi wichteg et ass, dass mer och an Zukunft proppert Drénkwaasser hunn. An, wann eppes beim Stau virkënnt... An da wëll ech awer och eng Kéier op der Tribün hei begréissen eis ganz Mataarbechter vun der Waasserverwaltung, vum Ministère an awer och d'Leit vum SEBES, vun de Syndikater. Also ech mengen, Dir gesitt d'Wichtegkeet vun dëser Debatt och un eisen Zuschauer, déi alleguerten interesséiert nolauschteren, wat hei an dësem Raum gesot gëtt, wou et soll higoen.

Jo, an de leschten dräi Joer hu mer d'Gelder am Waasserberäich eropgeschrauft, an zwar massiv. Dat lescht Joer sinn 80,4 Milliounen Euro an de Waasserberäich gefloss. Dat ass esou vill wéi nach ni hei zu Lëtzebuerg! An am Duerchschnëtt waren et an dräi Joer 75 Milliounen Euro. Dat weist déi Dynamik, déi do ass, déi mer alleguerte kreéiert hunn, déi och d'Gemenge kreéiert hunn. Mir hunn d'Dossiere schnell deblockéiert, mir versichen, ëmmer méi Speed opzehuelen, fir dass mer dee gudden Zoustand zesummen erreechen.

An do wëll ech betounen, dass ech et wichteg fannen, dass jidderee seng Responsabilitéit huet, de Stat an d'Gemengen. An et ass an deem Sënn, wéi mer dat neit Waassergesetz definéiert hunn, dass jidderee muss mathëllefen. An en Ëmshifte kann net passéieren, wann ee seng Responsabilitéiten net dréit.

Une voix.- Très bien!

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- De Kader, an deem mer schaffen, an domat hat ech ugefaangen, ass en europäeschen. Mir hunn eng Wasserrahmenrichtlinie vun 2000. Mir hunn awer och eng Drénkwaasserdirektiv, déi eis Saache virgëtt, eng Ofwaasserdirektiv, eng Nitratdirektiv. Alles dat beaflosst natierlech eis Politicken. Mä mir beaflosse se och mat.

An ech si ganz frou, dass mer dëse Méindeg am Ëmwelt-Conseil Konklusiounen ugeholl hunn iwwer eng nohalteg Waasserwirtschaft. D'Slowaken hunn do vill geschafft op deem Dossier. An ech selwer hu mech och agesat a menger Ried, fir dass mer no 2027 - an dat war eng vun de Froe vum Gusty Graas -, wann deen nächste Bewirtschaftungsplang eriwwer ass, weider un héije Standarde festhalen, un enger héijer Qualitéit vun eise Gewässer an dass mer da musse weiderplangen an där Aart a Weis, wéi mer elo esou lues a lues gutt schaffen a wou mer gesinn, quitte dass d'Qualitéit net besser ginn ass, wou mer awer gesinn, dass mer méi Gewässer am mëttleren Zoustand hunn, soudass mer awer gesinn, dass verschidde Saachen, wéi punktuell Kläranlagen, wéi awer och Initiative mat der Landwirtschaft, an dat wëll ech hei betounen, dass déi wierken, wa mer se concertéiert ënnerhuelen.

Dofir lount et sech, och iwwert deen Zäitraum 2027 elo schonn erauszekucken a méiglechst schnell am nächsten oder iwwernächste Joer d'Preparatiounen ze maachen, dass mer kënnen den Dialog um europäesche Plang weiderféieren.

Ech kommen elo zu den eenzelnen Themen, déi hei vun den Deputéierten ugeschwat gi sinn. Fir d'Éischt emol zum Drénkwaasser. Dat, wat eist Liewe bedeit. Dat, wat och d'Basis vun eiser Wirtschaft bedeit, well ouni Drénkwaasser wäerte mer och keng wirtschaftlech Entwécklung hunn.

Jiddereen ass op d'Thema Quantitéit agaangen. Am Generelle musse mer eis iwwert d'Quantitéit mat dem Wieder, mat där Lag, déi mer hunn, jo keng gréisser Gedanke maachen. Mä mir gesinn duerch de Wuesstum: Jo, et gëtt méi Waasser gebraucht. Och wa mer den Duerchschnëtt erofkréien oder konstant gehale kréien an de Verbrauch duerch Spuermoossnamen erofschrauwen, esou ass et awer esou, dass mer eis musse bewosst sinn, dass mer zousätzlecht Waasser brauchen.

Dofir wäerte mer nach virum Enn vun dësem Joer déi Etüd, op déi schonn deen een oder aneren higewisen huet, déi iwwerschafft ginn ass mat deenen neisten Zuelen, déi wäerte mer nach virum Enn vun dësem Joer virstellen, fir dass mer herno keng Iwwerraschungen hunn, fir dass mer kënne kloer an Zukunft plangen an och kloer eis entscheeden, a wéi eng Richtung soll investéiert ginn. Ob et elo op der Musel ass oder op enger anerer Plaz, och dat musse mer envisagéieren.

Wichteg war och, dass mer dëst Joer d'Finanzéierungsgesetz gemaach hunn, dass dat hei an der Chamber ausgeschafft an traitéiert ginn ass an ugeholl ginn ass fir d'SEBES-Anlag. Well si wäert dozou bäidroen, fir d'Waasserquantitéit mat ofzesécheren.

Zousätzlech soll jo am neie Waassergesetz och d'Ofsécherung garantéiert ginn doduerch, dass d'Gemenge méi um regionale Plang sollen zesummeschaffen, wat grad am ländleche Raum wichteg ass. An do - an ech mengen, déi Moossnam gouf nach net gesot - solle jo och 50% Subside kommen, wou bis ewell nach keng waren. Also nach méi Ofsécherung vun eisem Drénkwaasser! Och dat ass en Element vun deem neie Waassergesetz, wat mer rezent virgestallt hunn an der Chamber a wat elo säi legislative Prozess wäert maachen.

Jo, an der Drénkwaasserversuergung, do gëtt et en Zweeklang. An ech mengen, de Gérard Anzia hat dee ganz gutt scho gesot, ech wëll et kuerz zesummefaassen: engersäits eng gutt Zesummenaarbecht mat deene Leit, déi um Terrain sinn, déi elo Schutzzone kréien, déi mer natierlech esou schnell wéi méiglech wëllen ausweisen, well do gouf et vill Versäumnisser an do musse mer schnell schaffen. Do brauche mer eng Zesummenaarbecht, eng Berodung iwwert d'Waasserversuerger, do huet och jidderee säi Rôle ze spillen.

An ech mengen, dat klappt super gutt do uewen um Stau, wou och elo schonn déi Kooperatiouun mat der LAKU ass, wou iwwer 60 Baueren dra sinn, wou ee muss soen, do sinn elo och 292.000 Euro eragefloss an dee Beräich, fir konkret Mesurë mat der Landwirtschaft ze maachen. An 2017 wäert dee Montant nach eng Kéier eropgoen, do sinn et näämlech 515.000 Euro, déi bereetgestallt gi vum Waasserfong, fir konkret Mesuren um Terrain ze maachen. Do soll elo kee soen, mir géifen dat net eescht huelen an net dat néidegt Geld dorannerstiechen, fir méi preventive Waasserschutz ze maachen!

Zousätzlech hu mer eis och d'Moyene ginn an deenen Zonen, déi elo schonn do sinn, fir Pilotprojeten ze maachen, an och an deenen Zonen, déi kommen, well et sinn der jo nach siwen ënnerwee, fir dass mer do Pilotprojete maachen, fir zum Beispill d'Landwirtschaft kënnen duerch Berodung ze begleeden. Eng Saach, déi virdrun net esou konkret virugedriwwe gouf.

Den Zweeklang: Nieft der Zesummenaarbecht brauche mer awer och ganz kloer Regelen, sief et an de Schutzzonen, sief et awer och, wa mer mierken, dass eppes national wichteg ass. Wann esou vill Gewässer an esou vill Drénkwaasser vu Metolachlor a Metazachlor verpescht ass, da musse mer et och fäerdegbréngen, kloer Regelen ze setzen. Dat hu mer hei gemaach.

A sollt dat nach eng Kéier de Fall sinn - den Här Graas hat dat gefrot -, jo, da wäert et mussen esou sinn, dass ee reglementaresch agräift, fir e preventive Schutz ze garantéieren, well et geet hei ëm eiser all Drénkwaasser. An do wäert et och esou sinn, dass nieft de Schutzzonen, wa sollt eppes néideg sinn, sécherlech agéiert gëtt.

E wichtege Baustee wäert awer sécherlech och nach de Pestizidenaktiounsplang ginn, well an deem Beräich ass et wierklech wichteg. Eng Solutioun kann d'Biolandwirtschaft sinn, de Gérard Anzia hat dat gesot. An deem Beräich ass et wierklech wichteg, dass mer net ee Mëttel duerch een anert ersetzen, mä duerch eng gutt Berodung herno drop kommen, dass mer eng aner Landwirtschaft kréien, déi d'Drénkwaasserqualitéit net a Fro stellt.

D'Zesummenaarbecht mat den Nopeschlänner gouf mehrfach ugeschwat. Och do si mer ganz aktiv. Muer zum Beispill ass eng Reunioun zu Arel op Mataarbechterniveau. Mir wëssen, dass do nach vill muss geschéien. Mä zanter Jore scho si mer awer, wat d'Waasser ugeet, a Waasserpartnerschaften, sief et am Musel-Saar-Beräich, dat heescht, an Europa schaffe mer zanter Joren zesummen, well d'Waasser kennt natierlech keng Grenzen. Mä et ass wéi heiheem och: Et gëllt, sech ëmmer weider fir Verbesserungen anzesetzen.

Den nächste Beräich, op deen ech wëll agoen, dee jo och vill diskutéiert gouf, dat sinn d'Kläranlagen. Ech wëll awer och net méi weider op déi Diskussiounen eigentlech agoen, well d'Cécile Hemmen hat total recht mat sengen Äusserungen. An de Gérard Anzia iwwregens och.

(Hilarité)

Une voix.- Très bien!

Mme Cécile Hemmen *(LSAP)*.- Zoufällegerweis.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Ech hu se allen zwee hei opgeschriwwen. 90% waren net Ureegung genuch...

(Interruption)

Yes! 90% waren net genuch Ureegung, fir dass mer haut konform sinn. Mir sinn eben ëmmer nach net konform, konform mat der europäescher Legislatioun, wou et ëm déi Kläranlage geet, déi iwwer 10.000 Awunnergläichwäerter hunn. Do ware sechs Projete viséiert, fënnef sinn der elo an der Rei. An 2018 wäerte mer dann och konform sinn.

Ech mengen, dass et hei wierklech och nëmme mat deem Zweeklang geet: engersäits en Ureiz schafen an anerersäits och kloer Regele setzen. Et gëtt eng Transitiounsperiod. Et sinn am Moment nach 26 Kläranlagen - vun deenen 92, déi am Moment an der Planung sinn, déi mussen ersat ginn, wou mer mechanescher ersetzen duerch biologescher -, et sinn der nach genau 26, déi hiren Dossier nach net agereecht hunn, déi also vun deem méi niddregen Taux dee Moment betraff wären. Well mir huele keen Taux, dee scho gesat ass, jo erof!

Et geet jo just drëm, dass mer dat, wat elo nach net do ass, dass mer deenen dann nëmmen nach 50% ginn. Wat awer och an enger Logik ass vun engem käschtendeckende Waasserpräis! Dat ass genau dee Beräich, wou mer Geld kënnen erakréien, wou d'Gemenge Geld erakréien. Déi sollen och erëm eent zu eent a Waasserinfrastrukture gesat ginn. Dofir ass dat Ëmshifte vum Budget och eppes, fir dass mer méi gemaach kréien an dass och en Incentive gesat gëtt.

Nom Aféiere vum Gesetz hunn, wéi gesot, déi Leit, déi elo concernéiert sinn - an ech denken, dass déi Gemengeresponsabel jo kucken, wat op se duerkënnt -, nach ee Joer Zäit, fir den Dossier anzereechen. Sollte se dat an där Zäit packen, an ech mengen, dass dat misst méiglech sinn, da misste mer do eng super Dynamik kréien. Een, dee sech net dorunner hält, deen hat dann an deem Sënn Pech. Mä ech mengen, méi schéi kann een engem jo awer och net schwätzen!

Da wollt ech op dem Här Gibéryen seng Froen agoen, mat senger Angscht, déi en huet, dass mer déi Saachen net ageplangt hätten, dass mer e Bevëlkerungswuesstum hätten. Also an der Etüd zum Drénkwaasser hu mer dat op jidde Fall gemaach. Ech kann Iech soen, dass am neie Bewirtschaftungsplang 1.269 Moossname sinn am Beräich Ofwaasser. Dat sinn der eng jett!

Dorënner sinn déi elo just erwäänten 92 biologesch Kläranlagen. Dorënner och méi grouss Kläranlagen, wéi zum Beispill Esch-Schëffleng, wou mer jo e Bevëlkerungswuesstum wäerten hunn, déi muss vergréissert ginn, wéi awer och d'Kläranlag Beggen, déi nach eng Kéier muss erweidert ginn. Dat heescht, mir hunn déi Saache schonn a Planung.

An dann - dofir muss ech elo hei eng Kéier kucken op meng Notten -, nieft dem Bau vun de Kläranlagen, hu mer awer och an eisem Bewirtschaftungsplang 350 Reeniwwerlafbecken, 110 Pompelstatiounen, 400 km Ofwaasserinfrastruktur. Alles dat an der Optik: Wéi entwéckelt sech d'Land? Well, wann een esou Bewirtschaftungspläng opstellt... Dofir gi se jo gemaach, fir dass een eng gewësse Previsibilitéit huet: Wat brauch een, wou musse mer schaffen? A fir dass d'Leit och wëssen, a wéi eng Richtung dass et geet.

Wichteg ass eben awer och nach eng Kéier, dass déi Gemengeresponsabel - an dat gouf och hei am Raum haut gesot - d'Trennung maachen tëschent Reewaasser an Ofwaasser an dass dat bescht Wëssen, wat mer haut schonn hunn, dass dat och bei der Ëmsetzung vum Bewirtschaftungsplang ebe vun deenen eenzelne Moossnamen dann och respektéiert gëtt.

An nach eng Kéier, fir kuerz op d'Interventioun vum Gusty Graas anzegoen: Jo, am neie Gesetz wäert et och esou sinn, dass keen neie PAP wäert kommen, wou d'Waasser ongekläert an d'Baach leeft. Well dat ass de Problem!

Et gëtt Solutiounen, an déi hate mer zesummen am Ministère mat der Waasserverwaltung a mat de Syndikater erschafft, wou mer gesot hunn: „Mir wëlle jo net d'Projete bremsen, mä mir wëlle Solutioune fannen, dass kee Waasser méi ongekläert an eis Baache leeft." An dofir gëtt et déi Solutioun, déi den Här Kaes och ernimmt huet. An ech mengen, dass dat eng ass, wou jidderee ka frou sinn, well si ass zäitlech begrenzt a mir garantéieren herno, dass den Zoustand vun eise Gewässer gutt ass. Wat awer och eng Normalitéit misst sinn a wat eigentlech vill ze spéit kënnt!

Jo, do wou Geld erakënnt, do geet et erof, do wou kee Geld erakënnt a wou grouss Gefore sinn, grad wa mer de Klimawandel kucken, do geet et erop! Mir gi méi aus fir preventiven Héichwaasserschutz, mir gi méi aus fir d'Qualitéit vun eise Gewässer, fir d'Renaturéierung, där hir Wichtegkeet jiddereen hei ervirgehuewen huet. Mir gi méi aus fir den Drénkwaasserschutz a fir d'Landwirtschaft, déi iwwerhaapt emol éligibel gëtt iwwert d'Waasserfournisseuren, dass se berode ka ginn!

Une voix.- Très bien!

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Jo, dat ass méi maache mat méi Leit, ouni awer de Budget ze sprengen. Well dorunner muss ee jo awer och denken! Mir musse jo och räsonabel schaffen. An ech mengen, dass Der dat an de Budgetsdebatte

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

wäert gesinn. Mir schrauwen insgesamt d'Geld erop, mir investéieren haut méi an d'Waasser a mir kucken, dat awer méiglechst cibléiert ze maachen. Dat ass eng Fro och vu Responsabilitéit vis-à-vis vun eis a vis-à-vis vun zukünftege Generatiounen!

Ech mengen, elo iwwersprangen ech hei en Deel. Voilà! Ech gesinn, dass hei scho Leit waarden. Da wëll ech elo zum Schluss kommen.

Ech wëll als Éischt menge Leit Merci soen, déi net nëmmen, wann et brenzleg gëtt an am Katastrophefall sech wierklech vill asetzen. Ech hunn eng immens engagéiert Verwaltung, déi esou munch kleng Katastrophe verhënnert. Dovunner kréie mer jo dobaussen ni eppes mat.

Ech wëll och menge Leit am Ministère Merci soen, déi eis hëllefen, déi politesch Entscheedunge responsabel weiderzedreiwen, an dann awer och de Syndikater an net zulescht wierklech de Gemengen an der Landwirtschaft.

Ech mierken, dass mer an deene leschten zwee Joer zesummen eng immens positiv Dynamik spieren um Terrain. Wa mer mat de Leit schwätzen, gesi mer, dass d'Bewosstsinn wiisst. D'Drénkwaasser ass en Thema, soll en Thema bleiwen. Dofir wäert ech mech asetzen. An ech wäert mech och asetzen, dass mer méi Partnerschafte kreéiere kënnen, fir méi Leit mat an d'Boot ze kréien a méi ëmzesetzen.

Wichteg ass et, dass mer an naturno Solutiounen investéieren, a gréng Solutiounen, déi Win-win-Situatioune sinn, déi manner kaschten, zum Beispill wéi d'Renaturéierungen, déi méi nohalteg sinn, déi och eppes fir de wierklech gudden Zoustand vun eise Gewässer maachen, déi awer virun allem och eppes fir eis maachen, an zwar den Héichwaasserschutz.

An ech hoffen, dass mer op déi partnerschaftlech Aart a Weis zesumme weiderkommen. Ech setze mech op jidde Fall dofir an an ech wëll lech all fir dëse Mëtteg e ganz grousse Merci soen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dann och der Madamm Minister. Ech mengen, mir soen dann de Leit dobaussen och alleguer Merci, déi eis nogelauschtert hunn.

(Hilarité)

Motion 1

A mir géifen dann zu der Ofstëmmung iwwert d'Motioun kommen.

(Brouhaha)

Ech mengen, et ass jo alles zu der Motioun gesot?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun iwwergoen.

An ech lancéieren d'Ofstëmmung. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. Non: 32; Oui: 25; Abstentions: 3.

Da géif ech zu eisem nächste Projet de loi iwwergoen, dem Projet de loi 6893 iwwert d'Unerkennung vun de beruffleche Qualifikatiounen. D'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här André Bauler.

8. 6893 - Projet de loi

1. relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles;

2. portant création d'un registre des titres professionnels et d'un registre des titres de formation;

3. modifiant

a) la loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire,

b) la loi modifiée du 31 juillet 1991 déterminant les conditions d'autorisation d'exercer la profession de pharmacien,

c) la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé,

d) la loi modifiée du 11 janvier 1995 portant réorganisation des écoles publiques et privées d'infirmiers et d'infirmières et réglementant la collaboration entre le ministère de l'Éducation nationale et le ministère de la Santé,

e) la loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales,

f) la loi du 14 juillet 2015 portant création de la profession de psychothérapeute

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

M. André Bauler *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mat dem Projet de loi 6893, deen den 19. Oktober 2015 déposéiert gouf, setze mer d'Direktiv 2013/55 vum 20. November 2013 an eist nationaalt Recht ëm. Et geet heibäi ëm d'Unerkenne vun de beruffleche Qualifikatiounen am Kader vum Zougang zu reglementéierte Beruffer. Dëst ass eng wichteg Viraussetzung, fir datt d'EU-Bierger net nëmmen an aner EU-Länner schaffe kënne goen, mä datt hir professionell Qualifikatiounen och do unerkannt an domat valoriséiert kënne ginn.

No der Direktiv vun 2005 wäert och dës Direktiv derzou bäidroen, déi administrativ Prozedure ronderëm d'Unerkenne vun de beruffleche Qualifikatiounen an den EU-Memberstaten ze vereinfachen an doduerch lues, awer sécher ze harmoniséieren. Dëst wäert derzou bäidroen, eise Bannemaart ze stäerken, andeems d'Länner op méi spezialiséiert Personal kënnen zréckgräifen, dat dann och gewëllt ass, de Schrëtt an d'Ausland ze woen, wa seng beruffleche Qualifikatiounen do geschat an unerkannt ginn.

Wéi geschitt dat konkret? Schonn d'Direktiv vun 2005 huet eng Rëtsch Mesurë virgesinn, fir d'Unerkenne vun deenen ënnerschiddleche beruffleche Qualifikatiounen ze vereinfachen an d'Vertraue vun de Länner an déi auslännesch Qualifikatiounen ze stäerken. Dëse Prozess gëtt duerch dës Direktiv weidergedriwwen. Esou gesäit d'Direktiv zum Beispill vir, datt d'Stagen, déi am Kader vun enger Beruffsausbildung gemaach goufen, an engem aneren EU-Land unerkannt musse ginn, soulaang d'Regele vun dem Pays d'origine respektéiert goufen. Och soll de System vun de sougenannten ECTS-Punkten, déi ee jo virun allem am Héichschoulberäich begéint, an Zukunft och an der Formatioun zu engem reglementéierte Beruff benotzt kënne ginn, fir eppes iwwert d'Dauer an d'Qualitéit vun der Formatioun auszesoen.

D'Méiglechkeet soll och geschaaft ginn, en Zougang zu reglementéierte Beruffer ze erlaben, och wann dee Beruff am Hierkonftsland net reglementéiert ass. Viraussetzung ass allerdéngs, datt ee bannent deene leschten zéng Joer op d'mannst ee Joer an deem Beruff geschafft huet.

Et kënnt och heiansdo vir, datt sech d'Beruffsbild vu Land zu Land ënnerscheet. An Zukunft muss een engem op d'mannst e limitéierten Accès zu enger berufflecher Aktivitéit ginn, och wann d'Beruffsbild an engem Pays d'accueil méi breet gefächert ass. D'Ausnam maachen allerdéngs d'Beruffer aus dem Gesondheetssecteur. Do kann een den Accès refuséieren.

D'Direktiv bréngt och weider Prezisiounen, wat déi noutwendeg Kontroll vum sproochleche Wëssen ubelaangt. Dës limitéiert sech nämlech an Zukunft op nëmmen eng offiziell oder administrativ Sprooch vum Pays d'accueil. Nom Principe de proportionnalité muss dës och räsonabel an dem Beruff ugepasst sinn.

Eng weider Innovatioun ass d'Méiglechkeet, eng sougenannt „carte professionnelle européenne" anzeféieren, déi eng temporär méiglech Mobilitéit vun de Bierger soll erliichteren a virun allem d'Prozedure ronderëm d'Unerkenne vun Titele vereinfachen a soumat den europäesche Prinzip vun der fräier Zirkulatioun vun de Persoune stäerke soll.

Zesumme mam Système d'information du marché intérieur, kuerz IMI, sollen d'Synergien an d'Vertrauen ënnert de verschiddenen Autoritéite weider gestäerkt ginn an double Emploi verhënnert ginn. Fir d'Leit besser ze informéieren, ginn och d'Points de contact nationaux, esou wéi se an der Direktiv vun 2005 virgesi waren, duerch Centres d'assistance ersat. Hir Roll besteet doranner, d'Bierger iwwert déi verschidde Méiglechkeeten opzeklären an hinnen esou déi administrativ Prozedur ze erliichteren.

Et gëtt och e Méchanisme d'alerte agefouert, deen den Informatiounsaustausch ënnert de verschiddenen Autoritéite soll förderen. An Zukunft sollen d'Autoritéiten näämlech net nëmmen op Ufroen aus dem Ausland äntwerten, mä och d'Méiglechkeet kréien, den auslänneschen Autoritéiten ze soen, wéi eng schwaarz Schof net méi dierfen hire Beruff ausüben. Ee Mécanisme d'alerte spécifique betrëfft souwuel Professioneller am Gesondheetsberäich wéi och d'Veterinären an d'Leit, déi mat Mannerjärege schaffen. Dëse Mechanismus betrëfft allerdéngs just Beruffer, zu deenen den Zougang reglementéiert ass. Dat wäert zu enger wesentlecher Verbesserung vum Konsumenten- a Patienteschutz bäidroen a weider d'Vertrauen ënnert de Länner stäerken.

Här President, souvill zur Direktiv. Elo kommen ech dann zur Emsetzung.

Wéi Der gesitt, bréngt dës Direktiv par rapport zu där leschter eng Rei Verbesserunge mat sech. D'Regierung huet och dofir entscheet, no beim Text vun der Direktiv ze bleiwen an deen esou trei wéi méiglech ze iwwerhuelen. Allerdéngs gesäit dëse Gesetzesprojet net nëmme vir, d'Direktiv ëmzesetzen, och gëtt dovunner profitéiert, fir eise gesetzleche Kader op verschiddene Punkten nozebesseren an ze prezisëieren.

De Gesetzesprojet gesäit och an deem Kontext d'Schafe vun engem Registre des titres professionnels an engem Registre des titres de formation vir. D'Donnéeën aus dem Registre des titres professionnels sollen och am Kader vun der Emissioun vun der Carte professionnelle européenne kënne gebraucht ginn. D'Aschreiwunge wäerten iwwert déi zoustänneg Autoritéite vum reglementéierte Beruff lafen. An de Registre des titres de formation kommen nieft den nationalen Diplomer och auslännesch Diplomer, soulaang si als gläichwäerteg zu deenen nationalen ugesi ginn.

Ech wéilt och drop hiweisen, datt dës Prozedur am Sënn vun der administrativer Vereinfachung an Zukunft net méi iwwert d'Commission des titres de l'enseignement supérieur leeft.

Fir verschidden Diplomer gesäit dëse Gesetzesprojet dann och eng Dispens vun der Homologatiounsprozedur vir. Am Sënn vun der administrativer Vereinfachung a fir alle juristeschen Onsécherheeten aus dem Wee ze goen, wäert och d'Unerkennungsprozedur fir verschidden Diplomer a Graden aus Drëttlänner opgoen. Ech wëll awer direkt drop hiweisen, datt dat net wäert fir all Qualifikatioune gëllen. Dës Ausdeenung wäert awer derfir suergen, datt Leit, déi vu méi wäit kommen an do hir berufflech Formatioun gemaach hunn, sech duerch eng Aarbecht méi séier kënnen an eis Gesellschaft integréieren.

De Gesetzesprojet wäert och derfir suergen, d'Prozeduren duerch eng besser Formulatioun zousätzlech ze harmoniséieren. Standardiséiert Formulairë sollen hiren Deel derzou bäidroen, déi ënnerschiddlech Texter méi kohärent ze formuléieren an doduerch d'Liesen an d'Verständnis vun den Texter ze erliichteren.

Här President, a sengem Avis vum 7. Juni 2016 huet de Statsrot fënnef formell Oppositiounen zréckbehalen, déi duerch en Avis complémentaire vum 15. Juli erëm opgehuewe goufen. Fir den Detail wéilt ech gären op de Commentaire des articles verweisen.A sengem zweeten Avis complémentaire iwwert déi parlamentaresch Amendementer hat de Statsrot keng juristesch Bedenke geäussert.

Dëse Gesetzesprojet bréngt also Veränneruge mat sech, déi den Zougang zu ville Beruffssparten uginn. Et verwonnert een dofir net, datt nieft de Beruffskummeren och vill aner Beruffsvertrieder hiren Avis zu dësem Projet ginn hunn. Et waren dëst, fir se ze nennen, de Collège médical, de Collège vétérinaire, den Ordre des architectes et ingénieurs-conseils, de Conseil supérieur de certaines professions de santé, d'Chambre des Notaires, d'Association nationale des infirmiers et infirmières an d'Commission nationale pour la protection des données. Ech wëll hinnen heimat Merci soen. Et gouf jo och duerch verschidde parlamentaresch Amendementer hire Bemierkungen oder Observatioune Rechnung gedroen.

Fir d'Detailer zu den ënnerschiddlechen Artikele géif ech awer gären hei op mäi schréftleche Rapport verweisen. Bedanke wëll ech mech och bei menge Kolleegen aus der Kommissioun, besonnesch der Presidentin an de Beamten, déi eis wäertvoll Prezisioune ginn hunn. Och der Madamm Merges an den Häre Lamesch a Kasel e grousse Merci bei der Redaktioun vun dësem komplizéierten, well dach awer ganz technesche Rapport.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn dann och heimat d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. Dann hunn ech den Här Wilmes op der Riednerlëscht stoen.

Discussion générale

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur, dem André Bauler, fir dee ganz kloren a komplette Rapport iwwer e ganz technesche Gesetzesprojet, e Gesetzesprojet, deen awer e ganz wichtegen ass, well en u sech e Beweis ass a Krisenzäiten, datt d'EU och kann eng richteg Plus-value fir hir Bierger sinn. Well hei geet et jo drëms, fir eng vun den Haaptgrondfräiheeten a Grondrechter vun der Europäescher Unioun ze stäerken, nämlech déi, sech kënne fräi an der Europäescher Unioun ze bewegen, also och d'Recht, fir kënnen an engem anere Land schaffen ze goen.

Fir datt dat méiglech ass, muss natierlech och kënnen e reglementaresche Kader existéieren, deen dat erlaabt. Dat ass elo geschitt iwwer verschidden Direktiven, notamment déi vun 2005. Hei ass elo eng weider Direktiv, déi déi ännert an déi mat dësem Gesetzesprojet a lëtzebuergescht Recht soll ëmgesat ginn. Ech brauch also elo net méi nach eng Kéier déi eenzel Punkten opzezielen, déi den Här Bauler gemaach huet.

Een dovunner ass awer, datt an Zukunft och kënne Formatiounen iwwerall an ECTSen, deenen europäesche Kredditer, gerechent ginn an ausgedréckt ginn.Dat ass e System, dee vun der Majoritéit vun den Universitéiten an Héichschoule benotzt gëtt, mä net vun en alleguerten. Et gëtt nach Héichschoulen, wou dat net de Fall ass, wou Formatiounen, wéi zum Beispill déi vum Psychotherapeut, a Stonnen ebe gerechent ginn.

Meng Kolleegin, d'Sylvie Andrich, hat der Gesondheetsministesch am Mäerz eng parlamentaresch Fro dozou gestallt, wéi et dann domadder ass, wann een esou eng Formatioun am Ausland mécht, déi eben nach a Stonne gerechent gëtt, an een dann op Lëtzebuerg kënnt, wou mer jo awer hei op der Uni ECTS-Kredditer hunn, wéi een dat da soll kënnen dee Moment ëmrechnen oder vergläichen. D'Ministesch huet deemools gemengt, datt esou en ECTS-Kreditt misst kënne 25 bis 30 Stonnen entspriechen, de manière générale.

Do wollt ech just vun Iech wëssen, Här Minister, ob Der déi Aschätzung vun Ärer Regierungskolleegin deelt. Op wat baséiere mer eis do genee, fir dat kënnen ëmzerechnen? A misst een net allgemeng esou en Ëmrechnungsschlëssel aféieren, souguer vläicht europawäit, fir datt een an Zukunft esou Formatiounen an déi Diplomer, wann déi och unerkannt sinn an eenzelne Länner, besser ka matenee vergläichen?

Mat dëse Froen un Iech, Här Minister, ginn ech dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Wilmes. D'Madamm Bofferding wann ech gelift.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Ech maachen dat vun hei aus. Als Éischt, Här President, wëll ech dem Rapporteur, dem Här Bauler, Merci soe fir seng zwee Rapporten. Hien huet eis grad a sengem mëndleche Rapport op eng dach verständlech Manéier en Iwwerbléck ginn iwwert déi Adaptatiounen an der Beruffsunerkennungsdirektiv. Et ass e ganz techneschen Dossier, awer e ganz wichtegt Gesetz.

Mäi Virriedner huet et scho grad ugedeit: Dëst Gesetz verkierpert u sech d'Iddi vun der Europäescher Unioun. Ee vun de Grondprinzipie gëtt heimadder garantéiert: eben dass d'Leit sech kënne fräi bewegen, dass mer eng oppen Unioun hunn. An dofir stëmme mer dësem Gesetz als sozialistesch Fraktioun och gären zou.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Bofferding. D'Madamm Loschetter wann ech gelift.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, mir géifen och als gréng Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, Här President, villmools Merci. Och vun eiser Säit aus en häerzleche Merci un den Här Bauler.

Ech mengen, hei ass eng ganz interessant Diskussioun, déi hei gefouert gouf. Den Här Bauler huet de Projet ganz gutt presentéiert. Verschidde Parteien hunn hir Meenung geholl. Keng Partei ass op en anere Problem agaangen, deen heimadder verbonnen ass: Dat ass dee sproochleche Problem.

Mir alleguer, och d'ADR, dat wëll ech ausdrécklech betounen, si fir de fräie Verkéier vun de Mënschen an der Europäescher Unioun. Och mir si fir d'Unerkennung vun auslänneschen Diplomer an derfir, fir et de Leit ze erliichteren, an anere Länner ze schaffen. Alles dat ass eng Selbstverständlechkeet.

Wat awer gradesou eng Selbstverständlechkeet muss sinn, dat ass, datt déi Leit, déi hei am Land wëlle schaffen, a besonnesch am Gesondheetssecteur, musse kënne Lëtzebuergesch schwätzen! An et ass keng Partei - all déi, déi an deene leschte Wochen esou salbungsvoll alt nees iwwer Lëtzebuergesch geschwat hunn, all déi, déi gesot hunn: „Mir mussen iwwer eng Charta iwwert d'Lëtzebuergescht schwätzen" -, net eng Partei, wann et drop ukënnt, ausser der ADR steet hei op a seet: „Majo déi Leit, déi hei am Land wëlle schaffen, a besonnesch am Gesondheetssecteur, ma déi si gebieden, mat de Patienten och op Lëtzebuergesch kënnen ze communiquéieren."

Soulaang dat net de Fall ass...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ass dat de Sujet vum Projet de loi?

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Soulaang dat net de Fall ass, Här Bodry... An ech mengen, datt Dir elo intervenéiert hutt, weist, wéi Dir zur Lëtzebuerger Sprooch stitt. Dir sidd a Wierklechkeet e Géigner vun der Promotioun vum Lëtzebuergeschen!

(Protestations)

Well dat ass näämlech de Corollaire...

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dat ass näämlech de Corollaire, Här President, vun der fräier Bewegung an der Europäescher Unioun. Dat ass, datt domadder och de Respekt verbonnen ass vun deene Patienten, mat deenen een ze dinn huet.

(Brouhaha)

A mir soen Nee zu Gesetzer, déi zwar e Prinzip aféieren, dee mer begréissen, näämlech déi Bewegungsfräiheet an d'Unerkennung vun den Diplomer, awer mir erwaarden, datt eng sproochlech Komponent dran ass. Et ass eng sproochlech Komponent an dësem Gesetz, an zwar eng, déi d'Lëtzebuergescht spezifesch ausschléisst, well dra gesot gëtt, datt déi sproochlech Kontrollen, déi virgesi sinn, sech limitéieren op Sproochen, déi en offizielle Charakter an der Europäescher Unioun hunn. Eppes, wat dës Regierung jo bis elo net realiséiert huet!

Dat gesot, mat Bedaueren, Här President, kënne mer dëst Gesetz also net ënnerstëtzen. Mir stinn zu eiser Linn, mä mir stëmme kee Gesetz, wou déi lëtzebuergesch Sprooch aktiv diskriminéiert gëtt. Dat ass hei de Fall.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir sinn um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Héichschoulminister, den Här Marc Hansen.

Prise de position du Gouvernement

M. Marc Hansen, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif op der éischter Plaz hei wëllen dem Rapporteur, dem André Bauler, Merci soe fir säin exzellente Rapport, deen dat mat där néideger Prezisioun, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, och haut gemaach huet. Dat erspuert mir et, fir nach eng Kéier op dee ganze Wee vun de Gesetzer, vun dem Emsetze vun der Direktiv ze goen, well, ech mengen, dat ass alles ganz kloer hei op dëser Plaz ernimmt ginn, an et steet och nach esou a sengem schréftleche Rapport.

Ech géif Iech wëllen e puer Informatioune mat op de Wee ginn, elo net, fir och nach eng Kéier de Kontext ze setzen, mä et sinn e puer esou Erscheinungen, déi och an dem Gesetz mat optauchen, déi awer d'Saach op administrativem Plang och e gutt Stéck méi einfach maachen, och fir déi Leit, déi hei am Land mat deenen dote Sujete konfrontéiert sinn.

Et kann ee soen, dass duerch deen Text hei nieft den nationalen Diplomer och Diplomer aus engem Land, mat deem mer en entspriechenden Accord hunn, d'office ageschriwwe ginn. An op dës Aart a Weis setze mer dann och eng Décisioun vun de Benelux-State vum 18. Mee 2015ëm. An dee Sujet gouf och viru Kuerzem elo nach eng Kéier vun deenen dräi Premieren hei zu Lëtzebuerg ënnerstrach.

Dee Benelux-Accord, dee gesäit vir, dass déi dräi Benelux-State sech dozou engagéieren, automatesch a géigesäiteg d'Bachelor- an d'Masterdiplomer aus dësen dräi Länner unzëerkennen, à condition natierlech, dass et sech ëm Diplomer handelt, déi an deem Land, wou se ausgestallt goufen, och offiziell unerkannt sinn.

Dësen Accord dréit da wesentlech zur Vereinfachung vun der Prozedurbäi. Déi Leit, déi dann zum Beispill e Bachelor- oder Masterdiplom aus der Belsch oder aus Holland hunn, brauchen also keng Demarchë méi ze maachen, fir hiren Diplom an eisem Regëster androen ze loossen. Dat hu mer am Moment op engem Accord mat de Benelux-Staten agefouert. Mir sinn awer och a Gespréicher, fir dat mat anere Länner hinzekréien. A soubal mer do nach esou Accorden hunn, ass dat natierlech och méiglech fir Diplomer, déi aus deene Länner kommen, déi och do unerkannt sinn.

Et bréngt och mat sech, dat ass och esou e klenge Punkt, deen ech awer wëll ernimmen, dass e puer Taxe méi déif gesat ginn, wat jo och eng gutt Saach ass fir déi concernéiert Studenten. Esou kann ee soen, dass déi eng oder aner Tax vun 125 Euro bis elo op 75 Euro wäert erofgoen.

Vläicht awer och, dat ass awer einfach eng interessant Informatioun, e puer Zuelen aus deene verschiddenen Unerkennungsprozeduren, fir dass een awer och weess, vu wat fir enge Saachen een hei schwätzt:2015 goufen zum Beispill 3.170 Titelen an de Registre des titres am Héichschoulberäich agedroen. 193 Demandë goufe refuséiert, well déi concernéiert Diplomer net vun den zoustännegen Autoritéiten aus deem Land, wou se eben ausgestallt goufen, als Diplom vun hirem Héichschoulsystem unerkannt sinn. An 2015 goufen dann 363 Diplomer homologéiert. 20 Demandë goufen do refuséiert, well se net all déi virgeschriwwe Kritären erfëllt hunn.

Den Deputéierte Wilmes huet dann och nach eng Fro gestallt, déi och eng Kéier an enger Question parlementaire vun der Kolleegin Andrich thematiséiert ginn ass. An ech kann Iech do e puer Informatioune mat op de Wee ginn, wéi et ebe mat där Equivalenz ass.

Den Outil vun den ECTS-Punkten, dee gouf jo am Kader vum Bologna-Prozess agefouert an dréckt dann och am Kontext vun den Héichschoulstudien den Aarbechtsvolumen - oder ochmat deem schéine Wuert „workload" benannt - vun deene verschiddene Coursen a Formatiounen aus, wat d'Unerkennung vu Studien op europäeschem Niveau natierlech erliichtert an och d'Mobilitéit vun de Studente förderе soll.

Do gouf festgestallt oder festgehalen, dass 60 ECTS-Punkten dem Aarbechtsvolume vun engem Studiejoer entspriechen. Dat steet dann och esou an deem „ECTS Users' Guide", deen dann op EU-Niveau publizéiert a regelméisseg à jour gehale gouf an och gëtt. A vill Länner sinn dee Moment och op de Wee gaangen, fir Korrespondenzen zu deene 60 ECTSen hierzestellen, andeems se soen, ee Studiejoer, also 60 ECTSen, géifen tëscht 1.500 an 1.800 Stonnen Aarbecht entspriechen. Dorauser ergëtt sech dann dat, wat hei ernimmt ginn ass, dass een ECTS ongefeier 25 bis 30 Stonnen Aarbecht entsprécht.

Dir hutt d'Fro gestallt, wéi mir dat hei zu Lëtzebuerg géife gesinn. An dat ass och festgehalen hei bei eis, an zwar an engem Règlement granducal vum 22. Mee 2006 iwwert d'Bachelor- an d'Masterstudiegäng op der Uni Lëtzebuerg. An do steet dann am Artikel 2: «Un crédit…», also en ECTS, «…correspond à une prestation d'études exigeant entre25 et 30 heures de travail (…).» Ech mengen, domadder ass dat jo och festgehalen. An et ass och an engem Text deementspriechend opgeschriwwe ginn.

Ech géif domadder ofschléissen, Iech alleguerte Merci ze soe fir Är Interventiounen. An ech sinn och frou, dass mer dat heiten da mat grousser Majoritéit wäerte stëmmen.

Ech kéint nach vläicht eppes ervirhiewen, an zwar eng Motioun vun der Deputéierter Martine Hansen. Den 18. Dezember 2014 hat Dir eng Motioun hei an der Chamber geholl, fir d'Unerkennungsprozedure vu Beruffsqualifikatiounen an d'Prozedur vum Droit d'exercer ze iwwerschaffen.Deemools haten de Gesondheetsministère an den Héichschoulministère och schonn dorobber geäntwert.

An ech mengen, et kann ee soen, duerch de Vott vun deem heite Projet komme mer der Fuerderung vun der Motioun no transparenten a vereinfachten UE-Unerkennungsprozeduren entgéint. Ech mengen, dat ass jo dann och eppes, wat een, wa mer schonn an der Chamber d'Gesetz stëmmen, vläicht kann op där heiter Plaz ernimmen.

Domadder soen ech Iech Merci fir Äert Nolauschteren. An ech sinn och frou, dass dat Gesetz da mat héijer Majoritéit gestëmmt gëtt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Minister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6893 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6893 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An de Vott ass ofgeschloss.

55-mol Jo, 3-mol Neen. Domat ass de Projet ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6893 est adopté par 57 voix pour et 3 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Serge Wilmes), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Félix Eischen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty (par M. Eugène Berger), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), Gérard Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

9. Interpellation de M. Gusty Graas au sujet de la gestion de l'eau (suite)

Motion 1

Ech wollt Iech dann nach informéieren, dass mer de Vott iwwert d'Motioun Waasser musse widderhuelen, well iertümlech d'Tast „secret" aktivéiert ginn ass. Déi leien direkt niewenteneen. Ech bieden ëm Versteesdemech.

(Brouhaha)

Mir géifen also dee Vott iwwert d'Waassermotioun vum Här Aly Kaes widderhuelen.

Une voix.- Dann hutt Der nach eng zweet Chance.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass d'Affär mat deene méi décke Fangeren.

(Hilarité)

Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An de Vott ass ofgeschloss.

26-mol Jo, 31-mol Nee, 3 Abstentiounen. De Vott ass genee d'selwecht wéi virdrun.

Une voix.- Neen, et war 32.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- 32!?

(Concertation interne)

Jo. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est refusée par 25 voix pour, 32 voix contre et 3 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Diane Adehm), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty (par M. Eugène Berger), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen: de Projet de loi 6897 an de Projet 6898, Protokoller zu engem Benelux-Accord. An de Rapporteur, den honorabelen Här Haagen, huet direkt d'Wuert.

10. 6897 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la Convention Benelux en matière de propriété intellectuelle (marques et dessins ou modèles), fait à Bruxelles le 21 mai 2014

6898 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la Convention Benelux en matière de propriété intellectuelle (marques et dessins ou modèles), en ce qui concerne l'opposition et l'instauration d'une procédure administrative de nullité ou de déchéance des marques, signé à Bruxelles, le 16 décembre 2014

Rapports de la Commission de l'Économie

M. Claude Haagen*(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Déi zwee Projets de loi 6897 an 6898, wéi Der grad gesot hutt, déi bezéie sech allenzwee op eng Modifikatioun vun der Benelux-Konventioun iwwert d'Propriété intellectuelle a si sinn allebéid de 4. November vum leschte Joer an der Chamber déposéiert ginn.

Zu deenen zwee Gesetzesprojeten huet de Conseil d'État säin Avis de 25. November vum leschte Joer agereecht an d'Chambre de Commerce hiren de 25. Januar vun dësem Joer.

Ech wäert also fir d'Éischt ganz kuerz op de Projet de loi 6897 agoen, fir da mam Projet de loi 6898 ze schléissen.

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Félix Braz, M. Nicolas Schmit, M. François Bausch, M. Dan Kersch et M. Claude Meisch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.35 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gudde Mëtteg. Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froe wéi gewinnt d'Regierung, ob se eng Matdeelung ze maachen huet.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Neen, dat ass net de Fall.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Här Vizepremier.

2. Communications

Da kënne mer direkt zu deenen normale Punkten iwwergoen, déi üüblech Kommunikatiounen, dass d'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen an d'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung deponéiert goufen, entweder hei um Büro leien oder un d'Fraktiounen an d'Sensibilitéite verdeelt gi sinn.

Da wollt ech Iech informéieren, dass op Ufro vun der Regierung duerch Arrêté grand-ducal de retrait vum 15. Oktober 2016 de Projet de loi 6381 iwwert d'Reform vun der Ausféierung vun de Strofen den 19. Oktober 2016 vum Rôle gestrach ginn ass.

Och op Ufro vun der Regierung hin ass duerch Arrêté grand-ducal de retrait vum 15. Oktober 2016 de Projet de loi 6382 iwwert d'Reform vun der Administration pénitentiaire vum Rôle gestrach ginn.

Dann: D'Lëscht vun de Petitiounen, déi zënter eiser leschter Sëtzung deponéiert goufen, gouf un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite verdeelt.

Communications du Président - séance publique du 15 novembre 2016

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et les projets de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***7080** - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal du 27 février 2011 fixant les critères de durabilité pour les biocarburants et bioliquides*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 20.10.2016

***7081** - Projet de règlement grand-ducal portant modification du règlement grand-ducal du 5 juillet 2016 relatif à la participation du Luxembourg à l'opération militaire de l'Union européenne en République centrafricaine (EUTM RCA)*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 24.10.2016

***7082** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement et l'action humanitaire*

Dépôt: M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, le 24.10.2016

***7083** - Projet de loi relatif à la mise en application du règlement (UE) n°655/2014 du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 portant création d'une procédure d'ordonnance européenne de saisie conservatoire des comptes bancaires, destinée à faciliter le recouvrement transfrontière de créances en matière civile et commerciale, modifiant le Nouveau Code de procédure civile et la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier*

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 27.10.2016

***7084** - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2015*

Dépôt: Commission des Comptes, le 28.10.2016

***7085** - Projet de loi portant modification de l'article L. 222-9 du Code du travail*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 28.10.2016

***7086** - Projet de loi portant modification: 1) du Code du travail; 2) de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs; 3) de la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 28.10.2016

***7087** - Projet de loi portant adaptation de plusieurs dispositions du Code d'instruction criminelle*

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 03.11.2016

***7088** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre la pollution de l'atmosphère*

Dépôt: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 07.11.2016

***7089** - Projet de loi portant approbation de la Convention de Minamata sur le mercure, adoptée à Genève le 19 janvier 2013*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 08.11.2016

***7090** - Projet de loi 1. modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés, 2. modifiant la loi modifiée du 9 mai 2014 relative aux émissions industrielles*

Dépôt: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 09.11.2016

***7091** - Projet de loi portant transposition de la directive 2008/90/CE du Conseil du 29 septembre 2008 concernant la commercialisation des matériels de multiplication de plantes fruitières et des plantes fruitières destinées à la production de fruits*

Dépôt: M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs, le 09.11.2016

***7092** -Projet de loi portant modification des articles L.511-5, L.511-7, L.511-12 et L.631-2 du Code du travail*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 10.11.2016

3) Sur demande du Gouvernement et par arrêté grand-ducal de retrait du 15 octobre 2016, le projet de loi n°6381 portant réforme de l'exécution des peines et modifiant: - le Code d'instruction criminelle; - le Code pénal; - la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire, et - la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti a été retiré du rôle en date du 19 octobre 2016.

Sur demande du Gouvernement et par arrêté grand-ducal de retrait du 15 octobre 2016, le projet de loi n°6382 Projet de loi portant réforme de l'administration pénitentiaire et 1) modification: - du Code pénal; - du Code d'instruction criminelle; - de la loi du 3 avril 1893 concernant l'approbation de la fondation Theisen à Givenich; - de la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire; - de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse; - de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police, et - de la loi du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux, ainsi que: 2) abrogation: - de certaines dispositions du Code de la sécurité sociale; - des articles 11, 12 et 15 de la loi du 21 mai 1964 portant 1. réorganisation des établissements pénitentiaires et des maisons d'éducation; 2. création d'un service de défense sociale, et - de la loi du 4 avril 1978 ayant pour but d'habiliter le personnel du service de garde des établissements pénitentiaires à exercer certaines attributions de la police générale a été retiré du rôle en date du 19 octobre 2016.

4) Les demandes de pétition publique et la pétition ordinaire suivantes ont été déposées:

***731** - Demande de pétition publique: Ariichten a Promotioun vun engem ëffentlechen Täterpräventiounsdéngscht*

Dépôt: M. Ronald Kwiatkowski, le 22.10.2016

***732** - Demande de pétition publique: Cimetière Saint-Joseph d'Esch-sur-Alzette*

Dépôt: Mme Marceline Kremer, le 24.10.2016

***733** - Demande de pétition publique: Limitation des indemnités en cas de remboursement anticipé d'un emprunt immobilier à taux fixe aussi pour les anciens prêts*

Dépôt: Mme Annick Raes, le 24.10.2016

***734** - Demande de pétition publique: D'Auer dréien am Fréijoer*

Dépôt: Mme Sophie Theis, le 29.10.2016

***735** - Demande de pétition publique: Quelle place pour les Luxembourgeois de l'étranger?*

Dépôt: M. Johan Domas, le 31.10.2016

***736** - Pétition ordinaire: PROJET SEBES - Investir dans de nouvelles installations d'approvisionnement en eau décentralisées et indépendantes au lieu de dépenser 166.000.000 € pour un renouvellement avec agrandissement des installations du SEBES à Esch-sur-Sûre et Eschdorf*

Dépôt: M. Joseph Kiefer, le 04.11.2016

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Da wollt ech Iech den Ordre du jour presentéieren, esou wéi e vun der Presidentekonferenz - dës Kéier net ouni e bësse méi Méi wéi soss - virgeschloe ginn ass, an ech wollt Iech froen, ob Der mat deem Ordre du jour d'accord sidd.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Ech si virun der Sëtzung informéiert ginn, dass zwee Deputéiert wëllen en Dépôt maache vun enger Resolutioun respektiv zwou Resolutiounen?

Voilà, den Här David Wagner war deen Éischten, dee gefrot huet. Da versuerge mer eis d'Madamm Martine Hansen fir duerno. Här Wagner, wann ech gelift.

(Hilarité et interruptions diverses)

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- ...Ladies first...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, et ass d'Chronologie, déi hei zielt, Här Halsdorf.

4. Dépôt d'une résolution et d'une proposition de loi par M. David Wagner

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Jo, mir hunn d'Chronologie e bëssen duerjerneegehäit. Et ass jo esou, datt ech eng Proposition de loi déposéieren an eng Resolutioun. Ech ginn dovunner aus, datt mer dat elo maachen direkt?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Also d'Proposition de loi, déi mer jo och schonn ëffentlech presentéiert haten, déi ech haut gären déposéieren: Et geet ëm d'Modifikatioun vum Gesetz vum 21. September 2006 vum Bail à loyer, wou mer zwou Modifikatioune proposéieren, zwee Artikelen. Deen ee concernéiert d'Frais d'agence immobilière. Wéi Der wësst, ass et zurzäit zu Lëtzebuerg net geregelt, wien dofir opkomme soll, de Bailleur oder de Locataire. A mir proposéieren dofir, datt de Commanditaire vun deem Service dofir soll opkommen - dat heescht, am Prinzip ass dat meeschtens och de Propriétaire -, well mer der Meenung sinn, datt souwisou am Kader vun der Wunnengsnout a vun der Wunnengsproblematik hei zu Lëtzebuerg d'Problemer relativ grouss sinn, zemools fir Locatairen, well déi meeschtens jo och am mannste Moyenen hunn.

Wann een alles zesumme berechent, da kënnt een deemno wéi schonn op 6.000 oder 7.000 Euro fir e Locataire, nodeems hien d'Frais d'agence plus TVA bezuelt huet an och nach eng Garantie locative, déi dräi Méint Loyeren, sprëch heiansdo souguer méi, och wann d'Gesetz dat net esou erlaabt. An dat heescht, do kann een op eng relativ héich Zomm kommen, déi vill Locatairen och net esou einfach kënnen débourséieren.

Dofir si mer der Meenung, datt eben éischtens d'Frais d'agence musse bei de Commanditairë leien, wat jo och normal ass - et ass sozial an et ass normal, well et jo och deen ass, deen de Service freet, deen dofir misst opkommen -, an zweetens, datt och d'Garantie locative misst op ee Loyer pro Mount plafonéiert ginn. Ech mengen, dat wier eng konkret Propos, fir d'Leit direkt ze entlaaschten. Ech hoffen, datt mer och kënnen doriwwer diskutéieren an der Kommissioun. An ech maache mer och Hoffnungen, datt mer vläicht, wahrscheinlech souguer, zu engem Konsens kommen.

7094 *- Proposition de loi portant modification de la loi modifiée sur le bail à loyer du 21 septembre 2006*

Dat Zweet maachen ech dann och ganz schnell: Mir hunn eng Resolutioun déposéiert, wëllen eng Resolutioun déposéieren iwwert d'Tierkei.

Résolution

La Chambre des Députés,

constatant

- qu'au mois de mai 2016, la Grande Assemblée nationale de Turquie a décidé de suspendre l'immunité parlementaire de 138 députés, vote rendu effectif par promulgation du Président de la République de Turquie le 7 juin 2016;

- que cette suspension de l'immunité parlementaire a été dénoncée par le Parlement européen, en date du 9 juin 2016, comme un déni de droit et une atteinte à la liberté d'expression;

- qu'en date du 20 mai 2016, la Commission européenne a exprimé de sérieuses préoccupations à l'égard de cette décision;

- que la Commission de Venise recommande la réinstauration de l'inviolabilité des députés dans son rapport du 14 octobre 2016;

- que suite au coup d'État manqué des 15 et 16 juillet, le Gouvernement de la République de Turquie a mis en branle une vaste opération de suspensions ou d'arrestations de fonctionnaires ou de citoyens;

- que plus de 90 journalistes, dont le rédacteur en chef d'un des principaux quotidiens du pays, Cumhuriyet, ont été placés en état de détention ou d'arrestation, suscitant ainsi la protestation au niveau international des organisations et syndicats de journalistes;

- qu'en date du 3 novembre 2016, le Procureur d'État a ordonné l'arrestation de 11 députés issus du parti HDP, dont les deux coprésidents du parti,

condamne

- les arrestations des députés du Parlement de la République de Turquie, lesquelles constituent des violations graves des droits démocratiques incompatibles avec les principes d'un État de droit,

- les atteintes répétées à l'encontre de la liberté de la presse perpétrées en République de Turquie qu'aucune mesure de sécurité intérieure ne saurait justifier,

exprime

- sa solidarité avec les députés du Parlement de la République de Turquie et les journalistes arrêtés,

appelle

- les autorités de la République de Turquie à rejoindre la voie de la démocratie en cessant les poursuites envers des députés élus par le suffrage universel et des journalistes.

(s.) David Wagner.

Wéi Der wësst - ech brauch elo net dorobber anzegoen -, wat an der Türkei viru sech geet, ass méi wéi besorgniserregend: Also, Journaliste gi verfollegt!

Nom Putsch, deen net erfollegt ass an der Tierkei, stelle mer fest, datt u sech den Här Erdoğan amgaangen ass, e Putsch ze vollzéie géint e groussen Deel vun der Zivillgesellschaft, géint d'Journalisten, an neierdéngs och géint d'Parlamentarier selwer vun der Grande Assemblée de la République de Turquie, wou och eelef Deputéierter elo wierklech, nodeems schonn d'Immunité parlementaire opgehuewe gouf, eelef Deputéierter festgeholl gi si vun der..., et gëtt ëmmer gesot: vun der „Kurdescher Partei". Et ass u sech net eng reng kurdesch Partei, et ass eng fortschrëttlech Partei, d'HDP; déi sinn elo festgeholl ginn.

A mir sinn der Meenung, datt een als Chamber hei zu Lëtzebuerg da misst awer drop reagéieren. Esou eppes kann een net duerchgoe loossen, dofir déposéiere mer hei eng Resolutioun, dat heescht, wou d'Chamber sech kéint expriméieren iwwert dat, wat deene Kolleegen aus der Tierkei geschitt ass, a woura mer och u sech d'Tierkei opruffen, domadder opzehalen, well mer der Meenung sinn, datt et wierklech an eng ganz schlëmm Richtung amgaangen ass ze goen.

Ech ginn dovunner aus, datt mer och nach an der Kommissioun wäerten driwwer diskutéieren. Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Wagner. D'Proposition de loi geet jo deen normale Wee. Bei der Resolutioun ass virgesinn, dass se an d'Kommissioun geet?

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, Här President, ech géif proposéieren, dass deen doten Text soll an der aussepolitescher Kommissioun diskutéiert ginn, déi de toute façon muer de Moien eng Reunioun och huet, wou och den Ausseminister dobäi ass. An da kann do eng Propos gemaach ginn, wéi soll weider verfuer gi mat deem Text.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Wa jiddwereen do dermat d'accord ass, da maache mer dat esou.

An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Martine Hansen fir den Dépôt vun enger Resolutioun. Madamm Hansen, wann ech gelift.

5. Dépôt d'une résolution par Mme Martine Hansen

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi de Marco Schank an ech - hie kann haut leider net hei sinn, en ass nach zu Marrakesch - virun e puer Wochen an der Schleef op der Aweiung vun der neier Fabréck vum „Téi vum Séi" waren, hu mer eis gefrot, firwat mer hei an der Chamber zwar Téi hätten, mä keen „Téi vum Séi". Déiselwecht Fro kann ee sech och fir verschidden aner Produkter stellen. Dëst ass ëmsou méi aktuell, well d'Petitioun 668, wou et drëm geet, fir méi Lëtzebuerger Produkter an der Restauration collective anzesetzen, de Seuil vun den noutwendege 4.500 Ënnerschréfte wäit iwwerschratt huet a mer am Januar en Débat hei an der Chamber wäerten hunn.

Elo kënne mer zwar soen, datt mer hei an der Chamber net allze vill consomméieren an ob mer elo lokal Produkter huelen oder net, datt dat d'Bëtschel net fett mécht. Mä, Dir Dammen an Dir Hären, wa jiddwereen esou denkt, da gëtt d'Bëtschel ni fett!

Duerfir fuerdere mer d'Chamber op, fir mam gudde Beispill virzegoen a fir nieft de Fair-Trade-Produkter souwäit wéi méiglech op lokal Produkter zréckzegräifen. Domadder ënnerstëtze mer net nëmmen eis lokal Landwirtschaft, déi dat absolutt noutwendeg huet, mä och eis Vermaartungs- a Veraarbechtungsbetriber souwéi indirekt och eis Ëmwelt.

Ech hoffe wierklech op eng breet Ënnerstëtzung hei an duerfir déposéieren ech och dës Resolutioun. Wann ech gelift.

Résolution

La Chambre des Députés,

considérant que

- la pétition n°668 «Priorité pour les produits luxembourgeois dans la restauration collective!», déclarée recevable par la Conférence des Présidents le 6 juin 2016 suite à l'avis positif de la Commission des Pétitions, a été approuvée par 7.758 signatures valables et a donc largement dépassé le seuil requis pour faire l'objet d'un débat parlementaire prochainement;

- un recours accru aux produits du terroir favorise non seulement le secteur agricole dans son ensemble, mais également l'artisanat et les entreprises de transformation nationales, la préservation de notre paysage, la réduction des distances parcourues pour l'approvisionnement et donc de la pollution;

- la Chambre des Députés recourt également aux produits dits du commerce équitable tels que «Fairtrade» pour les besoins de la vie parlementaire;

- la première institution se doit de servir de modèle en l'espèce et d'inciter d'autres acteurs, administrations et services à suivre la même voie,

décide

- de s'engager, dans la mesure du possible et à côté des produits issus du commerce équitable, à s'approvisionner prioritairement en produits issus du terroir luxembourgeois pour les besoins de son administration et de la vie parlementaire.

(s.) Martine Hansen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Hansen. Wat eis nëmme kann encouragéieren, mat deenen Efforte weiderzefueren, déi mer elo souwisou schonn amgaang sinn ze ënnerhuelen. Merci gesot!

An da géife mer zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Mir hunn haut de Mëtten eng Froestonn un d'Regierung programméiert. An Dir kennt d'Regelen: zwou Minutte fir de Froesteller a véier Minutte fir de Regierungsmember, deen drop äntwert. D'Froe kommen ofwiesselnd vu Majoritéit an Oppositioun. An déi éischt Fro kënnt vum Här André Bauler un den Nohaltegkeetsminister iwwert d'Erweiderung vun der B7.

6. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°225 du 14 novembre 2016 de M. André Bauler relative à l'élargissement de la B7 entre Colmar-Berg et Erpeldange/Sûre, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. André Bauler *(DP).*- Esou ass et, Här President, Merci! Vill Leit ware virun e puer Wochen erféiert iwwert dee beandrockende Stau, deen effektiv Enn Oktober duerch en dach awer harmlose Chantier op der Ëmgeeungsbréck vun der B7 provozéiert gouf. Jorelaang gëtt scho vun engem Ausbau vun der B7 op véier Spure geschwat, fir datt zum Beispill e klenge Chantier net direkt derzou féiert, datt dee ganzen Trafic ronderëm Ettelbréck an Ierpeldeng/Sauer zesummebrécht.

D'B7 ass an der Nordstad d'Haaptverbindungssteck tëscht A7 an N27A bezéiungsweis N7. Schliisslech stelle sech hei och sécherheetstechnesch Froen, déi scho virun engem Jorzéngt hätte missen ugepaakt ginn.

Här Minister, Dir hat schonn eemol matgedeelt, datt Dir kloer gewëllt sidd, fir e véierspuregen Ausbau vun der B7 ëmzesetzen. Dat freet d'Leit aus der Regioun, well bis ewell goufe si ëmmer op Mokuchsdag vertréischt. Et war och gutt, datt RTL d'Situatioun op der Tëlee gewisen huet. Domat gouf de Leit den Handlungsbedarf op dësem Tracé nach eemol virun Ae gefouert. Ob elo Neel mat Käpp gemaach ginn an d'B7 endlech an Ugréff geholl gëtt, bleift dann ofzewaarden.

Ech erlabe mer nach eng Kéier dofir nozefroen, ob Dir, Här Minister, gewëllt sidd, dëse Chantier séier virunzedreiwen an eng véiert Spur bannent den nächsten zwee Joer bauen ze loossen am Intérêt vun der Nordstad an am Intérêt vum Éislek a senge Leit.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bauler. D'Wuert huet elo den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären Deputéiert, ech hunn de Januar dëst Joer, précisément de 6. Januar, eng Question parlementaire beäntwert un déi honorabel Deputéiert Hansen, Schank, Kaes an Eicher. An do stoung dran an der Äntwert: «Le Gouvernement a décidé de prioriser la sécurisation de la B7 avec mise à deux fois…», zwee, also véier Gleiser op dem Tronçon Colmer-Bierg-Ettelbréck.

(Brouhaha)

Duerno hunn ech den 10. Februar, dat heescht e Mount duerno, e gudde Mount duerno, op eng Question parlementaire vum honorabelen Här Bauler geäntwert, datt ech nach eng Kéier wéilt renvoyéieren op déi Äntwert, déi ech ginn hunn op déi Fro vum honorabelen CSV-Deputéierte vu virdrun, datt d'Regierung dat wéilt maachen.

Duerno hunn ech de 25. Abrëll 2016 nach eng Kéier op eng Fro hi vun der Madamm Hansen an dem Här Kaes, wou méi generell zwar och Saachen nach derzougefrot gi waren, mä et och erëm eng Kéier ëm d'B7 gaangen ass, geäntwert, datt d'Mise vun zweemol zwou Voies op dem Tronçon B7 tëschent Colmer-Bierg an Ettelbréck eng absolutt Prioritéit wär.

Duerno hunn ech dann..., oder haut äntwerten ech dann dem Här Bauler nach eng Kéier, datt dat eng Prioritéit bleift! Dat heescht, datt zënter deene leschte sechs Méint meng Meenung sech net, oder der Regierung hir Meenung sech net geännert huet. A well se sech net geännert huet, hu mer natierlech och geschafft un deem Projet. Mä nach musse mer en APD ausschaffen. Ech kann deen net einfach esou zauberen, erbäizauberen! An deen APD ass bal fäerdeg. E wäert Ufank 2017 fäerdeg ginn. Da wäert ech en ënnerschreiwen. An da gi mer duerno an d'Ausschreiwungen an dann hoffen ech, datt mer et fäerdegbrénge bis Enn 2017, Ufank 2018, mat deem Ganzen unzefänken!

Ech soen Iech awer direkt derbäi: Do muss e Viaduc gebaut ginn, do brauche mer vill Emprisen. An wann ech soen „mir brauchen Emprisen", da wësst Der, wat dat heescht: Da musse mer hoffen, datt mer och all déi Terrainen do kréien, déi mer brauchen, fir datt mer déi Véierspuregkeet do kënne bauen. Dat heescht, deen Zeenario, deen ech Iech hei beschreiwen, deen ass en optimisteschen, datt mer déi Emprisen och alleguerte kréien, dat heescht, datt mer net mussen an eng Enteegnung goen. Well soss brauch ech Iech jo net ze molen, datt et dann natierlech selbstverständlech méi laang wäert daueren!

Also elo nach eng Kéier: Et ass eng Prioritéit. Si ass an der Aarbecht. Den APD ass esou gutt wéi fäerdeg. A mir hoffen, datt mer dann deen Timing vum Bau, dee virgesinn ass fir zwee an en halleft Joer, datt mer deen nach duerno agehale kréien.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. A mir freeën eis da schonn op d'Froe vun Ufank 2017, Enn 2017 respektiv uganks 2018! Merci gesot.

A mir géifen dann zur nächster Fro iwwergoen. Déi kënnt vum Här Gilles Roth, dréit ronderëm dee Prisonnéier, deen aus dem CHL fortgelaf ass, a riicht sech un de Justizminister.

- Question n°226 du 15 novembre 2016 de M. Gilles Roth relative à la fugue d'un prisonnier lors d'une visite médicale au CHL, adressée à M. le Ministre de la Justice

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, laut Presseberichter soll gëschter Mëtteg e Prisonnéier mat Handschelle gefesselt an ëmgi vu gläich zwee Agenten am Kader vun enger medezinnescher Untersuchung am Centre Hospitalier hei an der Stad geflücht sinn. Trotz grouss ugeluechter Polizeisuchaktioun schéngt de Flüchtegen nach net agefaange ginn ze sinn.

Dozou eng Rei Froen un den Här Justizminister:

Kann de Minister dësen Tatbestand confirméieren? Wa jo, ass déi betraffe Persoun elo nach ëmmer op der Flucht?

Handelt et sech ëm en Untersuchungshäftling oder ëm eng Persoun, déi eng definitiv Prisongsstrof ofsëtzt?

Wat fir eng Strofdot respektiv présuméiert Strofdot gëtt dem Flüchtege reprochéiert?

Handelt et sech ëm e Lëtzebuerger Résident oder net?

Wéi konnt et zu deem Tëschefall kommen, dass eng mat Handschelle gefesselt Persoun sech aus der Opsiicht vu gläich zwee Agente konnt befreien? Waren do Drëttpersounen am Spill oder net?

Ginn et Sécherheetsvirschréften, wa Prisonnéier sech ausserhalb vun dem Prisong enger medezinnescher Untersuchung ënnerzéien? Goufen déi an dësem Fall agehalen?

Ass an deem Kontext eng intern Enquête ordonnéiert ginn?

A schliisslech: Wat fir Moossname gedenkt de Minister ze ënnerhuelen, fir esou potenziell Risike fir d'Sécherheet vun de Bierger an dem Klinikpersonal am Spezielle besser ze encadréieren?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Roth. D'Wuert huet direkt de Justizminister, den Här Félix Braz.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President.

Une voix.- A lass!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci och dem Här Roth fir d'Fro, déi mer erlaabt, de Point ze maachen.

Ech kann dem Här Roth seng éischt Fro mat Jo beäntwerten. Et handelt sech dobäi ëm zwee Agents pénitentiaires, Agenten also vum Schraasseger Prisong, déi bei em waren, zwee erfueren Agenten, ee vu 40 Joer an dee schonn zënter zéng Joer Eskort vun Détenuë mécht. En huet iwwer 300 där Transporter scho gemaach an e war a Begleedung vun engem zweeten Agent vu 47 Joer, deen och schonn zënter laange Joren ëmmer nees aspréngt bei deenen Eskorttransporter, déi gemaach ginn. An déi zwee gëllen als routinéiert am Kader vum Prisong.

Déi betraffe Persoun ass nach ëmmer op der Flucht. Et handelt sech och dobäi net ëm en Untersuchungshäftling, mä ëm eng Persoun, déi eng definitiv Prisongsstrof huet.

D'Strofdoten, opgrond vun deene se condamnéiert ginn ass, sinn, fir et genee ze soen, Endommagement volontaire de propriété mobilière d'autrui, Vol à l'aide de violence, Coups et blessures volontaires, Usage illicite et détention de stupéfiants an och Recel.

Et handelt sech dobäi ëm e Résident. Et ass also kee vun de villen, déi am Prisong sinn, déi Netrésident sinn.

Et ass zum Zwëschefall komm: Bei där Persoun handelt et sech ëm en definitiv Condamnéierten, wéi gesot. Et ass also en Transport, wou dann ofgewie gëtt a Funktioun vun der ageschater Dangerositéit vum Détenu. Déi méi geféierlech ageschaten, do ginn d'Transporter ëmmer vun der Polizei gemaach. Bei deenen, wou déi Aschätzung méi positiv, méi favorabel ass, ginn déi Transporter vun den Agente vum Centre pénitentiaire assuréiert.

Hei ass een, deem eng méi geréng Dangerositéit bescheinegt ginn ass, an dofir hunn déi zwee Beamte vun der Prisongsverwaltung de Prisonnéier begleet, an net Agente vun der Polizei.

No der medezinnescher Behandlung am Centre hospitalier, esou géint 14.25 Auer, hunn déi zwee Agenten den Détenu zréck bei den Auto begleet. A just an deem Moment, wou deen een Agent den Auto wollt opspären an deen aneren Agent hanner em stoung, huet en d'Gonscht vun der Sekonn genotzt an ass fortgelaf. D'Beamten hunn natierlech probéiert, de Prisonnéier erëmzekréien, wat hinnen awer net gelongen ass. Souwuel de CPL wéi och d'Polizei sinn direkt a Kenntnis gesat ginn a ganz séier hannendrun ass d'Sichaktioun gestart ginn.

Drëttpersounen, och déi Fro hutt Der gestallt, waren hei net mat involvéiert.

D'Sécherheetsvirschréften: Selbstverständlech gëtt et déi. D'Haaptregel ass eben déi, dass de Prisonnéier vun der Eskortéquipe vum Prisong Handschelle muss ugedoe kréie wärend dem ganzen Transport, wat och hei geschitt ass. Si sinn also agehale ginn. D'Beamten hu sech, no den Informatiounen, déi mer haut zur Verfügung leien, un all d'Virschréfte gehalen. Et konnt bis elo kee Feelverhale festgestallt ginn. Duerfir schéngt och den Direkter vum CPL net d'Intentioun ze hunn, à ce stade eng disziplinaresch Enquête ze ordonnéieren.

Moossnamen, déi mer wëllen huelen: Ech muss soen, et handelt sech hei wierklech - glécklecherweis! - ëm eng ganz exceptionnell Situatioun. Där Gefaangenentransporter do gi ronn 1.000 pro Joer gemaach: Eng ronn 600 ginn assuréiert vun den Agents pénitentiaires, eng ronn 400 ginn assuréiert vun der Polizei, an dat schonn zënter Joren. Esou e Fall wéi deen heiten ass wierklech ganz rar.

Op meng Nofro hi konnt mer just ee Fall gezielt ginn, deen ass ongeféier dräi Joer al. Méi wäit zréck ass kengem esou e Fall weider agefall. Do hat een eng Sortie kritt, well en op e Begriefnis sollt goen, an huet am Éislek vun där Sortie profitéiert. An en ass och nach deeselwechten Dag owes erëm agefaange ginn. Dat ass deen eenzege Fall, dee mir soss nach bekannt ass. Et ass also e System, deen ee grondsätzlech net kann als staark feelerhaft duerstellen.

Ech wëll awer trotzdeem soen, dass déi Situatioun, wéi mer se haut hunn, dass en Deel vun der Polizei gemaach gëtt an en Deel vun den Agents pénitentiaires gemaach gëtt, eng Situatioun ass, déi mech net zefriddestellt. Dofir steet och schonn am Projet de loi iwwert d'Exécution des peines an och an deem vun der Polizeireform, dass an Zukunft - nom Vott vun deem Projet de loi - sämtlech Gefaangenentransporter, ob et a Richtung Spidol ass oder a Richtung Cité judiciaire, dass déi an Zukunft all vun der Polizei wäerten assuméiert ginn. Déi ass och anescht équipéiert, anescht outilléiert.

Déi Décisioun hu mer scho geholl, déi ass nozeliesen an deene Projeten. Mir sinn also haut an enger Iwwergangssituatioun, eng Situatioun, déi sech grondsätzlech bewäert huet, mä wou leider dësen Zwëschefall geschitt ass. An ech hoffen, dass mer selbstverständlech dee Flüchtegen, deen e Résident ass, ganz séier nees wäerte kënnen op Schraasseg zréckbréngen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Och wann déi Fro wichteg war, wann ech gelift: d'Bitt fir op d'Zäit opzepassen.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Gérard Anzia a riicht sech un de Wirtschaftsminister. Si dréit ëm déi nei wirtschaftlech Strategie, déi gëschter mat dem Här Rifkin presentéiert ginn ass. An den Här Anzia huet direkt d'Wuert.

- Question n°227 du 15 novembre 2016 de M. Gérard Anzia relative à la présentation d'une nouvelle stratégie économique plus durable pour notre pays, adressée à M. le Ministre de l'Économie

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Här President. Gëschter hat ech, wéi aner Kolleegen och, hei d'Chance, an der Luxexpo dobäi ze sinn, wéi déi Etüd virgestallt ginn ass, dee Rapport zur drëtter...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift, Kolleegen!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci.

...de Rapport also zur drëtter industrieller Revolutioun. A fir déi Initiativ wëll ech nach eng Kéier där ganzer Regierung félicitéieren, dass se op dee Wee gaange sinn.

Iwwer 300 Akteuren hunn u sech aus der Zivillgesellschaft, der Ekonomie, och vun der Uni, de Gewerkschaften an och aus den Administratiounen iwwer ee Joer zesummegeschafft, an dat op néng verschiddenen Themeberäicher. An zwar an de Vektoren Energie, Gebaier, Mobilitéit, Liewensmëttel, Industrie a Finanzen, Smart Economy an och Économie circulaire an och „de Konsument gëtt zum Produzent" ass och do an engem Aarbechtsgrupp beaarbecht ginn.

Meng Fro geet elo ëm Folgendes: Wéi wëllt d'Regierung elo dëse Prozess weiderféieren a méi breet maachen, fir déi Iwwerleeunge vun deenen 300 Akteure ganz Lëtzebuerg zougänglech ze maachen?

Wéi wëllt d'Regierung dat voluminéist Dokument, am Moment op Englesch, mat de villen Aktiounspunkten elo an enger méi einfacher Form ënnert d'Leit bréngen?

A wéi sollen déi besteeënd Aarbechtsgruppen eventuell nei opgestallt ginn a wéi sollen déi koordinéiert elo weider virgoen, fir op dësen Themeberäicher ze schaffen?

Ech soen Iech Merci fir d'Äntwerten.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Anzia. An d'Wuert huet de Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech soen dem honorabelen Här Anzia Merci fir déi Froen, déi ech ganz kuerz wäert beäntwerten.

Effektiv, et hunn iwwer ee Joer elo 300 Akteuren aus alle Secteuren zesumme geschafft, zesumme mam Här Rifkin a sengem Team, fir eben ze kucken, wéi mer eng Strategie kënnen ausschaffen als éischt Land an der Europäescher Unioun, fir eis Ekonomie op eng nohalteg Ekonomie ëmzebauen, an dat integral, andeem mer an Zukunft ënner anerem op fossill Energieträger kënne verzichten. Mir hu jo zënter enger Zäit eng Diskussioun am Land iwwert de Wuesstum an an där Diskussioun ass d'Regierung vun Ufank un amgaang, eng Rei Saachen ze preparéieren, do och eben an deem Kontext déi Etüd Rifkin.

Nodeem de François Bausch déi lescht Woch zwou Table-ronden animéiert huet, fir iwwert deen dote Sujet mat der Zivillgesellschaft ze schwätzen, ass et de Méinden zu där Etüd komm, der Virstellung vun der Etüd Rifkin, déi awer elo net eng Etüd ass, déi top-down vum Här Rifkin geschriwwe ginn ass iwwer Lëtzebuerg, mä hei sinn effektiv 300 Akteure vu Lëtzebuerg wärend engem Joer zesummekomm, fir Modeller ze développéieren.

Déi sinn développéiert ginn elo iwwer 475 Säiten an engem Rapport, wou eng ganz Rei Iddien eben opgestallt gi sinn, wéi mer Lëtzebuerg virubréngen, wéi mer de Wuesstum weider kënnen assuréieren, awer esou, dass en nohalteg ass, esou dass en net zu enger weiderer Verschlechterung vun der Liewensqualitéit bäidréit, mä au contraire, dass en d'Liewensqualitéit verbessert. An esou, dass mer eis Ekonomie vill méi opbauen op engem Gain vu Produktivitéit, wéi elo einfach nëmmen op engem Zouwuess vun Aarbechtsplazen an engem Zouwuess domat natierlech och vun Trafic, Émweltbelaaschtungen an natierlech och Belaaschtungen à long terme vun eise Sozialsystemer, et cetera.

Fir elo op d'Froe konkret ze äntwerten: Et ass esou, dass um Regierungsniveau e Comité ministériel agefouert ginn ass, fir all déi Ministeren, déi zu deene verschiddene Punkte vun der Etüd responsabel sinn, zesummenzebréngen, dat heescht, e Comité de suivi, dee wäert regelméisseg dem Regierungsrot Rechenschaft ofleeën iwwert dat, wat elo geschitt ass. Well d'Etüd, déi ass elo ofgeschloss an deem Sënn, dass emol éischt Iddien um Dësch leien, mä eigentlech geet se weider.

Well dat ass deen zweete Punkt: Et ass näämlech d'Abanne vun der Zivillgesellschaft, d'Abanne vun enger ganzer Rei Organer, déi sech och mat deenen dote Sujete scho laang beschäftegen. Ënner anerem wäert dat de Conseil économique et social sinn, de Conseil supérieur pour un développement durable.

Eis ass et als Regierung awer och extrem wichteg, déi jonk Leit matanzebannen, well mir sinn amgaang, d'Zukunft vun deene jonke Leit hei ze preparéieren. An et wär net akzeptabel, wa mer dat géife wëlle maachen, ouni déi jonk Leit anzebannen. Dofir wäerte mer och d'Jugendparlament hei abannen, mir wäerten d'Studenten abannen, d'Studentenorganisatiounen, mir wäerten d'Schüler abannen.

Dat heescht, mir probéiere wierklech, e ganz largen Débat ze hunn elo um Niveau vun der Populatioun. A mir wäerten natierlech och d'Initiativ „Digital Lëtzebuerg" hei abannen, déi mer virun enger Zäitche gegrënnt hunn a wou mer jo gesinn, dass an deem Prozess, an där Transformatioun vun der Lëtzebuerger Ekonomie ganz villes ebe wäert berouen op deenen digitale Kompetenzen, déi d'Land huet, op deenen digitalen Infrastrukturen. Dofir wäert déi Initiativ mat Sécherheet och elo hei an d'Initiativ Rifkin mat afléissen.

Mir ass et einfach wichteg, dass mer e largen Débat um Niveau vun der gesamter Populatioun kréien an dass mer herno Projete kréien a Konklusioune kréien, déi och large gedroe sinn an der Populatioun. A finalement, wa mer deen Tour do gedréit hunn, wäerte mer hei e gréisseren Débat an der Chamber organiséieren, fir dann och schlussendlech, oder ech soen elo emol „als finaalt Wuert" der Chamber d'Wuert ze ginn, fir ze décidéieren, wat an Zukunft hei am Land soll geschéien a wat eventuell net méi soll geschéien.

Voilà, ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wirtschaftsminister. Déi nächst Fro kënnt vum Här Laurent Zeimet a riicht sech un den Innenminister, dréit ëm déi sougenannt SUP am Rame vum Plan d'aménagement général.

- Question n°228 du 15 novembre 2016 de M. Laurent Zeimet relative à la circulaire n°3407 - Refonte du plan d'aménagement général - évaluation environnementale dite «SUP», adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Här President. Et ass esou, bis ewell si mer jo an de Gemengen dovunner ausgaangen, op Basis vun de Gesetzer an och op Basis vun de Circulairen, déi mer bis ewell virleien haten, datt mer, wa mer de PAG géifen iwwerschaffen, esou sollte virgoen, datt mer en Émweltbericht, d'SUP, géifen ausschaffen, de PAG géife preparéieren, da virun de Gemengerot goen an de Gemengerot géif dann op Basis vun deenen zwee Dokumenter d'Prozedur lancéiere fir den neie PAG. Duerno géifen d'Leit da geruff ginn, gefrot ginn, kéinten hir Reklamatiounen eraginn.

Allerdéngs ass et esou, datt am Juni dëst Joer en Uerteel koum vum Tribunal administratif, vun der éischter Instanz, wat dovunner ausgeet awer, oder wat seet, datt u sech déi SUP, deen Émweltrapport misst de Leit schonn am Virfeld zougänglech gemaach ginn, fir datt se dann do scho kéinte Kenntnis dovun huelen an eventuell dann dorop reagéieren, also ier et an de Gemengerot geet, datt also net déi zwou Prozedure kéinte parallell lafen.

Ech hat doropshin och schréftlech eng Fro un de Minister geriicht. Mir kruten elo als Gemenge gëschter eng Circulaire vum Minister, wou e bësse op déi Problematik agaange gëtt a wou ech denken, datt e wollt eng Kloerstellung erreechen, well e bezitt sech och op dat Uerteel vum Juni. An där Circulaire steet elo, datt d'Gemengen u sech scho sollten, ier se de Conseil, de Gemengerot an d'Bild setzen, souwuel d'SUP wéi och de PAG de Leit virstellen.

An ech muss elo soen, dat huet bei eis elo méi Konfusioun bruecht wéi Kloerheet, déi Circulaire. Dofir wollt ech de Minister froen, ob en eis hei an der Chamber vläicht kéint erklären, wéi seng Circulaire ze verstoe wier: Ob et wierklech dann elo esou ass, datt d'SUP an de PAG - oder Deeler vum PAG, well dat geet och aus der Circulaire net esou kloer ervir - sollen am Virfeld, ier also de Conseil d'Prozedur lancéiert, de Leit virgestallt ginn, mat alle Konsequenzen, déi dat natierlech kéint mat sech bréngen.

Hu mer dat also esou richteg verstanen oder ass de Minister dann och der Meenung, datt den Tribunal administratif an éischter Instanz eng richteg Interpretatioun, oder eng Interpretatioun vun de Gesetzer vun 2004 an 2008 ginn huet, déi hien an deene Moossen deelt? Also ass dat elo déi nei Interpretatioun vun deenen Artikelen a vun der Prozedur?

Ass de Minister net och vläicht der Meenung, datt et awer ubruecht wier, elo eng Klärung ze bréngen an ze légiféréieren?

A schliisslech: Wéi sollen déi Gemenge reagéieren, déi hir Prozedur elo scho lancéiert hunn, op Basis natierlech vun de fréieren Interpretatioune vum Gesetz?

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Zeimet. An d'Wuert huet elo den Innenminister, den Här Dan Kersch.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Merci, Här President. Sou wéi den Här Zeimet et elo grad gesot huet, hunn ech jo och schonn eng schréftlech Question kritt, fir op déi Problematik hei anzegoen, déi eis effektiv am Moment e bësse Kappzerbrieches mécht. Ech mengen, d'Problematik ass och net nei. Si ass schonn 2010 diskutéiert ginn. 2011 huet d'Chamber och reagéiert opgrond vun engem Uerteel vun der Cour administrative an huet d'Gesetz iwwert d'Kommunalplanung an deem Sënn ugepasst, soudass mer konnten dovun ausgoen, dass elo Kloerheet dra besteet, zu wéi engem Zäitpunkt d'SUP misst ofgeschloss si par rapport zu der Prozedur vum PAG.

(M. Dan Kersch montre une documentation.)

Deemools ass och dee berüümte Formulaire hei erausgaangen, deen un d'Gemenge gaangen ass, wou dat eben als Theorie ugeschwat ginn ass, fir kënnen déi zwou Prozeduren u sech parallell lafen ze loossen, wat aus Grënn vun der Simplification administrative och ubruecht war a wat a mengen Aen och d'Liesaart war vun der Direktiv vu Bréissel, an déi a mengen Aen och esou an eist Gesetz ëmgesat ginn ass.

Mir sinn och vun 2011 u relativ gutt mat där doter Virgeeënsweis gefuer, bis mer, sou wéi Der et richteg gesot hutt, dat faméist Uerteel kritt hu vum 19. Juni 2016, wou et ëm de PAG vu Reisduerf och konkret gaangen ass a wou

d'Geriicht - a mam Niewesaz praktesch - drop hiweist, dass et riskéiert, dass d'Gesetz vum Aménagement communal am Fong net kompatibel ass mat dem Gesetz iwwert déi strategesch Ëmweltprüfungen. Dat ass a kuerze Wierder dat erëmbruecht, wat an engem Niewesaz zu deem Uerteel dann ervirbruecht ass vum Tribunal administratif.

Elo war et esou, dass de Stat an d'Gemeng dee Prozess, deen do gefouert ginn ass, um Tribunal administratif gewonnen haten. Mir konnten also vun eis aus hier net an Appell goen, well mer nach wie vor der Meenung sinn, dass déi Liesaart, déi mer zënter 2011 haten, déi richteg ass. Mä vu dass mer de Prozess gewonnen haten, ware mer an der Situatioun, dass mer net konnte selwer Appell géint dat Uerteel maachen.

Elo huet eis awer de Géigner am Prozess de Gefale gemaach, dass hie selwer Appell gemaach huet. Dat erkläert sech dann och doduerjer, dass de Stat an d'Gemeng dee Prozess gewonnen haten, an dat gëtt eis elo Geleeënheet, dat doten och nach eng Kéier op der Cour administrative dann nopréiwen ze loossen, ob déi nei Liesaart, déi den Tribunal administratif dann do geholl huet, och an der zweeter Instanz géif bestätegt ginn.

Mir hoffen, dass dat net de Fall ass. Mir mengen och, dass mer ganz gutt Argumenter hunn, fir ze weisen, dass déi Liesaart vum Tribunal administratif net déi richteg ass, am Géigendeel! Mir hunn och an der Tëschenzäit Kontakt opgeholl mat der Europäescher Kommissioun, fir hir déi Problematik, wéi se sech elo opgrond vun deem Uerteel vu Reisduerf hei zu Lëtzebuerg presentéiert, eng Kéier duerzeleeën. A si gëtt eis am Fong recht, dass déi Liesaart, déi mer zënter jeehier haten, u sech déi richteg ass, dass déi zwou Saache kéinte parallell lafen.

Elo bleift natierlech d'Situatioun: Wat maache mer an der Tëschenzäit, bis mer en Uerteel vun der Cour d'appel hunn? Dat kéint ënner Ëmstänn sechs Méint daueren. Mir sinn also do an enger gewëssener Insécurité juridique. An duerfir hunn ech och déi ganz Problematik ugeschwat an enger Sitzung mam Syvicol, fir op zwou Saachen opmierksam ze maachen: engersäits ze soen, d'Problematik esou duerzeleeën, wéi Dir, Här Zeimet, et gemaach hutt, an dann awer och ze soen, wéi mer hei gemeinsam virginn.

An et war eise gemeinsame Wonsch, fir am Fong d'Gemengen drop hinzeweisen, dass déi Problematik do besteet an dass déi Gemengen, déi nach net an der Prozedur sinn, am Fong besser hätten, en attendant, dass mer dann elo en endgültegt Uerteel hunn, dat doten nom Prinzip vun der Précautioun esou ze handhaben, dass se hir SUP am Fong ganz ofschléissen, ier se an den éischte Vott gi vun der Prozedur vum PAG.

A gläichzäiteg, an dat wëll ech awer och soen, denke mer natierlech drun, fir och nach eng Kéier méi kloer ze légiféréieren am Kader vum SUP-Gesetz, net onbedéngt am Gesetz vum Aménagement communal, mä am Kader vum Gesetz iwwert déi strategesch Ëmweltprüfungen, well dat Uerteel, wann et da par impossible géif bestätegt gi vun der Cour d'appel, natierlech och Répercussiounen hätt net nëmmen op d'PAGe vun de Gemengen, mä op alleguerten déi POSen, déi mer gemaach hunn. Duerfir menge mer, dass den Usaz muss geholl ginn am Gesetz iwwert déi strategesch Ëmweltprüfungen. Dat, wat mer bis elo vu Bréissel héieren hunn, ass éischter positiv: dass also déi Liesaart, déi mer ëmmer hei zu Lëtzebuerg haten, dass déi richteg ass, soudass ech also dovun ausginn, dass mer dat dote kuerzfristeg kënnen hikréien.

En attendant, wéi gesot, fir d'Gemengen: par principe de précaution d'SUP ofschléissen an dann eréischt den éischte Vott vum Gemengerot huelen, an der Hoffnung awer, dass mer dat heite kuerzfristeg wäerte gekläert kréien.

Ech ginn alt dann dovun aus och, dass Är Question écrite dann heimadder och beäntwert ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dat kënnen déi zwee Kolleege vläicht herno matenee klären. A mir géifen zu der nächster Fro iwwergoen, d'Fro vum Här Max Hahn un den Nohaltegkeetsminister iwwert d'Promotioun vum Carpooling.

- Question n°229 du 15 novembre 2016 de M. Max Hahn relative à la promotion du carpooling, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Max Hahn *(DP).*- Här President, den däitsche Komiker Otto Waalkes géif vläicht a senger Rubrik „English for insiders", „Englisch für Reingefallene" den „Carpooling" als „Schwämm fir Autoen" iwwersetzen. Dat ass net de Fall. Gemengt ass de Covoiturage respektiv d'Fahrgemeinschaft.

(Brouhaha)

Am Kader vun der Wuesstumsdebatt konnt een nach eng Kéier ganz kloer feststellen, dass d'Leit dobaussen e grousse Malaise gesinn an dass grouss Retarden opzehuele sinn am Logement, an der Integratioun, awer och am Verkéier. Wann een da weess, dass am Duerchschnëtt 1,1 Persounen an den Autoe sëtzen, dann ass sécherlech de Covoiturage een Outil, mat deem ee sech ganz konkret sollt beschäftegen.

Ech hat viru bal genee zwee Joer eng Question parlementaire écrite un den zoustännege Minister gestallt, fir ze froen, ob dat eppes wier, woumat se sech géifen am Ministère beschäftegen. An do krut ech als Äntwert, dass se eng Etüd géife lancéieren. An ech géif dann de Minister hei vläicht gäre froen, ob et do scho méi konkret Piste ginn. Ech denken do zum Beispill un eng méiglech App, déi do kéint agefouert ginn, respektiv reservéiert Parkplazen, e Belounungssystem oder och reservéiert Spuren, déi dann en fonction vun der Unzuel u Passagéier an den Autoe kéinte benotzt ginn, jee, wéi mer dat eben am Ausland kennen. Dat gesinn ech als flott Pist, déi mer och hei zu Lëtzebuerg sollten attaquéieren.

An ech wollt de Minister François Bausch da froen, wéi wäit en do mat där Etüd ass an ob en eis vläicht hei kéint scho konkret Resultater virstellen, wat do ugeduecht ass, fir eben dee Chiffer vun 1,1 Persounen am Gefier an d'Luucht ze schrauwen an domat eben och eise Verkéiersproblem, dee mer manifestement hei zu Lëtzebuerg hunn, ze verbesseren.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Hahn. Vläicht och als Belounung e Fräibilljee fir an d'Schwämm?

(Hilarité et interruptions)

Den Här Nohaltegkeetsminister huet d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, Merci och fir déi Fro. Dir wësst, datt der Regierung hir an donc och meng Strategie drop baséiert, fir d'Multimodalitéit staark ze förderen, dat heescht net nëmmen op ee Verkéiersmëttel ze setzen, mä ze soen: Mir mussen déi ganz Mobilitéitsketten aschalten, fir d'Verkéiersproblemer ze léisen. Dozou gehéiert natierlech dann och deementspriechend den Auto. Dofir baue mer Park & Riden an esou weider.

Mä mir brauchen och aner nei Méiglechkeeten, déi haaptsächlech déi digital Technologien eis liwweren, fir datt, wann Autoe fueren, se besser gefëllt sinn effektiv, wéi dat haut de Fall ass. An effektiv hat ech dat ugekënnegt. A wéi Der mech entre-temps kennt: Wann ech eppes ukënnegen, da kënnt och eppes no!

Déi Etüd ass laang ofgeschloss a mir sinn amgaangen, d'Ausschreiwung virzebereeden. Déi ass och eigentlech färdeg. Déi wäert elo an deenen nächsten Deeg, kann ech soen, lancéiert ginn. De Projet ass kloer definéiert. Et geet an d'Richtung vun enger Aart Service-Plattform, déi op Basis vun enger App herno géréiert gëtt, e bëssen am Genre wéi dat, wat Der kennt vun Uber. Dat heescht, datt herno kënne Leit sech op där Plattform aloggen, déi entweder wëllen ubidden, fir Leit matzehuelen an och dann uginn, wivill si u Frais de participation froen, fir wa se da Leit mathuele vun A no B, an dann natierlech zweetens, datt och Leit sech kënnen aloggen, déi sichen no enger Matfuergeleeënheet vun do, wou se hierkommen, also och vun A no B, vun do, wou se hierkommen, fir op hir Aarbechtsplaz oder wuer och ëmmer.

An da wëlle mer parallell dozou - dat ware mer eis an Holland ukucken - esou e Belounungssystem aféiere fir Leit, déi dat maachen. Dat ass e klenge finanziellen Incentive. Mir wëllen dat finanzéieren - dat hunn ech mam Camille Gira zesumme gekuckt a mat der Madamm Dieschbourg - iwwert de Klimafong, no dem Motto: Amplaz datt mer Saachen am Ausland finanzéieren iwwert de Klimafong, fir eis CO_2-emissiounsméisseg fräizekafen iwwer Certificaten, wëlle mer léiwer déi Suen heiheem investéieren an dann heiheem eppes maachen, fir d'CO_2-Emissiounen ze reduzéieren, an da kann eis Ekonomie an och eis Gesellschaft heiheem dovunner direkt profitéieren. Dat heescht, iwwert de Klimafong wëlle mer do dee klenge finanziellen Incentive herno ubidden.

Dee ganze Projet gëtt elo finaliséiert. Ech ginn dovun aus, datt mer e bis Abrëll/Mee d'nächst Joer färdeg hunn. Da soll am Juni eng Testphas lancéiert ginn. Firwat drénge mer esou drop fir am Juni? Mä dat huet dermat ze dinn, well Der herno natierlech déi Applikatioun jo musst op Ärem Handy kucken a lancéieren. Dat heescht, dat ass haut nach verbonnen, à la limite zum Beispill fir Frontalieren, mat Roamingskäschten. Déi fale jo ewech, wéi Der wësst, de Juni duerch déi Reform, déi gemaach gëtt op EU-Niveau, soudatt dat kee Problem méi käschteméisseg fir d'Leit duerstellt. Duerfir wëlle mer am Juni dann en Test maachen.

Mir hunn eng Rei Entreprisë mat an d'Boot geholl, also gréisser Entreprisen um Gebitt vun der Stad, déi ganz staark natierlech drun interesséiert sinn, déi och haut gréisser Problemer hu fir hiert Personal a puncto Transport respektiv och Parkraum, dee se net méi genuch zur Verfügung hunn an och net méi wëllen hire Leit an deem Mooss zur Verfügung stellen. Dat heescht, mir wäerten dann, ech géif soen am Juni mat enger Rei Entreprisen dat Ganzt testen an da soll et am September definitiv ulafen.

Mir verspriechen eis dovunner extrem vill, well dat Beispill, wat mer eis, wéi gesot, an Holland ugekuckt hunn - dat ass bei Rotterdam -, dat ass e Risesuccès gewiescht. A wa mer dat effektiv hei fäerdegbréngen niewent deem, wat mer maachen an den Investissementer am ëffentlechen Transport a respektiv fir d'Mobilité douce, fir d'Leit op aner Weeër ze kréien, wa se sech déplacéiere vun A no B, wa mer och nach derfir suerge kënnen an Zukunft, datt mer net nëmmen an all Auto 1,1 oder 1,2 Leit drasëtzen hunn, mä e bësse méi, dann huet dat en immensen Impakt ganz sécherlech op de Verkéier, op d'Fluiditéit vum Verkéier. Dat heescht, da wäerten natierlech e gudde Koup Autoe manner am Beruffsverkéier moies sinn an dat ass jo dat, wat mer gären hätten!

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Nohaltegkeetsminister. An déi nächst Fro kënnt vun der Madamm Martine Hansen, erëm eng Kéier un den Nohaltegkeetsminister - deen net brauch esou wäit ze goen -, iwwert d'Schléissung vun enger Bunn am Stafelter Tunnel zu den Haaptverkéierszäiten.

Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°230 du 15 novembre 2016 de Mme Martine Hansen relative à la fermeture, aux heures de pointe, d'une voie du tunnel «Stafelter» en direction de Luxembourg-ville, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Enn Oktober ass décidéiert ginn, fir eng Spur am Tunnel Stafelter an den Haaptverkéierszäiten zouzemaachen, an dëst laut der Press aus Sécherheetsgrënn a fir de Verkéier duerno méi fléissend ze gestalten.

Dir Dammen an Dir Hären, ech fueren déi do Streck zimlech all Dag, a wann ech virun Enn Oktober am Enn vum Tunnel Stafelter am Stau stoung, esou stinn ech elo vun der Mëtt vum Tunnel Grouft, dat heescht vu Luerenzweiler un - sou wéi zum Beispill de Moien - schonns am Stau. A leider ass nom Tunnel Stafelter de Verkéier meeschtens och net méi fléissend gi wéi virdrun.

Ech wëll einfach gäre wësse vum Här Minister, ob dës Décisioun eppes bruecht huet respektiv ob eng Analys doriwwer gemaach ginn ass, an dat net nëmmen déi éischt Deeg. Ass gekuckt ginn, ob heiduerjer och elo de Verkéier op den Niewestroossen erëm méi zougeholl huet? Et wier definitiv wahrscheinlech nach ëmmer dat Séierst, zu Luerenzweiler erofzefueren an dann erëm iwwer Blaaschent ze fueren.

Ass gekuckt ginn, ob d'Leit elo wierklech méi séier an der Stad si wéi virdrun, sief dat iwwert de Kierchbierg oder iwwer Dummeldeng, wann een nom Tunnel Stafelter eroffiert?

Wann dës Décisioun eppes bruecht huet, gëtt se dann och op anere Plazen ugewannt? A wann dës Décisioun näischt bruecht huet, gëtt se dann och erëm réckgängeg gemaach?

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Hansen. An den Här Nohaltegkeetsminister ass ënnerwee.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir déi Fro. Mä ech muss soen, Här President, et ass jo bal d'Ironie vun der Geschicht, datt grad ech muss hei an dëser Legislaturperiod hei erkläre kommen, datt d'Nordstrooss, esou wéi se gebaut ginn ass, net d'Léisung ass vum Verkéiersproblem an de Spëtzestonnen!

Dat ass d'Ironie vun der Geschicht, mä domadder muss ech liewen!

(Interruption)

Ech sinn awer och duerfir frou, datt ech déi Froen ëmmer erëm gestallt kréien, well si beleeë jo just nëmmen dat, wat ech och gesot hunn, wéi d'Ouverture war vun der Nordstrooss, wou ech gesot hunn: „Och wa mer frou sinn, wann dat Kapitel ofgeschloss ass, an och wa mer vläicht frou sinn doriwwer, datt d'Leit aus dem Norden eng besser Verbindung hunn tëschent dem Norden an der Stad, esou heescht dat net, datt mer d'Verkéiersproblemer an de Spëtzestonne mat där Strooss do wäerte léisen." Dat war ëmmer meng Iwwerzeegung an et bestätegt sech am Alldag ëmmer méi!

An hei hu mer e klassesche Fall: Dir hutt de Problem, datt mer zwee laang Tunnelen hunn, déi och no unenee leien. An Dir wësst, datt international Sécherheetsstandarden, sougutt wat de Risiko ass vu Verkéiersaccidenter wéi awer och vun Ofgasen, et maachen, datt et absolutt net ze akzeptéieren ass, dat heescht, datt mer den Tunnel mussen zoumaachen, wann e Stau am Tunnel riskéiert ze kommen oder geschitt.

Dat heescht, mir hunn natierlech de Problem, datt duerch dee Verkéier, deen entre-temps, zënter datt d'Strooss op ass, vun der Brëtell an der Jonction Grünewald och eropkënnt, datt dat natierlech alles Implikatiounen op d'ganz Fluiditéit eriwwer och op d'Nordstrooss selwer huet. An ech soen Iech just, datt mer scho villes probéiert hunn. Et ass villes am Test gemaach ginn. An ech kann Iech och direkt drop äntwerten: Natierlech, wann eppes näischt bréngt, gëtt et erëm réckgängeg gemaach. Mä et ass net einfach, do Léisungen ze fannen!

Dat Eenzegt, wat kloer ass: D'Administratioun, also Stroossebauverwaltung muss derfir suergen, datt an den Tunnele keng Staue sinn. Jo, mä duerfir ass probéiert ginn, zum Beispill ze kucken, ob een dann net mat enger Spur fiert baussent dem Tunnel a probéiert, de Stau oder den net esou fluiden Trafic ze verleeën tëschent d'Tunnelen, datt mindestens an den Tunnelen d'Situatioun mat Réckstauen net besteet. Mä alles dat ass bis elo nach net mat engem gréissere Succès gekréint ginn, fir et emol esou ze soen. Mä et gëtt nach weider probéiert.

Et sinn eng Rei liicht Verbesserungen duerch verschidde Mesurë festgestallt ginn. Et sinn eng Rei Saachen, déi och nach wäerte probéiert ginn. De primäre But ass eben, wéi gesot, d'Stauen an den Tunnelen an domadder d'Noutwendegmaache vun der Schléissung vun den Tunnelen - well Dir wësst jo, dat hate mer och schonn, där Situatiounen, da waren d'Leit nach manner ameséiert, wa mer ganz hu mussen zoumaachen -, datt mer dat verhënnert kréien. A wéi gesot, do lafen nach ëmmer Tester.

Duerfir, et gëtt keng Wonnerléisung hei! Ech soen Iech, den Haaptproblem, dee mer hunn, dat ass, datt am Beruffsverkéier einfach ze vill Autoen op der Strooss sinn! A mir kënnen hei den Hochstand nach zéngmol maachen a mengen, dee Problem géif sech vum selwe léisen! Dee léist sech nëmmen deen Dag, wou mer verstinn, datt mer musse massiv op aner Verkéiersmëttelen ëmklammen, haaptsächlech an de Spëtzestonnen am Beruffsverkéier, well soss, soen ech Iech, geet deen dote Problem weider.

An dat, wat d'Leit dobausse spieren de Moment, dat ass net nëmmen, well se et esou spieren, mä well et esou ass: Dat ass, datt et vu Joer zu Joer schlëmmer gëtt am Verkéier an datt mer eigentlech der Situatioun am Moment hannendrulafen.

Dat huet och dermat ze dinn - dat hunn ech och scho méi wéi eng Kéier gesot -, datt mer an enger Rei Beräicher en Investissementsréckstand hunn. Firwat deen elo ass, ech wëll dat elo hei net diskutéieren, mä et ass eng Realitéit, datt en do ass! Iwwer vill Projeten hu mer vill ze laang diskutéiert amplaz ze handelen! An ech mengen, mir mussen awer elo endlech verstoen, datt et elo un der Zäit ass, datt mer eng Rei Saache konsequent ëmsetzen. Well ech soen Iech: Egal wat mir nach wäerten experimentéieren op der Nordstrooss moies virun den Tunnelen, hannert den Tunnelen, wa mer et net fäerdegbréngen, en Deel vum Beruffsverkéier vun der Strooss erofzekréien, léise mer de Problem ni!

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Nohaltegkeetsminister. A mir kommen zu der leschter Fro vun de Mëtten. Déi kënnt vun der Madamm Taina Bofferding, riicht sech un den Aarbechtsminister an dréit ronderëm d'Stagen an de Betriber.

Une voix.- Très bien!

- Question n°231 du 15 novembre 2016 de Mme Taina Bofferding relative à l'encadrement légal des stages en entreprise, adressée à M. le Ministre du Tra-

vail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Jo genau, Här President. Déi berufflech Qualifikatioun a Weiderbildung si wichteg Aspekter vun der Aarbechtswelt. E Stage kann an deem Sënn eng interessant Beräicherung fir e jonke Mënsch sinn. E kritt professionellt a praktescht Wësse vermëttelt, ka seng Erfahrunge maachen a kënnt domadder och an de Kontakt mat Entreprisen. Et kann och eng Noutléisung sinn, fir no sengem Studium als e Stagière esou an d'Beruffswelt eranzeklammen, wann een direkt kee regulären Job fënnt.

Absolutt net gutt ass awer, wann d'Stagiairen, also jonk Leit, als bëlleg Aarbechtskräften ausgenotzt ginn. Offiziell gi se jo net als Aarbechter unerkannt, well se jo keen Aarbechtskontrakt hunn. An awer stelle sech ëmmer erëm Fäll, wou eben d'Stagiairen déi Aarbechte maachen, déi eigentlech engem normale Salarié zoustinn, an dat oft iwwer Méint an ouni Bezuelung. Et ass och net gutt, wa si mat esou enger Joboffer ugelackelt ginn. Och dat gesäit een ëmmer erëm, dass se Saache versprach kréien, déi herno net ageléist ginn.

Et ass also bedauerlech, dass mer Jonker hei an enger Prekaritéit hunn an déi eben och net seelen engem Abus ausgesat sinn. Duerfir plädéieren ech perséinlech fir e Kader, e Kader, dee garantéiert, dass déi Jonk ebe kënnen héichwäerteg Aarbechtserfahrunge sammelen an dass se och fair Konditioune fannen an domadder hir Chancen op eng gutt Aarbecht kënnen erhéijen.

Duerfir elo meng Froen un de Minister: Ass et net un der Zäit, dass mer eis och ëm déi jonk Beschäftegt këmmeren? Wär et net ubruecht, e bessere Schutz anzeféieren oder vläicht souguer e Verbuet fir Betriber, dass se Stagiairen net als Ersatz fir hir regulär Aarbechtskräfte kënnen asetzen? Wär et net och ubruecht, vläicht e legale Kader eben ze schafen? Et ass jo och am Koalitiounsaccord schonn doriwwer diskutéiert ginn, also et huet Néierschlag am Koalitiounsaccord fonnt.

Iwwregens huet och d'Europäesch Kommissioun virun dräi Joer eng Recommandatioun, fir esou e Cadre de qualité auszeschaffen, weiderginn. Duerfir och hei meng Fro: Wär et vläicht interessant, sech hei un deene Leitlinnen ze orientéieren? A virun allem: Wéi kënne mer eben derfir suergen, dass mer déi jonk Stagiairë besser encadréieren an dass se eben net zu bëllegen Aarbechtskräfte kënnen ausgenotzt ginn?

Wann ech och virdrunner gesot hunn, mir missten eis ëm si këmmeren, dat heescht net, dass mer eis bis elo net ëm se gekëmmert hunn. Mä ech mengen domadder, dass mer eis nach besser ëm si solle këmmeren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Bofferding, mat der Bitt, e Bléck op d'Auer ze werfen. Merci. Den Här Aarbechtsminister huet d'Wuert.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Voilà, Merci. Ech mengen, déi Fro, déi d'Madamm Bofferding opgeworf huet, ass eng ganz wichteg Fro, well iwwerall gesi mer dat, wat een nennt d'Generatioun Praktika vu jonke Leit, déi vun engem Stage an deen anere ginn, net rémunéréiert, schlecht rémunéréiert, mat all deene Promessen, déi ni agehale ginn. An et ass scho wichteg, datt mer do effektiv deenen Abusen en Enn maachen.

Op där anerer Säit, wéi Der richteg gesot hutt, ass de Stage en ëmmer méi wichtegt Instrument, fir d'Transitioun tëschent Schoul an Emploi ze facilitéieren, well dat ass dee komplizéiertste Moment: aus der Schoul eraus an en Emploi. Well ganz oft hu jonk Leit net onbedéngt déi Erfahrung a se gi geblockt eben, well se déi Erfahrung net hunn. An de Stage ass oft de Moyen, fir déi Erfahrung ze sammelen.

Par ailleurs hu mer och d'Situatioun ëmmer méi, an ech begréissen dat och, datt vill Schoulen eigentlech Stagen als en Deel vum normale Kursus virgesinn, fir eben herno och dee Passage Schoul an Emploi ze facilitéieren.

Mä mir hu momentan an onser Legislatioun eigentlech keng prezis Dispositioun iwwert de Stage. Mir wëssen net genau, wat d'Rechter si vum Stagiaire, wat d'Obligatioune si vum Employeur, deen e Stagiaire astellt. An duerfir begréissen ech och, datt déi dote Fro gestallt gëtt.

Mir haten awer mat de Sozialpartner ugefaangen, am Joer 2015 iwwert deen doten Aspekt ze diskutéieren, well mer jo alleguer wëssen, datt d'Formatioun, d'Qualifikatioun, mä awer och den Apprentissage, an net den Apprentissage just fir déi, déi en Handwierk léieren, mä vill méi breet fir jiddwereen, deen an d'Beruffsliewen erakënnt, datt mer dat musse förderen. An do ass de Stage e gutt Instrument. Duerfir géif ech soen, no deenen éischten Échangen, déi mer am Februar an am Mäerz 2015 haten, wäerte mer d'nächst Joer déi Diskussioune mat de Sozialpartner erëm ophuelen.

Zwou Saache si wichteg: Éischtens, déi Abusen, déi Der ugeschwat hutt, déi mussen évitéiert ginn. Zweetens dierfe mer awer och net esou Barrièrë schafen, datt eigentlech all Employeur seet: „Ma mech interesséiert dat net méi onbedéngt, e Stagiaire ze huelen." Do musse mer dee richtegen Équiliber fannen.

Deen Équiliber kann ee fannen, andeem ee kloermécht, éischtens, datt e Stage net eng régulière Aarbecht ass. Et kann net sinn, datt e Stagiaire schafft, wéi wann en eigentlech e Member vum Staff wier. E Stage huet eng pädagogesch Apprentissagefonctioun an déi muss och ënnerstëtzt ginn. Duerfir ass et och wichteg, datt all Stagiaire eng Convention de stage muss maachen, all Employeur mat engem Stagiaire, wou kloer festgeluecht gëtt, wat d'Rechter sinn, wat d'Obligatioune sinn vun deem engen a vun deem aneren.

Deen zweete Punkt ass d'Zäit. Et kann net e Stage vun zwee Joer ginn oder vun engem Joer. Bon, ganz exceptionnel, ech hu mer notamment déi franséisch Legislatioun ugekuckt, do ass de Stage limitéiert op sechs Méint, a ganz exceptionnelle Situatiounen, well Schoulen dat esou verlaangen, bis ee Joer. Mä da muss déi Exceptioun och kloer fixéiert ginn.

Dat anert ass, et dierf een och net ee Stagiaire nom aneren eranhuelen, well dann ass deen Abus ganz oft esou: Ech loossen déi Aarbecht do vun engem Stagiaire maachen, an da kënnt deen nächste Stagiaire, dee mécht weider, an da kënnt nach en drëtten hannendrun, dee fiert weider. Dat geet och net. De Stage huet eben eng prezis Fonctioun.

An, en huet eng Fonctioun, dat wëll ech awer soen, natierlech fir déi Jonk, wéi ech gesot hunn, fir se méi no an den Aarbechtsmaart, an en Emploi ze brëngen. Mä en huet awer och eng Fonctioun fir d'Entreprisen! D'Entreprisen hunn en Intérêt, fir Stagiairen ze huelen, well ganz oft bei de Stagiairë wäerte se déi Leit fannen, déi herno hir gutt Collaborateure ginn. Dat ass deen éischte Punkt.

Deen zweete Punkt ass, mir schwätze ganz vill vun „social responsibility", responsabilité sociale vun den Entreprisen. Eh bien, Leit, jonke Leit ze hëllefen, an den Emploi ze kommen, gehéiert menger Meenung no absolutt zu der „social responsibility" vun den Entreprisen.

A mäi leschte Punkt ass d'Période d'essai. Wann een e Stage gemaach huet an et gëtt een embauchéiert, da muss de Stage och schonn ugerechent ginn als Période d'essai.

Dat do sinn Elementer, déi komplizéiertsten hunn ech net genannt, an dat sinn d'Suen, wéi ëmmer. Ech menge schonn, datt ee muss do eppes virgesinn ab engem gewëssenen Niveau vu Stage. Wéi mer dat elo nennen, Indemnité, Gratification, d'Fransouse schwätze vu Gratification, do ass eben deen Équiliber ze fannen, fir net et onméiglech ze maachen, datt jonk Leit e Stage fannen, mä awer och kloer unzëerkennen, datt deen, deen e Stage mécht, der Entreprise eppes ka bréngen. Well déi Leit, déi komme jo vun enger Schoul, déi hunn e Wëssen an déi si jo och bereet, mat der Entreprise dat Wëssen ze deelen, andeem se natierlech och d'Erfahrung aus der Entreprise kréien.

An duerfir wäerte mer op dee Wee goen, mat de Sozialpartner zesummen e Kader ze schafen, wou mer och Elementer vun där Recommandatioun, déi d'Kommissioun virun zwee Joer gemaach huet, oder virun dräi Joer, viru véier Joer gemaach huet, doranner fléisse loossen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Déiselwecht Remarque wéi virdrun.

(Hilarité)

Domat si mer um Enn vun eiser Froestonn ukomm a mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen.

7. Désignation de deux membres du comité d'évaluation institué par la loi du 23 juillet 2016 portant mise en place d'un statut spécifique pour certaines données à caractère personnel traitées par le Service de renseignement de l'État

Et geet ëm d'Designatioun vun zwee Membere fir den Evaluatiounscomité vum Geheimdéngscht. Do sinn zwee Deputéiertekolleegen ze nennen. Wéi den Artikel vun eisem Chambersreglement 153.(2) et virgesäit, ginn déi zwee Membere vun der Chamber op Propos vun der Presidentekonferenz designéiert.

D'Presidentekonferenz proposéiert folgend zwee Kandidaten: den Här Gusty Graas an den Här Serge Wilmes. Wann elo net méi wéi zwou Kandidaturen um Dësch leien an net nach eng zousätzlech Kandidatur abruecht gëtt, kënne mer den Artikel 4.(5) applizéieren an doriwwer direkt per Handophiewen ofstëmmen.

Duerfir froen ech d'Chamber: Si keng weider Kandidaturen do?

(Négation)

Da ginn ech dovun aus, dass den Artikel 4.(5) spillt.

Vote à main levée

An ech géif Iech d'Fro stellen, ob Der mat deenen zwee Kolleegen, dem Här Serge Wilmes an dem Här Gusty Graas, d'accord sidd. An ech géif Iech dann ëm en Zeeche bieden.

Géigeprouf!

(Assentiment)

Unanime. Dat ass eng ganz grouss Responsabilitéit, déi Der op Äre Schëlleren drot!

Voilà, dat gesot, géif ech da confirméieren, dass déi vun eis designéiert Membere fir dee Comité d'évaluation den Här Gusty Graas an den Här Serge Wilmes sinn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà. Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Do handelt et sech ëm de Projet de loi 6968 iwwert d'Konkurrenzrecht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt den honorabelen Här Alex Bodry, deen de Rapport fir den honorabelen Här Claude Haagen iwwerhëlt, de Rapporteur, deen awer en bonne et due forme entschëllegt ass wéinst engem Stierffall.

8. 6968 - Projet de loi relatif à certaines règles régissant les actions en dommages et intérêts pour les violations du droit de la concurrence et modifiant la loi modifiée du 23 octobre 2011 relative à la concurrence

Rapport de la Commission de l'Économie

M. Alex Bodry *(LSAP), en remplacement de M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.*-Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et kënnt mir dann zou, fir am Numm vum Rapporteur Claude Haagen säi schréftleche Rapport hei virun der Chamber ze presentéieren.

De Projet de loi 6968 gesäit d'Modifikatioun vum modifizéierte Gesetz vum 23. Oktober 2011 iwwert d'Schuedenersatzkloe fir d'Verletzunge vum Konkurrenzrecht vir. De Projet de loi ass virun aacht Méint, den 18. Mäerz 2016, vum Wirtschaftsminister, dem Etienne Schneider, an der Chamber déposéiert ginn. Eng ganz Rëtsch vun Avise si gemaach ginn. Den éischten Avis ass komm de 27. Abrëll 2016 vun der Union luxembourgeoise des consommateurs. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 23. Mee agereecht an den Avis complémentaire den 20. Juli 2016.

Dem Statsrot säin Avis ass zwee Deeg drop komm, de 25. Mee, an den Avis complémentaire den 12. Oktober 2016. De Conseil de la concurrence huet den éischten Avis de 6. Juni eraginn an den Avis complémentaire de 6. September. D'Association luxembourgeoise pour l'étude du droit de la concurrence huet en Avis eraginn, an dat de 25. Juli 2016. D'Ekonomieskommissioun vun der Chamber huet eng Rei vun Amendementen ugeholl, dëst de 5. Juli 2016.

Komme mer elo zum Fong vun dësem Projet de loi! An dësem Ament ass d'Reparatioun vun engem Schued, duerch eng anticoncurrentiel Praxis ervirgeruff, duerch den Droit commun vun der Responsabilité civile méiglech. Dës Prozedur ass awer an der Praxis rar, opgrond vun de komplexen nationale Prozeduren an duerch d'Schwieregkeet vun den Demandeuren, fir hire Schued ze beweisen.

An engem Livre blanc vun der Kommissioun vun 2008 huet déi Europäesch Kommissioun de Montant vun de Schied an hiren Intérêten, déi d'Affer vun den anticoncurrentielle Praktiken entzu kritt hunn, op e puer Milliarden Euro beziffert.

Den Objet vun der europäescher Direktiv vun 2014, déi bis de 27. Dezember 2016 soll an d'Nationalrecht transposéiert ginn, besteet doranner, en Ensembel vu gemeinsame Regele fir d'Memberstate fir d'Aktiounen an d'Responsabilitéiten, déi op enger anticoncurrentieller Praxis baséieren, ze schafen. Heimat sollen dës Aktioune méi einfach gemaach ginn. An en plus sollen d'Affer vu solche Praktiken incitéiert ginn, hir Reparatiounsrechter och geltend ze maachen.

D'Verbesserung vun den Entschiedegungskonditioune vun de Victimmen huet och als indirekt Zil, fir déi positiv Auswierkungen op de Respekt vun de Konkurrenzregele vun de Wirtschaftsakteuren ze stäerken. Dëst soll doduerch erreecht ginn, dass d'Effektivitéit an d'Effikassitéit vun der Regulatioun vum Marché duerch privat Aktioune gestäerkt ginn.

Weider huet d'Gesetz als Objet, fir d'Ausféierung vun esou Aktioune méi einfach ze maachen, dëst duerch d'Adaptéiere vu verschiddenen Elementer vun der dozougehéiereger Prozedur an duerch d'Fixéiere vu Regelen, déi d'Mise en œuvre vun ëffentlechen a private Moossnamen am Domän vum Konkurrenzrecht koordinéieren.

De Règlement, den europäesche Reglement N°1 vun 2003 vertraut der Europäescher Kommissioun an den nationalen Autoritéite vun der Konkurrenz d'Kompetenz un, fir d'Artikelen 101 an 102 vum Traité ze applizéieren. D'Applikatioun vun de Konkurrenzregele vun der Europäescher Unioun duerch d'Europäesch Kommissioun a vun den nationale Konkurrenzautoritéite soll „Mise en œuvre du droit de la concurrence de l'Union européenne par la sphère publique" genannt ginn.

Allerdéngs stellt de private Beräich den aneren Aspekt vun der Mise en œuvre vum Konkurrenzrecht duer, notamment duerch d'Schuedenersatzkloen. Duerch déi virgesinnen Interdiktiounen an den Artikelen 101 an 102 vum Traité huet all Persoun d'Recht, eng Entschiedegung ze froen, dëst awer just, wann e kausalen Zesummenhang tëschent där Schiedegung an enger Violatioun vun den europäesche Konkurrenzregele besteet. Déi benodeelegt Säite mussen net nëmmen d'Reparatioun vun de Verloschter, mä och de Gewënn, dee se net maache konnten, souwéi d'Zënse froe kënnen.

Bis elo bestoung en Haaptproblem vum Ausübe vun dem Indemnisatiounsrecht am Accès zu de Beweiser. Fir recht ze kréien, muss een dat och kënne beweisen, dass een e Schued huet an dass e kausalen Effekt besteet tëschent sengem Schued an dem Handele vun engem Drëtten.

Schuedenersatzkloen hu bis elo d'Examinatioun vun enger grousser Zuel vu fakteschen Donnéeë virausgesat. Den Haaptproblem vun der Verständnegung besteet doranner, dass pertinent Beweiser nëmme schwéier accessibel sinn, well se vun där Partei, déi den Originn vum Fehlverhalen duerstellt, zréckgehale ginn.

Anerersäits besteet de Risiko, dass Informatiounen zu enger Demande de clémence bekannt gemaach kënne ginn. Dëst kreéiert eng Ongewëssheet opsäite vun den Entreprisen a kann hir Décisioun, fir mat den Autoritéiten am Kader vun Zeieschutzprogrammer ze kooperéieren, beaflossen. Esou Zeieschutzprogrammer ginn am Kader vu groussen Affäre vun Entente-illicitten tatsächlech opgestallt.

An Ofwiesenheet vun all juristesch zwéngender Initiativ op EU-Niveau kann d'Effikassitéit vun den Zeieschutzprogrammer, déi eng dreiwend Kraaft vun der Mise en œuvre vun de Konkurrenzregelen duerch den ëffentleche Beräich sinn, a Gefor sinn, dëst duerch d'Verbreedung vu verschiddenen Dokumenter, wéi am Kader zum Beispill vu Schuedenersatzkloen, virun nationale Geriichter.

Dëse Projet de loi gesäit also vir, d'Interaktioun tëschent der Mise en œuvre vun de Konkurrenzregelen duerch den ëffentleche Beräich an hir Mise en œuvre vun dem private Beräich ze optimiséieren. Dat wichtegst Uleies ass, fir eng kohärent Politik vun der Mise en œuvre vum Konkurrenzrecht duerch d'Effentlechkeet weider ze maachen, dëst am Sënn, fir den Affer vu Violatioune vum Konkurrenzrecht hir Reparatioune méiglech ze maache respektiv méi einfach ze maachen.

Obwuel d'Recht op vollstänneg Entschiedegung fest am Lëtzebuerger Droit vun der Responsabilité civile verankert ass, ass et méiglech, dass et schwéier ka sinn, dëst Recht an der Praxis ze exercéieren, wat den Domän vun de Violatioune vum Konkurrenzrecht ugeet.

Déi aner Suerg vum Gesetzesprojet besteet doranner, dass d'Affer vun der Violatioun vun de Konkurrenzregelen Zougang zu effikasse Mechanismen hunn, déi hinnen et erlaben, eng komplett Entschiedegung vun hire Verloschter ze kréien. Fir den Entreprisen, déi am Bannemaart aktiv sinn, ze erlaben, vu gerechte Konkurrenzkonditiounen ze profitéieren, a fir deene geschiedegte Parteien ze erlaben, déi Rechter ze exercéieren, déi hinnen de Bannemaart bitt, wëllt den europäesche Legislateur d'Rechtssécherheet stäerken. D'Differenzen tëschent de

Memberlänner, wat déi national Regelunge vun de Schuedenersatzkloen uginn, solle verklengert ginn.

De Rapprochement vun den nationale Regelen, wéi et d'Direktiv 2014/104/UE virgesäit, limitéiert sech net eleng also op d'Violatioune vun europäesche Konkurrenzregelen, mä couvréiert och d'Violatioun vun nationale Konkurrenzregelen. Dëse Gesetzesprojet verbessert also d'Konditiounen, andeem et méiglech ass, fir eng Reparatioun vum Schued, dee verursaacht ginn ass duerch d'Violatioun vun europäeschen an nationale Konkurrenzregelen, ze erhalen.

Wann dat europäescht an nationaalt Recht parallell ugewannt gëtt, regelt de Reglement N°1 vun 2003 vun der EU de Rapport vun den Artikelen 101 an 102 vum Traité an den nationale Konkurrenzrechter.

Am Beräich vun der Konkurrenz sinn déi pertinent Preuven, déi en Demandeur brauch, fir seng Demande gutt ze begrënnen, an der Regel vum Défendeur oder vun Drëtten zréckgehalen. Dës Situatioun gëtt och als „Asymétrie de l'information" beschriwwen. Déi Schwieregkeet, déi d'Demandeuren erliewen, fir all Elementer fir d'Preuven ze kréien, ass eng vun den zentrale Barrièrë vu Schuedenersatzkloe respektiv a Konkurrenzaffären.

Wann hien den Destinataire vun enger Unuerdnung fir den Noweis vu Beweiser vun engem Riichter ass, fält d'Beweislaascht op den Défendeur. Dëse muss och Accès op Beweiselementer vun den Demandeurs oder Drëtten hunn. Also béid Parteie musse jeeweils kënnen Accès hunn zu Informatiounen, déi déi aner Säit eigentlech huet an net fräiwëlleg erausgëtt. Déi béid Parteie vun der Prozedur hunn also d'Méiglechkeet, fir de Riichter ze froen, dass dësen d'Verbreedung vu gewëssenen noutwendegen Informatioune verlaangt.

Äänlech wéi bei der Approche vun der Direktiv 2004/48/CE, bezunn op de Respekt vun de Rechter vum geeschtegen Eegentum, ass d'Zil, fir ze garantéieren, dass all Prozessparteien en effektiven, minimalen Accès op Beweiselementer hunn.

Am Hibléck op d'Demandeure wäerten d'Beweiselementer dozou déngen, d'Stéchhaltegkeet vun hirer Demande fir Schuedenersatz ze begrënnen. Wat d'Défendeuren ugeet, esou sollen dës en zoutreffende Moyen zur Défense erméiglecht kréien. Fir dëse minimalistesche Charakter ze garantéieren, kann nëmmen ee Riichter d'Verbreedung vu Beweiselementer, déi vun der Partie adverse oder vun Drëtten zréckgehale ginn, ordonnéieren. D'Nécessitéit, den Emfang an d'Proportionalitéit vun dëser Verbreedung ënnerleien engem strikte Contrôle vum Geriicht.

Fir ze verhënneren, dass d'Verbreedung vu Beweiselementer der Mise en œuvre vu Konkurrenzregele vum ëffentleche Beräich schuet, si Limitte virgesinn. Dës Limitte protegéieren de confidentielle Charakter vun de Beweiser, déi vum Dossier vun enger Konkurrenzautoritéit kommen. Hei handelt et sech konkret ëm Deklaratiounen, déi vun Entreprisë gemaach ginn, besonnesch wat eng Demande op d'Uwendung vun enger Krounzeieregelung an d'„propositions de transaction" ugeet. D'Verbreede vun esou Dokumenter kann esou ni am Kader vun enger Schuedenersatzklo ordonnéiert ginn, also och net vum Riichter.

Dergéint kënnen awer aner Kategorië vun Dokumenter, déi vun de Konkurrenzautoritéiten zréckgehale ginn, verbreet ginn, mä nëmmen, wann d'Konkurrenzautoritéit hir Procédure à huis clos gemaach huet, an dëst sous peine d'irrecevabilité. Et handelt sech hei ëm Kategorië vun Informatiounen, déi keng Restriktiounen, wat hir Verbreedung ugeet, kennen. Dës kënnen nëmmen als Beweismëttel an enger Schuedenersatzklo vun där Persoun oder hirem Successeur benotzt ginn, déi Accès zum Dossier kritt huet.

Fir den Affere vu Violatioune vu Konkurrenz eng räsonabel Méiglechkeet fir eng Schuedenersatzklo an en héijen Niveau vu Rechtssécherheet fir all betraffe Parteien ze garantéieren, sinn déi applikabel Verjärungsfristen déi vum Droit commun, an dëst ass an der Applikatioun vun den Equivalenz- an Effikassitéitsprinzipien ze betruechen.

Dëse Gesetzesprojet stellt déi néideg Mëttel zur Verfügung, déi et de betraffene Parteien erlaben, hire Rechtsstrait op konsensuell Aart a Weis ze klären, dëst ouni dass dës Fäegkeet en Afloss op hir Rechter wäert hunn, e Geriichtsverfahren am Fall vun engem Échec anzeféieren.

Schlussendlech muss nach gesot ginn, dass dëse Gesetzesprojet keng Auswierkungen op de Statsbudget wäert hunn.

All weider technesch Detailer fannt Der am schréftleche Rapport vum Här Claude Haagen. Dat gesot, géif ech dann och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Text abréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo den Här Léon Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).*- Merci, Här President. Fir d'Éischt wéilt ech dem Rapporteur, dem Claude Haagen, Merci soe fir säi schréftleche Rapport, an dem Rapporteur ff., dem Kolleeg Alex Bodry, fir säi mëndleche Rapport. Et ass eng interessant Matière, eng komplex, technesch Matière. Et wier vill ze soen, mä mat fënnef Minutten ass dat elo hei am Plenum mer net méiglech.

Ech wéilt drop hiweisen an och aktéiere loossen, datt, wéi 2008 d'Kommissioun de Livre blanc erausginn huet, ech mat engem Confrère fir Lëtzebuerg d'Etüd hei iwwert d'Juridiction luxembourgeoise gemaach hunn, wéi ee kéint d'Konkurrenzrecht méi effektiv am Kader vu Kloe vun Dommages-intérêts ëmsetzen.

De Rapporteur, bezéiungsweis säi Stellvertrieder, ass hei op déi verschidden technesch Detailer agaangen. De Meritt vun dësem Gesetz, wou mer d'europäesch Direktiv zum Deel ëmsetzen, ass, datt et homogen Regelen an all EU-Juridictioun ginn. Dat heescht, souwuel de Consommateur wéi d'Entreprise weess, op wat se sech aloossen a wat fir eng Regelen ze befollege sinn. Ech ënnersträichen och, datt mir eng Optioun vun der Direktiv net ëmgesat hunn. Dat heescht, déi Optioun, fir kollektiv am Droit de la concurrence kënnen ze kloen, also d'kollektiv Kloen, hu mer net ëmgesat.

D'Mediatioun ass och virgesinn. D'Mediatioun ass och e wichtege Facteur. Net nëmmen am Kader vun der normaler Procédure civile, mä besonnesch an esou engem Domän wéi dem Konkurrenzrecht kann d'Mediatioun eng reell Plus-value si fir béid Parteien. Vergiesse mer net, datt mer awer hei oft an engem sensibele Beräich sinn, well d'Entreprisen dann no deenen neie Prozeduren eng Rei Donnéeë musse fräiginn!

Ech profitéieren awer vun deene puer Minutten, déi mer nach bleiwen, fir op eng Problematik hinzeweisen. D'Association luxembourgeoise pour l'étude du droit de la concurrence huet se ugeschnidden an engem vun hire Rapporten, an de Conseil de la concurrence huet den 31. Oktober e Rapport vun engem Groupe de travail publizéiert, ob ee soll hei zu Lëtzebuerg e Contrôle a priori vun de Concentratiounen aféieren oder net.

Här President, Lëtzebuerg ass dat eenzegt Land, wat esou e Contrôle a priori net kennt. All déi aner EU-Juridictiounen hunn een. Esou e Contrôle a priori klénkt prima facie gutt, well e géif eng juristesch Sécherheet bréngen. Et muss een, éier datt esou eng Operatioun zustane kënnt, de Conseil de la concurrence saiséieren, an dee seet dann entweder jo oder neen.

Elo ass natierlech hei zu Lëtzebuerg, mir sinn e klenge Marché. Wann een elo all kleng Fusioun, Concentratioun muss notifiéieren, da maache mer am Fong dat, wat mer net sollte maachen, näämlech da maache mer en Alourdissement vun der Procédure administrative.

An deem Rapport seet de Groupe de travail, et sollt ee fir d'Éischt op e Wee vun enger Notification volontaire goen an dann duerno an enger zweeter Phas op eng Notification obligatoire. Ech mengen, et misst een eng Richtung aschloen, wann een dat wëllt, well wann een et volontaire mécht, weess een, datt sech net dorunner gehale gëtt.

De Marché hei zu Lëtzebuerg ass awer kleng. Wann een dat wëllt, stellt sech d'Fro: Wat fir eng Kritären hëlt een a Considératioun? Ass et de Chiffre d'affaires oder d'Part de marché? Dee Groupe de travail schléit de Chiffre d'affaires vir.

Wat fir een Test hëlt een, zemools an engem Marché wéi Lëtzebuerg, well do ee ganz schnell zum Beispill kann och eng grouss Part vum Marché occupéieren? Hei schléit de Groupe de travail de sougenannten Test vun „significant impediment to effective competition" vir. Wann een dee Contrôle a priori wëllt, muss ee sech och bewosst sinn, datt de Conseil de la concurrence muss massiv - an ech betoune massiv! - opgestockt ginn, well do dann Honnerte vun Dossieren erakommen.

Et ass eng Debatt, Här President, déi ee soll féieren. Et ass eng Debatt, déi ee soll an aller Serenitéit féieren. Et muss ee wierklech hei ganz genau Pro a Kontra ofweien, éier mer esou e Contrôle a priori hei zu Lëtzebuerg géifen aféieren.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der CSV zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Gloden. An nächste Riedner ass den Här André Bauler.

M. André Bauler *(DP).*- Merci, Här President. Den Alex Bodry hat elo just scho gesot, ech hat mer dat awer och hei preparéiert, am Wäissbuch vun 2008 iwwert d'Schuedenersatzaktiounen huet d'Europäesch Kommissioun d'Schied, déi d'Affer vun anticoncurrentielle Praktiken erleiden, op e puer Milliarden Euro geschat. Ech hunn zwar effektiv laang nogesicht. Ech hunn de geneeë Montant net fonnt. Mä wéi gesot, et ass eng héich Zomm.

Zu dëse Praktike gehéiere virun allem déi illicite Ententen, also d'Accorden tëschent Entreprisen, Décisiounen tëschent Associatioune vun Entreprisen an déi concertéiert Praktiken, also virun allem déi präislech Ofsproochen. Vergiesse mer awer net och d'Mëssbräich, déi aus enger maartbeherrschender Positioun kommen, déi sougenannt Abus de position dominante!

D'Kommissioun huet an engem Communiqué am Summer 2009 Folgendes geschriwwen: «Toute personne ou entreprise lésée par des pratiques anticoncurrentielles telles que celles décrites ci-dessus peut porter l'affaire devant les tribunaux des États membres pour obtenir des dommages et intérêts. (…) dans les affaires portées devant les juridictions nationales, une décision de la Commission constitue une preuve contraignante de l'existence et du caractère illicite des pratiques en cause. Même si la Commission a infligé des amendes aux entreprises concernées, des dommages et intérêts peuvent être accordés sans que le montant en soit réduit au titre de l'amende infligée par la Commission.»

Dat si kloer Wierder vun der Kommissioun an eng Warnung un all déi Betriber, déi mengen, si kéimen ongeschuer duerch d'Liewen a si bräichte sech net un d'Regele vum fräie Maart, vum fräie Bannemaart ze halen, andeems se aner Betriber, dacks méi kleng Betriber, duerch illegal Praktike versichen an d'Knéien ze zwéngen.

Här President, d'Wirtschaftswelt ass zu engem groussen Deel geprägt vu Muechtspiller, déi sech op d'Käschte vun der fräier Konkurrenz an domat op d'Käschte vun de Konsumente maachen.

«Le monde industriel est celui d'une pluralité irréductible de préférences et de pouvoirs», schreift de Professer Alexis Jacquemin a sengem Buch «Sélection et pouvoir dans la nouvelle économie industrielle», dat 1985 erauskoum. «Une saisie de cette réalité, dans sa diversité et sa mouvance, est un objectif important à la fois pour le scientifique et le politique.» Jo, grad d'Politik däerf d'Aen net zoumaache virun dëse Muechtspiller a Konzentratiounsbestriewungen, duerch déi vill Schued kann ugeriicht ginn. Duerfir brauch et deen néidegen Dispositif juridique.

Mat dësem Gesetzesprojet sollen deemno d'Rechter vun all deene gestäerkt ginn, Konsumenten a Betriber, déi duerch Aktiounen, déi manifestement géint d'Konkurrenzrecht verstoussen, geschiedegt goufen. Doriwwer eraus sollen d'Konsumenten an d'Betriber, déi duerch Karteller e Schued erlidden hunn, dëse Schued méi séier a virun allem méi einfach viru Geriicht akloe kënnen an ersat kréien.

Eise Konkurrenzrot huet jo a sengem Avis preziséiert, dass nëmme wéineg Affer vu Praktiken, déi anticoncurrentiel sinn, hire Schued reparéiert kréien. Dat huet virun allem domat ze dinn, dass am europäesche Bannemaart déi administrativ Sanktioune par rapport zu den zivile Sanktioune bevirzucht ginn. Dat huet och domat ze dinn, dass bis ewell den Zougang op Dokumenter an d'Elementer, déi noutwendeg sinn, fir de Schued ze beweisen, sech als schwiereg erwisen huet.

Dëse Gesetzesprojet huet als Zil, den Zougang zur Justiz ze vereinfachen an derfir ze suergen, dass eben d'Affer eng zefriddestellend Entschiedegung fir de Schued, deen hinnen zum Beispill duerch e Präiskartell zougefüügt gouf, kréien. Well d'Konditiounen, fir d'Affer ze entschiedegen, iwwert dëse Wee verbessert ginn, hëlleft dat natierlech och, de Respekt vun de Konkurrenzregelen ze verstäerken.

Här President, mir brauchen e gutt funktionéierende Maart, wou déi bestrooft kënne ginn, déi sech net un d'Spillregelen halen an aneren domadder Schued zoufügen. De Bannemaart soll jo och a grad e fräie Maart sinn. All Verdréiung vun der Konkurrenz soll ënnerbonnen a gegebenenfalls sanktionéiert ginn.

Dëst gesot, wëll ech nach un en Zitat vum Mark Twain erënneren, deen eemol gemengt huet: „Eng gutt Ried huet en Ufank an en Enn. A béid sollten zimlech no beienee leien." Ech hoffen, dass ech deem Wonsch gerecht gi sinn. An ech schléissen duerfir direkt, ouni awer ze vergiessen, deem zurzäit dach vill geplote Rapporteur fir säin exhaustive Bericht ze félicitéieren an den Accord vu menger Fraktioun ze ginn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bauler. An nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Här President. Bei mir wäerten dann den Ufank an d'Enn vun der Ried ganz kuerz beienee sinn.

(Hilarité)

Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi a géif natierlech och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Anzia. An nächste Riedner... Wou ass en? Ech hat den Här Roy Reding hei stoen.

Une voix.- Deen ass net hei.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Majo dann!

(Interrutions)

Une autre voix.- Nächsten!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dann ass et deen Nächsten. An dat ass keen anere wéi den Här Wirtschaftsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci villmools, Här President. Ech wäert dann och ganz kuerz sinn an dem Rapporteur an och der Kommissioun villmools Merci soe fir déi Aarbecht, déi se gemaach hu fir deen exzellente Rapport.

Ech wëll vläicht just op ee Punkt agoen, deen den Här Gloden nach ugeschwat huet, näämlech dee vum Contrôle a priori vu Concentratiounen zu Lëtzebuerg. Ech mengen, hien huet eng Analys gemaach, déi richteg ass, näämlech déi, dass, wa mer vu Simplification administrative schwätzen, mer och net kënnen dat soen an op där anerer Säit ëmmer erëm nei Regelen an nei Konditiounen aféieren.

Duerfir sinn ech och skeptesch, fir dat ze maachen, speziell och, wann ech mer ukucken, wat dat effektiv vun zousätzlechem Personal géif bedeiten, vu Personalkäschte géif bedeiten, a virun allem am Kontext dovunner, dass mer eigentlech jo bis elo nach keng Problemer mat deem dote Sujet haten. Duerfir sinn ech och éischter skeptesch, fir dat sollen anzeféieren.

Pour le reste, wéi gesot, mengen ech, ass dat heiten e wichtege Projet. An ech soen alle Fraktioune Merci fir hir Zoustëmmung dozou.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da si mer elo prett, fir iwwert de Projet ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6968 et dispense du second vote constitutionnel

Et ass de Projet de loi 6968. An ech géif d'Ofstëmmung da lancéieren. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass...

(Interruption par Mme Martine Mergen)

Ech ginn Iech eng Chance, Madamm Mergen. ...ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6968 ass mat 57 Stëmmen, 0 Neen an Abstentiounen domat eestëmmeg ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6968 est adopté à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par M. Marcel Oberweis), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle

Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et ass de Projet de loi 7001 iwwert d'Personal am Enseignement fondamental. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Lex Delles.

9. 7001 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet bei dësem klenge Projet de loi ëm d'Emsetze vun engem Accord, deen den 22. Februar vum Éducatiounsminister Claude Meisch zesumme mam Syndicat national des enseignants, dem SNE, ënnerschriwwe gouf.

An dësem Accord hunn déi zwou Parteie festgehalen, wéi se am Fondamental laangfristeg wëllen an d'Qualitéit vun der Schoul investéieren, fir all de Kanner déi beschtméiglech Chancen ze ginn, an der Schoul ze réusséieren an hinne soumat besser Zukunftsperspektiven ze bidden.

Nieft dem Schafe vun engem onofhängegen Observatoire national de la qualité scolaire, enger besserer Betreiung vun de Schüler mat Verhalensopfällegkeeten oder Léierschwieregkeeten, der neier Orientéierungsprozedur oder den neie Bilanen, war och d'Tâche vun den Enseignanten ee Punkt, op dee sech de Ministère konnt, no engem éierlechen an oppenen Dialog mam SNE, eenegen.

Esou gëtt, mindestens bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod, net un der Tâche vun den Enseignanten direkt gefréckelt an och bleift de System vun den Altersdéchargen deen nämlechten.

Mä, Här President, wat sech allerdéngs mat dësem Projet de loi ännert, ass d'Unzuel u Stonnen, déi am Kader vun der Formation continue musse vun den Enseignanten aus dem Fondamental geleescht ginn. Esou gesäit dëse Projet de loi vir, déi Stonnen ze verduebelen, also vun elo aacht op dann duerno 16 Stonnen d'Joer ze erhéijen. D'Schoulpersonal huet näämlech haut méi wéi jee eng grouss Verantwortung ze droen. Nieft dem reng Schouleschen hu si och e wichtege Rôle, fir d'Kanner mat ganz ënnerschiddlecher Hierkonft, Kulturen an Talenter zesummenzeféieren. Dës Heterogenitéit ass ouni Zweifel eng grouss Chance fir eis Gesellschaft, ma si bréngt op schouleschem Plang och esou munch Erausfuerderung mat sech, mat där ee sech muss intensiv auserneesetzen.

Eng Formation continue soll een net als Cours d'appui fir d'Enseignanten ugesinn. Eng Formation continue soll hëllefen, aus den Erfahrunge vun aneren Enseignanten ze léieren, nei pädagogesch an didaktesch Methode kënnen ze léieren oder fir allgemeng d'Schoul un d'Erkenntnisser vun haut unzepassen.

Aus deenen nämlechte Grënn ass et ze begréissen, dass och d'Chargés de cours an Zukunft solle 16 Stonnen d'Joer an d'Formation continue goen. Si si feste Bestanddeel vun eise Schoulen an et ass domat logesch, dass och si sech sollen duerch d'Formatioune weiderbilde kënnen.

Här President, zu dësem Projet de loi sinn och Avisen erakomm. Ee vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, an deem si keng Bedenke geäussert hunn. A sengem Avis vum 5. Juli huet de Statsrot sech allerdéngs dru gestouss, dass dëse Projet de loi scho sollt um Dag vu senger Publikatioun am Mémorial a Kraaft trieden. Deem gouf dunn och an der Kommissioun Rechnung gedroen, soudass d'Gesetz eréischt dräi Deeg no der Publikatioun a Kraaft triede wäert.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och direkt den Accord vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. Dann huet d'Wuert d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Also mir sinn net ëmmer averstane mat all den Accorden, déi den Här Minister mat de Gewerkschafte mécht, mä mat dësem Accord si mer averstanen. Duerfir ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Hansen. Den Här Engel huet d'Wuert.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. E klenge Projet de loi, sot de Rapporteur. Dann och eng kleng Ried: Mir sinn d'accord a mir ginn heimadder den Accord vun eiser Fraktioun, der sozialistescher Fraktioun. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Engel. Dann huet d'Wuert den Här Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci och fir de Rapport. Ech mengen, de Rapporteur war esou ausféierlech, datt en engersäits gesot huet, wat mer hei stëmmen. Dat heescht, et ass eng Verduebelung vun der Dauer vun der Formation continue fir d'Léierpersonal. An anerersäits huet en awer och gesot, wat mer net stëmmen a wat mer och net wäerte stëmmen an dëser Legislatur, dat heescht, eng aner Ännerung vun der Tâche.

An ech wollt am Fong geholl just kuerz hei d'Wuert ergräifen, well ech och en Artikel gelies hunn. Mir hunn en Accord mat enger Gewerkschaft. Mir hunn awer an der Éducatioun och zwou Gewerkschaften, an do war eben och eng engagéiert Léierin, déi vum Numm hier mir ganz nosteet, déi en Artikel geschriwwen huet mat der Iwwerschrëft «La goutte qui fait déborder le vase». Ech kann och novollzéien hir Argumentatioun, awer net hir Iwwerschrëft.

Wéi gesot, mir stëmmen hei eng Verduebelung vun der Formation continue a mir hunn och eng Erklärung. An ech soen nach derbäi, datt och 16 Stonne Formation continue an eisen Aen net e Maximum ass, mä et ass e Minimum. An ech mengen och, datt ganz vill Enseignanten iwwert déi 16 Stonne ginn.

Just eng kuerz Fro un den Här Minister: Mir hate jo an der Vergaangenheet am Règlement grand-ducal ëmmer stoen, datt een déi Formation continue an Zäit vun dräi Joer kéint maachen. Dat heescht, et kann ee se beienee maachen an et kann ee se awer och verdeelen. An do kann een och een, zwee Joer Retard kréien. Ech ginn dervun aus, datt dat och mat där neier Regelung genau d'selwecht ass?

An eng zweet Fro, dat ass och, wat déi Gewerkschaftlerin hei opwerft. Et gëtt effektiv och eng ganz Rei Diskussiounen an de Schoulen, déi, ech mengen, ganz wichteg sinn a wäertvoll sinn. An et gëtt och eppes, an dat hu mer schonn, ëmmer wa mer Diskussioune gefouert hunn, deemools ass den Här Peping, wéi en nach net Direkter vum IFEN war, och schonn an der Schoulkommissioun gewiescht an huet ëmmer gesot: D'Hospitatioun an anere Klassen, dat wier mat eng vun deene wäertvollste Weiderbildungen.

An duerfir meng Fro un den Här Minister: Gëtt et och ewell mëttlerweil eng Méiglechkeet, fir esou flott Initiative vun der Hospitatioun an anere Klassen, fir dat och ze honoréieren an unerkennen ze loossen am Kader vun der Formation continue?

A selbstverständlech bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, villmools Merci. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och dem Här Rapporteur, dem Här Delles, villmools Merci fir déi Presentatioun. D'ADR stëmmt dëst Gesetz och mat, huet awer eng Rei Bemierkungen.

Dat Éischt ass, et steet am Gesetzestext, et wär keen Impact financier. Wat eis gewonnert huet. Well wann d'Stonnenzuel bei der Formation continue eropgeet, dann ass wahrscheinlech awer en Impact financier domadder verbonnen. En ass vläicht net ganz grouss, mä en existéiert awer.

Dat Zweet ass, datt mer awer och wëllen drop opmierksam maachen, datt et ganz wichteg ass, fir ze kucken, datt d'Qualitéit vun der Formation continue och an d'Luucht geet. Et sinn heiansdo Coursen, déi ugebuede ginn, déi déi betraffe Leit net zefriddestellen, sief et, datt se net méi op Lëtzebuergesch ugebuede ginn, mä ganz dacks nëmmen op Franséisch oder an enger anerer Sprooch, sief et, datt einfach den Inhalt vun deene Coursen net deene Besoinen entsprécht, déi awer d'Enseignantë gären hätten. Dat sinn emol zwou Considératiounen, déi mir wëlle mathuelen.

Den Accord, dee mer hei ëmsetzen - och dat ass interessant -, weist eng nei Schwächt vun der Regierung an der Unterrechtspolitik. Et ass schonn net normal an net banal, datt d'Regierung d'Lignes directrices vun hirer Politik mat enger Gewerkschaft verhandelt. Dat ass dann anscheinend net méi elo d'Regierung selwer, déi déi festleet, net méi d'Chamber, déi se determinéiert, mä si ginn a Verhandlungen tëschent der Regierung an der Gewerkschaft da festgeluecht, d'Lignes directrices vun der Erzéiungspolitik bis d'Enn vun der Legislaturperiod. U sech eng remarkabel Bezeechnung vun deem, wat do geschitt!

An et weist och, wéi schwaach d'Regierung eigentlech elo ginn ass, well a ville vun hire Fuerderungen huet se sech net duerchgesat! Si wollt nei Schoulhorairen a méi Schoulzäiten; eng Fuerderung, déi net erfëllt ginn ass. Si huet sech awer beschränkt op eng Rei vun terminologeschen Ëmbenennungen. Bon, et ass vläicht e bësse méi wéi Terminologie, mä u sech ass net vill geschitt.

Regional Direktiounen ersetzen d'Inspektorat. An da gëtt et och nach eng Mediatioun tëschent Direkter an dem Personal, wat och u sech aussergewéinlech ass. An da gëtt en Instituteur spécialisé en développement scolaire agefouert an dofir den Instituteur-ressources ofgeschaaft. Och dat ass u sech keng revolutionär Neierung.

Ech wéilt awer hei net nëmme Kritik maachen. Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir ze soen, datt d'ADR och hei am Wiese vun der Primärschoul eng grondleeënd aner Politik verfollegt, wéi déi vun der Regierung. Fir eis ass et net Zil an Zweck vun der Schoulpolitik, fir Instituteurs spécialisés en développement scolaire anzeféieren. Eis geet et ëm eppes anescht. An ech wëll dat hei just an dräi Punkten ukënnegen, ganz kloer, wou et bei eis higeet.

Éischtens: Den Niveau an der Schoul muss erëm däitlech eropgesat ginn. Den Nivellement vers le bas gëtt gestoppt an de Leeschtungsprinzip erëm agefouert, och an de Primärschoulen.

Dat Zweet ass: De Lëtzebuerger Schoulsystem, deen ass do, fir eis national Identitéit ze erhalen, eis traditionell Dräisproochegkeet ze erhalen an un déi nächst Generatioune virunzeginn.

An drëttens: Lëtzebuergesch ass Schoulsprooch, Ëmgangssprooch an Integratiounssprooch an all Lëtzebuerger Schoul.

Dat sinn déi dräi Grondfeiler vun deem, wat mir wäerten de Leit an de Primärschoulen, am Wiese vun de Primärschoulen an eisem Wahlprogramm verspriechen. Et ass eppes ganz anescht, wéi dës Regierung et mécht. An et ass eng Politik, déi ganz kloer drop hiweist, aus eise Primärschoulen erëm gutt Schoulen ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. Dann den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Et ass gesot ginn, d'Schoulpersonal huet hautzudaags nach méi Verantwortung oder ëmmer méi Verantwortungen doduerch, datt d'Gesellschaft ëmmer méi komplizéiert gëtt an heterogen gëtt. An dat stëmmt och!

Mir wëssen och, datt d'Schoulpersonal am Fondamental - awer net nëmmen am Fondamental, mä och haaptsächlech am Fondamental - u sech net onbedéngt e ganz einfachen Oflaf, Dagesoflaf, Wochenoflaf oder Joresoflaf huet. Et ass och net onbedéngt e Beruff, deen een ageet, wann een dovunner ausgeet, datt een net vill ze dinn hätt. Am Géigendeel! Ech mengen, wann een elo mam Schoulpersonal schwätzt, och méi Jonker, da mierkt een oft - dat weess een an dat gëtt och duerch d'Gewerkschafte relayéiert -, datt se staark, ëmmer méi staark iwwerfuerdert sinn.

D'autant plus, datt jo, duerch déi lescht Reformen, notamment 2009, d'Tâche modifizéiert gouf, an doriwwer misst ee jo och eng Kéier erëm diskutéieren, och mat den Interesséierten, well et kann een awer dovunner ausgoen, datt eng Tâche, iwwert déi ee muss diskutéieren, awer net onbedéngt eng besser Tâche ass, net onbedéngt eng Tâche, wou een ëmmer méi ze dinn huet an déi ëmmer méi bürokratesch a formal organiséiert gëtt.

Dat heiten ass eng kleng Gesetzesännerung. Et gëtt vu Formation continue geschwat, well een dovunner ausgeet, datt d'Schoulpersonal Formation continue brauch. Ech gi souwisou dovunner aus, an dat wësse mer jo och all, datt déi meescht souwisou informell eng Formation continue maachen. An et gouf och gesot, et ass jo mat enger Gewerkschaft ofgeschloss ginn, mä net mat där anerer Gewerkschaft, dem SEW, ofgeschloss ginn. Ech weess net, ob dat eng gutt Method ass, mä et ass awer de Fakt.

A grad eng Gewerkschaft, déi awer relativ bekannt ass derfir, fir eng Memberschaft ze hunn, déi ganz engagéiert ass an déi och selwer Formatioune mécht! An et kann een net dovunner ausgoen, datt esou eng Gewerkschaft der Meenung ass, datt Formatioun continue net wichteg wier. Mä et gëtt einfach dohinnergesat, datt déi Leit einfach erëm eng Kéier aacht Stonne méi musse schaffen, pro Joer zwar, dat kléngt net vill, mä si hu scho souwisou Augmentatioune gehat an der Tâche an deene leschte Joren, datt dat einfach esou eng Verbesserung wier.

Mir mengen net, datt dat eng Verbesserung ass. Mir mengen, dat ass éischter eng bürokratesch Mesure, déi geholl gëtt. A mir sinn der Meenung, datt, wann iwwert d'Verbesserung vum Enseignement an engem komplexen Environnement am Fondamental diskutéiert gëtt, een awer erëm eng Kéier misst fundamental mat den éischten Interesséierten - déi hu vill ze soen! - diskutéieren, fir iwwert déi Tâche ze diskutéieren.

Aus deene Grënn wäerte mer deem Projet de loi eis Zoustëmmung net ginn. Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun an d'Wuert huet den Éducatiounsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och dem Rapporteur Merci gesot fir seng Explikatiounen. Woubäi esou vill jo och net ze explizéiere war.

Ech wëll nach eng Kéier preziséieren, datt et schonn eng Ligne directrice hei ass vun der Politik vun der Regierung, fir Schoulqualitéit ze assuréieren, andeems mer an d'Qualitéit vun den Enseignanten investéieren. Dat maache mer am Beräich vun der Initialausbildung. Dat maache mer am Beräich vun der Beruffsaféierung. Dat maache mer och elo am Beräich, méi staark nach wéi bis ewell, vun der Formation continue. Och duerfir hu mer jo viru gutt engem Joer den Institut de formation de l'éducation nationale gegrënnt, deen eben heimadder chargéiert ass.

Ech sinn d'accord mat all deenen, déi soen, d'Stonnenzuel eleng, dat ass dat eent, mä d'Qualitéit vun där Formatioun ass natierlech och dat anert. Mä do hunn ech awer absolutt Vertrauen an den IFEN, datt en do op där Schinn weiderfiert, wéi en am Laf vum leschte Joer sech och voll entwéckelt huet, an nach méi och u Qualitéitsentwécklung do ënnerhëlt.

Et sinn eng Rei vu prezise Froe gestallt ginn.

Et bleift derbäi, datt mer eng Moyenne wäerten huelen hei iwwer dräi Joer, datt een also net déi 16 Stonnen an engem Joer muss absolvéiert hunn, mä datt et der dann 48 an dräi Joer sinn. Et ass d'ailleurs och esou, datt dee Schrëtt hei an der Realitéit net onbedéngt eng Verduebelung ass par rapport zur Realitéit, déi mer haut hunn.

Mir hunn emol eng Kéier gekuckt, wat an der Moyenne da vu Formation continue vun den Enseignanten aus dem Fondamental gemaach ginn ass déi lescht Joren. An obscho mer eigentlech elo iwwert d'Gesetz jo aacht Stonnen obligatoresch virgeschriwwen hunn, sinn der schonn zwielef gemaach ginn, wat awer och emol eng Kéier soll gesot ginn. Do ass méi Engagement vun der Säit vun den Enseignantë geleescht ginn, fir a sech selwer, also an eng Professionaliséierung ze investéieren, wéi dat vun eiser Säit aus virgeschriwwe ginn ass.

Eng aner Fro vum Claude Adam war déi, ob mer Hospitatiounen - wou een also als Enseignant bei en aneren Enseignant an eng Klass kucke geet, fir ze gesinn, wéi deen eng Method an der Praxis ëmsetzt -, ob mer déi och considéréieren. Als Formation continue: Jo, ënnert der Bedéngung, datt dat mam Inspekter ofgeschwat ass an datt deen dat dann och fir sënnvoll fënnt, fir grad dohinner ze goen, an datt een och dovunner eppes ka léiere fir seng eege professionell Entwécklung. Dann ass do eng

Stonn och gläichbedeitend mat enger Stonn Formation continue vum IFEN oder soss enzwousch.

Ech wëll fir déi breet Zoustëmmung hei Merci soen. Wéi gesot: Et ass e ganz einfachen Text, e ganz kuerzen Text, mä trotzdeem stécht ganz villes derhannert, well mer awer wierklech nëmmen eng gutt Schoul behalen duerch gutt Enseignanten. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat kënne mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7001 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7001 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 58-mol Jo an 2-mol Neen. Domat ass de Projet 7001 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par Mme Nancy Arendt), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Félix Eischen), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Martine Hansen);

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn domat um Enn vun eiser Sëtzung ukomm a gesinn eis muer de Mëtten um zwou Auer erëm. Merci a bis muer.

(Fin de la séance publique à 16.18 heures)

SÉANCE 5

MERCREDI, 16 NOVEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Dépôt d'une résolution par M. Marc Angel
- *M. Marc Angel*

4. Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar
- *M. Laurent Mosar*

5. Dépôt d'une motion par M. Kartheiser
- *M. Fernand Kartheiser*

6. Ordre du jour (suite)
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

7. Question élargie n°20 de M. Fernand Kartheiser au sujet des relations avec la Turquie et sur d'éventuelles sanctions

Résolution de M. Marc Angel relative à un appel aux autorités de la République de Turquie à rejoindre la voie de la démocratie, à relancer un processus de paix crédible et un dialogue de bonne foi avec les régions à majorité kurde et à s'opposer à la réintroduction de la peine de mort

Résolution de M. Laurent Mosar relative à un gel des négociations d'adhésion à l'UE avec la République de Turquie, à la continuation du dialogue géopolitique et de coopération sur le plan de la politique étrangère et de défense, à l'approfondissement des relations commerciales, à la modernisation de l'union douanière et à la poursuite de la coopération au niveau de la politique migratoire

Motion de M. Fernand Kartheiser relative au respect des valeurs européennes, des droits de l'homme, de la protection des minorités, de la liberté de presse, de la liberté de l'opposition politique, de la sécurité et de l'intégrité territoriale de la Grèce, de l'intégrité territoriale de la Chypre et à la reconnaissance du génocide arménien
- *M. Fernand Kartheiser, M. Laurent Mosar, M. Marc Angel (interventions de M. Laurent Mosar et M. Claude Wiseler), Mme Anne Brasseur, M. Claude Adam (intervention de M. Fernand Kartheiser), M. David Wagner (intervention de M. Gast Gibéryen)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *M. Fernand Kartheiser, M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Vote sur la résolution de M. Marc Angel (adoptée)*
- *Vote sur la résolution de M. Laurent Mosar (rejetée)*
- *Vote sur la motion de M. Fernand Kartheiser (rejetée)*

8. 6881 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République des Philippines, signée à Luxembourg le 15 mai 2015
- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: Mme Taina Bofferding*
- *Discussion générale: M. Félix Eischen, M. Edy Mertens, M. Gérard Anzia*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

9. 6979 - Projet de loi portant modification

I. de la loi du 19 décembre 2014 relative 1. aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2. à la promotion de la création artistique, et

II. du Code du travail
- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: Mme Taina Bofferding*
- *Discussion générale: M. Serge Wilmes, M. André Bauler, M. Gérard Anzia, M. Marc Baum*
- *Prises de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

10. 6993 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne pour la protection du patrimoine archéologique ouverte à signature le 16 janvier 1992 à La Valette
- *Rapport de la Commission de la Culture: M. André Bauler*
- *Discussion générale: Mme Martine Mergen (dépôt d'une motion), M. Franz Fayot, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture*
- *M. Michel Wolter, M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Eugène Berger*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, M. Nicolas Schmit et M. Romain Schneider, Ministres; M. Guy Arendt, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.04 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gudde Mëtteg! Ech maachen d'Sëtzung op a froen direkt d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Neen, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Här Ausseminister.

2. Ordre du jour

Ech ginn dovun aus, wa meng lescht Informatioune richteg sinn, dass elo direkt eng Rei vu Resolutioune respektiv Motiounen deponéiert ginn. Ass dat esou?

(Assentiment)

Den Här Angel huet d'Wuert.

3. Dépôt d'une résolution par M. Marc Angel

M. Marc Angel *(LSAP).*- Jo, Merci, Här President. Ech wollt am Numm vun ons alleguer, vun alle Parteien hei an der Chamber, eng Resolutioun zur Situatioun an der Türkei hei areechen. Den 11. November ass eis per Courrier électronique eng Propos vun engem Text vun déi Lénk zoukomm. Déi hu mer ganz iwwerholl a mir hunn an der Kommissioun op meng Suggestiounen hin déi nach erweidert. Duerfir wollt ech déi elo ofginn. Zum Contenu wäert ech dann herno schwätzen.

Ech wëll just ënnersträichen: Si ass vun alle Parteien, déi hei an der Chamber vertruede sinn, gedroen. Wann ech gelift!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Très bien!

Résolution

La Chambre des Députés,

constatant

- qu'au mois de mai 2016, la Grande Assemblée nationale de Turquie a décidé de suspendre l'immunité parlementaire de 138 députés, vote rendu effectif par promulgation du Président de la République de Turquie le 7 juin 2016;

- que cette suspension de l'immunité parlementaire a été dénoncée par le Parlement européen, en date du 9 juin 2016, comme un déni de droit et une atteinte à la liberté d'expression;

- qu'en date du 20 mai 2016, la Commission européenne a exprimé de sérieuses préoccupations à l'égard de cette décision;

- que la Commission de Venise recommande la réinstauration de l'inviolabilité des députés dans son avis du 14 octobre 2016;

- que l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe, dans sa résolution du 22 juin 2016, s'est montrée très inquiète par la détérioration du fonctionnement des institutions démocratiques en Turquie;

- que suite au coup d'État manqué du 15 juillet 2016, le Gouvernement de la République de Turquie a mis en branle une vaste opération de suspensions ou d'arrestations de fonctionnaires ou de citoyens;

- que plus de 140 journalistes, dont le rédacteur en chef du principal quotidien d'opposition du pays, Cumhuriyet, ont été placés en état de détention ou d'arrestation et que près de 200 organes de presse ont été fermés suscitant ainsi la protestation au niveau international des organisations et syndicats de journalistes;

- qu'en date du 3 novembre 2016, le Procureur d'État a ordonné l'arrestation de dix députés issus du parti HDP, dont les deux coprésidents du parti;

- que depuis ce coup d'État manqué, le Président de la Turquie et un nombre de politiciens turcs se sont montrés favorables à plusieurs reprises à la réintroduction de la peine de mort;

- que la Commission européenne a constaté, dans son rapport sur la Turquie du 9 novembre 2016, une détérioration de la situation concernant l'indépendance de la justice et de la liberté d'expression;

- qu'en date du 11 novembre 2016, près de 370 ONG ont été suspendues par décret gouvernemental,

condamne

- les arrestations des députés du Parlement de la République de Turquie, lesquelles constituent des violations graves des droits démocratiques incompatibles avec les principes d'un État de droit;

- la suspension systématique de fonctionnaires et de chercheurs;

- les atteintes répétées à l'encontre de la liberté de la presse perpétrées en République de Turquie qu'aucune mesure de sécurité intérieure ne saurait justifier;

- les répressions contre la société civile;

- la discussion concernant la réintroduction de la peine de mort qui signifierait l'abandon des valeurs fondamentales de l'Union européenne et du Conseil de l'Europe,

exprime

- sa ferme condamnation de la tentative de coup d'État du 15 juillet, en déplore les nombreuses victimes, et reconnaît la nécessité d'y apporter une réponse proportionnée;

- son soutien à la population de la République de Turquie désireuse de défendre les valeurs de la démocratie et de l'État de droit;

- sa solidarité avec les députés du Parlement de la République de Turquie et les chercheurs, fonctionnaires et journalistes arrêtés pour des raisons politiques;

- sa ferme condamnation des attaques terroristes en Turquie et sa solidarité avec les victimes et leurs proches;

- sa conviction qu'il doit être mis fin à toute violence et à toutes les attaques terroristes et que les armes doivent être rendues,

appelle

- les autorités de la République de Turquie à rejoindre la voie de la démocratie en cessant les poursuites envers des députés élus par le suffrage universel, de ses propres fonctionnaires, des chercheurs et des journalistes pour des raisons politiques;

- le Gouvernement de la République de Turquie à relancer un processus de paix crédible et un dialogue de bonne foi qui est essentiel pour mettre fin aux violences dans les régions à majorité kurde et pour y garantir la démocratie et la stabilité;

- les autorités de la République de Turquie à s'opposer clairement à la réintroduction de la peine de mort et à coopérer pleinement avec tous les organes du Conseil de l'Europe.

(s.) Marc Angel, Claude Adam, Anne Brasseur, Fernand Kartheiser, Laurent Mosar, David Wagner.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Mosar huet d'Wuert.

4. Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech déposéieren am Numm vun der CSV-Fraktioun eng Resolutioun zum selwechte Sujet.

Résolution

La Chambre des Députés,

- rappelant que l'adhésion de la République de Turquie à l'Union européenne et à ses prédécesseurs est un objectif formulé par les autorités turques depuis la fin des années 1950;

- rappelant que la procédure d'adhésion de la République de Turquie à l'Union européenne a été déclenchée le 3 octobre 2005 avec l'ouverture de six chapitres de l'acquis communautaire;

- condamnant avec fermeté les récentes arrestations de députés et de comaires kurdes ainsi que de journalistes d'opposition;

- condamnant d'une manière générale les purges politiques de ces derniers mois avec l'emprisonnement de dizaines de milliers de juges, de magistrats, de policiers, de militaires et de fonctionnaires;

- s'inquiétant tout autant des engagements du Président Erdoğan relatifs à un rétablissement de la peine de mort par le Parlement turc;

- considérant que la Commission européenne dénonce également le retour en arrière de la République de Turquie dans le respect des critères d'adhésion;

- rappelant les critères d'adhésion de l'Union européenne, définis lors du Conseil européen de Copenhague de 1993, imposant aux pays candidats des institutions stables garantissant la démocratie, la primauté du droit, le respect des droits de l'homme ainsi que le respect des minorités et leur protection;

- constatant que le Gouvernement de la République de Turquie ne respecte à l'heure actuelle ni l'État de droit, ni les droits de l'homme, ni les minorités kurdes et leur protection;

- considérant que la République de Turquie est un allié au sein de l'OTAN et joue un rôle géostratégique particulièrement important;

- considérant que l'Union européenne est liée à la République de Turquie par des accords commerciaux et que les relations bilatérales se sont toujours développées dans un cadre propice au commerce;

- considérant que les accords commerciaux précités revêtent aujourd'hui une importance encore plus accrue au vue de l'actualité politique afin de maintenir le lien avec le Gouvernement et la population turcs dans l'espoir d'un rapide retour à la normale,

1. constate que la République de Turquie ne respecte plus les principes de l'État de droit ainsi que les critères politiques de Copenhague et se met dès lors elle-même hors de la procédure d'adhésion à l'Union européenne,

2. se prononce par conséquent pour un gel des négociations avec la République de Turquie au moins jusqu'à ce que le Gouvernement turc ait retrouvé le chemin de l'État de droit et des droits de l'homme,

3. se prononce parallèlement pour une continuation du dialogue géopolitique ainsi que de la coopération sur le plan de la politique étrangère et de défense avec la République de Turquie,

4. est d'avis qu'un approfondissement des relations commerciales ainsi que la continuation de la modernisation de l'union douanière avec la première puissance économique du Moyen-Orient s'imposent,

5. rappelle enfin la nécessité de la poursuite de la coopération avec la République de Turquie au niveau de la politique migratoire dans la région du Moyen-Orient.

(s.) Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert.

5. Dépôt d'une motion par M. Kartheiser

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, am Numm vun der ADR ass et mer eng Éier, fir eng Motioun ze déposéieren, déi och d'Relatioune mat der Tierkei betrëfft. An zwar ass d'Zil dovunner ënner anerem, fir ze froen, datt d'Bäitrëttsverhandlunge sollen ofgebrach ginn.

Ech soen Iech Merci.

Motion

D'Chamber,

- an déiwer Suerg iwwert d'Entwécklungen an der Tierkei, besonnesch zënter den Evenementer vum 15. an dem 16. Juli 2016,

- besonnesch schockéiert iwwert déi massiv a gravéierend Mënscherechtsverletzungen, déi an deem Land an ëmmer méi grousser Zuel geschéien, d'Verfolgung vun der politescher Oppositioun an d'Aschränkunge vun der Fräiheet vun der Press,

- rifft an Erënnerung, datt d'Tierkei un d'Anhale vun enger ganzer Rei vun internationale Verflichtungen am Beräich vun de Mënscherechter gebonnen ass, besonnesch och am Kader vun de Vereenten Natiounen an dem Europarot, an datt si vill dovun net méi respektéiert,

- stellt fest, datt d'Tierkei d'Kopenhagener Kritären, déi d'Basis fir en eventuelle Bäitrëtt an d'Europäesch Unioun duerstellen, net erfëllt, well si keng stabel Institutioune méi huet, déi de Rechtsstat, d'Demokratie, d'Mënscherechter an de Schutz vun den nationale Minoritéiten op eng glafwierdeg Manéier kéinte garantéieren,

- erënnert drun, datt d'Tierkei deen nërdlechen Deel vun der Republik Zypern zënter 1974 a Violatioun vum internationalen, ëffentleche Recht militäresch okkupéiert an datt si, ënner anerem, hir Obligatioune géintiwwer der Republik Zypern am Bezuch op EU-Recht nach ëmmer net anhält,

- ass besuergt iwwer eng Rei vun Aktiounen an Deklaratiounen, déi drop hindeiten, datt d'Tierkei déi territorial Integritéit vun hire Nopeschstaten, dorënner besonnesch dem Irak, Syrien a Griichenland, net méi wëllt respektéieren,

- am Wëssen ëm déi Kriticken, déi a leschter Zäit vun enger Rei vun internationalen Organisatiounen an Netregierungsorganisatioune géint d'Tierkei virbruecht goufen, dorënner och déi aus dem leschte Fortschrëttsrapport vun der Europäescher Kommissioun iwwert d'Bäitrëttsverhandlunge mat der Tierkei,

fuerdert d'Regierung op,

- ëmmer op eng glafwierdeg Manéier fir de Respekt an d'Anhale vun den europäesche Wäerter anzestoen, och am Kader vun de Relatiounen tëschent Lëtzebuerg an der Tierkei,

- géintiwwer der Tierkei op dem Anhale vun de Mënscherechter, dem Schutz vun de Minoritéiten, besonnesch och vun de Kurden, an der Rechtsstaatlechkeet ze bestoen,

- besonnesch och drop ze halen, datt d'Demokratie an d'Fräiheet vun der Press nees hiergestallt a respektéiert ginn, d'Rechter vun der Oppositioun nees a vollem Emfank

respektéiert ginn an d'Justiz nees onofhängeg ka fonctionnéieren,

- vun der Tierkei ze verlaangen, datt si endlech de Genozid un den Armenier an aneren aus der Zäit vum Éischte Weltkrich unerkennt,

- an der NATO an an der EU d'Sécherheet an déi territorial Integritéit vu Griichenland ze thematiséieren,

- an der UN0 op déi territorial Integritéit vum Irak a vu Syrien ze insistéieren an an deem Sënn den UNO-Sécherheetsrot ze invitéieren, d'Aktioune vun der Tierkei ze iwwerwaachen,

- all Initiativen am Kader vun der UN0 aktiv ze ënnerstëtzen, déi eng friddlech Léisung vum Zypern-Konflikt favoriséieren,

- an den EU-Gremien dofir anzetrieden, datt d'Bäitrëttsverhandlunge vun der Tierkei mat der EU ofgebrach ginn,

- dorop hinzewierken, datt d'Tierkei kann e wichtege politeschen an ekonomesche Partner vu Lëtzebuerg an der EU am Kader vun enger enker Partnerschaft sinn, wann d'Konditiounen dofir erfëllt sinn,

- op d'Aféierung vun enger Visafräiheet fir d'Tierkei ze verzichten,

- eng aner Migratiounspolitik ze bedreiwen, fir datt d'EU an deem Kontext net weider an engem Ofhängegkeetsverhältnis zu der Tierkei steet.

(s.) Fernand Kartheiser.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. Déi geet dann direkt weider.

6. Ordre du jour (suite)

Mir sinn dann haut mat e bësse méi enger aussergewéinlecher Situatioun konfrontéiert: Mir hunn zu deemselwechte Sujet eng Question élargie, déi kloer geregelt ass an eisem Reglement, mir hunn zwou Resolutiounen, wou mer selbstverständlech och eng kloer Regelung an eisem Reglement hunn, a mir hunn eng Motioun, nach eng Kéier datselwecht.

Vu dass mer no enger gudder Diskussioun an der aussepolitescher Kommissioun an enger gudder Diskussioun an der Presidentekonferenz zur Konklusioun komm sinn, dass et eigentlech kee Sënn géif erginn, fir elo véiermol déiselwecht Diskussioun ze féieren, wollte mer Iech proposéieren, dass mer déi Diskussioune géifen zesumme féieren, dat heescht, d'Riedezäit och cumuléieren, sou wéi se virgesinn ass an eisem Reglement, an dem Froesteller, dem Här Kartheiser, d'Méiglechkeet géife ginn, als Éischten d'Fro ze stellen an zu deene verschiddenen Texter Stellung ze bezéien. An da géifen déi aner Kolleegen noeneen d'Wuert kréien, fir zu de Resolutiounen an der Motioun Stellung ze bezéien.

Selbstverständlech, vu dass mer dann eng nei Form vun Débat hei erfonnt hunn, géif den Här Kartheiser zum Schluss och nach eng Kéier d'Geleeënheet kréien, fir eng Zousazfro ze stellen, sou wéi dat bei der Question élargie de Fall ass.

Dat dote gëtt et nach net, déi dote Form vun Débat gëtt et nach net an eisem Reglement. Mä wann ee mat méi exceptionnelle Situatioune konfrontéiert ass, ass et gutt, wa sech e puer Käpp zesummesetzen. An ech ginn och dovun aus, dass mer hei net riskéieren, Präzedenzfäll ze kréien.

Also nach eng Kéier kloer ausgedréckt: Als éischten Orateur géif de Froesteller kommen, deen awer och déi verschidden aner Texter géif matbehandelen, dann noeneen déi aner Kolleegen, déi och zu deem Ganze géife Stellung huelen, ausser zu der Question élargie, well do ass net virgesinn, dass ee se kommentéiert. Mä wéi mer et verhënneren, dat ass eng aner Saach! An da géifen d'Riedezäite kënne cumuléiert gi vu Motiounen a Resolutiounen. Dat heescht am Kloertext, dass jiddwereen eng Véierelstonn zur Verfügung hätt, ausser dem Froesteller.

Ass d'Chamber…?

Ah, den Här Ausseminister hat ech elo bal vergiess: Dee géif dann eng Kéier intervenéieren an, esou wéi dat da bei deenen aneren ass, kann da selbstverständlech och d'Riedezäit vun deene verschiddenen Texter cumuléieren. Ech mengen, dat misst largement duergoen.

Ass d'Chamber mat där doter méi ongewéinlecher Propositioun d'accord?

(Assentiment)

Ech huelen dat dann zur Kenntnis mat enger grousser Satisfaktioun, dass mer och nach kënne méi aussergewéinlech Situatioune ganz schnell regelen. An ech ginn dann dem Froesteller, dem Auteur vun der Question élargie a vun enger Motioun, direkt d'Wuert. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

7. Question élargie n°20 de M. Fernand Kartheiser au sujet des relations avec la Turquie et sur d'éventuelles sanctions

Résolution de M. Marc Angel relative à un appel aux autorités de la République de Turquie à rejoindre la voie de la démocratie, à relancer un processus de paix crédible et un dialogue de bonne foi avec les régions à majorité kurde et à s'opposer à la réintroduction de la peine de mort

Résolution de M. Laurent Mosar relative à un gel des négociations d'adhésion à l'UE avec la République de Turquie, à la continuation du dialogue géopolitique et de coopération sur le plan de la politique étrangère et de défense, à l'approfondissement des relations commerciales, à la modernisation de l'union douanière et à la poursuite de la coopération au niveau de la politique migratoire

Motion de M. Fernand Kartheiser relative au respect des valeurs européennes, des droits de l'homme, de la protection des minorités, de la liberté de presse, de la liberté de l'opposition politique, de la sécurité et de l'intégrité territoriale de la Grèce, de l'intégrité territoriale de la Chypre et à la reconnaissance du génocide arménien

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn haut konfrontéiert mat enger extrem seriöer Fro vun der Aktualitéit, näämlech mat deem, wat an der Tierkei geschitt. Wéi solle mir dorobber reagéieren? Wéi solle mir als Lëtzebuerg reagéieren? A wéi sollen Europa, d'Europäesch Unioun an aner europäesch Institutioune sech zur Tierkei stellen?

D'Tierkei ass e ganz wichtegt Land fir Europa. Ech mengen, et huet iwwer Jorhonnerten ëmmer eng ganz wichteg Roll gespillt, heiansdo op méi eng aggressiv Manéier, heiansdo op méi eng kulturell Manéier. Mä d'Tierkei war fir Europa ëmmer e wichtegen Noper. Awer d'Fro, déi sech am Ableck stellt an zënter Jorzéngte stellt, ass: Soll déi Tierkei dann och Member an der Europäescher Unioun ginn?

Mir hunn als ADR eis ëmmer dergéint ausgeschwat, datt déi Tierkei sollt enges Daags kënne Member ginn. An ech mengen, et muss ee sech wierklech bewosst sinn, wann een do derfir ass, datt d'Tierkei ka Member ginn, wat d'Konsequenze vun esou engem Bäitrëtt da wären.

D'Tierkei ass demografesch elo scho vläicht, oder geschwënn, dat demografesch gréisste Land…, oder dat wär et dann an der Europäescher Unioun. Et ass elo schonn u sech niewent Russland dat zweetgréisst - demografesch - an Europa. Et ass, wann ee vun der nuklearer Komponent ofgesäit, déi gréisst militäresch Muecht an Europa. Et huet eng Kultur, eng Geschicht, déi sech awer ënnerscheede vum Rescht vun Europa.

An d'Fro stellt sech - an zemools déi Leit, déi schonn dacks mat der Tierkei ze dinn haten, och op diplomateschem Plang, musse sech kënnen d'Fro stellen -, wéi dat da wär, wann esou eng grouss Tierkei, esou e Land mat esou vill Afloss Member wär an der Europäescher Unioun, zemools elo, wou aner Länner wéi dat Vereenegt Kinnekräich d'Europäesch Unioun wëlle verloossen.

Wéi géif déi Europäesch Unioun ausgesinn, an där eng Tierkei Member wär, e Vereenegt Kinnekräich awer net méi?

Mir si fir gutt Relatioune mat der Tierkei. D'ADR, wéi vill anerer, ass iwwerzeegt, datt d'Tierkei e wichtege Partner vun Europa muss sinn, datt mer en Dialog brauchen, fir politesch, ekonomesch, militäresch Bezéiunge mat der Tierkei ze fleegen an ze intensivéieren.

Awer wien Europa, d'Europäesch Unioun, gär huet an hir e Wäert zougesteet, egal wéi déi elo soll ausgeformt sinn, egal wéi deen Integratiounsprozess soll konkret ausgesinn, mä dee muss realistesch sinn a wëssen, datt, wann een un där Europäescher Unioun hänkt, un deem Projet, fir déi europäesch Natioune méi no zesummenzeféieren op der Basis vu gemeinsame Wäerter, datt dat vläicht méiglech ass mat grousse Problemer ouni d'Tierkei, mä datt dat mat enger Tierkei net méi méiglech ass!

Mir hunn haut eng Aktualitéit, déi beaflosst ass vun deene leschte Méint, wou mer gesinn hunn, datt d'Tierkei ëmmer méi an eng Richtung vun der Diktatur geet, déi schlëmmst Diktatur haut schonn ass am gesamten europäesche Raum.

Mir hu virdrun och schonn dacks Schwieregkeete mat der Tierkei gehat. Mir haten hei schonn Diskussiounen, well d'Tierkei bis haut net de Genozid un den Armenier an un aneren unerkennt, deen am Kader vum Éischte Weltkrich geschitt ass. Mir haten hei Problemer, wou d'Gaza flotilla war, aner Incidenten, ëmmer erëm Rapporten, déi kommen, Informatiounen, déi kommen, datt et vläicht Zesummenhäng gëtt tëschent der tierkescher Féierung, der tierkescher Politik an dem Finanzement oder der Ënnerstëtzung vun terroristesche Bewegungen am Noen Osten.

Et ass keen einfache Partner. An zënter den Evenementer vum Juli 2016, wéi déi och ëmmer am Eenzelnen ze bewäerte sinn, ass dat Land rapid a Richtung vun enger Diktatur ofgerëtscht. Mir kennen alleguer déi dramatesch Zoustänn, wéi se elo do sinn: d'Ofschafung vum Rechtsstat, d'Verfolgung vun der Oppositioun, d'Ofschafung vun der Fräiheet vun der Press, d'Ofschafung vun der Onofhängegkeet vun der Justiz an nach vill aner Deelaspekter vun deem, wat mer eben haut kennen a kritiséieren.

Wéi reagéiert dann elo déi Lëtzebuerger Regierung? Dat Éischt ass: Den Här Asselborn ass aus engem Interview zitéiert ginn, als hätt e vun „Wirtschaftssanktiounen" geschwat, vläicht wor et och „wirtschaftlechen Drock", dat ass en Term; hie kann eis dat herno soen, wéi e sech genee ausgedréckt huet.

Dat schéngt also eng Optioun ze sinn, déi déi Lëtzebuerger Regierung envisagéiert, wou een awer muss soen: Bei Wirtschaftssanktioune sinn et jo dacks déi Leit, déi am mannste fir eng Situatioun kënnen, déi einfach Leit an der Tierkei, déi géifen am meeschten drënner leiden.

Mir kennen och d'Ineffikassitéit vu Wirtschaftssanktiounen a ganz ville Situatiounen. Heiansdo si se kontraproduktiv. An et ass also elo näischt, wou mir als ADR op jidde Fall géife soen, mir sollten an eise Relatioune mat der Tierkei elo op de Wee vu wirtschaftleche Sanktioune goen, well mir mengen, datt domadder déi falsch Leit getraff ginn.

D'Fro vun de Bäitrëttsverhandlungen ass awer eng ganz substanziell. Mir hate gesot, ech hat dat gesot an der Introduktioun, firwat mir als ADR mengen, datt d'Tierkei net soll Member ginn. Dat ass eng ganz generell politesch Considératioun iwwert dat Verhältnis zwëschen der Tierkei an der Europäescher Unioun.

Mä doriwwer eraus gëtt et rechtlech kloer Konditiounen, fir kënne Member an der Europäescher Unioun ze ginn. Et gëtt déi Kopenhagener Kritären. An deen éischte vun deene Kritären ass eben, datt e Stat, dee wëllt der Europäescher Unioun bäitrieden, muss iwwer Institutioune verfügen, déi dauerhaft a glafwierdeg d'Rechtsstaatlechkeet vun engem Stat, de Respekt vun de Mënscherechter an all déi demokratesch Forme kënnen erfëllen a garantéieren an ëmmer respektéieren, fir iwwerhaapt kënne Bäitrëttsverhandlungen unzefänken.

Mä et ass jo kloer, wann een déi Konditioune muss erfëllen, fir a Bäitrëttsverhandlungen ze goen, datt dat och muss de Fall si wärend de Verhandlungen. A fir déi, déi bäitrieden, muss dat och herno de Fall sinn. Wa mer eng Europäesch Unioun wëllen hunn, déi op gemeinsame Wäerter existéiert, kënne mer jo net Abstraktioun maache vun der Rechtsstaatlechkeet, déi awer all Memberstat muss hunn.

Den Här Asselborn, an deemselwechten Interview, gouf zitéiert, als géif en envisagéieren, déi Bäitrëttsverhandlungen ze suspendéieren. En huet geschwat, si wären och theoretesch suspendéiert. Et ka sinn, datt elo am Ableck do näischt geschitt. Mä et ass fir eis eng prinzipiell Fro. Eis geet eng Suspendéierung vun deene Verhandlungen net duer. Mir hätte gär en Ofbroch, en definitiven Ofbroch vun esou Verhandlungen.

Et ass och schwéier fir eis nozevollzéien, firwat d'Lëtzebuerger Regierung nëmmen dervu schwätzt, esou Verhandlungen ze suspendéieren. Den Här Asselborn hat an deem Interview déi Zoustänn an der Tierkei verglach mam Naziregimm. Wann een awer e Land huet, e Land, wat ee vergläicht mat engem Naziregimm, an et schwätzt ee vu rechtsstaatleche Kritären, fir kënne Member an der Europäescher Unioun ze ginn: Wéi passt dat dann zesummen?

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Den Här Asselborn huet och viru Kuerzem nach gesot: „Ungarn soll aus der Europäescher Unioun ausgeschloss ginn." Ungarn ass net vergläichbar mat der Tierkei. Wéi kann een da wëllen Ungarn ausschléissen, d'Tierkei awer wëlle mat bäihuelen iwwert de Wee vu Bäitrëttsverhandlungen?

Mir haten dat a Polen, well Polen verschidde Modalitéiten am Verfassungsgeriicht geännert huet - doriwwer kann ee schwätzen, et ass net de Sujet vun haut -, mä dat ass eng Klengegkeet géintiwwer der Entloossung opgrond vu virverfaasste Lëschte vun Dausende vu Riichteren an der Tierkei! Kee Verglach! An awer eng komplett aner Astellung vun der Lëtzebuerger Regierung géintiwwer Ungarn a Polen am Vergläich mat deem, wat u Schrecklechem am Ableck an der Tierkei geschitt.

Mir denken, datt eng glafwierdeg Baussepolitik einfach och do muss eng Proportionalitéit weisen, datt eng Regierung och muss dru gemooss ginn, wéi genee se differenzéiere kann an ob se och nach e Gefill huet fir d'Gravitéit vun enger Situatioun an déi Konsequenzen, déi do dermadder verbonne sinn. Et ass dat eng Fro vun der Glafwierdegkeet vum Optrëtt vun der Lëtzebuerger Diplomatie am Ausland.

Mir brauchen net drop ze waarden, datt d'Doudesstrof soll agefouert ginn an der Tierkei. Egal wéi schlëmm dat ass! Dat Land, dat foltert! Dat Land, dat verfollegt! Dat Land erkläert Leit zu Netbierger, hélt hinnen hir Existenz ewech, nëmme well se an Oppositioun zum Här Erdoğan stinn. Alles dat sinn Entwécklungen, déi esou grav sinn an all eis Prinzipien an Iwwerzeegungen, eis Wäerter esou violéieren, datt mer net nach mussen drop waarden, datt d'Doudesstrof agefouert gëtt, fir endlech Konsequenzen ze zéien, a glafwierdeg Konsequenzen!

Elo kann een driwwer diskutéieren, ob et richteg ass, datt d'Verhandlungen ofgebrach ginn, well vläicht vill Leit - sécher vill Leit - an der Tierkei Hoffnungen op d'Europäesch Unioun setzen an op dee Prozess. Mä et ass en Zeeche fir d'Tierkei, och fir eis ëffentlech Meenung, déi dacks un Europa zweifelt, fir déi ganz Welt, wou Europa optrëtt an ëmmer erëm op seng Wäerter hiweist, wann et seet: „Et gëtt einfach Grenzen an deem, wat mir maachen, an deem, wat fir eis akzeptabel ass. A mir wëllen net eng Partnerschaft mat der Tierkei ausschléissen - och net, fir d'Mënscherechter ze verbesseren, och net, fir d'politesch Situatioun an deem Land ze verbesseren -, awer mir wëlle weisen, datt déi Tierkei keng Plaz an enger Wäertegemeinschaft huet, déi sech Europäesch Unioun nennt."

Do derniewent ass dat net déi eenzeg Suerg, déi d'Tierkei eis mécht. Si ass ëmmer méi zu enger Gefor fir den internationale Fridden an d'Sécherheet ginn. Mir haten net nëmmen zënter ´74 déi illegal militäresch Okkupatioun vum nërdlechen Deel vun Zypern. Mir haten a leschter Zäit, an ëmmer erëm, Violatioune vum griichesche Loftraum, vun der Ägäis an esou weider. Mä a leschter Zäit hu mer Deklaratiounen an Aktioune gesi vun der Tierkei, déi drop hiweisen, datt dee Stat net méi déi territorial Integritéit vu Syrien wëllt respektéieren, net méi déi vum Irak an och net déi vu Griichenland, wou d'Traitéen aus den 20er Jore vum leschte Jorhonnert op eemol a Fro gestallt ginn, mat allem, wat dat un eventuelle Konsequenze kann hunn.

Mir géifen eis wënschen, wann een e Stat an Europa huet vun deem Pouvoir, wéi d'Tierkei en huet, datt déi lëtzebuergesch Regierung géif an de Gremien - wéi der EU, wéi der NATO, an, wat Syrien an den Irak ugeet, och an der UNO -, dat Verhale vun der Tierkei thematiséieren, fir all Aggressiounspolitik vu vireran auszeschléissen, op jidde Fall hir entgéintzewierken.

Natierlech ass et net Griichenland oder Zypern, wat do an éischter Plaz kann aktiv ginn, well si jo direkt aner Interessen och an der Géigend hunn, op déi se musse Rücksicht huelen, wéi zum Beispill d'Situatioun an Nordzypern. Mä wat soll Lëtzebuerg drun hënneren, fir Drock auszeüben, fir glafwierdeg opzetrieden a fir ze soen, datt et einfach Verhalensweise gëtt, déi mir och am internationale Kontext net kënnen toleréieren? An dozou gehéieren territorial Uspréch ouni iergendeng Legitimatioun op d'Nopeschstaten.

Mir hunn eis ofhängeg gemaach, net mir als ADR, well mir hätten deen do Schratt ni gemaach, mä d'Lëtzebuerger Regierung huet sech ofhängeg gemaach vun der Tierkei duerch eng falsch Politik an de Froe vun der Migratioun. Mir hunn an de Joren, zwee Joer hu mer dat elo, datt mer eng Migratiounspolitik hei ënnerstëtzen als Lëtzebuerg - d'Lëtzebuerger Regierung mécht dat -, déi vun Däitschland initiéiert ginn ass a vun där mer awer alleguer wëssen, op jidde Fall déi meescht heibanne wëssen, wa se wierklech mat sech selwer an d'Geriicht ginn, datt déi net ka laangfristeg gedroe ginn.

Mir kënnen net als Europa iwwer Joren an iwwer Jorzéngten oppe Grenzen hunn. Dat ass einfach eng Politik, déi ugefaange ginn ass, déi awer sech laangfristeg net kann droen. Mir kommen iergendwéini op de Punkt, wou mer endlech mussen eng méi vernünfteg, eng méi responsabel Immigratiounspolitik bedreiwen, wou Europa seng Grenze muss sécheren. Well et dat awer bis elo net konnt maachen, net wollt maachen - et hätt scho kënnen, mä et wollt net -, ass et elo esou, datt mer higaange sinn, datt d'Regierung higaangen ass, datt Däitschland higaangen ass, a mat Däitschland d'Europäesch Unioun an en Deal mat der Tierkei gemaach huet, datt d'Tierkei soll d'Grenze vun Europa an engem gewëssene Mooss dann ebe sécheren.

Mir hunn eis doduerch an eng Ofhängegkeet bruecht. Eng falsch Migratiounspolitik huet zu engem zweete Feeler gefouert: enger Ofhängegkeet géintiwwer der Tierkei, déi haut natierlech Konsequenzen huet op déi Marge de manœuvre, déi mer hunn, fir déi Exzesser, déi an der Tierkei geschéien, ze kritiséieren an ze bekämpfen.

Mir hunn eis selwer, selwer verschéllt, verschidden Handlungsoptioune geholl. Dat ass en duebelen diplomatesche Feeler, deen dës Regierung gemaach huet, dës Regierung net alleng, mä och anerer an Europa. Mir bezuelen de Präis fir eng falsch Migratiounspolitik. Mir bezuelen de Präis, datt mir eis géintiwwer engem Verhandlungspartner an eng eesäiteg Ofhängegkeet bruecht hunn.

Dat sinn natierlech Entwécklungen, déi mir als ADR kritiséieren. Mir hunn duerfir eng Motioun haut presentéiert, Här President, déi mer Iech virleeën, an där mer d'Regierung opfuerderen, eng aner Politik ze verfollegen, an där mer d'Regierung opfuerderen, fir ze soen, datt mer d'Verhandlungen, d'Bäitrëttsverhandlunge mat der Tierkei ofbriechen an awer eng aner gutt a sënnvoll Partnerschaft mat deem Land sichen, a wou mer soen, datt déi Aggressiounspolitik vun der Tierkei muss an deenen adequate Fora bekämpft ginn, a wou mer soen, datt mer eng aner Migratiounspolitik brauchen, fir eis domadder och aus der Ofhängegkeet vun der Tierkei erauszebewegen.

Dat gesot, soen ech Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Kartheiser. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar fir d'CSV.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi äusserst ugespaante Situatioun an der Türkei ass de Sujet vun eiser Debatt vun haut de Mëtten. Ech géif duerfir och am Numm vu menger Fraktioun deenen zwee Kolleegen, déi d'Initiativ eigentlech vun där Debatt geholl hunn, dem Här Kartheiser respektiv dem Här Wagner, Merci soen, datt se eis et duerch hir Interventiounen erméiglechen, de Mëtten iwwert deen dach esou wesentleche Sujet ze diskutéieren.

Säit dem gescheiterte Putschversuch vum leschte 15. Juli versicht den Erdoğan-Stat mat alle Mëttelen, d'Kritiker vu senger Politik monddout ze maachen. D'Meenungs- an d'Pressefräiheet, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt et just nach um Pabeier, gradesou wéi iwwregens de Rechtsstat. D'Verhaftung vu ville Journalisten ass dann och dat opfällegst Aschüchterungsinstrument, fir d'Meenungsfräiheet an der Türkei ze ënnerdrécken.

Niewent dëser massiver Aschüchterung iwwert d'Verhaftung vu kritesche Journaliste setzt den Erdoğan-Stat awer nach en anert Instrument an, wat nach vill méi effektiv ass, näämlech de wirtschaftlechen Drock, deen op d'türkesch Medien ausgeüübt gëtt.

Et muss een näämlech wëssen, datt déi meescht Medien an der Türkei Konzerner gehéieren, déi selwer vu Regierungsopträg liewen an déi dowéinst op eng gutt Relatioun mam Erdoğan ugewise sinn. Doduerch ass den türkesche Stat emol guer net méi op d'Drockmëttel vu Verhaftungen ugewisen, fir eng regierungsfrëndlech Berichterstattung ze erzwéngen. Dat erleedege leider Gottes entre-temps déi verschidde Cheffe vun deene Konzerner an déi vun hinnen agesate Chefredaktere selwer.

D'Situatioun ass méi wéi dramatesch, well hei fënnt u sech emol guer keng Zensur méi statt, mä dës Zensur gëtt duerch eng Selbstzensur ersat.

Här President, d'Verhaftunge vu Journaliste sinn u sech allerdéngs nëmmen den trauregen Héichpunkt vun enger méintelaanger Hetzjuegd géint jiddwereen, dee verdächteg ass an der Türkei, der Oppositioun nozestoen.

Entre-temps, an et ass jo och virdrun ugeklongen, sinn Zéngdausende vu Journalisten, Wëssenschaftler, Proffen a Riichtere verhaft an an de Prisong gesat ginn an hiert Verméigen ass zum Deel saiséiert ginn, dëst zu engem Deel ausserhalb vu rechtsstaatleche Prozeduren an ënnert dem offizielle Virwand, fir géint Putschisten an Terroriste virzegoen.

Dobäi, Här President, geet et eigentlech dem Här Erdoğan ëm eppes ganz aneres, näämlech ëm dee vu laanger Hand geplangten Embau vun der Türkei an e Stat, deen den Allmuechtsfantasië vu sengem President entsprécht. D'Türkei ass net um Wee an eng Diktatur, mä si ass schonn esou gutt wéi do ukomm. An näischt wäert de President Erdoğan a säi Muechtapparat dovunner ofhalen.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- An der Zwëschenzäit huet de President Erdoğan ugekënnegt, datt hien eng Propositioun fir d'Erëmaféierung vun der Doudesstrof dem türkesche Parlament géif virleeën. Zur Erënnerung, an ech mengen, et ass interessant: Déi lescht Hiriichtung an der Türkei war 1984 an d'Doudesstrof ass 2006, ënner anerem ënnert dem Drock vun der Europäescher Unioun, ofgeschaaft ginn. Géif d'Parlament der Demande vum President Erdoğan noginn, fir déi Doudesstrof also erëm anzeféieren, wär dann d'Ironie vun der Geschicht, datt déiselwecht Kräften, déi deemools d'Doudesstrof ofgeschaaft hunn, se erëm zéng Joer duerno géifen aféieren.

Här President, net nëmmen d'Ugrëff op d'Meenungs- a Pressefräiheet mussen eis alleguer ze denke ginn, mä och d'Situatioun vun de Kurden an der Türkei gëtt ëmmer méi dramatesch. A verschidden Observateure schwätzen entretemps souguer vun enger Situatioun, déi engem Génocide relativ no kënnt.

An der Zwëschenzäit, an dat ass och schonn ugeklongen, huet d'Regierung zu Ankara 28 Buergermeeschteren einfach ofgesat, 24 dovunner wéinst angeebleche Kontakter zu der PKK an déi véier aner wéinst angeebleche Verbindungen zur Gülen-Bewegung.

Dës Verhaftungswell vu kurdesche Buergermeeschteren huet hiren Héichpunkt an der Zwëschenzäit erreecht, wéi en türkescht Geriicht d'Untersuchungshaft vun zwee demokratesch gewielte Buergermeeschtere vun der Kuerdemetropol Diyarbakir am Südoste vun der Türkei ordonnéiert huet.

Här President, niewent all dësen Ugrëff op d'Meenungsfräiheet, op d'Mënscherechter, nieft der Erëmaféierung vun der Doudesstrof, der Verfolgung vun de Kurde wëllt de President Erdoğan dann och nach den Afloss vun der haiteger Türkei wäit iwwert d'türkesch Grenzen ausdeenen, sou wéi en dat virun e puer Deeg bei der Geleeënheet vum Doudesdag vum Statsgrënner Atatürk ugekënnegt huet. En huet anscheinend do d'Ausso gemaach, datt e Land wéi d'Türkei net kéint gefaange bleiwen op 780.000 km², an huet domadder offen déi haiteg Grenze vun der Türkei a Fro gestallt.

All dës Aussoen, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mussen eis och hei an der Chamber interpelléieren a mir mussen eis froen, wéi eng Europäesch Unioun respektiv eng lëtzebuergesch Regierung an och eng lëtzebuergesch Chamber op all dës Provokatioune soll a ka reagéieren.

Här President, den Här Ausseminister huet an de leschten Deeg an engem Interview, an dat ass och scho virdru gesot ginn, vun „Nazimethoden" geschwat. Dëst, Här President, si staark Wierder. Nach menge mir, datt se berechtegt sinn, well an der Türkei d'Mënscherechter an d'Meenungsfräiheet am Moment mat Féiss getrëppelt ginn.

Fir meng Fraktioun a fir mech selwer ass et duerfir kloer, datt, esou wéi d'Türkei haut vum President Erdoğan regéiert gëtt, se weder an d'Europäesch Unioun gehéiert nach en Deel ass vun enger Wäertegemeinschaft, déi sech iwwer Mënscherechter, Wäertepluralismus a Fräiheet vum Individuum definéiert.

Dat ass batter! Och well déi grouss Visioun vum Statsgrënner Kemal Atatürk doranner justement bestanen huet, dat Land opzemaachen, fir sech dem Westen unzenäheren a fir deemools d'Despotie, déi geherrscht huet, zur Demokratie ze entwéckelen. Ëm d'Jordausendwend war d'Türkei nach ni esou no bei der EU (veuillez lire: esou no bei der EU wéi nach ni) an et konnt een déi berechtegt Hoffnung hunn,

datt d'EU mat der Türkei eng wichteg Erweiderung kéint erliewen, geografesch, intellektuell an historesch.

Här President, dës Hoffnung ass leider verluer, zumindest op ofseebar Zäit. De Statspresident Erdoğan ass amgaang, seng Demokratie Schrëtt fir Schrëtt an eng islamistesch Autokratie, wann net souguer an eng Diktatur ze verwandelen.

Mir hunn de Moien an der zoustänneger Kommissioun, hunn ech fonnt, eng ganz gutt Debatt gehat a mir sinn eis iwwer all Fraktiounen eens, wat d'Analys ubetrëfft. Duerfir begréisse mir och déi Motioun, déi de Kolleeg Marc Angel am Numm vun alle Fraktiounen hei déposéiert huet, a mir wäerten déi och stëmmen, well se fir eis eigentlech eng exzellent Beschreiwung vun der aktueller Ist-Situatioun vun der Türkei gëtt.

Wou allerdéngs d'Meenungen auserneeginn, dat ass, wat fir eng Konklusioune mir alleguerten hei an deem Haus aus där doter Situatioun zéien. An ech wëll elo net alles widderhuelen, wat mer de Moien diskutéiert hunn. Ech kommen awer trotzdeem net derlaanscht, nach eng Kéier drop hinzeweisen, datt d'Europäesch Unioun wéi déi allermeescht Memberlänner, wéi iwwregens och déi lëtzebuergesch Regierung, iwwer Méint, wann net iwwer Joren, nogekuckt hunn, wat an der Türkei esou geschitt ass, wéi d'Evolutioun war, ganz besonnesch nom Putsch. A mir waren eis eigentlech alleguerten eens, datt mer gesot hunn, et wär elo net gutt, vun engem Moment op deen aneren déi Verhandlungen ofzebriechen, mä: „Kommt, mir ginn dem Här Erdoğan a senger Regierung eng Chance; kommt, mir kucken, ob mer net awer a Gespréicher, a Verhandlungen, déi mer féieren, erëm zu enger Situatioun an zu enger Léisung kommen, déi akzeptabel ass!"

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'CSV-Fraktioun ubetrëfft, si mir zur Konklusioun komm, datt et elo mat Appelle leider Gottes net méi duergeet. Den „naming" an den „bashing", wéi oft gesot ginn ass, geet manifestement net duer. Well mir hu gesinn, datt trotz deenen enormen Efforten, déi vu ganz ville Politiker, inklusiv eisem Ausseminister Jean Asselborn, gemaach gi sinn, d'Situatioun sech kee Millimeter verbessert huet! Au contraire, et huet een d'Gefill, et gëtt ëmmer méi schlëmm!

An dann, Dir Dammen an Dir Hären, muss ee sech awer eng Kéier froen, bis wouhinner mer mussen akzeptéieren, datt eng Türkei op e Wee geet, dee fir eis net méi matzegoen ass.

An ech weess net, wéi et Iech gaangen ass. Ech hu gëschter op der Télee déi Visitt vum Här Steinmeier gesinn. Den Här Steinmeier, wat e formidabelen Ausseminister ass, och wann en net där Parteiefamill ugehéiert, an där ech sinn,…

(Interruption)

…deen den zukünftege Bundespresident soll ginn, e Mann, deen eng Erfahrung huet wéi kaum en zweeten, wéi ech gesinn hunn, wéi dee Mann sech do huet missen erniddregen, fir mat engem Här Erdoğan a mat engem Premierminister do ze diskutéieren: Deen huet sech misse Virwërf gefale loossen, datt Däitschland, datt dat en Nascht vun Terroriste wär…!

Ech muss Iech soen: Wéi wäit musse mir eis dann nach als Europäesch Unioun erniddregen, fir mat der Türkei weider am Gespréich ze bleiwen?!

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

Mir wëllen duerfir, Här President, datt mer mat deene Liewensligen ophalen, datt d'Türkei an deenen nächste Joren e vollen EU-Member ka ginn. Well ech soen Iech: Dat wäert net haut, net muer an och nach net iwwermuer de Fall sinn!

D'ailleurs seet jiddwereen dat, net nëmmen hei am Land! Ech hunn den Här Bettel héieren, dee vun 20 Joer geschwat huet. Den Här Asselborn huet och vu 15 Joer geschwat. D'Madamm Merkel schwätzt vun 20 Joer. Et seet eigentlech jiddwereen datselwecht: Et gëtt am Moment iwwerhaapt keng Chance, datt déi Türkei iwwerhaapt jee an deenen nächste Joren eng Kéier ka Member vun der Europäescher Unioun ginn. An duerfir plädéiere mir derfir, datt déi Bäitrëttsverhandlungen sollen op Äis geluecht ginn, well mir derfir plädéieren, datt endlech och eng Kéier d'Politik muss kloer Kant weisen.

An erlaabt mer do trotzdeem, e bëssen op d'Evolutioun vun deene leschten Deeg a Wochen anzegoen!

De Brexit, den Här Trump, d'Opkomme vum Populismus an Europa an iwwer Europa eraus. Firwat ass dat dann esou? Well d'Mënschen dobaussen net méi kënnen novollzéien, wat fir eng Politik datt do gemaach gëtt!

A bei allem Respekt fir eisen Ausseminister, den Här Asselborn, mat deem ech meeschtens ëmmer averstane sinn:…

Une voix.- Wat hues de elo gemach?

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Et kann een net op där enger Säit vun Nazimethoden an der Türkei schwätzen, et kann een och net, an et ass virdrun och schonn ugeklongen, wëllen - zu Recht - dem Här Orbán soen, dat géif net méi esou goen - an den Här Asselborn wollt nach méi wäit goen, e wollt den Här Orbán carrément erausgeheien -, et kann een net och permanent op den Här Putin fachen, permanent ëmmer erëm vu Sanktiounen an neie Sanktiounen a Russland schwätzen, an dann awer am selwechte Moment potzmonter mat EU-Bäitrëttsverhandlunge mat der Türkei virufueren.

Keen dobaussen, kee Mënsch, kee Bierger versteet dat doten nach! Do ass, et deet mer leed, fir dat esou klipp a kloer ze soen, keng Kohärenz méi, net nëmme bei eis, mä bei deene meeschten europäesche Politiker.

Här President, ech déposéieren am Numm vu menger Fraktioun eng Resolutioun, an där all déi vu mir virbruecht Iwwerleeunge sech erëmfannen an an där mir constatéieren, datt d'Türkei sech duerch hiert Verhalen aus der Bäitrëttsprozedur ausgeklickt huet an mir duerfir der Meenung wären, d'Bäitrëttsverhandlunge sollten direkt op Äis geluecht ginn.

Ech hat déi Fuerderung och schonn de Moien an der zoustänneger Kommissioun virbruecht. Do ass mer awer gesot ginn, d'Majoritéit kéint net mat op de Wee vun eiser Resolutioun goen.

An do huet den Här Ausseminister eppes gesot, wat ech esou awer net ka stoe loossen. Den Här Ausseminister huet näämlech e bëssen der CSV reprochéiert an der ADR, mir wäre quasiment déi Eenzeg, déi esou Fuerderunge géifen an Europa erhiewen, a soss wär keen, deen eigentlech dat dote géif verlaangen. An dat, Här Ausseminister, wollt ech awer net op mer sëtze loossen an ech wollt elo just e puer Politiker vun alle Faarwen, vun alle Faarwen awer zitéieren…

(Interruption)

Jo, mä mir sinn och eng Partei, mir sinn eng Fraktioun. Ech schwätzen hei am Numm vun der CSV-Fraktioun, Här Ausseminister.

An ech soen Iech zum Beispill, wat de Manfred Weber, EVP-Fraktiounsvirsëtzenden, gesot huet: „Wir sollten jetzt dazu kommen, die Partnerschaft zwischen Europa und der Türkei auf eine neue Grundlage zu stellen, die Beitrittsverhandlungen jetzt zu beenden und pragmatisch zusammenzuarbeiten bei Themen…", an esou virun, dat seet de Manfred Weber.

Ech géif dann, fir jiddwereen hei ze zitéieren, fir déi Lénk, wou ech erstaunt war, datt se eis Resolutioun net géife matdroen - ech hätt do och kënnen den Här Mélenchon aus Frankräich zitéieren -, do géif ech awer elo emol d'Madamm Sahra Wagenknecht zitéieren, hires Zeechens Fraktiouns…

Une voix.- Ooh!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, dat kënnt mer selte vir, gesitt Der.

„Mit dem geplanten Abkommen zwischen der EU und der Türkei werden sämtliche europäischen Werte verraten und verkauft. Solange Präsident Erdoğan einen schmutzigen Krieg gegen Teile der eigenen Bevölkerung führt und die Presse- und Versammlungsfreiheit mit Füßen tritt, müssen die EU-Beitrittsverhandlungen gestoppt statt beschleunigt werden."

An dann eis gréng Kolleegen…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Mosar, Dir misst esou lues zur Konklusioun kommen.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, et ass awer eng wichteg…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, da muss ee sech besser andeelen!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ech sinn direkt fäerdeg. Ech wollt Iech awer och nach soen, wat den Här Cem Özdemir seet:…

Plusieurs voix.- Aah!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- „Die EU sollte die Verhandlungen unabhängig von der Todesstrafe jetzt auf Eis legen."

Här President, ech kommen domadder elo ganz schnell zum Schluss. Mir mussen eis alleguer agestoen, datt leider den EU-Bäitrëttsprozess keen Hiewel méi ass, mat deem mer iergendwéi nach d'Evenementer an der Türkei kënne beaflossen. Dëst stellt d'Glafwierdegkeet an d'Autoritéit vun der Europäescher Unioun eng Kéier méi op d'Prouf.

Här President, et geet hei ëm net méi a net manner wéi d'Glafwierdegkeet vun der Europäescher Unioun nom Brexit, awer och an deenen zukünftegen Diskussioune mam gewielte President Trump. Mir mussen endlech erëm déi Wäerter, fir déi d'Europäesch Unioun steet, bannen a bausse vun der Unioun verteidegen.

Leider Gottes verletzt d'Türkei permanent dës EU-Standarden. An duerfir huet dës Türkei zumindest am Moment näischt méi an der Europäescher Unioun verluer.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Nächste Riedner ass de Marc Angel fir d'LSAP.

Une voix.- Merci, Marc!

M. Marc Angel *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech constatéieren, dass den Här Mosar mat deem, wat e seet, an deem nämlechte Boot sëtzt, wéi dat, wat vun der ADR gesot gëtt, mä dass um Pabeier an deenen zwee Texter awer nach déi eng oder aner Nuancen entstinn.

An ech wonnere mech, firwat en, wann en esou hefteg deen Discours hei féiert, dann net och de Courage huet, ze soen: „Mir wëllen net, dass d'Türkei an d'EU kënnt."

(Interruption)

Dat sot Der net, Här Mosar. Dir sot just, d'Verhandlunge sollten agefruer ginn. Dorënner verstinn ech - déi Fro wollt ech Iech stellen, ech krut d'Geleeënheet net -, dat heescht, dass, wann d'Türkei d'Kopenhagener Kritäre géif erfëllen an eng aner Situatioun an der Türkei wär, dann ass d'CSV derfir, dass d'Türkei Member vun der Europäescher Unioun gëtt. Hunn ech Iech do richteg verstanen?

(Interruptions)

Une voix.- Jo.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Voilà. Ech wollt dat awer hei och ënnersträichen.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Dat hutt Der ganz richteg gesot. Leider Gottes - mä ech verstinn awer de President -, ech hat meng Zäit iwwerschratt a wann ech nach e bësselche méi Zäit gehat hätt, wär ech nach eng Kéier ganz intensiv op eis Resolutioun agaangen. Ech wollt dat soen, da brauch ech et herno net méi ze soen, Här President, och par rapport zu der Motioun vun der ADR gëtt et e fundamentalen Ënnerscheed.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Mosar!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir hutt Är Riedezäit erschëpft.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Den Här Angel huet mer awer eng Fro gestallt!

(Brouhaha et hilarité)

Da muss ech jo awer drop äntwerten.

Ech wëll Iech soen, dass contrairement, contrairement…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Majo, dann äntwert, mä Dir hutt Iech d'Wuert net gefrot. Dir hat just vergiess, Iech d'Wuert ze froen, Här Mosar.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, da froen ech d'Wuert, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An: Mäi Virgänger, deen hätt Iech net emol zwou Minutten zousätzlech schwätze gelooss.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Dee war méi streng.

(Hilarité générale et interruptions)

Une voix.- Ganz richteg, Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, da faasst Iech elo, wann ech gelift, ganz kuerz.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, den Här Angel huet mer jo eng Fro gestallt. Ech sinn elo net hei opgestanen einfach esou. Den Här Angel huet mer eng Fro gestallt. Ech äntwerten him nach eng Kéier, datt dee groussen Ënnerscheed zwëschen der CSV an der ADR op deem dote Punkt ass: D'ADR wëllt iwwerhaapt ni eng Türkei als EU-Member.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Mir soe ganz kloer, datt, wann d'Situatioun sech an der Türkei erëm berouegt an d'Türkei erëm de Wee vun de Kritäre vu Kopenhagen fënnt, da kënne mir eis virstellen, datt d'Bäitrëttsverhandlunge viruginn.

Une voix.- Voilà, dat ass e wesentlechen Ënnerscheed.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Merci. Ech stelle fest, dass d'CSV derfir ass, dass eng demokratesch Türkei Member gëtt vun der Europäescher Unioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,…

(Brouhaha général)

…mat deenen Nuancen…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Loosst eis d'Konklusioune selwer zéien, Dir braucht se net an eisem Numm ze zéien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Angel, fuert elo virun!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Schwätzt Dir iwwer Är Positiounen!

(Interruption)

M. Marc Angel *(LSAP).*- Näischt ze soen zu där besuergniserreegender Situatioun an der Türkei, dat géif heeschen, dass mer all Complice wären. An dofir sinn ech frou, an ech soen och deene Merci, déi déi Diskussioun hei ugereegt hunn, dass mer déi Diskussioun haut hei an der Chamber féieren.

D'Analys iwwert déi besuergniserreegend Situatioun, déi deele mer all. Et ass bei de Konklusiounen, wou mer eis ënnerscheeden.

Déi Situatioun an der Türkei ass an de Medie vill beschriwwe ginn. Si ass och heibanne vu menge Virriedner scho beschriwwe ginn, a Wierder beschriwwe ginn. Ech wëll se emol ganz plakativ nach eng Kéier just an Zuelen erwänen, esou wéi d'„Süddeutsche Zeitung" se dëse Weekend publizéiert huet: Et lafen an der Türkei am Kontext vun den Evenementer dëst Joer 70.050 Verfahre géint Bierger, 56.520 Fonctionnairë sinn entlooss ginn, 58.862 Mënsche si festgeholl ginn. Et koum zu 31.048 Verhaftungen…

Une voix.- Wéi vill?

M. Marc Angel *(LSAP).*- 31.048 Verhaftungen, dorënner 7.016 Militär, 6.488 Polizisten, 2.385 Riichter an 142 Journalisten, an, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen et all, mir gesinn et: Et geet weider. An der Türkei vergeet kaum en Dag, wou et net zu weidere Festname kënnt.

Erlaabt mer dofir, fir d'Éischt mat e puer Wuert och op d'Resolutioun anzegoen. D'Kolleege vun déi Lénk hunn eng Resolutioun abruecht, déi am Fong d'Situatioun an der Türkei ganz gutt zesummegefaasst huet, virun allem am Fokus, wat d'Ophiewe vun der Immunitéit vun den Deputéierten ugeet an och d'Verfolgung vun de Journalisten, a schlussendlech dann och säit ufanks November d'Verhaftung vu prokurdeschen Deputéierten.

Mir haten de Moien eng Diskussioun an der Kommissioun mam Minister, an ech hat mer erlaabt, och mam Averständnis vun déi Lénk, déi Resolutioun op e puer Punkten ze erweideren. An ech wëll dat hei kuerz soen, well dat eis och wichteg geschéngt huet.

Et huet mir wichteg geschéngt, d'Tentative vun deem Coup d'État de 15. Juli, deen zum Gléck net gelongen ass, ze condamnéieren an och op déi vill Victimmen hinzeweisen. Et huet eis wichteg geschéngt, och déi terroristesch Attacken, déi um türkesche Buedem stattfonnt hunn an deene leschte Joren, ze condamnéieren an och d'Solidaritéit vis-à-vis vun deene Victimmen auszedrécken.

Et huet eis awer och wichteg geschéngt, eppes zur Doudesstrof ze soen. Mir wëssen, dass et en europäesche Konsensus ass, dass d'Doudesstrof keng Plaz an engem ziviliséierte Rechtsstat huet. Dat ënnerscheet eis iwwregens vum Rescht vun der Welt an och vun anere gudde Partner vun eis. An d'Ofschafung vun der Doudesstrof ass e klore Kritär fir en eventuelle Bäitrëtt an d'EU. A wann d'Türkei décidéiert, déi Doudesstrof erëm anzeféieren, dann ass et d'Türkei selwer, déi d'Dier zu der EU zoumécht.

Dann ass et eis awer och wichteg, op déi systematesch Suspendéierungen aus politesche Grënn anzegoen, déi net baséieren op bewisener Schold an déi engem Rechtsstat net wierdeg sinn. Ech hunn an deen Text dofir och d'Suspendéierung vun deene villen türkesche Beamten an och Wëssenschaftler agesat, fir déi Punkten, déi schonn dra ware vun den Deputéierten an de Journalisten, ze vervollstännegen.

Och d'Kurden, sou huet et mer geschéngt, wär et wichteg, an dëser Resolutioun ze ernimmen, well et geet jo schlussendlech och ëm d'Festhuele vun Deputéierte vun der prokurdescher Partei. Mä mir gesinn, dass dee Konflikt ëmmer méi eskaléiert am Südoste vun der Türkei - d'Festhuele vu kurdesche Buergermeeschteren a lokale Politiker -, an dofir ass et och wichteg, dorobber hinzeweisen.

An et war mer awer och wichteg, en Tiret derbäizesetzen, dee seet, dass mer d'türkesch Populatioun ënnerstëtzen, déi sech de 15. Juli géint dee Putschversuch do agesat huet. Dofir musse mer och bereet sinn, déi türkesch Regie-

rung ze kritiséieren, an dofir maache mer jo deen Appell, fir dass d'Türkei erëm op den demokratesche Wee soll goen. Si soll mat de Poursuitte géint déi gewielt Deputéiert ophalen; dat nämlecht gëllt fir d'Fonctionnairen, d'Journalisten an all déi Leit, déi ech virdrun opgezielt hunn. A mir appeléieren och u si - an ech mengen, dat ass och wichteg -, erëm e kredibele Friddensprozess an en Dialog ze relancéiere mat de Kurden a maachen en Appell un all politesch Responsabel vun der Türkei, sech ganz, ganz kloer géint d'Erëmaféiere vun der Doudesstrof auszeschwätzen.

Elo gëtt vill vun de Bäitrëttsverhandlunge geschwat. Do muss een natierlech nuancéieren. An de Minister huet et haut gesot: E war um Conseil vun den Ausseministeren zu Bréissel dëse Weekend an de Méindeg an en huet eis drun erënnert, dass kee Land d'Afréieren oder d'Ophiewe vun de Bäitrëttsverhandlunge gefuerdert huet. Mir hunn eng laang Diskussioun doriwwer gehat.

An ech wollt dofir soen: Den 9. November huet d'Kommissioun och hire Bericht wéi all Joers iwwert d'Türkei erausbruecht an huet natierlech alles dat, wat mir hei dénoncéiert hunn, och dénoncéiert. A si huet awer och geschriwwen, dass all d'Dokumenter fäerdeg sinn, fir endlech déi wichteg Kapitelen an deene Verhandlungen unzegoen. An et soll een an Zukunft - an dat ass och d'Ausso vum Kommissär Hahn gewiescht iwwert d'Erweiderung - wa mer mat Länner diskutéieren, mat deene wichtegste Kapitelen ufänken. An dat sinn d'Kapitelen 23 a 24, wou et ëm déi fundamental Rechter geet, wou et ëm d'Grondfräiheete geet, wou et ëm d'Mënscherechter geet, wou et ëm den Appareil judiciaire geet a wou et ëm d'Sécherheet geet. Do soll een usetzen an déi Chance däerfe mer eis net entgoe loossen; deen Hiewel däerfe mer eis net entgoe loossen.

Duerch de Fait, dass d'Türkei e Bäitrëttskandidat ass - a mir wëssen, dass dee Bäitrëtt net fir haut, net fir muer an net fir iwwermuer ass, well do muss d'Türkei nach ganz vill Hürden huelen an am Moment gesäit et jo net duerno aus -, mä duerch de Fait, dass et e Kandidateland ass, fënnt en intensive Monitoring duerch déi Europäesch Kommissioun statt, an dee kënne mer all als Memberstaten mat poursuivéieren.

Ech wëll och nach drun erënneren, dass et schlecht wär, wann den Dialog mat der Türkei net méi géif stattfannen an dëse Monitoring agestallt géif ginn. Well an der Türkei gëtt et eng ganz Rei Bierger, déi no Europa kucken, Millioune vu Bierger, fir déi ons Wäerter, ons demokratesch Wäerter, ons Virstellung vu Rechtsstaatlechkeet déi lescht Hoffnung sinn, „dee leschte Fuedem", wéi d'Madamm Loschetter de Moien an der Kommissioun gesot huet, un deem déi Leit sech nach festhalen. An dee Fuedem solle mir net zerschneiden; dee Fuedem muss den Här Erdoğan selwer futtischneiden. Déi Dier muss den Här Erdoğan selwer zoumaachen an dat solle mir net maachen, well dat wär kee gutt Zeechen.

Als Konklusioun wëll ech awer och nach soen, dass dat, wat an der Türkei geschitt ass, dee Putsch, dass d'international Communautéit dat veruerteelt huet. Mä wat ass geschitt? Säitdeem gëtt et ëmmer méi schlëmm an der Türkei. D'Virgoe vun der Regierung huet mat Demokratie a Rechtsstaatlechkeet näischt méi ze dinn. Den Här Erdoğan ass amgaangen, déi grouss Divisiounen, déi et schonn an der Türkei ginn, nach méi ze verdéiwen. En dividéiert säi Land auserneen. Hien ass et, deen d'Türkei isoléiert, a mir wëssen aus der Geschicht, dass Isolatioun ni eppes Guddes ass. Et ass de President Erdoğan, dee sech d'Dier selwer zoumécht duerch seng autokratesch Manéier, wéi hien dat Land féiert, a mir sollen hien déi Dier zoumaache loossen an net ons. Wéi gesot: Dat ass d'Positioun vun der LSAP.

Zu de Motiounen a Resolutiounen:

Zu der CSV-Resolutioun wollt ech soen, dass ech eppes ganz hypocrite dra fannen: Et gëtt drop higewisen, dass et ganz wichteg ass, mat der Türkei déi „accords commerciaux" ze hunn; d'„relations bilatérales", déi geschäftlech Relatiounen, déi si ganz wichteg. An da gëtt och nach gesot, si wären der Meenung, dass mer déi kommerziell Relatiounen nach verdéiwe missten, an dass et wichteg wär, zu enger Moderniséierung ze komme vun der Union douanière, déi mer mat der Türkei hunn, well d'Türkei jo awer schliisslech déi gréisst „puissance économique du Moyen-Orient" wär.

Dat: jo, Business maache mat hinnen: jo. Awer politesch diskutéiere mat hinnen, hinne mam Fanger op d'Wonne weisen, hinne soen: „Dir sidd antidemokratesch, Dir sidd autokratesch", dat däerfe mer net als EU! Mä mat hinne verhandelen iwwer wirtschaftlech Froen, dat däerfe mer; an dat ass eng Positioun, déi mir als LSAP net deelen!

Dann zum ADR senger Motioun.

(Interruptions diverses)

Zum ADR senger Motioun...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wat hu mer dann elo gemaach?

M. Marc Angel *(LSAP).*- Zu „der" ADR hirer Motioun, pardon! Gender, pardon!

Zu der ADR hirer Motioun wëll ech soen, dass mer déi natierlech komplett ofleenen. Mä ech wëll just soen, wat d'Aféierung vun der Visafräiheet ugeet an dass een dorop soll verzichten: Natierlech wäerte mer dorop verzichten, wann d'Türkei d'Kritären net erfëllt. Do ginn et och Kritären, déi mer festgesat hunn. An do ginn et och Kritären, déi aner Länner anhalen, fir déi Visafräiheet ze kréien, déi net Kandidateland sinn. Dat huet mam Statut vum Bäitrëtt net vill ze dinn.

Mä ech mengen, wann d'Türkei déi Kritären erfëllt, da gesinn ech net an, firwat een déi Bierger géif aspären, déi wëlle reesen, déi wëllen an eis Länner reesen, a firwat dass een déi an deem autokratesche Regimm, wéi et elo de Fall ass, géif loossen an hinnen net d'Chance ginn, e Visa ze kréien, fir an d'Europäesch Unioun ze kommen.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren. Wéi gesot, ech freeë mech, dass déi éischt Resolutioun esou e grousse Konsens huet. An am Numm vun der LSAP kann ech Iech elo scho soen, dass mer d'Resolutioun vun der CSV net wäerte stëmmen an och d'Motioun vun dem ADR - vun „der" ADR! - och net wäerte stëmmen. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Angel. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Brasseur fir d'DP.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt eng Virbemierkung: Et ass gutt, dass mer als Parlament eng Unanimitéit op engem Text hunn - dat ass déi Resolutioun, déi de Moien an der aussepolitescher Kommissioun diskutéiert ginn ass - an dass mer ons do an engem Text alleguer erëmfannen. Well mir mussen oppassen, dass mer ons net dividéiere loossen, an ech mengen, mir sollen och deen Débat hei an aller Serenitéit féieren. Well hei geet et net ëm ons. Et geet och net ëm d'Glafwierdegkeet vun der EU. Et geet ëm d'individuell Fräiheete vun all Bierger aus der Tierkei. An et ass dat, wat dat Wichtegst ass, an dat musse mer ons an onsen Diskussioune virun Aen halen.

Mir mussen och, wa mer déi Diskussioun hei féieren, déi Tentative vu Putsch schäerfstens condamnéieren a wierklech un all déi Victimmen an un hir Familljen denken, geneesou wéi un déi vun deenen terroristeschen Akten, déi mer op kee Fall, egal vu wiem se virgeholl ginn, kënnen acceptéieren.

Mä dat däerf awer net justifiéieren, dass eng Regierung oder e Statschef higeet an all Prinzipie vun engem Rechtsstat aushiewelt. Mir verstinn, dass d'Tierkei zudéifst getraff ginn ass an dass se muss reagéiere géint terroristesch Akten, géint déi Tentative vu Putsch, mä dat muss se maachen am Kader vum Rechtsstat.

Mä et ass jo net esou, dass all déi Mesuren, déi elo ëmgesat gi vun der tierkescher Regierung, dass déi nei woren. Dat wor scho virum Putsch de Fall. Do wore schonn eng ganz, ganz Rei vu Punkten, wou de Rechtsstat mat Féiss getrëppelt ginn ass, an dat am verstäerkte Mooss säit dem Juni d'lescht Joer, wéi dem Erdoğan seng Partei net d'absolutt Majoritéit kritt huet, well d'HDP-Partei, déi Partei, déi net nëmmen d'Kurden, mä och aner Minoritéite verteidegt, iwwert d'10%-Hürd ewechkoum an domat d'AK-Partei net d'absolutt Majoritéit krut.

Deemools scho gouf et e Couvre-feu a Partië vun der Tierkei ouni legal Basis. Et sinn och du scho Journaliste massiv verhaft ginn. Den Can Dündar ass condamnéiert ginn, well e Fotoe gewisen huet vu Waffen, déi un der syrescher Grenz hin- an hiergaange sinn. D'Immunité parlementaire ass opgehuewe ginn; dat wor scho virum Putsch, an do si Leit derbäi, déi ech perséinlech kennen.

Här President, dat si Kolleegen am Conseil de l'Europe, déi wierklech verstänneg sinn, Kolleege vun der Kemalistepartei oder vun der HDP-Partei, déi einfach un de Pranger gestallt ginn, well se gewot hunn, als politesch Deklaratioun de Regimm ze kritiséieren. D'Commission de Venise iwwregens huet e vernichtenden Avis ofginn iwwert déi Geschicht vun der Levée vun der Immunité parlementaire.

Da gouf et Attacke vum Erdoğan vis-à-vis vun Däitschland. Wéi Däitschland déi Resolutioun iwwert de Génocide an Armenien gestëmmt huet, eng Resolutioun, déi mir och hei als Parlament geholl hunn, huet den Erdoğan jo déi tierkeschstämmeg Deputéiert aus Däitschland perséinlech ugegraff a gesot, et misst een déi engem Blutttest ënnerzéien. Och dat ass ganz grav an och dat ass virum Putsch geschitt. Honnerte Riichter a Poliziste goufen och déizäit schonn déplacéiert. Dat wor och wärend deem Korruptiounsvirworf vis-à-vis vum Fils vum Erdoğan.

Dann huet den Här Erdoğan och zum Beispill Deklaratioune gemaach, d'Frae sollten op d'Contraceptioun verzichten. Also all dës Virzeechen, déi gouf et scho virum Putsch, soudass et sech säit dem Putsch wierklech verschlëmmert huet.

Säithier - an den Här Angel huet d'Zuele rappeléiert - sinn entre-temps vill Leit verhaft ginn an hunn hiren Job verluer. Wat och ganz schlëmm ass, dat ass, dass déi Leit, déi hiren Job verluer hunn oder déplacéiert gi sinn, dass deenen hir Nimm am offiziellen Avis, enger Publikatioun vun der tierkescher Regierung, stinn. Dat heescht, si ginn der Éffentlechkeet dohinnergestallt, wéi wa si d'Verréider wieren um tierkesche Stat. An domat hu si an hir Familljen iwwerhaapt keng Chancë méi, nach jee erëm en Job ze fannen.

Dann ass den 11. November en Dekret vun der Regierung erauskomm, no deem d'Aktivitéite vun 370 ONGe verbuede gi sinn. An do sinn ONGen dobäi, déi Minoritéite verteidegen, déi Fraerechter verteidegen. Alles dat ass inacceptabel. Net ze schwätze vun de Journalisten, an dat ass och vu menge Virriedner scho gesot ginn.

Ee Wuert zu der Aféierung vun der Doudesstrof. Ech muss Iech soen, Här President, ech wor erféiert, wéi ech den Ausseminister aus der Tierkei, den Här Çavuşoğlu héieren hunn, relativ fréi no dem Putsch, wéi e gesot huet, et misst een driwwer nodenken, e Referendum ze maachen, ob d'Doudesstrof net sollt ageféiert ginn. An net hie géif dat soen, mä et wier d'Populatioun, déi dat géif soen.

Ech wor besonnesch erféiert, well den tierkeschen Ausseminister, den Här Çavuşoğlu, mäi Virvirgänger ass an der parlamentarescher Versammlung vum Conseil de l'Europe als President, dat heescht, een, deen nach 2010 eng Publikatioun mat ënnerschriwwen huet géint d'Doudesstrof weltwäit, deen op eemol déi Froe stellt. Natierlech huet en dat gemaach - an ech huelen dat un -, well e wëllt dem Erdoğan gefalen, fir kënnen um Posten ze bleiwen, well aner Ministeren, déi net eng kloer Sprooch geschwat hunn, déi fënnt een net méi erëm. Den Här Davutoğlu, Premierminister, mat deem een awer nach konnt diskutéieren a verhandelen, ass net méi do; en ass remplacéiert ginn. Den Europaminister ass remplacéiert ginn, an et kéint een déi Lëscht nach viruféieren.

Een Argument, wat den Här Çavuşoğlu gebraucht huet, wor, dass e gesot huet: „Jo, wa mer dat net maachen, dee Referendum, da verléiere mer Stëmmen." Ech fannen et inacceptabel, léif Kolleegen, dass een esou e Sujet mat Elektoralismus verbënnt, an dat muss op d'Schäerfst condamnéiert ginn!

Wat sech da gëschter ofgespillt huet, an den Här Mosar huet dat ugeschnidden, wou den Här Çavuşoğlu an enger Pressekonferenz regelrecht den Här Steinmeier attackéiert huet, dat schléit dem Faass de Buedem aus. An der Diplomatie ginn et awer… (veuillez lire: ginn et awer Verhalensregelen), an den Här Asselborn weess, wéi ee sech um Parkett vun der Diplomatie behëlt, och wann en heiansdo da méi schaarf Wierder gebraucht; och dat gehéiert, mengen ech, dozou, well et muss een um Bam rëselen, fir dass verschidde Leit waakreg ginn. Mä wat gëschter den Här Çavuşoğlu do viru lafender Kamera vis-à-vis vum Här Steinmeier, ee vun deene respektéiertsten Ausseministeren op der Welt, gesot huet, ass einfach net ze acceptéieren.

Den Här Çavuşoğlu huet jo gesot: „Wie sidd Dir Europäer, fir ons ze soen, mir missten aus der NATO goen, fir ons ze soen, mir missten aus der EU goen?" Mä et sinn net mir, déi dat solle soen - an do musse mer oppassen, dass mer net de Feeler maachen -, et si si, déi sech da selwer disqualifiéieren, well se d'Konditioune vun der Stee net erfëllen.

D'Tierkei: Et gëtt ëmmer vun der EU geschwat, mä ech wëll hei rappeléieren, dass d'Tierkei säit 1949 Member ass vum Conseil de l'Europe, bal Grënnungsmember ass. Fënnef Méint no der Grënnung vum Conseil de l'Europe ass d'Tierkei zesumme mat Griichenland Member vum Conseil de l'Europe ginn. Domat hu se duerno d'Convention européenne des droits de l'homme ugeholl, an do sinn d'Libertés fondamentales festgehalen. Och den État d'urgence, dee se elo ausgeruff hunn, deen erlaabt net, dass déi fundamental Rechter ausgehiewelt ginn. Besonnesch d'Aféierung vun der Doudesstrof ass ganz kloer dovun ausgeholl, an dat ass e Schrëtt, dee se op kee Fall däerfe maachen.

Wa mir déi Debatt hei féieren, da geet dat jo net géint d'Tierkei, a besonnesch net géint d'Tierken. Well mir mussen hëllefen, d'Tierken ze protegéiere géint de Regimm, deen awer elo tentaculaire probéiert, all d'Méiglechkeeten, déi d'Justiz bitt an déi d'Garantië gi fir d'individuell Fräiheeten, ze erdrosselen. Dofir musse mer den Tierken et erméiglechen, nach Member vum Conseil de l'Europe ze bleiwen, well deen eenzelne Bierger an der Tierkei huet dann d'Méiglechkeet, virun d'Geriicht vu Stroossbuerg ze goen, also d'Cour européenne des droits de l'homme.

Wa mer do net oppassen an d'Tierkei wier net méi Member vum Conseil de l'Europe, da géife mer domat d'tierkesch Awunner strofen. An déi hunn dat net verdéngt. Ech mengen, mir mussen hinnen hëllefen, mir mussen der Tierkei hëllefen, op de Wee ze komme vun der Rechtsstaatlechkeet, wat awer am Moment schwéier ass.

Wellech Mëttelen hu mer? Do si jo Divergenzen an onsen Diskussiounen hei.

Et kann ee soen: „Jo, si erfëllen d'Konditiounen net méi, weder fir am Conseil de l'Europe ze sinn nach fir Bäitrëttsverhandlunge mat der EU ze féieren." Wa mer dat maachen, da schneide mer effektiv all Brécken of. Ech ginn awer d'Hoffnung net op, dass mer alles mussen drusetzen, fir viru mat hinnen ze verhandelen, a wéi den Här Angel gesot huet, net nëmmen um kommerzielle Plang, mä och nom rechtsstaatleche Prinzip, an dass mer si dofir matabannen an d'Gespréicher.

Ech sinn awer natierlech och net ganz optimistesch, well wann ech d'Stellungnam liese vum Justizminister aus der Tierkei iwwert den EU-Rapport, deen den 9. November elo erauskoum, da stëmmt dat mech net optimistesch. Mä mir mussen all Efforte maachen, fir dass mer awer nach kënne mat hinne schwätzen.

D'nächst Woch, Här President, ginn ech mat enger klenger Delegatioun vun der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe an d'Tierkei. Ech weess, dass d'Tierke soen, an dat huet een a ganz villen Discoursen héieren: „Jo, mir haten dee Coup d'État an d'Demokratie huet gewonnen." An do muss een awer virsiichteg sinn: Fir d'Demokratie, do geet et net duer, Wahlen ze gewannen an eng absolutt Majoritéit ze hunn, fir ze soen, dass een eng Demokratie ass! D'Demokratie kann nëmme fonctionnéieren, wann d'Mënscherechter beuecht ginn a wann de Rechtsstat och respektéiert gëtt.

Dofir wäerte mir, Här President, déi Resolutioun, déi abruecht ginn ass am Numm vun der aussepolitescher Kommissioun, selbstverständlech ënnerstëtzen a matstëmmen. D'Resolutioun awer vun der CSV wäerte mer net stëmmen. An déi Motioun vun der ADR och net.

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet. An ech hoffen, dass mer et an Zukunft erreechen, dass d'Tierken erëm kënne stolz sinn iwwer hiert Land, well si hunn e fantastescht Land a si hunn eppes Besseres verdéngt wéi dat, wat am Moment do de Fall ass.

Merci villmools!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Brasseur. An nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci fir d'Wuert, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, datt et bedauerlech a geféierlech ass, datt d'Relatiounen tëschent der Europäescher Unioun an der Tierkei op engem Déifpunkt sinn. Ech maache keen Historique iwwert déi jorhonnertenal a mouvementéiert Relatiounen tëschent der Tierkei a verschiddenen EU-Memberen. Ech wëll awer kuerz un e puer Faiten erënneren.

D'Madamm Brasseur huet et scho gesot: Zënter 1950 ass d'Tierkei Member vum Conseil de l'Europe. Erënnert huet si awer och drun, datt d'Tierkei zënter dem Februar 1952 NATO-Member ass. D'NATO seet jo ëmmer vu sech selwer, datt d'Demokratie ee vun de Grondfeiler vun dem Militärbündnis wier. 1996 war d'Tierkei an eng Zollunioun mat Europa gaangen. Am Dezember 1999 ass der Tierkei um Sommet vun Helsinki de Statut vun engem offizielle Bäitrëttskandidat an der EU zougestane ginn an den 3. Oktober 2005 sinn dunn offiziell d'Bäitrëttsverhandlungen opgeholl ginn.

Dës Verhandlunge sinn net ëmmer dynamesch a gradlinneg verlaf. Et sinn ëmmer erëm politesch Stréimunge gewiescht, dat huet sech och

de Mëtteg erëm gewisen, déi sech géint eng EU-Memberschaft vun der Tierkei ausgeschwat hunn, wou d'Argument vun der net chrëschtlecher Relioun zumindest ënnerschwelleg ëmmer eng Roll gespillt huet.

Fir déi gréng war et vun Ufank u kloer: Weder d'Relioun nach déi geografesch Lag vun der Tierkei sollte bestëmmend sinn, ob d'Tierkei Member oder net vun der EU sollt ginn. Mir waren ëmmer fir fair an éierlech Gespréicher mat der Tierkei a mir hunn awer och ëmmer gesot, datt fir d'Tierkei misst gëllen, wat fir all anere Bäitrëttskandidat gëllt.

An der Kopenhagener Konventioun vun 1993 ass de Wee, deen e Bäitrëttskandidat muss suivéieren a mat Succès duerchlafen, genee festgehalen. 35 Kapitele musse verhandelt ginn. Eng ganz Rei betreffen d'Wirtschaft, mä awer och eng ganz Rei befaasse sech mam Rechtsstat, zum Beispill d'Kapitel 23 iwwert d'Justiz an d'Grondrechter souwéi d'Kapitel 24 iwwer Sécherheet, Fräiheet a Recht. Dës zwee lescht Kapitele sinn nach net zur Diskussioun op a wäerten och nach esou bal net diskutéiert ginn.

D'Verhandlunge mat der Tierkei waren ni einfach, zum Beispill och scho wéinst der Zypernfro, mä zumindest am Ufank sinn et eng ganz Rei Fortschrëtter ginn. D'Doudesstrof, et ass schonn ernimmt ginn, ass 2004 ofgeschaaft ginn. Dat war eng Konditioun vun der EU, fir datt iwwerhaapt kéinte Verhandlungen opgeholl ginn. An et sinn och eng Rei Fortschrëtter komm, wat d'Justiz an d'Institutioune betrëfft.

Wa mir haut eng Resolutioun hei debattéieren, dann ass dat, well mer wëssen, datt mer en neien Déifpunkt vun de Relatiounen erreecht hunn. Ech wëll iwwregens dann och deenen zwee Kolleege Merci soe fir déi Initiativ, déi se ergraff hunn. Dat sinn allerdéngs déi zwee Kolleege vun déi Lénk. Si hunn eng Resolutioun hei agereecht. Mir hunn eis ganz wäit op hirer Resolutioun baséiert. Mir hunn eigentlech näisch erausgehäit, mir hu se ergänzt, wat ech och positiv fannen, soudatt et eng Resolutioun vun der Kommissioun ginn ass. Mä d'Initiativ louch bei de Kolleege vun déi Lénk.

Den Här Kartheiser huet, och dat soll en éieren, einfach eng Question élargie gestallt, mä en huet eigentlech näischt mat der urspréngleche Resolutioun ze dinn.

Déi Entwécklung, déi eis Suerge mécht, ass net eng rezent. A wann een allerdéngs besonnesch no dem probéierten, mëisslongene Coup d'État vum 15. Juli 2016 d'Entwécklung kuckt, dann ass déi negativ Entwécklung, déi mir scho laang festgestallt hunn an der Tierkei, quasi eskaléiert.

Villes ass onkloer, wat da genee de 15. Juli 2016 geschitt ass. Bedauere musse mir awer absolutt de Fait, datt et zu engem arméierten Opstand komm ass, wou bal 300 Mënschen hiert Liewe gelooss hunn. Dat muss een net nëmme bedaueren, dat muss een och ganz kloer condamnéieren. D'Reaktioun allerdéngs vum President Erdoğan op dee Coup d'État, déi ass an eisen Aen net am Verhältnis an och, eisem Ermoossen no, net mat de Prinzipie vun engem Rechtsstat vereinbar. Dat steet zum Deel an der Resolutioun. Et ass och schonn zum Deel gesot ginn.

138 Deputéierter hate schonn de 7. Juni 2016, also scho virum Putschversuch, hir politesch Immunitéit verluer. 40.000 Leit, oder vläicht nach méi, sinn ouni Prozess condamnéiert ginn. 150.000 Leit hunn hir Aarbecht, hir Zivillrechter verluer. 350 ONGe si verbuede ginn. Méi wéi 150 Journaliste sinn agespaart ginn. Et kann ee weder vu Pressefräiheet nach vu Versammlungsfräiheet nach vun enger klorer Trennung vu Stat a Justiz an der Tierkei schwätzen.

De President selwer huet d'Erëmaféiere vun der Doudesstrof a sengem Land verlaangt. An duerfir ënnerstëtze mir als Gréng och déi Resolutioun, an där mir eis dann haut mat eisen Deputéierte-Kolleegen, mat de Journalisten, Fonctionnairen, Intellektuellen, mat de Leit, déi an de Géigenden, wou d'Kurden d'Majoritéit hunn, hir Aarbecht, hir Liewensgrondlag, hir Fräiheet verluer hunn, an där mir eis mat deene Leit solidariséieren.

Duerfir droe mir och déi Resolutioun mat, déi de Moien unanime duerch d'Kommissioun gaangen ass, a mir sinn och frou, datt mer do déi Unanimitéit haten. Mir droen allerdéngs net déi Resolutioun vun der CSV an och net déi Motioun vun der ADR mat. An ech wëll dann och zum Schluss e puer Wuert zu deene Bäiträg vu menge Kolleegen aus deenen zwou Parteie soen.

D'Madamm Brasseur hat virdrun opgezielt, datt et effektiv scho méi laang virauszegesi war, datt an der Tierkei duerch den „staarke Mann" Erdoğan en neie Wand bléist. Si hat d'Beispill hei vun der Contraceptioun gesot, déi kritiséiert ginn ass a wou eigentlech och de Leit nogeluecht ginn ass, keng Contraceptioun ze benotzen. Ech erënneren un en anert Beispill, wat mir an der Zäit ganz vill Suerge gemaach huet: Dat ass déi Schoulreform, déi d'Tierkei ënnert dem Erdoğan gemaach huet, wou mir erëm „back to the roots" komm sinn. Déi Reform hätt vläicht deem engen oder aneren heibanne gutt gefall. Do sinn op alle Fall keng Kriticke komm.

D'ADR ass an engem Sënn sech konsequent. Dat ass och haut gesot ginn. Dat maachen ech hir jo och net falsch. Si huet gesot: „Mir waren nach ëmmer géint e Bäitrëtt vun der Tierkei", an da fille se sech och elo mat där Entwécklung bestätegt, datt se richteglouchen.

Bon, mir zéien do ganz aner Konsequenzen draus.

Ech war och nach ni esou no beim Här Kartheiser, wéi wéi e gesot huet: „D'Tierkei ass e Land, wat am nooste Richtung Diktatur geet an Europa." En huet gesot: „Wirtschaftssanktioune sinn net dee glécklecheWee, well do ëmmer och aner Leit getraff ginn." Mir soen dat och. Mir soe schonn, datt een eventuell muss op Wirtschaftssanktiounen eng Kéier zréckgräifen, mä mir mengen, dat soll ëmmer eng vun deene leschte Méiglechkeete sinn.

An da muss ech awer och drun erënneren, datt d'ADR sech vläicht awer net esou konsequent ass, wéi se dat ëmmer hei seet, well d'ADR ass an enger Allianz. An an där Allianz vu Konservativen a Reformisten an Europa, do sinn och nach zwou aner Parteien, déi hir Memberschaft do hunn. Dat eent ass Law and Justice vun de Kaczynski-Bridder an dat anert ass nun emol einfach och d'AKP vum Här Erdoğan. A wann een dann esou Aussoe mécht, dann ass dat awer delikat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Adam,...

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Jo, den Här Kartheiser däerf mer gär eng Fro stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir adresséiert lech un d'ADR. Duerfir.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, Här President, ech si ganz frou, datt den Här Adam dat do seet. Dat gëtt mer d'Geleeënheet, dat vläicht richtegzestellen. En huet recht: Mir sinn an der Associatioun vun den europäesche konservative Parteien. Do ass d'AKP och dran.

D'ADR huet jo och do hir Konklusioune gezunn a mir hunn als éischt Partei, déi Member ass an där Vereenegung, offiziell den Ausschloss gefrot vun der AKP aus der Vereenegung vun den europäesche konservative Parteien. Den 31. Januar ass elo zu Bréissel eng extra Reunioun vun den europäesche konservative Parteien. Déi ass aberuff ginn op eise Wonsch hin, fir iwwert d'AKP ze schwätzen.

A mir sinn eis do esou konsequent wéi och hei. Mir si fir gutt Relatioune mat der Tierkei, awer mir kënnen net erlaben, datt d'AKP als politesch Partei, déi eng Diktatur ënnerstëtzt an eisen Aen, Member ass an enger Associatioun, an där mir Member sinn. Mir wären do gär ëmgi vun demokratesche Parteien. Merci!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här Kartheiser. Et freet mech, datt Der dat doten dann elo konnt richtegstellen. Ech muss allerdéngs soen, datt Der awer och net eréischt zënter haut a gëschter do sidd an datt Der och laang Zäit lech do gutt matenee verdroen hutt. An da musse mer kucken och, wat de PiS aus Polen dann zu Ärer Propositioun seet.

Zu der Propositioun vum Här Mosar, dee jo och seet, et wier heiansdo schwéier, datt d'Leit géife verstoen, wéi Politik fonctionnéiert. Bon, et ass natierlech och schwéier, och bei lech ass et schwéier ze verstoen, Här Mosar, wann Der engersäits sot, wat mer alleguerte soen. Et ass jo keen heibannen, dee gesot huet, mir sollen net méi mat der Tierkei schwätzen. Ech mengen, do si mer eis alleguerten eens. Mir sinn alleguerten eis eens, datt mer solle mat der Tierkei zesummeschaffen. An awer ass et komesch, wa mer engersäits wëllen der Tierkei d'Dier zur EU zoumaachen a mir wëllen op där anerer Säit an därselwechter Motioun se opfuerderen, fir eis wirtschaftlech Relatiounen ze verdéiwen. Dat ass a mengen Aen awer trotzdeem schwéier nozevollzéien.

An déi Positioun vun deene Gréngen ass folgend: Mir sinn Der Meenung, datt mer déi Bäitrëttsverhandlunge virleefeg nach net sollen op Äis leeën, fir dem Erdoğ an keng ideal Virlag ze liwweren, fir der EU nach méi de Réck ze dréien a sech gläichzäiteg als Affer an als eenzeg Hoffnung fir d'Tierkei duerzestellen. Et ass jo esou, datt staark Männer an der Politik oft d'Tendenz hunn, fir sech selwer als Märtyrer duerzestellen. Et ass och haut gesot ginn, zum Beispill deen Optrëtt, dee gëschter den däitschen Ausseminister huet missen erliewen an der Tierkei, dat ass eigentlech net tolerabel.

Ech mengen, datt d'Tierkei praktesch alles mécht, fir de facto déi Verhandlungen op Äis ze leeën. An ech fannen, datt mir sollen als Europäesch Unioun weider e berechenbare Partner bleiwen, dee seng Démarche geet. Mir solle keng Konzessioune maachen, mä mir sollen net dee sinn, deen d'Dier zoumécht. Au contraire, d'Perspektiv vun der EU-Memberschaft ass fir vill Leit an der Tierkei déi eenzeg Hoffnung, an déi solle mir hinnen net huelen!

A wann dann ee wëllt d'Dier zouknuppen, da muss et den Erdoğ an-Regimm sinn, an der Hoffnung, an do sinn ech net gradesou pessimistesch, datt mer och eng Kéier eng Ära No-Erdoğan kréien an datt mer erëm op e Wee zréckkommen. Ech mengen, d'Situatioun war virun zéng Joer eng aner, wéi et haut eng ass. An ech wënsche mer, datt et net zéng Joer dauert, bis datt mer erëm eng aner Situatioun an der Tierkei hu wéi haut.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet. déi gréng wäerten d'Resolutioun vun der Kommissioun matstëmmen, d'Resolutioun vun der CSV net an d'Motioun vun der ADR och net.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. Nächste Riedner ass den Här David Wagner fir déi Lénk.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Wéi mer déi éischt Fassung vun dëser Resolutioun verfaasst hunn, ass et eis jo drëms gaangen, Opmierksamkeet ze erreechen. Ech mengen, mir sinn net déi Eenzeg, déi dat och hei wëllen, well et geet ëm d'Bierger an der Tierkei, et geet ëm Journalisten an der Tierkei, et geet ëm politesch Opponenten an der Tierkei, et geet ëm Aktivisten an der Tierkei, fir deenen ze hëllefen a fir eis Solidaritéit ze weisen, an datt se net eleng sinn!

Mir kënnen natierlech net eng Regierung vun engem anere Land zwéngen, iergendeppes ze maachen. Oder ech weess och net, a wat fir eng Richtung dat kéint goen. Mä op jidde Fall muss een all déi Kräfte vum Fortschrëtt an der Tierkei ënnerstëtzen, déi oft vergiess gi sinn an déi oft net déi Ënnerstëtzung kritt hunn, déi se verdéngt hunn!

Den Här Adam huet et scho virdru gesot: De Regimm vum Här Erdoğan ass net éiweg. D'Tyrannen däerfen ni vergiessen, datt hir Tyrannie iergendeng Kéier en Enn kritt, an heiansdo net onbedéngt e schéint Enn. Ech hoffen, datt se sech däers zu Ankara bewosst sinn, deemno wéi. Well den Ënnerdrécker, dee wäert souwisou och ëmmer iergendeng Kéier eng Reaktioun ervirruffen.

Ëmsou méi ass et natierlech gefëierlech, datt den Ënnerdrécker sech däers bewosst ass, datt vläicht eng Kéier seng Zäit och zu Enn kéint goen. Mä wéi och d'Partei vun der Solidaritéit a vum Fortschrëtt an der Tierkei, d'ÖDP, eng aner lénk Partei, seet: „Mir wäerte schonn duerch déi Däischtert kommen, mir wäerte schonn déi Däischtert iwwerstoen." A mir hoffen natierlech, datt dat wäert de Fall sinn.

Dorëms geet et eis wierklech an dëser Resolutioun. A mir mengen, datt déi Resolutioun mat den Zousätz, déi komm sinn, och haaptsächlech vum President vun der Kommissioun, dem Här Angel, an duerno nach duerch d'Diskussioun, déi mer haten, wierklech eng ganz gutt Resolutioun ass. Also mir waren net esou optimistesch. Mir hate se e bësse méi limitéiert op d'Fro vun de Parlamentarier. Also mir freeën eis natierlech eendeiteg, datt se u sech nach vill méi wäit geet. Ech mengen, déi Resolutioun ka wierklech an déi richteg Richtung goen.

Well et muss ee sech ëmmer d'Fro stellen: Wiem déngt et? An et däerf een net vergiessen, et muss ee sech jo grad déi Fro stellen, déi Leit an der Tierkei, déi fortschrëttlech Kräften an der Tierkei, déi elo grad mat der Ënnerdréckung vum Erdoğan-Regimm konfrontéiert sinn, wat déi wëllen, wat déi sech erwaarden! Wëllen déi en Ofbroch vun Négociatiounen? Oder wëlle se nach e bëssen dee Liichtschimmer hunn um Enn vum Tunnel? Et muss een och ëmmer op d'Meenung vun de Leit lauschteren, déi op der Plaz sinn. An ech mengen, dat ass wichteg.

Ob d'Tierkei eng Kéier EU-Member gëtt oder net, dat ass a mengen Aen den Tierken iwwerlooss. Dat ass dem tierkesche Vollek iwwerlooss, ob si dat wierklech wëllen. Mä op jidde Fall, mir lauschteren ëmmer op déi demokratesch a fortschrëttlech Kräften. An déi, souwäit mer matkritt hunn, wëlle keen Ofbroch! A well et ëm déi Leit geet, musse mer och deenen nolauschteren. Dofir muss een Drock ausüben op de Regimm. Et muss ee sech solidaresch weise mat deene Leit. Mä den Ofbroch ass vläicht net grad dat beschten Zeeche vu Solidaritéit.

An da wéilt ech awer och drun erënneren, datt viru Joren d'Tierkei u sech jo grad Fortschrëtter gemaach hat, et gouf jo esou eng Period! Et gouf scho gesot, datt d'Doudesstrof ofgeschaaft gouf. An dat war jo och eng Konsequenz vun der Adhäsioun, méiglecher Adhäsioun un d'EU, datt och d'Pressefräiheet besser garantéiert gouf an datt och d'Fro vun de Kurden amgaange war, eng schwéier zwar, mä trotzdeem éischter amgaange war, eng Léisung vläicht ze fannen. Dat war e Prozess, deen amgaange war!

An et goufen awer nach deemools Stëmmen, déi awer trotzdeem der Meenung waren, datt een d'Dier misst zouhalen! An aus deene falschen Ursaachen - aus reliéisen oder ethneschen Ursaachen - war dat richteg. Elo hu mer d'Resultat! Well iergendeng Kéier huet dee Regimm sech och gedréit. An elo gesi mer, wat dat fir e Resultat bruecht huet!

Mir hunn och ganz laang nogekuckt an näischt gemaach, wéi d'Kurde versicht hunn, fir hir Emanzipatioun a fir demokratesch a sozial Rechter ze kämpfen, net just fir d'Kurden, mä fir d'ganz Tierkei. Dat däerf een ni vergiessen! Well déi meescht - oder ech kennen emol keng reaktionär Organisatiounen ënnert de Kurden, déi a ganz komplizéierte Verhältnisser musse politesch aktiv sinn, heiansdo och kämpfe géint eng ganz staark Oppressioun, déi net nei ass an der Tierkei -, déi sinn oft fale gelooss gi vun der sougenannter internationaler Communautéit!

An dat si grad déi hautdesdaags och, déi de Bluttzoll bezuele géint d'ISIS. An dat si grad déi och ganz oft, déi bekämpft gi vum Erdoğan-Regimm an déi als Terroristen duergestallt ginn, a wou verschidde Gruppéierungen nach ëmmer weiderhin, a mengen Ae fälschlecherweis, als Terroristen ugesi ginn. An un déi hu mer laang net geduecht! An ech mengen, et ass Zäit, déi Leit, ganz oft Fraen d'ailleurs och, ze rehabilitéieren, well déi maachen déi Aarbecht, déi anerer misste maachen.

De Regimm vum Här Erdoğan ass e reaktionäre Regimm. A mir hu gesinn elo bei de Parlamentarier - well et geet jo och dorëms, et si Parlamentarier vun der HDP festgeholl ginn, et gëtt gesot: d'„prokurdesch" Partei, et ass net falsch, et ass eng lénk Partei, eng fortschrëttlech Partei -, dass grad déi Partei, déi sech géint Neoliberalismus och wiert, géint Austeritéit wiert, géint all Form vun Ënnerdréckung, net nëmme vun de Kurden oder vun anere Minoritéiten, och vu Fraen a vun Homosexuellen an esou weider an esou virun, dass grad déi - grad déi! - am Éischte bekämpft gëtt!

Grad déi gi bekämpft vun der AKP! Vun der AKP, vun enger konservativer, stramm konservativer Regierung. Dat ass och kee Wonner! Dat däerf een och net vergiessen. An et sinn eis Komeroden, déi do musse kämpfen an déi do wierklech erëm eng Kéier mussen d'Stir bidden.

Jo, et ass u sech och gutt, datt d'ADR déi Initiativ ergraff huet, fir hir Schwësterpartei zu Ankara aus deem Verbond erauszehuelen.

(Hilarité)

Wann et net geschitt, wa se awer trotzdeem drableiwen, da ginn ech dovunner aus, datt Dir dann dee Verbond musst verloossen? Ech weess et net.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Leet Äre Kapp a Rou! Mir wësse schonn dat Richtegt ze maachen.

(Interruption)

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Voilà. Mä et ass awer signifikativ, datt et eng Wäertegemeinschaft gëtt! Well ech sinn dovunner fest iwwerzeegt: Wa gewësse Membere vun der ADR, déi anscheinend oder selwer ernannt Chrëschte sinn, wann déi zum Beispill an engem islamesch geprääägte Land gebuer wieren, da wiere se genausou, just datt se..., da wiere se wahrscheinlech keng chrëschtlech Fundamentalisten, mä dann hätte se eng aner Approche, eng aner Relioun, well se grad do gebuer sinn an deem Land, wou dat normal ass. Ech mengen, ech ginn dat och ze bedenken. Dir kënnt laachen, mä ech menge wierklech, datt dat eppes domadder ze dinn huet.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Neen, ben, wann ech an der Tierkei op d'Welt komm wier,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Wagner, adresséiert lech un d'Chamber a loosst lech net oflenken!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Här President, wa mir an der Tierkei op d'Welt komm wieren, den Här Baum an ech an nach anerer, den Här Hoffmann, den Här Urbany, den Här Turpel, da wiere mer vläicht am Prisong! Da wiere mer wahrscheinlech am Prisong!

(Interruptions)

An dat hätt vläicht eppes mat Ärer Schwësterpartei ze dinn.

Une voix.- Très bien!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Aus all deenen Ursaache wäerte mer d'Resolutioun natierlech ënnerstëtzen, déi mer zesummen diskutéiert hunn, an d'Motioun vun der ADR natierlech net ënnerstëtzen an d'Resolutioun vun der CSV och net ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo den Här Ausseminister, den Här Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Lëtzebuerger Regierung huet, wéi Der wësst, an deene leschten dräi Regierunge konsequent d'Zil verfollegt, fir eng europäesch Türkei ze ënnerstëtzen. Et ass hei ugeklongen: D'Türkei ass fir eis e grousst Land, e grousst Vollek. Mir hunn dat an internationalen Débate gemaach, mir hunn et an nationalen Débate gemaach. D'Lëtzebuerger Regierung huet an der Présidence 2005 - an ech ka mech gutt erënneren - an och 2015 selbstverständlech elo ni en daaft Ouer gehat fir d'Türkei, well et eben e grousst Land ass an e grousst Vollek.

Nun, et wier natierlech vermessen, Här President, ze soen, an och falsch, dass d'Problemer mat der Türkei um Plang vun de Mënscherechter eréischt nom Coup d'État de 15. Juli ugaange wieren. D'Madamm Brasseur huet dat och kloer hei ervirgestrach.

An der Analys - an dat sot den Här Mosar, do sinn ech total mat em d'accord, wat mer och de Muere konnte feststellen -, do hu mer keng grouss Differenzen, mengen ech, op kenge Bänken heibannen.

Ech wëll vläicht e wéineg mäi perséinlecht Empfannen hei kuerz erabréngen.

Nom Coup d'État ass et mer gaange wéi mengen ech deene meeschte Leit, dass een akzeptéiert huet, dass d'Türkei, dass hiert Vollek un éischter Stell traumatiséiert war. A mir hu jo och eis Solidaritéit ausgedréckt. Et war och ze verstoen, dass, äänlech wéi a Frankräich zum Beispill, mat Dekreter am État d'urgence géif operéiert ginn.

Uganks September 2016 war ech du mat e puer aneren Ausseministerkolleegen aus der Europäescher Unioun um Conseil de l'Europe zu Stroossbuerg zesumme mam türkeschen Ausseminister Mevlüt Çavuşoğlu. An dat war fir mech eng Sitzung, wou ech wierklech geduecht hunn: „Et waren Onkloerheeten do nom 15. Juli, mä d'Türkei ass erëm op engem Wee, fir zréckzekommen zu engem Rechtsstat."

An effektiv, den Ausseminister vun der Türkei huet gesot: „Ech wëll grad wéi Dir an engem Rechtsstat liewen." An den Ausseminister vun der Türkei war och dee Moment d'accord, dass d'Experte vum Conseil de l'Europe géifen eng Analys maache vun den Dekreter, déi geholl gi sinn nom 15. Juli, fir ze kucken, ob se konform sinn oder net zu der Convention des droits de l'homme vum Conseil de l'Europe. All dat war erfrëschend, an déi mannst vun eis hu geduecht, dass dat erëm eng Kéier kéint komplett ëmkippen.

Och dee Moment war d'Doudesstrofdebatt praktesch ofgewiergt uganks September. Et war eigentlech keen Thema méi, well och de Premierminister vun der Türkei gesot hat, dat wier keng Prioritéit fir d'Türkei, jiddefalls net dee Moment.

Nun, wat dunn awer Enn Oktober geschitt ass, ouni elo ze vill an d'Déift ze goen, huet, mengen ech, eis alleguerten als Bierger vun der Europäescher Unioun, an natierlech och als politesch Autoritéiten, staark irritéiert a souguer geschockt, a selbstverständlech och eis Regierung.

D'Türkei ass net op der Linn bliwwen, déi am Conseil de l'Europe vun hinne selwer mat fixéiert ginn ass. De Projet, d'Neesaféiere vun der Doudesstrof, Dir wësst et, ass erëm opgefrëscht, e krut souguer konkret Zich. An et geet effektiv net, dass een dausend Leit jäize léisst: „Mir wëllen d'Doudesstrof!", an da seet de President vun deem Land: „D'Vollek hätt gären d'Doudesstrof, da kritt Der se." Esou geet et net! An der Geschicht gesi mer, dass et do Momenter gi sinn, viru 70, 80 Joer, wou dat dat nämlecht war.

D'Dekreter sinn och net ofgeschaaft ginn, au contraire, si si verschäerft ginn. Et ass am Fong wierklech e Klima vun Angscht an der ganzer Türkei opgebaut ginn, ob een elo Kurd ass oder Netkurd. Ech mengen, d'ganz Bevëlkerung ass an Angscht. An Dir hutt matkritt, dass souguer Leit vun der AKP och ënnert de Verdächtegte sinn. Verdächtegungen, aléatoire Festnamen; Pressefräiheet, Expressiounsfräiheet sinn all mat Féiss gerannt ginn. Et gëtt de Moment geschat, dass 150.000 Leit e Status vun enger Mort civile eigentlech erdroe mussen. Wat heescht dat?

An der Türkei, wann ee verdächtegt gëtt, kann een zu all Moment festgeholl ginn. Fënnef Deeg gëtt ee festgehalen, ouni en Affekot ze gesinn. An dee Moment ass et souguer net abweegeg, dass d'Tortur erëm benotzt gëtt. Duerno, wann ee Pech huet, gëtt een effektiv ugeklot, et verléiert ee seng Aarbecht, et verléiert ee säin Heem, et kritt ee säi Pass ewechgeholl, d'Certificate vun Diplomer, déi ee gemaach huet, ginn zerstéiert, et huet ee keng Mëttele méi fir seng Famill an et ass een zivill dout.

Mir hu Leit, och als Ausseministeren, wou mer ugeschriwwe ginn, och an Europa, déi finanziell Mëttele froen, fir iwwerhaapt kënnen ze iwwerliewen.

Nun, mir hunn direkt den 2. November, wéi dat dote kloer war a wéi mer och d'Berichter kritt hunn am Ausseministère vun den Ëmweltorganisatiounen aus der Türkei, den Ambassadeur geruff a mir hunn him dat gesot. Mir hunn eis Bedenken an eis Besuergnis ouni Ëmweeër virgedroen.

Nun, als Member vun dëser Regierung condamnéieren ech selbstverständlech, wéi praktesch all meng Kolleegen an der Europäescher Unioun, déi Methoden, wéi géint Verdächteger virgaange gëtt. Dat ass engem autoritäre Regimm wierdeg! An dat kann een an der däitscher Sprooch nach e wéineg méi staark ausdrécken.

Ech stinn och dozou, dass een net einfach kann um Plang vun der Ekonomie nokucken. 60% vun den Investissementer eran an d'Türkei kommen aus der Europäescher Unioun, 50% vun den Exporter aus der Türkei ginn an d'Europäesch Unioun, 2% ginn a Russland. Do gesitt Der, wat fir eng Roll dass mer spillen. An ech hunn och gesot, an dozou stinn ech, dass déi finanziell, déi ekonomesch Relatioun, déi mer hunn, dass een déi an engem gewëssene Moment muss asetzen, Drock maachen, fir och ze weisen, dass een net indifferent ass vis-à-vis vun der mënscherechtlecher Situatioun an deem Land.

Nun, ech wëll och soen, dass keen an der Europäescher Unioun einfach esou wëllt der Türkei an de Réck falen. Allerdéngs wëllt awer och keen, a selbstverständlech och d'Lëtzebuerger Regierung net, dass d'Türkei eis an de Réck fält!

Ech war de Moien an der Kommissioun an effektiv - Här President, Dir waart do -, mir haten, a mengen Aen op jidde Fall, eng gutt Debatt an ech konnt och do Rapport maachen iwwert d'Sitzung vun den Ausseministeren de Méindeg zu Bréissel.

Ech géif dat vläicht an e puer Wierder résuméieren. Dat Éischt, dat ass: Et ass eng kloer Sprooch, déi bal unanime war, an der Europäescher Unioun geschwat ginn - wat net ëmmer virkënnt!

D'Affär vun der Doudesstrof brauch ech net ze widderhuelen. Do gëtt et net méi vill ze décidéieren. Wann déi agefouert gëtt, dat ass automatesch, dann ass d'Türkei ausserhalb vum Status vun engem Pays candidat.

Dat Zweet, dat sinn d'Kopenhagener Kriterien. Vläicht wëssen d'Leit net alleguerten, wat dat ass, mä dat sinn d'Regele vum Spill. Do geet et ëm Mënscherechter. Et geet ëm Demokratie, et geet ëm Rechtsstaatlechkeet. Dat steet kloer am Kontrakt dran, 2004 an 2005. An ob dat d'Türkei ass oder ob et en anert Land ass, wat wëllt Member gi vun der Europäescher Unioun: Dat ass anzehalen!

Mir mussen och wëssen, an dat ass och an eiser Debatt erëmkomm, dass jo net d'Europäesch Unioun d'Türkei gefrot huet, fir Member ze gi vun der Europäescher Unioun; et ass d'Türkei, déi d'Europäesch Unioun gefrot huet, fir Member ze ginn.

Fazit: Et ass, Här President, un der Türkei - un der Türkei! -, net nëmmen ze soen, mä och ze weisen, dass se de Lien als Pays candidat wëllt oprechterhalen. Si mécht dat futti, ech hunn et gesot, mat der Aféierung vun der Doudesstrof. Dat weess se och. A wann dat Gespills weidergeet, dann, leider, si mer geschwënn do. Si mécht dat awer och, an do si mer eis och an der Europäescher Unioun als Ausseministeren eens, wa se mat Determinatioun virufiert, d'Kopenhagener Kritären ze verkennen. D'Fro, déi sech stellt a bei där mer jo hei eng kleng Differenz hunn, ass: Ass dee Moment komm?

Nun, d'Lëtzebuerger Regierung, Här President, steet am Fong zu den Argumenter vu praktesch alle Länner an der Europäescher Unioun, mat vläicht enger oder enger hallwer Ausnam. Wat sinn déi?

Dat Éischt, dat ass, a verschidde Kolleegen hunn dat jo och ugeschwat: Millioune Leit, Millioune Leit an der Türkei gesinn eis Europäesch Unioun als eenzegt Gelänner, fir aus deem Morast vun der Netrechtsstaatlechkeet eng Kéier erauszekommen. An eng Suspensioun, décidéiert vun eis elo, wier an den Ae vu praktesch alle Länner an der Europäescher Unioun en haarde Coup géint dës Hoffnung. Et géif och net verstane gi vu ville Mënschen an der Türkei, déi sech asetze fir d'Demokratie.

Zweetens, Oppositiounsleader, och souguer Kurden, déi agespaart sinn, deelen eis a Bréiwer an iwwert d'Medien mat, dass mer dat net solle maachen, dass dat nach vläicht déi eenzeg Brems ass op der Autobunn zu engem autoritäre Regimm.

An drëttens - gleeft mer dat! -, de President vun der Türkei ass a Saache Mënscherechter net vun dëser Welt, op jidde Fall aus europäescher Siicht gesinn. An et ass e Spezialist am Provozéieren. Duerfir, fale mer net dorobber eran! Hie wëllt, dass d'Europäesch Unioun brécht, wat him, mengen ech, géif e Gefale maachen. Bleiwe mer also intelligent!

E véierte Punkt, deen och net ze ënnerschätzen ass, ass dee vun der Zypern-Fro. Mir sinn an der Zypern-Fro an enger ganz, ganz waarmer Phas. Esou no un enger Regelung ware mer nach ni. An en Ofbroch elo vun eiser Säit géif dat Ganzt a Fro stellen.

Fazit, Här President: Mir gewannen näischt mat suspendéieren, näischt wat am Avantage wier fir Millioune vu Leit an der Türkei, déi un eis gleewen. An duerfir ass eis Regierung och op der Säit vun der Europäescher Kommissioun als Institutioun, op der Säit vum Europaparlament als Institutioun. Ech kenne keng relevant Partei am Europaparlament, déi d'Suspensioun freet. Eenzel Membere kënnen dat maachen, mä et ass keng politesch Famill, déi dat freet, nach am Conseil des ministres freet een dat, gesäit also een eng Suspensioun, en Ofbroch - wéi Der dat wëllt - elo als Initiativ ubruecht.

An duerfir géif ech, Här President, schlicht an einfach d'Chamber froen, déi Argumentatioun och mat ze deelen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Ausseminister. An esou wéi dat d'Regel ass, huet den Auteur vun der Question élargie nach eng Kéier d'Méiglechkeet, fir nozehaken.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech waarde vläicht, bis den Här Minister op senger Plaz ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, kee Problem.

(Interruption)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, ech soen Iech Merci, datt Der, wéi eist Reglement et virgesäit, mer d'Geleeënheet nach eng Kéier gitt, fir eng oder zwou Froen nozeschécken.

Ech soen dem Här Minister Merci, wéi och all deenen anere Kolleegen, déi hei Stellung geholl hunn, déi sech och ausgeschwat hunn iwwert d'Motioun vun der ADR an déi Saachen, déi mir doranner proposéiert hunn.

Ech hunn en éischte Problem, also eng éischt Fro och un den Här Minister mat der Logik vu sengem Räsonnement, eng Logik, déi och vu verschiddenen anere Parteien hei opgegraff ginn ass.

Hie seet u sech: Wann d'Doudesstrof ageféiert ass, dann ass dat d'Enn vun dem Dialog, d'Enn vum Bäitrëttsstatus. Mä all déi aner Leit heibannen, déi an déi do Richtung argumentéiert hunn, hunn eis jo gewisen, datt d'Iddi vum kontinuéierleche Prozess - déi Kapitelen 23, 24 - jo de Rétablissement vum Rechtsstat wär. An ausgerechent, wann de Rechtsstat nach eng Kéier an engem grousse Mooss verletzt gëtt duerch d'Aféierung vun der Doudesstrof, dann, an där Logik, misste mer ophalen, mat der Tierkei ze schwätzen, dann, wann d'Leit et nach méi néideg hätten, wéi elo?!

Do ass déi éischt Fro: Wéi léisst sech dat logesch erklären?

Wann een higeet an et seet een, mir missten, egal wéi, och elo schonn, wou den Här Minister seet, dat wäre jo praktesch Nazimethoden, mir misste weiderverhandelen, firwat muss een dann net och weiderverhandelen, weiderschwätzen, wann d'Doudesstrof ageféiert gëtt?

Do ass eis Positioun, a mengen Aen op jidde Fall, méi logesch, fir ze soen: Mir ginn op en anere Wee mat der Tierkei. Well Dir hutt, wéinstens ass dat mäi Gefill, an deem do Räsonnement e logesche Widdersproch. Wann d'Leit Iech brauche fir e Mënscherechtsdialog, da brauche se Iech och, wann d'Doudesstrof ageféiert ass!

Déi zweet Fro, déi ech hunn, den Här Minister an aner...

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Dierf ech dorobber äntwerten?

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, ech hunn der zwou. Wéi Der wëllt, Dir kënnt och elo. Ech wollt Iech déi zwou Froe matenee stellen, Här Minister.

Plusieurs voix.- Mateneen, mateneen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dann déi zweet Fro. Dir hutt gesot: „Institutioune froen net, am Ableck wéinstens nach net, den Ofbroch vun de Verhandlunge mat der Tierkei." Dir hutt awer gesinn, hei am Parlament sinn elo am Ableck schonn zwou Parteien - bis elo wor et eng, elo sinn et der schonn zwou -, déi den Ofbroch verlaangen: d'CSV am Ableck elo emol, bis sech d'Situatioun verbessert, a mir aus Prinzip allgemeng. An esou wéi mir heibanne gëtt et ganz vill Stëmmen an Europa - politesch Parteien, Autoritéiten an e groussen Deel vun der Opinion publique -, déi awer mengen, datt d'Zäit komm wär, fir mat der Tierkei en anert Verhältnis ze sichen.

Mir hunn als ADR zum Beispill gesot, datt, wann et sollt zu engem Bäitrëtt kommen, mir sécher eng Proposition de loi wäerte maachen, fir e Referendum iwwert déi Fro ze lancéieren, well mer der Meenung sinn, datt e groussen Deel vun der Opinion publique net géif mat op dee Wee goen.

Meng zweet Fro ass dowéinst: Wat ass dann Äert Gefill, politesch an Europa, och wann am Ableck d'Institutiounen nach dat ënnerstëtzen, wat Dir eis hei als Politik proposéiert? Mä sidd Dir der Iwwerzeegung, datt eng Majoritéit vun den Europäer an eise Memberstaten, vun der Bevëlkerung an eise Memberstaten nach bereet ass, eng Tierkei an d'Europäesch Unioun opzehuelen?

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Minister huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Dat ass e ganze Brevéier! Also, fir d'Alleréischt, bei där zweeter Fro, Här Kartheiser, indirekt däerf ech soen: Bei der CSV hunn ech nach Hoffnung, dass och no deem Vott, deen dann haut stattfënnt, awer eng Méiglechkeet do ass, fir dass mer zesummen hei an där kapitaler Fro och nach en Terrain d'entente an der Zukunft fannen. Well et ass e wichtege Punkt. Et geet net nëmmen ëm d'Türkei. Et geet ëm: Wéi geet d'Europäesch Unioun ëm mat de Mënscherechter a wat fir en Drock kënne mer opbauen, fir dass d'Mënscherechter respektéiert ginn?

Bei där éischter Fro… Bon, also bei Iech, der ADR, do mengen ech, ass dat méi schwéier!

Déi éischt Fro, déi Der stellt, do ass et: Wa mer effektiv konfrontéiert si mat engem Fait, dee rationell bewisen ass, wat als Konditioun an de Kritären drasteet, wann ee wëllt Member gi vun der Europäescher Unioun - well, ech mengen, den Här Mosar huet gesot: „Si ass 2006 ofgeschaaft ginn", 2004 hat d'Türkei sech engagéiert, fir d'Doudesstrof ofzeschafen, bon, soss wier et ni zum Ufank vun de Verhandlunge komm -, wann dat also geschitt, ech mengen, da setzt net d'Europäesch Unioun d'Türkei ausserhalb vum Kandidatestatus, mä si sech selwer.

An dann, ech hunn dat och beäntwert virun der europäescher Press zu Bréissel, ech hunn et och de Muere gesot: Da besteet nach ëmmer d'Türkei! An da besteet nach ëmmer Europa. An dann hu mer nach ëmmer de Problem am Irak a mir hunn de Problem a Syrien. Da musse mer eben als Drëttland mat der Türkei kucken, wéi mer zupaasskommen. Allerdéngs hu mer dann awer vill manner Moyenen, fir anzegräifen.

Ech hunn dat net hei évoquéiert. Et ass och vläicht schwéier ze explizéieren. Mä Dir wësst, dass et esou eppes gëtt wéi d'Finanze vun der Préadhésioun. An Dir wësst jo och, dass mer d'accord waren - all Parteien, och hei an der Chamber gëtt et jo awer Famillje vun deene Parteien, déi d'accord waren -, dass gekuckt gëtt, mat der Türkei e Wee ze fanne bei der Migratioun. An do si bis elo 670 Millioune gefloss. Et si jo 3 Milliarden, déi eigentlech d'Enveloppe duerstellen. Et sinn der 2,2 engagéiert.

Déi Sue gi virun allem un ONGen, awer och vill un d'UNO, fir dass déi syresch Flüchtlingen an de Campe genuch z'iesse kréien. Si ginn och un zwee Ministèren an der Türkei, un den Éducatiounsministère, fir de Leit, déi aus Syrien kommen, d'Sprooch bäizebréngen, an och un d'Santé, fir eben déi gesondheetlech Infrastrukturen ze hunn.

Déi Sue ginn net iwwerwise vun der Kommissioun op e Kont, mä et gëtt scho gekuckt, dass se nëmmen applizéiert ginn effektiv, wou Projeten dann och realiséiert ginn. All dat leeft mat der Türkei. An et leeft och, dass mer en matière judiciaire, en matière judiciaire virun allem, dass do aus de Préadhésiounsfonge ganz vill gemaach gëtt. Ech denken u par exemple Prisongen an aner Saachen, déi mat Mënscherechter och ze dinn hunn, déi domadder finanzéiert ginn.

Duerfir géif ech mengen, nach eng Kéier op Är Fro, dat eent ass e rationale Kritär, dat anert ass alles eng Ofmoossung, an och dee richtege Moment fannen, a vläicht nach ëmmer, vläicht - ech soen: „vläicht"! - d'Hoffnung hunn, dass awer den türkesche President… Well ech si mat allen d'accord heibannen, déi soen: „Hien eleng décidéiert"! Menger Meenung no lieft dee Mann oder déi Persoun och an enger Welt, déi total ofgeblockt ass, wou en net méi derduerchgesäit. Ech hunn dat och verstane vun där Visitt vu gëschter, wéi dat sech zougedroen huet.

A mir kennen dat, dee System: Wann een eng Stonn mat deene Leit schwätzt, da schwätze si 55 Minutten, wéi si d'Saache gesinn. Ech hunn dat elo 20-mol héieren, wéi si de Coup d'État an och d'Folgen dovunner gesinn. An et ass immens schwéier, nach en Dialog do hierzestellen.

Mä gleeft mer: Dat wat ech gesot hunn, dorunner gleewen ech, an ech net eleng. Dorunner gleewe praktesch all Ausseministeren aus der Europäescher Unioun. Déi gleewen drun, dass et e Feeler wier, dass et net intelligent wier, fir op d'Provokatioun eranzefalen an elo vun eiser Säit aus ofzebriechen. Dat wier net am Intérêt vun deene ville Leit an der Türkei, déi nach un eis gleewen!

C'est tout. Bon, ech weess, ech brauch fënnef Sätz, fir dat ze erklären. Wann ee seet: „Briecht of! Wat hu mir mat deenen ze dinn?", da brauch een nëmmen ee Saz. Mä gleeft mer, dat Falscht maachen, dat wier effektiv, dee Schratt do elo ze ënnerhuelen!

Souwisou an der Prozedur - dovunner hu mer nach net geschwat -, dat ass alles net esou einfach! Zum Beispill ofbriechen heescht, dass muss eng Initiativ komme vun der Kommissioun an dass mer Unanimitéit mussen hunn! Et war unanime, fir opzemaachen, an et muss Unanimitéit sinn, fir zouzemaachen. Duerfir, ech mengen, et ass illusoresch, fir dat… A wärend dat anert, och do bei der Suspensioun, also beim… Wéi nennt een dat?

Une voix.- Gel!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Beim Gel ass et esou, dass entweder een Drëttel vun den États membres e musse froen oder och op Initiativ vun der Kommissioun. An dann ass et eng Majorité qualifiée, déi muss domadder d'accord sinn.

Mä ech mengen - gleeft mer! -, mir hunn en anstännegen Débat hei gehat. Ech weess, dass dat, wat ech elo hei soen, net richteg eriwwer ka kommen. Ech weess dat, dass dat vill méi komplizéiert ass. Mä ech fannen awer als Mënsch an och als een, dee mengt, dass en awer e gewëssent Gefill huet fir dat, wat d'Leit an der Türkei vun eis erwaarden, dass et net dat Falscht ass.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Domat si mer um Enn vun eisem Débat ukomm. Ech géif proposéieren, esou wéi dat d'Logik wëllt, dass mer dann d'Chronologie vun de Motiounen a Resolutioune respektéieren. Mir géifen also mat der Ofstëmmung iwwert déi Resolutioun ufänken, déi vun de Kolleege vun der Lénker abruecht an dunn an der Kommissioun diskutéiert ginn ass an zu engem Konsens gefouert huet, vum Här Angel presentéiert.

Sidd Der domat d'accord? Duerno géife mer iwwert d'Resolutioun, déi vum Här Mosar abruecht ginn ass, ofstëmmen an dann iwwert d'Motioun vum Här Kartheiser. Also, zweemol Resolutiounen an eng Kéier Motioun.

Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Vote sur la résolution de M. Marc Angel

Da géife mer mat der Ofstëmmung iwwert déi éischt Resolutioun ufänken. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

Déi Resolutioun ass unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Vu dass d'Prioritéit net invoquéiert ginn ass, stëmme mer elo iwwert déi zweet Resolutioun of. Dat ass déi Resolutioun, déi vun der CSV abruecht ginn ass.

Vote sur la résolution de M. Laurent Mosar

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

23-mol Jo, 34-mol Neen an 3 Abstentiounen. Domat wär déi zweet Resolutioun ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun, déi vun der ADR abruecht ginn ass, iwwergoen.

Vote sur la motion de M. Fernand Kartheiser

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

3-mol Jo a 57-mol Neen. Domat ass déi Motioun verworf.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Diane Adehm), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ech soen Iech Merci och fir d'Aart a Weis, wéi déi wichteg Diskussioun hei an der Chamber gefouert ginn ass. Merci.

A mir géifen zum nächste Punkt iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6881. Et handelt sech dobäi ëm eng Konventioun mat de Philippinen am Beräich vun der sozialer Sécherheet. An d'Rapportrice, d'Madamm Taina Bofferding, ass prett. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

8. 6881 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République des Philippines, signée à Luxembourg le 15 mai 2015

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

Mme Taina Bofferding *(LSAP), rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dës Konventioun ass e Projet, wéi mer der oft hei an der Chamber hunn, a ganz wichteg am Beräich vun der sozialer Sécherheet, fir déi sozial Rechter vun de schaffende Leit unzëerkennen.

Praktesch Relevanz hunn esou Ofkommesse beim Transfer vun de Rechter aus der gesetzlecher Pensiounsversécherung an awer och bei onerwaarte Faite wéi e Krankheetsfall oder bei Accidenter.

D'Ausriichtunge vun esou Konventiounen hunn e sozialen Aspekt, deen ënner anerem d'Pensiounsrechter vun de schaffende Leit regelt, a si hunn och en ekonomeschen Aspekt, woumadder d'Betriber Kloerheet kréien, wéi d'Cotisatioune geregelt sinn. Dat heiten ass déi éischt Konventioun, déi Lëtzebuerg mat de Philippinen ofschléisst. A si konnt och direkt no nëmmen enger Verhandlungsronn ënnerschriwwe ginn.

An der éischter Partie vun dëser Konventioun sinn déi generell Prinzipien opgefouert, wéi se bei deene meeschte bilaterale Konventiounen ze fanne sinn. De Champ d'application vun der Sécurité sociale viséiert ausschliisslech déi gesetzlech Renteversécherung wéi och d'Invaliden- an d'Hannerbliwwenerent. Virgesinn ass och d'Méiglechkeet fir déi philippinesch Pensionären, déi hei bei eis am Land wunnen, am Beräich vun der Maladie eng Assurance volontaire ofzeschléissen.

Fir de Rescht sinn ausgeschloss d'Assurance maladie an accident, d'Prestatiounen am Chômage an d'Familljeleeschtungen.

D'Konventioun baséiert op de generelle Prinzipien, déi an dësem Beräich gëllen, näämlech der Égalité de traitement an der Exportatioun vun de Prestatiounen.

An der zweeter Partie vun dëser Konventioun geet et drëms ze regelen, wéi eng Legislatioun applikabel ass. Hei ass virgesinn, dass d'Travailleurs där Legislatioun vun deem Land ënnerworf sinn, wou si schaffen, d'Travailleurs détâchés där Legislatioun vum Pays d'origine, dat heescht, dass déi Legislatioun vun deem Land applikabel ass, wou si normalerweis hir berufflech Aktivitéit ausüben.

Weider ass virgesinn, dass den Détachement fir eng Period vu 60 Méint accordéiert ka ginn, mat der Méiglechkeet vun enger Verlängerung, falls gewëssen Ëmstänn dat verlaangen. Eng aner Derogatioun betrëfft d'Salariéë vun de Fluchtransportgesellschaften. Déi bleiwen där Legislatioun vun deem Land ënnerworf, an deem d'Entreprise hire Siège huet. An d'Séileit, déi ënnerleien der Legislatioun vun deem Land, wou se hire Wunnsëtz hunn.

Dës Optioun, déi d'OIT, d'Organisation internationale du travail, virschléit, ass d'Optioun, déi an deene leschte Joren ëmmer méi ugestrieft gëtt. Fir Lëtzebuerg ass dat heiten näämlech och déi fënneft Konventioun, wou mir dëse Prinzip iwwerhuelen.

Am drëtten Deel ass preziséiert, dass d'Konventioun d'Totalisatioun vun den Assurancëjoren als Prinzip unerkennt. Dat gëllt och am Zesummenhang mat de Babyjoren, déi jo ugerechent ginn am Kader vun der Pensiounsversécherung, virausgesat, déi concernéiert Persoun war fir d'Lescht der Lëtzebuerger Pensiounsversécherung ënnerstallt.

De véierten Deel vun der Konventioun viséiert d'administrativ Arrangementer an den Échange vun den Informatiounen tëschent den Autoritéiten.

An de fënneften a leschten Deel regelt d'transitoire an d'final Dispositiounen.

Vum Conseil d'État koum - wéi ëmmer - d'Remarque, dass den Artikel 13, dee virgesäit, dass d'Partië kënnen Ausname maachen zu den Artikelen 9 bis 12, misst vum Parlament approuvéiert ginn. Wat déi administrativ Arrangementer betrëfft, déi am Artikel 21 festgeluecht sinn, fënnt de Conseil d'État, dass eng Publikatioun am Mémorial géif duergoen, esou wéi dat och schonns bei deene verschiddene fréiere Konventiounen de Fall ass.

Dëst ganz kuerz zu mengem mëndleche Rapport. De genaue legislative Verlaf kënnt Der am schréftleche Rapport noliesen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, ginn domadder och direkt den Accord vun der LSAP-Fraktioun an invitéieren déi aner Fraktiounen, sech eis unzeschléissen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Bofferding.

Just eng Prezisioun, well den Här Mosar mech drop opmierksam gemaach huet, dass d'Auer net ze gesinn ass. Dir hutt wuel eng Zäitangab, awer net op deem grousse Schierm, mä ënnen. Dofir, autant pour moi, mä da wësst Der Bescheed, dass net um Tableau vir, mä ënnen d'Zäitangab ass. Dee gëtt deemnächst ersat, dee war en panne gefall. Merci.

Da Wuertmeldungen? Den Här Félix Eischen.

Discussion générale

M. Félix Eischen *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wëll der Madamm Bofferding Merci soe fir hire Rapport. Dee war gutt. Dee war komplett. An ech kommen der Invitatioun gär no, fir deem zouzestëmmen, a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Soss nach Wuertmeldungen? Den Här Mertes.

M. Edy Mertens *(DP)*.- Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Entschëllegt, ech hunn den „n" geschléckt. Dir kritt en erëm.

M. Edy Mertens *(DP)*.- Eng Kéier den „s", eng Kéier den „n".

(Hilarité)

Ech wéilt der Madamm Taina Bofferding villmools Merci soe fir hiren exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport a ginn och domat d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei. Ech wëll och villmools Merci soe fir d'Explikatiounen an der Kommissioun vum zoustännege Beamten aus der Administratioun, déi wéi ëmmer ganz komplett woren. Ech mengen, deem ass näischt hinzouzefügen. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Mertens. An den Här Gérard Anzia huet d'Wuert.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech géif der Invitatioun, wa se esou léif formuléiert ass, do och dann nokommen an den Accord gi vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi. A Merci fir deen ausféierleche Rapport.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Den Accord vun der ADR hunn ech matgedeelt kritt. Soss keng Wuertmeldungen?

Ech kréien och dee vun déi Lénk duerch en Zeeche vum Här Baum. Dann, wann nach eppes dozou ze soen ass, huet selbstverständlech de Sozialminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Bon, ech mengen, ech géif mech och deem uschléissen a virun allem Merci soen der Rapportrice fir dee flotte Rapport a virun allem och fir déi Aarbecht, déi an der Kommissioun geleescht gouf. Well, esou wéi ech effektiv vu mengem Beamten héieren hunn, deen an der Kommissioun selwer war, mengen ech, ass e wäit iwwert dës Konventioun erausgaangen. En huet emol eng Kéier de Fong vun de Konventiounen erkläert, wat och wichteg ass heiansdo ze rappeléieren, wéi wichteg datt esou Konventiounen am Beräich vun der Sécurité sociale sinn, fir an deenen eenzelne Beräicher effektiv och d'Salariéen an d'Bierger vun deenen eenzelne Länner ofzesécheren.

An deem Sënn hei, wann, esou wéi ech héieren hunn, jiddwereen d'accord ass mat dëser flotter Konventioun tëschent de Philippinen a Lëtzebuerg, mengen ech, hu mer eng weider Konventioun, déi mer ofschléissen an domat Lëtzebuerg op dem internationalen Niveau am Beräich vun der Sécurité sociale virubréngen.

Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Sozialminister. An da steet näischt

méi am Wee, dass mer déi flott Konventioun dann och stëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6881 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

58 Participatiounen, 58-mol Jo. Domat ass d'Konventioun eestëmmeg ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6881 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Alex Bodry), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 6979. Et handelt sech ëm de Projet, dee weider sozial Mesurë fir professionell Artiste betrëfft. An d'Wuert huet elo direkt déiselwecht Madamm Rapportrice wéi virdrun, d'Madamm Taina Bofferding.

9. 6979 - Projet de loi portant modification

I. de la loi du 19 décembre 2014 relative 1. aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2. à la promotion de la création artistique, et

II. du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

Mme Taina Bofferding *(LSAP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem heite Gesetz gi mir den Intermittents du spectacle, also den Deelzäitbeschäftegten an der Lëtzebuerger Kulturzeen, méi Sécherheeten, dat doduerch, dass mer verhënneren, dass si iwwer eng onlimitéiert Zäit vun engem CDD an deen nächste wiesselen, an doduerch, dass mer hinnen d'Recht op sozial Mesurë garantéieren.

Fir dëst Gesetz auszeschaffen, hat de Ministère am Virfeld Leit um Terrain consultéiert. Niewent der Travailskommissioun huet sech och d'Kulturkommissioun hei aus der Chamber mam Dossier beschäftegt. Eis ass et drëms gaangen, eng beschtméiglech Äntwert ze fannen, fir op där enger Säit dem Besoin u Flexibilitéit, deen an dëse Beruffer nun eemol üüblech ass, Rechnung ze droen, an op där anerer Säit ze verhënneren, dass déi Leit der Prekaritéit ausgesat sinn.

D'Beruffsgrupp vun de Kulturschaffenden zeechent sech duerch Fräiheet, Selbstständegkeet an Individualitéit aus, verbonnen awer oft mat enger gewëssener Onsécherheet an oft gerénge Verdéngschtaussiichten. Flexibel Beschäftegungsforme si fir vill Kënschtler per se net als negativ ze bewäerten. D'Konsequenze vun der zouhuelender Flexibilitéit dergéint kënnen awer duerchaus als problematesch erlieft ginn, besonnesch dann, wann ee Moment keng Opträg ustinn. An dofir ginn et jo déi sozial Mesuren, fir deene Leit besonnesch ënnert d'Äerm ze gräifen, déi ee Moment net esou gutt - finanziell gesinn - iwwert d'Ronne kommen.

Virun zwee Joer hate mer jo och schonn heibannen am Haus e Gesetz gestëmmt, fir d'Konditiounen ze verbesseren a méi en einfachen a gerechten Accès op déi sozial Protektioun fir déi Kulturschaffend ze garantéieren, baséierend op dem Gesetz vun '99. Sou gouf ënner anerem agefouert, dass et duergeet, dass ee sechs Méint sozialverséchert ass, d'Wunnkonditioun hu mer opgehuewen an et muss een en Engagement an der nationaler Kënschtlerzeen opweisen, fir kënnen en Urecht op déi sozial Mesuren ze kréien.

Mat dësem Projet de loi elo wëlle mer Modifikatiounen am Gesetz iwwert déi sozial Mesuren, verbonne mat Ännerungen am Code du travail, virhuelen. D'Zilsetzung ass eng méi prezis Definitioun vun den Intermittenten an eng Limitatioun vun der maximaler Dauer vun den CDDen, déi si kënnen ofschléissen.

Firwat mer dës Ännerungen och musse maachen, geet op en Arrêt vum Europäesche Geriichtshaff zréck. A sengem Geriichtsuerteel gouf festgehalen, dass eng onlimitéiert successiv Erneierung vun CDDe bei den Intermittenten net justifiéiert ass. Net objektiv genuch erkläert ass, firwat esou permanent Erneierunge vu befristeten Aarbechtskontrakter erlaabt solle sinn. Den Droit commun a Saachen CDD, wéi en am Aarbechtsrecht festgeschriwwen ass, hält fest, dass en CDD maximal zweemol däerf erneiert ginn. D'Durée vun engem CDD fir deeselwechte Salarié däerf insgesamt net iwwer 24 Méint erausgoen, d'Erneierung vum Kontrakt mat abegraff.

Fir d'Intermittenten allerdéngs gëtt et eng Ausnam par rapport zu deene virgenannten Dispositiounen. Hir befristet Aarbechtskontrakter dierfe méi wéi zweemol erneiert ginn, och wann et iwwert déi 24 Méint erausgeet, ouni dass dann den CDD muss an en CDI ëmgewandelt ginn. D'Begrënnung ass, dass d'Intermittenten un individuelle Projete schaffen, déi nun eemol an der Zäit begrenzt sinn.

D'EU-Kommissioun gesäit dat awer liicht anescht. Hir ass d'Definitioun en Dar am A. Déi ass hir net kloer genuch. An doséinst musse mir eis Legislatioun elo upassen.

Mam Projet de loi ass virgesinn, dass d'Intermittenten nach ëmmer iwwer CDD kënnen agestallt ginn, awer mat der Ännerung, dass och hei déi Zäitspan vu 24 Méint muss respektéiert ginn, a mat der Ännerung, dass an Zukunft deeselwechten CDD awer méi wéi zweemol däerf erneiert ginn. Mat deem Gesetz gëtt also och versicht, d'Gefor vum Recours abusif, duerch eng successiv Erneierung vun CDDen, wäitméiglechst ze ënnerbannen.

Här President, dass eng Partie Artisten an Intermittentë mussen eng zweet Aktivitéit niewent hirer kënschtlerescher Aktivitéit ausüben, ass bal evident. Allerdéngs huet sech hei d'Fro gestallt, wéi d'Konditioune si fir en Intermittent, fir dierfen eng Activité secondaire auszeüben, respektiv wéi een Impakt déi op d'Gesamtbeschäftegungssituatioun vun den Intermittenten dierf hunn. D'Definitioun vun der Activité secondaire vun den Intermittentë gouf deemools zesumme mat där vun den Artisten agefouert. Allerdéngs war déi vun den Intermittenten net wierklech reglementéiert. Déi zoustänneg Commission consultative, déi mam Gesetz virun zwee Joer geschafe gouf, hat Problemer, a verschiddene Fäll eng Activité secondaire ze erfaassen.

D'Kulturkommissioun weist dofir an hirem Avis drop hin, dass de Commentaire des articles méi prezis misst sinn, wat de Calcul, also d'Erfaassung vun der zweeter Aktivitéit betrëfft. Et geet hei ëm déi 80 Deeg, déi iwwer eng Period vun 365 Deeg gekuckt ginn. Et muss also kloer sinn, dass en Intermittent säi Statut ka behalen an domadder och d'Recht op déi sozial Mesurë kritt, wa seng Beschäftegung als Intermittent déi vun der Activité secondaire priméiert. Dat heescht, déi net artistesch Aktivitéit däerf net méi Deeg an Usproch huele wéi déi als Intermittent. An effektiv muss een agestoen, dass de Commentaire des articles hei irreführend ass, wou eng Activité secondaire als ganzen Dag ugerechent géif ginn, egal wéi vill Stonnen déi am Endeffekt eigentlech ausmécht.

Dorauser ergëtt sech also, dass elo d'Commission consultative cas par cas d'Activité principale an d'Activité secondaire analyséiert. Dat heescht, wann zum Beispill déi zwou Aktivitéiten deeselwechten Dag stattfannen, ass et un der zoustänneger Kommissioun ze préiwen, wéi eng Aktivitéit dann elo priméiert. Domadder ass hinnen dann och eng gewëssе Flexibilitéit ginn, fir den Intermittenten do gerecht ze ginn.

Déi Prezisiounen dozou sinn op Wonsch vun de Membere vun deenen zoustännege Chambierskommissiounen a mengem schréftleche Rapport opgefouert, fir dee Punkt nach eng Kéier genau ze erklären. Weider a mengem Rapport sinn och de genaue legislative Verlaf zesumme mat deenen eenzelnen Avisen zu dësem Projet de loi beschriwwen.

Op dëser Plaz wëll ech dann och nach ganz besonnesch zwou Damme Merci soe fir hir Mataarbecht, der Madamm Entringer an der Madamm Sonnetti, an natierlech och nach deenen anere Memberen aus deenen zwou Kommissiounen an de Leit vum Ministère, déi mat um Dossier geschafft hunn.

Ofschléissend wëll ech drop hiweisen, dass et hei am Land ongefeier 13.000 Kulturschaffend ginn. An déi maache 5,2% vun der Beschäftegung aus. D'Kultur ass e Fundament, op deem eis Gesellschaft steet an op deem si baut. D'Kultur gëtt d'Geleeënheet fir eng Gesellschaft, fir sech mat sech selwer, mat hire Valeuren a Widdersprëch auserneenzesetzen, sech kritesch ze reflektéieren a sech ze entwéckelen. Dofir ass et wichteg, dass mer Konditioune schafen, fir dass d'Kultur an déi Kulturschaffend kënnen onofhängeg a kritesch schaffen. Si waren a si sinn oft déi Éischt, déi géint de Stroum schwammen, déi onbequem a kritesch sinn an deemno och eng Gesellschaft virubréngen. D'Kultur ass derniewent e wichtege Facteur vun der Imageentwécklung vun eisem Land.

An elo an der Diskussioun, oder soll ech soen an där grousser Zukunftsdebatt, déi mer féieren, wëll ech nach drun erënneren, dass d'Kultur an d'Kreativwirtschaft eng Branche sinn, déi wiisst an domadder och gutt Chancë bitt, fir wirtschaftleche Wuesstum, Innovatioun a weider Aarbechtsplazen ze schafen. An dëst gëllt et ze sécheren an ze stäerken, d'Kreativitéit vun de Kulturschaffenden ze förderen a si, wann et dann erwënscht ass, och sozial ze encadréieren.

Dëst gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou vill zu mengem mëndleche Rapport. Ech ginn direkt dann och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Bofferding. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Wilmes, dee scho prett ass.

Discussion générale

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Merci, Här President. Merci villmools der Rapportrice, déi, wéi ech fonnt hunn, e ganz gudde Rapport gemaach huet. En ass ganz komplett gewiescht. Si huet u sech am Detail erkläert, ëm wat et hei geet, wat u sech eis géif erspueren, fir nach villes hei driwwer ze soen. Ech hunn och net wëlles, elo laang driwwer ze schwätzen, mä ech mengen awer, datt dëse Projet de loi, an dat huet d'Rapportrice hei kloer duergestallt, e gutt Beispill ass, wéi ee muss heiansdo och als Législateur natierlech probéieren, e Mëttelwee ze fannen, e Spagat ze fannen.

Op där enger Säit hu mer jo u sech en Aarbechtsrecht, wat ganz strikt ass, wou mer d'Regel, d'Philosophie hunn, datt d'CDIe solle jo dat sinn, wat d'Regel soll sinn. Mä op där anerer Säit hu mer awer Beräicher, wéi d'Rapportrice et duergestallt huet, mat enger gewëssener Flexibilitéit oder Fräiheet, wéi se dat och ausgedréckt huet, a wou d'Natur vun der Aktivitéit awer nun eemol net direkt dat ka viraussetzen, eng fest Ustellung ka viraussetzen. An dofir muss een do kucken, eppes ze fannen, wat deenen zwee Aspekter gerecht gëtt.

Dat ass och dunn '99 de Fall gewiescht, wéi hei d'Debatten an der Chamber waren, déi éischte Kéier wou esou e Gesetzesprojet diskutéiert an och een ugeholl ginn ass vun den Artistes indépendants a vun den Intermittenten.

Et ass och interessant, déi Diskussiounen nach eng Kéier nozeliesen, déi déizäit waren, well dat war net esou evident. Do sinn d'Meenungen och wäit auserneegaangen. Op där enger Säit war eben de Wëlle vun där deemoleger Kulturministesch, dem Erna Hennicot-Schoepges, fir ze soen, mir misste kucken, e Mëttelwee, e Kompromëss ze fannen, fir awer eng gewësse sozial Sécherheet deene Leit och kënnen ze ginn, ouni awer hir Fräiheet an d'Natur vun der Aarbecht, déi se maachen, ze verkennen. Op där anerer Säit sinn och Argumenter komm, déi gefaart hunn, do kéint eng gewëssen Zort Statskënschtler domadder geschafe gi respektiv dat kéint zur Mëttelméissegkeet féieren an der Kënschtlerzeen.

(Madame Simone Beissel prend la présidence.)

Also et war net evident, fir deemools sech do eens ze ginn. Et ass sech dunn awer am Endeffekt op e Gesetzestext gëeenegt ginn an deen ass awer ugepasst ginn iwwer all déi Joren, well et e ganz spezifeschen Domän ass, deen déi mannste vun eis och wierklech um Terrain jo kennen. Et ginn awer Kolleegen heibannen, déi dat maachen an déi sécherlech och wäerten do nach kënne méi dozou soe wéi mir. Mä vum rechtleche Standpunkt aus sinn natierlech erëm eng Partie Froen am Laf vun der Zäit derbäikomm, Prezisiounen.

Elo huet hei d'EU-Kommissioun sech där Fro saiséiert, well se strikt wollt kucken, wéi et ass mat den CDIen, a fonnt huet, datt hei e gewëssenen Abus kéint geschéien an deem heite Beräich; wat op där enger Säit komesch ass. An do fannen ech schonn, datt d'Remarque oder den Interview, deen den Här Aarbechtsminister ginn hat no dem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff, interessant war, wou e fonnt hat, op där enger Säit géif d'EU-Kommissioun dacks derfir plädéieren, d'Aarbechtsrecht misst an Europa méi flexibiliséiert ginn, an op där anerer Säit, wann een awer emol e Beräich hätt, wou u sech Flexibilitéit awer verlaangt wier, well dat d'Natur ass - ouni elo natierlech do all d'Sozialrechter iwwer Bord ze geheien -, da géif do vläicht e Risk bestoen an hiren Ae vun Abusen.

Bon, den Europäesche Geriichtshaff, mengen ech, huet sech reng rechtlech ausgeschwat, well e sech gestouss huet un der Definitioun vun dem Intermittent, déi méi misst preziséiert ginn, déi soss kéint a sengen Aen dozou féieren, datt een déi Leit kéint méi abusiv astellen.

Ech mengen, datt elo awer déi Léisung no deenen Diskussiounen an de Kommissiounen, déi mer haten, déi um Dësch läit, eng gutt Léisung ass. Mir ënnerstëtzen se op jidde Fall. Ech ginn och domadder den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Wilmes. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler *(DP).*- Madamm Presidentin, villmools Merci. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat versteet een ënner „intermittents du spectacle"? Et ass jo virdrun ugeklongen, a wat fir enge Beräicher se täteg sinn. Et sinn effektiv dës Leit, déi am Beräich vun der Kultur täteg sinn an ëmmer nëmme fir kuerz a ganz begrenzten Zäit an en Aarbechtsverhältnis erakommen, well se vu Produktiounen ofhängeg sinn, wärend deenen hir Aarbecht nëmme fir eng limitéiert Dauer gebraucht gëtt.

Beispiller vun esou Realisatioune sinn Theaterstécker, Filmer, Danzopféierungen, Concerten, literaresch oder kënschtleresch Expositiounen. Betraff kënne si souwuel Akteuren, Museker, Auteuren, awer och zum Beispill Bünentechniker, a loosse mer och d'Maquilleusen net vergiessen.

Och zu Lëtzebuerg gëtt et eng Partie Leit, déi ënnert dem Statut vum Intermittent du spectacle schaffen. Et ass also net vu Muttwëll, wa mer elo dëse Projet de loi haut stëmmen, well mer heimat de betraffene Leit hir aarbechtsrechtlech Situatioun verbesseren. Effektiv ass et elo kloer, wat bis elo net de Fall war, datt den CDD fir dës Persounen onbegrenzt erneiert ka ginn, à condition datt déi maximal Gesamtdauer sech op en Zäitraum vu 24 Méint beleeft.

Erlaabt mer, der Rapportrice Taina Bofferding Merci ze soe fir hiren exzellente Rapport. Si ass hei wierklech op all klitzeklengen Detail agaangen, wéi sech dat och gehéiert. Am Numm vu menger Fraktioun begréissen ech, datt mat dësem Projet de loi dem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff vum 26. Februar 2015 Rechnung gedroe gëtt an d'Konformitéit vun eiser Gesetzgebung am Beräich vun den zäitlech limitéierten Aarbechtsverträg fir sougenannten Intermittents du spectacle mam europäesche Recht erëm hiergestallt gëtt.

D'Rapportrice huet dat, wéi gesot, inhaltlech ganz detailléiert behandelt. Ech wéilt awer nach vun der Geleeënheet profitéieren, fir der zoustänneger Aarbechtskommissioun am Numm vun der Kulturkommissioun Merci ze soen, datt d'Kulturkommissioun - déi ech jo d'Éier hunn, dierfen ze presidéieren - an dësem dach fir de Kultursecteur a fir déi concernéiert Leit wichtegen Dossier ëm hir Meenung gefrot gouf an en Avis huet dierfe verfaassen.

Ech ginn dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet a soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Gérard Anzia. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech wäert mech hei ganz kuerz faassen. Bei dësem Projet de loi, deen ëm d'Intermittents du spectacle geet, also déi Kulturschaffend hei zu Lëtzebuerg, ass et jo drëm gaangen, eng Mise en conformité ze maachen no engem Arrêt vum Europäesche Geriichtshaff. An d'Detailer, déi sinn alleguerte schonn hei vu menger Virriednerin, der Rapportrice, genannt ginn. Hir e grousse Merci u sech fir deen detailléierte schréftlechen a mëndleche Rapport.

Wat awer extra ass un dësem Projet de loi, dat ass, dass awer am Virfeld op Initiativ vun dem Kulturminister - Kulturministesch zu deem Moment - an dem Aarbechtsminister am Kulturministère u sech déi concernéiert Leit zesummegeruff gi sinn. Déi Leit, déi si gelauschtert ginn, et ass op deenen hir Besoinen agaange ginn. An duerno sinn déi Iwwerleeungen och an dëse Projet de loi afléisse gelooss ginn.

An duerfir géif ech dann och am Numm vun eiser Fraktioun eisen Accord zu dësem Projet de loi hei ginn an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Anzia. Nächste Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir erlaabt mer, datt ech vläicht, an de Limitte vun der Riedezäit, e bësse méi ausféierlech versichen, op dee Gesetzesprojet anzegoen, mat deem mer et hei ze dinn hunn.

Wéi am Dezember 2014 dat neit Gesetz iwwert de Statut vum Artist an dee vum Intermittent du spectacle gestëmmt gouf, hu mir als Lénk eis dozou enthalen, mat der Begrënnung, datt - och wann et Fortschrëtter gi sinn, déi indéniabel sinn, zu deem Gesetz, wat initial virlouch - et awer esou ass, datt a wesentleche Punkten dat Gesetz net wierklech der sozialer Realitéit an de Besoine vun den Artisten an den Intermittenten entsprécht.

An déi Fro misst ee sech eigentlech bei engem Gesetz oder bei der Gesetzesännerung, well dorëmmer handelt et sech jo eigentlech, och stellen: Ass et e Fortschrëtt par rapport zur besteeënder Situatioun, oder net?

Ausléiser vun där Gesetzesännerung, mat där mer et ze dinn hunn, ass net eng objektiv Evaluatioun, déi mer 2014 bei der Debatt hei an der Chamber vun der deemoleger Ministesch Maggy Nagel versprach kruten, mä Ausléiser vun där Gesetzesännerung ass en Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff. Deen Arrêt beseet näämlech, datt déi lëtzebuergesch Legislatioun vun den Intermittenten net dee soziale Schutz bitt, zu deem mer eis an der EU verflicht hunn. Effektiv ass et esou, datt d'Direktiv vun 1999 virgesäit, datt de Gebrauch vun Zäitverträg, CDDen, soll begrenzt sinn, entweder zäitlech oder an hirer Heefegkeet, respektiv datt et objektiv Grënn musse ginn, déi de begrenzte Charakter vun deem Aarbechtsvertrag ënnermaueren.

Mat der Gesetzesännerung hei geschéien elo zwou Saache fir d'Intermittenten: Éischtens, d'Definitioun vun den Intermittentë gëtt dohigoend geännert, datt d'zäitlech Begrenzung vun der Aktivitéit vum Intermittent an d'Gesetz nach eng Kéier méi kloer drakënnt. A parallell dozou gëtt kloer verankert, datt et méiglech ass, eng sekundär Aarbecht kënnen unzehuelen. An zweetens, dat ass déi zweet nei Ännerung, gëtt den CDD op 24 Méint begrenzt.

Ass dat elo e Fortschrëtt? Zum éischte Punkt, der Definitioun vum Intermittent: Do ännert sech eigentlech an der Praxis näischt, well et elo scho méiglech war, eng Niewebeschäftegung ze hunn. Et gëtt just méi kloer am Gesetz nach eng Kéier beschriwwen.

Fir Diskussiounen an der parlamentarescher Kommissioun huet awer effektiv de Commentaire des articles gesuergt, deen a senger ursprünglecher Fassung virgesinn hat, datt en Intermittent sech keen Dag urechne loosse kéint, wärend deem en och nëmmen eng Stonn en aneren Job gemaach hätt. Wuelverstanen net fir indemniséiert ze ginn, mä fir op déi 80 Aarbechtsdeeg ze kommen, déi e brauch, fir sech iwwerhaapt kënnen Intermittent ze nennen.

Dat wär, an där ursprünglecher Fassung, e Réckschrëtt zur aktueller Handhabung gewiescht, well eng sëlleche Leit, déi scho säit Joren als Intermittent unerkannt sinn, riskéiert hätten, doduerjer hire Statut ze verléieren an domadder och d'Aussiicht op déi sozial Mesuren, déi am Gesetz virgesi sinn.

Op eis Initiativ an no ganz gudden inhaltlechen Diskussiounen an der Kultur- an an der Aarbechtskommissioun ware sech d'Membere vu béide Kommissiounen awer unanime eens, datt dat net de Sënn vun där Ännerung soll sinn.

Och de Kulturministère huet an der Kommissioun d'Formuléierung selwer als onglécklech bezeechent an assuréiert, datt et net d'Intentioun war, fir d'Konditioune weider ze verschäerfen. Duerfir ass am parlamentaresche Commentaire kloergestallt, datt weiderhin d'Commission consultative, déi mam Gesetz vun 2014 agefouert gouf, eng Interpretatiounsmarge huet, fir ebe festzestellen, ob et eng kënschtleresch Aktivitéit ass, déi priméiert, esou wéi dat eigentlech och soll sinn.

Dës Kloerstellung ass wichteg, well vill Intermittenten drop ugewise sinn, nieft hirer professioneller kënschtlerescher Aktivitéit nach niewelaanscht ze jobben, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Mir sollten eis bewosst sinn, datt Intermittent du spectacle net nëmmen e Beruff ass, deen eng extrem Flexibilitéit viraussetzt, mä ganz dacks och e prekären ass, souwuel wat d'Rémunératioun ugeet, mä och wat d'Zukunftssécherheet, d'Planungssécherheet vun deene Leit ugeet. Vill Leit décidéieren duerfir, no Joren Erfahrung mat niddrege Léin an Insécuritéiten, wat d'Planung ugeet, en Niewenjob unzehuelen. Vill Intermittentë gi stonneweis Coursen a Conservatoiren, Musekschoulen, anerer ginn niewelaanscht an d'Gastronomie jobben, fir datt et um Enn vum Mount duergeet. Wuelverstanen och alles Leit - an ëmmer méi Leit - mat enger ofgeschlossener akademescher Ausbildung!

Et kéint een also dës kleng Episod einfach ad acta leeën, wann do hannendrun net awer fir vill Leit de batteren Nogeschmaach léich vun enger generaliséierter Méfiance vis-à-vis vun Intermittenten. Eppes, wat - den Här Wilmes huet et ugeschwat - eigentlech zënter dem Ufank vun den Diskussioune ronderëm d'Aféierung vum Kënschtlerstatut an deem vum Intermittent déi Diskussioune begleet huet.

Well d'Zuele weisen eigentlech de Géigendeel! D'Zuel vun de Bénéficiairë vun deene soziale Mesuren ass net explodéiert, wéi dat ëmmer erëm gefaart gouf, mä entsprécht héchstens a bescheidenem Mooss der Entwécklung an der Entfalung vun de kulturellen Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg.

Am Joer 2015, esou steet et am Rapport vum Ministère, waren et insgesamt 230 Leit, déi - cumuléiert, also Artisten an Intermittenten - Bénéficiaire ware vun deenen Hëllefen. Dogéint steet déi Zuel, déi d'Rapportrice, d'Madamm Bofferding, gesot huet vun 13.000 Leit, déi kënschtleresch aktiv sinn, eng Zuel, déi ech spontan e bëssen héich gegraff fannen. Mä op jidde Fall gesäit een dorunner, datt een an dësem Fall op jidde Fall net vun Abuse ka schwätzen, wann ee weess, datt et 230 Leit sinn, déi kënnen an de Genoss vun Hëllefen, sozialen Hëllefe kommen. An och, wann een dann d'Montantë kuckt, gesäit een, datt sech dat alles an engem ganz iwwerschaubare Beräich usidelt a sécherlech keen dovunner räich gëtt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Den zweete Punkt vun der Gesetzesännerung, also d'Begrenzung vum CDD op 24 Méint, do ännert sech alt och erëm eng Kéier fir déi allermeeschten Intermittentë bal näischt, well déi mannsten iwwerhaapt en CDD hunn! A vun deenen, déi een hunn, ass kaum een, deem säi méi laang wéi 24 Méint geet, oder bis elo gaangen ass.

Déi allermeeschten Intermittentë schaffen näämlech op Basis vun engem Contrat d'entreprise oder engem Contrat de prestation de services, déi meeschtens relativ schwammeg formuléiert sinn an an deenen et kaum oder just minimal Standarde gëtt, zum Beispill wat d'Rémunératioun oder d'Aarbechtszäit ugeet. Dat kënnt net vun näischt, well en Intermittent an der Regel eben net ënnert déi allgemeng Schutzbestëmmunge vum Aarbechtsrecht fält, wéi dat bei Salariéen, also den CDDen de Fall ass.

Also, nieft enger maximaler Flexibilitéit, wat d'Horairen, d'Cacheten ugeet, huet de Patron, hunn d'Entreprisen - well eigentlech handelt et sech och bei Intermittenten ëm Patronen, déi se astellen - en anere gewaltege Virdeel: Si mussen näämlech keng Sozialofgabe bezuelen, doduerch datt d'Intermittentë Selbststänneger sinn. D'Cotisatioune ginn ausschliisslech vun den Intermittenten iwwerholl, also och d'Part-patronallen.

An Dir kënnt Iech jo sécher virstellen, datt ënner esou Bedéngungen déi allermannste Patronen, Entreprisen a Kulturinstitutiounen op normal Aarbechtsverträg, CDI oder och CDD, zréckgräifen. Well fir si ass et méi interessant, Leit ënner Prestation-de-services-Kontrakter anzestellen. An dat ass och de Fall, dorun ännert och dëst Gesetz näischt, leider näischt!

Anescht gesot: Jo, dëst Gesetz wäert den abusive Recours op CDDe bei Intermittentë begrenzen, mä et hëlleft awer och net allze vill, well déi allermannsten Intermittenten iwwerhaapt en CDD hunn. Eng wierklech aarbechtsrechtlech Reform misst de Statut vum Intermittent vill méi no bei dee vum Salarié réckelen, mat deene Schutzbestëmmungen an och mat Rechter, déi domadder verbonne sinn. Dat géif och der Realitéit um Terrain wesentlech méi entspriechen, well oft ass den Intermittent an enger Situatioun vun enger Schäinselbststännegkeet.

Dëst huet och, zu Recht, menge mer, d'Salariatskummer kritiséiert, souwuel am Avis vun 2014 iwwert d'Gesetz, wéi och elo nach eng Kéier iwwert dee Projet, déi Gesetzesännerung, mat där mer et hei ze dinn hunn.

En Ufank vun esou engem Rapprochement vum Intermittentstatut un dee vum Salarié wier, datt d'Entreprisen, d'Kulturbetriber d'Patronatscotisatioune vun der Sécurité sociale bezuelen, wat dem eigentlechen Aarbechtsrecht vill méi no wier, wéi och minimal Norme wat d'Aarbechtszäit, d'Nuetsaarbecht an de Minimalloun ugeet.

Am Géigenzuch gëtt et vun deene Patronatsorganisatiounen natierlech d'Fuerderung - an déi een och ënnerstëtze kéint - vun enger Reduzéierung vun der TVA op 3%, wat de Kulturhaiser an -institutiounen, Entreprisen entgéint géif kommen.

Här President, mir stëmmen dës Kéier dës Gesetzesännerung mat, och wa mer wëssen, datt et just e ganz minimalen a beschränkte Fortschrëtt ass. Mä mir stëmme se och mat, well mer mengen, datt d'Chamber an déi zwou Kommissiounen, d'Kulturkommissioun an d'Aarbechtskommissioun, hir Aarbecht gemaach hunn an datt mer e Feeler, deen an enger ursprünglecher Fassung dra war, e Mëssverständnis, wéi een et och ëmmer nenne wëllt, datt d'Chamberskommissiounen et fäerdegbruecht hunn, dat ze änneren an domadder et op jidde Fall kee Réckschrëtt ass. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Baum. An d'Wuert huet direkt den Här Statssekretär fir d'Affaires culturelles, den Här...

(Interruption)

Ah, den Här Aarbechtsminister, jo, kee Problem!

Prises de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Villmools Merci emol fir d'Éischt der Madamm Rapporteur fir hire Rapport an och alle Riedner, déi jo e ganz konstruktive Bäitrag geleescht hunn. Ech mengen, Dir hutt rappeléiert, datt d'Originn e Recours en manquement vun der Kommissioun ass. An ech brauch net op dat zréckzekommen, wat den Här Wilmes scho gesot huet, wou e mech zitéiert huet.

Mir hu probéiert, hei emol fir d'Éischt mat dem Secteur selwer, zesumme mat dem Ministère de la Culture, Léisungen ze fannen an engem komplexen Dossier effektiv, wéi dat och elo vum Här Baum beschriwwe ginn ass. Ech mengen, do war en enken Dialog och mat de Kulturschaffende selwer. Mir sinn ons alleguer bewosst, datt et keng räich, innovativ, kreativ Kulturzeen gëtt ouni Intermittents du spectacle. Dat ass en absolutte Must an enger Kulturzeen!

An dat Zweet ass, mir wëssen alleguerten, datt dat e ganz speziellen Job ass, dee vun engem Projet op deen anere geet, an duerfir ass natierlech déi Bedroung vun enger Prekaritéit ëmmer ganz präsent. Ech mengen trotz allem duerfir, datt initialement d'Iddi war, e Salariatsstatut ze kreéieren iwwer en CDD, wou d'Leit Sozialrechter hunn, wou Cotisatioune bezuelt ginn, wou och herno Rechter am Chômage opginn. Well d'Alternativ, Dir hutt et gesot, ass déi vum Selbststännegen. An de Selbststännegen huet eng manner grouss Protektioun, besonnesch muss e fir sech selwer opkommen, wat déi sozial Cotisatiounen ubelaangt. A besonnesch huet en e Problem dann, wann e kee Kontrakt huet, well da fält en zum Deel an e Vide.

Hei ass also ons Iddi, fir eben den CDD als eng gewësse Garantie duerzestellen. Bon, datt d'Kommissioun dat net esou gesinn huet, dat iwwerloossen ech Iech selwer, fir dat ze jugéieren.

Mir hunn elo eng Léisung fonnt, déi eigentlech jo kompatibel ass mat deem Uerteel, dat mer mussen ëmsetzen - do hu mer kee Choix, mir mussen dat Uerteel respektéieren **-,** an dat ass eben, den CDD ze halen, als Alternativ, soen ech nach eemol, zur Selbststännegkeet, déi oft eng Schäinselbststännegkeet ass. Awer mir soen, datt bannent deem CDD vu 24 Méint een zwar kann eng Rei Erneierunge bréngen, mä datt no 24 Méint mat deem Kontrakt dann definitiv Schluss ass an een net ëmmer erëm nei CDDe kann opbauen; dat, wat d'Kommissioun ons jo gefrot huet.

Mä ech wëll, wat de Statut selwer ugeet - ech mengen, dat ass eng essenziell Fro -, duerfir mengem Kolleeg aus der Regierung d'Méiglechkeet ginn, och do ze soen, wat mer do geännert hunn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Aarbechtsminister. Da maache mer dat esou, wéi hien dat proposéiert. Dann huet den Här Statssekretär an der Kultur d'Wuert.

M. Guy Arendt, *Secrétaire d'État à la Culture.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéilt op alle Fall direkt der Rapportrice e grousse Merci ausdrécken. Hire Rapport war extrem komplett, et hätt ee bal näischt méi derbäizefügen, och alles, wat d'Intervenantë gesot hunn, an och, wat de Kolleeg aus der Regierung, den Nicolas Schmit, gesot huet.

Jo, et ass eben esou, mir hunn eis misse konformëieren zu deem Uerteel vun dem Europäesche Geriichtshaff. Mir hunn also d'Definitioun vun dem Intermittent du spectacle wierklech méi prezis gemaach, andeems mer soen, dass een haaptsächlech temporaire an individuelle Projeten, an zäitlech begrenzte Projete kann, wéi gesot, Aktivitéiten hunn.

Wat natierlech och wichteg ass, dat ass, dass mer och mat aféieren, dass eng Annex, eng accessoire Aktivitéit ka stattfanne säitens vun dem Intermittent du spectacle. Natierlech däerf déi accessoire Aktivitéit net méi grouss a méi laang si wéi déi eigentlech artistesch Aktivitéit. Dat ass dat Eenzegt, wou ee muss, wéi gesot, drop oppassen.

Wat fir mech och wichteg ass, dat ass, dass mer de ganze Secteur consultéiert hunn a mam Secteur zesummen dee Gesetzesprojet ausgeschafft hunn.

Ech géif mengen, et wär schonn eng Verbesserung fir d'Intermittents du spectacle. Den Här Baum huet suggeréiert, dass een dat nach eng Kéier kéint aneschters ugoen. Ech huelen dat op alle Fall mat. Mir wäerten dat och analyséieren. Mä ech mengen, fir de Moment géife mer den Intermittents du spectacle hei eng gewësse Stabilitéit ginn. A mir brauche se, dofir ass et och wichteg, datt se am Aarbechtsrecht och propper dostinn. An ech wier wierklech frou, wann d'Chamber kéint dee Projet hei unhuelen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Statssekretär. An da kënne mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6979 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6979 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60 Jo-Stëmmen, domat ass de Projet de loi unanime ugeholl.

M. Guy Arendt, *Secrétaire d'État à la Culture.*- Dat ass jo schéin.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Martine Mergen), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6993, eng Konventioun iwwert den archeologesche Patrimoine. An d'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Bauler.

10. 6993 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne pour la protection du patrimoine archéologique ouverte à signature le 16 janvier 1992 à La Valette

Rapport de la Commission de la Culture

M. André Bauler *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eise Lëtzebuerger Buedem ass räich un archeologesche Fëllementer, Iwwerreschter a Schätz. Dat geet vu Mënzen, Spéngelen a Poterien iwwer Skeletter bis hin zu Fresken a gutt erhalene Grondmaueren. Si sinn Zeien aus enger Zäit, déi wäit vun eis ewech läit, Zeien aus der fréier Neizäit, aus dem Mëttelalter a virun allem aus der Period vun de Franken, de Merowinger, de Réimer a souguer, fir nach méi déif an d'Geschicht erofzegoen, de Kelten.

Nach viru Kuerzem goufen zu Housen 15 Griewer aus der Réimerzäit entdeckt, dem éischten an zweete Jorhonnert no Christus, dëst op enger Plaz, wou keen et eigentlech direkt geduecht hat.

Vestigen aus der Antiquitéit, dem Mëttelalter an der Neizäit sinn deemno ëmmer nees fir eng Iwwerraschung gutt. Denke mer un d'Kierchen um Knuedeler an un d'Kapell um Glacis, un d'Villae vun Iechternach, Bartreng, Dikrech oder Viichten mat hire bekannte Mosaicken oder un de réimeschen a spéider fränkesche Site zu Kierchen, also Basbellain - op Laténgesch: Belsonancum -, an der landschaftlech schéiner an ofwiess-

lungsräicher Gemeng Ëlwen, wou op réimesche Fëllementer...

(Brouhaha général)

...e merowingesche Stützpunkt am sechste Jorhonnert entstanen ass, op deem sech de Kinnek Childebert II., en direkten Nokomme vum legendäre Chlodwig, mat senger Mamm Brunichild, iwwregens déi éischt Kinnigin vu Frankräich, Ufank Oktober 585 sollen opgehalen hunn an do zu Geriicht souzen, wéi aus der Chronik vum Gregor vun Tours ervirgeet. De Site ronderëm de Kierchener Kierfent an d'Kierch aus dem 19. Jorhonnert berouen op dëse Fëllementer aus fréichrëschtlecher a merowingescher Zäit.

D'Villa zu Schieren ass elo a rezenter Zäit d'Resultat vu bedeitenden Ausgruewungen hei am Land, sinn dach zu Schieren souwuel d'Villa u sech, déi sougenannt „pars urbana", wéi och déi landwirtschaftlech Partie, „pars rustica", erhalen. Och ass d'Schierener Villa besser erhale wéi déi vun Iechternach an huet grouss Fresken opzeweisen. Alleng um Territoire vun der Géigend ronderëm Dikrech wieren nach eppes méi wéi 100 archeologesch Sitte vum staatlechen Archeologiezentrum repertoriéiert ginn.

Här President, mat dem virleiende Gesetzesprojet gëtt déi europäesch Konventioun iwwert de Schutz vum archeologesche Patrimoine guttgeheescht, déi zanter dem 16. Januar 1992 zu La Valette läit, fir ënnerschriwwen ze ginn. Si gouf och op deem Dag vu Lëtzebuerg ënnerschriwwen, mä si ass bis haut net ratifizéiert ginn.

Déi aktuell Gesetzgebung gesäit bestëmmten Dispositiounen, déi de Schutz vum archeologesche Patrimoine uginn, vir, virun allem d'Verflichtung, fir ze informéieren, wann eng archeologesch Entdeckung gemaach gëtt, wéi awer och d'Méiglechkeet vun der juristescher Protektioun iwwert de Wee vun enger Klasséierung.

Si gesäit och e System vun Autorisatioune vir, wann et ëm Ausgruewungen an ëm d'Exportatioun vun Objete geet. Dëse Kader ass awer ongenügend, well en net déi international an europäesch Standarde berücksichtegt.

D'Konventioun vu La Valette dréit der Entwécklung vun de landesplaneresche Politicken an den europäesche Länner Rechnung, fir soumat e passende Schutz vum archeologesche Patrimoine ze garantéieren. Dësen ass e wesentlecht Element, wann et ëm d'Wëssen iwwer vergaangen Zivilisatioune geet.

Déi wichteg Ajoutte vun der Konventioun si folgend:

1. D'Konventioun féiert eng Definitioun an eis Gesetzgebung an, wat ee genee ënner archeologeschem Patrimoine ze verstoen huet. Och aner Notioune ginn agefouert, wéi zum Beispill d'Verwaltung vum Inventar vum archeologesche Patrimoine, d'Noutwendegkeet vun enger prealabeler Geneemegung, déi ee muss hunn, fir Metalldetekteren anzesetzen. Och gëtt de Prinzip vun der finanzieller Ënnerstëtzung duerch d'éffentlech Hand am Kontext vun der archeologescher Fuerschung verankert.

2. D'Konzept vun der integréierter Konservéierung steet am Artikel 5 vun der Konventioun an dierft wuel dee Prinzip sinn, deen am innovatiivsten ass. Et geet drëm, déi respektiv Bedürfnisser vun der Archeologie an déi vun der Landesplanung mateneen an Aklang ze bréngen, dëst andeem drop opgepasst gëtt, datt d'Archeologe sech un de Landesplanungspoliticke bedeelegen, soudatt et och zu enger systematescher Konsultéierung tëscht Archeologen, Urbanisten an ebe Landesplaner kënnt. Nëmmen esou kann een Ännerunge vun de Pläng virhuelen, déi den archeologesche Patrimoine keinte beschiedegen.

3. Fir d'Studien an d'Verbreedung vum Wëssen iwwer archeologesch Entdeckungen ze vereinfachen, huet d'Konventioun eng Rei Dispositiounen, déi d'Verbreedung vun der Informatioun an d'Sensibiliséierung vum grand Public, vun der Éffentlechkeet, uginn. Lëtzebuerg engagéiert sech, fir Enquêten, Inventairen an d'Kartografie vun den archeologesche Sitten ze verwierklechen an ze aktualiséieren, an awer och den Zougang vum grousse Public zum archeologesche Patrimoine vum Land ze förderen.

Doriwwer eraus gesäit d'Konventioun Regele vir, déi der illegaler Zirkulatioun vun Elementer aus dem archeologesche Patrimoine virbeugen. Dëst ënner anerem duerch den Austausch vun Informatiounen iwwer illegal Ausgruewungen, en Austausch, dee sech tëscht de kompetente Verwaltungen an de wëssenschaftlechen Institutioune maache soll.

Här President, andeem Lëtzebuerg dës Konventioun ratifizéiert, erkennt eist Parlament un, datt den archeologesche Patrimoine vun Europa, dee jo e wichtegen Zeie vun eiser Kulturgeschicht, jo, eiser Zivilisatioun ass, bedrot ass an datt e riskéiert, sech ze degradéieren. Eist Land engagéiert sech soumat, fir all Moossnamen an d'Wee ze leeden, déi derzou bäidroen, eisen archeologesche Patrimonium ze schützen.

D'Konventioun vu Valletta dréit derzou bäi, datt och déi nächst Generatiounen d'Vergaangenheet besser verstinn, datt d'Bierger fir eisen archeologesche Patrimoine sensibiliséiert ginn an dësen net d'Affer vu rengem Profittdenken an illegalem Handel gëtt.

Ech soen dem Statssekretär an alle Kolleegen aus der Kommissioun Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Ech vernäipe mech virun de Leeschtungen an dem Engagement vun de Spezialiste vum Centre national de recherche archéologique ronderëm den Här Foni Le Brun a ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a fir Är Opmierksamkeet zu dësem dach, denken ech, awer ganz wichtegen Dossier am Kulturberäich. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Bauler. An d'Wuert huet elo d'Madamm Martine Mergen.

Discussion générale

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Sinn ech awer agedroen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo. Hei schéngt en Iertum geschitt ze sinn. Hei steet „Martine Hansen".

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Ah, nee!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mä Dir sidd awer ganz kloer d'Martine Mergen.

(Hilarité)

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Jo. Villmools Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun onser Fraktioun wéilt ech fir d'Éischt dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport. Dat entbënnt mech dovunner, am Detail op den Text vum Gesetz anzegoen. En huet och schonn all déi vill schéi Beispiller bruecht, déi ech mer dann elo ka spueren.

Erlaabt mer awer, a mengem éischten Deel op d'Suitte vum Gesetz anzegoen an an engem zweeten Deel d'Gesetz an en allgemenge Kontext vum Schutz vun den Zeien aus der Vergaangenheet hei am Land ze setzen. Déi eng vun dësen Zeie gesi mer all Dag. An deem Zesummenhang hu mer virun enger Rei Méint d'Konventioun vu Granada ratifizéiert. Dat Gesetz ass zoustänneg fir den Denkmalschutz iwwert dem Buedem. Elo behandele mer d'Archeologie, also den Denkmalschutz ënnert dem Buedem. Dës Vestigë gesi mer also net, a fir se ze fannen, musse mer se sichen.

D'Konventioun vu Valletta war vu Lëtzebuerg als ee vun deenen éischte Signatairen 1992 ënnerschriwwe ginn an no véier Ratifikatiounen ass se 1995 a Kraaft getrueden. Elo ass et un ons, fir se och ze ratifizéieren.

Onst Land verfüügt, situéiert am Mëttelpunkt vun Europa, iwwer eng Onmass Zeien aus verschiddenen Epochen, iwwer Vestigen aus deene verschiddensten historesche Perioden. Verschiddener hu mer scho fonnt. Et gëtt der sécher awer nach ganz vill; et gëtt geschat, dass bis elo 20% vun deene Vestigë bekannt sinn.

Dat hu mer ëmmer erëm missen an der Vergaangenheet feststellen, wann ee bei Bauprojeten iwwerraschend op eppes gestouss ass, wat et derwäert geschéngt huet, ënnersicht, repertoriéiert an inventoriéiert ze ginn. Dat ass op d'mannst an deene Fäll gewiescht, wou e Bauhär sech fir esou Saachen interesséiert huet, a souwisou bei éffentleche Projeten. Dat huet awer och oft derzou gefouert, dass wichteg Projete fir onst Land retardéiert goufen.

Mir nennen dat dann elo „archéologie de sauvetage". An ech wëll net op d'Fro agoen, wann een de Landschaftsverbrauch an de leschte Jore kuckt, ob mer net och eng Rei Saache mat ëmgebaggert hunn, ouni et ze wëssen.

Mir musse feststellen, dass onsen Outillage juridique am Moment nach net duergeet; dat huet de Rapporteur scho gesot. Et gëtt eng Obligation d'information, d'Méiglechkeet, fir Objeten ze klasséieren, an et gëtt eng Prozedur, fir Fouillen unzefroen an Immobilier (veuillez lire: an Objets mobiliers) ze exportéieren. Dat ass awer net komplett, sou wéi de Rapporteur et schonn duergeluecht huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass elo eriwwer! Vu muer u gëtt an onsem Land Archéologie préventive gemaach. Nei ass an dësem Projet, dass mer emol eng Definitioun kréien. Et geet net nëmmen ëm d'Objete selwer, mä och ëm Zeien, déi op déi eng oder aner Manéier eng Ausso amstand sinn ze maachen iwwer ons Vergaangenheet. Dat kënnen dann och den Entourage an de Kontext sinn, an deenen dës Objete fonnt ginn.

Dësem Gesetz no si mer obligéiert, en Inventaire vun onsem Patrimoine ze maachen, an zwar um ganzen Territoire, wou mer bis elo nëmmen een hunn, wou dat agedroen ass, wat méi oder wéineger zoufälleg fonnt ginn ass.

Mir entdecken och hei de Begréff vun der „integréierter Konservatioun" vum archeologesche Patrimoine. An elo gëtt et da richteg spannend:

- Mir engagéieren ons éischtens, d'Besoine vun der Archeologie mat deene vun der territorialer Planifikatioun ze conciliéieren; domadder gëtt d'Archeologie quasi op een Niveau gesat mam Ëmweltschutz.

- Mir engagéieren ons och fir e systemateschen Dialog tëscht Archeologen a Landschaftsplaner, dass eventuell widderspréchlech Pläng kënnen am Interessi vum Patrimoine ugepasst ginn,

- an drëttens, dass schlussendlech, wa machbar, eng Erhalung op der Fondplaz selwer garantéiert gëtt.

Och wann een am Exposé des motifs verschidde Beispiller fir eng Approche vu preventiver Archeologie fënnt, déi elo scho plazeweis applizéiert gëtt - de Rapporteur huet schonn déi Chantieren, déi de Moment hei an der Stad lafen, genannt -, bedeit dat Gesetz hei, dass an onsem Land an Zukunft näischt méi gebaut gëtt, wann net virdrun diagnostesch Sondagë gemaach gi sinn.

Dës Sondagë sollen op eng technesch Manéier, sou steet et am Commentaire des articles, ongeféier 10% vun engem ze bebauenden Terrain ënnersichen, fir eventuell präsent Vestigen ze fannen an ze evaluéieren. D'Sondagë sollen am Virfeld vun enger Bebauung gemaach ginn an domadder ebe verhënneren, dass herno en catastrophe musse Rettungsaktioune gemaach ginn, déi net nëmmen heiansdo e groussen Zäitverloscht - dat hunn ech scho gesot - bedeiten, mä déi och vill Käschten no sech zéien.

De Projet an d'Commentairë sinn heiriwwer ganz optimistesch. Dës Mesurë sollen - oder sollten - Zäit a Käschte spueren. „Die Botschaft hör ich wohl, allein mir fehlt der Glaube." Mir vergläiche jo hei eng Istsituatioun, wou op eng „opportunistic" - am englesche Sënn vum Wuert -, op eng opportunistesch Aart a Weis hei an do emol eppes fonnt gëtt, mat enger neier Situatioun, wou dëst Gesetz muss iwwerall ëmgesat ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt dann hei emol drun erënneren, dass ons Regierung déi lescht Wochen eng Debatt iwwer e qualitativt Wuesstum fir onst Land entaméiert huet. Dëst Gesetz wäert sécher missen an d'Considératioune vun onse Stied- a Landschaftsplaner integréiert ginn.

Ech erënneren och nach eemol drun, mat welleche Problemer d'Gemengen elo scho kämpfen, fir hir PAGen an hir SUPen - strategesch Ëmweltprüfungen; Dir kennt de Begréff alleguer - ënnerdaach ze kréien.

An ech ginn dann emol dovunner aus, dass den archeologesche Package sech wäert hei droppraffen. Domat si mer bis zu engem gewëssenen Deel net d'accord, well mir gär géife wëssen, aus wellechem Dëppen déi Moyene kommen, déi am Artikel 6, deen de Rapporteur zitéiert huet, ugeschwat ginn. Wie muss fir dës zousätzlech Käschten opkommen? Den Artikel 6 seet näämlech lapidar, dass de Stat - „les États parties" - déi finanziell a materiell Moyene muss virgesinn, déi hei gebraucht ginn.

Am Kloertext: Zurzäit besteet e Flou, wien ënner wat fir enge Konditiounen an Délaien dës Fouillë mécht. Fir d'CSV ass de Prinzip vun de Fouillë selbstverständlech okay, wann de Stat d'Planifikatioun, d'Realisatioun an de Finanzement iwwerhélt.

Elo hu mer ons e bëssen de Budget vum nächste Joer ugekuckt - an der Kulturkommissioun hate mer en nach net duerchgeholl - a mir gesinn, dass de Posten «Recherches historiques et travaux de caractère archéologique» fir 2017 sensiblement déi nämlecht Montanten opweist wéi d'Konten 2015. Et ass jo dann och normal, well hei geet et jo ëm d'Fouilles d'urgence - där wäerte mer jo da keng méi brauchen -, dass de Posten «Recherches et travaux de caractère archéologique» ëm ongeféier 17% an d'Luucht geet an d'Frais de fonctionnement vum CNRA sech verduebele vum Joer 2016 op d'Joer 2017.

Ech froen Iech awer, Kolleeginnen a Kolleegen: „Soll dat wierklech duergoen, fir dëst Gesetz och an d'Praxis ëmzesetzen?" Mir stelle fest, dass dëst Gesetz Gefor leeft, wéi verschidde vu sengen äänleche Virgänger, zwar gestëmmt ze sinn, dass et awer jiddefalls mat dëse puer Euroen net wäert ëmgesat kënne ginn. D'CSV ass awer der Meenung, dass d'Ëmsetze vun esou enger Konventioun essenziell ass. Ratifizéiere geet net duer!

Doraus ergi sech e puer méi prinzipiell Froen:

1. D'Regierung versprécht säit Joren eng nei Administration du patrimoine culturel, déi sech souwuel sollt mam Schutz vum Patrimoine wéi och mat der Archeologie befaassen. Si sollt also d'Kompetenze vum jëtzege Service des sites et monuments an déi vum CNRA ënner engem Daach vereenegen. Dat géif d'Archeologie ganz kloer däitlech opwäerten. Et ass awer bis elo näischt geschitt. Ausser dësen Numm, dee mer kennen, wësse mer soss näischt iwwert dëse Projet.

„Ass d'Regierung dann elo der Meenung, dass déi Organisatiounsform, sou wéi se bis elo war, besser ass", froe mer ons - déi ass vu fréiere Regierungen ënner CSV-Lead entstanen -, „oder wëlli mécht se aus dësen Absichtserklärungen Neel mat Käpp?"

2. Den „ceterum censeo" an der Kulturkommissioun ass säit Joren d'Gesetz iwwert d'Protektioun an d'Erhale vum kulturelle Patrimoine. Dee Projet ass de 17. Oktober am Joer 2000 vun der deemoleger Kulturministesch Erna Hennicot deponéiert ginn, fir déi, déi sech däers net erënneren; souguer ech war dunn nach net an der Chamber. Ech war nom Fred Sunnen 2009 neie Rapporteur genannt ginn a stinn och haut nach op dem Rôle.

Et ass vun der Oppositioun an der Vergaangenheet ëmmer bemängelt ginn, dass mer dat Gesetz esou laang schleefe gelooss hunn. Dunn huet d'Madamm Nagel 2015 éffentlech eng Neifaassung vum Projet versprach: fir de Juli, duerno fir de September, du fir de leschte Wanter a schliisslech nach eemol kuerz ier se zréckgetrueden ass.

Den Här Arendt huet dëst Gesetz seng „wichtegst Prioritéit" genannt, zesumme mam Gesetz iwwert den Archivage. Dëst Fréijoer sot en, et géif intensiv dru geschafft ginn. Mir froen ons also, Här President: Wou ass et dann? Et geet net nëmmen Zäit verluer, mä an dësem Fall och Kulturierwen.

3. Et gouf, fir dat Gesetz ze erschaffen, am Joer 2014 eng Aarbechtsgrupp gegrënnt. Doranner ware Vertrieder aus Ministèren, dem Syvicol, der Uni Lëtzebuerg a vun Denkmalschutzorganisatiounen. Dës Kommissioun war 15-mol zesummen an et soll do vill geschafft gi sinn. Et gëtt och Rapporten iwwert dës Sëtzungen. D'Virgängerin vum jëtzege Kulturminister huet sech selwer vill gelueft iwwert d'Transparenz an d'Participatiounsprinzipien, déi hei an d'Praxis ëmgesat sollte ginn. Säithier ass awer Funkstille an et gëtt keen Abschlussbericht vun där Aarbechtsgrupp.

Et ass also vill Energie an Zäit opgewannt ginn, fir zu wellechem Resultat ze kommen? Mir wëssen et net. Mir géifen awer den Här Kulturminister gären eemol an der Kommissioun zu dësem Sujet héieren; mir géife gär d'Konklusiounen aus dësem Aarbechtsgrupp kennen!

Et geet drëm, Äntwerten op folgend Froen ze kréien: Wéini kritt dëst Land en Inventaire vu sämtleche Kulturgidder? Wéi gesinn d'Prozeduren aus fir d'Protektioun? Wéi soll d'Zesummenaarbecht mat deenen anere concernéierte Ministèren ausgesinn?

4. De CNRA huet bis elo keen Zougang zu de relevante Kommissiounen am Ministère de l'Intérieur. Wéi soll een also deen Échange, deen hei préconiséiert gëtt, realiséieren, wann de Kontakt net do ass? „Ass den Innenministère mat dësem Problem befaasst?", froe mer ons.

5. Och am Här Bausch sengem MDDI, deen zoustänneg ass fir den Aménagement du territoire, wier et eminent wichteg, dass de CNRA géif matabezu ginn. Wéi soss soll en exhaustive Repertoire vun den archeologesche Sitten entstoen?

6. Mir gesinn also: Et kënnt eng ganz schéi Mass Aarbecht op de CNRA duer. An dofir froe mer ons, ob dëse Service, souguer wann de Budget fir d'nächst Joer verduebelt gëtt, personalméisseg genuch étofféiert ass, fir dës Aufgaben ze erfëllen. Mir mengen net. Mir menge villméi, dass mer elo hei dës Konventioun ratifizéieren, mä dass d'Ëmsetzung vum Gesetz esou net wäert méiglech sinn.

Aus dëser Ursaach géif ech hei wëllen eng Motioun presentéieren, Här President, wou mer an de Prämissen dat soen, wat ech elo grad gesot hunn a wou mer d'Regierung invitéieren:

«- à s'assurer que les moyens matériels et humains nécessaires soient mis à disposition afin que la mise en pratique de ladite Convention puisse être à la hauteur de sa mission de protection du patrimoine archéologique;

- à s'assurer de même que la mise en pratique n'alourdisse pas les procédures dans le cadre de projets d'aménagement».

Ech ginn Iech heimadder dës Motioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

Motion 1

concernant l'application de la Convention européenne pour la protection archéologique

La Chambre des Députés,

- considérant la richesse archéologique présente dans le sous-sol du Grand-Duché de Luxembourg,

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

témoin des différentes époques historiques et préhistoriques de notre pays;

- rappelant que le Grand-Duché de Luxembourg a signé la Convention européenne pour la protection du patrimoine archéologique à La Valette le 16 janvier 1992;

- considérant que, d'après l'exposé des motifs du projet de loi (n° 6993) portant approbation de la Convention européenne pour la protection du patrimoine archéologique ouverte à signature le 16 janvier 1992 à La Valette, notre législation actuelle prévoit d'ores et déjà un grand nombre de dispositions concernant la protection du patrimoine archéologique, avec notamment l'obligation d'information en cas de découverte archéologique et la possibilité de protection juridique par voie de classement, de même qu'un système d'autorisation de fouilles et d'exportation d'objets mobiliers;

- considérant que, d'après l'exposé des motifs du projet de loi sous rubrique, le nouveau concept de conservation intégrée apporte non seulement une sécurité juridique mais également un gain de temps et d'énergie non négligeable alors que l'élément «archéologie» est pris en compte dès le début du projet d'aménagement;

- considérant que ladite Convention confère de nouvelles missions au Centre national de recherche archéologique dans le cadre de la planification dans les politiques d'aménagement du territoire;

- considérant que le Centre national de recherche archéologique compte actuellement 15 personnes, dont 12 archéologues;

- considérant que l'article 6 du projet de loi sous rubrique portant sur le financement de la recherche et la conservation archéologique prévoit que chaque partie s'engage à prévoir un soutien financier à la recherche archéologique par les pouvoirs publics (…) et à accroître les moyens matériels de l'archéologie préventive (…);

- saluant finalement les principes et les objectifs de ladite Convention, tout en rappelant qu'une mise en pratique efficace et réussie de celle-ci n'est cependant guère envisageable par les moyens prévus actuellement dans le projet de budget de l'exercice 2017;

invite le Gouvernement

- à s'assurer que les moyens matériels et humains nécessaires soient mis à disposition afin que la mise en pratique de ladite Convention puisse être à la hauteur de sa mission de protection du patrimoine archéologique;

- à s'assurer de même que la mise en pratique n'alourdisse pas les procédures dans le cadre de projets d'aménagement.

(s.) Mme Martine Mergen, Mme Diane Adehm, M. Marc Lies, M. Marc Spautz, M. Claude Wiseler.

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Mir hunn dofir laang diskutéiert, ob mer esou eng eidel Hüls kéinte matdroen. Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert, mir sinn der Meenung, dass d'Konventioun vu Valletta eng gutt Saach ass, soss hätte mer se deemools och net ënnerschriwwen. Dofir, an nëmmen dofir ginn ech haut am Numm vun onser Fraktioun d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz. Ech soen Iech Merci.

(Brouhaha)

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Da sidd Iech konsequent!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den nächste Riedner ass den Här Franz Fayot, deen och scho prett ass.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, de Kolleeg André Bauler huet a sengem gudden - an dëser Matière kann ee roueg soen: fouilléierten an éruditen - Rapport scho munches gesot, soudass ech mech kann op e puer Punkten a menger Interventioun konzentréieren.

Ech géif gären ufänke mat engem kuerzen Zitat; et staamt vum Här Le Brun, dem Direkter vum CNRA, an et kënnt aus engem Artikel vum Josée Hansen am „Land" vum 8. Juli dëst Joer. Hie seet do Folgendes iwwert d'Archeologie: «C'est un enjeu de société, c'est notre patrimoine collectif. En une génération un cinquième de la surface du pays est aménagée - entraînant, si on ne fait rien, des destructions irrémédiables du patrimoine.»

De Patrimoine huet dat ëmmer esou u sech - och de Patrimoine bâti -, wann e bis zerstéiert ass, wann e bis fort ass, dass en da verluer ass fir kommend Generatiounen.

Wéi räich eise Buedem un archeologesche Schätz ass, dorun ass och scho vu viregte Riedner hei erënnert ginn an dat ass och an der Kulturkommissioun diskutéiert ginn. Et ass de Chiffer genannt gi vu 6.000 erfaasste Sitten an am Ganze gëtt geschat, dass ronn 25.000 archeologesch Sitten an eisem Sous-sol sinn. Dat si ronn 20% vun eisem Territoire, déi concernéiert si vun der Archeologie.

Dat ass wäit méi wéi d'europäesch Moyenne, an et ass dofir schonn e bëssen an enger gewëssener Schimmegkeet, wou ee muss feststellen, dass mer esou laang gebraucht hunn, fir dës Konventioun vu La Valette vun 1992 bei eis ze ratifizéieren. Et ass ëmsou méi schued, well mer an engem Land sinn, wat schnell wiisst, wat iwwer Joren, Jorzéngte gewuess ass an nach ëmmer wiisst. Mir sinn effektiv mëtten an enger Wuesstumsdebatt dran a mir sinn, wéi gesot, e Land, wat weiderhi wiisst. An dofir ass déi Archeologie esou e wichtege Sujet, well et effektiv jo wichteg ass, dat ze erfaassen, wat verschwënnt a wat fir kommend Generatiounen net méi do ass, wa mer et net uerdentlech erfaassen a valoriséieren.

De Constat vum Här Le Brun ënnerschreiwe mer als LSAP also mat zwou Hänn. Et ass héich Zäit, dass mer handelen an och den Archeologen déi néideg Moyenen an Instrumenter ginn, fir eng effikass Bestandsopnam a Valoriséierung vun eisem archeologesche Räichtum ze maachen, déi esou wichteg ass fir d'Verständnis vun eiser Geschicht.

Mir freeën eis also doriwwer, dass mer haut am Beräich vum Denkmalschutz fir d'zweete Kéier an engem Joer eng wichteg international Konventioun hei ratifizéieren. An ech géif gären dem Kulturminister, dem Statssekretär an och senger Équipe e grousse Merci soen an e grousse Luef ausschwätzen, well dës Regierung huet dat gemaach, wat viregt Regierungen net gemaach hunn: Si huet 25 Joer no der Ennerschrëft dës Konventioun vu La Valette bei eis ratifizéiert an domat de Grondsteen geluecht fir eng méi modern an eng besser Legislatioun am Beräich vun der Archeologie.

Här President, wéi de Statsrot huet och de François Dessailles a sengem Rapport vun 2013 op dee Retard bei der Emsetzung vun internationale Konventiounen higewisen. En huet d'Fro opgeworf, ob dëse Retard net och vläicht mat engem Manktem u Wëlle vum Stat ze dinn hätt, fir sech international ze engagéieren. Dat huet sécher och matgespillt an der Vergaangenheet als ee vun de Grënn, firwat d'Ratifizéierung vun dëser Konventioun wéi och vun där vu Granada esou laang op sech waarde gelooss huet.

Mir begréissen dofir och, dass d'Kulturkommissioun beschloss huet ze froen, fir eng Lëscht opstellen ze loosse vun all den internationale Konventiounen am Beräich vun der Kultur, déi Lëtzebuerg nach net ratifizéiert huet, a mir hoffen, dass mer dës Lëscht esou schnell wéi méiglech kréien. Mat der Konventioun vu La Valette gi mer eis e Kader, fir d'Entdeckung vun eisem vasten archeologesche Patrimoine a beschtméiglech Konditiounen ze maachen, souwuel juristesch wéi och konform mat internationale Standarden.

E ganz wichtegt Instrument vun dëser Konventioun, dat ass och scho gesot gi vum Martine Mergen, ass an deem Sënn den Artikel 5, dee fuerdert, dass d'Länner de Schutz vum Patrimoine archéologique an hir urbanistesch a landesplaneresch Politik matabannen, dat virun allem andeem all déi concernéiert Akteure sech consultéieren an andeem si archeologesch Inventairen opstellen. Esou fërdere mer déi preventiv Archeologie, déi virun engem Chantier stattfënnt, contrairement zu der sougenannter Archéologie de sauvetage, wann de Bau schonn amgaang ass an Deeler vun deenen entdeckte Vestigen oft schonn zerstéiert sinn.

Dës Archéologie de sauvetage, wou de CNRA Pompjee spillt, ass eng depasséiert Archeologie, an et ass justement déi, déi am Gesetz vun 1966 virgesinn ass, vun där mer wëssen, dass se net fonctionnéiert an, au contraire, eng deier Archeologie ass an e Facteur ass vu Retard an der Realisatioun vun de Projeten.

Ech wéilt och op dëser Plaz, wéi verschidde vu menge Virriedner, dovunner profitéieren, fir dem CNRA e Luef auszeschwätzen an ze félicitéieren, well de Centre net op d'Ratifizéierung vun der Convention de La Valette gewaart huet, fir dës preventiv Archeologie ze praktizéieren, a scho säit enger Partie Jore preventiv schafft, zum Beispill um Site vum Ban de Gasperich.

Wéi vill besser a méi präiswäert dës preventiv Archeologie ass, konnte mer och diskutéieren an der Kulturkommissioun. Déi Fouilles de sondage, op deenen dës Method baséiert, kaschten een Euro de Meter carré a si sinn eng Method, déi et erlaabt, duerch ebe Sondagë festzestellen, ob eppes do ass, an dat dann och uerdentlech ze erfaassen.

Et ass effektiv och eng Fro vu Finanzéierung hei: Finanzéierung duerch de Secteur public oder duerch de Secteur privé? An dat ass vläicht e Punkt, op deen de Statssekretär kann agoen a senger Interventioun, a wat fir enger Mesure mer do virukomm sinn. Et ass gewosst, dass dat eng Mesure ass, déi am Zukunftspak war, ënnert der Nummer 41 mengen ech, fir eng Kofinanzéierung vun dëse Mesuren duerch de Secteur privé, duerch also d'Promoteuren, wa se bauen, fir d'Bauhäre matzekréien. An ech wollt froen, ob dat eng Mesure ass, déi schonn ëmgesat ass, oder ob déi en passe ass ëmgesat ze ginn.

D'Konventioun gesäit do dernieft och nach eng ganz Rei aner wichteg Moossname vir, wéi zum Beispill den Accès vum Public zu de Sitten, souwäit e méiglech ass, an och d'Sensibiliséierung vun de Leit. Ech hat dat scho bei der Adoptioun vum Granada-Gesetz gesot am Februar dëst Joer: An eisen Aen ass d'Sensibiliséierung an d'Éducatioun an dësem Beräich ganz wichteg a mir begréissen dat, dass dat an dëser Convention de La Valette och en Thema ass. A mir hoffen, dass dat am Partenariat - do ginn ech dovunner aus - mam Éducatiounsministère vläicht och nach an Zukunft méi ausgebaut gëtt. Et gi jo scho munch Efforte gemaach an dësem Beräich, mä ech mengen, hei kann ee sécher nach méi maachen.

Eng weider wichteg Moossnam ass d'Preventioun vun net autoriséierte Fouillen an den Détournement vun Objeten. An deem Beräich schreift d'Konventioun eng besser a méi strukturéiert Zesummenaarbecht mat auslänneschen Autoritéite vir.

Här President, wéi de Statsrot ganz richteg schreift a sengem Avis iwwert dëse Gesetzesprojet - an och dat ass scho gesot gi vu viregte Riedner -, mussen d'Instrumenter, déi dës Konventioun virschreift, a Lëtzebuerger Recht ëmgesat ginn. Déi Emsetzung soll am Kader vun der Reform vum Denkmalschutz geschéien, der Loi sur le patrimoine culturel.

An deem Kontext ass et eis wichteg, dass mer, wéi säin Direkter dat och virschléit, dem CNRA méi Autonomie a méi Moyene ginn, fir seng Aarbecht ze maachen. An enger Dageszeitung vun haut, dem „Quotidien", ass ze liesen, dass de CNRA - an ech mengen, dat ass och gesot ginn an der Kulturkommissioun - Fouillen op engen 30 Sitte pro Joer duerchféiert, duerchféiere ka mat sengem Budget a mat senge Moyene vun haut, wou dat der eigentlech idealerweis 50 sollte sinn.

De CNRA kéint dann och nach vun europäesche Subventioune profitéieren, wann en onofhängeg wier an net méi am Kader vum Musée national d'histoire et d'art agebonne wier. Mir mussen natierlech och an deem Kontext iwwert de Finanzement vum CNRA nodenken an den néidege Budget virgesinn, fir de Schutz vun eisem archeologesche Patrimoine ze garantéieren.

Här President, ech hunn dat och schonn am Kader vun der Granada-Konventioun gesot: Et ass wesentlech, dass mer dat neit Denkmalschutzgesetz op den Instanzewee bréngen. Ech weess, an dat ass och elo vum Martine Mergen nach eng Kéier gesot ginn an dorun erënnert ginn, d'Virgeschicht vun deem Projet. Et ass jo scho vill dru geschafft ginn. An ech mengen, och dat ass eppes, wat dem Kulturministère héich unzerechnen ass, dass en déi Aarbecht gemaach huet!

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Et ass eng Viraarbecht gemaach ginn. Et sinn Assises du patrimoine gemaach ginn. Et ass e Groupe de travail gemaach gi fir dësen dach awer zimlech mëssgléckte Chantier, wou déi viregt Regierung et net fäerdegbruecht huet, dee Projet de loi vun 2000 op en Enn ze bréngen, och sécher ënner munche Pressiounen, a wirtschaftleche Pressiounen. Den Denkmalschutz ass och dowéinst, mengen ech, bei eis am Land ni esou seriö geholl ginn, well en eben och géint eng Rei wirtschaftlech Intérête geet!

An ech mengen, dass de Kulturministère an dëser Regierung dëse Projet seriö geholl huet, dass d'Viraarbecht geleescht ginn ass. An ech géif mer wënschen an ech si sécher, dass de Statssekretär elo a senger Ried dorobber ageet, dass dëse Projet deemnächst déposéiert gëtt an dass mer dee sécher nach virun Enn vun der Legislatur kënne verabschiden.

Fir d'LSAP ass dëst e ganz wichtege Projet de loi, deen de Patrimoine culturel a sengem Ensembel ëmfaasst, net nëmmen de Patrimoine construit, mä och d'Archeologie an de Patrimoine immatériel. Mir géifen, wéi gesot, et begréissen, wann dat géif ganz schnell elo kommen.

Dat gesot, begréisse mir als LSAP-Fraktioun dëse Projet de loi, mir begréissen et, dass dës Convention de La Valette elo endlech bei eis ratifizéiert gëtt. An ech géif dofir gären den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Fayot. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. De 16. Januar 1992 ass déi europäesch Konventioun iwwert de Schutz vum Patrimoine archéologique vu La Valette vum Conseil de l'Europe vu Lëtzebuerg ënnerschriwwe ginn. Haut, de 16. November 2016, also bal 25 Joer duerno, gëtt se dann och ratifizéiert.

Bis haut ware mir eent vun deenen dräi Länner, niewent Montenegro an Island, déi déi Konventioun nach net ratifizéiert haten. Dat wëllt natierlech net heeschen, datt an all deene leschte Joren näischt zu Lëtzebuerg geschitt ass, fir de Patrimoine archéologique ze schütze respektiv ze retten; ech wäert nach kuerz dorop zréckkommen. Dat léisst allerdéngs duerchblécken, esou wéi et och am Exposé des motifs vun dësem Projet de loi steet, datt Lëtzebuerg sech net extra concernéiert fillt, wann et ëm d'Emsetzung vun internationale Konventiounen an dësem Beräich, also am Schutz vum Patrimoine, geet.

Mir haten, dat ass och schonn erwäänt ginn, eréischt de 25. Februar 2016 d'Convention de Grenade ratifizéiert. Do ass et ëm d'Protection du patrimoine architectural gaangen. Déi ass vun 1985. Do hate mer 31 Joer gebraucht, fir ze ratifizéieren. Mir ginn also lues a lues méi schnell.

(Hilarité)

Den deemolege Rapporteur, also vun der Convention de Grenade, wat deeselwechten ass wéi dee vun haut, deen hat och eng méiglech Erklärung fir dee Retard vun der Ratifizéierung vun der Convention de Grenade. Deen huet deemools festgehalen, datt déi Convention de Grenade kuerz no deem Gesetz, wat mer zu Lëtzebuerg votéiert haten iwwert de Schutz vun dem Patrimoine architectural - dat war kuerz duerno, dat war vun 1983 -, gestëmmt ginn ass. Dunn hate mer vläicht '85 gemengt, mir missten net direkt reagéieren.

Zu deem Gesetz iwwert d'Protection du patrimoine, zu deem Monumentsgesetz ass scho vun der Vertriederin vun der CSV gesot ginn, an dat fannen ech awer relativ courageiert, datt d'CSV monéiert, datt dat Gesetz zwar 2000 déposéiert ginn ass, nach ëmmer um Rôle ass an datt do, trotz verschidden Ukënnegungen, nach näischt geschitt ass! D'Madamm Mergen huet och gesot, si wier nom Här Fred Sunnen Rapporteur gewiescht. An da muss ech awer och froen: Wie war da vun 2000 bis 2013 de Minister vun der Kultur?! A vun 2000 bis 2013 ass awer méi laang wéi vun 2013 bis 2016!

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Duerfir hunn ech dat awer courageiert fonnt. An ech mengen, Dir hutt och gesot, Dir géift déi Convention de La Valette gutt fannen, duerfir hätt Der se deemools ënnerschriwwen. Mä et waren awer och vun 19... - wat hate mer gesot? - '92 bis dann eben, kommt, mer soen ëm 2013, et waren awer och vill Joren, wou och Dir se net ëmgesat hutt! Ech hat dat net geplangt a menger Ried, Ma-

damm Mergen, mä ech hunn awer gemengt, och dierften esou op Är Äusserungen ze reagéieren.

(Interruption)

Schonn am Abrëll 1993 hat zum Beispill den Historiker Michel Pauly op d'Noutwendegkeet higewisen an engem Artikel vun der Zäitschréft „Forum" - déi iwwregens de Freideg hire 40. Anniversaire feiert, och dat ass en historesche Fait -, fir d'Konventioun vu La Valette ze ratifizéieren. Hien huet eng ganz Rëtsch Beispiller opgefouert, fir ze weisen, datt eis Nopeschlänner e gutt Stéck méi wäit wieren, wat den Denkmalschutz an d'Denkmalfleeg betréfft. An en huet och op eng Rei Lücken an Defiziter bei eiser Gesetzgebung am Beräich vun der Protection du patrimoine higewisen.

Ënner anerem zwee Punkten hat hien a sengem Artikel als problematesch opgezielt: éischtens, den Usproch op Entschiedegung, deen de Propriétaire huet, bei deem d'Fouillen duerchgefouert ginn, oder eventuell besser d'Angscht virun dësen Ufuerderungen, déi, esou hat hien den Androck, géifen derzou féieren, datt esou munches net klassifizéiert géif gi respektiv kee Baustopp géif verhaange ginn.

An zweetens, d'Konventioun vu Malta gesäit an hirem Artikel 6 vir, datt d'Finanzéierung - an och dat war jo eng Fro - nom Verursaacherprinzip sollt geschéien. Wien also onbedéngt wëllt op engem archeologesch interessanten Terrain bauen, soll och d'Käschte fir déi noutwendeg Fouillen am Virfeld selwer bezuelen.

D'Konventioun vu Valletta hat also der Mesure 41 vum Zukunftspak wäit virgegraff. D'Mesure 41 vum Zukunftspak, ech liesen lech se eng Kéier vir: «Développement d'un nouveau concept de financement des fouilles d'urgence à réaliser par le Centre national de recherche archéologique en ayant recours à une contribution participative privée dans le secteur de l'aménagement du territoire.» Ech mengen, den Här Fayot hat déi Froe gestallt. Déi kann ech just ënnersträichen, déi stinn am Raum, déi sinn interessant. Wou sti mer do?

D'Konventioun vu Valletta ass wichteg, fir eng Rei vu Lücken an eiser Legislatioun ze schléissen, wat europäesch an international Standarden ugeet. Den honorabele Rapporteur André Bauler ass souwuel a sengem schréftleche wéi och mëndleche Rapport op de Surplus agaangen, deen dës Konventioun bei eise Beméiungen, fir eise Patrimoine archéologique ze schützen, brénge wäert.

Dat sinn engersäits eng Rei Prinzipien an Definitiounen. Sou gëtt definéiert, wat alles ënner „Patrimoine archéologique" fält. Et geet hei ëm all Iwwerreschter a Géigestänn a Spure vu Mënschen aus der Vergaangenheet, déi eis kënnen hëllefen, eis Geschicht an eis Relatiounen zur natierlecher Ëmwelt zréckzeverfollegen. Et geet also souwuel ëm Bauwierker, Gebaier, Ensemblen, beweeglech Géigestänn, Denkmäler vun all Zort.

An ech hat och scho gesot, datt och bei eis zënter 1992 vill am Beräich Protection du patrimoine archéologique geschitt ass. An engem ganz interessanten Artikel, deen och den Här Fayot gelies huet an hei schonn ernimmt huet, an zwar en Artikel vum Josée Hansen den 8. Juli 2016 am „Lëtzebuerger Land" - dat ass da mäi klengen Nodeel, wann een als Zweetleschten oder als Drëttleschte muss schwätzen -, trotzdeem, do sinn eng ganz Rei interessant Ausféierungen och ugefouert ginn.

Zënter dem Enn vun den 90er Joren, wahrscheinlech als Konsequenz op d'Affär ronderëm de Viichtener Mosaik, si mir eis zu Lëtzebuerg méi bewosst ginn, datt mer d'Spure vun eiser Vergaangenheet misste sécheren an och ënnersichen. Zënterhier hu sech déi preventiv Fouillë generaliséiert. Sou maachen d'Servicer vun de Ponts et chaussées systematesch Fouilles archéologiques. An hei ass de Landverbrauch an deene leschte Jorzéngte jo wierklech enorm: Collectricen, Nordstrooss an esou weider.

Haut schaffen eng 15 Leit am Centre national de recherche archéologique. A bis haut sinn eng 6.000 archeologesch Sitten am Land detektéiert.

Et ass awer och op anerem Plang ganz vill geschitt zu Lëtzebuerg an deene leschte 25 Joer. 1981 hunn 365 Millioune Leit zu Lëtzebuerg gewunnt, haut sinn et der 576 Milliounen. An den Drock op den...

(Interruptions diverses)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Et ass net Milliounen!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Pardon! Oh, entschëllegt!

(Interruptions)

Et war just en Test, ob Dir mer géift nolauschteren, Här Kartheiser. Dir hutt e bestanen.

Also 365.000 Leit hunn 1981 hei gewunnt. Haut sinn et der 576.000. An den Drock op den Aménagement du territoire ass net just am landwirtschaftlechen an am Ëmweltberäich spierbar. An am Projet de loi steet zum Beispill, datt mer haut an zéng Joer esou eng grouss Fläch aménagéieren, wéi fréier an 20 Jorhonnerten.

Une voix.- Ouh?

M. Claude Adam *(déi gréng).*- An et steet do, datt, wann dat esou weidergeet, dann ass a 50 Joer e Véirel vum ganze Land aménagéiert, dat heescht verbaut. An duerfir ass eng nohalteg Landesplanung och gutt fir den Erhalt vun eisem Patrimoine architectural.

Zum Schluss dann nach, fir datt mer och hei vu Plaze kommen, brauche mer natierlech e CNRA, deen och déi Moyenen huet, fir kënne seng Aufgaben ze realiséieren, déi en och mat deem heite Gesetz kritt. An natierlech brauche mer eng Sensibiliséierung an eng Éducatioun, och vun eise Jonken a vun all de Leit am Land, déi eben och drop hiweist, datt et wichteg ass, datt mer eis mat eiser eegener Vergaangenheet befaassen a se och schützen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech brénge den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner ass ageschriwwen: den Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Madamm President. Ech hunn, a verschäerfter Form, dee Problem, deen och den Här Adam beschriwwen huet: Wann een als Fënnefte iwwert dëse Sujet schwätzt, ass scho bal alles gesot, awer nach net vu jiddwerengem. Ech wäert mech also op e puer ganz wesentlech Saache just beschränken.

Dat Éischt ass natierlech e Merci un de Rapporteur, deen, wéi esou dacks, eng wonnerbar Aarbecht hei mécht.

Déi zweet Saach ass awer institutionell, eng Fro, déi ech der Regierung wëll stellen. Nääмlech, ech mengen, den Här Fayot hat et och schonn ugeschwat: Wéi soll - institutionell - d'Archeologie hei an Zukunft organiséiert ginn?

Et ass esou, datt déi Servicer, déi mer am Ableck hunn, ganz modest sinn. Et ass och esou, datt déi Tatsaach vill jonk Leit dervun ofhält, Archeologie ze studéieren, well keng Débouchéen ze gesi sinn. Wann elo all puer Joer nëmmen eng Plaz fräi gëtt, ass dat natierlech näischt Attraktives, fir esou e Beruff ze ergräifen, wann een net weess, ob een eng Zukunft huet oder net. A wann dann en Archeolog oder e Spezialist gebraucht gëtt, da musse mer dann heiansdo an d'Ausland Leit siche goen, well mir der net genuch hunn.

Wa mer awer hei wesentlech Aufgaben derbäimaachen - an um Volume wäert d'Aufgab jo wuesse fir déi Servicer -, da musse mer och higoen a kucken, fir d'Personaldecken an d'Méiglechkeete vun esou engem Service ze erhéijen. Déi Méiglechkeet, fir en Institut du patrimoine culturel ze maachen, déi ass haut nach eng Kéier ernimmt ginn. Déi hätt de Virdeel vun der Onofhängegkeet an esou weider; all déi Argumenter si schonn ernimmt ginn. Ech wëll dat elo hei net widderhuelen.

Et ass eng zweet Fro, niewent der institutioneller Fro, natierlech déi vun de Prozeduren. D'CSV huet eng Motioun elo hei hannerluecht, an där se seet, als zweet Fuerderung, datt d'Prozeduren net sollen alourdisséiert ginn, net solle méi schwéier ginn. Dat ass inévitabel! Ech mengen, wa mer elo hei eng ganz Rei Obligatiounen nach derbäikréien am Beräich vun der Archeologie, da ginn d'Prozedure méi schwéier.

De Problem ass, si däerfen d'Prozeduren net retardéieren! An ech mengen, wann ee genuch Leit huet a wann ee geschéckt higeet an der Verwaltung, fir déi Prozeduren direkt matanzebauen an engem fréie Stadium, op allen Niveaue vun der Landesplanung, och op Gemengenniveau, da muss et méiglech sinn, net aus enger zousätzlecher wichteger Aufgab e Retard entstoen ze loossen.

Hei goufe ganz vill Kommentaren och gemaach, et wär scho ganz vill preventiv Archeologie gemaach ginn an esou weider. Sécher, et sinn Efforte ginn, awer et geet net duer!

Ech wëll als Beispill hei vläicht d'Glaciskapell nennen. Ech weess net, wéi laang mer hei am Land wëssen, datt déi Glaciskapell do ass. Ech mengen, 200 Joer wäerte mer dat wëssen. Wéi dacks ass dann duerno gegruewe ginn? Mir hu se elo fonnt, an als Archéologie de sauvetage alt erëm eng Kéier wor d'Approche, amplaz datt mer Fouillen en amont vun deene Chantiere gemaach hätten, déi elo do gemaach gi sinn. Dat hätt eis méi Zäit ginn. Et hätt och keng Chantiere retardéiert herno. Mä ech mengen, dat Beispill vun der Glaciskapell weist eis, wivill Efforten nach an déi do Richtung musse gemaach ginn.

Et geet also haaptsächlech drëm, keng zousätzlech Délaien entstoen ze loossen. An dat ass eng Ustrengung! Eng Ustrengung, wat d'Personal ugeet, eng Ustrengung, wat d'Plangung ugeet souwuel um nationale wéi um kommunalen Niveau. Op jidde Fall ass et awer derwäert, dat ze maachen, well wann ee vu Sensibiliséierung schwätzt, da muss een einfach eng Mentalitéit kënnen erreeche bei alle Verantwortlechen, datt d'Découverte vun engem Héritage archéologique e Seegen ass a kee Fluch.

Well och op Gemengenniveau kann een dat valoriséieren! Et kann d'Attraktivitéit vun enger Gemeng wesentlech verbesseren. Et kann een dat flott als Touristenattraktioun maachen haut mat elektronesche Mëttelen, déi et fréier net gi sinn, wou ee sech ka lieweg virstellen, wat do war. A wéi flott dat kann duergestallt ginn, alles dat sinn technesch Méiglechkeeten, en Investissement, well Tourismus heescht och e Revenu fir eng Plaz. An ech mengen, wann een d'Archeologie och an deem Geescht gesäit, dann ass dat eben éischter e Seege wéi e Fluch.

Et geet drëm, déi Sitten ze valoriséieren. An et gëtt och haut Entreprisen, heiansdo och Verantwortlecher op Gemengenniveau, vun deenen een héiert, datt ee léiwer weidergrueft, wéi ze gesinn, wat doläit. Dat musse Saache sinn, déi der Vergaangenheet ugehéieren! Dat muss een einfach aus de Käpp erauskréien an dann awer och mat iwwerzeegenden Argumenter weisen, datt d'Découverte vun engem archeologesche Vestige, datt dat, wéi gesot, eppes ganz Positives ass. An dat ass e wichtege Punkt.

Wann awer hei vu Sensibilitéit geschwat gëtt vun deene Jonken, da muss een och vläicht kuerz eis Schoulprogrammer ernimmen. Mir mussen och emol erëm higoen an Heimatkunde maachen an och am Unterrecht an de Schoulen an de Geschichtsprogrammer och schonn um Niveau vun der Primärschoul erëm eng Chronologie do erakréien. Et geet net duer, thematesch d'Geschicht ze vermëttelen, wann een net weess, wéi d'Saachen der Rei no komm sinn: d'Kelten, d'Réimer... Well wann een déi Lëtzebuerger Geschicht wëllt verstoen, da geet dat net ouni Chronologie!

An et muss een d'Kanner och erëm encouragéieren, fir Visitten an de Muséeën ze maachen an déi Saachen esou ze entdecken, der Rei no ze entdecken, wéi eben d'Geschicht se heihinnerbruecht huet.

An et ass och bedauerlech an deem Zesummenhang, datt ganz vill vun den Découverten hei am Ausland - archeologesch, mä och herno an eiser Kulturgeschicht, ech denken do u verschidden Handschréfte vun Iechternach oder esou -, datt do wichteg Saachen, déi mer hei am Land fonnt hunn oder produzéiert hunn am Konschtberäich, an auslännesche Kollektioune leien. An et wär ganz schéin, wa mer, wa mer net d'Originaler hei hunn, wéinstens ganz gutt Kopien ëmmer hei hätten, fir datt mer awer e Gesamtiwwerbléck vun der Geschicht vun eisem Land och an eise Kollektiounen hei am Land kéinten de Leit presentéieren.

Da muss een nach eng Kéier den Ënnerscheed maachen zwëschen de Fouilles de sauvetage, där mer der hei e puer ernimmt haten, an der preventiver Archeologie. Et ass nun eemol esou: Wann een eppes fënnt a séier dohigeet gruewen, ass dat eppes ënner Zäitdrock an ënner ganz villen anere Contrainten, ass dat nun eemol eppes ganz aneres wéi déi Philosophie vun der Konventioun vu La Valette, an där mer eis hei bewegen, wou ee sech d'Mëttelen an d'Zäit gëtt, fir wierklech dat ze entdecken, wat eist Land alles u Räichtum huet - an dat ass ganz vill!

Dat gesot, ënnerstëtze mir dëst Gesetz a mir hoffen, datt mer eis och dann déi néideg Mëttele ginn, fir dat heiten ëmzesetzen.

Ech soen Iech Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kartheiser. Als leschten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Jo, Merci, Madamm Presidentin. Den Här Adam hat sech virdrun doriwwer beschwéiert, datt een als drëttleschte Riedner eigentlech scho vill Argumenter virewechgeholl kritt. Als leschte Riedner ass dat natierlech nach eng Kéier eng aner Situatioun.

Duerfir wëll ech eigentlech och net op déi Saachen nach eng Kéier agoen, déi scho gesot gi sinn an déi richteg sinn an, ech mengen, fir déi et awer och eng grouss Unanimitéit hei an der Chamber gëtt, och eng grouss Conscience, déi amgaang ass ze wuessen an deene leschte Joren, wat déi dote Froen ugeet.

Dat, wourop et elo eigentlech ukënnt, dat ass, fir dat Ganzt a Musek ëmzesetzen, dat heescht, an d'national Gesetzgebung, an déi Instrumenter och ze applizéieren. Duerfir waarde mer mat Ongedold a mat Freed op dat neit Denkmalschutzgesetz, wat an der Maach ass, a ginn och eisen Accord zu dësem Gesetz.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Här Baum. Ech hunn elo kee méi op der Lëscht hei. Dann hunn ech elo de Pleséier, fir der Regierung d'Wuert ze ginn, an ech géif dat direkt maachen: dem Här Statssekretär Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Guy Arendt, *Secrétaire d'État à la Culture.*- Merci, Madamm Presidentin. Fir mech ass et nach méi schwéier, well ech sinn als Allerleschten do, fir e puer Wuert zu dem Projet hei ze soen.

Ech géif op alle Fall wëllen ufänken, andeem ech dem Här Bauler, dem Rapporteur, an all deenen Intervenanten e grousse Merci ausdrécken. Ech mengen, et war eng flott Debatt mat flotten Argumenter. An ech versichen, op déi eng oder déi aner Fro op alle Fall ze äntwerten.

Bon, et ass gesot ginn, ech soen et awer deelweis nach eng Kéier: '92 ass déi Konventioun zu La Valette ënnerschriwwe ginn. Mir sinn eent vun deenen zwee oder dräi leschte Länner, déi nach net ratifizéiert hunn. Dofir wëlle mer dat och elo nohuelen.

Ech mengen, et ass alles schéin a gutt, fir ze soen: „Et louch elo esou laang do, et ass näischt geschitt." Bon, mir hunn et, wéi den Här Fayot gesot huet, an de Grapp geholl a mir hunn et op de Wee bruecht an dës Sitzung.

Bon, eis Legislatioun, dat huet de Rapporteur och scho gesot, ass eng vereelzten a si ass och net komplett. Mir hu wuel e Klassement vu verschiddene Sites archéologiques, mir hunn d'Verflichtung, wann een eng Découverte mécht, fir déi ze signaliséieren, wat net ëmmer gemaach ginn ass. Ech wëll elo näischt, kee Site ernimmen, mä dat ass awer de Fall gewiescht. An, wéi gesot, et muss een och eng Autorisatioun hunn, fir verschidde Fouillen duerchzezéien. Dat sinn awer nëmmen e puer Punkten. A wann ech europäesch kucken, sinn awer nach eng ganz Partie Saachen, déi eis feelen.

D'Valletta-Konventioun huet op alle Fall véier Notiounen, déi mer hei aféieren. Dat ass d'Definitioun iwwerhaapt: Wat versti mer ënner Patrimoine archéologique? Zweetens ass d'Opstelle vun Inventairen eng Obligatioun, an d'Mise à jour natierlech och vun deenen Inventairen. Mir hunn d'Notioun vun der „conservation intégrée" a mir hunn eng verstäerkte Sensibilisatioun vum Public.

Ech fannen, dat geet - ee vun de Virriedner hat et och gesot - mat der Éducatioun zesummen. Dat ass effektiv e Punkt, dee mer musse mat der Éducatioun ugoen. Mir mussen definitiv d'Leit vill méi sensibiliséieren op de Patrimoine, sief et de Patrimoine construit, sief et de Patrimoine souterrain oder archéologique.

Leider ass dat net ëmmer an eiser Mentalitéit dran. An ech mengen, et gëtt Zäit, dass mer déi Mentalitéiten e bëssen ëmänneren, dass mer do e bëssen dru rësele ginn, fir de Leit erëm méi Sensibilitéit dofir ze ginn. Et ass gesot ginn: Et ass net e Fluch, et ass net eng Plo, mä et soll ee frou sinn, wann een där Témoine vu fréier nach fënnt, déi een do ka wéinstens dokumentéieren, wann ee se net wëllt erhalen.

Kuerz géif ech nach wëllen op d'Conservation intégrée kommen. Et ass en Instrument, wat fir eis ganz wichteg ass. Firwat? Mä ganz einfach, well mir hunn en enorme Patrimoine ënnerierdesch leien, wéi eben eis Glaciskapell, déi ugeschnidde ginn ass, mä och aner Sitte si ganz wäertvoll. Mir hunn där Plazen nach vill, dofir wär et gutt, wa mer do géifen, wéi gesot, en Inventaire maachen.

Dann, op där anerer Säit, wéi gesot, sinn och vill Bauprojeten, siefen et Autobunnen, Parkhaiser, awer och nei Logementer. An dofir ass, wéi gesot, déi Notioun vun der Conservation intégrée eng ganz wichteg.

Et geet drëm, fir déi verschidde Gremien un en Dësch ze kréien, sief et Urbanismus, sief et Aménagement du territoire, an dat an enger Planungsphas. Et ass virdrun deelweis bemängelt ginn: „Jo, mä, bon, dat gëtt Retarden, et kascht méi deier." Ech fannen, et gëtt méi deier, wann een eng Archéologie de sauvegarde mécht, wou een dann op eemol eppes entdeckt, an dann op eemol muss een alles stoppen an da fänkt een eréischt un. Dat gëtt Délaien, éischtens Zäitdélaien, mä awer och finanziell Délaien. All Délai, dee kascht jo awer och Suen!

Dobäi ass et da wichteg, a mengen Aen, dass mer déi Archéologie préventive aféieren, déi wierklech… An dat ass och schonn de Fall, ech mengen, de Foni Le Brun mécht dat scho mat senger ganzer Équipe - iwwregens e grousse Merci och un de CNRA -, mä si maachen dat de Moment schonn, dass se wierklech versichen, souwäit wéi et nëmme geet, déi Akteuren un engem Projet esou schnell wéi méiglech un en Dësch ze kréien an dann, wéi gesot, eng Archéologie préventive ze maachen éischter wéi eng Archéologie de sauvetage.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Voilà. Ech mengen, et geet haaptsächlech drëm, fir déi Retarden, déi entstinn oder entstoe kënnen, ze minimiséieren. An, wéi gesot, vun Ufank un hu mer eng Rechtssécherheet an eng Previsibilitéit op deene verschiddene Chantieren.

E puer Commentairen nach oder Äntwerten op verschidde Punkten, déi opgeworf gi sinn. Zur Finanzementsmesure 41 kann ech soen: Do ass eng Etüd vun engem Cabinet gemaach ginn. Mir hunn déi Etüd virleien a mir sinn de Moment amgaangen ze analyséieren. Do sinn natierlech e puer Iddien opkomm, e puer Pisten opkomm, a mir sinn amgaangen ze kucken, wat do déi beschte Pist ass, fir kee bei der ganzer Saach ze strofen.

Zur Reorganisatioun vun der Administratioun Sites et monuments, CNRA kann ech Iech soen, dass mer un där Iddi schaffen, fir eng Divisioun ze maachen, eng Division du patrimoine, wou mer géife kucken, fir de CNRA an de Service des sites et monuments ënner een Hutt ze kréien, fir dann eben och méi effikass kënnen ze schaffen. D'Aarbechte sinn um Lafen. An et dierft net méi allze laang daueren, bis mer de Projet kéinten déposéieren.

D'Protection-du-patrimoines-Gesetz, et ass richteg gesot ginn, do läit scho laang eent am Tirang, mä dat ass ni ervirgeholl ginn. Meng Virgängerin huet déi Groupe-de-travailen op d'Bee gesat an d'Assises du patrimoine aberuff, fir ze kucken, eben do d'Sensibilitéite vun deene verschiddene Secteuren erauszefannen, erauszeschielen. Déi Aarbechte gi selbstverständlech matabezunn an déi Aarbechten, déi elo de Moment stattfannen, a mir sinn dauernd a Consultatioune fir eben déi Texter iwwer sief et de Patrimoine architectural, sief et de Patrimoine archéologique, mä awer och de Patrimoine mobilier, fir doriwwer e Projet ze presentéieren.

Ech war, muss ech ganz éierlech soen, e bëssen Optimist, wéi ech ufanks des Joers gesot hunn, mer kéinten deen Enn des Joers déposéieren. Mea culpa! Ech ginn elo keng Zäit méi un, mä mir sinn op alle Fall ganz déck amgaangen drun ze schaffen. A mir missten dat och relativ schnell awer nach iwwert d'Bün kréien. Mä et ass net esou einfach, et ass vill Aarbecht, et ass net esou einfach, wéi ee sech dat virstellt, well et muss ee vill Punkte mat considéréieren.

Wat ech awer och nach wëll soen: D'Inventairë sinn ugeschwat ginn. Mir sinn de Moment an enger Testphas vun engem Inventaire an enger Gemeng. Deen Inventaire kréie mer vu Sites et monuments an deenen nächste 14 Deeg presentéiert an da wäerte mer décidéieren, a wat fir eng Richtung mer an där Inventorisatioun géifen da virugoen a wéi mer déi géife fäerdeg maachen.

Also, ech kann do nëmme soen: Mir schaffe ganz intensiv um Gesetz. Och um Inventaire gëtt ganz intensiv geschafft. Ech géif also mengen, mir wären um gudde Wee. An ech wär frou, wa mer deen heite Projet kéinte gutt iwwert d'Bün kréien.

Zu der Motioun vun der CSV: Si ass a mengen Ae superfétatoire. Mä ech mengen, ech hunn awer kee Problem, wann d'Deputéiert géifen doriwwer décidéieren.

Voilà! Dat wär et. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo? Den Här Wolter.

M. Michel Wolter *(CSV).*- ...ech hat gehofft, dass den Här Statssekretär vläicht déi eng oder déi aner méi prezis Äntwert géif ginn op déi Froen, déi d'Madamm Mergen gestallt huet, well wa mer och alleguerten d'accord sinn, dass Archéologie préventive eppes Wichteges ass, dann ass et awer net onwichteg, dass Der vläicht géift definéieren: Wat heescht Planungsphas?

Wéini fänkt eng Planungsphas un? Wéini hält eng Planungsphas op? Dann d'Délaie fixéieren, wou esou Interventioune géife stattfannen, d'Kompetenz definéieren, a virun allem de Finanzement definéiere vun deem Ganzen! Well ech fannen, dass déi Aart a Weis, wéi dat elo zurzäit geschitt...

Ech hunn Iech och e Bréif a menger Funktioun als Buergermeeschter op engem konkreten Dossier doriwwer geschriwwen: dass een e Bréif kritt vun deem Här Foni Le Brun - wou een déi éischte Kéier, wann een de Bréif kritt, net weess: Ass et e Mann, ass et eng Fra? Elo weess ech, dass et e Mann ass, den Här Foni Le Brun -, net vun Iech, fir esou Saachen ze maachen, wou een dann opgefuerdert gëtt als Gemeng...

(Interruption)

Jo, et ass an der Rei! Mä wa gesot gëtt, et soll een d'Akteuren un en Dësch bréngen an et soll ee kucken, dass jiddweree matschafft, an et kritt een einfach e Bréif dohinnergetässelt, dat 14 Deeg, nodeem eng Sitzung war vun enger Commission d'aménagement, an da kritt ee gesot, et wär een elo gebieden, eng Fouille préventive ze maachen - et soll een déi selwer maachen an et soll ee kucken, déi selwer ze finanzéieren -, an et schreift een dann dem Statssekretär e Bréif, fir ze froen, op wat fir eng Disposition légale e sech baséiert, op wat e sech baséiert, fir esou eng Fuerderung ze stellen, an et kritt een da keng Äntwert, dann ass dat net déi Aart a Weis (veuillez lire: déi richteg Aart a Weis), wann ee gären hätt, dass d'Gemengen an e Boot kommen, fir am Kader vun der Exekutioun vun de PAPen a vun de PAGe mat Iech zesummenzeschaffen.

Well ech soen Iech, wat d'Angscht ass: D'Angscht ass, dass mer amgaange sinn, hei eng zweet Fliedermaus-Diskussioun ze kréien, wou ee vun iergendenger Säit en dehors vun all Kritär op eemol gesot kritt: „Elo sidd Der gebieden, dat doten an dat doten ze maachen!", ouni Base légale - ouni Base légale! -, ouni dass een engem ka soen: „Den Artikel esou an esou vum Gesetz esou an esou, deen ass dat", ouni dass et kloer ass, wéi de Finanzement vun där ganzer Geschicht ass a wéi d'Délaie sinn!

An et ass dat, wat ech Iech, Här Statssekretär, eigentlech gäre mat op de Wee wéilt ginn. Eng Konventioun ratifizéieren ass dat eent. Kloer Kritäre schafen, no welche verschidde Saache geschéien, ass eppes anescht! An ech erënnere mech un déi Diskussioun, déi mer virun engem Joer hei haten iwwert d'Aart a Weis, wéi am Kader vun de PAGen Haiser op eemol op eng Lëscht kommen oder net op eng Lëscht kommen, wou Der gesot hutt, och duerno géift Der kucken.

Ech sinn en iwwerzeegte Verfechter vun deene Saachen. D'Geschicht ass eppes extrem Wichteges. An d'Geschicht muss erhale bleiwen a si muss och dokumentéiert ginn. Mä si muss erhale ginn, si muss dokumentéiert ginn a si muss sauvegardéiert ginn - wéi och ëmmer Der et wëllt nennen - no Kritären, déi fir jiddwereen novollzéibar sinn, déi transparent sinn an déi sech och fir jiddwereen dee Moment applizéieren! An et ass dat, menger Meenung no, déi Hausaufgab, déi nach muss gemaach ginn.

Fir et kloerzestellen: Et ass a mengen Aen net logesch, dass een e Bréif kritt aus engem Ministère, wou ee seet: „Elo sidd Der gebieden, eng Fouille ze maachen an Dir sidd gebieden, déi ze bezuelen." Ech fannen dat net logesch! Wann aner Buergermeeschteren der Meenung sinn, dass dat logesch ass, da soen ech Iech: Ech fannen dat net logesch! Ech sinn der Meenung, dass, wann Dir als Stat gären hätt, dass dat dote geschitt - et ass eng staatlech Kompetenz -, da muss de Stat och derfir suergen, dass et geschitt, an de Stat muss och de Finanzement vun deem Ganzen droen! Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Statssekretär, wann ech gelift.

M. Guy Arendt, *Secrétaire d'État à la Culture.*- Här President, ganz kuerz: Ech huelen d'Hausaufgab mat a mir wäerte sécherlech op Iech zréckkommen. An ech kucken awer déi Saach vun deem Bréif do no, well dat ass net normal, dass Der keng Äntwert kritt hutt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen zum Projet de loi ukomm a mir kënnen iwwert de Projet 6993 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6993 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60 Participatiounen um Vott, 60-mol Jo. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Martine Mergen), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Roger Negri) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber domat d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Sommaire des séances publiques nos 4 et 5

4e séance

Ouverture de la séance publique p. 47
Communications p. 47-48
Ordre du jour p. 48
Dépôt d'une résolution et d'une proposition de loi par M. David Wagner p. 48
Dépôt d'une résolution par Mme Martine Hansen p. 48
Heure de questions au Gouvernement
- Question n°225 du 14 novembre 2016 de M. André Bauler relative à l'élargissement de la B7 entre Colmar-Berg et Erpeldange/Sûre, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 48
- Question n°226 du 15 novembre 2016 de M. Gilles Roth relative à la fugue d'un prisonnier lors d'une visite médicale au CHL, adressée à M. le Ministre de la Justice p. 48-49
- Question n°227 du 15 novembre 2016 de M. Gérard Anzia relative à la présentation d'une nouvelle stratégie économique plus durable pour notre pays, adressée à M. le Ministre de l'Économie p. 49
- Question n°228 du 15 novembre 2016 de M. Laurent Zeimet relative à la circulaire n°3407 - Refonte du plan d'aménagement général - évaluation environnementale dite «SUP», adressée à M. le Ministre de l'Intérieur p. 49-50
- Question n°229 du 15 novembre 2016 de M. Max Hahn relative à la promotion du carpooling, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 50
- Question n°230 du 15 novembre 2016 de Mme Martine Hansen relative à la fermeture, aux heures de pointe, d'une voie du tunnel «Stafelter» en direction de Luxembourg-ville, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 50
- Question n°231 du 15 novembre 2016 de Mme Taina Bofferding relative à l'encadrement légal des stages en entreprise, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire p. 50-51
Désignation de deux membres du comité d'évaluation institué par la loi du 23 juillet 2016 portant mise en place d'un statut spécifique pour certaines données à caractère personnel traitées par le Service de renseignement de l'État p. 51
6968 - Projet de loi relatif à certaines règles régissant les actions en dommages et intérêts pour les violations du droit de la concurrence et modifiant la loi modifiée du 23 octobre 2011 relative à la concurrence p. 51-53
7001 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental p. 53-54

5e séance

Ouverture de la séance publique p. 54
Ordre du jour p. 54
Dépôt d'une résolution par M. Marc Angel p. 54-55
Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar p. 55
Dépôt d'une motion par M. Kartheiser p. 55
Ordre du jour (suite) p. 55
Question élargie n°20 de M. Fernand Kartheiser au sujet des relations avec la Turquie et sur d'éventuelles sanctions,
Résolution de M. Marc Angel relative à un appel aux autorités de la République de Turquie à rejoindre la voie de la démocratie, à relancer un processus de paix crédible et un dialogue de bonne foi avec les régions à majorité kurde et à s'opposer à la réintroduction de la peine de mort,
Résolution de M. Laurent Mosar relative à un gel des négociations d'adhésion à l'UE avec la République de Turquie, à la continuation du dialogue géopolitique et de coopération sur le plan de la politique étrangère et de défense, à l'approfondissement des relations commerciales, à la modernisation de l'union douanière et à la poursuite de la coopération au niveau de la politique migratoire
et
Motion de M. Fernand Kartheiser relative au respect des valeurs européennes, des droits de l'homme, de la protection des minorités, de la liberté de presse, de la liberté de l'opposition politique, de la sécurité et de l'intégrité territoriale de la Grèce, de l'intégrité territoriale de la Chypre et à la reconnaissance du génocide arménien p. 55-61
6881 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République des Philippines, signée à Luxembourg le 15 mai 2015 p. 61-62
6979 - Projet de loi portant modification
I. de la loi du 19 décembre 2014 relative 1. aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2. à la promotion de la création artistique, et
II. du Code du travail p. 62-63
6993 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne pour la protection du patrimoine archéologique ouverte à signature le 16 janvier 1992 à La Valette p. 63-67

An dann hu mer d'Motioun, déi vun der CSV abruecht ginn ass. Sinn dozou nach Wuertmeldungen? Den Här Berger.

Motion 1

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. De Statssekretär huet eigentlech och scho gesot, wéi d'Regierung zu där Motioun steet. Och fir eis wier se eigentlech am Prinzip superfétatoire, dat heescht iwwerflësseg, well ech mengen, mir ginn natierlech dovunner aus, datt d'Regierung sech wäert déi Moyene ginn, fir datt hei d'Émsetzung vun där Konventioun net eng eidel Hüls bleift. An ech sinn och iwwerzeegt, datt d'Regierung Suerg wäert droen, datt d'Prozeduren net méi komplizéiert ginn. Ech mengen, dat ass d'Suerg vun eis alleguerten. Mä ech mengen, mir kënnen awer och déi Motioun hei matstëmmen. Dat ass kee Problem.

Merci.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech gesinn, dass hei eng wäitgeeënd Zoustëmmung ass. Sidd Der domat d'accord, dass mer per Hand ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien ass derfir?

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Plusieurs voix.- Aah!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Hu mer Enthalung?

Mir hunn also eng Géigestëmm vum Här Alexander Krieps. Domat ass d'Motioun ugeholl.

Mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Kolleeginnen a Kolleegen, net vergiessen: Muer ass Rendez-vous um hallwer zwou! Merci gesot. E schéinen Owend nach an d'Sëtzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.41 heures)

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU **N°02** • SESSION ORDINAIRE 2016-2017

Sommaire des questions parlementaires

Question n°	Auteur	Objet
	Questions parlementaires posées au cours de la session ordinaire 2015-2016	
2224	Martine Hansen	Simulations réalisées dans le cadre du règlement grand-ducal portant sur l'évaluation et la promotion des élèves de la formation professionnelle
2243 cf. 2283-2305	Gilles Roth, Diane Adehm	Exécution du «Zukunftspak»
2245	Roy Reding	Garanties d'achèvement dans le cadre de ventes immobilières «en état de futur achèvement»
2260	Françoise Hetto-Gaasch, Nancy Arendt	«Lënster Lycée»
2266	Laurent Mosar, Gilles Roth	Lettre du Procureur général d'État au Ministre de la Sécurité intérieure en relation avec la réforme de la police judiciaire
2267	David Wagner, Marc Baum	Application de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État à la Cour grand-ducale
2268	André Bauler, Gusty Graas	Nouvelle identité visuelle de la Police grand-ducale
2269	Martine Hansen	Déclarations du directeur de l'Administration de la gestion de l'eau relatives aux récentes intempéries
2270	Gilles Roth	«Rentnerausweis»
2271	Laurent Mosar	Sécurité des «couloirs humanitaires» à Alep en Syrie
2272	Marc Spautz	Université du Luxembourg
2273	Gilles Baum	Projet «Track 2»
2274	André Bauler, Edy Mertens	Service d'aide médicale urgente
2275	Marc Spautz	Allocation de vie chère
2276	Laurent Mosar	Évolution du nombre des demandes d'asile provenant de citoyens turcs au Luxembourg
2277	Gilles Roth, Diane Adehm	État des recettes restant à recouvrer des communes
2278	Serge Wilmes	Fonctions dirigeantes dans les administrations et les services de l'État
2279	Max Hahn, Claude Lamberty	Législation concernant la location d'appartements et de maisons
2280	Diane Adehm, Gilles Roth	Consultation des communes dans le cadre du projet de loi sur les fabriques d'église
2281	Max Hahn, Gusty Graas	Droits de trafic aérien
2282	Roy Reding	Différence des amendes pour des agriculteurs
2283-2305 cf. 2243	Gilles Roth, Diane Adehm	Exécution du «Zukunftspak»
2306	Diane Adehm, Gilles Roth	Transfert de données de clients de la BCEE par la Rhénanie-du-Nord-Westphalie
2307	Gilles Baum	«Lënster Lycée»
2308	Franz Fayot	Prévisions de croissance
2309	Franz Fayot	Égalité de traitement
2310	Laurent Zeimet	Échange de renseignements en matière fiscale
2311 cf. 2312	Jean-Marie Halsdorf	Effets néfastes du médicament antiépileptique «Dépakine»
2312 cf. 2311	Cécile Hemmen	Victimes du médicament antiépileptique «Dépakine»
2313	Alexander Krieps, Edy Mertens	Test prénatal NIFTY
2314	Gusty Graas	Redistribution de certaines armes à feu au sein de la Police grand-ducale
2315	André Bauler	État de certains sentiers pédestres proposés par les CFL
2316	Françoise Hetto-Gaasch	Qualité d'officier de police judiciaire dans le cadre de la réforme de la Police grand-ducale
2317	Léon Gloden	Vitesse maximale autorisée sur la route N10 entre Schengen et Remich
2318	Marc Spautz	Armes de service de la Police grand-ducale
2319	Laurent Mosar	Rapport confidentiel du Gouvernement allemand sur une plate-forme du terrorisme islamique en Turquie
2321	André Bauler	Agritourisme au Luxembourg
2322	Roy Reding	Site „Schëttermarjal"
2323	Octavie Modert, Martine Hansen	Transports illégaux d'animaux
2324	Alex Bodry	Maintien d'un commerce de proximité dans les centres-villes et consolidation d'une offre commerciale variée
2325	André Bauler	«Assises du Tourisme»
2326	Françoise Hetto-Gaasch	Familles d'accueil
2327	Laurent Mosar	Intégration des réfugiés sur le marché du travail
2328	Sylvie Andrich-Duval, Martine Hansen	Étudiants en médecine dans une université francophone belge
2329	Roy Reding	Prix de l'essence et du diesel
2330	Martine Hansen	Concours de recrutement du personnel enseignant de l'enseignement fondamental
2331	Martine Hansen	Remplacements temporaires de membres du personnel enseignant dans les écoles fondamentales
2332	Martine Hansen	Base nautique de Lultzhausen
2333	Claudia Dall'Agnol	Accueil des jeunes au pair
2334	Laurent Mosar	Reconnaissance de mariages impliquant des mineurs
2335	Marc Lies	Réalisation de logements locatifs sociaux au cours des dernières années
2336	Max Hahn	Système de localisation ITCS dans les autobus
2337	Max Hahn, Claude Lamberty	Service wi-fi dans les bus et les trains
2338	Jean-Marie Halsdorf	Conséquences d'une mise en vente des laboratoires d'analyses médicales Cerba
2339	Nancy Arendt	Teneur en sucre dans les boissons
2340	Gilles Baum	Visa du type «work & travel»
2341	Léon Gloden	Prêts hypothécaires pour des acquisitions d'objets immobiliers à l'étranger
2342	Fernand Kartheiser	Acte de vandalisme au Centre Héliar à Weilerbach
2343	Laurent Mosar	Négociations sur le Partenariat transatlantique de commerce et d'investissement (TTIP) entre les États-Unis d'Amérique et l'Union européenne
2344	Marc Spautz	Prélèvement des contributions sociales sur les revenus du patrimoine des résidents français qui travaillent dans un autre État membre de l'Union européenne
2345	Franz Fayot	«White Paper» du Trésor américain sur les accords BEPS (Base Erosion Profit Shifting)
2346	Marc Spautz	Paiement de l'allocation familiale à l'égard de personnes handicapées
2347	Fernand Kartheiser	Paiement de l'allocation familiale au-delà de 25 ans pour raisons de santé
2348	Marc Spautz	Réforme des finances communales
2349	Martine Hansen, Marco Schank	Peste porcine africaine
2351	Léon Gloden	Congés collectifs
2352	Sylvie Andrich-Duval, Léon Gloden	Services des urgences médicales
2353	Cécile Hemmen	Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé
2354	André Bauler	Rénovation du Monument national de la grève du 31 août 1942
2355	Martine Hansen, Aly Kaes, Marco Schank, Emile Eicher	Ligne ferroviaire Liège-Gouvy
2356	Octavie Modert, Marco Schank	Installation de la Maison du Parc naturel Mëllerdall dans le Château Renaissance de Beaufort
2357	Gilles Baum	Dépassement à droite
2358	Alexander Krieps, Edy Mertens	Médecines dites «parallèles»
2359	Léon Gloden	Soutien des vignerons
2360	Cécile Hemmen	Coavionnage
2361	Joëlle Elvinger, Max Hahn	Rébellion au Centre pénitentiaire à Schrassig
2362	Cécile Hemmen	Pictogramme d'avertissement pour femmes enceintes
2363	Max Hahn, Claude Lamberty	Capacité d'accueil des refuges d'animaux

Sommaire des questions parlementaires

Question n°	Auteur	Objet
2364	Gusty Graas, André Bauler	Perturbations causées par le nouveau bassin canoë-kayak à Diekirch
2365 cf. 2366	Gusty Graas	Concours de pêche
2366 cf. 2365	Claudia Dall'Agnol	Concours de pêche
2367	Alexander Krieps, Claude Lamberty	Trafic routier au niveau du rond-point Robert Schaffner dit «Irrgarten»
2369	Martine Hansen	Surface agricole
2370	Laurent Mosar, Françoise Hetto-Gaasch	Droit de superficie
2371	Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser	Taux d'intérêt des emprunts de l'État
2372	Fernand Kartheiser	Détournement de millions d'euros au profit du Hamas
2373	Gilles Roth, Diane Adehm	Réception des bagages à l'Aéroport de Luxembourg
2374	Françoise Hetto-Gaasch	Budget de la Société nationale de crédit et d'investissement
2375	Gilles Roth, Diane Adehm	Remboursement des soins de médecine dentaire
2377	Laurent Mosar	Turquie sur la liste des pays d'origine sûrs
2378	Gilles Roth, Diane Adehm	Permis à points
2379	Marc Spautz	Drone «ambulance» équipé d'un défibrillateur
2380	Diane Adehm, Gilles Roth	Radicalisation des femmes
2383	André Bauler, Gusty Graas	Signalisation d'interdiction de baignade dans le Lac de la Haute-Sûre
2385	Roger Negri	Semaine de la sécurité au travail
2386	Martine Hansen	Lycée technique hôtelier Alexis-Heck (LTHAH)
2387	David Wagner	Déversement du liquide AdBlue à l'aire de Berchem et pollution de l'Alzette
2389	Fernand Kartheiser	Droits de l'homme et liberté de religion en Iran
2391	Diane Adehm, Gilles Roth	Mesures compensatoires environnementales
2393	Gusty Graas	Collaboration entre l'ITM et l'Administration des douanes et accises
2394	Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps	Bureau de recrutement pour l'Armée, la Police grand-ducale et l'Administration des douanes et accises
2395	Roy Reding	Déchets de verdure
2397	Martine Hansen, Marco Schank	Déchets de verdure
2398	David Wagner, Marc Baum	Présence annoncée des «Hells Angels» comme invités d'honneur lors d'un événement sous le haut patronage du Gouvernement
2400	Joëlle Elvinger	Trafic journalier sur l'A7 et dans la vallée de l'Alzette
Deen aktuell héijen techneschen Déngschtleeschtungsniveau ka garantéiert ginn, well den techneschen Service CNS d'Projete vum Ufank bis zur Installatioun an der Mise en route selwer mécht an dofir d'Équipementer och bis an de klengsten Detail kennt. Wéi kann dëst an der Kollaboratioun mat der DFS garantéiert ginn?

Datt d'Techniker vun dem CNS sech allgemeng Gedanke maachen, dat ass zënter dësem Hierscht och kloer. Si hunn ewell hir eegen Associatioun gegrënnt: ATSEP Luxembourg, an dat, well se sech net méi vun der Personalvertriedung vun der ANA vertruede gefillt hu par rapport zu der Administratioun an der Direktioun.

Dofir géif ech gären och vum Här Minister wëssen, wat hien zu där Associatioun an zu där Positioun a Situatioun do seet. Hutt Der scho mat hinnen och iwwert déi Suerge geschwat, déi se hunn?

Här President, d'EU-Zertifikatioun, d'Zuel vun de Passagéier, déi all Joer staark an d'Luucht geet, an den aktuellen Zoustand verlaangen, datt an d'Infrastrukture vum Fluchhafen investéiert muss ginn. Dee Projet, deen am séierste gemaach muss ginn, ass d'Erneierung vun der Pist, engem Deel vun den Taxiwayen an de Parkingen. 200 Milliounen Euro géif dat kaschten, dat huet den Här Transportminister viru Kuerzem gesot.

Mir waarden och nach op e Projet de loi, dee sollt geschwë kommen. Kënnt Der eis soen, wéini genau? A wéi laang soll déi Renovatioun daueren?

Déi Froe si wichteg, well de Stat haut nach 50% vun de Käschten iwwerhuele kann. Komme mer awer iwwer dräi Millioune Passagéier um Findel, dat wäert wuel d'nächst Joer de Fall sinn, dann däerf de Stat just nach 25% vun den Infrastrukturkäschten iwwerhuelen. Hei sinn d'EU-Konkurrenzregele ganz strikt.

Nieft der Fro vun de Käschten ass d'Erneierung vun der Pist awer och en Défi fir d'Fluchgesellschaften um Findel. Ech denken hei beson-

nesch un d'Cargolux, awer och un deen een oder anere Luxair-Vol. Där hir Fligere kommen och emol owes eran, wann de Fluchhafen u sech zou ass, dat heescht tëschent eelef Auer owes a sechs Auer moies. D'Aarbechten op der Pist kënnen awer nëmmen an deene Stonne gemaach ginn.

Haut de Moien huet de CEO vu Cargolux nach um Radio gesot, datt hien nach keng prezis Informatiounen hätt iwwert de Chantier. Hie wéisst nach net, wéi dat genau organiséiert géif ginn. Hie sot allerdéngs och, datt wuel net weekends geschafft wäert ginn an datt grosso modo dat am Summer wäert gemaach ginn. Hie sot och, datt d'Cargolux just als lescht Alternativ wäert op en anere Fluchhafen ausweichen, an deem Fall wuel Léck. Dat kéint awer dann eng deier ginn.

Dofir, Här President, kann den Här Transportminister confirméieren, wat de CEO vu Cargolux gesot huet? Oder kéint hien eis eng Kéier a grousse Linne soen, wéi dee Chantier geplangt ass?

A wa mer bei de Pisten an de Fligere sinn, kéint hien eis och soen, wéi eng Mesuren een nach eventuell huele kéint, fir de Kaméidi ze reduzéieren, dee produzéiert gëtt, besonnesch ebe bei engem Fluchhafen, wou jo de Verkéier awer wäert an den nächste Jore staark klammen?

Spéitstens d'nächst Joer wäert näämlech, wéi ech scho gesot hunn, de Findel wuel bei dräi Millioune Passagéier a méi sinn. A wann et an deem Rhythmus weidergeet, da si mer a fënnef bis sechs Joer bei véier Milliounen. Eng Konsequenz ass, datt dann de Stat keng finanziell Hëllef méi ka ginn. Eng aner, datt och d'Capacitéit vun enger Aérogare wahrscheinlech net méi duergeet, souguer net, wann elo den Terminal B derbäikënnt.

Den Transportminister huet dofir och an deene leschte Méint de Projet Airport City presentéiert: Dat ass de Masterplang fir deen Deel vum Fluchhafen, dee sech „landside" nennt, op der „Landsäit". Zwee Businessparke mat ronn 51.000 m² solle gebaut ginn, een Hotel, weider Butteker a 7.000 nei Parkplazen. Dee Projet gesäit gutt aus, well e soll näämlech och de Potenzial, deen et nach um Fluchhafen gëtt, notzen. An engems geet et natierlech net duer, datt et bei de Biller, bei der Annonce bleift, mä et sollt eigentlech och eng Kéier Realitéit ginn.

Dofir, kéint den Här Transportminister eis soen, wéi séier déi Airport City soll realiséiert ginn? Ginn et schonn Investoren? Ginn et schonn Demanden, fir dat ze maachen?

Deel vum Masterplang ass och d'Mobilitéit. Den Tram soll jo bis 2021 op de Fluchhafe fueren an e mat der Stad verbannen. Wou sidd Der do am Planing drun? Iwwerhëlt do de Stat déi ganz Käschten oder gëtt et awer och nach Opdeelung mat de Gemengen, duerch déi den Tram wäert fueren? Wéi ass et mat deem Park & Ride Héienhaff? Dir hutt e jo elo presentéiert. Ass dee fäerdeg, wann den Tram op de Findel fiert? Oder muss dofir net och fir d'Éischt dee ganzen Autobunnséchangeur um Sennengerbierg ëmgebaut ginn?

Här President, dat sinn alles Projeten, déi wéi gesot op der Landsäit leien. Mä wéi ass et mat der „Loftsäit", der „airside"? Ass eng Extensioun vum Terminal A geplangt, wann d'Zuel vun de Passagéier weider esou wiisst, besonnesch vum Embarquement? Gëtt et dofir um Site selwer Plaz, fir dat kënnen ze maachen? An engems ass den Hall vun der Aérogare zwar ganz grouss, mä wäert hien an Zukunft genuch Plaz hunn? Ech denken do besonnesch un d'Sécherheetskontrollen, wou de Flux fir dohinner haut schonn an de Spëtzestonne staut. Wéi kann hei fir e bessere Flux gesuergt ginn?

A wéi kënnen an der Aérogare vun haut Sécherheetskontrolle gemaach ginn, wa Lëtzebuerg enges Daags direkt mat Amerika sollt verbonne ginn? Esou ee Projet vun engem transatlantesche Vol gëtt et jo nach ëmmer. An deem Fall hätte mer dann eng gemeinsam Grenz mat den USA, missten nach méi streng Kontrolle maachen. Muss den Terminal awer net souwisou ausgebaut ginn oder méi grouss gemaach ginn? Well vun 2020 u solle jo och laut EU méi streng Kontrolle gemaach gi vun alle Passagéier, déi net aus der EU sinn an déi hei erakommen an déi kee Visa brauchen.

Niewent den Terminalen A a B ass och nach ëmmer rieds vun engem Projet Terminal fir d'Aviation générale. Ass dee Projet nach ëmmer aktuell? Gëtt esou een eng Kéier gebaut a wou? Wa jo, wéi a wou? Do wou en elo ass? Wat da géif bedeiten, datt déi al Hangare vun der Cargolux missten ofgerappt ginn - wäert dat dann de Fall sinn? A géifen dann do vläicht nei Hangare gebaut ginn, zum Beispill fir d'Luxair respektiv fir d'Privataviatioun?

A wéi ass et mat der Sportsfligerei? Ass do elo definitiv en Accord fonnt ginn, wéinst de Loyeren? Rieds goung och, datt de Sportsministère kéint eventuell de Veräiner e Subsid ginn. Ass dat esou? Fir ons jiddefalls muss déi Sportsfligerei eng Zukunft hei am Land hunn, am beschten um Findel, oder soss iergendwou am Land, wat natierlech méi schwéier gëtt. Deelt do den Här Transportminister eis Meenung? A kéint een net och driwwer nodenken, fir vläicht um Findel en Deel als Enclave ze proklaméieren, wou dann de Stat Propriétaire ass an déi Veräiner da vum Stat déi Terraine kéinte verlount kréien?

Bei deene ville Froen, déi ech elo gestallt hunn, stellt sech vläicht och d'Fro, ob et net besser wier, vläicht och e Masterplang „airside" ze entwéckelen, fir vläicht alles dat doten eng Kéier ënner een Hutt ze kréien.

Här President, mir sinn als CSV der Meenung, datt déi staark Entwécklung vum Fluchhafen gutt ass, mä nëmmen dann, wa se och richteg encadréiert a begleet gëtt. Wann d'Regierung dat mécht, dann ënnerstëtze mer se. Dofir stelle mer ons déi vill Froen. Dofir hätte mer och gären herno Äntwerte vum Här Transportminister, Äntwerten am Intérêt vum Fluchhafen, engem Fluchhafen, dee fir ons gutt fonctionnéiere muss, engem Fluchhafen, deen onst Land brauch, a vun onsem Land, dat dee Fluchhafe brauch!

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wilmes. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Roger Negri fir d'LSAP.

Débat

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir féieren haut den Débat d'orientation iwwert de Fluchhafen, deen am Januar jo vun der CSV ugefrot ginn ass an notamment vun dem Kolleeg Serge Wilmes, deem ech och Merci soe fir seng Interventioun, déi mer och am grousse Ganzen deele kënnen.

Den Zäitpunkt, fir den Débat d'orientation elo haut de Mëtten ze féieren, schéngt eis awer ganz gutt, well an deene leschte Méint op verschiddenen Niveauen Diskussioune gefouert an duerno Entscheedunge getraff gi sinn, déi de Fluchhafe betreffen, soudass, menge mer, elo dee richtege Moment ass, fir de Point ze maachen, a wou den Här Minister eis herno och ganz sécher nach eng Rei vun Zousazinformatioune gi wäert, wéi et an deene kommende Méint a Joren um Fluchhafe wäert weidergoen.

De Fluchhafen um Findel spillt fir Lëtzebuerg eng ganz besonnesch Roll. Souwuel fir de Persounen- wéi fir de Wuerentransport erméiglecht de Fluchhafen eis gutt an direkt international Verbindungen an d'ganz Welt. De Fluchhafen huet natierlech och eng ganz wesentlech Bedeitung fir eis Ekonomie. An engem Rapport vum Mäerz vun dësem Joer gëtt den direkten an den indirekten Impakt vum Fluchhafen op eis Ekonomie analyséiert.

Wann een all méiglech Effekter zesummerechent, dann ënnerstëtzt de Fluchhafen eis ekonomesch Aktivitéite bis zu enge 5% vun eisem PIB. Dat entsprécht méi wéi 2,5 Milliarden Euro Invest (veuillez lire: Emsaz) am Joer. A ronn eng 24.000 Aarbechtsplazen hänken och dovunner of. Dat ass also e ganz wichtege Secteur fir eist Land. Dat ass alles sécher net de Verdéngscht vum Fluchhafen alleng, mä de Fluchhafen, wann dee misst muer zoumaachen, da géif natierlech e ganz groussen Deel vun deenen Aktivitéiten an Aarbechtsplazen do verluer goen.

De Findel ass doriwwer eraus dee fënneftgréisste Frachtfluchhafen, Fret-Fluchhafen an Europa. De Fret huet 2015 ronn 738.000 Tonnen ausgemaach, wat dee positiven Trend vum Virjoer bestätegt. Allerdéngs muss ee soen, dass dëse Volume virun der Kris vun 2008 méi héich war an dee Secteur sech och nëmme ganz lues dovunner erhëlt.

E bëssen anescht gesäit et awer bei de Passagéierzuelen aus. Do gëtt et zanter dem Abroch vun 2009 e kontinuéierleche Wuesstum. De Rapport vu lux-Airport hält fir 2015 eng Passagéierzuel vu bal 2,7 Millioune fest. Dat ass eng Steigerung vun 9% am Verglach zum Joer virdrun an och ganz däitlech méi wéi virun der Kris.

Trotzdeem sti souwuel de Fluchhafe wéi och d'Fluchgesellschaften ënner groussem Konkurrenzdrock a viru ganz seriöen Erausfuerderungen. Obwuel de Fluchhafe vill zu eisem Räichtum bäidréit, ass säin ekonomescht Iwwerliewe keng Selbstverständlechkeet. Wann ee qualitativ héichwäerteg Servicer op engem Fluchhafen ubidde wëllt, muss ee konsequent investéieren. Lëtzebuerg huet dat an deene leschte Jore gemaach a mir sinn nach laang net um Enn vun dësen Efforten. Mir hu ganz vill an d'Infrastrukturen, wéi Fluchhafegebaier, e risege Reparaturhangar a Parkingen, mat all deene Problemer, déi mäi Virriedner schonn ugeschwat huet um Niveau vum Sécherheetsberäich an esou weider, investéiert.

Beim Stéchwuert Infrastrukture wëll ech de Minister froen, wéini dee klengen Terminal a Betrib goe kann. Dat géif jo de Confort e Stéck nach weider verbesseren.

Da stinn als Nächst och nach weider gréisser Aarbechten un der eigentlecher Fluchhafeninfrastruktur um Programm. Eise Minister François Bausch huet viru Kuerzem virgewarnt, dass déi Aarbechten eng ganz aner Envergure géife kréien, wéi dat an enger éischter Approche gemengt ginn ass. Rieds geet elo vun 200 Milliounen Euro Invest. Ech wär frou, wann de Minister eis herno och dozou e puer Wierder kéint soen. Et ass mer ënner anerem net ganz kloer, wat alles an deem Pak elo do mat dran ass. Schliisslech hu mir och schonn an den Diskussiounen iwwert déi zukünfteg Zesummenaarbecht mat der Däitscher Fluchsécherung, der DFS, iwwert d'Investitiounen an neit Material geschwat an och doriwwer, dass de Buedemradar endlech soll installéiert ginn.

Wann ech dat richteg verstanen hunn, hu mir do säit ville Joren e gewëssenen Nohuelbedarf, well op déi Décisioun, wéi et mat der Approche viru géif goen, gewaart gouf. De Buedemradar muss awer elo esou séier wéi méiglech kommen, ier et wierklech eemol ze spéit ass. Well déi Chance, déi mer virun e puer Joer hate mat enger ganz liichter Touche tëschent engem Fliger an engem Camion op der Landepist - dat kéint eemol zu katastrophale Suitte féieren, wat mer jo all net wëllen!

Als LSAP hu mir an deene leschte Joren ëmmer erëm op d'Installatioun vun engem Buedemradar insistéiert. An dat wëll ech haut och nach eemol ganz däitlech widderhuelen.

Ech wëll awer hei och ganz kloer soe bei all deene Problemer - a mäi Virriedner huet dat och schonn ugeschwat, ech kommen och herno nach eng Kéier drop zréck -, dass et mer hei haaptsächlech ëm d'Sécherheet geet vun engem internationale Fluchhafen. An da muss een och bei konnexen Aktivitéite, sprëch Hobbyfligerei, och kucken, dass een dat an deemselwechte Liicht gesäit, wéi dat sech och gehéiert. Ech mengen, hei muss een och e Primat setze vun engem internationale Fluchhafen. An da muss een dann och kucken, dass déi secondaire oder konnex Aktivitéiten och dann eng secondaire Roll hunn! An ech mengen, soss kënne mer net vu Sécherheetsproblemer schwätzen, wa mer do einfach alles zouloossen! An ech mengen, de Minister, dee mécht dat och net, an do kann en op eis voll Ënnerstëtzung zielen.

Här President, wann een de finanziellen Impakt vun engem gutt fonctionnéierende Fluchhafen zu Lëtzebuerg kuckt, da léisst sech eng Investitioun vun 200 Millioune sécherlech rechtfertegen. Do gëtt et allerdéngs en anere Problem: D'EU-Kommissioun waacht streng doriwwer, wivill Statshëllefen un d'Fluchhäfen an der EU ginn. An et interesséiert se dobäi guer net, dass de Findel deen eenzegen internationale Fluchhafen ass, deen dëst, eist Land huet.

Fir e Fluchhafe mat manner wéi dräi Millioune Passagéier däerf de Stat sech mat 50% un den Investitiounskäschte bedeelegen. Wa mer dës Limitt vun de Passagéier, wou mer jo awer schonn elo ganz no dru sinn, iwwerschreiden, muss lux-Airport, fir se net ze nennen, 75% vun dëse Käschten droen. Ass et sécher, dass mir dëst Joer de Cap vun den dräi Millioune Passagéier nach net iwwerschreiden?

Wa mir en entspriechende Projet uganks d'nächst Joer hei an der Chamber géife stëmmen, wär da garantéiert, dass de Finanzéierungsmodell, deen tëschent dem Stat a lux-Airport festgehale gëtt, och méi spéit nach konform zu dësen EU-Regelen da wär? Wéi gëtt dat gekuckt, wann d'Passagéierzuelen 2017 nach eemol géife wuessen an d'Limitt vun deenen dräi Milliounen iwwerschreiden? De Minister wäert eis sécher herno dozou e puer Äntwerte kënne ginn.

Jeeweils 100 Milliounen Euro sinn esou oder esou vill Suen, souwuel fir de Stat wéi och fir d'lux-Airport. lux-Airport, ass dës Gesellschaft esou opgestallt, dass se deen Invest packt? Wäert se doduerch gezwonge ginn, d'Fluchhafegebüren eropzesetzen? Wat huet dat fir en Impakt op d'Konkurrenzfäegkeet vum Fluchhafen?

Ech erënneren do drun, dass mer an direkter Noperschaft e Fluchhafen Hahn hunn, deen ëm d'Iwwerliewe kämpft. Villes deit drop hin, dass deen an absehbarer Zäit zoumaache muss. Net zulescht läit dat dodrun, dass et zu Hahn net gelongen ass, genuch Trafic vu Lëtzebuerg op Hahn ze drainéieren, wat jo och gutt fir Lëtzebuerg ass. Do stellt sech d'Fro, ob sech dat awer net eemol kéint ëmdréien, wa Lëtzebuerg gezwongen ass, seng Gebüren an d'Luucht ze setzen. Ganz ofgesinn dovunner, dass wärend der Zäit vum Chantier vum Tarmac vun der Landepist d'Fluchgesellschaften eng Rei Aschränkunge wäerte mussen akzeptéieren.

An de Medie gouf schonn d'Optioun ugeschwat, fir d'Horairë fir d'Cargolux wärend där Zäit unzepassen an eventuell méi Nuetsflich ze geneemegen. Och hei wëll ech de Minister froen, ob dat eng reell Optioun ass. Wa jo, kéint een dat an enger Chantiersphas akzeptéieren, allerdéngs wär et ganz wichteg, mat de Leit, déi vum Kaméidi do betraff sinn, ze schwätzen an hinnen ze garantéieren, dass sech doraus keen Dauerzoustand entwéckele wäert. De Minister kann eis vläicht och haut schonn eng Indicatioun ginn, wéi laang déi Aarbechten ongeféier dauere sollen.

Nieft dëse wichtege Froen a groussen Investitiounen, wëll ech awer besonnesch ervirhiewen, dass e Fluchhafen nëmmen da gutt fonctionnéiere kann, wann en iwwer genuch a gutt qualifizéiert Personal an deene verschiddene Servicer verfüügt an déi och gutt géréiert ginn. Grad zu deem Zäitpunkt, wou dësen Débat ugefrot gouf, hu sech an deem Beräich jo eng ganz Partie seriö Froe gestallt. Ech muss soen, ech sinn éierlech frou, dass déi Pläng fir d'Approche um Fluchhafen, also d'Fonctioun vun de Radarlotsen u Belgocontrol op Zaventem auszelageren, fale gelooss gi sinn. Ech menge wierklech, dass dat kee gudde Choix fir d'Zukunft gewiescht wär.

Déi Diskussiounen an der Chamberskommissioun an d'Visitt virun allem och bei der DFS hu sécher vill dozou bäigedroen, méi eng viabel Léisung ze fannen, déi d'Vuen an d'Interesse vum Lëtzebuerger Personal mat berücksichtegt. Hei wëll ech och den onermiddlechen Asaz vun hirer Personalvertriederorganisatioun, der LACA, ervirhiewen, déi sech mat vollem a guddem Recht a mat aller Energie géint eng Auslagerung a fir d'Erhale vun hiren Aarbechtsplazen agesat huet an déi mir als LSAP och ëmmer ënnerstëtzt hunn.

Mir kënnen eis och an Zukunft eiser Verantwortung fir de Findel net entzéien a mussen eis trotz Kooperatioune mat auslännesche Gesellschaften deen néidege politesche Spillraum erhalen. Eben aus deem Grond, well de Fluchhafe fir ganz Lëtzebuerg esou eng grouss a wichteg Bedeitung huet, kënne mir dat net un eng Privatgesellschaft ofginn, déi just nom Profitt kuckt, dee se op deem Fluchhafe maache kann.

Mir brauchen eng Gestioun vu Leit, déi net nëmmen op d'Zuele kucken, déi ënnert dem Strëch erauskommen, mä vu Leit, déi verstinn, dass een eng gutt Qualitéit um Service nëmme ka garantéieren, wann och eng gutt Personalgestioun gemaach gëtt. Zanter Jore kommen um Fluchhafen ëmmer erëm Meldungen, dass et doranner e bëssen haakt. Wann een tëschemënschlech Problemer léise wëllt, muss ee méi matenee schwätzen an net manner. An dat geschitt jo och elo, dass de Minister do och dee méi sozialen Dialog weider verstäerkt.

An deem Kontext ass ee just ganz e bëssen erstaunt ze liesen, dass elo eng Rei sécherheetstechnesch Aufgabe vun der Administration de la navigation aérienne un d'lux-Airport iwwerdroe solle ginn an een do net bereet wär, mat de Gewerkschaften doriwwer ze schwätzen. Doriwwer wäert den Här Minister eis sécher herno Opklärung kënne ginn.

Ech wëll awer drun erënneren, dass et fir d'LSAP ëmmer ganz kloer war, dass et eng Trennung tëschent de kommerziellen Aspekter an den techneschen, sécherheetsrelevanten Aspekter um Fluchhafe muss ginn. Dofir huet lux-Airport jo d'Missioun vun der Exploitatioun vum Terminal mat de Geschäfter an esou weider, woubäi d'ANA derfir ze suergen huet, dass de Fluchbetrib an déi Servicer, déi dorunner hänken, reibungslos an an aller Sécherheet kënnen assuréiert ginn.

Opgrond vun deenen Artikelen, déi een d'lescht Woch an den Zeitunge liese konnt, war allerdéngs rieds dovun, dass lux-Airport géif d'Verantwortung vun der Zertifizéierung vum Fluchhafen iwwerdroe kréien. Dat schéngt mer net onbedéngt kohärent zu där Aufgabendeelung, déi mer bis elo haten.

Grad déi Kontroll, déi de Stat am Moment duerch d'ANA iwwer all sécherheetsrelevant Prozeduren um Fluchhafen huet, ass enorm wichteg. Mir wëlle jo op kee Fall (veuillez lire: op alle Fall) verhënneren, dass opgrond vu finanzielle Schwieregkeeten um Niveau vun de private kommerziellen Aktivitéiten Drock op Investitiounen an och op d'Personal géif entstoen a Beräicher, déi d'Sécherheet betreffen. Ech weess, dass et an dësen Zäiten net einfach ass, e Fluchhafe rentabel ze bedreiwen oder och nëmmen aus de rouden Zuelen erauszehalen.

D'Sécherheet ass awer dat Element, un deem op kee Fall gespuert dierf ginn, an dofir muss de Stat, de Lëtzebuerger Stat och de Garant sinn.

Dofir hu mir als LSAP net eng Politik vum eidele Stull bedriwwen, mä, wéi beim Problem vun de Radarlotsen, zesumme mam Minister a mat der LACA eis aktiv un enger Léisungsfindung bedeelegt, déi jo an engem Saz doranner besteet, dass déi éprouvéiert Technik vun der däitscher Loftsécherung zu Lëtzebuerg installéiert gëtt - a wéi se schonn a ville Länner applizéiert gëtt - an de Betrib awer weider zu Lëtzebuerg vun eise Radarlotse kann assuréiert ginn, an dat natierlech mat deenen néidege Verknüpfungen zur Zentral vu Langen bei Freiburg (veuillez lire: bei Frankfurt).

Domat hu mir als LSAP eis Responsabilitéit a puncto Sécherheet geholl, well d'Sécherheet priméiert iwwer allem. An d'Sécherheet kennt och keng falsch Kompromisser, kennt keng falsch Kompromisser! An hei si mir an engem Héichsécherheetsberäich, dat solle mer alleguer net vergiessen.

Well wann et zu engem Accident kéim, wat mer all natierlech net wëllen, da musse mir dann och zu eise jeeweilegen Débaten an Décisioune stoen. An dat huet de Minister gemaach an dofir huet en och eis voll Ënnerstëtzung.

Ech soen Iech och Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Negri. An nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché fir déi gréng.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, mir sinn eis eens: De Findel spillt eng wichteg Roll an eisem klenge Land a steet och ëmmer erëm an der Aktualitéit, sief et wéinst Suerge bei der Cargolux, Suerge bei der Luxair, sief et wéinst dem Kaméidi an den Nuetsflich oder awer wéinst de steigenden Zuelen am Fracht- a virun allem am Persouneverkéier, déi ganz gescheit géréiert musse ginn. Mëttlerweil leie mer, wéi gesot, bei iwwer 759.000 Tonne Fracht an iwwer 2,9 Millioune Passagéier, déi an engem Joer um Findel starten oder landen.

Mir sinn eis awer och eens, Dir Dammen an Dir Häre, datt de Sujet vum Findel net lassgeléist ka gi vun internationalen Entwécklungen, déi e groussen Afloss op de Secteur vun der Aviatioun hunn an déi dëse Secteur och ganz krisenufälleg maachen, onofhängeg vun de Prioritéiten, déi déi jeeweileg Regierunge setzen. Virun allem hunn d'Entwécklung vun der Weltwirtschaft an de Finanzmäert, mä och Accidenter, Kricher an Naturkatastrophen e groussen Afloss op d'Aviatioun an domat natierlech och op de Findel.

Eng international Ausriichtung huet och d'Klimaproblematik, déi jorzéngtelaang - an och vu menge Virriedner - aus der Debatt ausgeblent ginn ass, obwuel se an enker Relatioun mat der Wirtschaftlechkeet vum Fluchverkéier steet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, zanter dem Klimaaccord vu Paräis schwätze mir vill vu grénger Ekonomie, vu Kreeslafwirtschaft, vu Recyclage an Transitioun, vu regional, bio a fair an de Kantinnen. An eisen Aen ass dat eng ganz sënnvoll a wichteg Entwécklung a mir wäerten déi och weiderhi voll ënnerstëtzen.

Dës Entwécklung heescht awer och, datt d'Gidder méi laang am Ëmlaf bleiwen, datt regional Produkter virgezu ginn an datt manner Quantitéiten iwwer wäit Strecke befërdert musse ginn. Dobäi muss ee bedenken, datt an engem Kilo Hämmelfleesch, wat mat der Cargolux oder mat engem anere Fliger aus Neuseeland ageflu gëtt, iwwer 6 l Kerosinn drastiechen an datt ee Kilo Liewensmëttel, wat mam Fliger transportéiert gëtt, 170-mol méi CO_2-Emissioune verursaacht wéi ee Kilo, wat mam Schëff geliwwert gëtt. Spéitstens wann een déi Zuelen an hir Auswierkungen op d'Klima kennt, muss ee sech froen, wéi laang den Transport vun esou net liewenswichtegen Iesswueren duerch de Loftraum nach ze rechtfertegen ass a firwat mir net einfach Hämmelfleesch iessen, wat an der EU produzéiert gëtt oder ganz einfach um Lëtzebuerger Bauerenhaff.

Net anescht ass et bei deenen Dausende vun Héichleeschtungsblummen, déi an Ecuador, a Kenia, a Kolumbien an an aneren Drëttlänner mat vill Waasser, mat Dünger a Pestiziden héichgeziicht ginn, duerno mat décke Fligeren an Europa ageflu ginn a bei eis fir 10 Cent pro Blumm verkaaft ginn. Mëttlerweil stellt de Verkaf vun dëse Fligerblummen 20% vum europäesche Blummemaart duer, emol guer net ze schwätze vun den negativen Inzidenzen, déi dësen dubiéisen Handel mat Blummen op d'Landwirtschaft vun de Produktiounslänner huet.

Dir frot Iech, wat dat mat dëser Debatt ze dinn huet. Mir sinn der Meenung, datt deen Transport net néideg ass! Dir kënnt Iech erënneren: Wéi en islännesche Vulkan de Loftverkéier am Joer 2010 lamgeluecht huet, ass et kengem opgefall, datt gewësse Produkter net disponibel waren. An déi europäesch Ekonomie an och déi Lëtzebuerger Ekonomie ass trotzdeem net zesummegebrach. Och dat weist, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt de Frachtverkéier duerch d'Loft ganz oft aus näischt anescht besteet wéi aus Nice-to-have-Wueren, déi no Loscht a Laun ze kréie sinn, mä net gebraucht ginn.

An deem Sënn wëll ech elo eng Kritik umellen, näämlech eng Kritik um Motto vun der Cargolux: „you name it, we fly it!", deen e bedenkleche Message véhiculéiert, an zwar deen, datt all Floribus op einfache Knappdrock hin duerch de Loftraum geflu ka ginn. Dëse Message léisst net drop schléissen, datt d'Cargolux sech scho ganz vill Gedanken iwwert d'Nohaltegkeet gemaach huet an iwwert d'Émweltproblematik a vläicht gutt berode wier, iwwer méi en nohaltege Geschäfts- a Sozialmodell nozedenken. Dobäi stelle mir net a Fro, datt Gidder, déi net anescht transportéiert kënne ginn, natierlech mat der Cargolux sollen ageflu ginn, wann et ëm Saache geet, déi mer wierklech brauchen an déi eis Industrie um Liewen halen.

Här President, aner Facteuren, déi dem gesamte Fluchverkéier keng roseg Zukunft prophezeien a souguer de Geschäftsmodell vun enger ganzer Airline kënnen zerstéieren, sinn d'Kerosinnpräisser, vun deenen och nach net geschwat ginn ass. Zanter 2008 ginn dës Präisser monter op an of, allerdéngs mat steigender Tendenz, a féiere mëttel- oder laangfristeg dozou, datt d'Aviatioun net nëmmen ekologesch, mä och wirtschaftlech dee Kierzeren zitt par rapport zum Transport iwwert d'Schinn, dëst virun allem bei méi kuerze Strecke bis zu 1.000 Kilometer.

Mir sinn der Meenung, datt där Entwécklung soll virgegraff ginn an datt et doweinst an eisen Ae wichteg ass, déi transnational Zuchverbindungen och ze berücksichtegen. An dat mécht d'Regierung ganz geziilt, dëst natierlech a Verbindung mam Bau vu multimodale Plattformen, déi et erlaben, d'Gidder vun der Strooss op den Zuch ze kréien, an net an de Fliger.

An deem Kontext kann ech nëmme widderhuelen, Här Minister, wat Dir als fréieren Deputéierten am Joer 2012 am Débat d'orientation op dëser Plaz gesot hutt. Dir hutt gesot, datt déijéineg, déi weiderhin un de Frachtverkéier duerch de Loftraum gleewen, um Mount géife liewen an net verstanen hätten, wéi schwéierwigend d'Kris an der Aviatioun eigentlech ass a wat sech dohanner verstoppt. Ech géif mengen, Dir hat vollkomme recht.

Wat elo déi aktuell Situatioun um Findel betrëfft, mat där mir haut konfrontéiert sinn an ëm déi et och elo geet, muss een a Betracht zéien, datt scho vill Geld an déi Infrastruktur gefloss ass. Als Gréng stelle mir net a Fro, datt dat, wat schonn dosteet an zum Deel och eidel steet, optimal genotzt, moderniséiert a mat Liewe gefëllt muss ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Madamm Lorsché, entschëllegt,...

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Jo?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Erlaabt Der, dass den Här Kartheiser eng Fro stellt?

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Wann Dir herno net bimmelt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Neen!

(Hilarité)

Jo, also heescht dat „jo"?

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Also wann ech herno déi Zäit hei guttgeschriwwe kréien...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Kartheiser, ech...

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Jo, Merci, Här President. Also ech wëll eigentlech net duerch d'Blumm schwätzen hei, mä ech wollt just froen, well mer d'nächst Woch jo eng Debatt hei hunn iwwert d'Entwécklungshëllef a wëll mer jo wëssen, wéi wichteg den Handel ass, datt iwwerhaapt déi exportfäeg Produiten aus der drëtter Welt heihinnerkommen oder aus den Entwécklungsstate kënnen heihinnerkommen, a well ech elo gesinn, datt déi gréng do Problemer dermat hu fir awer eng ganz Rei vu Produiten, déi awer verfallsméisseg ufälleg si a ganz séier mussen - zemools am Agrikulturberäich - op d'Mäert kommen, do wollt ech d'Madamm Lorsché froen, an hiren Aen, an den Ae vun der grénger Partei, wéi eng Produiten aus der drëtter Welt aus dem Agrikulturberäich hirer Meenung no nach iwwerhaapt däerfen an Europa exportéiert ginn a wéi dat da soll passen an eng Entwécklungsméiglechkeet vun deene Länner hei op eise Mäert.

Merci.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Majo, ech hunn d'Wuert genannt, Här Kartheiser, ech soen: bio a fair! Do gehéiert de fairen Handel derzou, wou mer der Meenung sinn, datt deen dohannen ënner gudde Konditioune produzéiert gëtt, net op d'Käschte geet vun deene Leit, déi do liewen, net op d'Käschte vun der Landwirtschaft, an datt mer guer kee Problem hunn, wann déi Produiten agefouert ginn. Mir hunn awer e Problem domat, wa Blummen agefouert ginn, déi d'Landwirtschaft an deene Länner zerstéieren. Voilà!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Erkläert dat de Kolumbianer!

Une voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Mir stellen als Gréng och net a Fro, wéi ech gesot hunn, datt dat, wat schonn dosteet an zum Deel eidel steet, optimal genotzt, moderniséiert an och mat Liewe gefëllt muss ginn. Sou zum Beispill déi eidel stoend Geeschtergare, déi fréier emol geplangt gi war, awer keen Notzen haut méi huet, well eng Feelplanung virlouch am Beräich vum Schinnentransport, deen elo do net stattfënnt.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Also dat do stëmmt awer absolutt net!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Et ass keng Gare, déi elo funktionéiert, da kann een net soen, si wär geplangt an a Betrib gesat.

(Interruption par M. Michel Wolter)

Jo, ech hu jo elo net gesot, datt do...

(Interruption par la présidence)

M. Michel Wolter *(CSV)*.- ...ass quasi den eenzege Fluchhafen op der ganzer Welt geschwënn, deen net un d'Schinn ugebonnen ass. Dat ass de Skandal!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Wann déi Planung...

(Interruption)

Wann déi Planung konsequent duerchgefouert gi wär, da wär et keng Feelplanung gewiescht, da géif elo do eng Gare funktionéieren!

Mir stellen och net a Fro, datt dat zousätzlecht Potenzial, wat nach besteet, eng Plus-value fir Lëtzebuerg ka bedeiten, virun allem am Persounentransport, wou et vun der Plaz hier jo awer och schonn eng Limitt no uewe gëtt. Eng Plus-value ass natierlech de wirtschaftlechen an interkulturellen Impakt, deen de Fluchhafen op de Standuert Lëtzebuerg huet. Dat ass schonn e puermol gesot ginn. Ëmmerhi verbënnt de Fluchhafen eis mat villen internationalen Zentren, déi op ganz verschiddenen Ebene mat eis zesummeschaffen an op eng séier Mobilitéit ugewise sinn. Ech denken och u Lëtzebuerg als europäeschen Zentrum, wou mer ganz vill Mobilitéit brauchen. Eng Plus-value sinn natierlech och déi Dausende vun Aarbechtsplazen, déi de Fluchhafe generéiert an déi mir mussen erhalen.

E weidere Punkt, op deen ech nach kuerz wéilt agoen, betrëfft d'Organisatioun vum Findel, vun där och scho geschwat ginn ass. De Findel als ëffentlech Infrastruktur muss déi international Regelen an d'Oplage vum FABEC-Accord aus dem Joer 2010 erfëllen. Dësen Accord regelt d'Sécherheet am gesamten zentraleuropäesche Raum an net just zu Lëtzebuerg, konnt bis haut awer net integral respektéiert ginn, well et dem Findel ganz einfach un der néideger Ausstattung an um néidegen Know-how gefeelt huet.

Dir wësst, vu wat ech schwätzen, meng Virriedner hunn et schonn erwäänt: Et geet ëm d'Ufluchkontroll, déi an der Lescht zu der Suerg gefouert huet, de Minister géif dee ganze Service un déi Däitsch Fluchsécherung auslageren. Muncher hu souguer vun engem Verloscht vu Souveränitéit geschwat, wou een awer muss wëssen, datt 80% vum Lëtzebuerger Loftraum vu Belgocontrol an Eurocontrol géréiert ginn, soudatt d'Souveränitéit längst net méi déi ass, déi ee kéint mengen. An déi ass och guer net méiglech ze realiséieren, well et sech ëm e gemeinsamen Himmel handelt.

Datt dës Auslagerung schlussendlech net stattfonnt huet, datt d'Technik vum Fluchhafen un déi modern Bestëmmungen ugepasst gëtt, datt d'Fluchlotsen zu deem Zweck ausgebilt ginn, Duebellizenze kréien a méi Kompetenzen, begréisse mir ausdrécklech, grad wéi och d'Installatioun vum Buedemradar, deen aus Sécherheetsgrënn bluttnoutwendeg ass. Virun allem begréisse mir awer och, datt endlech e Minister de Courage hat, dat waarmt Eise vun der Ufluchkontroll, trotz staarkem Géigewand, konsequent unzepaken an eng zefriddestellend Léisung mat allen Uspriechpartner konnt verhandelen.

Dir Dammen an Dir Hären, en anere Beräich, deen eis nach ëmmer Suerge mécht an deen och an der Lescht erëm an de Medie méi am Gespréich war, ass de Problem vum Kaméidi, dem sougenannte Fluchlärm. D'Tatsaach, datt Fligerkaméidi krank mécht a bei Kanner och zu Léierschwieregkeete féiert, ass längst bewisen a gëtt vu kenger Etüd méi a Fro gestallt. Doweinst muss eppes geschéien! Et ass awer net einfach.

Ech géif eng Rei Pisten opzielen, déi eis virschwiewen: Éischtens däerfen d'Fluchpläng zäitlech net bis op déi lescht Grenz ausgereizt ginn, fir ze verhënneren, datt Fligere mat duerchschnëttleche Verspéidungen an der Nuecht musse landen.

Zweetens ass och d'Limitatioun vum Fluchkaméidi a Kombinatioun mat der Zuel vun de Fligeren, déi eran däerfe fléien, e gutt Instrument, fir gesondheetsschiedlechen Auswierkunge vum Fluchlärm bäizekommen. Dat heescht an anere Wierder, datt eng Steigerung vun de Fluchbewegungen eigentlech nëmmen erlaabt däerft ginn, wann den eenzelne Fluch méi lues gëtt.

Drëttens denken ech och un d'Gesondheetsaspekter, déi méi Gewiicht kréie mussen an der Planung, bei enger Renovatioun, bei engem Ausbau a bei allen anere Pläng. Dat heescht, datt d'Zesummenaarbecht mat Spezialisten aus dem Gesondheetssecteur sech hei ganz geziilt opdrängt.

A firwat net och driwwer nodenken, datt d'Präisser vun de Landerechter un de Kaméidi vum jeeweilege Fligermodell gebonne ginn?

Wahrscheinlech gëtt d'Belaaschtung, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat Kaméidi trotz allen Efforten ni esou kleng, wéi d'Awunner ronderëm - Sandweiler, Hamm, Bouneweg, Zéisseng, Gasperech - sech et wënschen. Dat ass keng besonnesch gutt Perspektiv. Eng gutt Perspektiv ass awer déi, datt an Zesummenaarbecht mat der Union des syndicats locaux de la ville de Luxembourg, dem Ministère, dem Management vun der Cargolux an de Spezialiste vun der DSF an aller Transparenz no Léisunge gesicht gëtt, fir datt d'Belaaschtung manner grouss gëtt, wéi se den Normen no eigentlech kéint sinn.

Zu där Transparenz gehéiert och eng neutral Bestandsopnam vun der aktueller Situatioun, wou ech Iech, Här Minister, wéilt froen, wéi et weidergaangen ass mat de Rapporten, déi Der am Joer 2012 hei am Fong kritiséiert hutt, well bei de Miessungen nëmme 50% vun den Nuetsvollen deemools erfaasst gi sinn a fir freides a samschdes guer keng Donnéeë virlouchen.

Zesummefaassend, Här President, wéilt ech festhalen, datt de Fluchhafen an och säin Ausbau eist Land op der Weltkaart doudsécher net manner interessant, mä méi interessant mécht an och zu eisem Wuelstand bäidréit, esou laang natierlech, wéi de Secteur vun der Aviatioun stabill bleift.

Eng aner Feststellung ass awer déi, datt de Fluchhafen eng kräfteg CO_2-Schleider ass an e staarke Verursaacher vu Kaméidi, Voleten, déi och net däerfen ignoréiert ginn. Dëst Spannungsfeld gëtt bestëmmt net méi kleng an Zukunft. Vläicht wär et doweinst un der Zäit, eng neutral Wäertschëpfungsanalys ze maachen, wéi een dat nennt, déi net nëmmen der Wirtschaftlechkeet vum Fluchhafe Rechnung dréit, mä och den Ëmweltaspekter, déi ëmmer méi eng grouss Roll spillen. Ech erënneren nach eemol un d'COP21.

Ech denken, déi 170 Länner huelen hiren Accord, dee se ënnerschriwwen hunn, eescht. An dat ass eis Hoffnung! Dat heescht, datt déi ënnerschiddlech Risikofacteuren, déi mat engem Ausbau vum Findel verbonne sinn, op hir jeeweileg Konsequenzen ënnersicht solle ginn an datt och Alternative missten opgezeechent gi fir de Fall, wou et wierklech mam Secteur vun der Aviatioun biergof geet.

Dozou gehéiert dann awer och d'Analys, wéi wäit et méiglech ass, den Impakt vum zouhuelende Fluchverkéier duerch d'Entwécklung vun nach méi erneierbaren Energien eenegermoossen ze neutraliséieren.

Ganz bedauerlech ass fir eis, datt et nach ëmmer keng gescheit europäesch Strategie gëtt, fir d'Entwécklung vun deene ganzer aacht Fluchhäfen aus der Groussregioun - ech nenne se: Zweebrécken, Saarbrécken, Bitburg, Léck, Hahn, Charleroi, Metz, Nanzeg a Findel - ze koordinéieren op eng clever Aart a Weis an domat weidere Wildwuchs respektiv déi steigend Konkurrenz tëschent de Fluchhäfen, déi och natierlech dozou féiert, dass verschiddener net

iwwerliewen, verhënnert kënne ginn. Den éiergäizege Masterplan, deen dem Findel an den nächste fënnef bis zéng Joer en neit Gesiicht soll ginn, muss jiddefalls gutt iwwerluecht sinn an eisen Aen, fir datt en an eng ekologesch Zukunft féiert respektiv eng ekologesch Sakgaass verhënnert an de folgende Generatioune wäert zeguttkommen.

An deem Sënn soen ech Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren a stelle keng weider Froen, well der scho ganz vill gestallt gi sinn. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Lorsché. An nächste Riedner ass den Här Gusty Graas fir d'DP.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, d'Fléien ass mat Sécherheet e bequeemt, en attraktiivt a virun allem awer och e séchert Transportmëttel, wat jo oft nawell gäre vergiess gëtt. Et bréngt d'Leit beieneen. All Dag ginn Honnertdausende vu Passagéier duerch d'ganz Welt transportéiert. An eppes ass ganz kloer: Wat wier eist Land ouni de Fluchhafen? Wat wier eist Land ouni de Findel? Et wier e Land, wat géif lénks leie gelooss ginn. Et wier e Land, wat mat Sécherheet och net e Maillot jaune an der Ekonomie unhätt. A wann een och e bëssselche méi an den Detail geet an et kuckt een och, wat dee wirtschaftlechen Impakt vum Findel ass, da fënnt ee ganz séier eraus, datt dat an eiser Ekonomie awer e wichtege Pilier duerstellt.

Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, datt zum Beispill 15.000 Aarbechtsplazen direkt um Findel drunhänken an datt ee ka soen, datt plus ou moins 24.000 Aarbechtsplazen insgesamt mam Findel ze dinn hunn.

De Fluchhafen hei zu Lëtzebuerg huet och eng enorm Entwécklung hanneru sech. D'Ufäng waren an den 30er Joren. 1975 gouf dunn eng Aérogare fir 500.000 Passagéier gebaut. An d'Zuel vun de Passagéier, wéi se sech entwéckelt huet, ass och e gudde Barometer, wéi sech, wéi gesot, de Fluchhafe positiv entwéckelt huet: 1950 6.525, 1990 schonn 1.072.264 an dann, wéi gesot, d'lescht Joer 2.687.566. An dann de leschten August hu mer wierklech de monatleche Rekord gebrach: 295.000 Passagéier.

Och wann een d'Entwécklung vun de Frachtzuele kuckt, gesäit een do eng enorm positiv Entwécklung: 1950 waren et 436 Tonnen nëmmen, 1990 schonn 143.667 an 2015 737.625. Wann een déi kumuléiert Croissance vum Fluchhafen aus deene leschte fënnef Joer kuckt, da komme mer op 67% (veuillez lire: 65%). Dat ass, wéi gesot, schonn enorm.

Mir hunn eis op dëser Plaz scho ganz vill mam Fluchhafen an deene leschte Jorzéngte befaasst, wat och richteg ass. Et war den 11. Juli 1996 eng éischt Vergréisserung décidéiert ginn. Déi ass net realiséiert ginn. Du koum et zum Bau vum Terminal A, deen am Joer 2008 ageweit gouf. An de Fluchhafen ass zwar entretemps nach ëmmer „nëmmen" - tëschent Guillemeten - e Regionalfluchhafen, mä trotzdeem: Seng Wichtegkeet huet sech awer enorm an deene leschte Joren ëmmer méi erausgeschielt. Wéi mer hei d'Gesetz vum 26. Juli 2002 diskutéiert hunn, dunn ass deemools vun enger gewolltener Grenz, kann ee soen, vun dräi Millioune geschwat ginn. Entre-temps schwätze mer awer scho vun engem Horizont vu véier Milliounen.

Dann däerf een natierlech och net vergiessen, datt déi immens positiv Entwécklung vum Fluchhafen zum Deel awer och d'Resultat vun europäesche Reglementatiounen ass. Ech erënneren drun, datt 1978 zum Beispill d'Liberaliséierung vum Lofttransport um EU-Niveau agesat huet, déi mam drëtte Paquet 1993 ofgeschloss ginn ass.

Allerdéngs muss een och, wann een d'Analys mécht vum Fluchhafen, éierlechkeetshalber soen, datt natierlech och e puer Décisioune geholl gi sinn, déi net esou ganz glécklech waren. Mir hunn 2004 den Terminal B opgemaach. Mir wëssen, wat dunn d'Konsequenz war. Dat war net grad eng Meeschterleeschtung, datt en dunn erëm eng Rei vu Joren zou war; an der Hoffnung, wéi gesot, datt en erëm séier opgeet.

Dann, et ass och schonn hei gesot ginn, 2002 hu mer e Gesetz gestëmmt, wat d'Ubannung vum ëffentlechen Transport un de Findel sollt duerstellen. Mam Resultat, datt eng Gare gebaut gouf. Et kann ee vun enger Phantomgare praktesch schwätzen, déi ass ni a Betrib geholl ginn. Och dat léisst natierlech zum Deel awer déif blécken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll a menger Interventioun hei op e puer wesentlech Faktoren agoen, déi awer dann, wéi gesot, d'Wirtschaftlechkeet vum Findel hei sollen ënnersträichen. A mir als Demokratesch Partei, an dat wäert wuel keen heibannen iwwerraschen, stinn natierlech éischter en faveur vun enger Entwécklung vum Fluchhafen, well mer nach wie vor der Meenung sinn, datt do Potenzial ass fir d'Ekonomie an datt een dat onbedéngt och soll notzen.

Wann een natierlech vun der Wirtschaftlechkeet, vun der Attraktivitéit vun engem Fluchhafe schwätzt, da muss een an éischter Linn och emol un d'Accèsen, un d'Parkméiglechkeeten denken. Hei muss ee soen, datt natierlech eng Rei vu groussen Efforte gemaach goufen. Et war an der Zäit schwéier emol, eng Parkplaz um Findel ze fannen. Et huet zu enger Rei Stresssituatioune gefouert. Haut hu mer 7.400 Parkplazen. Och de Kuerzzäitparking ass jo gutt ausgebaut ginn, wou mer haut 345 Plazen hunn.

Dann op där anerer Säit, wat den Zoubréngerdéngscht ubelaangt, ass och e gudde Réseau vum Busdéngscht organiséiert ginn. Den „flipco" zum Beispill bitt 32 Déparen un, fir e Präis ab 5 Euro. Dat dréit natierlech och derzou bäi, datt vill Leit sech nach zousätzlech ugesprach fillen, fir eben de Fluchhafe Lëtzebuerg ze notzen.

Da si mer natierlech och ganz séier bei der Fro, ob mer sollen nach zousätzlech Airlinen op de Fluchhafe Lëtzebuerg unzéien. Et däerf een net vergiessen, datt 2015 schonn eng Rei nei Gesellschaften derbäikomm sinn. D'Luxair huet och hir Vollen ausgedeent: op London, Hamburg, Stockholm an Dublin. Et ass en neie Boeing 737 ugeschaaft ginn. Ech wëll an deem Kontext och op LuxairTours zum Beispill hiweisen, e ganz wesentlechen Aspekt vun dem Geschäft vu Luxair, wat mat Sécherheet éischter schwaarz Zuele schreift a wou mer natierlech awer och op d'Groussregioun ugewise sinn. An och dat däerf een natierlech net vergiessen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Et sinn eng Rei aner Gesellschaften op Lëtzebuerg komm, sief dat HOP!, sief dat LOT oder sief et Aegean Airlines, an dann natierlech och Ryanair, déi jo amgaangen ass, ëmmer méi Fouss ze faassen hei um Fluchhafen. A virun allem däerf een eppes net vergiessen: datt de Findel Lëtzebuerg jo awer och u sech eng Ubannung huet u siwen Haaptplattformen, vu wou aus ee praktesch an all Kontinent vun der Welt ka fléien.

Wa mer natierlech wëllen an Zukunft nach méi kompetitiv bleiwen, da musse mer kucken, datt mer déi direkt Konkurrenz och selbstverständlech am A behalen. Ech denken u Charleroi, Hahn, Metz, Saarbrécken oder Léck. An da si mer, wéi gesot, erëm eng Kéier bei der Diskussioun: Wëlle mer nach zousätzlech Low-cost-Airlinen op Lëtzebuerg zéien? Mir mengen: Jo, allerdéngs net zu all Präis. Et soll awer d'Méiglechkeet gebuede ginn, fir eben d'Fluchcapacitéiten hei zu Lëtzebuerg nach ze erhéijen.

Da wëll ech drun erënneren, datt zum Beispill easyJet de Moment no der Luxair déi Airline ass, déi déi zweetmeeschte Passagéier transportéiert. D'lescht Joer waren dat der 198.789. Selbstverständlech, wann een iwwert de Volet Low-cost-Airline schwätzt, da kënnt vu verschiddene Säiten ëmmer direkt natierlech och d'Kritik, datt dat géif zum Deel um Bockel vum Personal gemaach ginn, zum Deel um Bockel vun der Sécherheet an esou weider. Ech mengen, mir sollen awer do och keng hypokritesch Diskussioun féieren! Mir spiere jo ganz kloer, datt eng Demande do ass, fir ëmmer méi ze fléien. An dann däerf een op där enger Säit net verlaangen, datt ee praktesch fir näischt ka fléien, an op där anerer Säit dann awer kritiséieren, datt de Service net esou ass, wéi e soll sinn.

Wa mer vun der Attraktivitéit, vun der Kompetitivitéit vun engem Fluchhafe schwätzen, da muss een natierlech och dee ganze Volet Check-in mat considéréieren. Och do sinn et an deene leschte Joren - a gëtt et och nach - eng Rei Enkpäss ginn. Mä och do muss een awer soen, datt déi Verantwortlech eng Rei vun Efforte gemaach hunn. Zum Beispill goufen 2015 zéng nei Enregistrementsbornen installéiert.

Hei kann een awer och dann d'Fro stellen, ob net sollen déi elektronesch Passkontrollen, déi zum Beispill schonn op enger Rei vun internationale Fluchhäfe gemaach ginn, och verstäerkt hei zu Lëtzebuerg agesat ginn, wou ee kann Zäit wannen. Da geet et och ëm de Kontrollsystem u sech. Do leeft zum Beispill de Moment op enger Rei vun däitsche Fluchhäfen e Pilotprojet, fir, wéi gesot, dat nach vill méi zügeg ze maachen. Well loosse mer ganz éierlech sinn: Et weess ee jo, wann een duerch dee ganze Kontrollsystem muss goen, datt dat net ëmmer esou ganz flott ass. Op där anerer Säit musse mer awer och bereet sinn, esou Contrainten a Kaf ze huelen, well d'Sécherheet muss jo ouni Zweifel awer och priméieren.

D'Betreiung vun de Passagéier ass e wesentlechen Aspekt. Dat ass hei nach net ugeschnidde ginn. Ech denke virun allem och un dee ganze Businessberäich, deen natierlech muss och an Zukunft staark gefleegt ginn. Firwat? Mä mir wëssen awer och, wat fir eng Clientèle zum Deel op Lëtzebuerg kënnt: Mir hunn eng héich entwéckelt international Finanzwelt, mir hunn eng héich entwéckelt ekonomesch Welt hei zu Lëtzebuerg. Dann ass et evident, dat de Findel och deem muss gerecht ginn.

Wa mer schonn, wéi gesot, bei der Sécherheet sinn, dat ass eent vun deene wesentlechsten Elementer, net nëmme vum heitege Fluchhafen, mä mat Sécherheet och vum Fluchhafe vu muer, dann ass et kloer, datt do mussen déi maximal Virsiichtsmoossname getraff ginn.

Ech wëll drun erënneren, datt mer an der Vergaangenheet e puer Incidenten haten, datt op eemol Leit um Tarmac stoungen, déi näischt do verluer haten. Dann däerf een och net vergiessen, datt et zu enger Rei Attentater op anere Fluchhäfe komm ass. Datt also hei mussen zousätzlech Efforte gemaach ginn, fir d'Sécherheet ze garantéieren, ass jiddefalls fir eis evident.

A puncto Sécherheet geet et natierlech och ëm d'Déparen an d'Landungen. Datt do, et ass jo virdrun hei schonn ugeschnidde ginn, en effikasse Buedemradar muss installéiert ginn, ass jiddefalls fir eis och evident, well de Service „follow me" jo vläicht net méi onbedéngt ugepasst ass.

Enn 2017 muss dann de Findel och déi sougenannten EASA-Zertifizéierung erreechen. De Findel wëll, wéi gesot, d'Fluchhafen-Kategorie E erreechen. 40 Punkte mussen dann insgesamt ofgehaakt ginn.

An dësem Kontext musse mer natierlech och vun der Problematik vun de Fluchlotse schwätzen. E Sujet, deen eis an deene leschte Wochen a Méint méi am Detail beschäftegt hat. Et däerf een allerdéngs net vergiessen, datt jo awer haut am Fong geholl schonn 80% vun de Servicer vum Lëtzebuerger Loftraum vun ausländesche Prestatairë virgeholl ginn. Et geet jo hei virun allem och ëm d'Approche vun de Fligeren, well een eben do ënner anerem och ka bis zu 40% Carburant aspueren.

Bis 2019 si jo ronn 92.500 Mouvementer ze erwaarden. Op där anerer Säit wësse mer, datt dann natierlech eng wesentlech Aufgab vun de Fluchlotse muss gemaach ginn. Mir wëssen allerdéngs och, datt et immens schwéier ass, fir Fluchlotsen ze rekrutéieren. D'ANA hat zum Beispill a sechs Joer nëmmen dräi Lotse kënnen engagéieren. Bis 2023 missten et der awer 36 sinn! Emsou méi musse mer eis och gewëssen europäesche Reglementer upassen.

Da stellt sech natierlech d'Fro vun de Synergien. An da si mer ganz séier an där Diskussioun, déi mer, wéi gesot, elo rezent gefouert hunn, ëm eng Synergie, sief dat mat Belgocontrol oder sief dat mat der DFS. Well, wa mer keng Synergië maachen, gëtt jo geschat, datt mer bis d'Joer 2028 Méikäschte vu 40 Milliounen hätten. An ech mengen net, datt dat onbedéngt eng optimal Solutioun wier.

Mir waren - also eng Rei vun Deputéierten, leider gouf et eng Rei Kolleegen, déi gemengt hunn, si bräichte sech net dorunner ze bedeelegen - jo op Langen gefuer, fir eis do e Bild ze maache vun der DFS, fir ze kucken, wéi dat do fonctionnéiert. An ech mengen, dat mannst, wat ee ka soen, datt ee jiddefalls do e kloert Bild vermëttelt krut, wéi professionell u sech och déi Société do fonctionnéiert. An et däerf ee jo och net vergiessen, datt dee ganzen däitsche Loftraum jo vun der DFS operationell iwwerwaacht gëtt an datt se doriwwer eraus och nach eng Rei international Fluchhäfen als Client hunn.

Ech wëll hei ganz kloer soen, datt d'Demokratesch Partei u sech dee Wee, deen de Minister elo ageschloen huet, mat wëllt droen. Mir mengen, datt dat eng gutt Zesummenaarbecht wäert sinn. An et däerf ee jo och net vergiessen, datt déi Fluchlotsen hei zu Lëtzebuerg jo hire Statut och wäerten an Zukunft behalen. An ech mengen och, déi Iddi vun den Duebellizenzen, datt dat eng ganz gutt Saach ass.

Natierlech huet och an Zukunft d'DAC eng wichteg Roll mat der ALSA zesummen ze spillen, well dat si jo awer och zwee wichteg Akteuren, wann et ëm d'Sécherheetsfroen um Findel geet.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Fluchhafen ass ouni Zweifel eng Welt fir sech. Een, dee vill flitt, dee weess dat, datt do ëmmer eng speziell Atmosphär ass. An da si mer och ganz séier beim Shoppingsberäich. Och dat ass e Volet, deen ee muss mat hei an d'Debatt erawerfen. Och do goufen an deene leschte Wochen, Méint grouss Efforte gemaach. Dat ass wichteg, wann ee gär wëllt e modernen, en attraktive Fluchhafe presentéieren, da gehéiert näämlech och eng ganz interessant Geschäftswelt derzou.

An, wéi gesot, déi Efforten, déi déi lescht Zäit gemaach goufen, sinn ouni Zweifel och ze begréissen. Zum Beispill d'Firma Lagardère Travel Retail ass jo ee vun den Haaptakteuren iwwerhaapt am Beräich vun de Geschäfter. An dës Firma huet jo de Moment dräi Point-de-venten am Duty free. Si ass schonn op 220 Fluchhäfen an 31 Länner vertrueden, huet also ouni Zweifel eng ganz grouss Erfahrung an deem Beräich.

Datt och elo Geschäfter do sinn, déi méi dat typescht lëtzebuergescht Produkt ubidden, fannen ech, passt och ganz gutt an déi ganz Philosophie vum Nation Branding eran. Jiddefalls, et kann een zu dësem Zäitpunkt soen, datt de Réaménagement do gutt gelongen ass. Wat awer net verhënnere soll, datt ee sech soll nach Gedanke maachen: Wéi kënne mer dee ganze Volet nach ausbauen?

Jiddefalls e Fluchhafen ass ouni Zweifel oft eng éischt Visittekaart vun engem Land. E spigelt de Stil, e spigelt d'Kultur vun engem Land erëm. An dowéinst ass et och wichteg, datt een deementspriechend sech dann och modern presentéiert.

Wa mer déi Debatt hei féieren, da komme mer selbstverständlech net derlaanscht, op de Volet Fret anzegoen, deen e ganz wesentlechen Aspekt an där ganzer Diskussioun ëm de Fluchhafe spillt. Mir hunn de Moment eng ronn 13 Gesellschaften, déi vum Findel aus fortfléien an do landen. An dat ass, wéi gesot, eppes, wat net ze ënnerschätzen ass.

Da si mer natierlech och ganz séier bei der Cargolux. D'Cargolux, déi jo vill an de Medien ass. Iwwert d'Cargolux gëtt vill geschriwwen, net méi spéit wéi haut erëm. Eng Kéier gutt, eng Kéier manner gutt. Ech mengen, et ass eng Gesellschaft, déi de 4. Mäerz 1970 gegrënnt gouf an haut déi gréissten europäesch All-Cargo Airline ass. Ech mengen, och dat soll emol nach eng Kéier hei ënnerstrach ginn, datt ee gesäit, wat fir eng positiv Entwécklung d'Cargolux matgemaach huet. De Moment hu se 3,8% vum Weltmarché a wëllen dat bis d'Joer 2020 op 5% erhéijen.

An dann däerf ee jo och net vergiessen, datt ronn 35% vum Kapital vun der Cargolux der HNCA gehéieren, der Henan Civil Aviation, wéi gesot, eng chineesesch Gesellschaft. An et ware jo e puer Kolleegen, déi d'Chance haten, an deene leschte Wochen op der Plaz ze sinn a sech och emol e Bild ze maachen, datt am Fong geholl do nach positivt Potenzial läit, fir sech nach kënne besser ze entwéckelen.

Ech wëll dann awer och nach e kuerzt Wuert iwwert d'Sportfligerei hei verléieren, dat ass schonn ugeschnidde ginn. Effektiv war dat och e Problem, deen an deene leschte Méint diskutéiert ginn ass. Mir wëssen, datt do eng Rei Kontrakter auslafe wäerten, zum Beispill dee mat der Avialux, deen ass schonn den 31. Mäerz dëst Joer gekënnegt ginn. An dee mat der UPA wäert dann den 30. Juni 2017 auslafen. Ech weess, datt entre-temps scho gewëssen Alternative virgesi sinn, ënner anerem zu Zoufftgen.

Et wär awer vläicht interessant, wann de Minister eis nach géif méi informéieren: Wéi steet et elo mat der Sportfligerei hei zu Lëtzebuerg? Wat fir eng Perspektiven hunn déi Leit? Well hei geet et awer schlussendlech och ëm ronn 1.000 Leit, déi hirem Hobby do noginn. En Hobby, deen ouni Zweifel awer eng gewëssen Ënnerstëtzung och verdéngt huet.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer iwwert d'Zukunft vum Lëtzebuerger Fluchhafe schwätzen, da si mer natierlech och ganz séier bei enger méiglecher Extensioun. Ech mengen, mir sinn eis bewosst, datt eis do Grenze gesat sinn. Mir sinn eis bewosst, datt mer keng zweet Pist kënne bauen. Mir wëssen awer, datt do trotzdeem eng Rei Infrastrukturen an der Vergaangenheet ugepasst gi sinn, respektiv kënnen och nach verbessert ginn. Zum Beispill d'Stéchwuert Air Rescue, wou et och gutt ass, datt déi elo endlech a professionellen Infrastrukturen ënnerbruecht sinn.

Wa mer natierlech iwwert d'Extensioun vum Fluchhafen hei diskutéieren, da musse mer eis och Gedanke maachen: Wéi kënne mer déi zousätzlech Mouvementer nach generéieren um Fluchhafen?

An da si mer och ganz séier beim Volet vun den Nuetsflich. Och do gesäit een, datt mer natierlech eng staark Entwécklung haten. Awer eppes ass ganz kloer: Nuetsflich sinn e ganz sensibelen Thema. An zu Recht. An zu Recht! Ech mengen, hei muss ee sech och ganz kloer emol an d'Haut vun deene Leit versetzen, déi an der direkter Proximitéit vum Fluchhafe wun-

nen, schonn zum Deel do gewunnt hunn, éier déi Entwécklung vir sech gaangen ass. An ech mengen, d'Stad Lëtzebuerg ass jo do e ganz gudde Verfechter, Verteideger vun den Interesse vun deene Leit. An och mir sinn der Meenung, datt een déi ganz Problematik do muss mat ganz groussem Fangerspëtzegefill ugoen.

Ech mengen, et ass awer e Konsens, datt net virgesinn ass, fir d'Nuetsflich nach auszeweiten. Et soll een éischter beim Status quo bleiwen. Datt et natierlech eng gewësse Flexibilitéit heiansdo muss ginn, ass evident.

Virdrun ass hei vu menger Virriednerin ganz vill iwwert den ekologesche Volet vum Fluchhafe geschwat ginn. Jo, selbstverständlech kann een dat net ignoréieren. Et soll een allerdéngs ëmmer realistesch sinn. Da muss een natierlech eng Kéier d'Fro stellen: Sinn ech fir oder sinn ech géint e Fluchhafen? Mir sinn nach wie vor fir de Fluchhafen, wat awer net wëll heeschen, datt deen ekologeschen Aspekt soll ignoréiert ginn.

Ech hunn de Volet Nuetsflich ugeschnidden. Ech schneiden och de Volet Ofwaasser un. Ech mengen, och do bestinn e puer ganz grouss problematesch Fakten. Et sinn awer op där anerer Säit - och dat soll emol hei ënnerstrach ginn, e Fluchhafe soll net ëmmer e bëssen esou als e Feindbild dohinnergestallt ginn -, mä et sinn och positiv Entwécklunge gemaach ginn. Ech denken un d'Cogénératiounsanlag, ech denken un d'Dépollutioun vun ale Behälter an de fréiere Cargolux-Gebaier. Ech denken och un d'Uschafe vun elektreschen Autoen. Sécher, dat sinn elo vläicht esou eenzel Elementer, mä dat gëtt och e Ganzt. Wat kloer ass, ass, datt natierlech deen ekologeschen Aspekt och an Zukunft nach vill méi muss priméieren.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, wa mer, wéi gesot, iwwert de Fluchhafen och vu muer diskutéieren, da si mer bei der Landepist u sech. Ech hunn et virdru scho gesot: Eng zweet kann ee sech kaum virstellen. Mir wëssen allerdéngs, datt déi momentan Landepist, déi eng Längt huet vu 4 Kilometer, déi elo 30 Joer an deem heiten Zoustand um Bockel huet, déi muss natierlech erneiert ginn. De Minister huet dat jo an deene leschte Woche scho kloer gesot.

Et gëtt natierlech och vill méi deier, wéi dat ursprénglech geplangt war. Dat wäert natierlech eng Rei technesch, logistesch Problemer mat sech bréngen, besonnesch d'Ofwécklung och vun eben eenzelnen Nuetsflich. Ech hunn och dat de Moie vun dem CEO vun der Cargolux gelies, deen ënner anerem dann och duerchblécke gelooss huet, am Noutfall op Léck auszewäichen. Mir hoffe jo, datt dat net onbedéngt muss de Fall sinn.

Ech wëll allerdéngs och hei erënneren, datt deen Invest - dat gëtt e groussen, schwéieren Invest -, datt deen allerdéngs och kann awer zeguttgeschriwwe gi fir eis NATO-Bäiträg, déi mer ze leeschten hunn, wou jo d'Absicht vun der Regierung ass, vun 0,4 op 0,6% eropzegoen, an datt déi Pist jo awer och fir NATO-Servicer kann deementspriechend genotzt ginn.

Da si mer natierlech och nach eng Kéier séier beim Terminal B. Ech hunn dat scho virdrun eng Kéier kuerz ugeschnidden, ouni dat ze verdéiwen. Mä et stellt ee sech natierlech d'Fro, wéi et méiglech ass, datt an der Planung op eemol en Terminal wärend Joren eidel steet; Klammer zou. Mä dee soll jo dann esou séier wéi méiglech erëm a Betrib geholl ginn. Mengen Informatiounen no sollen do just Vollen ofgeweckelt ginn, déi am Schengenraum sech bewegen. Dat wieren awer am Endeffekt praktesch 70% vun de Flich. Och dat gëtt dem Fluchhafen nei Méiglechkeeten. Et gëtt dem Fluchhafe virun allem awer och Possibilitéiten, sech méi op ze maachen an och nach zousätzlech Passagéier unzehuelen.

Mir hunn an deene leschten Deeg ganz vill, a mir wäerten och an deenen nächste Woche ganz vill iwwert de Wuesstum vun dësem Land schwätzen, a wa mer iwwert de Wuesstum vun dësem Land schwätzen - ech wëll dat beileiwen elo net hei verdéiwen -, dann ass natierlech och de Fluchhafen een Element vun deem ganzen Denkprozess! An da muss ee sech d'Fro stellen: Bis wouhinner kënne mer dee Fluchhafen eigentlech nach entwéckele loossen?

Da si mer och ganz séier beim Handling. Mir wëssen, datt do en zweete Partner wäert heihinnerkommen, den Aviapartner. Wéi eng Déngschter ginn an Zukunft vun deenen ugebueden? Wéi wäit ass dat elo eng Konkurrenz och fir d'Luxair? Och do, wéi gesot, musse sech verschidde Firmen dann op déi Entwécklung astellen.

Dann, wéi gesot, de Masterplang, dee virgestallt ginn ass, deen natierlech nach eng Rei interessant Iddien och fir d'Zukunft matprogramméiert huet.

Mir si bei der Gare. Ech hunn dat scho virdrun eng Kéier kuerz ugeschnidden: Mir mengen, datt een awer zumindest muss d'Iwwerleeung maachen, ob déi Gare net awer ka genotzt ginn, fir den ëffentlechen Transport do unzebannen, esou wéi dat jo urspréinglech och an engem Gesetz virgesi war. Quitte datt mer elo an der Logik vum Tram sinn. Mä trotzdeem muss d'Fro gestallt ginn, ob net awer déi Gare kann och fir eng Ubannung fir den Tram genotzt ginn.

Vläicht dann och nach e Wuert zur Luxaviation. Och do, wéi gesot, huet de CEO elo an engem Interview, gëscht oder virgëscht, gesot, datt sech nach géifen am Maintenance-Beräich interessant Perspektiven opmaache fir de Fluchhafen hei zu Lëtzebuerg. A wa mer, wéi gesot, an d'Zukunft kucken, eppes ass evident: Mir brauchen och e ganz staarken, e ganz gudden Informatiksystem. Ëmmer méi wäert dat natierlech eng vun den Haaptrolle sinn, déi um Fluchhafen ze spillen ass, well ouni eng performant Informatik kann e Fluchhafen och net optimal fonctionnéieren.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, jiddefalls eppes ass evident: Mir als Demokratesch Partei sti kloer hanner engem modernen, effikasse Fluchhafen. Mir sinn eis bewosst, datt mer lues a lues zwar un eis Limitte kommen - dat muss een och esou unerkennen -, mä et ass nach Potenzial do. Loosse mer dat notzen! Et ass gutt fir eis Ekonomie, et ass och gutt fir d'Aussenduerstellung vun eisem Land.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Graas. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Häre, mir hunn net ee Findel, mir hunn zwee Findelen! Mir hunn e Fluchhafen, wat ee Passagéierfluchhafen ass, a mir hunn e Fluchhafen, wat e Frachtfluchhafen ass.

Wat de Passagéierfluchhafen ugeet, huet de Gusty Graas elo grad androcksvoll, a mat Recht, drop higewisen, wéi wichteg d'Qualitéit dovunner ass. Mir kënnen net eist Land wëlle verkafen am Ausland, wa mer net déi Leit, déi heihinnerkommen, entspriechend empfänken. Do ass villes vill besser ginn. Dat ass ganz gutt.

Et bleift awer och nach Spillraum fir Verbesserungen. Zum Beispill, well net méi spéit wéi gëschter vun engem gewëssenen Här Welter ee Lieserbréif an der Zeitung war iwwert d'Absence vun engem Transfer Counter hannert der Sécherheetsbarrière; dat heescht, wann engem säi Voll annulléiert gëtt, nodeem en d'Sécherheet passéiert huet, datt en dann net kann do ëmbuchen, mä nees eraus muss, fir duerno nees eran. Och d'Gepäck, ech mengen, domat si mer alleguerte geplot. D'Gepäckabfertigung zu Lëtzebuerg gehéiert wahrscheinlech zu deene luesten op der ganzer Welt. Do kann ee bestëmmt nach villes besser maachen.

Bei der Fracht par contre, do si mer an engem aneren Dilemma. Do si mer an deem Dilemma vun der Logistik, op deen de Gast Gibéryen schonn, mat Recht, higewisen huet, wéi mer hei emol iwwer e Logistikzentrum Beetebuerg geschwat hunn. Jo, et ass dee fënneftgréisste Frachtfluchhafe vun Europa, mä et ass awer wahrscheinlech deen eenzege Frachtfluchhafen, deen esou no bei enger Stad ass. Ech kommen duerno op d'Nuetsvollen an d'Lärmbelästegung fir 18.000 Stater Leit zréck.

Mir haten Arrivéeën 2013 vun 318.000 Kilo. 2015 waren dat der scho 427.000. Mir gesinn also eng Progressioun an der Fracht vu 25% op nëmmen zwee Joer! Dat ass eng Entwécklung, déi musse mer am A behalen. Bei den Départëposten ass et nach schlëmmer: Do ass et eropgaange vu 5.000 op 83.000 bannent zwee Joer.

D'Cargolux ass selbstverständlech e Fleuron vun eiser Ekonomie, mä d'Cargolux huet mat ganz ville Problemer ze kämpfen. An dee gréisste Problem, mat deem d'Cargolux ze kämpfen huet, dat ass d'Konkurrenz an notamment d'Konkurrenz vu Qatar. Qatar, muss ee wëssen, kritt de Bensinn subventionéiert. De Bensinn ass awer an der Fracht 50% vun de Käschten. Cargolux-Pilote soen: „A souguer wa mir géife gratis schaffen, kéinte mer Qatar net konkurrenzéieren." An do froen ech mech: Wou bleift do d'EU?! Dat ass jo eng Situation anticoncurrentielle, wéi se am Buch steet!

Net méi spéit wéi gëscht hu mer hei en Text ugeholl iwwert d'europäescht Konkurrenzrecht. Wou ass d'europäescht Konkurrenzrecht, wann auslännesch Bedreiwer hei an Europa esou subventionéiert schaffen an domat eis eege Firmen un de Rand vum Ruin bréngen?

Par contre huet d'EU eis ganz vill Scherereie beschert. An och do muss ech dem Här Wilmes recht ginn, wéi en dat soulevéiert huet. Ech mengen, et war mat säin éischte Saz: Dee gréisste Problem vum Findel ass d'EU!

Firwat gi mir gezwongen, well mer op 3 Millioune Passagéier ginn, datt mer nëmmen däerfe 25% subventionéieren, wa mer op 4 Millioune kommen, net méi däerfe subventionéieren? Wie war domadder d'accord? Wat fir e Lëtzebuerger Beamte war zu Bréissel domadder d'accord? Wat fir eng Lëtzebuerger Politiker waren zu Bréissel domadder d'accord?!

Datselwecht gëllt fir d'Landerechter, fir d'Redevancen, déi bezuelt ginn, fir dee richtegen Term ze benotzen. Fréier huet d'ANA do e fixe Betrag gefrot. Dat gouf eis verbueden duerch en EU-Reglement! Wie war domadder d'accord?

De Minister huet op eng Question parlementaire vum Fernand Kartheiser geäntwert: „Mir musse käschtendeckend facturéieren, awer och nëmme käschtendeckend, net iwwert d'Käschten ewech." Dat heescht, mir kënnen net iwwert d'Käschte regléieren, wie wéini flitt, wie wéini e Slot huet, jee nodeem, wat fir eng Dezibelen déi Maschinn huet oder jee nodeem, wat fir eng Fracht transportéiert gëtt. Dat ass eis duerch d'EU onméiglech gemaach.

Wie war domadder d'accord? Wien huet esou eppes cautionnéiert? A wat fir ee wonnerbart Mëttel wier dat dach, fir de Findel ze géréieren?

All Mënsch seet hei, mir hätten eng erfreulech Dynamik an et wier e wichtege Secteur. 2012, den 13. November, hu mer hei iwwert de Kaméidi diskutéiert. Deemools sot den Eugène Berger, an ech muss em ausnamsweis eng Kéier recht ginn: „Et misst ee méi intensiv iwwert déi Lärmbelästegung am Alldag schwätzen. Eng Plo, déi laut Experten ëmmer méi zu Belaaschtung a Krankheete bei de Mënsche féiert." Haut seet säi Parteikolleeg Gusty Graas: „Mir si fir de Status quo."

Deemools sot de Roger Negri, an ech muss em recht ginn, net ausnamsweis, mä wéi esou oft: „Et ass schwéier, op där enger Säit eng Reduzéierung vun de Mouvementer unzestriewen a gläichzäiteg d'Ekonomie a besonnesch de Secteur vun der Logistik unzekuerbelen." En huet recht!

An domat sinn ech bei den Nuetsvollen. D'Nuetsvolle sinn eise grousse Problem. Am September dëst Joer hate mer an der Nuecht, dat heescht tëschent 23:00 Auer a 07:00 Auer moies, 54 Arrivéeë vu Passagéier an Départë vun 353 Fligeren; Fret-Arrivéeën: 57, Départen: 90!

Zum Beispill am November d'lescht Joer hate mer no 24:00 Auer 11 Départen an all weider Stonn - all weider Stonn! -, um eng Auer, um zwou Auer, um dräi Auer, um véier Auer nuets zwee, dräi oder véier Fligeren! Dat ass absolutt inakzeptabel! An do dergéint musse mer virgoen.

Wéi geet een dergéint vir? Mä iwwert d'Redevancen däerfe mer, dank der EU, näischt méi maachen. Mir kéinten awer Dezibelgrenzen aféieren, fir datt wéinstens nëmme modernste Maschinnen nuets kéinte starten oder landen. An da kéinte mer eis Startpist virtuell - virtuell - vu véier op dräi Kilometer kierzen. Dat heescht, mir géife soen: An der Nuecht muss de Fliger vill méi schnell an der Loft sinn. Dat géif zwar zu liicht méi Lärmbelästegung um Findel selwer féieren. E wier awer iwwert der Stad méi héich an et wier manner Lärmbelästegung fir d'Leit. Ech mengen, datt dat e Gedanke wäert wier.

Dann zur Auslagerung. Déi ganz Diskussioun lux-Airport, ANA, ech mengen, do hu mir als ADR, dat kënnt Der op eisem Website noliesen, eng ganz klipp a kloer Positioun: Mir si géint all weider Opgab, sief et vu Souveränitéitsrechter, a géint all weider Auslagerung vu wat fir engen Aufgaben och ëmmer vu staatlechen Administratiounen un d'Privatfirmen, wat de Loftraum ugeet. An ech si frou, wann ech de Kolleeg Negri vun der LSAP richteg verstanen hunn, datt seng Partei och där doter Meenung ass, soudatt mer do jo dann an eng richteg Richtung ginn.

Dann nach zwou kleng Nieweremarquen. D'Sportsfligerei, ech mengen, Dir wësst, datt dat mer um Häerz läit, ech si scho méi oft dozou intervenéiert. Fir déi muss gesuergt sinn. Dat ass ganz, ganz wichteg. Sämtlech Fräizäitaktivitéiten am Land sollte gläichméisseg vum Stat ënnerstëtzt ginn. An dozou gehéiert selbstverständlech och d'Sportsfligerei.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Eng Saach, déi mer um Findel hunn, wou mer hei souguer e Spezialgesetz gemaach hunn, war de Freeport, deen a Schwieregkeete stécht. E stécht a Schwieregkeete wéinst Reputatiounsproblemer vu sengem Propriétaire. Mä et ass u sech e gutt an e wichtegt Element fir eist Land. An do wollt ech einfach d'Fro stellen - de richtege Minister sëtzt zwar elo net hei, mä dann un deen, deen d'Regierung hei vertrëtt -, ob net och do d'Meenung vertruede gëtt, datt et eng gutt Iddi kéint sinn, datt de Stat géif déi Infrastruktur iwwerhuelen. Souwisou ass d'Douane do dat wichtegst Glidd an deem Freeport, fir do alles sécherzestellen. A ganz bestëmmt hätte mer als Triple-A-Land eng aner Reputatioun, fir dee Freeport ze féieren.

Den ënnerierdesche Bahnhof, déi ënnerierdesch Gare, vun där scho geschwat ginn ass, do war jo ee Moment déi Iddi vun deem Datacenter. Do hu mer och an der Partei driwwer diskutéiert a mir hunn déi grouss Chance, datt eisen neie President vun der ADR-Zentrum de fréieren Arméichef ass, de Mario Daubenfeld. An deen huet mat Recht drop higewisen, datt dat strategesch e risege Feeler ass, fir strategesch Ziler esou no beieneen ze leeën! Et soll een nimools e Risiko vun engem Attentat verduebelen doduerch, datt een nieft engem Fluchhafen, dee kann d'Zil vun esou eppes sinn, och nach e wichtegen Datacenter hätt, deen dat kéint sinn.

Dat ass also keng gutt Iddi. D'autant plus, wou et aner Datacentere gëtt. Wann ech richteg informéiert sinn, ass den Datacenter 3 vu Lux-Connect nach net voll, loin de là. Dat heescht, do gëtt et Capacitéite genuch.

A mat där Gare, do kéint ee bestëmmt eppes aneschters maachen, zum Beispill eng Gare! Ech fannen dat eng ganz gutt Iddi.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Reding. An d'Wuert huet elo dee leschten ageschriwwene Riedner, den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech mengen, datt d'Aviatioun e Paradebeispill derfir ass, wat fir eng katastrophal Auswierkungen eng Liberaliséierungspolitik kann hunn.

(Interruption)

Ah jo, dat kënnt direkt am éischte Saz oder am zweeten.

(Hilarité)

Une voix.- Do kann een drop wetten!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Et ass net schwéier, esou eng Wett ze gewannen.

(Hilarité et interruptions diverses)

Et geet jo ëm den Transport...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Loosst Iech net oflenken, Här Wagner!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Neen, ech fannen et ëmmer interessant, wann ee vu Liberaliséierung schwätzt, mir gehéieren dozou als déi Lénk, an da laachen der immens vill hei am Raum. Mä bausse laachen d'Leit vill manner, wësst Der!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir hutt zwar elo am meeschte gelaacht.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Wësst Der... Jo.

Une voix.- Ben, et ass wéi e Fluch.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Bon, allez!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir provozéiert Är Kolleegen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir laacht nach ëmmer.

(Hilarité)

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Bien, ech provozéiere weider, andeems ech weiderhi vu Liberaliséierung schwätzen. Mä neen, mä ech mengen, also mir hunn hei mat Konsequenzen ze schaffen, déi vun der Liberaliséierungspolitik stamen, an dat huet och natierlech op EU-Niveau eppes domadder ze dinn. Dat huet duerno Répercussiounen op d'Sécherheet, dat huet Répercussiounen op d'Personal, wat schlussendlech do schafft, an dat huet natierlech och Répercussiounen op d'Passagéier. Ech schwätzen emol net vun de Répercussiounen um Emweltniveau, grad zu engem Zäitpunkt, wou och nach sech eng COP versammelt.

E klengen Historique, den Här Wilmes ass schonn dorobber agaangen. Mä natierlech, an dat war natierlech och an engem EU-Kontext diskutéiert ginn, an den Här Minister ass net midd ginn, fir ëmmer erëm drun ze erënneren, dat war d'Delokaliséierung vun der Approach Control, wou u sech hir Aktivitéiten hätte sollen delokaliséiert ginn. Do war eng éischt Pist. Dat war déi zu Bréissel vu Belgocontrol a wou awer

schonn am Virfeld gesot gouf, dat wier awer e bësse komplizéiert, ënner anerem vun der LACA, vun der Gewerkschaft. Mir haten dat och weidergedroen.

Schlussendlech, also et gouf ëmmer monéiert vu Regierungssäit: „Ma neen, dat wäert klappen" an esou weider, bis et zu engem Mouvement social koum. An op eemol ass et an eng aner Richtung gaangen, Richtung Däitschland, bei d'DFS, wou och den Direkter vun der DFS héchstperséinlech hei op Lëtzebuerg komm ass, an d'Kommissioun komm ass, fir säi Betrib ze presentéieren a fir de klenge Lëtzebuerger emol ze weisen, „wie man das so richtig macht".

Bon, schlussendlech, e wollt och net esou richteg op déi finanziell Schwieregkeete vun der DFS agoen, well ech mengen, dat touft zwar och ëmmer e bëssen, wann een dee phenomenal, fantasteschen däitsche Modell vläicht e bëssen a Fro stellt. A mir wëssen all, datt d'DFS u sech awer wierklech bäi Wäitem net a rengen Dicher ass. An dat wäert sech nach erausstellen an den nächste Joren.

Schlussendlech krut awer d'Regierung d'Kéier, nodeems sech och déi Gewerkschaft - den Här Negri huet dat gesot -, d'LACA, exzellent, muss ech elo soen, gewiert huet. A mir sinn och frou, datt mer dozou konnten e bësse bäidroen an datt schlussendlech de Wee vun der technescher Kollaboratioun décidéiert gouf an ageschloe gouf.

Elo si mer frou, datt emol dee Problem aus dem Wee geraumt gouf. An elo héiert een awer och an deene leschte Méint, datt awer trotzdeem de Ministère erëm eng Kéier am Clinch ass mat Gewerkschaften. Nodeems net eng Administratioun delokaliséiert gëtt, kann et awer trotzdeem sinn, datt e Service einfach privatiséiert gëtt, datt - an dat ass ëmmer de Problem, och wann een als Sechste schwätzt -, mä datt d'Zertifizéierung u sech dann iwwerdroe gëtt un eng privat Gesellschaft, u lux-Airport. Natierlech wou de Stat dran ass, wäert Dir soen, mä dat doten, dat gëllt net. Déi Diskussioun hate mer och scho bei Enovos an esou weider.

Dat heescht, souwisou d'Liberaliséierung ass ëmmer eng méiglech Dier, déi opgeet, oder eng Dier, déi méiglecherweis kéint opgoen, fir weider Privatiséierunge virzehuelen, respektiv ass et ganz oft och e ganz gutt Argument fir d'Regierung, fir ze soen: „Off, ech däerf mech elo net méi, oder mir däerfen eis elo net méi amëschen an d'Geleeënheete vun enger privater Gesellschaft, och wann de Stat dra vertrueden ass." Wat u sech eng Approche ass, déi mir als Lénk op jidde Fall als net gutt bezeechnen a mengen, dat ass falsch, wann een déi Approche huet.

Bon, dat heescht elo, ech si gespaant, den Här Minister wäert héchstwahrscheinlech a sécherlech dorobber agoen, mengen ech, well do sinn awer vill Saachen, déi ganz onkloer sinn. D'Gewerkschaften, déi Entrevuë froen, déi se net kréien a wou se awer duerno trotzdeem matkréien, datt u sech awer trotzdeem schonn um europäeschen Niveau gemellt ginn ass, datt lux-Airport u sech den Haaptlead wäert iwwerhuelen. An duerno stellt sech jo och d'Fro vun der ANA, déi duerno d'Redevancen dann net méi wäert kréien, wéi déi sech soll droe kënnen, étant donné datt u sech och laut EU-Recht d'ANA sech misst selwer droen.

An duerno misst een och nach drun erënneren, datt an engem Schlichtungsprotokoll - dat ass och scho gesot ginn - vun 2014 festgehale gouf, datt awer déi Administratioun, déi fir d'Zertifizéierung zoustänneg ass, datt déi och iwwert déi néideg Moyene soll verfügen. Well et geet jo dorëms, et gëtt gesot, et gëtt monéiert, datt se dat net kéint maachen. Et ass jo all Kéiers, also déiselwecht Argumentatiounsschinn ass jo och gefuer ginn deemools, wéi d'Approach Control huet och missen delokaliséiert ginn. Dat hätt onbedéngt misse geschéien. A schlussendlech ass et awer net geschitt.

Ech wéilt awer nach en anert Beispill huelen, fir awer e bëssen ze illustréieren, wéi delirant u sech a suizidär déi EU-Liberaliséierungspolitik ass am Voll. Dat ass déi ganz Fro vun der Cargolux. Wéi mer wëssen elo, zënter Juni kritt och d'Qatar Airways vill méi Vollen, flitt d'Qatar Airways vill méi Volle vu Lëtzebuerg aus, déi virdrun zu Léck waren. Do gëtt gesot vun deenen, déi ganz kuerzfristeg kucken: „Mä dat ass vläicht och gutt fir den Handling hei um Fluchhafen." Mä mir wësse jo ganz genau, datt dat à long terme e risege Problem duerstellt fir d'Cargolux selwer, well d'Qatar Airways eng richteg Konkurrenz fir d'Cargolux duerstellt.

Well an der EU, dat gouf scho gesot, mir si jo och e bësse schizophren. D'EU ass ee vun deenen Espacen, wou eng Limitatioun besteet vun der éffentlecher Participatioun a Gesellschaften. Sou domm sinn aner Länner op anere Plazen net! An déi kënnen natierlech iwwer ëffentlech Gelder hir Sociétéite vill méi konsequent ënnerstëtzen, well dat och e strategeschen Impakt huet respektiv a Fonge leeft.

An d'Katarien, déi genéiere sech natierlech net a si kënne mat Dumpingpräisser vun hei aus fléien, d'autant plus datt och hire Chef jo virdru bei der Cargolux geschafft huet a wahrscheinlech och iwwert deen néidegen Know-how verfüügt, fir ze wëssen, wat een alles ka maachen, vu datt se déiselwecht Routë fueren. Dat ass e richtege Problem op laang Dauer. Et muss ee sech Froe stellen, awéifern d'Cargolux nach wäert kënnen do mathalen.

Et gëtt gesot, datt déi Fluchrechter, déi d'Qatar Airways huet, dat ass en Deal, deen deemools getraff gouf, wéi d'Katarien an d'Aktionariat eragaange si vun der Cargolux. An duerno, wéi se erausgaange sinn, ass deen Deal awer weiderhin, also ass op jidde Fall deen Deel vum Deal nach iwwreg bliwwen. Dat heescht, si sinn zwar net méi am Aktionariat, mä si hunn nach ëmmer d'Fluchrechter.

D'Regierung, déi dofir, fir deen Deal natierlech net kann, well deemools war den zoustännegen Transportminister an der Oppositioun - do sinn anerer, déi déi komesch Geschichte mat deem komesche Partenaire, méi wéi komesche Partenaire muss ee soen, ausgehandelt hunn. Mä hautdesdaags seet déi aktuell Regierung: „Jo, mä mir kënnen elo awer... Mir hätten dat missen deemools maachen, deen Deal kënnegen. Elo geet et net méi, an et kéint zu engem diplomateschen Incident kommen." Ech mengen, dat huet jo och domadder ze dinn, datt d'Katarien och nach eis Banke gerett hunn. A vläicht ass dat den diplomateschen Incident, deen duerno als Konsequenz kéim!

Do mierkt een och, a wat fir enger geckeger Welt mir liewen, soit dit en passant. Also globaliséierte Kapitalismus ass phenomenal! Dat huet jo Konsequenze bis an aner Detailer eran. Mä ech mengen, en diplomateschen Incident, ech géif gäre wëssen, wat fir ee genauen diplomateschen Incident dat kéint sinn. Erkläre se eis de Krich, d'Katarien? Ech weess net. Wie bilde se aus? Ech weess et net. Mä op jidde Fall misst een awer eng Kéier kucken, ech mengen, deen diplomateschen Incident, dee wier et da vläicht derwäert. Et misst een awer kucken, déi Fluchrechter a Fro ze stellen.s

Dann nach ganz schnell, mech géif et och interesséieren, wéi et mat der weiderer Liberaliséierungspolitik um Himmel ausgesäit. Ech mengen, et ass en anere Pak amgaangen. Do ka vläicht eis de Minister e puer Informatioune ginn.

Duerno nach eng lescht Saach, och nach lux-Airport-Personal. Ech mengen, well do d'Astellungspolitik - ech ginn elo net op d'Detailer an - bei lux-Airport, déi jo zum groussen Deel vu Lagardère, wat jo och e fantastesche Partner ass, bedriwwe gëtt, d'Astellungspolitik an d'Personalpolitik ass net genial. Ech zitéieren awer nach ganz schnell aus engem Communiqué vum OGB-L: «Le malaise général qui existe est dû notamment aux nombreux licenciements, départs volontaires, augmentations de salaire refusées, paiements tardifs des salaires, le non-respect de la durée maximale de travail et du repos journalier légalement prévus, l'attitude misogyne de la direction envers les femmes en général et les femmes enceintes en particulier.»

Wann ech esou e Communiqué géif liesen an ech wier Transportminister, da géif awer den Direkter vu lux-Airport a mengem Büro ganz schnell sëtzen, fir wéinstens e bëssen doriwwer ze diskutéieren, wat do leeft. Ech hoffen, datt dat wéinstens geschitt ass.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. An zum Ofschloss huet d'Wuert den Här Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Merci och all deene Leit, déi intervenéiert sinn a Froe gestallt hunn zu der Entwécklung vum Fluchhafen. An ech wëll direkt ufänken, andeem ech soen, datt dat richteg ass, wat verschidde Riedner hei beschriwwen hunn, datt d'Aviatioun e ganz schwierege Secteur ass, d'Fluchhäfen an d'Organisatioun vun de Fluchhäfen nach méi, an datt mer an engem globaliséierte Kontext si per se.

Ech soen ëmmer, et gëtt an eiser Ekonomie kee Secteur, keen een, deen esou zënter Laangem globaliséiert ass, wéi den Aviatiounssecteur a wou deementspriechend natierlech, emol onofhängeg dovunner, wat um EU-Niveau décidéiert gëtt vu Regelen oder Netregelen, op déi ech och nach wëll ze schwätze kommen, d'Aviatioun egal wéi der Konkurrenz ausgesat ass, global. An ech mengen, datt dat e Geschäft ass, wou mat extrem haarde Bandagë geschafft gëtt.

Dat gesi mer net nëmmen zu Lëtzebuerg. Et brauch ee sech jo nëmmen ëmzekucken, quasi all Dag oder all Woch d'Zeitung ze liesen. An da muss ee feststellen, wivill Fluchhäfen, wivill Aviatiounsgesellschaften an extreemste Schwieregkeete sinn an um Wackele sinn an och souguer net déi mannste Fluchgesellschaften. Et gëtt der an Europa ganz wéineg zum Beispill, déi et fäerdegbréngen, de Moment a schwaarzen Zuelen ze fléien, sougutt am Passagéierberäich, guer net ze schwätze vum Frachtberäich, wou zum Beispill och dëst Joer e katastrophaalt Joer war, wat awer vill Grënn huet. En Deel dovunner si beschriwwe gi vum neie CEO vun der Cargolux an der Press haut an och déi lescht Deeg. Do brauch ech och net méi drop anzegoen, well dat, wat en do beschreift, entsprécht absolutt der Realitéit.

Ech komme fir d'Éischt vläicht ze schwätzen op deen éischte Problem oder éischte Punkt, deen den Här Wilmes och zu Recht opgeworf huet, dat ass dee vun der Zertifizéierung, well dat e ganz wichtegen ass.

Ëm wat geet et do? Ben, et gëtt eng EASA-Bestëmmung, a mir ënnerleie mat eisem Fluchhafen der EASA, de Richtlinne vun der EASA, déi seet, datt mer effektiv bis Enn 2017 eis mussen a Conformitéit setze mat eisem Fluchhafen zu de Standarden, wéi se virgesi si bei der EASA. Dat betrëfft d'Ofleef um Fluchhafen, um Buedem, dat betrëfft d'Maintenance, dat betrëfft d'Safety manuals, also alles, wat iergendwéi mat Sécherheet ze dinn huet um Fluchhafen.

An ech wëll hei betounen, do geet et net, wéi verschidde Leit ëmmer mengen, et geet net drëms, nëmmen ze diskutéieren iwwer, wéi d'Fligere landen an opginn, mä et geet och drëms zum Beispill, wéi een iwwerhaapt erakënnt an de Fluchhafen, wéi an der Aérogare d'Sécherheet ofgeséchert ass, wéi ee vun do op den Tarmac kënnt, wéi d'Bussen hin- an hierfueren; also alles, wat iergendwéi de près oder de loin mam ganze Fluchhafen, mam Fluchhafe selwer, dat heescht net an der Luucht, mä mam Fluchhafe selwer ze dinn huet, ass do betraff.

Dat si ganz strikt Regelen, déi do opgestallt sinn, wou mer och kee Choix hunn. An ech muss och soen, et ass och gutt, datt mer do kee Choix hunn, well déi EASA-Regelen, déi si jo derfir do, datt d'Fluchhäfen ëmmer méi sécher solle ginn, nach méi sécher solle ginn. Also ech mengen, dat si scho Regelen, déi wierklech hir Berechtegung hunn.

Elo ass d'Fro opgeworf ginn an deem Prozess vun der Zertifikatioun: Wien huet do d'Koordinatiounsfonctioun respektiv wat heescht et iwwerhaapt, wann ee vun deem ominéisen Operateur oder „Exploitant d'aérodrome", wéi et genannt gëtt an der Fachsprooch, schwätzt? An da gëtt gesot, dat war bis elo d'ANA, an elo iwwerdréit de Minister d'Fonctioun vum Exploitant d'aérodrome op lux-Airport. Dat wär éischtens am Widdersproch zu deem, wat ech am Gesetz geschriwwen hätt, dat Gesetz, wat ech selwer déposéiert hunn zu der ANA, an zweetens, firwat ech dat gemaach hätt.

Ech wëll Iech d'Gesetz zitéieren, wéi et genau am Text steet. Do steet: «Le ministre (…) désigne conformément à l'article 4 du règlement de l'Union européenne 139/2014 (…) un ou plusieurs exploitants d'aérodrome pour fournir tout ou partie des services liés à la maintenance et à la gestion d'un aéroport (…).» Also steet net do, d'ANA wär den Exploitant d'aérodrome; do steet, de Minister! An esou ass et och an der Direktiv iwwregens virgesinn: Nëmmen de Minister kann décidéieren, wie gemellt gëtt bei der EASA als den Exploitant d'aérodrome.

Dat ass zwar richteg, datt d'ANA déi Fonctioun sollt iwwerhuelen. Dat ass och eng Zäit geschitt. Mir sinn awer an deem Zertifikatiounsprozess jo schonn amgaangen. An an deem Zertifikatiounsprozess si jo och eng Rei Saache schonn analyséiert ginn. Do gëtt et och en onofhängegen Expert, deen dat begleet, dee Prozess. An der Tëschenzäit hunn ech och en Tëscherapport vun deem onofhängegen Expert doleien. An deen huet mer d'Schwieregkeete beschriwwen, déi et de Moment gëtt am Kader vum Zertifizéierungsprozess, dee mer do hunn, am Kader vun der Koordinatiounsfonctioun.

An en huet mer gesot, datt ech misst dorun erugoen, well wa mer déi Schwieregkeeten net aus dem Wee geraumt kriten, da géife gewësse Fragezeiche bestoen, net ob mer souguer d'Zertifikatioun à la limite géife packen, dat ass net de Punkt. Mä dat ass awer, wéi mer se packen! Mir musse jo herno oppassen, mir kréien herno eng Nott bei deem Ganzen. An et geet jo net duer, datt mer elo eng Nott kréien am Sënn: Dir sidd esou just duerchkomm. Ech mengen, dat wär net gutt fir eise Fluchhafen.

Doropshin hu mer eis vill Gedanke gemaach a mir sinn zur Konklusioun komm, och a Fonctioun vun deene verschiddene Fonctionnalitéiten, déi et um Fluchhafe gëtt, datt et besser wär de Moment, datt lux-Airport déi dote Fonctioun vun der Koordinatioun géif iwwerhuelen. Éischtens emol, well ganz vill Aufgabe jo och souwisou ënnert deenen hire Beräich falen, mä zweetens awer och, well lux-Airport als Gesellschaft méi Moyenen huet, fir un dat Ganzt erunzegoen. An dat hu mer och ënnert dem Stréch suggeréiert kritt, op dee Wee ze goen, fir dat ze maachen.

Dat bedeit awer an der Praxis fir d'ANA an de Fonctionnement vun der ANA iwwerhaapt näischt! Dat heescht, d'ANA bleift genau déi Verwaltung, wéi se haut ass, mat all hire Fonctiounen; keng eng Aarbechtsplaz gëtt eriwwergeholl vun der ANA, eriwwer bei lux-Airport. Also, fir datt et kloer ass: Déi Verwaltung, déi behält all hir Fonctionnalitéit, an ech hunn och net wëlles, iergendeng Fonctioun vun der Verwaltung ewechzehuelen! Dat ass iwwerhaapt net a mengem Intérêt an iwwerhaapt net a mengem Sënn. Et geet just drëms, datt de Koordinatiounsprozess vu lux-Airport soll geleet ginn. An ech mengen, datt dat och eng gutt Aufgab, eng gutt Décisioun ass.

Wéi fonctionnéiert dat Zesummespill? Mä dat ass net ganz komplizéiert. D'ANA behält, wéi gesot, all hir Fonctiounen, an et gi Service-Level-Agreements gemaach tëschent dem lux-Airport an der ANA fir déi Servicer, déi d'ANA fir de Fluchhafe leescht. Dat ass iwwregens och a ville Länner op Fluchhäfen, wou dat gemaach gëtt.

Ech wëll Iech just nach eng Kéier drun erënneren: Mir sinn dat eenzegt Land, wat esou eng ganz Opdeelung huet, wou wierklech getrennte Verwaltunge bestinn. Bei anere Fluchhäfen, do gëtt et eng Administratioun, wou souwisou alles drënnerläit, déi dann zwar och oft, wéi an Däitschland zum Beispill d'Deutsche Flugsicherung zu Frankfurt, dee Beräich mécht vun der Fluchsécherung, deen d'ANA och hei mécht, an eng autonom - wéi soll ech soen? - Gesellschaft ass an Däitschland. Mä et ass awer Fraport, déi am Fong de ganze Fluchhafen ënner sech huet. Mir wëllen hei net déi Opglidderung opdeelen, mir wëllen d'Fonctionnalitéiten, wéi gesot, all do loossen, wou se sinn. Hei geet et just ëm de Lead an deem Prozess. An ech mengen, datt dat wierklech kee Problem dierft sinn.

An ech wëll och soen, wa behaapt gëtt, ech hätt mat de Gewerkschaften net doriwwer geschwat, dann ass dat natierlech net richteg! Bon, ech mengen, ech versti jo, datt eng Gewerkschaft Communiquée mécht an da Saachen emol duerstellt no baussen. An da gëtt och gesot vun der CGFP, de Minister wär arrogant. Ech wëll just soen, ech hunn, also ech mengen, ech hat onzieleg Reunioune mat de Gewerkschaften a leschter Zäit. An ech hat och nach eng lescht, wou mer diskutéiert hunn iwwert den Accord am Kontext mat der Hëllef vun der Deutschen Flugsicherung. Do hu mer déi hei Saachen och diskutéiert, souguer zimlech hefteg diskutéiert, muss ech soen. Mä mir kommen do net op e gréngen Zweig!

Ech mengen, do bleift et einfach derbäi, datt elo eppes hei monéiert gëtt, wat net ass, an ech et net verstinn, firwat dat monéiert gëtt. Et gëtt vläicht Erklärungen op perséinlechem Niveau bei eenzelne Leit, dat mag vläicht sinn. Mä ech mengen, dat huet de Minister net ze interesséieren. Ech muss kucken, datt hei herno dat Ganzt erfollegräich ofgeschloss gëtt.

Ech muss awer soen, ech fannen et e bësse cocasse, wann ech ënnerstallt kréie vun enger Gewerkschaft, ech wéilt elo hei eppes privatiséieren - wat ech net wäert maachen, ech privatiséiere strictement näischt, et bleift alles bei der ANA -, an déi nämlecht Gewerkschaft, wéi ech de Kompromëss virgeluecht hunn, fir datt mer géifen zum Beispill d'Approach net auslageren, gesot huet, si géifen dee Kompromëss net matdroen, well si wären net méi d'accord domadder, well si hätte léiwer dee Gesamtpackage, deen d'DFS proposéiert gehat hätt. An zwar hätte si léiwer gehat, d'Approach wär carrément op Frankfurt ausgelagert ginn.

Dat heescht, do verstinn ech d'Welt net méi esou richteg, wann ech op där enger Säit gesot kréien, ech wéilt hei eppes privatiséieren - wat net de Fall ass, well wéi gesot ech huele keng Aarbechtsplaz ewech -, vun deenen nämlechten, déi awer kee Problem gehat hätten, fir hir eege Kolleegen e Stack ënnendrënner just virdrun auszelageren. Also do muss ee mer d'Logik erklären! Mä bon, dat iwwerloossen ech deene Leit, déi dat vu sech ginn a schwätzen an a Communiquéen doruechter schéissen.

Bon, ech mengen, fir de Rescht huet jiddweree seng Méiglechkeeten, wann e fënnt, dat wär

net richteg oder wär falsch, fir ze probéieren, lénks oder riets op Conciliatiounen zréckzegräifen. Ech froe mech zwar, mat wat een hei bei d'Conciliatioune wëllt, éierlech gesot, well et gëtt kengem eppes an der Pai ewechgeholl, et verléiert keen e Statut, mir huele keng Aarbechtsplaz ewech. Ech weess net, bon, dat ass elo awer net mäi Problem. Ech mengen, dat mussen déi Leit mat sech selwer ofmaachen.

An da muss ech soen, den Här Wilmes seet hei, an ech begréissen dat, hie seet, déi Multilicence, dat wär eng gutt Approche, fir op dee Wee ze goen. Ech wëll Iech awer just soen, ech war extreemst iwwerrascht, wéi ech an der leschter Sëtzung, an net bei deenen, déi virdru sollten ausgelagert ginn, well déi waren näämlech derfir, fir dat ze maachen, mä bei deenen aneren op eemol gesot kritt hunn: Ah neen, elo wäre si awer domadder guer net averstanen, dat géif iwwerhaapt näischt ginn! An dat wär schonn eng Kéier probéiert ginn, dat wär totalen Nonsens. An du krut ech honnert Argumenter duergeluecht op eemol bei deenen nämlechten, déi virdrun déi wollten auslageren, datt dat elo mer näischt méi géif brëngen.

Just fir Iech ze soen, wéi kohärent verschidde Saachen heiansdo sinn. Kohärenz gesäit fir mech anescht aus. Mä wéi gesot, mir muss et drëms goen, hei aus dem Fluchhafen am Sënn vum Intérêt général dat Bescht versichen ze maachen. Ech ka mech och nëmmen op dat verloossen, wat ech doleien hu vun Texter. An ech probéieren do an där schwiereger, delikater Situatioun, dat Bescht draus ze maachen. Da mussen anerer hir Responsabilitéiten iwwerhuelen.

Zu der Kooperatioun mat der DFS an zu der Fro, ob een dat hätt missen ausschreiwen oder net. Bon, éischtens emol wéilt ech soen: Mir hu jo schonn, e gudden Deel vum Loftraum ass u Belgocontrol gaangen. Dat ass och deemools net ausgeschriwwe ginn. Dat ass och am Kader vun der méiglecher Kooperatioun tëschent den ANSPe gemaach ginn. An hei ass et d'nämlecht, menger Meenung no. Et ass jo am Fong d'Kooperatioun tëschent ANSPen, déi hei geschitt. An duerfir mengen ech och, datt kee Problem dierft sinn.

Wéi geet et elo weider? Ech mengen, d'Verträg sinn an Ausaarbechtung fir alles dat, wat mer ofgemaach hunn, wat ech der Kommissioun, och der Chamberskommissioun presentéiert hunn. An da wëll ech soen zu de Leit vun der CNS: Éischtens emol, déi nei Personalvertriedung, déi do gegrënnt ginn ass, déi huet zwar nach keen Agrément, wëll ech soen, mä trotzdeem huet de Ministère se empfaange schonn. A mir hunn eis dat ugehéiert, wat déi Leit gesot hunn. Dat war iwwregens... Ech war selwer do net derbäi, meng Beamten hunn dat gemaach, well ech konnt net do derbäi sinn, mä ech hunn awer e Bericht doriwwer gemaach kritt.

An dat war och interessant, wat ech do héieren hunn, och iwwer verschidden Zesummenaarbechten, wéi se virdru gelaf sinn. Do sinn e bëssen d'Ouere mer och nach eng Kéier zousätzlech opgaangen! An do huet sech villes, wat virdrun aus verschiddene Bléckwénkel beliicht ginn ass, dunn op eemol aneschters presentéiert.

Ech wëll awer zu deene Leit soen, déi brauche sech keng Suergen ze maachen. Éischtens emol, si bleiwen um Fluchhafe bestoen. Et ass jo net esou, an duerfir och fir op d'Fro ze äntwerten: Mussen dann an Zukunft DFS-Leit, wann e Problem ass, vu Frankfurt erofkommen? Neen, neen, neen, selbstverständlech net. Dat Eenzegt, wat geschitt, zu Frankfurt gëtt d'ganz Supervisioun gemaach, informatesch, an do kënne relativ séier, esou wéi déi équipéiert sinn, och Problemer detektéiert ginn. An da gëtt an Zesummenaarbecht mat Lëtzebuerg, mat de Leit, déi hei sinn, gesot: Hei kuckt, do an do misst de Problem sinn, an da soll vu Lëtzebuerg aus, vun deene Leit, déi nach ëmmer hei schaffen, dat dann also erëm an d'Rei bruecht ginn.

Ech verheemlechen Iech awer net, datt mer e Problem hu mam Rekrutement bei deene Leit, well et sinn och héich technesch ausgebilte Leit. Mir hunn do Schwieregkeeten, fir do Leit ze fannen. Mä bon, mir wäerten awer probéieren, do weider ze kucken, datt dat och an Zukunft wäert sinn.

Dann zu der Pist. Bon, ech hu gesot iwwregens virun zwou Wochen, et wären iwwer 200 Milliounen. An ech kann Iech entre-temps de Chiffer genau soen: Et sinn 258 Milliounen, wat dat Ganzt wäert kaschten. Firwat kascht dat esou deier?

Bon, éischtens emol, et ass d'Pist, mä net nëmmen d'Pist. Dir kënnt Iech erënneren, am Ufank war gemengt ginn, just den Tarmac vun der Pist misst frëschgemaach ginn. Mä et ass entretemps d'Pist, et ass den Taxiway, an d'Raccordemente vum Taxiway zu de Parkinge musse gemaach ginn. Dat heescht, d'Envergure ass vill méi grouss wéi dat, wat ugeholl ginn ass.

Bon, da sinn natierlech, et muss een och wëssen, si jo dodranner net nëmmen... D'Leit stelle sech dat vir, do géif just en neie Belag gemaach ginn. Dat ass e bësse méi komplizéiert wéi dat. Do leie jo och elektronesch Anlagen dran, also wat nach muss matgemaach ginn. An dann natierlech, den héije Käschtepunkt huet ganz vill domat ze dinn och, well et extrem komplizéiert ass ze schaffen! Et gëtt vill nuets geschafft. Ech mengen, Dir kënnt Iech virstellen, dat ass mat méi Käschte verbonnen. Och wéi een d'Aarbechten do organiséiert, dat ass extrem komplex, fir dat ze maachen.

D'Aarbechte si virgesinn: dräi Joer. De Gesetzesprojet, do si mer nach amgaangen, lescht Affinitéiten ze kucken. An zwar geet et dann do ëm déi berüümten Opdeelung, ëm déi berüümte 50:50. A wa gesot gëtt hei, do kéint e Problem entstoen, well mer d'nächst Joer iwwer dräi Millioune Passagéier ginn; ech wëll Iech soen, den Text, esou wéi e virgesinn ass, deen definéiert, wéini een nëmme méi 25% géif bäileeën. Deen ass esou, datt gesot gëtt, d'Moyenne vun de leschten zwee Joer, gekuckt vun deem Dag un, wou een iwwer dräi Millioune geet. Dat heescht, mir hu ganz sécher fir 2017 kee Problem. Do brauche mer eis also keng Suergen ze maachen.

Wou allerdéngs e Problem kënnt, an dat ass onofhängeg dovunner - hei ass jo elo virgesinn, datt lux-Airport eben dee Finanzement soll matdroen -, wien dat elo géif matdroen, ob et elo en aneren Akteur vum Fluchhafe wär wéi d'lux-Airport. De Stat muss, kann da seng 50% bäileeën, awer déi aner 50%, deejéinegen, deen déi brëngt, dee muss herno, do musse mer beleeën, datt deen och Recetten do derfir huet. Dat heescht, mir kënnen net zum Beispill elo mat Artificë schaffen. Do muss ee schonn oppassen, wat ee mécht. Mir mussen dat notifiéiere bei der Kommissioun. Da gëtt dat genau kontrolléiert.

Bon, an do gëtt eben ënner anerem gekuckt, wat fir e Modell mer de Moment wielen. Do gëtt et e puer Pisten de Moment. Dat ass och de Grond, firwat de Gesetzesprojet nach net duerch de Regierungsrot gaangen ass. Soubal dat gekläert ass, an dat gëtt awer an den nächsten aacht bis zéng Deeg gekläert. An d'Zil ass, datt ech bis d'Chrëschtvakanz de Gesetzesprojet nach hei an der Chamber wäert déposéieren.

Ech wëll dann och nach e Wuert soen zu de Fluchhafegebühren. Do gëtt gesot, dat ass jo och e bëssen d'Angscht bei der ANA, do gëtt gesot: „Oh, wann elo déi Fonctionnalitéit eriwwergeet bei d'ANA (veuillez lire : bei lux-Airport), da verléiere mir dat!", wat hir Recetten de Moment sinn, déi sougenannten „terminal charges". Dat ass iwwerhaapt net wouer! Déi behalen déi. Dat huet guer näischt domat ze dinn! Awer d'Taxen, déi ufalen um Fluchhafen, do gëtt et jo verschidden Taxen. Ech mengen, déi „terminal charges" hieft d'ANA op, déi bleiwen och ganz kloer bei der ANA, och no deem, wat mer hei gemaach hunn.

Da kuerz, d'lux-Airport huet de Moment eng Passagéiertax. D'Passagéiertax op eisem Fluchhafen ass déi niddregst an Europa! An ech soen Iech, mir mussen dorunner goen, net wéinst lux-Airport, mä well natierlech, wann Der d'Croissance vum Fluchhafe kuckt, wann Der musst ausbauen, da muss dat jo alles finanzéiert ginn. Da musse mer och eng Recette derfir kréien. Dat ass logesch. Donc muss eppes do geschéien.

An da gëtt et nach Méiglechkeeten, och nach zousätzlech Taxen anzeféieren. An dat gëtt de Moment alles analyséiert, wat mer do maachen, ob mer dat maachen, wat dat och heescht fir d'Fluchgesellschaften. Dat heescht, do ass eng ganz Analys amgaange ronderëm d'Taxen an do muss ganz sécher eppes geschéien, soen ech Iech, well dat ass ganz kloer, soss ass dat Ganzt, wat do gemaach gëtt, net ze finanzéieren.

An et ass och eng logesch Suite, wéi gesot, vun der Evolutioun, déi een um Fluchhafen huet. An et ass och net esou, wëll ech Iech soen, Här Reding, mir hu bei den Nuets..., zum Beispill bei den ANA-Taxen, déi mer hunn, déi mer ophiewen haut bei de Vollen, déi nuets erakommen, hu mer ganz kloer schonn eng Differenzéierung dragemaach par rapport zum Kaméidi an de Fligeren. A mir wëllen do nach méi wäit goen an Zukunft, e puer Schrëtt noleeën. Do kann een och souguer laut den europäesche Reglementer Saache maachen. Mir sinn iwwregens deen eenzege Fluchhafen, deen dat gemaach huet.

(Interruption par M. Roy Reding)

Gelift?

(Interruption par M. Roy Reding)

Jo, jo! Neen, neen! Et geet drëms am Fong, datt d'Fluchgesellschaften esou séier wéi méiglech al Fligeren ofstoussen, fir et emol esou auszedrécken, datt mer méi geräischaarm Fligere solle kréien.

Da kommen ech zu den Nuetsflich an zum Nuetsfluchverkéier. Fir mech wär et einfach, de Problem ze léisen. Ech bräicht nëmmen de Règlement grand-ducal vun 1997 ofzeschafen, da géif nuets kee méi fléien, dat heescht, och keng Cargolux. Mä et ass just d'Cargolux, déi de Moment déi Ausnamebestëmmung huet, niewent natierlech enger Rei Urgencegeschichten, mä dat ass net dat, wat de Problem mécht. Kommt, mir sinn éierlech: De Gros vun dem Problem vun den Nuetsvollen, dat ass d'Cargolux. Dat ass evident. Da wär de Problem geléist.

Mir wëssen awer, wat dat fir déi Gesellschaft heescht! An ech muss Iech soen, ech hu vill Gespréicher gefouert. Ech hat och d'Union des syndicats d'intérêts locaux vun der Stad Lëtzebuerg fir d'Éischt eleng empfaangen. Do hu mer doriwwer diskutéiert. Do hunn ech gesot: „Verlaangt Dir dann, verlaangt Dir vu mir, datt ech de Règlement grand-ducal vu '97 soll ofschafen?" Du krut ech awer gesot: „Neen!" Dat géif, si wéissten... Also ech mengen, et ass schonn e Bewosstsäin do, och bei de Leit, datt dat net esou einfach ass, datt dat net esou einfach geet.

An elo geet et drëms ze kucken: Jo, wat maache mer dorauser? Wéi gi mer domadder ëm? Wéi interpretéiere mer dat? Kënne mer net nei Weeër fannen, wéi mer kënnen dat besser uerdnen zum Beispill? An do hunn ech hinne proposéiert, well ech hunn dat wichteg fonnt, datt mer och emol eng Kéier si géifen zesummebrénge mam Management vun der Cargolux.

An déi Sëtzung huet och mat der Stad Lëtzebuerg zesummen, d'Madamm Buergermeeschter war derbäi och an d'Schäffin vun der Stad Lëtzebuerg, do hu mer eng Sëtzung gemaach mat der Cargolux, mam Management vun der Cargolux. An um Schluss ass erauskomm, dat war op meng Propos hin, datt en Aarbechtsgrupp sollt installéiert ginn tëschent dem Management vun der Cargolux an de Vertrieder vun de Syndicat-d'initiativen.

An déi éischt Sëtzung, déi ass elo déi zweet Woch Januar. An da solle se zesumme kucken, no Léisungen ze sichen, wéi mer dee Problem do an de Grëff kréien, dat heescht, ob een an Zukunft fiert mat fixe Contingenten, déi een dann net dierf iwwerschreiden, wéi se sollen organiséiert ginn an esou weider, wou all déi Froe kënnen diskutéiert ginn.

Also ech mengen, wat wichteg war, dat ass fir mech, datt mer duerch deen Dialog och mat de Betraffenen eigentlech am Endeffekt eis eens waren, datt et e Problem duerstellt. Souguer d'Cargolux selwer weess, datt et e Problem ass. Mä datt ee misst zesumme kucken, Léisungen ze fannen, déi méiglechst den Awunner hire Problemer Rechnung droen an awer net der Cargolux hir Existenz a Gefor brëngen. Well ech soen Iech, wa mer d'Nuetsvolle wierklech ewechhuelen, ass d'Existenz vun där Gesellschaft a Fro.

Dat ass jo och duerfir de Grond, firwat bei der Pistrenovatioun eng schwiereg Zäit ass fir d'Cargolux, wou se musse versichen, a mir kucken, ech mengen, déi Pisten, ech wëll déi net widderhuelen, Dir kënnt se an der Press haut liesen, dat sinn déi, déi de Moment diskutéiert ginn tëschent dem Stat an der Cargolux an der Fluchhafegesellschaft. Mä dat ass net einfach, ganz kloer, fir dat ze organiséieren. Do musse mer kucken, wéi mer dat hikréien. Wa mir kénten de Fluchhafen natierlech einfach zoumaache wärend - ech soen elo emol - e puer Méint an dann d'Pisten ënneren, da géif et einfach goen. Mä dat geet awer net. Dee Fluchhafe muss permanent operationell bleiwen. An dat ass dat, wat eis d'Schwieregkeet mécht.

Zum Masterplang Fluchhafen. Do ass gefrot ginn: Wat ass d'Vitesse vun der Realisatioun? Éischtens emol wëll ech drop hiweisen, datt bei deem Masterplang, deem virun der Gare, e puer Iddien hannendru sinn. Déi éischt ass emol, Dir wësst jo, datt immensen Drock ass: natierlech Aarbechtsplaze ronderëm de Fluchhafen. An do war d'Idddi, fir ze soen: Ma do hu mer Raum, deen ass schlecht genotzt, dee läit awer extrem gutt, do kënnt den Tram eng Kéier hin, do hu mer gutt ëffentlech Transportverbindungen, mir hunn de Park & Ride Héienhaff, deen dohinner wäert kommen. Dat heescht, da kommt, mir probéieren, déi Aarbechtsplazen do ronderëm ze schafen, wou och d'Verbindung gutt ass, dat heescht, wou mer am mannsten Nuisancë kréien herno, wou d'Leit am beschten och kënne mat ëffentleche Verkéiersmëttel dohinner schaffe kommen! Dat war déi éischt Iwwerleeung.

Déi zweet war natierlech, fir ze soen: Dee Raum ass schlecht genotzt, dee mer do hunn, et ass vill eigentlech vergeudete wäertvollen Terrain, ma kommt, mir kucken, dorauser eppes ze maachen! An dat gëtt a Phasen ëmgesat. Ech mengen, do ginn elo, Interessi ass ganz kloer do, soen ech Iech. Zum Beispill fir dee Motel gëtt et e ganz groussen Interessi. Mä ech mengen, dat soll alles elo iwwer Concourse lafen an an e puer Phasen ëmgesat ginn.

Zu der Gare ënnendrënner an der Fro, firwat net den Zuch, den Tram drënner. Mä da musse mer nach eng Kéier Suen ausginn! Éischtens emol mécht et kee Sënn, well Dir kommt jo iwwerierdesch elo un. A fir de Client ass et méi praktesch, wann en direkt kann an d'Aérogare eragoen, wéi datt ech dann um ieweschten Deel emol an de Buedem... An Dir musst oppassen, déi Gare ass net nëmmen um Niveau vum Parking, déi ass jo nach ënnendrënner! Dat heescht, Dir misst immens déif do eroffueren, fir dohinner ze kommen. Da missten d'Leit erëm vun do ganz ënnen erëm eropkommen. Also, dat mécht kee Sënn an et géif eis zousätzlech Fraise generéieren.

Duerfir kucke mer, éischter eppes aneres dodran ze maachen. An ech wëll och soen, deen Datacenter, d'lux-Airport baut keen Datacenter dodran. Dat ass wierklech net d'Iddi! Mir hu gesot, datt esou eppes wéi dat do sech gutt géif eegnen.

Bon, Är Remarque, ech soen Iech, do ass eng Analys gemaach ginn. Do gëtt et och géigesätzlech Meenungen. Et ginn och vill Fluchhäfen, wou der Datacenteren um Fluchhafen hutt, ënnerierdesch. A well et ënnerierdesch ass, ass et méi sécher. An et gëtt och da gesot, just de Contraire, well de Fluchhafen eben esou gutt iwwerwaacht ass, wéi näischt aneres, ass dat eben desto méi sécher. Dat heescht, et kann een déi Argumentatioun och ëmdréien. Bon, dat sinn d'Experten, déi dat soen.

Mä wéi gesot, lux-Airport selwer baut dat net. Et ass just eng Iddi, fir datt een dat kéint dora maachen. An a Fonctioun dovunner si Gespréicher, déi gefouert ginn oder lafen. Da musse mer herno kucken an hoffen, datt mer dat Bescht dorauser kënnen erauszéien.

Also ech mengen, gleeft mer es, bon, ech hunn déi Gare jo do net gebuddelt, déi huet mech scho vill Nerve kascht. Mä et nervt mech awer och, wann de Stat investéiert huet a mir hunn do eppes gemaach, fir dann ze soen: Mir loossen dat elo leien, mir bekëmmeren eis net drëm. Ech mengen, dat kann net de Sënn sinn.

Zum Ausbau da vum ganzen, also dem Masterplang op der Airside, wéi den Här Wilmes gesot huet, bon, do gëtt et natierlech och e Masterplang. Mir hunn deen ni esou koordinéiert presentéiert, wéi elo virum Fluchhafen. Mä et gëtt éischtens d'Iddi vum Terminal B. Ech mengen, dee geet Abrëll, Mee op. Do ass d'Méiglechkeet, fir dertëschent och nach auszebauen, dat heescht, fir nach eng Kéier e Gebai derbäizebauen, fir wa mer passagéierméisseg nach géifen eropgoen, also wa méi Passagéier bäikéimen.

Dann ass d'Pist mat den Taxiwayen, d'Parkplaze fir d'Fligeren, do gëtt et och nach eng Rei lwwerleeungen, fir ze kucken, wat een domadder mécht, well do hu mer och Problemer. Et ass d'Fuel Farm, déi mer musse komplett nei maachen, well déi net de Standarden entsprécht. D'Erneierung vun den techneschen Anlage gehéiert dozou. Ech mengen, alles dat ass dat, wat airsides souwisou um Lafen ass, wat natierlech am Gesamten och e risegen Invest ass, wann ech dat alles géif zesumme chiffréieren, deen een do muss bedenken, deen do muss gemaach ginn.

Dann nach e puer ofschléissend Remarquen zu de méi allgemenge Froen, déi gestallt gi sinn iwwer fir d'Éischt emol de Fluchhafen. Brauche mer e Fluchhafen? Oder ass de Fluchhafen ekologesch? Net ekologesch? Wat gëtt geflunn? - Bon, dat sinn natierlech alles berechtegt Froen!

Mä mir mussen, ech wëll awer drop hiweisen, datt mat Sécherheet och eng Kéier eng super nohalteg, ekologesch Gesellschaft wäert Fluchhäfen hunn a wäert och Fligeren hunn. Natierlech solle mer net alles méi duerch d'Luucht transportéieren. An natierlech och passagéierméisseg gesi gëtt et do Nuancen ze maachen, zum Beispill Distanzen: Perséinlech mengen ech, datt d'Distanzen ënner dausend Kilometer missten duerch e schnellt Eisebunnsnetz éischter gemaach gi wéi duerch d'Luucht. Mä do si mer nach wäit ewech, well déi Infrastrukturen, déi gëtt et haut nach net. Dat muss ee wëssen. Dat ass dat eent.

An dat Zweet ass awer och d'Leit, et ass de Consommateur, dee muss matspillen. De Consommateur décidéiert, ob en de Fliger hëlt oder ob en den Zuch hëlt, de Vëlo, den Auto

oder wat och ëmmer. Ech mengen, dat ass awer och eppes, wat een hei muss, besonnesch hei muss iwwerleeën, wann et ëm laang Distanze geet. Et geet jo net hei ëm kuerz Distanzen, mä ëm laang Distanzen.

Perséinlech mengen ech souwisou, datt och an der Aviatioun eng Revolutioun wäert kommen oder muss kommen, wat d'Untribssystemer ubelaangt. Also ech si sécher, soen ech lech, an 20, 30 Joer gëtt et kee Kerosinn méi fir an de Fliger. Da gëtt et ganz aner Techniken.

Do leeft jo och an der Fuerschung villes. A mir wäerten eng Kéier Fligere kréien, déi, genausou wéi d'Autoen, als Fliger CO_2-neutral fléien. Dat muss eng Kéier kommen. Mä de Fluchverkéier wäert haaptsächlech an der laanger Distanz awer nach ëmmer eppes Attraktives bleiwen.

An d'Wueren, déi wäerten transportéiert ginn, dat ass natierlech eng ganz berechtegt Diskussioun. An dat ass och déi Fro, déi d'Cargolux sech jo och stellt, wann den Här Forson seet: „Mir mussen eis a Fro stellen, eise Business-Modell a Fro stellen." Mä dat schwätzt jo précisément dat un, datt se de Moment total ofhängeg si vu ganz volatille Geschäfter, déi séier kënnen ewechbriechen, wéi ee se flitt a wou souwisou jiddweree sech dorobber stierzt am Moment. An duerfir ass eben d'Iddi, fir ze soen: Mir musse kucken, eis anescht opzestellen, och mat Standbeener, déi net direkt mat der Aviatioun ze dinn hunn, mä ëmmer mat intelligenter Logistik, wat sécherlech och e bëssen an esou eng Richtung geet.

Dann nach zu Qatar Airways. Ech wëll éischtens emol soen, datt Qatar Airways ugefrot hat, fir Nuetsvollen ze kréien. A si hate gefrot, mech gefrot... Dir wësst jo, datt Qatar Airways zu Léck ass. Zu Léck ass e Fluchhafen, do kann ee 24 op 24 starten a landen. An do hu se gesot, si géifen alles vu Léck erofhuelen, wa si d'Nuetsvollen hei kréichen. Do hu mir gesot: „Nix da, Dir kritt keng. Refus." Dofir wëll ech dat emol eng Kéier hei betounen, well ëmmer gesot gëtt: Nuetsvollen an esou weider.

Dat ass jo och eng Décisioun emol onofhängeg vum Cargolux-Problem. Dat ass jo eng Décisioun, wou mer och op ekonomesch Aktivitéite verzichten, wa mer dat maachen. Also, et ass schonn eng Décisioun, geziilt géint en ekonomesche Secteur, wou mer soen: Mir wëllen deen net an deem Mooss zu Lëtzebuerg.

Dat Zweet ass mat deene Fluchrechter. D'Fluchrechter, déi ginn net u Qatar Airways eraus. D'Fluchrechter ginn tëschent de Staten ausgehandelt. Dat heescht, et gëtt en MoU tëschent dem Stat Lëtzebuerg - deen ass deemools natierlech ausgehandelt ginn am Kontext vum Astig vu Qatar Airways an d'Kapital vun der Cargolux -, mä et ass awer e Vertrag tëschent zwee Staten an an deem Vertrag sinn déi Fluchrechter festgehalen, déi Qatar Airways haut huet.

Ech wëll Iech awer soen, dat ass awer net deen eenzege Vertrag, dee mer an deem Mooss hunn. Mä mat ville Länner, wou och aner Konkurrente sinn, hu mer och esou Verträg. An ech wëll Iech och soen, mir hunn zum Beispill um Fluchhafen AirBridgeCargo, dat ass nach méi en direkte Konkurrent, well deen nach méi ausschliisslech an där nämlechter Nisch schafft wéi d'Cargolux beispillsweis. Déi sinn och bei eis um Fluchhafen. Déi hunn och Fluchrechter, fir vu Lëtzebuerg aus ze fléien. Da misst ech deenen déi och ewechhuelen.

Mä ech wëll Iech just soen, et ass jo net eng Fro vun... Wa mir géifen higoen als Lëtzebuerg a mir géife soen: „Majo, mir maachen elo nëmmen nach hei Exklusiven a mir gi kengem Land méi op der Welt, wou Konkurrente sinn, Fluchrechter." An da gi mer awer hin, da gi mer a Brasilien, a China an iwwerall hin a mer soen: „Mir hätten awer gär fir d'Cargolux do, wann ech gelift, all d'Fluchrechter, 'fifth freedom rights', wann ech gelift! Gitt eis alles, mä mir ginn Iech näischt." Also, datt dat net fonctionnéiert, brauch ech jo kengem hei ze molen! Wann dat bis bekannt ass, datt mir esou fonctionnéieren, datt mir hei nëmmen 100% Protektionismus bedreiwen a bei deenen anere Länner gären alles hätten, da kréie mer néierens méi näischt! An dann ass Cargolux souwisou och gläich fäerdeg.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Jo? Den Här Kartheiser wëllt eng Fro stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, wann Dir d'accord sidd.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, selbstverständlech.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech wär nawell ganz frou, Här President - éischtens Merci, datt ech dem Här Minister elo däerf eng Fro stellen -, mä dat do ass awer, zemools den Dossier Qatar ass awer esou interessant, datt een do vläicht och nach eng Kéier méi speziell an der zoustänneger Kommissioun sollt drop zréckkommen. Well e Vertrag tëschent Staten - dat ass jo keen Traité am vëlkerrechtleche Sënn, et ass e privatrechtleche Vertrag tëschent Staten -, dee ka genausou gekënnegt gi wéi een aneren och. Duerfir ass et, mengen ech, ganz interessant, fir dat do nach eng Kéier ze kucken. Well dat, wat een héiert, dat ass jo awer wierklech elo net, datt dat do op enger Basis vun enger Réciprocitéit géif geschéien, wéi et dacks geschitt bei Fluchrechter.

Also meng Suggestioun wier, wann den Här Minister d'accord wär, datt mer dat do nach eng Kéier ganz genee géife kucken an der zoustänneger Kommissioun an am Hibléck besonnesch, ob sech dat nach justifiéiert am Kader vun der Evolutioun mat der Bezéiung vu Qatar a vum Fluchverkéier, ob mer dee Vertrag do net sollen awer kënnegen als Stat.

Merci.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Also, éischtens, selbstverständlech, Här President, ech sinn ëmmer bereet, wann d'Chamber mech freet, fir an d'Kommissioun ze kommen, ze kommen. Och zu deem do Thema.

Ech kann Iech awer och haut schonn eng Äntwert dorobber ginn. Natierlech kënne mir e Vertrag kënnegen. Mä ech hu jo gesot, de Problem ass jo deen, wa mir esou verfueren, datt mir en fonction vu protektionisteschen Iwwerleeunge par rapport zu anere Länner dauernd...

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Jo, mä, Här Kartheiser, ech si jo nach net fäerdeg, eng Sekonn -, da soen ech Iech, dann hu mer gläich e Problem.

Dat Zweet ass, wa mer emol kucken, ëm wat et hei geet. Ech hunn Iech gesot, de Moment huet Qatar Airways Flich verluecht vu Léck op Lëtzebuerg, déi virdru vu Léck geflu sinn. Also ech soen Iech awer ganz kloer, am Frachtberäich, ob se vu Léck, ech soen elo emol an d'Vereenegt State fléien, oder vu Lëtzebuerg aus, dat ass awer wierklech hoergenee dat nämlecht. Hoergenee dat nämlecht! Dat heescht, d'Konkurrenz ass kee Meter anescht zu Léck par rapport zu deem, wa se direkt hei sinn. Just hei verdénge mer wéinstens nach iergendeppes mat drun iwwert den Handling, dee gemaach gëtt jo vu LuxairCARGO, dat heescht vun der Luxair, wat en Aktionär ass vun der Cargolux, wëll ech awer hei betounen. Dat muss ee vläicht awer emol alles och nach heiansdo bedenken.

Dat Zweet (veuillez lire: Drëtt) ass: Zu Léck hu se en plus déi 24-Stonne-Méiglechkeet, déi se emol hei net hunn. Dat heescht, eigentlech sinn d'Konditiounen do besser. De Grond, firwat se vu Léck op Lëtzebuerg komm sinn, ass, well den Handling zu Lëtzebuerg vun der Qualitéit hier besser ass a se Schwieregkeeten hate bei hire Clienten, well d'Handlingskonditiounen zu Léck net esou gutt ware wéi zu Lëtzebuerg.

Wéi gesot, nach eng Kéier, dat ännert näischt. Dir kritt d'Konkurrenz... Also de Konkurrenzproblem, datt mer eis do eens sinn, dat ass e reellen! An dat seet den Här Forson jo och. An dat soen och souwisou anerer. Dat ass net nëmmen d'Cargolux, déi dee Problem huet.

An déi onlauter Konkurrenz par rapport zu de Golf-Carrier, dat ass iwwregens och net nëmme Qatar Airways, do gëtt et nach vill méi en décken, deen heescht Emirates, dee vill méi gewiichteg ass wéi Qatar Airways, dat ass e reelle Problem.

A wann da gesot gëtt: „Jo, firwat mécht d'Kommissioun näischt?" Mä ech wëll Iech just soen, de Conseil vun den europäeschen Transportministeren huet viru sechs Méint der Kommissioun d'Mandat ginn, fir par rapport zu de Golfstaten eng Verhandlung opzehuelen, fir iwwer genau deen dote Problem ze schwätzen, iwwert déi onlauter Konkurrenz, fir en „level playing field" ze kréien. A bis dohinner ass all nei Vergab vu Landefluchrechter agefruer. A ganz Europa kann näischt gemaach ginn, néierens zousätzlech, précisément, fir eben dozou ze kommen, datt déi dote Carrier sech aneschters verhalen an datt déi nämlecht Konditioune bestinn.

An do gëtt et ënnerschiddlech Approchen. Do wëll ech Iech zum Beispill awer soen, datt Qatar Airways bereet ass, ze négociéieren, par contre Emirates seet: „Mir refuséieren dës Négociatiounen." Just fir Iech d'Schwieregkeet ze erklären a fir ze soen, datt dat net esou einfach ass.

Mä just nach eng Kéier, ënnert dem Strech, mir sollen eis keng Illusioune maachen, souguer, wa mir muer déi Fluchrechter ewechhuelen, a souguer wa mer soen: „Okay, da gitt Der zréck op Léck", dat ännert kee Jota um Drock an un der Konkurrenz, déi besteet par rapport zu där Fluchgesellschaft fir d'Cargolux.

Här President...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech wëll just d'Chamber drop opmierksam maachen, fir déi, déi Handzeeche maachen, dass de Minister seng Riedzäit opgebraucht huet. Et gëtt awer eng ganz Rei vu Froen, déi eventuell nach op sinn. Wann d'Chamber bereet ass, dem Minister nach eng Rei vu Minutten derbäizeginn, dann hunn ech kee Problem domat. Sot mer!

(Assentiment)

Gutt. Här Minister, awer net ze vill.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Neen, Här President, Merci. Ech soe Merci. Mä ech mengen, et ass awer wichteg, datt mer déi Froen all beäntwert kréien. Et sinn der och elo net méi esou vill. Ech wëll se och esou schnell wéi méiglech maachen.

Do war nach d'Fro gestallt gi vun der Sportsfligerei respektiv der sougenannter Aviation générale, der privater klenger Fligerei. Ech hu vill diskutéiert mat all deenen Akteuren, an am Fong sinn ech mer eigentlech eens mat der Sportsfligerei. Mir hunn eng Propos elo um Dësch leien, déi leeft drop eraus, datt an der Zukunft de Käschtepunkt, deen ee misst opbréngen am Zesummenhang mat der Sportsfligerei oder mat der privater klenger Fligerei, dat wär, datt ee fir eng Parkplaz - ech nennen dat emol eng Parkplaz - um Fluchhafen am Hangar an der Zukunft 60 Euro de Mount misst bezuelen. 60 Euro de Mount: Dat ass esou vill wéi e Statsbeamte bezilt am Moment fir seng Parkplaz, fir säin Auto ze parken.

(Brouhaha)

Ech iwwerloosse jiddwerengem...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An d'Deputéierten.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- An d'Deputéierten, Här Gibéryen. Pardon, datt ech déi bal vergiess hätt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wéi ass et da mat de Ministeren?

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech iwwerloossen...

Une voix.- Aha! Aha!

(Hilarité)

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech iwwerloossen et jiddwerengem, anzeschätzen, ob en dat doten eng korrekt Léisung fënnt oder net. Ech sinn der Meenung, dat ass eng absolut korrekt Haltung. Dat ass ganz kloer, well do ass en Deel och souwisou schonn dran, e Subsid vum Sportsministère ass virgesinn.

Mä dat ass eng Propos, déi, mengen ech, awer nu wierklech an der Rei ass a wou de Stat ganz kloer e gudden Deel bäileet, soen ech hei ganz kloer, bei deem ganze Secteur. An ech géif, wann ech gelift, all déi Akteure bieden, elo sech zesummenzerappen a sech un en Dësch ze setzen an dat ze ënnerschreiwen, wat mer do proposéiert hunn.

Ech wëll op alle Fall net méi wäit goen, well ech mengen, da géif ech de Geck maache mam Rescht vum Land. Ech mengen, datt et net ka sinn, an dat soen ech awer ganz däitlech, datt 100% vun der Bevëlkerung awer enger Minoritéit vu Leit - ech wëll näämlech net jugéieren, ob dat elo gutt oder schlecht ass - hir Aktivitéiten, also d'Sportsfligerei, datt se déi musse matfinanzéieren.

Ech mengen, 60 Euro de Mount musse kënnen opbruecht ginn, fir esou eng Parkplaz ze bezuelen. Also, wéi gesot, meng Propos läit do. Wann ech gelift, kommt mir setzen eis un en Dësch an dann ënnerschreiwe mer se! U mir soll et net hänken.

Här President, ech mengen, ech hunn elo all d'Froe beäntwert. Wéi gesot, ech mengen, datt déi Diskussioun de Mëtteg gutt war, nëtzlech war.

D'Froen - Merci un all Deputéierten! -, si ware sachlech, si hunn am Zesummenhang gestanen. Ech hu versicht, meng Äntwerten ze ginn. Dir gesitt, et ass e komplizéierten Dossier, et ass e schwieregen Dossier. Ech brauch jiddwereen, ech brauch d'Chamber, jiddwereen, fir matzehëllefen, datt mer deen Dossier do zu engem gudden Enn gefouert kréien, datt mer dee Fluchhafen ofgesécher kréien, well mir brauchen en.

An an deem Sënn: Merci fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Eng Fro ass eigentlech net virgesinn. Mä wann Der Äert Reglement gutt kennt...

(Interruption par M. David Wagner)

Okay. Stellt eng Fro! Stellt eng Fro!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci. Merci, Här President. Da ganz kuerz. Also wa mer vun der Cargolux schwätzen, also et ass jo och net esou, datt dat vum Himmel fält, wann ech mer dierf dat Bild esou erlaben. Also dat, wat och an deenen Diskussiounen ass, déi lafen iwwert d'Cargolux, an déi Suergen, déi gewësse Leit sech maachen, wat d'Cargolux ugeet, also déi sinn awer breet gedeelt.

An dofir also, ech hunn elo e bëssen a mengen Notten do gewullt, a wann een elo eng..., ech géif do een zitéieren, den Här Robert Van de Weg, deen och Member war vun der Generaldirektioun vun der Cargolux, deen dozou seet: „Wann d'Fluchrechter tëschent dem Qatar a Lëtzebuerg méi liberal sinn, wéi tëschent dem Qatar an der Belsch, dann huet d'Verlagerung vu Léck op Lëtzebuerg Potenzial, der Cargolux ze schueden." Also dee Mann kennt sech eendeiteg besser aus wéi ech. Vläicht, ech weess net, wéi dat Är...

(Interruption par M. François Bausch)

Majo neen, ech hu kee Problem. Also et ass, an hie schwätzt natierlech och am... Dir hutt déi Fro vum Protektionismus erwäänt. Et si Länner, déi bedreiwe Protektionismus deemno wéi. Si hu vläicht verschidde Levieren zur Verfügung. An, ass dat souwisou prinzipiell e Problem, Protektionismus, also ze protegéieren, gewësse Secteuren ze protegéieren? Ass dat prinzipiell e Problem? Dat ass eng Fro, déi ech awer opwerfen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, fir d'Éischt zu deem, wat den Här Van de Weg do zum Beschte gëtt. Ech wëll Iech just informéieren, den Här Van de Weg schafft haut bei AirBridgeCargo, bei dem Haaptkonkurrent vun der Cargolux. AirBridgeCargo streit mat mir zënter Méint, fir déi nämlecht Fluchrechter ze kréien, näämlech och, oder fir méi Fluchrechter ze kréien, fir vu Lëtzebuerg an Amerika ze fléien.

Zum Deel hu se se och kritt, testweis. Dat heescht, deen nämlechten, deen dat seet par rapport zu Qatar Airways, ass mat senger Gesellschaft amgaangen, fir ze probéieren, natierlech och dat nämlecht ze kréien. Wat soll ech dem Här Van de Weg dann dorobber äntwerten? Dir musst awer oppassen...

M. David Wagner *(déi Lénk).*- D'ganz Belegschaft seet datselwecht.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, mä... Oh, d'ganz Belegschaft seet dat nämlecht! Wësst Der, kuckt, et ass jo ëmmer esou einfach. Dir musst..., wann Der natierlech op alles erafaalt, wat lénks a riets geschriwwen a gesot gëtt an net kuckt, wat fir eng Interesse lénks a riets kënne vläicht hannendru sinn, wann eppes gesot gëtt!

Ech wëll Iech just soen, ech deele jo d'Aschätzung, datt et natierlech e schwieregt Émfeld ass. A kuckt emol, wéi den Här Forson dat beschreift! Deen ass jo vill méi nuancéiert wéi verschidden anerer. An e weess och, firwat en dat nuancéiert beschreift a sengen Explikatiounen: Well en och horgenee weess, datt de Problem net doranner läit, ob Qatar Airways zu Léck oder zu Lëtzebuerg lant. Mä de Problem, de reellen, besteet vu Concurrence déloyale par rapport zu där Gesellschaft. Dat ass e reelle Problem!

An ech hunn Iech gesot, dee kënne mer net zu Lëtzebuerg léisen. Duerfir ass d'Europäesch Unioun do an duerfir huet den europäeschen Transportminister Roth jo och d'Mandat un d'Kommissioun ginn. A mir wäerten do derhannert bleiwen. An do sinn net nëmme mir, soen ech Iech, do ass Frankräich, all d'Länner an Europa hunn e staarken Interessi drun, datt do eppes geschitt.

An do musse mer den Hiewel usetzen. Mir kréien eis net gerett. Dir sot: „Ass et derwäert, sech ze protegéieren?" Natierlech ass et derwäert, sech ze protegéieren! Mä et muss een ebe kucken, datt ee sech esou protegéiert, datt een net sech selwer de Fouss herno dobäi setzt, datt een iwwer seng eege Protektioune fält herno. Duerfir, dat ass alles e bësse méi komplex.

Ech behaapten, datt een an deem dote Beräich, ech hu gesot, d'Aviatioun ass dat globaliséiertst Wirtschaftsfeld, wat mer iwwerhaapt hunn. An ech soen Iech, scho guer net als klengt Lëtzebuerg kréie mir eis do eleng gewiert! Do ass d'Europäesch Unioun dee richtegen Hiewel, fir unzesetzen. An et ass dat, wat mer wëlle maachen. An ech erhoffe mer och, vun do aus Resultater ze kréie par rapport zu deene Suergen, déi berechtegterweis sougutt d'Belegschaft huet wéi och de Management vun der Cargolux.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Minister. Domat si mer um Enn vun eiser Orientéierungsdebatt ukomm. Mir sinn net saiséiert mat Motiounen.

Da kënne mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 7057 dee ronderëm den Neibau vum Jean Monnet 2 dréit. An d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

4. 7057 - Projet de loi relatif à la construction du bâtiment Jean Monnet 2 de la Commission européenne à Luxembourg-Kirchberg

Rapport de la Commission du Développement durable

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Villmools Merci, Här President. Mir kommen zréck op de Buedem. Beim Projet de loi 7057, deen ech heimat virstellen, handelt et sech ëm e Finanzéierungsgesetz, wat de Bau vum sougenannte Bâtiment Jean Monnet 2 um Boulevard Konrad Adenauer um Kierchbierg soll erlaben. Dës Infrastruktur gëtt fir déi administrativ Besoine vun der Europäescher Kommissioun gebraucht a soll dat aalt Gebai mam selwechten Numm ersetzen.

Nodeems déi ongeféier 1.600 Beamten a Beamtinne vun der Kommissioun aus deem ale Gebai hu missen erausplënneren aus Grënn vu Vétustéit an och, well volatillen Asbest do fonnt ginn ass, sinn déi Leit elo op verschiddene Sitte verspreet, an zwar op der Cloche d'Or an um Kierchbierg. Aus deem Grond besëtzt dëst Gesetz, dëse Projet, eng gewëssen Drénglechkeet a soll schonn am Oktober 2017 an de Bau goen, ugefaange mam Terrassement vun der éischter Phas.

Dat erlaabt net nëmmen, déi vill Beamten op engem eenzege Site ze regruppéieren. De Projet erlaabt och, d'Capacitéiten auszebauen, andeems Plaz geschafe gëtt fir 3.000 Beamten a Beamtinnen, also 1.400 méi wéi bis elo. E schaaft awer och zousätzlech Raim fir Restauratioun, de Stockage, d'Informatik, d'Bibliothéik, engem Gesondheetszenter an enger Structure d'accueil an esou weider.

Wéi gesäit d'Konstruktioun aus? Virgesi sinn zwee Gebaier. Dat éischt besteet aus siwe Stäck, dat zweet aus engem Tuerm mat 23 Stäck direkt nieft dem éischte Gebai. Dee ganze Komplex reit sech harmonesch an dat urbanistescht Konzept vum Kierchbierg an, et ka vun enger gudder Ubannung un den Tram profitéieren, nieft allen aneren Transportmëttelen, déi do ronderëmfueren, an et gëtt och Plaz geschafe fir de Vëlo, andeems e grousse Parking ugeluecht gëtt.

Et erlaabt dernieft och d'Kreatioun vun enger ëffentlecher Plaz an der Gréisst vun der Place Clairefontaine, wou d'Entréeë vun deenen zwee Gebaier wäerte sech befannen. Eng zweet Entrée wäert awer och an der Rue Antoine de Saint-Exupéry fir den Tuerm virgesi ginn.

Ech kommen zum Käschtepunkt. D'Konstruktioun, ëm déi et sech hei handelt, gëtt net grad bëlleg a kascht 526,3 Milliounen Euro. Maacht lech awer keng Suergen! Fir eise Statsbudget handelt et sech ëm eng Nulloperatioun, wéi bei allen europäesche Konstruktiounen, well de Stat just zoustänneg ass fir de Virfinanzement. Duerno gëtt déi integral Zomm vun der Europäescher Kommissioun un de Lëtzebuerger Stat zréckbezuelt.

D'Käschte fir den Ënnerhalt, d'Maintenance an d'Energie ginn hirersäits direkt vun der Kommissioun iwwerholl, soubal wéi d'Gebai a Betrib geet. Energieméisseg ass eng Klass A virgesinn, déi ënner anerem duerch eng gutt Ventilatioun, eng gutt Isolatioun an duerch d'Produktioun vun erneierbarer Energie um Daach vum Gebai erméiglecht gëtt.

Nach e klengt Wuert zu den Aarbechten an der Kommissioun. Nodeems de Projet de loi de 7. September 2016 vum Nohaltegkeetsminister François Bausch déposéiert gi war, huet d'Nohaltegkeetskommissioun sech de 27. Oktober 2016 mam Projet befaasst, huet och eng flott Presentatioun gemaach kritt an den 10. November 2016 huet se mäi Rapport eestëmmeg ugeholl. A sengem Avis vum 11. Oktober 2016 huet de Statsrot ouni Kritik dem Projet zougestëmmt.

An domat wär ech schonn um Enn. Ech hu souzesoen dat Wichtegst gesot, verweisen awer fir d'Detailer op mäi schréftleche Rapport a virun allem op d'Annex vum Projet de loi, wou eng ganz Rei Detailer nach zousätzlech opgelëscht ginn. An domat ginn ech och schonn den Accord vun der grénger Fraktioun an hu mech u mäi Versprieche gehalen, haut ganz schnell ze sinn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, et ass nach net un Iech.

(Hilarité)

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ah, pardon!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech stelle fest, dass d'Madamm Lorsché Iech ganz gär muss hunn, fir esou séier gemaach ze hunn.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An d'Wuert huet direkt den Här Aly Kaes fir d'CSV.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bon, ech wëll mech dann u sech der Vitesse vun der Rapportrice uschléissen, hir villmools Merci soe fir deen explizitte Rapport, sougutt schréftlech wéi mëndlech. Et gëtt also näischt Weideres dozou ze soen. An duerfir géif ech gär den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Kaes. Den Här Engel huet d'Wuert fir d'LSAP.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e Bau, deen noutwendeg ass, gëtt Realitéit. D'Zesummeleeung vun de Mataarbechter kënnt hei also voll zum Droen, wann deen neie Bau do ass, e Bau, deen ekologesch korrekt ass an deen eng Plaz virgesäit tëschent deenen zwee Gebaier, wou d'Leit sech kënnen treffen, eppes wat, mengen ech, um Kierchbierg ganz wichteg ass, datt een dat soziaalt Liewen um Kierchbierg férdert. Dat ass gutt. D'Käschte gi jo rembourséiert. Och dat ass gutt. An domat ginn ech dann och d'Zoustëmmung vun der LSAP.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Engel. Dann huet d'Wuert den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Léift fir den Här Bausch ass zwar net gradesou grouss wéi der Madamm Lorsché hir, mä ech wäert mech awer trotzdeem kuerzhalen,...

Plusieurs voix.- Ooh!

(Interruptions diverses)

M. Gusty Graas *(DP).*- ...well et awer trotzdeem e ganz wichtege Projet ass, ëmmerhi geet et ëm 526 Milliounen. Et ass zwar ëmmer erëm erstaunlech festzestellen, wann et ëm ganz vill Geld geet, da schwätze mer vill, vill manner driwwer. Mä mir däerfen awer net vergiessen, datt dee Projet hei awer eng Wichtegkeet huet, net nëmme vun der finanzieller Dimensioun hier, mä och vun der reng europäescher. Et festegt natierlech och de Standuert Lëtzebuerg, wat d'Institutiounen hei zu Lëtzebuerg vun der Europäescher Unioun ubelaangt.

Ech wëll virun allem drop hiweisen, datt et awer e Projet ass, deen deem ekologeschen Aspekt besonnesch Rechnung dréit. Et ass och héich Zäit ginn, datt elo déi Beamte kënnen erëm an engem Gebai ënnerbruecht ginn. Et wäert zwar nach eng Zäitchen daueren. Et gesäit een awer och, wéi laang datt et dauert, bis esou e Projet iwwerhaapt richteg op d'Schinne kënnt. Schonn, mengen ech, 2009 ass driwwer nogeduecht ginn, fir eben, wéi gesot, dat Gebai hei nei opzeriichten. Mä ënnert dem Stréch kënne mir als Demokratesch Partei deem Projet hei nëmmen zoustëmmen.

Ech soen Iech Merci. Ech soen awer och der Madamm Lorsché nach Merci fir hiren exzellente Bericht!

Plusieurs voix.- Aah! Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An dann huet d'Wuert de Gaston Gibéryen.

Une voix.- Oh, de Gaston!

(Hilarité et interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President.

(Interruption)

Majo, ech hat mer ganz villes preparéiert,...

(Hilarité)

...mä vu datt mer eis awer d'Wuert ginn hunn, eis haut kuerzzefaassen, wëll ech da just d'Zoustëmmung vun eisem Grupp brengen.

(Hilarité générale)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ech ginn dann dovun aus, dass...

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Mir sinn och ganz d'accord domadder.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà, Här Minister!

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, vu datt d'Chamber esou frou ass mat mir, kann ech nëmme Merci soe fir déi breet Zoustëmmung.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Majo, dat gesot, géife mer dann zu der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7057 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7057 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

Plusieurs voix.- Här President, mäin Apparat geet net! Et geet net!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also ech ginn dovun aus, dass et bei deene meeschte fonctionnéiert. An do, wou et net fonctionnéiert huet, kënne mer dat herno korrigéieren.

Ech hu jiddefalls hei 60 Stëmmen. An déi sinn alleguer positiv. Domat ass de Projet de loi 7057 unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Mergen), Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächsten, dem leschte Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6934, eng Rei vun Adaptatioune fir d'Commission de surveillance vum Secteur financier. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här André Bauler.

5. 6934 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. André Bauler *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, iwwert deen ech Iech op dëser Plaz de Bericht maachen, huet als Zil, fir d'Gesetz iwwert d'CSSF der Reform vun der Fonction publique unzepassen, déi mer an dësem Haus de 24. Mäerz vum leschte Joer gestëmmt haten. Bis elo waren nach net all dës Ännerungen op d'CSSF applikabel.

Als kuerze Rappel: D'CSSF, déi duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 1998 gegrënnt gouf, ass, wéi Der all wësst, en Établissement public, dat eng juristesch Perséinlechkeet huet an iwwer eng operationell a finanziell Autonomie verfüügt. Säi Personal setzt sech aus Agenten zesummen, déi de Statsbeamten assimiléiert sinn. Op si applizéiere sech am Prinzip d'Gesetzer an d'Reglementer, déi d'Statsbeamte betreffen, dëst ënnert der Reserv vun den Dispositiounen, déi am Gesetz vun 1998 virgesi sinn.

Här President, d'Reformen an der ëffentlecher Fonctioun, déi duerch d'Gesetzer vum 25. Mäerz 2015 ëmgesat goufen, haten als Zil, sech mat vollem Recht op d'Agente vun der CSSF ze applizéieren. Or, bis ewell goufen déi spezifesch Dispositiounen, déi am Gesetz vum 23. Dezember 1998 stinn, nach net ugepasst, fir deene verschiddenen Elementer vun der Reform Rechnung ze droen. Dëse Gesetzesprojet huet als Zil, dëser Inkohärenz en Enn ze setzen.

De Projet de loi, dee mer also haut stëmme sollen, huet als Objet, dat organescht Gesetz vun der CSSF, virun allem also d'Dispositiounen, déi d'Personal betreffen, de Reformen an der ëffentlecher Fonctioun unzepassen. Souwuel d'Terminologie, wat déi verschidde Kategorië vun Traitementer ugeet, d'Dispositiounen iwwert de Stage vun den Agente vun der CSSF, d'Aféierung vun der sougenannter Gestion par objectifs an d'Ännerung vun den Avancementer a Promotiounsmodalitéite sinn hei betraff.

An dësem Kontext gëtt virgeschloen, d'Dauer vum Stage vun den Agente vun der CSSF, déi eng Volltâche hunn, vun engem op zwee Joer fir de Stagiaire eropzesetzen. De Prinzip vun engem manner laange Stage bei der CSSF am Verglach zur klassescher Fonction publique gëtt also oprechterhalen. Well awer an der traditioneller Fonction publique de Stage vun zwee op dräi Joer eropgaangen ass, gëtt also virgeschloen, de Stage bei der CSSF och ëm ee Joer eropzesetzen, also op zwee Joer insgesamt.

Här President, a sengem Avis vum 5. Juli 2016 hat de Statsrot bemierkt, dass den Texte coordonné een anere wier wéi den déposéierte Gesetzesprojet. Dat war geschitt duerch en Iertum, deen ënnerlaf war. Dëst krute mer an der Sëtzung vum 16. Juni dëses Joers matgedeelt. Souwisou, de Statsrot betount, dass den Text vum Projet eleng zielt, dat, well de sougenannten Text coordonné keng Valeur juridique huet.

De Statsrot hat de 5. Juli zwou Oppositions formelles ausgeschwat, zweemol par rapport zum Artikel 2 Punkt d). Dat war eng Kéier wéinst der ënnerschiddlecher Dauer vum Stage tëschent dem Régime général vun der Fonction publique an deem spezifesche vun der CSSF. Déi néideg Erklärunge sinn op dësem Punkt awer nokomm. Déi aner Remarque goung iwwert d'Natur vun der Referenz op de Règlement grand-ducal vum 30. September 2015. Hei sollt d'Gesetz vun der CSSF net direkt op dat groussherzoglecht Reglement verweisen, mä op d'Dispositiounen am Gesetz, wat jo d'Base légale fir de Reglement ass.

Dëse Commentairë gouf an de parlementareschen Amendementer vum 15. Juli Rechnung gedroen, soudass de Statsrot a sengem Avis complémentaire vum 11. Oktober keng weider Remarque gemaach huet.

Här President, mir wëssen, dass d'CSSF e ganz wichtegen Akteur fir eis Finanzplaz ass, dat well si Finanzprodukter iwwer hire Prospectus agreéiert a regelméisseg kontrolléiert. An de leschte Joren huet de Régulateur, d'CSSF, weider rekrutéiert, fir hir Missiounen ze erfëllen, dat an enger Finanzwelt, déi ëmmer méi komplex gëtt.

(Brouhaha et interruption par M. le Président)

Merci, Här President.

Och spillt si eng Roll, wat innovativ Produkter ugeet. Sou ass d'CSSF zum Beispill déi éischt Bankekontrollautoritéit, déi eng Basis fir Bitcoin-Aktivitéite geschaaft huet an esou de Wee fräi gemaach huet, fir dass weider Akteure sech an dësem Secteur hei am Land usidele konnten a kënnen. Et ass also wichteg, dass d'Ännerungen an der Fonction publique elo och op d'Agente vun der CSSF iwwerdroe ginn.

Ech wëll schléissen, andeems ech dem Här Finanzminister an alle Kolleegen aus der Kommissioun Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht. An ech ginn heimadder och den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Ganz gutt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech hat en aneren Numm hei stoen, mä ech hunn lech awer gradesou gär.

Discussion générale

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, no deenen ausféierlechen Ausféierunge vum Rapporteur hu mer eigentlech näischt méi dobäizefügen an ech géif den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da sinn ech gespaant, ob dat weider esou bleift. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Merci, Här President. Den Här Rapporteur huet a sengem gudde Rapport alles gesot. En huet och

d'Wichtegkeet vun dësem Projet ënnerstrach fir d'CSSF, weidert Personal och anzestellen, fir dass se hir Missioune kann erfëllen.

Ech géif just gär ee Wonsch ausdrécken - dat ass och scho puermol diskutéiert ginn an der Finanzkommissioun, et ass och deslescht vun der CSSF nach eng Kéier opbruecht ginn -, dass et wichteg ass, dass mer deemnächst déi Loi „sanctions" op de Wee bréngen, fir der CSSF déi néideg Mëttelen ze ginn, fir effikass virzegoe géint Violatiounen och vu Regelen am Finanzsecteur. Et ass och wichteg am internationale Kontext, fir dass d'CSSF déi néideg Kredibilitéit huet am Kader vun hire Missiounen.

Ech weess, dass Äre Ministère an Är Leit vill Aarbecht hu mat ville Projeten, mä d'Sanktiounsgesetz ass eent, wat och vun der CSSF wierklech erwaart gëtt. An dofir géif ech Iech nach eng Kéier invitéieren - mä ech weess, dass Der dat souwisou maacht -, dat heiten zu enger Prioritéit ze maachen.

Dat gesot, ginn ech natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Fayot. D'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, och vun onser Säit e Merci u jiddwereen, dee bedeelegt war un dësem Projet de loi, an den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An ech hunn dann den Här Reding hei stoen.

M. Roy Reding *(ADR).*- Ech bréngen och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Text.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Iech hunn ech zwar net hei stoen, mä...

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Dat ass wouer. Ausnamsweis si mer och mam Här Gramegna averstanen.

Plusieurs voix.- Aah!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Bei esou vill Zoustëmmung ass den Här Gramegna wahrscheinlech spraachlos.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Net spraachlos, Här President, mä ganz frou. Dofir halen ech mech dann och ganz kuerz. Merci fir d'Ënnerstëtzung. De Projet de loi, deen Dir elo hei stëmmt, huet jo als Objet, eist neit Gesetz vun der Fonction publique ze applizéieren och op d'Agenten an d'Fonctionnairë vun der CSSF. An dat ass eng gutt Saach.

Erlaabt mer vläicht och ze begréissen, dass mer konnten deenen zwou Oppositions formelles vum Conseil d'État Rechnung droen. Dat ass ganz fein. An dann erlaabt mer vläicht just nach eng Minutt ze huelen, fir iwwert d'CSSF ze schwätzen.

D'CSSF ass u sech en immens wichtegt Organ iwwert d'Jorzéngte ginn. An deene leschte fënef Joer huet sech d'Personal vun der CSSF praktesch verduebelt! Mir hunn elo op den heitegen Dag 669 Leit, déi an der CSSF schaffen. Dat ass en fait eng vun de gréissten Administratiounen oder Institutiounen, déi mer zu Lëtzebuerg hunn. Mir kënnen eis, mengen ech, freeën, dass mer eis déi richteg Moyene ginn, fir eis Finanzplaz ze begleeden. Do schaffe Leit vun 13 Nationalitéiten ongefeier, gläich opgedeelt zwëschent Männer a Fraen.

A wann ech an d'Ausland reesen - jo, dat ass ganz gutt, dass et équilibréiert ass, Männer a Fraen -, wann ech an d'Ausland reesen, ginn ech oft op d'CSSF ugeschwat, wou ech ganz vill Luef kréien. An ech hunn haut an der Mëttesstonn d'Succursale vun der Bank of Communications, eng vun deene sechs gréisste chineesesche Banken, inauguréiert. Och déi hu mer nach eng Kéier gesot, wéi zefridde se sinn iwwert d'Zesummenaarbecht mat der CSSF.

Mä dass mer eis hei richteg verstinn, an dat ass e richtegen Enjeu fir eis Finanzplaz: D'CSSF ass net nëmmen do, fir d'Besoine vun de Banken a vun den Akteuren ze verstoen. Si ass awer och do, fir derfir ze suergen, dass d'Direktive vun der EU respektéiert ginn an d'Gesetzer, wéi Dir se ëmgesat hutt vun deenen Direktiven, dass dat alles agehale gëtt. An ech kann Iech soen: Si mécht dat!

An dofir muss d'CSSF derfir suergen, dass se zwëschen zwee verschiddene Pôlë muss handelen. Deen een ass dee vun der Innovatioun, wéi de Rapporteur André Bauler dat richteg ënnerstrach huet, an deem ech fir säi Bericht och gäre géif Merci soen. Hien huet richteg ënnerstrach, dass d'CSSF vill innovéiert, ob dat elo ass bei Bitcoin, dat si Monnaies virtuelles, an och bei anere Saachen. Mä do wou se et maachen a wéi se et maachen, maache se et ëmmer dans la latitude, déi d'EU-Gesetzgebung eis gëtt. A wa keng Latitude do ass, da kann och d'CSSF keng Latitude hunn.

Op där anerer Säit suerge se derfir, dass alles agehale gëtt. An dat gëtt hinne Kredibilitéit. A wann d'CSSF kredibel ass, dann ass eist Land och kredibel. An et ass zwëschent deenen zwou Qualitéiten do, wou d'CSSF muss déi gëlle Mëtt fannen. An ech mengen, dat hei war eng gutt Geleeënheet, fir dat ze ënnersträichen.

Ech soen Iech Merci fir de Soutien.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Da si mer elo prett, fir iwwert de Projet de loi 6934 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6934 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 60-mol ass ofgestëmmt ginn a 60-mol Jo. Domat ass de Projet 6934 unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Mergen), Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

6. Résolution de Mme Martine Hansen relative à l'engagement de la Chambre des Députés, dans la mesure du possible et à côté des produits issus du commerce équitable, à s'approvisionner prioritairement en produits issus du terroir luxembourgeois pour les besoins de son administration et de la vie parlementaire

Just nach eng Sekonn, wann ech gelift. De Moien huet d'Presidentekonferenz proposéiert, fir d'Resolutioun iwwert d'Produits du terroir, déi gëschter vun der Madamm Martine Hansen abruecht ginn ass, un de Büro ze iwwerweisen.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mer sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Villmools Merci a Rendez-vous nächsten Dënschdeg. D'Sëtzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.10 heures)

SÉANCE 7

MARDI, 22 NOVEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Communications
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. Heure d'actualité du groupe politique déi gréng sur les résultats de la réunion COP22 des Nations Unies sur les changements climatiques à Marrakech
- *Exposé: M. Henri Kox*
- *Débat: M. Marco Schank, M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*

5. 7018 - Projet portant création d'un registre électronique national des entreprises de transport par route
- *Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Roger Negri, M. Gusty Graas, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. Interpellation de Mme Octavie Modert au sujet de l'état actuel de la viticulture
- *Exposé: Mme Octavie Modert (dépôt d'une motion)*
- *Débat: M. Gusty Graas, Mme Tess Burton, M. Henri Kox (interventions de Mme Octavie Modert), M. Roy Reding, M. Gilles Baum (dépôt d'une motion)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs (interventions de Mme Octavie Modert)*
- *Motion 1: M. Gilles Baum, Mme Octavie Modert*
- *Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)*
- *Motion 2: Mme Octavie Modert*
- *Vote sur la motion 2 (adoptée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Etgen et Mme Carole Dieschbourg, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gudde Mëtteg! Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen direkt d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

Plusieurs voix.- Neen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech ginn dovun aus, dass dat e kloren Nee war. Merci gesot. Da kënne mer zu deenen nächste Punkte vun eisem Ordre du jour iwwergoen.

2. Communications

1) Ech wollt d'Chamber informéieren, dass d'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroe wéi ëmmer mat den Äntwerten zesummen hei um Büro deponéiert gouf.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi zënter der leschter Sëtzung an der Chamber deponéiert goufen, ass un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite verdeelt ginn.

3) An op Ufro vun der Madamm Cécile Hemmen ass de 16. November 2016 hir Proposition de loi 6611 iwwert d'Égalité salariale vum Rôle gestrach ginn, net well se net méi aktuell wier, mä well e Projet de loi ënnerwee ass.

Communications du Président - séance publique du 22 novembre 2016

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***7093** - Projet de loi sur l'exportation et l'utilisation des ressources de l'espace*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 15.11.2016

7095 *- Projet de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003*

Dépôt: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, le 18.11.2016

7096 *- Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat et de coopération renforcé entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République du Kazakhstan, d'autre part, signé à Astana, le 21 décembre 2015*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 18.11.2016

3) À la demande de Mme Cécile Hemmen, sa proposition de loi n°6611 relative à l'égalité salariale entre hommes et femmes a été retirée du rôle en date du 16 novembre 2016.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Da wollt ech Iech iwwert den Ordre du jour informéieren, deen d'Presidentekonferenz virgeschloen huet, deen Ordre du jour, deen un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite weidergaangen ass, soudass ech also dovun ausginn, dass Der en alleguerte kennt.

Sidd Der mat deem Ordre du jour d'accord, wéi d'Presidentekonferenz e virgeschloen huet?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kënnen zum éischte Punkt iwwergoe vun eiser normaler Dagesuerdnung, dat ass d'Aktualitéitsstonn iwwert d'Resultater vun der Klimakonferenz COP22 vun de Vereenten Natiounen, déi zu Marrakesch mat larger Lëtzebuerger Bedeelegung stattfonnt huet.

Dir wësst, dass d'Riedezäit wéi folgt opgedeelt ass: Déi Fraktioun oder Sensibilitéit, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, huet zéng Minutten. All déi aner Fraktiounen hu fënnef Minutten, fir Stellung ze huelen. An d'Wuert huet elo direkt den Här Henri Kox als Vertrieder vun der Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

4. Heure d'actualité du groupe politique déi gréng sur les résultats de la réunion COP22 des Nations Unies sur les changements climatiques à Marrakech

Exposé

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, leschte Freiden ass déi 22. Klimakonferenz zu Marrakesch a Marokko zu Enn gaangen, eng Klimakonferenz, déi ganz am Zeeche vum Klimaaccord, nach vum Paräiser Accord stoung, näämlech déi 21., an dëst aus zwee Grënn, éischtens e bëssen d'Célébratioun vun deem Accord an zweetens ganz kloer eng Démarche vun der Aktioun.

Déi Éischt, wou ee muss soen, et ass en Accord, deen innerhalb vun engem Joer vu ganz ville Länner ënnerschriwwe ginn ass. Haut sinn et der 111, an do ass sengesgläichen ze sichen op Niveau vun der UNO, soudass mer haut kënne soen, dass deen Accord a Kraaft getrueden ass. A ganz wichteg, d'Konditiounen hunn näämlech kuerz viru Marrakesch gegollen (veuillez lire: d'Konditioune sinn näämlech kuerz viru Marrakesch erfëllt ginn), näämlech dass 55% vun de Länner ënnerschriwwen hunn, an déi da 55% vun de schiedleche Klimagasen ofgedeckt hunn, soudass den Accord ganz richteg de 4. November ebe just grad virun der Marrakescher Konferenz a Kraaft getrueden ass.

Wat seet deen Accord? Dat ass vläicht als Rappel awer ganz wichteg. Ech mengen, deen Accord seet, dass mer d'Äerderwärmung op 2, souguer d'Wëssenschaftler soe maximal 1,5 Grad Celsius solle begrenzen, an dat vis-à-vis vun der virindustrieller Zäit, soudass mer och keng weider Klimaschied an der Zukunft wäerte kréien. Haut muss ee soen, dass mer haut scho bei 0,9 respektiv 1 Grad Temperaturerhéijung sinn. Dir konnt vläicht gëschter an der Press noliesen, dass eis Äismierer ufänken zréckzegoen, soudass eng dramatesch Änneruing vum Weltklima ze erwaarden ass.

Dofir huet Marrakesch e komeschen Numm gehat, näämlech COP22, CMP12 an CMA1. Wat heescht dat? Et war u sech déi 22. Klimakonferenz. Et war awer och déi 12. Konferenz no Kyoto, dat heescht vun alleguerten deene Länner, déi de Kyoto-Accord ratifizéiert haten, awer och dat éischt Joer nom Accord vu Paräis, wat eben och ganz wichteg ass, wat endlech e globalen Accord ass.

Wat awer méi wichteg ass, dat ass dat vun der Aktioun. Aktioun heescht, fir dat Ganzt ëmzesetzen. An do sinn et grad déi kleng Länner, déi kleng Länner, déi am meeschten ënnert dësem Klimawandel ze leiden hunn, déi hei den Driff dëst Joer waren an déi zesummen zu enger Deklaratioun komm sinn, déi Marrakescher Deklaratioun, déi seet: Mir wëllen op Kuel, Gas, Uelech, an ech géif och Atomenergie derbäifügen, verzichten an op de Wee vun honnertprozenteg erneierbaren Energië goen. Dat war e ganz staarkt Signal, dat vu Marrakesch ausgaangen ass. Et war net esou, wéi dat zu Paräis um Paräiser Sommet war, näämlech wou d'Industrielänner de Motor waren, fir den Accord ëmzesetzen. Mä hei waren et grad déi vulnerabelst Länner vun der Welt, déi dat op en Drängen hi gemaach hunn.

Well d'Industrielänner, déi mussen nach liwweren. Déi musse liwweren op zwee Punkten. Éischtens, dat, wat se selwer an hire Länner ëmsetzen, näämlech déi sougenannte Klimaschutzpläng, déi beschreiwen, wéi de Pad vun deenen eenzelne Länner an der Reduktioun an an der Adaptatioun un de Klimawandel ze maachen ass.

An den zweete Punkt, deen nach méi wichteg ass, dat ass dee vun dem Fongesammele vun deenen honnert Milliarden Dollar, déi bis 2020 all Joers mussen opbruecht ginn, näämlech vun den industrielle Länner, well déi als Aufgab hunn och d'Ënnerstëtzung vun der Adaptatioun, der Adaptatioun un de Klimawandel insbesondere vun deene Länner, wéi ech virdru gesot hunn, déi déi vulnerabelst sinn.

Dëst erlaabt mer dann och, den Iwwergang op déi Lëtzebuerger Delegatioun ze maache vun dësem Joer. Ech brauch net méi op d'Meritten nach eng Kéier anzegoe vu Lëtzebuerg vum leschte Joer a speziell vun der Ëmweltministesch. Mä och dëst Joer konnt Lëtzebuerg erëm mat ganz flotte Projeten ophorchen dinn. An do huet d'Ministesch et och ganz gutt fäerdegbruecht, dat ze maachen. Ee ganz wichtege Projet ass dee vun der Klima- a Finanzplattform, näämlech e Projet, déi si zesumme mat der Banque européenne d'investissement gemaach huet, fir näämlech opzeweisen, dass mer Finanzmëttele brauchen an dass et net eleng duergeet, wann d'staatlech Suen do erafléissen, mä och also privat Sue mobiliséiert ginn. An dofir war dee Projet ganz wichteg, fir deen do ze presentéieren.

Dat erlaabt mer dann och, op d'Kompositioun vun der Delegatioun anzegoen, wat näämlech och e Signal war. Et waren net nëmmen d'Spezialiste vun dem Ëmweltministère, déi mat waren, mä et waren och eng Spezialistin aus dem Finanzministère an awer och eng Spezialistin aus dem Kooperatiounsministère, déi matgaange sinn. An d'Ministesch huet an hire Konferenzen ëmmer betount, dass d'Kohärenz an der Klimapolitik ganz wichteg ass an och dat, wat als wichtegt Signal vu Lëtzebuerg ausgaangen ass, dass et net duergeet, Klimaschutz op d'Käschte vläicht vun der Kooperatioun ze maachen, mä dass een zesumme muss de Klimawandel ugoen. An dofir war dat Signal ganz wichteg, an awer och, dass d'Finanze mat am Boot waren an eng offensiv Roll gespillt hunn.

Ee weidere Member vun der Delegatioun war och, an dat gëtt oft vergiess, e Wëssenschaftler, dee beim LIST engagéiert ass, a mir sëtzen do als Lëtzebuerg um Dësch vun der Wëssenschaft, fir ebe grad d'Evolutioun vum Klimawandel matzebegleeden, awer och d'Implementatioun vun deenen eenzelne Klimaschutzpläng an eng Cohérence eranzekréien. An dat ass ganz wichteg, dass Lëtzebuerg och do dee Pad matverfollegt. An déi éischt contraignant Iwwerpréiwung vun dem Klimaaccord wäert 2023 sinn, an do ass et ganz wichteg, déi och esou glafwierdeg an esou gutt op wëssenschaftlecher Basis duerzeleeën. An dofir war et wichteg, dass och e Wëssenschaftler an deem Beräich do war, an en ass net nei, deen ass scho laang an deem Beräich täteg an och ëmmer héich unerkannt.

E weidert Bindeglied, an da kommen ech zu eis heibannen, dat ass näämlech d'Chamber. Mir selwer waren, konnten an der Delegatioun derbäi sinn. Ech hat d'Chance, mam Marco Schank zesumme ganz enk - ganz enk, mengen ech - an den Diskussiounen,…

(Brouhaha)

…an den Diskussioune vun der Ministesch, awer net nëmmen der Ministesch, awer och mat de Beamte kënnen an deem ganze Prozess deelzehuelen. An dat ass e wichtege Prozess, well et si mir, et sinn d'Parlamenter, déi duerno mussen éischtens d'Ratifikatioun maachen, mä awer och d'Politicke mat deenen néidege Fahrpläng, fir d'Ëmsetzung kënnen ze maachen.

An dat ass awer keng Selbstverständlechkeet. Mir zwee hunn un der parlamentarescher Konferenz vun all de Länner deelgeholl, wou ganz vill Länner monéiert hunn, dass se eben net direkt mat implizéiert sinn an den Diskussiounen, wann et ëm d'Ëmsetzung vun den Accorde geet.

Wat sinn déi nächst Etappen, déi festgeluecht ginn? Natierlech, ganz wichteg ass, dass elo méi contraignant Klimaschutzpläng an deenen eenzelne Länner mussen ëmgesat ginn, well dat, wat de Moment um Dësch läit, geet net duer! Well dat, wat um Dësch läit vun all de Länner, weist eng Temperaturerhéijung vun 3,6; 3,7 bis 4, 5 Grad Celsius aus. An do gitt Der mer alleguerte recht, dass dat natierlech net duergeet.

Dofir déi nächst Etappen. 2017 an 2018 si ganz kruzial, well do mussen d'Länner Faarf bekennen a si musse mat deenen néidege Klimaschutzpläng komme fir eng längerfristeg Dekarboniséierung, wou gesot gëtt, dass bis 2050 näämlech 80 bis 95% erreecht musse ginn.

An dofir ass awer och ganz wichteg, an dat ass och op der Konferenz zu Marrakesch kloer ginn, dass et net duergeet, reng déi klimaschiedlech Gasen ze kucken, mä eng Verknüpfung vu sämtleche Politicken ze maachen. Déi sougenannt Nohaltegkeetsziler, déi vun den UN fir 2030 festgeluecht sinn, dat si 17 Ziler, déi mussen zesumme gekuckt ginn. Et sinn d'Mobilitéit an d'Loftqualitéit, déi zesummenhänken. Et sinn d'Ernärung an d'Landwirtschaft an et ass, fir zum Beispill e leschte Punkt nach ze soen, proppert Drénkwaasser. Mir mussen et also fäerdegbréngen, eng Verknüpfung vun all de Politicken ze maachen.

A Lëtzebuerg an deem Ganzen? Kuerzfristeg, wësst Der, dass mer bis 2020 eis Kyoto-Ziler mussen erreechen. De Moment si mer „on track", wéi dat esou schéi gesot gëtt. Mir erreechen eis Ziler, wat 2020 ubelaangt. Awer déi nächst Échéancë sti virun der Dier. Dat ass déi vun 2030 an doriwwer eraus 2050. An den Engagement, dee mir kritt hu vun der Europäescher Kommissioun an dee mir och akzeptéieren, ass dee vu minus 40 bis 2030, wat natierlech eng ganz haart Aufgab ass, déi op eis alleguerten duerkënnt.

Wéi eng Hausaufgabe musse schlussendlech da gemaach ginn? An domadder wëll ech da schléissen. Ech mengen, et läit villes um Dësch. Et läit praktesch alles um Dësch. Éischtens, ech mengen, mir selwer hunn d'lescht Joer mat mengem Klimarapport iwwer 40 Sëtzungen hei an der Chamber ganz vill debattéiert an Analyse gemaach, do si vill Piste dran opgewisen.

Zweetens, d'Debatte ronderëm de qualitative Wuesstum, an dréttens ass et natierlech déi Rifkin-Etüd, déi d'lescht Woch presentéiert gouf, wou eng ganz Rei Pisten opgewise ginn. Dat sinn déi vun der Mobilitéit, der Energie oder der Landwirtschaft, fir just déi nëmmen ze nennen. Pisten, déi eis alleguerten opfuerderen; Pisten, déi am Aklang mat dem Marrakescher Appell sinn. An et sinn och grad eis Responsabilitéite vis-à-vis vun de vulnerabele Länner.

Kommt, mir waarden net! Kommt, mir paken et un! Eis Kanner a Kandskanner soen eis Merci.

Ech soe Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kox. An d'Wuert huet elo direkt eisen zweete Vertrieder, deen zu Marrakesch derbäi war, den Här Marco Schank fir d'CSV.

Débat

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, viru véier Deeg hunn d'Delegéiert zu Marrakesch een Zäitplang décidéiert, fir den Accord vu Paräis ëmzesetzen, zumindest een Ufank vun engem Zäitplang. An doranner verflichten d'State sech, schonn 2017 fir d'éischte Kéier Fortschrëtter beim Klimaschutz ze iwwerpréiwen.

Vläicht zwou Reaktiounen erausgegraff: Eis Ëmweltministesch Carole Dieschbourg huet an engem Zeitungsartikel vum Enn vun der Konferenz vu Signaler geschwat, déi géife Courage maachen. Déi däitsch Ministesch, Ëmweltministesch huet gesot, de Réckewand vun deene leschte Méint wier genotzt ginn an et hätt ee wichteg Weiche fir eng zügeg an ambitionéiert Ëmsetzung vum Paräiser Accord gestallt.

Also, wat een als positive Message konnt mathuele vu Marrakesch, dat ass och scho bei mengem Virriedner, dem Henri Kox, ugeklongen, dat ass déi Marrakesch-Vision. Wann ausgerechent aarm Länner, 48 Natioune soen: „Mir wëllen en vue vun 2050 nach just op erneierbar Energien zréckgräifen", dat si Länner wéi Marokko selwer, wéi Kambodscha, wéi de Sudan, da lauschteren och déi sougenannte räich Länner, déi och hir Responsabilitéit hunn.

An ech hu mer déi Präambel ugekuckt vun der Deklaratioun, just dee Saz, well deen a mengen Aen am beschte resüméiert, dee beschte Message ass vun där Klimakonferenz: „D'Äntwert op de Klimawandel ass Klimagerechtegkeet a sozial Gerechtegkeet", ech mengen, dat ass dee wichtegsten, dee wichtegste Saz, deen och ëmmer erëm och an den Events dohannen diskutéiert gouf, „an et kann een déi Ziler nëmme gemeinsam am Verbond vun der Weltgemeinschaft erreechen." Och dat ass esou kloer wéi Bouletteszopp, kéint ee salopp soen. An ech mengen, datt heimadder dee wichtegste Message verbonnen ass.

Op där anerer Säit ginn et nach enorm vill Problemer, déi sinn och scho kuerz ugeklongen, déi bis 2020 musse gekläert sinn. D'Klimaschutzziler mussen iwwerpréifbar sinn, musse vergläichbar sinn, datt kee fuddelt. Dat ass e wichtegen Aspekt, fir datt een ausrechne kann, wéi vill CO_2-Emissioune weltwäit iwwerhaapt da gespuert goufen, datt een dat weess. E gréissere Sträitpunkt ass ganz sécher den Upassungsfong, datt déi Länner, déi besonnesch vum Klimawandel betraff sinn, sécher Zousoe kréien. An déi hätten déi gär, soss maachen déi net dat, wat se musse maachen.

An een anere Sträitpunkt ass sécher och nach dee vun der Roadmap, déi berüümten honnert Milliarden Dollar ab 2020. Wa bis iwwert d'Detailer diskutéiert gëtt, da wäert dat och ganz, ganz schwiereg ginn.

An op dee laange Schiet vum Här Trump ënnert der Sonn vu Marrakesch ginn ech net an. Dee war an aller Munde. Ech wëll mer awer keng Zäit elo domadder verbëtzen, well eppes däitlech ginn ass am Hannergrond dovunner, datt d'Delegéiert méi wéi jee décidéiert gesot hunn „jetzt erst recht". An ech mengen, dat ass déi eenzeg Äntwert op dem Här Trump seng Aussoen am Virfeld respektiv am Wahlkampf.

Ee Wuert zu eiser nationaler Klimapolitik. Mir hu jo viru Kuerzem, wéi mer den Accord ugeholl hu vu Paräis hei an der Chamber, iwwer en „effort sharing" geschwat, mer hu vun deene minus 40% geschwat, déi am Reglementsvirschlag vun der Kommissioun stinn. An egal wéi eng Mesuren an dem drëtten nationalen Aktiounsplang wäerte stoen, et wäert richteg schwiereg ginn an et wäert wéidinn.

Här President, ech hunn an der Vergaangenheet widderhuelt däitlech gemaach, datt mir ambitiéis Mesuren am Klimaschutz nëmmen da fäerdegbréngen, wann et eis geléngt, d'Biergerinnen an d'Bierger, ech wëll soen d'Zivillgesellschaft, an d'Boot ze kréien. A wann ee staark Moossname wëllt ergräifen, wéi eis Ëmweltministesch och an engem Interview gesot huet, da brauch een e staarke Réckhalt an der Bevëlkerung. Soss klappt dat net!

Och war Biergerbedeelegung am Klimaschutz ee wichtege Sujet zu Marrakesch selwer an där enger an an där anerer Deklaratioun an an deem engem oder aneren „side event". Duerfir soen ech et nach eemol: Mir mussen dat vill beschwuerent Abezéie vun der Zivillgesellschaft strukturéieren, well soss dës Regierung an och déi Regierungen, déi duerno kommen, net wäerten an der Klimapolitik wäit kommen an an d'Eidelt lafen.

Fir de Prozess vun der Bedeelegung ze strukturéieren, geet et awer net duer, eng Rei Leit oder eng Rei Organisatiounen op eng, zwou Versammlungen ze invitéieren. Duerfir wëll ech nach eemol den Appell maachen un d'Regierung, fir esou eng Struktur ze plangen an esou eng Struktur ëmzesetzen. An an deem Kontext hat ech eng Proposition de loi gemaach, fir esou eng struktureiert Partnerschaft vu Stat, Gemengen, ONGen, Gewerkschaften a vum Patronat op d'Been ze stellen. Wann d'Regierung dee Wee vun deem Partenariat net wëllt goen, dann ass dat hir Décisioun.

Duerfir awer meng Fro un d'Ministesch, wéi eng Alternativen datt si sech virstellt, fir dann awer déi Abezéiung vun der Zivillgesellschaft ze strukturéieren, wéi d'Regierung sech dat virstellt, fir den Erausfuerderunge vum Klimaschutz ze begéinen.

An déi zweet Fro, wéini respektiv ob den Nohaltegkeetscheck, wéi en an dem Regierungsprogramm virgesinn ass, kënnt respektiv ob en net kënnt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Marco Schank. An nächste Redner ass den Här Roger Negri fir d'LSAP.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, direkt e grousse Merci u meng Virriedner Henri Kox a Marco Schank an och un eis Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg, déi eis jo zu Marrakesch vertrueden hunn.

D'lescht Joer ëm dës Zäit gouf den Accord vu Paräis mat engem grousse Succès duergestallt

a gefeiert. No de Schwieregkeeten, déi ee bei vergaangene Klimasommeten hat, war et déi éischte Kéier, dass et gelongen ass, en Accord tëschent 195 Länner op der Welt ze fannen, fir op eng gerecht Manéier eng Aschränkung vun den Zäregasen ze erreechen. Dat war e ganz staarkt Signal. Mat der Ratifizéierung vun der EU de 5. Oktober dëst Joer konnt den Accord nach virun der Konferenz vu Marrakesch a Kraaft trieden. A mir hei an der Chamber hunn och den 11. Oktober dëst Joer deen Accord ratifizéiert. Dat war e weidert Signal vum politesche Wëlle vun de Signataires, schnell virunzekommen.

Et bleift awer dobäi eng gewëssen Ongewëssheet, fir et esou ze soen. Sinn dat alles nëmme politesch Signaler? Oder sinn all déi Länner do och tatsächlech fäeg a bereet, déi Engagementer, déi se geholl hunn, an d'Realitéit ëmzesetzen?

Et wier net déi éischte Kéier, dass en internationalen Accord seng grouss Ziler net géif erreechen. Et brauch een nëmmen drun ze denken, wéi wéineg déi räich Industrielänner tatsächlech déi 0,7% vun hirem RNB, Revenu national brut, an d'Entwécklungshëllef stiechen, oder wéi de Bilan vun de Millenniumsentwécklungsziler ausgefall ass.

Wéi wichteg an awer och wéi schwiereg déi konkret Ëmsetzung vun den Engagementer am Klimaschutz fir Lëtzebuerg wäert sinn, hunn ech am Kader vun engem ganzen äänlechen Débat virun engem Mount hei duergeluecht. D'LSAP wäert deemno weiderhin och an Zukunft all méiglech Efforten am Beräich vum Klimaschutz ënnerstëtzen, déi d'Regierung virleet.

Zum Sommet selwer vu Marrakesch sinn ech iwwerzeegt, dass déi politesch Stëmmung, déi am Moment op ville Plazen herrscht, riskéiert, all déi Fortschrëtter, déi mer bis elo am Klimaschutz erreecht hunn, ze zerstéieren. Elo kann ee soen, dass am Fall vum Klimawandel d'Bewosstsäin vun der Urgence grouss ass. A wa mir net esou weiderfueren, da geet dat schif, dat heescht, do muss wierklech och e Mentalitéitswiessel, e sougenannte Paradigmewiessel an eise Käpp stattfannen.

Et gëtt awer ëmmer méi an anere Beräicher kloer, dass mir viru groussen Diskussiounen an Décisioune mat dramateschen Auswierkunge stinn. An all deene Fäll hu mir d'Wiel, d'Problemer an enger internationaler Solidaritéit ze léisen oder gemeinsam d'Konsequenzen ze droen. D'Erausfuerderung un eis räich demokratesch Länner läit doranner, déi grouss Majoritéit vun de Wieler ze iwwerzeegen, ech mengen, mäi Virriedner huet och an deem Sënn dat elo gesot, dass dës Solidaritéit, déi Sue kascht an Aschränkunge mat sech brëngt, op d'laang Siicht manner Affer fuerdert wéi den nationalen Egoismus.

D'Chancen dofir sinn net gutt, wann ee kuckt, wat am Moment an de Länner ronderëm eis geschitt. Ganz konkret hänkt d'Wiel vum neien amerikanesche President wéi en Damoklesschwäert iwwert der Ëmsetzung vum Accord vu Paräis. Et kann ee just hoffen, dass hie seng Verspriechen, wat de Klimaschutz ugeet, net - net! - anhält. Well wann d'USA erëm aus deem Accord ausschäre géifen, si mir net méi wäit wéi beim Kyoto-Accord.

Gëtt et schonn Indikatiounen, wéi aner grouss Natioune sech verhale wäerten, wann d'USA géifen ofsprangen? Ech wär frou, wann eis Ministesch eis vläicht dozou e puer Wuert kéint soen.

Gouf et zu Marrakesch, iwwert deen néidegen Zweckoptimismus eraus, eng reell Hoffnung, dass et déi Kéier geléngt, all déi grouss Emissäre vun Zäregase mat am Boot ze halen?

En Indicateur dofir, wéi eescht déi eenzel Länner hir Verflichtungen huelen, ass sécher de Bäitrag zu deem Klimafonds, deen den aarme Länner et soll erméiglechen, sech un d'Klimaverännerungen ze adaptéieren. Un deem Fong bedeelegt sech jo och Lëtzebuerg mat fënnef Millioune pro Joer.

Doriwwer eraus stellt sech bei der Ëmsetzung vun de Klimaschutzziler zu Lëtzebuerg ganz konkret d'Fro - wann ech mer dierf erlaben - un d'Ministesch vum Weiderkomme vum drëtte Plan d'action a Saache Klimaschutz. An hei wëll ech och ganz kloer d'Rifkin-Etüd erwänen, déi jo an deem Sënn och ganz vill Akzenter setzt.

Als Konklusioun wëlle mir als LSAP festhalen, dass Lëtzebuerg wäert esou oder esou e grousse Schratt no vir maache mussen, fir seng begrenzte Ressourcë méi nohalteg ze notzen a fir seng Ofhängegkeet vun den Energieimporter ze reduzéieren. Fir dat ze erreechen, huet d'Regierung déi voll Ënnerstëtzung vun der LSAP.

Domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Negri. An nächste Riedner ass den Här Max Hahn fir d'DP. Ech si gespaant.

M. Max Hahn *(DP)*.- Här President, den designéierten US-President Donald Trump krut kierzlech eng Invitatioun fir op d'Fidschi-Inselen, net fir Vakanz ze maachen, wéi ee vläicht kéint mengen, mä de Regierungschef vum Inselstat, de Frank Bainimarama, huet de Klimaskeptiker Trump invitéiert, sech selwer op d'Plaz ukucken ze kommen, wat fir en Effet de Klimawandel op de Mënsch huet. Ganz Landstreecher sinn hei verschwonnen a vill Leit hunn hiert eegent Doheem verluer, well den Niveau vum Mieresspigel geklommen ass a weiderhi klëmmt.

„Keen huet d'Recht, op Basis vun enger Ideologie Décisiounen ze treffen, déi Milliarde Leit concernéieren." Dat sinn net meng Wierder, mä déi vum amerikaneschen Ausseminister John Kerry am Kader vun der Weltklimakonferenz COP22 zu Marrakesch.

Leider sinn dës Wierder an dësen Deeg néideg, well keen esou richteg weess, wat den Här Trump a Saache Klimaschutz wëlles huet. Fir d'Fidschi-Inselen ass d'Klimapolitik scho längst Iwwerliewenspolitik a mir dierfen net zouloossen, dass d'Errongenschaften, déi zweifellos zu Paräis erreecht gi sinn, der Parteipolitik zum Affer ginn.

Här President, d'Klimapolitik ass keng Parteipolitik an et ass nëmmen ze hoffen, dass d'USA als féierend Industrienatioun elo net aus der weltwäiter Solidaritéit erausklammen oder den Elan vu Paräis bremse wëllen.

Mir alleguer däerfen dem Här Trump net duerchgoe loossen, dass d'Klimapolitik kuerzfristegen innenpoliteschen Iwwerleeungen zum Affer fält. Mir mussen awer och déi Länner warnen, déi vläicht elo och dozou tendéieren, d'Ziler a Fro ze stellen an Efforten ze reduzéieren.

Zum Gléck war dat bis ewell op der COP22 net de Fall. 111 Staten hunn de Paräiser Accord scho ratifizéiert, an zu Marrakesch ass weider an déi richteg Richtung geschafft ginn. Virun allem ass eng konkret Roadmap fir d'Rettung vum Klima beschloss ginn.

Als Erënnerung: De Klimaaccord vu Paräis setzt zwar de Kader, mä déi schwieregst Aufgab ass et, fir dësen Accord elo mat Liewen ze fëllen. Op d'ganz EU gekuckt hu mir eis zu enger ambitiéiser Reduzéierung vu 40% vun den CO_2-Emissioune verflicht. Europa muss sech elo eens sinn, wéi dat gemeinsamt Zil soll erreecht ginn. Kucke mir eis un, wéi schwiereg d'Zesummeschaffen um europäesche Plang dëser Deeg ass, da wësse mir, wéi haart an ustrengend dës Verhandlunge ginn.

Här President, d'COP22 zu Marrakesch ass op en Enn gaangen a Lëtzebuerg muss sech elo ganz intensiv domadder auserneesetzen, wéi mir aus enger ressourcen- an CO_2-intensiver Wirtschaft Stéck fir Stéck kënnen erausklammen. Eng ganz Rei Piste si schonn am Rifkin-Rapport ze fannen.

Wëlle mir effikass géint de Klimawandel virgoen, da brauche mir Innovatioun an technesche Fortschrëtt. Eist Zil muss et näämlech sinn, eis Liewensqualitéit net nëmmen ze erhalen, mä ze verbesseren, an dat mat manner Ressourcen a méiglechst CO_2-neutral.

Eist Zil muss et sinn, besser Alternativen an der Mobilitéit unzebidden, ob am Individualverkéier oder am ëffentlechen Transport. Mir mussen eisen Albestand esou moderniséieren, dass eis Haiser keng Energieverbëtzer méi sinn. Mir mussen duerch intelligent Maschinnen den Energieverbrauch optiméieren an et muss eis geléngen, en zouene Kreeslaf ze schafen, wou déi genotzte Materialie systematesch recycléiert a weiderverwäert ginn.

All dëst verlaangt politesche Courage an, jo, och e Mentalitéitswiessel bei ville Leit. Béides ass net ze ënnerschätzen. D'Politik muss Gedold hunn, well e Mentalitéitswiessel kënnt a) net vun haut op muer a b) just, wa klimafrëndlech Alternativen déi besser Optioun sinn.

Packe mir dat net, erreeche mir eis gesaten Ziler net a mir packen de Klimawandel net. Wann et der Politik awer geléngt, de richtege Kader ze setzen, da wäert dëse Prozess net manner Liewensqualitéit fir deen Eenzelne bedeiten, mä ganz am Géigendeel: Et wäert en däitleche Méiwäert sinn, fir den Eenzelnen a fir d'Ëmwelt!

Geléngt deenen eenzelne Staten dëst awer net, oder gëtt aus kuerzsiichtegen Iwwerleeungen de Klimawandel ignoréiert, jo, da brauch keen zukünftegen US-President sech op d'Fidschi-Inselen ze déplacéieren, fir do déi katastrophal Folge vun enger Äerderwärmung un der eegener Haut ze spieren. Neen, da geet en Trip op New Orleans, Miami oder New York wuel duer.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Hahn. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei vun e puer Virriedner e puer Bemierkungen héieren iwwert d'eventuell Neiorientéierung vun der amerikanescher Administratioun. Dat ass keng harmlos Décisioun. Et ass och keng, déi een einfach kann esou ewechwëschen, well en neien amerikanesche President, deen huet op vill Manéieren Afloss op déi doten Diskussioun, ugefaange bei der wëssenschaftlecher Besetzung vu Schlësselposten, op d'Diplomatie, inklusiv op d'Besetzung vum United Nations Intergovernmental Panel on Climate Change, och deen ass natierlech affektéiert, a virun allem d'Kompetitivitéit. Well wann d'Amerikaner elo higinn a se huele Kuel, „shale gas" an Uelech aus dem Atlantik, da bleift dat net ouni Konsequenzen op d'Kompetitivitéit vun eisen Ekonomien hei. A mir wäerten op jidde Fall eng Diskussioun ënner anere Virzeeche kréie wéi déi, déi mer haut hunn.

Duerfir ass et fir eis als ADR wichteg, wéi ëmmer, wa mer iwwert de Schutz vun der Atmosphär schwätzen, mat groussem Realismus un déi Debatt do erunzegoen. Mir kënnen net mat Ideologie fonctionnéieren, mir kënnen net ënner Ausblende vu Realitéite räsonéieren. Mir hunn eng Verantwortung ze droen. Mir mussen dat zesumme mat der Ekonomie maachen, ouni Illusiounen an och mam Schutz vun der Privatsphär.

Ech wëll just vläicht e puer Saachen hei an Erënnerung ruffen, wou mer eis virun Illusiounen a falschen Décisioune mussen an Uecht huelen.

Dat Éischt ass den Tanktourismus. Mir kréien elo eng Etüd virgestallt a kuerzer Zäit. Et ass dem Klima am grousse Ganzen net gehollef doduerch, datt mir de Bensinn net méi hei verkafen, mä datt en op där anerer Säit vun der Grenz verkaaft gëtt, awer et huet enorm budgetär Konsequenzen. Mir wäerten also ganz gutt oppassen, datt mer an enger Zäit, wou mer e groussen Defizit an eisem nationalen, zentralstaatleche Budget hunn a grouss Scholde vun dësem Land, net och nach elo Weiche setzen, déi net zu der Verbesserung un eiser finanzieller Situatioun bäidroen, ouni dem Klima iergendwéi ze hëllefen.

Eng zweet Saach, bei där mer musse ganz realistesch sinn, dat ass, datt déi Wuesstumspronosticke vun engem 1,1- bis 1,2-Milliounen-Stat Lëtzebuerg onvereinbar si mat deene Klimaschutzziler, déi dës Regierung gesat huet. Den Här Bausch vun enger Partei seet dat eent, d'Madamm Dieschbourg vun därselwechter Partei seet dat anert. Mir hunn hei eng Kontradiktioun, eppes wat auserneegeet, wéi eng Schéier, déi auserneegeet tëschent engem Stat, deen onendlech wiisst, deen ëmmer méi Energie muss importéieren, deen déi Méiglechkeeten, déi en hat, fir Energie hei am Land ze produzéieren, zum Beispill iwwert d'Twinerg, reduzéiert, deen an eng Verspargelungspolitik vun der Landschaft erageet am Éislek, wou Wandmille bei Wandmille gebaut ginn, wat och eng ganz Rei vun ekologeschen Nodeeler huet.

Mir kréien den Energiebedarf fir dee Wuesstum net gedeckt! An et gëtt kee Konzept vun der Regierung am Abléck, deen eis géif erlaben, energiepolitesch do matzehalen un Investissementer, fir déi Wuesstumsperspektiven, déi dës Regierung an d'Welt setzt, ofzedecken.

D'Etüd Rifkin: Déi éischt Reaktioune weisen däitlech, datt se komplett onrealistesch ass! Wat do en Investissementsvolume misst gemaach ginn, eleng am Beräich vun der alternativer Energie, ass einfach net ze packen!

Den Här Kox hat gesot, mir géifen eis Ziler fir 2020 erfëllen. D'EU-Kommissioun seet do de Contraire. An hirem leschte Rapport vum 8. November vun dësem Joer seet d'Kommissioun: «D'après les projections nationales les plus récentes, les émissions du Luxembourg seront supérieures de 5% à l'objectif national en 2020.» Also mir erreechen déi Ziler och net.

An an deem Kontext muss een nach eng Kéier froen: Wéi ka Lëtzebuerg op minus 40% wëllen hin, wann all Ramebedéngungen, déi dat eventuell kéinten erméiglechen, vu vireran onméiglech sinn?

Mir erreechen eis Ziler fir 2020 net. D'Croissance geet net an déi Richtung. Et ass einfach net realistesch. Mir schwätze muer, wa mer iwwert d'Entwécklungshëllef schwätzen, och nach iwwert d'Additionalitéit vun deenen Ausgaben, déi mer an deem do Beräich maachen.

Ech wëll also hei ganz einfach virun Illusioune warnen. Ech wëll zréckkommen op eng Politik, mat där mer den Atmosphäreschutz vernünfteg gestalten.

An ech wëll och warne virun eppes, wat hei net dacks ernimmt gëtt, wat fir eis awer zentral ass: Dat ass de Schutz vun der Privatsphär vun den eenzelne Bierger.

Déi intelligent Konteuren, déi d'Leit elo dohikréien, déi kënne Virdeeler hunn a gewësse Moossen. Se sinn och eng Gefor fir de Schutz vun der Privatsphär. An ëmmer erëm soe mer: Mir brauche speziell Gesetzer, ganz genee Regelungen, wéi déi Donnéeë kënne gebraucht ginn, fir datt net herno e Mikromanagement vum Privatliewe vun eise Bierger gemaach gëtt.

Ech wëll nach mat enger Bemierkung ofschléissen, déi awer och wichteg ass. Mir hunn hei am grénge Credo, an dat kënne mer novollzéien, et ass elo net, datt ech dat elo an der Substanz diskutéiere wëll, mä mir hunn am grénge Credo de permanenten Engagement géint d'Atomenergie, géint Kettenuewen, géint de Sécherheetsrisiko an der Belsch, et ass alles justifiéiert, och eng Klo géint Hinkley Point wéinst Subventiounen an esou weider. Alles dat kann een novollzéien.

De Problem dobäi a wat ni gesot gëtt, dat ass, datt déi ganz Klimadiskussioun international awer zu engem massiven Ausbau weltwäit vun der Nuklearenergie féiert! Mir hunn am Abléck 483 Centrale-nucléairen op der Welt, déi fonctionnéieren, 70 sinn der am Bau, iwwer 500 ginn der geplangt, well et keen anere Wee gëtt, well et net méiglech ass, gläichzäiteg géint fossill Energië virzegoen, géint Nuklearenergie, well déi Énergies renouvelables, esou positiv se sinn, dat net kënnen ausgläichen.

Et muss een et einfach soen, well ech hunn ëmmer méi Problemer domat, datt hei eng Partei wëllt den Androck de Leit vermëttelen, datt se engagéiert ass géint d'Nuklearindustrie hei an der Géigend - wéi gesot, mir vollzéien dat no -, awer gläichzäiteg weltwäit eng Politik bedreift, déi genau an déi aner Richtung geet, näämlech an den Ausbau vun der Nuklearenergie.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner fir déi Lénk.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Virun e puer Méint hate mer d'Geleeënheet, eng e bësse méi zréckhalend Aschätzung vum Paräiser Ofkommes ofzeginn. A mir hunn et als en éischten, awer zimlech spéide Schrëtt an déi richteg Richtung gesinn. Positiv war an ass fir eis engersäits d'Universalitéit vum Accord an natierlech dat iwwergeuerdnet Zil, d'duerchschnëttlech Temperatur op der Äerd am Verglach zur virindustrieller Zäit net iwwer 2 Grad klammen ze loossen a souguer Efforten ze maachen, fir se bei 1,5 Grad ze limitéieren.

Et huet no der COP21 geheescht, et misst elo an den nächste Jore méi konkret un der Erreechung vun deem Zil geschafft ginn. D'Länner missten zum Beispill iwwert de Finanzement eens ginn, ënner anerem, fir déi méi aarm a méi vulnerabel State bei hire Mesurë géint de Klimawandel ze ënnerstëtzen, virun allem awer och, wat hir Adaptatioun un d'Konsequenze vum Klimawandel ugeet, well esou wäit si mer leider.

An da misst natierlech och e Wee fonnt ginn, fir déi fräiwëlleg, mä ongenügend Reduktiounszousoen an éischter Linn vun de räichen Industriestate schnellstméiglech no uewen ze corrigéieren, an dat onbedéngt scho virun 2020.

D'Fro ass also, ob d'COP22 zu Marrakesch eis bei dësen an anere wichtege Froe weiderbruecht huet.

Mir fannen net wierklech! De Wëllen, fir géint de Klimawandel virzegoen, gouf zwar réaffirméiert, mä bei de fundamentale politesche Froe gouf et awer kee Fortschrëtt. D'Fro vum Finanzement vun der Klimapolitik gouf alt erëm zum Deel awer vertaagt. Momentan si mer nach wäit ewech vun den 100 Milliarde pro Joer. Et sinn der bis elo nëmmen 20% dovunner, déi ab 2020 u Klimafinanzéierung solle bereetgestallt ginn. An ob déi 100 Milliarden iwwerhaapt duerginn, ass dobäi eng weider Fro. Virun allem feelt et awer och un ëffentlecher, also un net profittorientéierter Finanzéierung.

Et gëtt och en Déséquiliber en faveur oder en défaveur vun de Mesurë fir Reduktioune beim CO_2-Ausstouss. Domat léisst sech näämlech vill Geld verdéngen, Stéchwuert zum Beispill den Emissiounshandel.

De Finanzement vun der Adaptatioun un de Klimawandel an domadder d'Ënnerstëtzung fir déi vulnerabelst Länner an äermste Bevëlkerunge kënnt hei weider ze kuerz. Bei der Fro, wéi déi fräiwëlleg Reduktiounszousoe schnellst-

méiglech renforcéiert kënne ginn, herrscht och Stëllstand. Dat ass dramatesch, well d'Efforte vun de Länner, fir 2 Grad iwwerhaapt kënnen anzehalen, esou d'Berechnunge vun der UNO, méi wéi verduebelt misste ginn an am beschten elo direkt, op alle Fall awer virun 2020. Eng wierklech Evaluatioun vun der Klimapolitik vun de Staten ass awer eréischt fir 2023 geplangt. A wéi eng Konsequenzen déi Evaluatiounen dann iwwerhaapt wäerten hunn, ass och nach net esou kloer.

Datt et schwéierfält, vun de grousse Rieden an Ukënnegungen zu effikasse politesche Mesuren iwwerzegoen, déi an der Regel och eppes kaschten, weist sech och zu Lëtzebuerg säit Joren. Mir wësse säit Jorzéngten, datt de Klimawandel geféierlech ass a bekämpft muss ginn. Mir wëssen och scho laang, datt Lëtzebuerg mat sengen héije Pro-Kapp-Ausstéiss iwwerméisseg mat responsabel ass, op eng relativ Aart a Weis.

Fir d'Reduktioun vun eisem CO_2-Ausstouss soll jo an den nächste Méint oder an nächster Zäit e Klimaaktiounsplang virgeluecht ginn. A mir sinn drop gespaant a wäerten och gesinn, wourauser dee besteet, well bis elo hu mer wéinig Villverspriechendes héieren, zum Beispill bei der Mobilitéit, wou d'Regierung scheinbar op futuristesch Projeten an technologesche Fortschrëtt waart, déi d'Problemer fir eis léise sollen. Dat ass jo och méi einfach, well déi zentral Froen, wéi d'Zukunft vum Tanktourismus oder den Ausbau vun engem performanten ëffentlechen Transport, ginn ënner anerem ënner engem Koup vun Ausschweifunge wéi Appen, „driverless driving", „carpooling" an esou weider ënner.

Ofschléissend nach kuerz zum Finanzement vun der Klimapolitik. D'Regierung setzt hei verstäerkt op d'Mobiliséierung vu Privatkapital, sief et iwwer „Green Exchange" op der Bourse, wou grouss Banke sougenannten „green bonds" opleeën, fir Projeten zum Beispill an der Energietransitioun ze finanzéieren, oder mat engem vum Etienne Schneider schonn ugekënnegten Investmentfonds, fir d'Mesuren aus der Rifkin-Etüd ze finanzéieren.

Et ass eis jo - hoffentlech, mengen ech! - alleguerte bewosst, datt grouss Betriber a méi räich Investisseuren, ob zu Lëtzebuerg oder soss op der Welt, fir eng Renditt ze erzilen an net primär, fir de Klima ze schützen a fir benodeelegter Bevëlkerung bei der Adaptatioun u Konsequenze vum Klimawandel ze hëllefen, u sech schaffen. Mir fäerten, datt bei esou enger Ausriichtung vun der Klimapolitik d'sozial Gerechtegkeet an d'Rechter vun den Äermsten an och äermste Vëlker op der Streck bleiwen.

Schlussendlech wéilt ech nach mat engem Wuert awer drun erënneren, datt mir eis Hausaufgaben nach musse maachen a Saache Kompensatiounsfong, well deen nach ëmmer souwuel an Atom wéi och a Kuel investéiert. Et ass oft hei gesot ginn, ganz oft hei gesot ginn, datt déi Aarbecht soll geleescht ginn, wou investéiert, wouran investéiert gouf. Et gouf och vum Sozialminister confirméiert e puermol. An ech hoffen also och, datt dee Message am Verwaltungsrot vum Kompensatiounsfong ukomm ass, well mir wäerten op jidde Fall um Ball bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Domat hätte mer d'Ronn vun deenen eenzelne Fraktiounen a Sensibilitéite gedréit. An d'Wuert huet elo d'Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Hären Deputéierten, d'COP22 war eng COP vun der Aktioun, eng COP vun der Ëmsetzung, an dat gläich op méi Pläng. Engersäits huet een d'Dynamik gespuert vun deem, wat um Terrain leeft, d'Dynamik bei deem, wat d'Länner virgestallt hunn, wat hir Ziler sinn. Villes dovunner gouf schonn erwäänt. De Marco Schank hat gesot, d'Deklaratioun vun der Visioun vu grad deenen, déi am meeschte betraff sinn, déi e Schrëtt no vir maachen, fir e Schrëtt méi wäit ze goen.

Lëtzebuerg selwer huet sech grad am Beräich vun der Klimafinanzéierung ervirgedoen, wou Lëtzebuerg dat Land ass, wat d'Klimafinanzéierung um internationale Plang am eeschtsten menger Meenung no hëlt. Mir sinn déi, déi tëschent 2014 bis 2020 120 Milliounen international Klimafinanzéierung annoncéiert hunn, déi dat och konkret ëmsetzen an déi och mëttlerweil schonn e Kriteriekatalog hunn, wéi mer dat wëlle gestalten, dass dat och um Terrain Realitéit gëtt.

Dëst Joer huet Lëtzebuerg, an dat hu mer och op der COP22 virgestallt, an zwar a méi Veranstaltungen, en neie Modell presentéiert, wéi ee kann als ëffentleche Partner, als Land mat enger Institutioun wéi der Europäescher Investitiounsbank, mat iwwer 30 Milliounen, déi mer do asetzen, en „derisking" maachen, dat heescht e Risiko erofsenke fir innovativ nei Projeten. Ee Schrëtt an déi richteg Richtung, an ech kann Iech soen, dass d'Leit vun der BEI gesot hunn: „Mir hoffen, dass vill Länner dem Lëtzebuerger Modell noginn." An dat war wichteg, dass d'Länner esou konkret Projete vu Klimafinanzéierung virstellen.

Ech wëll Iech och soen, dass mer déi Roadmap, déi et haut gëtt, wéi mer op déi 100 Milliarde kommen, dass och déi haut seet: „Mir sinn elo scho bei iwwer 60 Milliarden a mir wäerten dat Zil erreechen." An dat ass ganz wichteg, fir dass all Länner u Bord bleiwen a fir dass ebe grad déi Vulnerabelst esou Schrëtt no vir maachen.

Lëtzebuerg huet do säi Part gespillt, huet och säi Part gespillt beim Beräich Gerechtegkeet. Mir hunn zum Beispill, wann et drëm geet, Leit anzebauen, d'Leit mat op de Wee ze huelen, déi Plattform, déi mer schonn zu Paräis décidéiert haten, mat den indigene Vëlker zesumme mat de Finnen, mat de Schweden a mat der Belsch no vir bruecht. Et wäert déi éischte Kéier sinn, dass am Klimavertrag och déi indigen Vëlker mat um Dësch sëtzen, wann et drëm geet, esou eng Plattform ze géréieren.

De Klimaaccord, do geet et ëm Gerechtegkeet an do geet et drëm, dass mer dat och erreechen. Bei där Geleeënheet hu mer och profitéiert, fir ënner anerem eis Partnerlänner vun der Kooperatioun ze gesinn, fir och mat deene konkret iwwer Projeten, déi een nach kann zousätzlech zu deem enge Prozent Kooperatiounshëllef maachen, iwwert d'Klimafinanzéierung ze schwätzen. An ech mengen, dat ass et, wat eis weiderbréngt. Et geet nämlech drëm, dee Problem gemeinsam, zesummen ze léisen an dobäi méi eng gerecht Welt ze schafen an de Leit Hoffnung ze maachen, amplaz de Leit Angscht ze maachen.

Jo, heiheem heescht dat och, dass mer eis musse vill ustrengen. Mir hunn entscheedend Schrëtt geholl am Beräich vum Transport, wou elo awer zwee Drëttel vun den ëffentlechen Investitiounen an d'douce Mobilitéit an an den ëffentlechen Transport ginn. Mir maache Bornen. Fir Lëtzebuerg sinn et 800 Borne bis 2020 mat 1.600 Plazen, wou d'Leit hiren Auto kënnen opfëllen. Mir kréien eng Elektrifizéierung soumat dann no vir gedriwwen, fir dass mer net nëmmen eis Aktioune géint de Klimawandel maachen, mä och an eisen Uertschaften eng méi propper Loft fir eis Kanner kënne garantéieren.

E wichtege Punkt heiheem ass och de Wunnengsbau. An och do ass Lëtzebuerg vir! Am Wunnengsbau wäerte mir déi Eischt an Europa sinn, déi just nach effizient Wunnhaiser bauen. An Dir wësst et, hei an der Chamber hu mer et scho virgestallt gehat an den zoustännege Kommissiounen, mir hunn och e ganze Pak u Mesuren, wann et drëm geet, d'Klimabank ze lancéieren, wann et drëm geet, méi nohalteg Primme fir de Wunnengsbau ze ginn. An och déi wäerten elo geschwënn heihinnerkommen.

D'Ekonomie, déi Grouss an déi Kleng, déi si längst op der Schinn, dass alles, wat an d'fossill Richtung geet, dass dat Risikoinvestitiounen op laang Zäit sinn. An dat muss ëmgesteiert ginn. Et ass net fir näischt, dass et haaptsächlech d'Ekonomie ass, déi am Moment an Amerika amgaangen ass, dem künftege President ze soen, dass dat e Feeler ass, wann een an déi Richtung geet.

D'Ekonomie huet och hei am Land villes schonn no vir gedriwwen. Dee Rifkin-Prozess, deen elo vun esou munchem erwäänt gouf, dee weist, dass mer gemeinsam kënne fir méi Liewensqualitéit suergen, eis Klimaziler kënnen erreechen an awer méi kompetitiv sinn, dass dat Geld och kann aneschters investéiert ginn. An dofir mengen ech kënnen ze soen: D'Ekonomie huet u sech d'Zeeche vun der Zäit erkannt.

D'Tanktourismusetüd wäert nach dëse Mount presentéiert ginn. Mir hunn Iech do Rendez-vous ginn de 25.11., fir déi virzestellen an der Kommissioun.

An da wëll ech op ee leschte Volet Ekonomie agoen. D'Finanzplaz huet dëst Joer enorm Spréng gemaach. Lëtzebuerg huet 50% vun de weltwäite gréngen Obligatiounen hei op der Bourse. D'Bourse hat eng Journée boursière, déi eleng deene gréngen Obligatiounen, deem Bréckebauen tëschent deem Geld, wat do ass, an deenen néidegen Investitiounen, fir méi nohalteg ze schaffen, gewidmet war. Mir hunn e Label, fir fir Transparenz ze suergen. An dat sinn déi kleng Puzzlestécker, déi zesumme mam Finanzministère, zesumme mat den Akteuren um Terrain eis alleguerten ee Schrëtt nom anere virubréngen, fir eisen Obligatioune gerecht ze ginn.

An da kommen ech op dat, wat nach kënnt: den drëtte Klimaaktiounsplang. Den Här Schank hat et erwäänt. Jo, wa mer wëllen de Klimaschutz esou no vir dreiwen, wéi mer et brauchen, fir déi Streck, wou mer elo sinn, wou mer mëttlerweil awer gutt ënnerwee sinn, wou mer kënnen d'Ziler erreeche bis 2020, fir dat weider ze maachen, da gëtt dat eng Ustrengung fir jiddwereen. Mä mir hunn awer och vill Saachen, wou mer gewannen. Besser Loftqualitéit ass eng dovun. Manner Stress am Stau ze stoen zum Beispill.

Mä da kommt, mir maachen dat zesummen! Mir hunn an där leschter Zäit d'Instrument vum Klimapakt ausgebaut. Mir hunn eng Konventioun mat CELL gemaach, fir dass dat och méi hei zu Lëtzebuerg bei de Bierger ukënnt, well et ass eng Saach vu léieren, vu Konsumverhale veränneren.

A mir wäerten och deen drëtte Klimaaktiounsplang genausou wéi d'nohalteg Entwécklungsziler zesummen ugoen. Dat gouf zu Marrakesch iwwregens ëmmer betount: Mir mussen alles zesummen op de Leescht huelen, fir dass mer all zesumme weiderkommen. Dat wäerte mer d'nächst Joer ënner ganz breeder Bedeelegung diskutéieren, fir dass mer pro Secteur eis kënnen Ziler setzen, wéi mer wëlle reduzéieren, dass och jiddweree seng Aufgabe mécht.

Dofir, kommt, mir maachen net de Feeler, eis hei vun Ängschte leeden ze loosse viru Saachen, déi nach net do sinn! Kommt, mir baséieren eis op dat, wat mer wëssen, op déi Richtung, wou mer hi wëlle goen! Kommt, mir kucken, dass mer duerch erneierbar Energie eng Demokratiséierung vun Energie kréien, dass mer alleguerten net nëmme Konsumente sinn, mä och nach Produzenten!

Kommt, mir kucken, dass eis Stied méi attraktiv sinn, dass mer méi propper Loft hunn! A kommt, mir bekämpfen déi Krisen, déi mer am Moment hunn, vun Honger, vun Aarmut, vun Onsécherheet! Kommt, mir bekämpfen déi, well déi hunn och alleguerten eppes mat Klimawandel ze dinn!

An nëmmen esou wäerte mer fir méi Gerechtegkeet, net nëmmen hei, mä op der ganzer Welt suergen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Minister.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7018 zur Schafung vun engem elektronesche Regëster vun den Transportentreprisen hei zu Lëtzebuerg an an der EU. Et ass eng Transpositioun vu verschiddenen EU-Reglementer. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

5. 7018 - Projet portant création d'un registre électronique national des entreprises de transport par route

Rapport de la Commission du Développement durable

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir hutt scho villes gesot. De Projet de loi 7018, deen ech heimat virstellen, ass éischter technescher Natur an en ass néideg, fir ganzer véier europäesch Reglementer aus de Joren 2009 an 2010 an eis national Gesetzgebung afléissen ze loossen.

Betraff ass de Stroossentransport, wou et drëms geet, en elektronesche Regëster vun den Entreprisen ze schafen, déi an deem Secteur aktiv sinn. An dësem Kontext huet d'Europäesch Kommissioun eng speziell Plattform mam Numm ERRU, dat heescht „European Register of Road Transport Undertakings", an d'Liewe geruff, déi et soll erlaben, déi eenzel national Regëstere mateneen ze verbannen a grenziwwerschreidend Informatiounen auszetauschen.

D'Haaptzil vun dëse Regëstere besteet doran, d'Honorabilitéit an déi finanziell Capacitéit vun de Gestionnairë vun den Transportentreprisen net nëmmen am Hierkunftsland, mä och op EU-Niveau kontrolléieren ze kënnen. Dëst erlaabt dann, déi schwaarz Schof am Beräich vum Stroossentransport ze detektéieren a se drun ze hënneren, datt se vun engem EU-Land an dat anert fueren.

Eng aner Finalitéit vun deene Regëstere besteet doran, datt en internationalen Austausch vun den Infraktiounen, fir déi déi eenzel Entreprisë sech schëlleg gemaach hunn, kann assuréiert ginn.

Fir Lëtzebuerg stellt sech dobäi allerdéngs e klenge Problem, deen natierlech séier behuewe ka ginn. Déi aktuell Datebank vum Nohaltegkeetsministère, déi d'Gestioun an d'Autorisatioun vun Transportentreprisen an eisem Land regelt, ass näämlech technesch net kompatibel mam europäesche System. Aus deem Grond ass virgesinn, datt den elektronesche Regëster, dee mir mat dësem Gesetz schafen, déi aktuell Datebank vum Nohaltegkeetsministère wäert ersetzen an datt dëse Regëster duerno mam europäesche System vernetzt gëtt.

D'Donnéeën, déi an de Regëster afléissen, kommen engersäits vum Département des transports vum MDDI, anerersäits awer och vun der Generaldirektioun vun de klengen a mëttelgroussen Entreprisen, déi am Wirtschaftsministère ugesidelt ass, dann awer och vun der Administratioun vun der Douane an den Akzisen, dernieft och vun der Police a vum Parquet.

Wat elo dee wichtege Volet vum Dateschutz ubelaangt, esou entsprécht dëse Projet de loi eiser aktueller Gesetzgebung an där Matière. Dernieft enthält de Projet de loi och eng ganz Rei Dispositiounen a puncto Ofsécherung vum Regëster selwer an awer och vun den Daten, déi doran enthale sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domat kommen ech scho bei déi eenzel Avisen a bei d'Aarbechte vun der Nohaltegkeetskommissioun. Nodeems de Minister François Bausch dëse Projet de loi de 26. Juli 2016 déposéiert hat, koume ganzer véier Avisen eran, ee vum Statsrot, ee vun der Chambre des Métiers, ee vun der Chambre de Commerce an ee vun der nationaler Dateschutzkommissioun, déi vun Ufank un an d'Ausaarbechtung vun dësem Projet de loi agebonne war, fir vun Ufank un den Dateschutz ze géréieren.

Well d'Avise keng gréisser Problemer geschafen hunn, verweisen ech fir méi Detailer op mäi schréftleche Rapport. Den 10. November 2016 huet d'Nohaltegkeetskommissioun sech souwuel mam Projet de loi wéi och mam Avis vum Statsrot befaasst, a schonn eng Woch duerno, de 17. November 2016, huet se mäi Rapport eestëmmeg ugeholl.

Ofschléissend wéilt ech dann awer och nach dem Här Staus, dem Virsëtzende vun der Direction des transports routiers vum MDDI, e grousse Merci fir seng wäertvoll Ënnerstëtzung an dësem kniwwelegen Dossier ausdrécken. E war méi kniwweleg, wéi e sech haut unhéiert. Ech hu versicht, déi wichtegst Punkte esou kuerz an esou einfach wéi méiglech ze resüméieren.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An da géife mer zu deene verschiddene Stellungname kommen. Ech hat hei d'Wuertmeldung vum Här Kaes, pour accord.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Selbstverständlech gi mer den Accord zu dësem Projet de loi. Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Wiseler. Den Här Negri huet d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Och Merci un eis Rapportrice Josée Lorsché. A mir ginn och domadder den Accord zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Affär Kralowetz ass eis jo nach a gudder Erënnerung.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, a schlechter!

M. Gusty Graas *(DP).*- Dach. Ech weess et nach, well ech war Rapporteur.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- A schlechter!

M. Gusty Graas *(DP).*- Schlechter, jo, schlechter. Dat sinn elo 14 Joer hier. Dorauser hu mer eng Rei Léiere gezunn, an zwar och déi richteg. Dëst Gesetz huet effektiv dozou och bäigedroen, datt mer haut dat vill méi genee reglementéieren. Mir wëssen, datt dat e ganz haart ëmkämpfte Marché ass. Et ass och doweinst, wéi gesot, ratsam, datt mer dee ganze Volet do méi streng reglementéieren. Dat gëtt eis och d'Méiglechkeet, méi eng Transparenz an dee ganze Marché vun den Transporteuren ze kréien.

Ech brauch net weider an d'Detailer anzegoen. D'Madamm Lorsché huet dat jo ganz gutt gemaach. Ech wëll hir och félicitéiere fir hir exzellent Berichter a bréngen och dann d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Jo, Här President, mir ginn eis Zoustëmmung och zu deem Gesetz.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Ech ginn dann dovun aus, dass d'Kolleegen, déi aner Kolleegen och den Accord ginn. Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci. Dann huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Da géif ech der Rapportrice Josée Lorsché Merci soe fir hire gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport a freeë mech iwwert déi breet Zoustëmmung hei a soe Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och.

Da géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7018 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7018 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo, domat Unanimitéit. De Projet de loi 7018 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Punkt iwwergoen: d'Interpellatioun vun der Kolleegin Octavie Modert iwwert d'Situatioun an d'Entwécklung vum Wäibau hei zu Lëtzebuerg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Madamm Modert huet elo d'Wuert.

6. Interpellation de Mme Octavie Modert au sujet de l'état actuel de la viticulture

Exposé

Mme Octavie Modert *(CSV), interpellatrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, 2016 ass dat adequat Joer, fir an dësem héijen Haus eng Debatt iwwert de Lëtzebuerger Wäibau ze féieren, an zwar aus dräi Grënn.

2016 steet emol fir d'Éischt fir e puer emblematesch Stéchdatumen am Wäibausecteur: 50 Joer Grënnung vun der Vinsmoselle, och 50 Joer Privatwënzervereenegung OPVI, 100 Joer vun engem Wäinhändler, Gales, 95 Joer Maacher Kellerei, déi éischt Genossenschaftskellerei op der Musel, an - last but certainly not least - 25 Joer Crémant, sécherlech eng ganz wichteg Etapp fir d'Musel.

2016 ass awer och eent vun deene schwieregsten zanter ganz Laangem am Wéngert gewiescht, en Extremjoer.

A schliisslech an endlech, drëtte Grond, ass et d'Joer null vum neien Agrargesetz, dat am Summer endlech a Kraaft getrueden ass, awer déi meescht vu sengen Auswierkunge kommen eréischt am Laf vum nächste Joer, respektiv kommen eréischt dann an Uwendung.

E véierte Punkt kënnt deelweis derbäi, well et hätt och sollen eng nei Marketingsetüd fir d'Musel elo eraus sinn an dann hätt een éischt Analysen dovunner maache kënnen. Si ass nach net do. Trotzdeem muss d'Thema, mengen ech, ugeschwat ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dës Interpellatioun ronderëm dräi Deeler ugoen a jeeweils déi Froen a Problemer opwerfen, déi sech momentan am dréngendste stellen.

Am Virfeld nach wëll ech déi villsäiteg Roll vum Wäibau zu Lëtzebuerg ënnersträichen, deen eis typesch an eenzegaarteg Kulturlandschaft op der Musel ënnerhält mat senger Ëmweltfunktioun, wann e fir Biodiversitéit suergt mat de Leguminosen; deen am Tourismus, am Önotourismus an am Kulturtourismus eng Roll spillt an e Facteur vum Nation Branding ass, an deen e wirtschaftleche Produktiounszweig ass an Aarbechtsplazen an der Regioun schaaft, och wa säi Gewiicht am PIB natierlech net méi esou schwéier weit.

Dat si just e puer Argumenter, déi drop hiweisen, wéi wichteg et ass, datt de Wäibausecteur do ass an erhale bleift. D'CSV schwätzt sech ganz kloer dozou aus. An dozou gehéiert och, datt et gradesou wichteg ass, déi dräi Gruppementer aus dem Secteur, Genossenschaftskellereie vu Vinsmoselle, Privatwënzer a Wäinhandel, ze hunn an ze behalen.

Nach ee Wuert an eegener Saach. Jo, ech si vum Wënzer hier an ech sinn an e Betrib abestuet, wéi een dat nennt. Dat ass konform a kompatibel mat der Chamber hirem Code de conduite an dat ass keng Befaangenheet. Dat gëllt och fir aner Riedner heibannen.

Ech kommen dann, Dir Dammen an Dir Hären, zum éischte Punkt iwwert d'Wéngertsaarbechten an d'Wäinhierstellung.

Jo, 2016 war leider en Extremjoer. Et war e ganz schwieregt Vegetatiounsjoer mat erstaunlecherweis awer engem ganz gudde Resultat, wann och net grad iwwerall oder ënner allen Ëmstänn an och net ouni Zoudoe vum Mënsch, grad dëst Joer wéinst de Kränkten. Tatsächlech, dëst Vegetatiounsjoer hat ënner esou schlëmme Wiederbedéngungen ze leiden, wéi zanter laange Joren net méi. An awer huet et en „happy end" kritt mat engem schéinen, gesonde Liesgutt, héijer Qualitéit mat héije Moschtgewiichter, also Oechsle an Zocker, a ganz wéineg Saier. Allerdéngs ass et nëmmen eng ganz geréng Meng ginn.

2016 gëtt et also e ganz gudden, awer vill manner Wäin. Et ass manner Wäi gewuess, fir d'Éischt duerch d'Erkalen am Fréijoer, wat op deene Plaze bis zu 80% Ausfall bruecht huet, duerno duerch Pilzkränkten - besonnesch Peronospora -, déi jee no individueller Situatioun nach ees vill Ausfall bruecht hunn, och wa se keen negativen Afloss op d'Qualitéit hunn.

Et muss ee betounen, datt géint de Pilzbefall jo leider kee Kraut an Europa gewuess ass, well all déi Kränkten aus Amerika ausganks vum 19. Jorhonnert ageschleeft gi sinn. Jo, och deemools scho sinn et Globaliséierungskränkte ginn. A wie weess, wat eis elo nach alles aus Amerika bléit… An déi europäesch Riewen hunn natierlech dann dee Moment keen natierleche Schutz dergéint, weder deemools nach haut. De Mënsch muss also hei hëllefen an agräifen, d'Natur ka sech net ëmmer selwer hëllefen.

Vun offizieller Säit ginn dacks pilzresistent Zorten, Piwien, als Wonnermëttel duergestallt. Och Dir hutt, Här Minister, uganks Juli heibanne gesot, d'Piwie wären déi eenzeg laangfristeg Léisung.

Ech wollt Iech froen, Här Minister, ob Är Servicer net rezent mat Wënzer aus dem Limburg geschwat hunn, déi mat eiser Wäibaustatioun souwisou Kontakt hunn. Do sinn näämlech en Deel Piwi-Zorten ugesat. Awer dëst Joer hunn d'Wënzer do misse feststellen, datt déi Piwien och net peronosporaresistent sinn, mä 2016 e staarke Befall am sechsten, siwente Joer haten. Wuel wären déi éischt Joren nom Usetze gutt gewiescht, mä do haten déi normal Zorte jo och kee weidere Befall, awer elo hätte se Problemer gehat. Dohier drängt sech natierlech d'Fro op, ob déi Zorten net méi resistent wären.

Dohier meng Fro, Här Minister: Haten Är Servicer schonn dee Kontakt? A si se ëmmer nach iwwerzeegt vun de pilzresistenten Zorten als grouss Alternativ? Wat gedenkt Dir elo ze recommandéieren oder ze maachen - iwwer, denken ech emol, Monitoring eraus?

Dir Dammen an Dir Hären, dem extreme Pilzdrock dëst Joer, besonnesch ronderëm d'Bléi, konnt also nëmme mat Riefschutzbehandlung probéiert ginn entgéintzewierken. An do ass et dëst Joer sécherlech op een Dag, wann net op Stonnen ukomm. Déi Parzellen, wou dat net zu Zäit de Fall war, huet ee scho vu Wäitem erkannt an et huet bis zu Totalausfall an deene Parzelle gefouert, also engem héijen ekonomesche Schued. Et geet also ëm d'Iwwerliewe vun de Betriber.

Fazit: Dëst Joer ass de Bewäis, datt et illusoresch ass, ze mengen, et géif ëmmer ouni Behandelen oder Sprëtze goen. Et kënne Jore ginn, wou dat vill méi einfach ass. Mä et sinn awer och leider ëmmer erëm aner Joren dertëschent, esou wéi dëst. An da war et grad an dësem Joer déi éischte Kéier, wou den Helikopter op just nach ongefeier der Halschent vun de Parzellen an den Asaz konnt kommen. Dobäi wär et grad dann esou wichteg gewiescht, datt ee méi zesummenhängend hätt schaffe kënnen, ëmsou méi, wou grad an de kritesche Momenter schlecht bis guer net mat Trakter a Maschinnen an de Wéngert eranzefuere war, well et einfach ze naass war. Duebele Problem also. Ausserdeem ass den CO_2-Ausstouss vu villen Trakteren och net besser, wéi wann eng eenzeg grouss Maschinn flitt.

Och d'Raupen, déi als Allheelmëttel amplaz vum Helikopter e bësse beschriwwe gi sinn, hu sech iwwerschloen an dësem naasse Joer bei iwwer 30% Hang. Déi puer Leit, déi dat am Lohnverfahren ubidde wollten, hu sech domadder zréckgezunn, well et en extreme Risiko ass, well et geféierlech ass fir de Mënsch. Hei geet et och ëm Aarbechtsschutz an ëm d'Gesondheet vun de Leit. An domat geet de Modell net op, dee vu Regierungssäit esou vill an d'Spill bruecht ginn ass. - Jo, wéi kann een dann elo sprëtzen an den Hanglagen, wann et därmoossen naass ass, a grad dann existenziell wichteg ass, fir net en totalen Ausfall ze hunn? Et gëtt och, wann ee mat deene Raupen, wann et naass ass, erafiert, zolidd Spier a Gléiser, wat natierlech Buedemverdichtung mat sech brëngt an och net vu Virdeel ass.

D'Alternative schéngen also net ze funktionéieren, grad an esou engem extreme Joer, wou et am wichtegsten ass, fir d'Kränkte bekämpfen ze kënnen. An dofir widderhuelen ech hei nach eng Kéier, datt et existenziell gewiescht wär fir d'Wënzer an och fir den Erhalt vun de Steillagen, datt d'Ausnamen, déi vun enger viregter Regierung ausgehandelt gi waren, och vun dëser Regierung benotzt gi wäre fir den Helikopter.

Elo stinn d'Wënzer am Reen. Wär et net besser, dat nach eng Kéier ze iwwerdenken?

Ech fannen et och keng gutt Iddi, wéi d'Regierung op dem Léon Gloden seng parlamentaresch Ufro geäntwert huet, fir 2014er Gesetz ze änneren an aus Prinzip den Heli ze verbidden, fir dann op den Dibbelchen an Zentimeter genau um Terrain auszemoossen. Also éierlech: wat en Opwand! Wéi ass et da mat der administrativer Vereinfachung a manner Verwaltungsopwand, an dann awer ganz genau auszemoossen, op den Dibbelche genau bäi, wéi de Sécherheetsofstand op all Quadratzentimeter souzesoe soll ginn?!

Wuel hutt Der agesinn, datt Är 20 Meter Ofstand ze rigid sinn. Dat ass och ze héich. Firwat maacht Dir net einfach eng uniform Regel, zum Beispill op null Meter, well esou ass et jo méiglech vun der EU-Reglementéierung hier, oder mengetwegen och nach op zwee Meter oder fënnef Meter Distanz ze fixéieren. Dat ass kee Problem. Huelt dëse Virschlag vun der CSV un, Här Minister! Da weess de Wënzer och, wou en drun ass.

Och fir de Biowäibau ass 2016 eng immens Erausfuerderung. Nach méi dacks wéi am konventionellen integréierte Wäibau hunn d'Wënzer hei misse sprëtzen. Kann den Här Minister eis Informatioune ginn, wéi et dem Biowäibau dëst Joer ergaangen ass a mat wéi vill Ausfall dëst Joer mat de ville Kränkten hei muss gerechent ginn?

Derbäi kënnt, datt e wichtegt Mëttel - Kaliumphosphonat oder phosphoreg Saier -, wat sougutt am Konventionellen agesat gëtt wéi soss och am Biowäibau konnt benotzt ginn, genau do eben net méi erlaabt ass.

Viru Kuerzem ware Vertrieder aus den europäesche Wënzerorganisatioune bei d'EU-Kommissioun, fir dat Produkt och nees am Bio zouzeloossen. Et wäre gutt Gespréicher gewiescht an d'Kommissioun hätt den Argumenter Gehéier geschenkt gehat. Dat wär jo gutt.

Wéi wäit ass den Här Minister heivunner informéiert? A wéi eng Schrëtt huet d'Regierung do an der Vergaangenheet gemaach? Respektiv wat gedenkt Dir, Här Minister, ze maachen, fir déi do Schrëtt ze ënnerstëtzen an ze intervenéieren? Well dat hei ass ganz wichteg fir de biologesche Wäibau.

Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Stëmmung am Secteur ass scho gedréckt, e bësse méi wéi soss. Och wann d'Qualitéit gutt ass, mä dann hu mer Problemer op anere Plazen. Virun de grousse Problemer fir d'Existenz vun de Betriber an dësem Joer ass schonn am Laf vum Joer op der Musel vun Ausfallentschiedegunge geschwat ginn.

Ech wollt den Här Minister froen, wéi d'Regierung dozou steet. Oder denkt den Här Minister, datt et an esou engem aussergewéinleche Joer mat vill Ausfall a villen zousätzleche Käschte mat der Versécherung oder eventuell der Mehrgefahrenversécherung, déi eréischt viru Kuerzem komm ass, duergeet?

Dobäi hunn d'Betriber et haut schonn net méi einfach. Dat spigelt sech och am Strukturwandel erëm. Wann och d'Areal konstant bliwwen ass iwwert déi lescht Joren, esou sinn dach hautdesdaags vill manner Betriber am Wäibau täteg. An de leschten 20 Joer ass et eng Regressioun vu méi wéi vun der Halschent, vu 750 erof op 324, wann och déi allermeescht, déi opgehalen hunn, éischter ganz kleng Betriber waren an dat wuel am Nieweberuff gemaach hunn.

An 71% vun de Betriber huet de Betribsleiter iwwer 50 Joer. An dat steet fir 66% vum Areal. Déi Zuel seet natierlech näischt driwwer aus, a wéi ville vun dëse Betriber en Nofolger do ass, deen awer de Betrib nach net iwwerholl huet. Trotzdeem ass gewosst, datt et nach méi Betribsschwund wäert ginn, an d'Joer 2016 wäert och net gehollef hunn.

D'Ausbildung vun den zukünftege Wënzer ass hautdesdaags iwwerall héich, Niveau Techniker oder Bachelor oder nach méi, dat ass iwwerhaapt keng Fro méi. An ech denken, d'Fro stellt sech och net méi, ob zu Lëtzebuerg en extra Ausbildungsugebuet misst agefouert gi fir d'Wënzer. Dat huet sech a kuerzer Zäit an deene leschte puer Joer erleedegt. D'Bereetschaft bei deene Jonken, fir an d'Ausland hir Ausbildung maachen ze goen, ass komplett, gradesou wéi Weiderbildung per Stagen an der ganzer Welt zouhëlt.

Hei geet d'Motivatioun vun de Jonken zesumme mat enger Topausbildung, an dat ass natierlech e positive Punkt fir d'Zukunft. D'Qualitéit vun de Lëtzebuerger Wäiner wäert also nach weider an d'Luucht goen.

Trotzdeem bleift et eng Erausfuerderung, fir genuch Betriber ze behalen a fir d'Areal op ongefeier erhalen ze kënnen, jiddefalls do, wou et wichteg ass, datt d'Fläch weider bewirtschaft gëtt an datt et en zesummenhängend Gebitt bleift. En Trend hin zu Groussbetriber, falls et dee jee richteg ginn huet, schéngt mir awer net virunzegoen. Et geet jo och net duer, ëmmer méi Hektaren ze maachen, et muss een de Wäi jo och verkaaft kréien.

Dofir gëllt et, positiv Moossnamen ze huelen, Courage ze maachen an d'Dynamik, déi an alle Betriber stécht, auszenotzen.

Ech widderhuelen dofir nach eng Kéier meng Fro vu virdrun, wéi eng konkret Hëllefen an Ënnerstëtzung d'Regierung gewëllt ass, dem Secteur an dësem extra schwierege Joer mat vill Ausfall zoukommen ze loossen.

Ech kommen zum zweeten Deel, wat déi politesch Ramebedéngungen an administrativ Prozedure sinn. Positiv Moossname mussen näämlech och an alle Joren do sinn an d'Dynamik vum Secteur férderen.

Dir Dammen an Dir Hären, am August ass endlech dat neit Agrargesetz am Mémorial gewiescht. Dat ass spéit fir d'Referenzperiod 2014-2020. Et kann also eréischt richteg am Laf vum Joer 2017 mam neie Gesetz, mam neien Agrargesetz geschafft ginn. Dobäi wär et dann am Fong schonn de Moment gewiescht, fir sech éischt Gedanke fir dat nächst Gesetz ze maachen an enger Zort „mid-term"-Analys. Dat ass dës Kéier natierlech esou net méiglech, an et ass also och hei net méiglech, an dëser Debatt op éischt Konklusioune vun den Auswierkungen anzegoen. Trotzdeem muss ech verschidde Saachen hei froen an opbréngen.

Am neien Agrargesetz huet de Wäibau d'Lëscht vun de Maschinne staark gekierzt kritt, och do, wou et net logesch war. Neien Entwécklungen, déi scho virun der Publikatioun vum definitiven Text do waren - ech nennen hei d'Rollhacke, eng mechanesch Method, déi ganz ëmweltschounend ass an d'Krautsprëtze verhënnert -, deenen ass net Rechnung gedroe ginn, wat am Fong e Paradox ass, wann dach just nach Innovatives soll ënnerstëtzt ginn.

Déi Gefierer, déi solle geholl ginn, fir an de Steillagen den Helikopter ze ersetzen, sinn och net mat realistesche Coûts unitaires opgefouert, wat en ëmsou méi grousse Paradox natierlech dee Moment ass. Ausserdeem gëtt penaliséiert duerch den ënneschten Astigspräis fir d'Maschinnen, deen net op de Wäibau ugepasst ass, mä op grouss Maschinnen.

D'Selektiounskritären an d'Punktenzuel am Investissementsberäich benodeelegen de Wäibau. An, ausser bei deene Jonken, hunn d'Wënzer manner Chancen, fir an de Prioritéiterang

ze kommen. Dat gëllt verstäerkt fir d'Betribsleiter vun iwwer 50, déi awer nach investéiere wéilten a sollten, fir datt den Nofolger herno net e veraalte Betrib kritt respektiv nom Iwwerhuele gläich immens vill Käschten op senge Schëlleren droe muss.

Muss een hei net fäerten, datt de Wäibau iwwerproportionell Käschten droe misst, well e méi dacks säi Projet no där zweeter Kéier nobessere muss? Wann dat sech esou erausstelle géif, wäert Dir bereet, Här Minister, fir d'Texter nozebesseren?

Dir hutt eis gesot gehat, elo kuerz, et wären nach net vill Projeten era fir déi éischt Enveloppe (veuillez lire: fir déi éischt Enveloppe vun den Investitiounen), déi am Fréijoer d'nächst Joer soll ausbezuelt ginn, mä dat wäert menger Meenung no net esou bleiwe bis dohinner an et wär jo och net onbedéngt den Zweck vun der Saach. Si bei deene Projeten, vun deenen Dir gesot hutt, datt der net vill era wären, sinn dat déi grouss Projeten oder sinn d'Investissementer ënner 150.000 Euro do och mat derbäigerechent? Well dat mécht méiglecherweis eng ganz grouss Differenz.

Eng grouss Ongewëssheet ass also inhärent zu dësem neien an immens komplizéierte Selektiounsregimm, deen awer net op déi do Manéier vun der EU virgeschriwwen ass. Et ass eng grouss Portioun Aléatoire dran an dat féiert zu Ongerechtegkeeten ënnereneen. Zesumme mat dem enorme prozeduralen Opwand an den A-priori-Käschte sinn dat alles Laaschte fir de Secteur.

Bei de Berodungsmoduller am Wäibau, wëssen déi zoustänneg Organisatiounen do schonn, wou se dru si mam neie System vun den Ofrechnungen? Well et däerf net sinn, datt soss d'Berodung ofhuele misst an der Qualitéit an am Volumen. Dat wär genau dat falscht Zeechen.

Och muss ee bedaueren, datt et heibäi keng Gläichstellung gëtt op alle Pläng op der Musel. Heiansdo, oder déi meescht Kéiere gëtt et 80% do bäi, et gëtt awer beim Ëmstellen 100%. An de Bio, dee kritt jo awer op anere Bäihëllefen och nach bei der Ëmstellung bäi, an et ass och ganz richteg esou, datt en et bei aneren nach kritt (veuillez lire: datt en dobäi nach aner Subside kritt).

Ech hunn dann och nach eng Fro zu der Landschaftsfleegeprimm, well do muss ee sech d'Fro stellen: Wéi vill ass an der Landschaftsfleegeprimm herno Kontroll a wéi vill ass Fleeg? D'CSV pocht drop, datt d'Kontrollen dem Prinzip vun der Proportionalitéit ënnerleien. Maacht kee Kontrollstat aus eisem Land!

Mir schwätzen dovun, fir d'Dynamik, déi an de Wäibaubetriber stécht, ze ënnerstëtzen. Allerdéngs kréien d'Wënzerbetriber nach ëmmer méi Steng an d'Féiss geluecht vusäite vum Ëmweltministère, Stéchwuert: Aussidelen a Grénzonen. D'Problematik ass bekannt, awer dat ass an der Lescht nach méi schlëmm ginn.

Méi wéi véier Méint laang, et ass leider wouer, ass keen Tëlefon opgehuewe ginn am Ministère vun der zoustänneger Persoun, wann d'Leit no hirem Projet froe wollten, se huet och net zréckgeruff, obschonn déi ëmmer nei Oploen all berücksichtegt gi ware vun deenen, déi investéiere wollten. Sou sinn zwee Joer Waarden op eng Entscheedung vun der Ministesch leider Realitéit. An dat kann dach net sinn! Dat ass einfach ze laang: Dat ass net nëmme keng Planungssécherheet, mä et sinn am Fall vun enger neier Wënzerkellerei och nach finanziell Aboussen, wann den neien Hierscht net kann an den neie Keller gläich geluecht ginn. Net fir näischt hat d'Martine Hansen eng Motioun abruecht gehat, fir de Screening vun dëse Prozeduren an Démarchen ze maachen.

D'Madamm Ëmweltminister war virdrun hei. Et wär flott gewiescht, wa se eis elo gläich hei hätt kënnen Elementer vun Äntwerte ginn op eis Interventiounen, well mer hunn nach e puer Froen.

Well ech kommen och net derlaanscht, e Wuert iwwert de Grünschnitt aus de Wéngerten ze soen, en Dauerbrenner, deen awer schwéier um Secteur, op der ganzer Landwirtschaft souwisou, laascht.

Beim Aushae vun engem Wéngert - an dat ass net dacks de Fall, déi Quantitéit däerft der Kaz also wierklech kee Bockel maachen -, beim Aushaen also mussen elo d'Schenkele schwéierfälleg aus dem Stéck eraustransportéiert ginn. Mä déi vun der Regierung versprache Léisung ass nach net do. Se huet dat fir de Moment emol op d'Gemengen ofgewälzt a wëllt anscheinend elo eng Etüd maachen, fir de Volumen erauszefannen, deen ufale géif, fir dann ze wëssen, wéi eng Infrastrukture gebraucht géife ginn. D'Reglement huet d'Regierung awer de 15. Dezember 2015 geholl. Dat gëtt elo e Joer.

Dat Ganzt bedeit nees zousätzlechen Opwand an zousätzlech Käschten. Dann heescht et ëmmer aus de landwirtschaftleche Verwaltungen, d'Baueren an d'Wënzer missten den Aarbechtsopwand berücksichtegen a sech net iwwerhuelen!

An dobäi seet all Berodung: „Wéinst de Schädlinge soll verbrannt ginn." Elo wär dat anscheinend weiderhi méiglech. Allerdéngs muss fir d'Éischt de Fierschter gefrot ginn. Awer ech weess net, wéi hien dat am Wéngert beuerteele kann. Hei ginn onnéideg Verbueter, awer keng Léisunge bruecht.De Sonndeg, Här Minister, Dir waart derbäi, hunn d'Jongbaueren an d'Jongwënzer e Virschlag gemaach. Dofir misst awer de Gréngschnëtt als Offall nees entklasséiert ginn, fir datt eng Ausnamegeneemegung géif kënnen erausgoen. Vläicht ass dat emol eng éischt Léisung. Ech mengen awer, datt et nach vill méi wäit kéint a misst goen dofir.Här Minister, setzt Iech, wann ech gelift, a bei Äre Kolleegen! Oder soll de Wënzer e puer Mettwurschte matbréngen a se iwwert d'Feier halen, fir ze grillen, well dat geet jo!

E staarkt Stéck - oder soll ech soen: en décken Hond? - schéngt elo nach derbäizekommen. Den Trester däerf anscheinend elo nach just mat Geneemegung vum Ëmweltministère ausgefouert, also an de Wéngert eragefouert ginn. Eenzel Betriber hätten elo kuerz esou e Bréif vum Environnementsministère kritt. Den Trester gëtt da sécher als Offall gekuckt, an den Transport misst da vum Environnement geneemegt ginn.

Mä wat fält hinnen dann nach an, fir ze kujenéieren? Wat soll dat? Wëssen déi iwwerhaapt, wat Trester ass? Bürokratie puer! Et ass am Fong net ze gleewen. A mir wëllen d'Land vun de kuerze Weeër an dem Entrepreneurship sinn! A so mir emol een, firwat just am Secteur primaire d'Hecken net méi a Kasteform däerfe geschnidde ginn, mä datt d'éffentlech Servicer vu Stat a Gemengen dat awer nach däerfe maachen!

Ech wëll op dëser Plaz och nach eng Kéier widderhuelen, wat ech virdru gesot hunn: datt ech et iwwerflësseg fannen, den Ofstand zu den Naturschutzzone Meter fir Meter ofzegoen a festzeleeën. Deen neie System, wann en dann esou gëtt, wéi an der Äntwert (veuillez lire: an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro) stoung, wär komplizéiert, wann et och besser ass, datt et keng 20 Meter méi sinn. Mä muss dann elo de Wënzer mat der Kartéierung an der Hand um Trakter fueren? Net jiddwereen huet e GPS-Équipement a soll et och net mussen onbedéngt hunn, et soll keen Zwang sinn, dat ze hunn. An eng minimal, eng minimal mä konstant Distanz géif hei d'Affär vëlleg maachen.

Firwat ass dat dann net méiglech? Ass dat der Regierung hiert „Einfach Lëtzebuerg"? Dir wëllt hei per force profitéieren, fir e prinzipiellt Verbuet anzeféieren, fäerten ech. Dat sinn alles keng Regelen, fir de Jonke Loscht op d'Betribsiwwernam ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Regëster vun de staatleche Verwaltungen a Regelen nach e puer Bemierkungen.

Bis elo sinn d'Akzisen um Wäin an um Crémant op null gewiescht. D'CSV hofft, datt dat och esou bleift. An deem Moment géif d'Regierung gutt drun doen, datt net fir en Taux d'accise null nees op eemol erëm Beamte virun de Kellereie stinn, fir d'Fläschen an de Keller zielen ze goen, ee Resultat, wat egal wéi null ass. Och dat ass am Beräich vum Verwaltungsopwand net néideg a kann do mat besserer Aarbecht bestéckt ginn.

Stéchwuert Akzisen: Et war jo elo viru genau engem Joer eng éffentlech Consultatioun vun der EU-Kommissioun eriwwergaangen iwwert „d'Revisioun vun der Legislatioun iwwert d'Struktur vun den Droit d'accises op Alkohol an alkoholesch Getränker". Et schéngt esou, wéi wann d'Taux réduits net a Fro gestallt wären, mä et kéinten awer eventuell gewëssen aner Ännerungen un där Direktiv envisagéiert ginn, méiglecherweis minimaler Natur. Mä, Här Minister, ech denken, d'Regierung, souwuel Ären zoustännege Kolleeg wéi och Dir selwer, sollt déi Saach am A behalen!

E Wuert nach zur TVA, déi eropgaangen ass um Wäin an der Restauratioun 2014 op den alkoholesche Getränker, domadder natierlech um Wäin an der Restauratioun. De Finanzminister huet mir deemools op meng Fro geäntwert gehat, den Impakt kéint een nach net soen, well d'Gesetz nach net do wär. Et wär also nach net méiglech, fir méi am Detail op meng Froe kënnen ze äntwerten.

Elo ass d'Gesetz jo do. A well jo eng Relation causale an der Äntwert hiergestallt ginn ass: Kann d'Regierung eis da wann ech gelift den Impakt elo soen, oder awer op d'mannst spéider noreechen, well dat och net Ären Zoustännegkeetsberäich ass, Här Minister? Mä par la tangente mussen déi Froen hei natierlech och matgeholl ginn, well de Wäibau ass deen eenzege Secteur, deen iwwert dëse Wee zweemol ënner TVA-Erhéijungen huet misse leiden: bei sech selwer, wéi jiddwereen, awer och datt et nach en aneren Taux (veuillez lire: Taux réduit) ginn ass, an zweetens och nach eng Kéier an der Restauratioun. Ech mengen, et ass keen anere Secteur ginn, wou dat de Fall war an dee sech dat huet misse gefale loossen!

Mir hoffen och, datt et am Beräich vum Ofwaasser a vum Trub bei verstännege Léisunge bleift.

Mir begréissen, datt d'Steierreform den Abattement fir nei Investissementer vun de Baueren- a Wënzerbetriber eropsetzt. Dat ass sécherlech eng positiv Moossnam, fir déi, déi Steiere bezuelen.

Et bleift nach eng lescht Fro: Här Minister, stëmmt et, datt den aktuelle System, fir d'Hierschtleit unzemellen, dee gutt funktionéiert huet, geännert géif ginn? Ass do eppes am Tube? A wa jo, wéi gedenkt Dir do ze reagéieren, fir ze hëllefen? Well ech mengen, dat do war eng Vereinfachung, déi wichteg war, déi funktionéiert huet an déi awer all Garantie gebueden huet, déi do néideg huet misse sinn an déi och néideg ass.

Här Minister, bei dëse villen a villfältege Froen a Problemer, déi sech de Wënzer stellen, wëll ech zwou Bemierkunge maachen.

Dat Éischt ass: Et sinn Assises agricoles gehale ginn, firwat keng Assises viticoles?

Zweetens: Et ass dohier wichteg, datt d'Wënzer e permanenten direkten Uspriechpartner hunn, an dat ass d'Wäibaustatioun, den Institut vitivinicole.Dat ass eng Verwaltung, déi no bei de Wënzer ass. A puncto Berodung fir déi wäibaulech Aspekter ass an deene leschte gutt zéng Joer vill op d'Bee gesat gi vum Institut. Dat muss een ënnersträichen. Mä et muss een natierlech nach ëmmer no méi striewen.

Et ass wichteg, datt den Uspriechpartner no de Regele vun der Proximitéit funktionéiert, fir sech auszetauschen, fir nozefroen a fir nozelauschteren - heiansdo och an allen Téin, dat ass richteg. Dem Institut a senge Mataarbechter hir Roll wëll ech dofir extra ervirhiewen. D'Statioun ass ëmmer méi zu engem Centre de compétence fir d'Musel ginn. Et wär gutt, wa si och eng Zort Guichet unique kéint sinn, wou d'Musel sech hiwende kann, fir all Froen am Zesummenhang mat anere Verwaltungen ze stellen. D'Wäibaustatioun muss dofir d'Ulafplaz sinn, als natierlechen Interlocuteur vun de Wënzer, dee se ass.

Mäin drëtte Volet, Dir Dammen an Dir Hären, geet op Ofsaz a Vermaartung an, well et ass kloer, de Wäi muss verkaaft ginn, och gedronk ginn, soss ass d'Aarbecht am Wéngert an am Keller fir näischt gemaach an dann huet de Wënzer keen Akommes.

Ofsaz a Verkaf kënnen haut net méi ouni Promotiounsustrengunge geschéien. Zanter zéng Joer ass et bestänneg manner Wäi ginn, zanter zéng Joer ass bestänneg manner Wäi gewuess hei am Land. Awer dëst Joer ass et es am allermannste ginn. De Wënzer huet manner fir ze verkafen an also manner Akommes. An et ass illusoresch ze mengen, hei zu Lëtzebuerg an an engem globaliséierte Maart kéint een dann d'Präisser eropschrauwen. Esou funktionéiert d'Gesetz vun Ugebuet an Nofro net am Wäibau, wuel nach ni. Vläicht leider, mä et ass esou. D'Präisstruktur vun de Lëtzebuerger Wënzer ass do dergéint allerdéngs ganz transparent, wat iwwregens esou e System (veuillez lire e System vu Präiserhéijung) nach manner erméiglecht.

Et ass also manner gewuess, et ass also manner erakomm, a parallell dozou ass de Konsum vu Lëtzebuerger Wäin nach erofgaangen, trotz där immens héijer Qualitéit, déi de Lëtzebuerger Wäin iwwert déi lescht 20, 25 Joer kritt huet. An domadder huet de Wënzer zweemol Aboussen. Scho méi laang ass de Konsum vun auslännesche Wäiner méi héich wéi dee vum Lëtzebuerger Wäin hei zu Lëtzebuerg. Mä dat ass bedéngt doduerjer, datt et de rouden an de wäisse Wäin an aner Wäiprodukter sinn, déi do mat dra gezielt sinn.

D'Situatioun am Konsum ass awer dramatesch ginn, wéi virun dräi Joer Statistiken nodréiglech gewisen hunn, datt méi auslännesche wäisse Wäin hei am Land konsuméiert ginn ass wéi Lëtzebuerger Wäin, wéi Lëtzebuerger Wäin insgesamt, also a fortiori och dee Lëtzebuerger wäisse Wäin. Deen Trend ass dat Joer duerno nach vill méi an d'Luucht gaangen, wat natierlech dramatesch ass. Et gëtt also ëmmer manner Lëtzebuerger Wäin zu Lëtzebuerg verkaaft, an dobäi geet eis Bevëlkerungszuel bestänneg erop. Dat heescht, de Lëtzebuerger Wäibau profitéiert net dovunner. Et muss also eppes gemaach ginn, fir datt déi Tendenz ka renverséiert ginn.

D'Vermaartungsetüd, déi amgaangen ass, ass dofir net vu Muttwëll. Si soll eigentlech scho fäerdeg sinn, mä si ass nach net - anerer soen: „nach ëmmer net" - eraus. De Minister huet eis gesot, dat wär, well d'Leit vum Terrain vill matgeschafft hätten a sech déi dräi Gruppementer vun der Musel abruecht hätten.

Et wär ze begréissen, wann dat esou wär. An et muss ee soen, et muss och dorobber higeschafft ginn! De Moment ass kruzial. Do ass et wichteg, datt sech zesummen agesat gëtt an zesummegesat gëtt an un engem Strang gezu gëtt. Et muss eng gemeinsam Aktioun ginn. Et muss eng gemeinsam Duerstellung vum Wäiland Lëtzebuerg ginn, fir datt mir Opmierksamkeet op d'Existéiere vu Lëtzebuerger Wäi kréien. An dohier muss eng iwwergräifend Strategie an dës Marketingetüd drakommen, wat net verhënnert, datt et och nach spezifesch Sträng ënnendrënner kënne ginn, selbstverständlech, ob jee no Gruppement oder no e puer anere Kritären. Mä déi global Ausriichtung misst iwwergräifend a gemeinsam sinn!

Och ouni datt d'Etüd ewell do ass - mä méiglecherweis kréie mer jo och soss nach d'Geleeënheet, emol doriwwer ze schwätzen -, wëll ech awer hei e puer Saachen zur Vermaartung a Promotioun soen.

D'Zilgruppe vun enger Marketingstrategie mussen definéiert ginn. Hei am Land mussen dat verstäerkt eis auslännesch Matbierger sinn, egal ob - an do ginn et natierlech méi Sträng -, egal ob et der sinn, déi scho méi laang hei am Land wunnen, oder der sinn, déi vläicht just viru Kuerzem oder net ganz laang heihinnerkommen. Wéi eng Schicht a wéi een Deel et och ëmmer ass, mir mussen ufänken, mëttlerweil, hinnen emol bekannt ze maachen, datt et zu Lëtzebuerg Wäi gëtt! Mir mussen et hikréien, eist Wäiland als aussergewéinlech an exotesch duerzestellen. Mat dat klengst Wäibaugebitt ze sinn, dat muss dach unzéien!

Och déi méi jonk Generatioune musse mer unzéien, musse mer, wa se Wäin drénken, op de Lëtzebuerger Wäi kréien. Et muss een dem Lëtzebuerger Wäin och genuch Modernitéitstouch ginn, fir datt si en attraktiv fannen. Well erstaunlecherweis ass et esou, datt hei am Land mëttlerweil net méi jiddweree weess, datt et op der Musel Wéngerte ginn an datt also hei am Land Wäi wiisst, Wäin hiergestallt gëtt an och ka konsuméiert ginn.

An dobäi hu mer esou vill Atouten a Virdeeler vun eisem Wäin! Ech sinn iwwerzeegt - och d'Madamm Loschetter ass där Meenung: Mir hunn Authentizitéit; Proximitéit mat kuerze Circuiten a regionaler Produktioun, also nobäi an nohalteg: Et kennt een d'Hierstellungsbedéngungen an aller Transparenz. Dat sinn also lauter Virdeeler, op déi mer kënne setzen, déi anerer eis net kënnen nomaachen.

Et mussen och eng verstäerkt Zesummenaarbecht an Aktioune gi mat der Restauratioun an der Horesca. Ze dacks fënnt een net méi vill Lëtzebuerger Wäiner an de Restauranten an an de Caféen. D'Sommeliere kennen eis Wäiner kaum oder guer net méi.

Am Tourismus muss de Genossfacteur Wäin a Crémant vollwäerteg matagebonne ginn. Den Önotourismus ass haut just eng Ënnerkategorie vun der nationaler Tourismusstrategie. Mä ech denken, dat kann een ëmdréien an den Atout vun deem enge fir deen anere mat eranhuelen.

D'Grënn, fir den Tourist op Lëtzebuerg ze kréien, kënne vill méi staark mat dem Genéisse verbonne ginn: Topwäiner a -gastronomie zu Lëtzebuerg, vill Plazen, wou ee sech wuel ka fillen, Lëtzebuerg net nëmmen als Wäiland, mä och Lëtzebuerg als Genéisserland vermaarten. Dat, mengen ech, wär eppes, wat an eng Gesamtstrategie och vum Tourismus misst kënnen eragoen an och deem Secteur weiderhëllefe kann, a souwisou dem Wäibausecteur hëlleft.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Da muss de Wäimusée zu Éinen zu engem Wäinhaus fir Touristen am Miselerland ginn, déi Ulafplaz, wou d'Touriste wëllen higoen, wa se sech wëllen iwwert de Wäibau informéieren op eng méi museal a méi eng kulturhistoresch Aart a Weis. D'CSV steet zu dësem Projet. Si hat en initiéiert, mä en ass laang ënnert de Spuerzwang gefall. Elo kann et jo da virugoen. Bâtiments publics wäre mat geännerte Pläng ënnerwee. A fir datt e Musée unzitt, muss en déi richteg Balance vu wäibaulechen, önologeschen, organolepteschen an och kulturgeschichtlechen Elementer bidden, déi en Tourist sech erwaart. Wa Kongresstouristen derbäikommen, ass dat e ganz positivt Zeechen.

Niewent dem Zilgruppen-Definéiere muss ee sécher och op e puer Zillänner oder -stied sech konzentréieren, soss ginn d'Mëttelen net duer.

Ech sinn a bleiwen der Meenung, datt eise Maart direkt virun der Dier läit, an eisen Nopeschlänner. D'Belsch bleift eisen éischten Exportmaart. Holland ass verschwindend geréng ginn am Konsum vu Lëtzebuerger Wäiner, wat soss net esou war; awer et ass och e ganz schwierege Maart gi vun de Präisser hier. Däitschland schéngt en interessante Maart ze sinn.

An natierlech muss d'Vermaartungsstrategie op héich Qualitéit vun de Lëtzebuerger Wäiner opgebaut ginn. Alles aneres ass zu Lëtzebuerg mat sengen héije Produktiounskäschte souwisou net dran.

D'AOP kann e Bestanddeel dovunner sinn als Garant vun der Qualitéit vun eise Wäiner, awer net als Haaptmerkmal vun enger Promotiounscampagne. Do muss d'Produkt als solches an de Vierdergrond gesat ginn an op d'Existenz vum Produkt a vun der produzéierender Regioun opmierksam gemaach ginn, am Créneau vum exotesche Produzent, dem klengste Wäibauland wäit a breet.

Mä duerch déi rezent Situatioun, denken ech, Dir Dammen an Dir Hären, muss een och ganz nei Weeër goen, fir Promotioun ze maachen. Een dovunner ass wuel 2013 scho vun der CSV - vum Raymond Weydert - virgedroe gewiescht ginn: fir zu Bréissel eng Maison du vin opzemaachen. Meng Fro wär dozou: Wéi ass et heimadder? Dat misst jo och an der Regierung hir Tourismus- an Imagepromotioun eragoen.

Ech sinn iwwerhaapt der Meenung, datt Lëtzebuerg méi Präsenz an der Belsch weise misst a vill méi visibel misst ginn, op villen Terrainen, wat den Tourismus ubelaangt, wat de Konsum vu Lëtzebuerger Produkter ubelaangt, an nach a ganz villen anere Punkten, well mir schaffe vill mat der Belsch zesummen an nach ëmmer komme si vill heihinner.

Et bleift, Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Presidentin, datt de Lëtzebuerger Wäin och säin eegene Maart virun der Hausdier nees nei eruewere muss. Vun haut aus gekuckt wär eng Ulafplaz, fir eng Schlupp Lëtzebuerger Wäin hei an der Stad ze degustéieren - zwanglos an ouni Kafzwang, awer mat Kafméiglechkeet, an ouni all Kéiers e ganzt Glas mussen ze drénken, zum Beispill och zesumme mat anere regionale Produkter oder nationale Produktiounen aus dem Land -, mat dem demografesche Wandel an der zouhuelender Zuel vun auslännesche Matbierger méi néideg, wéi nach virun e puer Joer. An et wäert sech nach ëmmer méi séier wandelen, dat, mengen ech, wësse mer.

Esou eng intersektoriell Struktur, esou eng Ulafplaz, esou en Haus, esou eng Initiativ hei an der Stad, firwat net als PPP, gëtt, fäerten ech, also ëmmer méi néideg. An et ass dofir och néideg, datt d'ëffentlech Hand do eng Hand matupaakt.

Et géif natierlech nach eng Alternativ ginn, falls dat hei als ze komplizéiert ofgemaach géif ginn: Här Minister, zu Lissabon gëtt - einfach esou - permanent d'Degustatioun vu portugisesche Wäiner ugebueden am Sëtz vum Landwirtschafts- a Wäibauministère. Soss maacht et einfach esou!

An dofir, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech dozou eng Motioun déposéieren. Wann ech gelift!

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que les vins luxembourgeois sont des vins de haute qualité;

- vu l'impact du secteur viti-vinicole dans les domaines économique, touristique et culturel, dans la région mosellane et au-delà;

- constatant que la consommation au Luxembourg de vins blancs étrangers vient, pour la première fois, de dépasser la consommation de vins blancs luxembourgeois, ce qui est alarmant;

- estimant que beaucoup de consommateurs font leur choix du vin en raison de la renommée du terroir et concluant qu'il faut dès lors promouvoir la région mosellane entière;

- vu que l'Appellation d'origine protégée (AOP) - Moselle luxembourgeoise - constitue un garant de la qualité des vins luxembourgeois;

- alors qu'il convient de reprendre les efforts dans le domaine du tourisme et de la restauration au Luxembourg;

- et qu'il échet de faire connaître l'existence des vins et crémants luxembourgeois auprès des concitoyens étrangers autant que de reconquérir la population indigène en les convainquant de la qualité supérieure des produits vinicoles luxembourgeois;

- rappelant par ailleurs que la Belgique est depuis des décennies le pays voisin vers lequel le plus de vins et crémants luxembourgeois sont exportés;

invite le Gouvernement

- à élaborer, en collaboration avec tous les acteurs concernés, une nouvelle stratégie commune de marketing et à finaliser l'étude de commercialisation qui est en cours;

- à veiller à ce que la nouvelle stratégie de marketing attire l'attention des consommateurs sur l'existence d'une production de vins et crémants au Luxembourg, et sur son côté exotique par le fait qu'il s'agit d'un des plus petits pays producteur de vin;

- à capter l'attention des consommateurs par la haute qualité du vin luxembourgeois, la régionalité du terroir et la proximité des producteurs, ainsi que la grande diversité des produits sur un tel petit territoire en production;

- à rappeler ou apprendre aux résidents établis ou venant s'établir au Luxembourg l'existence de vins indigènes de qualité;

- à renforcer la promotion des vins luxembourgeois sur les marchés étrangers notamment limitrophes;

- à considérer l'idée d'établir une Maison des vins et des produits du terroir dans notre capitale, dans laquelle à la fois les touristes et les résidents pourront prendre connaissance du et déguster le niveau qualitatif élevé des crus luxembourgeois ainsi que d'autres produits régionaux et nationaux, le cas échéant sous forme de PPP;

- à relancer notamment au moyen de campagnes de promotion les exportations de vins luxembourgeois vers la Belgique, leur premier marché d'exportation, et en ouvrant à Bruxelles une Maison du vin du Luxembourg, le cas échéant combiné à d'autres produits et productions de notre pays.

(s.) Octavie Modert, Sylvie Andrich-Duval, Léon Gloden, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch.

Déi Motioun steet natierlech och op fir jiddwereen, dee se nach wëllt mat ënnerstëtzen. D'CSV huet se eragereecht, mä selbstverständlech si mir och frou fir all aner Ënnerstëtzung am Interessi vum Wäibausecteur.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, um Internet gëtt et e Wäiblog, en däitschen, dee schreift: „Heute ist Luxemburg in den Nachbarländern noch immer nicht wirklich für seinen Wein bekannt. Doch das Resultat kann sich wirklich sehen lassen. Man sagt zwar immer, dass im Großherzogtum alles teuer sei. Dies gilt aber nicht für den Luxemburger Wein. Im Allgemeinen kann man in Luxemburg nämlich einen sehr guten Riesling für 9 Euro kaufen, den deutsche Winzer für mindestens 12 verschachern würden. Aus diesem Grund ist es auch wenig verwunderlich, dass immer öfter luxemburgische Flaschen bei internationalen Wettbewerben Medaillen gewinnen."

Zum Crémant seet en: „Dazu ist der Crémant nie wirklich teuer. Die meisten Winzer bieten ihn bereits für weniger als 9 bis 12 Euro an, was eigentlich viel zu günstig ist." An da seet en: „Wer in Luxemburg zu…", an dann nennt en iergendeng Mark aus engem Prosecco-Gebitt, „…greift, der ist selbst schuld." Wat brauch een eigentlech do nach méi ze soen?

Une voix.- Très bien!

Mme Octavie Modert *(CSV), interpellatrice.*- Mir kënnen dozou nach just soen, datt mer de Wäibau sollen ënnerstëtzen hei am Land, fir en ze erhalen. Well och d'Wäikultur ass e Stéck Kultur vun deem Land. An et feelt hei net u Kreativitéit. Et feelt net um Schaffen, et feelt net um Asaz an och net un de Feieren, dat wësse mer. Dofir ass jo hei heiansdo, denken ech, e bësse Laachen ënnerwee mat opkomm.

Façonnéiere kënnen am Aklang mat der Natur, schaffe mat schafe verbannen, grouss Kulturlandschaften ënnerhalen, säi „palais", dat heescht den „Gaumen" natierlech verwinnen an domat nach vill Ambiance an „décke Gas" verbannen: Eigentlech ass et e wonnerbare Beruff, dee vill Wënzer gär mat Leif a Séil an Häerzblutt ausüben, an déi un hire Wéngerten an un hirem Produkt hänken, mat Dynamik, Iddien, Innovatioun a Kreativitéit druginn, an dat zur Freed och vum Konsument! A fir d'Atmosphär ass dann och mat gesuergt. Loosse mer se net hänken! Et ass d'Aufgab vun der Politik, fir Veronsécherung a Beonrouegung entgéintzewierken.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Madamm Modert. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Madamm Presidentin. Meng Virriednerin huet elo just gesot, de Wäibau wär e Stéck Kultur vun eisem Land. Ech kann hir do nëmme bäiflichten, dat stëmmt och! An d'Fro ass och direkt hannendrun ze stellen: Wat wär d'Musel ouni Wäin? Duerfir ass et och gutt, datt mir eis haut mat deem Volet beschäftegen. Ech soen och der Madamm Modert Merci fir hir Initiativ, dës Interpellatioun unzefroen. Dat gëtt eis dann och haut d'Geleeënheet, fir emol erëm eng Kéier iwwer e wichtege Bestanddeel och vun der Lëtzebuerger Ekonomie ze schwätzen, wat oft ënnerschätzt gëtt. An duerfir ass et och gutt, datt mer eis, wéi gesot, méi am Detail domat auserneesetzen.

Fir d'Demokratesch Partei ass dat heiten e Sujet, deen net nëmmen haut, net nëmme gëschter, mä scho virgëschter ëmmer vu ganz grousser Wichtegkeet war. Dat erkläert och, firwat datt ech haut net nëmmen eleng zu deem Sujet hei schwätzen, mä datt och mäi Frënd an Ostdeputéierte Gilles Baum, dee jo nach vill méi no bei der Problematik ass, herno wäert och nach Positioun bezéien, fir datt mer kënne wa méiglech all Facettë vun deem ganz interessanten Domän beliichten.

Ech wëll mech hei just op zwee Haaptpunkten limitéieren, éischtens emol: Wou steet de Wäibau haut, nom Akraafttriede vum Agrargesetz? Awer ech wëll och e bëssen deen ekologeschen Aspekt beliichte vum Wäibau, wéi en haut praktizéiert gëtt.

Vläicht aleedend eng kuerz Beschreiwung vum Lëtzebuerger Wäibau: 1938 hate mer 965 ha, wou Wäi produzéiert gouf, 1990 waren dat der 1.314, 2015 1.250. Mir stellen och e gewëssene Réckgang an deene leschte 25 Joer fest. Zum Beispill 1970 goufen nach 242.000 hl Wäin hei zu Lëtzebuerg produzéiert, 2015 nach just 110.694. De Rivaner läit iwwregens ganz staark virum Auxerrois a virum Pinot blanc. 2016, dat sinn elo déi éischt Chifferen, déi elo bekannt goufen, ouni wéi gesot d'Spätleser, den Äiswäin, do komme mer op 84.700 hl, dat sinn awer nëmmen 71% vun enger normaler Récolte.

Op der Musel hu mer jo de Moment och, kann ee soen, fënnef Kategorië vu Wäibierger: Dat geet vu Flaachlag bis zur Terrass.

Leider ass ee Fakt eis bekannt, an d'Virriednerin ass och zu Recht schonn drop agaangen, dat ass den Ofsaz: Mir hunn do Problemer, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, wat ee bedauere muss! Ech soen dat ganz éierlech, et ass wierklech zum Deel net nozevollzéien, datt souguer d'Lëtzebuerger Konsumente selwer oft éischter den Trend hunn, d'Tendenz hu vläicht, fir auslännesche Wäin ze drénken. Dir hutt eng Rei Ursaachen opgezielt, déi stëmmen. Mä et ass awer ze bedaueren. Do läit also nach muncht Potenzial.

Dann natierlech hu mer d'Konkurrenz mam auslännesche Wäin. Mir hunn och d'Problemer, wat den Export ubelaangt. Mä wéi gesot, de Gilles Baum wäert do nach méi am Detail drop zréckkommen.

Dann däerf een natierlech och net ignoréieren, datt d'Erofsetze vum Alkoholstaux vun 0,8 op 0,5 viru Jore mat Sécherheet net onbedéngt eng positiv Wierkung hat op de Konsum vum Wäin. Eppes ass ganz kloer an ech mengen, do si mer eis alleguerten eens: Un der Qualitéit vum Lëtzebuerger Wäi feelt et mat Sécherheet net! Mir hunn exzellent Wäiner. Dat soen ech net einfach esou. Mä dat kann een och roueg haart dobausse soen, och wann dat net ëmmer esou bekannt ass. Duerfir musse mer eben nach eng besser Promotioun maachen.

Ech wëll awer drop hiweisen, datt am Budget 2017, deen zwar nach net gestëmmt ass, mä wou ech awer dovun ausginn, datt mer e wäerte stëmmen, ënner anerem e Kreditt virgesinn ass vun 159.000 Euro, fir en neie Stand ze kreéieren, dee mer op de Foirë kënne weisen. Elo kann ee soen, dat wär nëmmen eng kleng Initiativ, mä et ass awer keng onwichteg. Dat wëllt op alle Fall ënnersträichen, datt mer mussen offensiv no baussen de Lëtzebuerger Wäi verkafen an insgesamt vläicht den Tourismus op der Musel nach méi positiv duerstellen. Well Tourismus heescht och automatesch méi Konsum vu Lëtzebuerger Wäin.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn den 12. Mee hei dat neit Agrargesetz gestëmmt. Do waren eng ganz Rei wichteg Neierungen och fir de Wäibau dran. Vläicht ass dat munchmol e bësselchen ënnergaangen, well sech méi konzentréiert ginn ass - dat ass awer elo net schlecht gemengt, beileiwen net! - op d'Landwirtschaft. Mä et goufen awer och ganz vill nei Mesurë fir de Wäibau.

Natierlech, déi Selektiounskritären, déi stinn am Mëttelpunkt vun deem Agrargesetz. Den 1. Mäerz d'nächst Joer wäert dat éischt Ausschlussverfahren da kommen. D'Projete gi jo de Punkten no klasséiert. Ech wëll dat elo net nach eng Kéier am Detail hei ernimmen. Mä déi, déi an der Matière dra sinn, wëssen, wat dat alles bedéngt.

Ech wëll awer just nach eng Kéier hei ënnersträichen, datt zum Beispill awer och e Wënzer, dee bei der AOP matmécht, en Urecht huet op e Plus vun zéng Punkten. Dann, de Plaffong fir d'Maschinnen ass jo op 100.000 Euro fixéiert. Besonnesch, wat awer interessant ass och fir d'Wënzer, datt jo nach eng Kéier kann dat ëm 100.000 Euro majoréiert gi beim Kaf vu Maschinnen, déi a Penten am Wäibau agesat ginn. Da sinn och Investitiounen am Keller a Maschinneschapp mat 40% subventionéiert. Fréier waren dat, wéi gesot, nëmme 35%.

An trotzdeem huet een e bëssen d'Gefill, a mäi Kolleeg Gilles Baum an ech hate selbstverständlech ganz vill Gespréicher am Virfeld vun der Interpellatioun hei gefouert, datt e gewëssene Klärungsbedarf nach besteet. Et wier also vläicht net vu Muttwëll, wann een nach eng Kéier géif méi geziilt, nach méi genau am Milieu erklären, wat, wéi gesot, elo d'Konsequenze vun dem Agrargesetz sinn a wéi et virun allem och muss richteg ugewannt ginn.

Eppes ass sécher, dat ass, datt awer och den Akzent am Gesetz op déi jonk Wënzer geluecht ginn ass. Et ass wichteg. Mir wëssen, datt leider net schrecklech vill jonk Leit bereet sinn, vläicht deen interessante Beruff ze ergräifen. Mä dowéinst ass d'Politik gefuerdert, fir e Kader ze setzen, datt dat awer méiglech ass. An ech wëll och drop hiweisen, datt jo Investitioune fir déi Jonk virun allem vun engem Top-up vu 15% och begleet sinn.

Dann ass d'Berodung e ganz wesentlechen Aspekt. An do muss een awer soen, datt hei wierklech enorm vill Efforte gemaach ginn. Ech weisen drop hin, datt zum Beispill am Wäibau 2,5, also zwee an en hallwe Beroder virgesi sinn, ee bei Vinsmoselle, ee beim Privatwënzer an en hallwe beim Institut fir biologesch Landwirtschaft.

Da muss een awer och drop hiweisen hei, virdrun ass schonn de Rôle vum IVV, vum Institut viti-vinicole luewenswäerterweis richtegerweis ervirgehuewe ginn, datt jo och do de Wënzer awer ganz vill Hëllef ugebuede kritt an dat jo awer och ganz flott ass.

Entre-temps si jo och schonn eng Rei Publikatiounen am Mémorial gemaach ginn, wat eenzel groussherzoglech Reglementer ubelaangt. Et sinn der nach eng Partie ënnerwee, si beim Conseil d'État, anerer si scho praktesch fäerdeg. Mä ech ginn dovun aus, datt den Här Minister eis do vill méi genee Indikatiounen nach ka ginn. Ee wichtegt Reglement, wat, wéi gesot, och praktesch virun dem Ofschloss steet, dat ass och dat iwwert d'Subside fir d'Neiuplanzung vun de Wéngerten.

Ech géif perséinlech dem Minister vläicht mat op de Wee ginn, datt een no engem Joer eng Kéier sech géif zesummesetzen, emol e Bilan géif maachen, wat dat neit Agrargesetz besonnesch fir de Wënzer bruecht huet, fir ze kucken, wou d'Stäerkte leien, wou d'Schwächte leien, fir, wéi gesot, da mam Milieu och de Kontakt nach weider ze fleegen.

Eppes ass ze bedaueren, an de Minister huet dat och an eiser leschter Sitzung nach eng Kéier confirméiert, datt op EU-Niveau am Fong geholl de Wäibau net genuch thematiséiert gëtt an datt deen net ëmmer esou zur Geltung kënnt an deene Reuniounen, wéi dat och misst sinn. Zum Beispill och, et si jo elo Studie gemaach ginn iwwert déi Handelsofkommessen, déi geplangt respektiv an der Diskussioun sinn, mä de Wäibau gëtt do, kann ee soen, bal praktesch ignoréiert.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Wäibau huet natierlech mat enger ganzer Rei vu Problemer hei ze kämpfen. Ech wëll virun allem op déi Aspekter agoen, déi natierlech elo virun allem de Wënzer ze schafe maachen. Dat sinn eng Rei vu Krankheeten. Ech denken un de Peronospora, den Oïdium oder de Botrytis.

An et ass jo virun allem de Peronospora, also de falsche Mehltau, iwwert dee mer jo och scho munchmol hei diskutéiert hunn an deen och dëst Joer fir ganz vill Schued gesuergt huet. Eenzel Leit soen eis, datt do en Ausfall vu bal bis zu 100% festzestellen ass.

Et muss een awer och hei ënnersträichen, datt dat awer keng Inzidenzen op d'Qualitéit vum Wäin huet. Déi Krankheet, wéi gesot, déi 1878 aus Nordamerika importéiert ginn ass, huet sech besonnesch dëst Joer staark bemierkbar gemaach no dem staarke Ree vum 30. Mee. An dunn ass dee Fléau am Fong geholl richteg op der Musel ausgebrach. An et ass awer, wéi gesot, gutt, datt mer awer do, oder d'Wënzer virun allem gutt vun der Wäibaustatioun encadréiert sinn, datt se och déi néideg Hëllef kru-

ten. An dat och selbstverständlech vun der ASTA.

Dat ass natierlech och eng Konsequenz vum Klimawandel, dee Sujet, dee mer virun annerhallwer Stonn hei diskutéiert hunn. Et ass natierlech och d'Konsequenz vu vill méi Nidderschléi. Och do, d'Spezialiste vum LIST soen eis jo, datt mer eis leider mussen an Zukunft nach vill méi op esou Phenomeener astellen. Doweinst ass d'Fuerschung och an Zukunft hei gefuerdert. De Wäibau ass jo de Moment an zwee Fuerschungsprojeten och implizéiert, engersäits iwwert den Afloss vum Terroir op de Wäin an anerersäits e Projet fir d'Reduktioun vu Planzeschutzmëttel.

Virdrun ass dann och iwwert déi sougenannte Piwien hei geschwat ginn. Ech mengen, effektiv, et muss gekuckt ginn: Wéi kënne mer Zorten uplanzen, déi méi resistent sinn?

Ech wëll drop hiweisen, datt an der Champagne och Moossname geholl gi sinn, Etüde gemaach ginn. Wéi kënne mer méi pilzfräi Zorten an Zukunft och vläicht hei zu Lëtzebuerg uplanzen? An d'Fuerscher vum Institut Geisenheim sinn op jidde Fall der Meenung, datt dat déi eenzeg Léisung och fir d'Zukunft ass, fir eben, wéi gesot, verstäerkt op déi Zorten iwwerzegoen. Natierlech muss een och kucken, wéi d'Räsonanz ass beim Konsument. Dat ass jo dat, wat awer och virrangeg ass. Wann de Konsument natierlech net usprécht op déi Zorten, dann huet et natierlech och kee Sënn, dat unzeplanzen.

Ech wëll drop hiweisen, datt d'groussherzoglecht Reglement vum 26. November 2014 dat jo erlaabt. Et gëtt engersäits e Cabernet blanc vum Schwäizer Riewenziichter Valentin Blattner. An da gëtt et dernieft och nach de Johanniter. Do mussen och manner Pestiziden agesat ginn. Och dat däerf een natierlech hei net ënnerschätzen. An esou Versich lafe jo de Moment och um Niveau vum Institut viti-vinicole. Natierlech, wa mer nei Wéngerten uplanzen, da geet dat jo och net vun haut op muer, an dat kascht jo awer och ronn 30.000 Euro den Hektar, an dat ass och net näischt.

Vläicht dann nach kuerz en anere Problem. Dat ass den Esca, dee Virus, deen, wéi gesot, de Wënzer och scho méi laang bekannt ass. An och dëst Joer hat deen zougeschloen, kann ee soen, mat Ausfäll bis zu 50%, wat natierlech ganz problematesch ass.

Ech wëll dann och nach kuerz op d'Pestiziden am Wäibau insgesamt agoen an op d'Landschaftsfleegeprimm hiweisen. Wéi gesot, déi Wënzer, déi an Zukunft manner där phytopharmazeutesch Produite benotzen, komme jo dann och an de Genoss vu sougenannte Subventiounen. Am ale Programm, do waren u sech manner wéi 15% Hangneigung do ausgeschloss. Dat ass jo elo net méi de Fall. Da gëtt et jo och véier Optiounen an där neier Landschaftsfleegeprimm, ënner anerem, wéi gesot, Wéngerten, déi komplett op Herbiziden géife verzichten.

Evident ass natierlech, datt, wann een dee Programm als Wënzer matmécht, een och gewësse Contrainten da muss akzeptéieren. Ech denken zum Beispill hei un d'Cross Compliance.

Vläicht eng lescht Remarque dann och zum Biowäibau, wou mer als Demokratesch Partei awer och der Meenung sinn also, datt do awer och nach vill Potenzial ass. Mir hu jo de Moment zéng Betriber mat ronn 50 Hektar. Do läit also nach e gewëssent Potenzial.

Wat jiddefalls ze bedaueren ass, ass, datt mer op europäeschem Niveau do net déi néideg Ënnerstëtzung hunn. Ech mengen, de Minister Etgen huet och do scho versicht, déi Interesse méi staark ze vertrieden. Mä de Problem ass natierlech, datt virun allem déi Länner aus dem Süde vun Europa éischter do dergéint sinn, well si eben do eng aner Approche hunn an de Kaliumphosphonat, dee bei eis hei gebraucht gëtt, net bei hinne muss genotzt ginn. Bei hinne geet et duer, wa Koffer gebraucht gëtt.

Mir sinn duerfir der Meenung, datt awer op deem Niveau vun dem Biowäibau nach mussen zousätzlech Efforte gemaach ginn.

E Wuert dann nach zum Ertragsausfall vun dësem Joer. Dat ass zum Deel och op de Spéitfrascht zréckzeféieren, op déi Nuecht virun allem vum 24. op de 25. Abrëll. Jiddefalls déi Betriber, déi verséchert waren, goufen iwwert d'Assurancen indemniséiert. Ech wëll awer och hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt jo awer och de Stat dozou 65% bäidréit.

Voilà, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Lëtzebuerger Wäibau huet et ouni Zweifel de Moment net einfach. Ech mengen awer, contrairement zu deem, wat een hätt kënne virdrun erausspieren, datt awer dës Regierung sech där Problematik bewosst ass, datt dës Regierung scho ganz vill Efforte gemaach huet. Sécherlech sinn nach eng Rei Verbesserungen unzestriewen, besonnesch, wéi gesot, bei der Problematik vum Helikopter an dem Verbrenne vun organeschem Offall. Ech wëll dat elo net hei verdéiwen. Dat wäert mäi Kolleeg Gilles Baum nach herno och maachen.

An deem Sënn, wéi gesot, wäerte mir als Demokratesch Partei och an Zukunft versichen, déi beschtméiglech Moossnamen ze huelen, fir datt de Lëtzebuerger Wäibau nach wie vor eng geséchert Zukunft huet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Graas. Als nächst Riednerin hunn ech ageschriwwen d'Madamm Tess Burton. Muselfestival!

Mme Tess Burton *(LSAP).*- Bon, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, och ech si ganz frou, esou wéi meng Virriedner, dass mer haut d'Geleeënheet hunn, eis eng Kéier méi am Detail mam Wäibau ze beschäftegen, dee soss oft nëmmen am Zesummenhang mat der Landwirtschaft esou hallef mat ugeschwat gëtt.

Sou een Débat kënnt och zu engem gudde Moment, well mer um Enn vun engem Joer stinn, wat grad fir d'Wënzer ganz ausserguéinlech Konditiounen an Erausfuerderunge mat sech bruecht huet. Engersäits goufen eng Rei Gebuertsdeeg gefeiert, déi ënnersträichen, dass de Wäibau zu Lëtzebuerg eng laang Traditioun a vill Erfollegsgeschichte kennt. Anerersäits war dat Joer gepräägt vu Verännerungen, déi eis bewosst maachen, dass en traditionelle Secteur nëmme ka bestoen, wann e fäeg ass, sech unzepassen. An deem Sënn hu mer hei an der Chamber legislativ Mesurë gestëmmt oder begleet.

Déi offensichtlechst Verännerunge betreffen awer d'Wiederkonditiounen, déi dëst Joer fir d'Wënzer ganz besonnesch schwiereg waren. De Frascht, deen am Abrëll nach eemol zréckkomm ass, huet op ronn 350 Hektar Wéngerten zolidd Schued hannerlooss. Plazeweis gouf et en Totalverloscht. Am fréie Summer huet et du wochelaang gereent, soudass de Pilzbefall sech a ville Wéngerte konnt ausbreeden. Am Resultat kréie mer gesot, dass den Ertrag vun der Quantitéit hier gekuckt ronn en Drëttel ënnert deem läit, wat normal ass. Zum Gléck waren d'Wiederkonditiounen am August a September besser, soudass d'Qualitéit vun den Drauwen dëst Joer awer ganz gutt ass.

Wa mer eis d'Resultat vun deem Joer genau ukucken, hält dat eis eng Rei Fakte virun Aen, déi och fir d'Zukunft am Wäibau zu Lëtzebuerg eng Roll spillen. D'Wënzer investéiere laangfristeg a sinn all Joer Risiken ausgesat, op déi se keen Afloss hunn. Dat war nach ëmmer esou. Mä mir mussen domat rechnen, dass extrem Wiederphenomeener méi heefeg ginn an de Wiederrisiko fir d'Wënzer méi grouss gëtt. Mir gesinn doriwwer eraus, dass déi saisonal Wiederverhältnisser, déi mer an der Vergaangenheet kannt hunn, ännere. Dat bedeit, dass den Nidderschlag sech anescht iwwert d'Joer verdeelt, bedeit och, dass mer mat aneren Zorte vu Krankheeten a Schädlingen an eise Regioune musse rechne wéi fréier.

Dës Risike sinn onvermeidlech. An dofir ass et wichteg, dass d'Wënzer an engem gewëssene Mooss géint dës Risike verséchert sinn. Et ass dofir eng gutt Saach, dass de Stat d'Wënzer ënnerstëtzt, fir sech ze assuréieren, a bis zu 65% zum Schued kann indemniséieren. Mengen Informatiounen no goufen dëst Joer op deem Wee 2,1 Milliounen Euro fir den Ausfall duerch de Spéitfrascht un d'Wënzer ausbezuelt, wat jo awer substanziell ass.

Mä d'Wiederkonditioune sinn net déi eenzeg Verännerungen, un déi d'Wënzer sech mussen upassen. Eis Gesetzer am Ëmweltschutz sinn an de leschte Jore méi prezis a méi streng ginn. Dat ass keng politesch Willkür. Mir gesi ganz einfach, dass déi Aart a Weis, wéi mer iwwer Jorzéngte mat eisen natierleche Ressourcen ëmgaange sinn, dozou gefouert huet, dass eben dës Ressourcen haut an engem schlechten Zoustand sinn.

Une voix.- Très bien!

Mme Tess Burton *(LSAP).*- Wa mer net ëmdenken a méi nohalteg wirtschaften, sti se eis iergendwann guer net méi zur Verfügung. Och déi Veränderung huet e groussen Impakt op d'Aarbecht am Wéngert, wou et net nëmmen drëms geet, eng méiglechst gutt Produktivitéit ze hunn, mä och d'Buedemqualitéit ze verbesseren, d'Erosioun ze stoppen an d'Waasserqualitéit net duerch den Asaz vu Pestiziden an Düngemëttel ze belaaschten.

Grad am Beräich vun de Pestizide musse seriö Efforte gemaach ginn. Engersäits mussen d'Quantitéiten, déi versprëtzt ginn, esou staark reduzéiert gi wéi méiglech, an anerersäits muss gekuckt ginn, dass déi Mëttelen zum Asaz kommen, déi am mannste Schued maachen. Do ass eng enk Zesummenaarbecht tëschent dem Ministère an de Wënzer noutwendeg.

Op där enger Säit brauch ee Verständnis fir d'Schwieregkeeten, mat deenen d'Wënzer an hire Wéngerte mussen eens ginn. Op där anerer Säit brauche mer awer och d'Bereetschaft, fir mat op dee Wee ze goen, fir d'Pestiziden ze reduzéieren.

An deem Kontext wollt ech de Minister froen, wéi d'Situatioun vum Sprëtzhelikopter de Moment ausgesäit. Hei hoffen d'Wënzer weiderhin, dass d'Distanz an den Naturschutzgebidder nach emol zesumme mam Ëmweltministère diskutéiert gëtt an dass eng Léisung fonnt gëtt.

Eng weider Erausfuerderung fir de Wënzer läit dann natierlech am Verkaf vu sengem Produkt. An do steet en a Konkurrenz mat Wënzer aus der ganzer Welt, déi zum Deel ënner ganz anere Bedéngunge produzéieren. Konkurrenz huet en net nëmmen duerch aner Wënzer, mä och vun alle méigleche Gedrénkszorten, déi emol méi, emol manner a Moud sinn. D'Konsumgewunnechte vun de Leit sinn an deem Sënn esou onberechenbar wéi de Klimawandel.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, ech hu vill vun de Problemer geschwat, mat deenen d'Wënzer ze kämpfen hunn. Et gëtt awer och Léisungen. D'Wënzer hu Méiglechkeeten, fir sech neien Erausfuerderungen ze stellen. A si hu Méiglechkeeten, fir negativ Tendenzen ze beaflossen.

De Stat kann a muss se ënnerstëtzen, fir sech u Verännerungen unzepassen an duerch eng gutt Vermaartung eng stabill Nisch fir déi exzellent Lëtzebuerger Wäiner ze garantéieren. Nëmmen esou kann d'Iwwerliewe vun dësem wichtege Secteur garantéiert ginn. Wann dat eis geléngt, bleift et weiderhin attraktiv, fir Wënzer ze sinn, a mir brauchen eis keng Suergen ze maachen, dass jonk Leit esou Betriber net méi wéilte weiderféieren.

Wa mer vu Léisunge schwätzen, kënne mer aus den Erfahrunge vun dësem Joer léieren, awer och aus de Schwieregkeeten aus vergaangene Joren. Wann een de Bilan am Detail zitt, da gesäit een, dass eenzel Wënzer méi Pech hate wéi anerer. Et bleift egal wéi ëmmer en Deel Chance derbäi, ob een e gutt Joer huet oder net. Et gëtt awer och sécher Wënzer, déi besser opgestallt waren, fir d'Problemer ze bewältegen, déi besser Strategien haten oder besser geschafft hunn. An do ass et wichteg, permanent ze kucken, wie méi erfollegräich ass a firwat. Nëmmen esou kënnen déi vill zitéiert Best Practices op de ganze Secteur iwwerdroe ginn. Nëmmen esou kann een aus den Erfahrunge vun deem anere léieren.

Iwwert d'Joer gekuckt, gesäit een dann, wat fir eng Aarbechtsmethoden déi bescht Resultater brengen, wat fir eng Drauwenzorten, zum Beispill, méi resistent sinn. Et kann een d'Fro beäntwerten, ob nei Zorten, déi méi ufälleg si wéi anerer, esou gutt bei de Konsumenten ukommen, dass sech de Risiko rentéiert.

E wichtege Bäitrag heizou leescht den Institut viti-vinicole, deen entspriechend Tester mécht a Pilotprojete begleet. Bon, dat ass alles net nei. Ech wëll domadder betounen, dass grad an Zäiten, wou et vill Verännerunge gëtt, eng fundéiert Ausbildung, Weiderbildung a Berodung vun de Wënzer wichteg ass an eng entscheedend Roll fir hir Zukunft spillt. Dat ass en Effort, deen ëmmer erëm nei gemaach muss ginn a wou ee sech net op senge Lorbeere kann ausrouen. Deen Effort muss och konsequent vum Stat ënnerstëtzt ginn.

Ganz positiv ass an deem Sënn, dass hautzudaags vill jonk Leit, déi de Betrib vun hiren Eltere wëllen iwwerhuelen, hir Ausbildung am Ausland maachen. Si profitéieren engersäits vun den Erfahrungen, déi se aus dem Familljebetrib kennen, anerersäits brénge si aus dem Ausland nei Iddie mat.

Nach d'lescht Woch huet e Wënzerbetrib, deen och am Handel täteg ass, säin honnertsten Anniversaire gefeiert. De Betrib gëtt haut vun der drëtter an der véierter Generatioun zesumme gefouert. Dat ass just ee Beispill vun enger Famill, déi iwwer Generatiounen de Courage hat, sech ëmmer erëm un d'Erausfuerderungen am Wäibau unzepassen. Si hunn op dës Manéier Aarbechtsplaze geschafen an zum Wuelstand an zur Kultur vun eisem Land bäigedroen. An dëst ass net en eemolegt Beispill vun enger Wënzerfamill, mä där gëtt et méi, wou d'Elteren hir Passioun un hir Kanner weiderginn hunn an d'Kanner haut houfreg sinn, hire Familljebetrib kënne weiderzeféieren. An dës Succession muss de Stat och an allen Hisiichten ënnerstëtzen, well et dee richtege Wee ass.

Déi staatlech Hëllef zitt sech iwwert de gesamte Spektrum vun der Aarbecht vun de Wënzer: vun der Aarbecht am Wéngert iwwert d'Investitiounsstrategie bis hin zur Vermaartung. De Kader fir all dës Hëllefe setzt d'Agrargesetz. De Feintuning gëtt iwwer groussherzoglech Reglementer gemaach.

Wéi mer dat Gesetz hei gestëmmt hunn, war net am Detail ofzegesinn, wéi déi exakt Auswierkungen dovun um Terrain wieren. An dat léisst sech wuel och net maachen. Ëmsou méi wichteg ass et, dass de Ministère e Monitoring mécht, fir sécher ze sinn, dass d'Hëllefe vum Stat hiren Zweck erfëllen an optimal agesat ginn. Et ass keng Blamage, wann een an engem changéierenden Ëmfeld mierkt, dass dat net esou leeft. Wat gebraucht gëtt, ass en oppent Ouer, fir Feelentwécklunge fréi ze bemierken, a Flexibilitéit, fir drop ze reagéieren an néideg Ajustementer ze maachen.

Effikass staatlech Mesuren, dat heescht net, dass all Betriber d'selwecht musse fonctionnéieren, mä verschidde Betribsmodeller mussen eng optimal Berodung kréien. Si musse kënnen ofschätzen, wat fir eng Investitioune sech rentéieren a wat déi optimal Gréisst fir hire Betrib ass, well méi grouss ass net automatesch besser. Si mussen Hëllefe kënnen notzen, ouni ze vill e groussen Deel vun hirer Aarbecht mat administrativen Aufgaben ze verbréngen. A si mussen um Marché hir Nisch fannen, wou se e gläichméissegen Ofsaz vun hirer Produktioun hunn.

Et gëtt Modeller, déi, uewerflächlech gekuckt, am Moment besser fonctionnéiere wéi anerer. Eng gutt Berodung erméiglecht et dem eenzelne Wënzer, ze verstoen, firwat dat esou ass, a selwer ze décidéieren, wat hien dovu kann iwwerhuelen. Well net alles léisst sech vun engem Betrib op deen aneren iwwerdroen.

Sou entwéckelt de Biowäibau sech ganz positiv. Et gëtt an deem Beräich och nach Potenzial, a Wënzer, déi wëllen ëmstellen, mussen ënnerstëtzt ginn. Et kann trotzdeem net all Wënzer op eng Bioproduktioun ëmstellen. Mä aus den Erfahrungen, déi d'Biowënzer mat hiren Aarbechtsmethode maachen, kann awer och de konventionelle Secteur léieren an eenzel Saachen iwwerhuelen.

En anere ganz offensichtlechen Ënnerscheed an der Strategie gëtt et tëschent de Genossenschaftswënzer an de Privatwënzer. Ëmmer erëm kann een héieren a liesen, dass d'Privatwënzer manner Problemer hunn, iwwert d'Ronnen ze kommen, wéi d'Genossenschaftswënzer. Bei deenen enge gëtt et och manner Problemer, en Nofolleger am Betrib ze fannen, wéi bei deenen aneren. Dat bedeit net, dass de Modell vun enger Genossenschaft net méi zäitgemëiss wier. Et heescht awer, dass d'Genossenschaftswënzer eenzel Strategië mussen iwwerdenken an zum Deel aus den Erfahrunge vun de Privatwënzer kënne léieren.

Vill Diskussioune gëtt et do iwwert déi produzéiert Quantitéit an ëm d'Präisgestaltung. Dat gemeinsamt Zil vun alle Wënzer ass et, sech u verännert Konsumgewunnechten unzepassen. De Pro-Kapp-Konsum vum Wäi läit mat ronn 50 Liter am Joer ëmmer nach zimlech héich. Allerdéngs geet den Undeel u Lëtzebuerger Wäisswäiner zréck.

Elo kéint ee mengen, dass de Bevëlkerungswuesstum dat géif ausgläichen. Mä esou einfach ass et net. Déi Leit, déi bäikommen, kennen eis Wäiner net. Fir dass si eis gutt Produkter kennen a schätze léieren, brauche mer eng professionell Vermaartung, déi dës Leit geziilt usprécht. Vu dass ëmmer erëm nei Leit op Lëtzebuerg kommen, ass dat e laangfristegen Effort, wou et net mat eenzelnen Aktiounen duergeet.

D'Privatwënzer, d'Genossenschaft an de Wäinhandel brauchen also eng gemeinsam Kommunikatiounsstrategie fir d'Vermaartung vun der Musel an de Lëtzebuerger Wäiner. An der Vergaangenheet huet dat net ëmmer esou gutt geklappt an och haut sinn nach net all Differenzen iwwerwonnen. De Fonds de solidarité viticole hat jo emol eng Commission de promotion des vins et crémants du Luxembourg mat an d'Liewe geruff. Haut gëtt et se net méi. Mä en Deel vun der Aarbecht gëtt vum Fonds awer weidergefouert.

Des Weidere gesäit d'Agrargesetz vir, dass d'Wënzer bis zu 80% bei hirem Marketing ënnerstëtzt ginn. Mä d'Viraussetzung heifir ass, dass eng gemeinsam Vermaartungsstrategie um Dësch läit.

An deem Kontext wéilt ech de Minister froen, wou mer mat der Marketingetüd iwwert d'Vermaartung vun de Lëtzebuerger Wäiner dru sinn, iwwert déi scho laang geschwat gëtt, well déi sollt jo d'Grondlag fir eng nei Strategie sinn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, an der Vergaangenheet hunn d'Wënzer et duerchaus fäerdegbruecht, sech un nei Konsumgewunnechten unzepassen. E Beispill, dat ganz vill Succès hat, ass de Lëtzebuerger Crémant. Dee mécht haut ronn e Véirel vun der Gesamtproduktioun aus. De 25. Jubiläum war eng flott Geleeënheet, fir ze ënnersträichen, dass Innovatioune sech mëttel- a laangfristeg lounen.

Mir hunn eis och ganz gutt ugepasst un de Phenomeen, dass manner Wäi gedronk gëtt am Alldag, generell awer méi op Qualitéit gekuckt gëtt. Déi ganz einfach Dëschwäiner sinn deemno manner gefrot.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Zënter Jore maache Wënzer mat Erfolleg Efforten, fir héich Qualitéit ze produzéieren. An de Schwéierpunkt läit net méi esou op der Quantitéit. Hate mer am Joer ´99, 2000 nach eng Produktioun vun 184.000 Hektoliter, sou waren et der dëst Joer nach just 110.000. Dat ass net nëmmen d'Resultat vun de Wiederkonditiounen, mä generell en Trend zu Lëtzebuerg, deen esou gewollt ass.

Gläichzäiteg ass den Undeel u Spëtzewäiner gestigen. An déi kommen och iwwerall gutt un. Dat gesäit een net nëmmen un de Medailen, déi d'Lëtzebuerger Wäiner am Ausland kréien, mä och um Verkaf, deen an deem Segment ganz gutt leeft. Nach virun zwou Woche sinn am Institut viti-vinicole zu Réimech eis Lëtzebuerger Wäiner a Crémanten, déi eng Auszeechnung am Guide Hachette kritt hunn, virgestallt ginn.

Et gëtt awer och d'Argument, dass besonnesch Netlëtzebuerger, déi un eis lokal Produkter net gebonne sinn, d'Präisser vun eise Wäiner oft ze héich fannen an een hinne misst entgéintkommen. Dat kann een duerchaus maachen. Och wann d'Lëtzebuerger Wäiner generell eng gutt Qualitéit hunn, esou gëtt et jo awer Ënnerscheeder an déi musse sech och am Präis erëmfannen. Et däerf awer kee Präisdumping bedriwwe ginn. Och déi niddreg Präissegmenter mussen dem Wënzer e korrekte Revenu erméiglechen. Dëse Problem héiert een oft bei de Genossenschaftswënzer, well de Präis, dee si fir hir Drauwe kréien, relativ niddreg ass an doduerch en Deel vun hinne finanziell Problemer huet, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Dat ass net am Sënn vun de Wënzer. Sou iwwerzeegt een och net eng nei Clientèle, dass de Lëtzebuerger Wäin en héichwäertegt Produkt ass. Et ass kontraproduktiv, wa vill Efforten an d'Qualitéit vun eise Wäiner gestach ginn a se herno ënnert dem Wäert verkaaft ginn. Doriwwer eraus mussen d'Qualitéitsënnerscheeder fir e Laien un der Etikett erkennbar sinn. Mat der Aféierung vum AOP-System ass dat am Prinzip esou.

Et ass awer net kloer, wivill Leit dobausse wëssen, wat déi Klasséierung no „côtes de…", „coteaux de…" an „lieu-dit" bedeit. Et ass richteg, dass et bei enger Verännerung vun esou engem System ëmmer eng Zäit dauert, bis e sech etabléiert huet. Eng intensiv unhalend Kommunikatioun spillt do eng wichteg Roll. Et geet jo drëm, de Konsument a sengem Choix ze orientéieren. Dofir muss en déi Orientéierungshëllef och op den éischte Bléck kënne verstoen, wann en am Supermarché virun engem Regal mat Honnerte vu Wäiner steet.

Doriwwer eraus bedeit d'Aféierung vun der AOP-Klasséierung eng Ëmstellung fir d'Wënzer, déi vläicht net ëmmer ganz einfach ass. Hir Aarbecht am Wéngert gëtt doduerch awer opgewäert. Och dat muss een dobausse méi bekannt maachen.

Eng gutt Geleeënheet heifir bidden déi vill Veranstaltungen, déi d'Wënzer organiséieren, fir hire Wäin ze presentéieren. Egal ob dat déi sëlleche Wäifester op der Musel sinn oder d'Fête des Vins et Crémants an der Stad, eng Gebuertsdagsfeier, eng Foire oder eng Wäiprouf beim Wënzer, op all dëse Plaze gëtt et Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger, déi gären e gudde Patt drénken, mä eis Wäiner net onbedéngt gutt kennen. Déi Geleeënheete muss een och an Zukunft schafen an notzen. Et ass oft schwéier, d'Gewunnechte vu Leit aus verschiddene Kulturen op een Nenner ze kréien. Mä wann et ee Beräich gëtt, wou de Virwëtz an d'Bereetschaft, eppes Neies auszeprobéieren, grouss ass, dann ass dat beim Iessen a beim Gedrénks.

Net zulescht gëtt et eng ganz positiv Relatioun tëschent dem Wäibau an dem Tourismus. D'Schéinheet vun der Musellandschaft an déi gutt Wäiner si staark Argumenter, déi d'Touristen op Lëtzebuerg zéien. D'Regierung ass sech däers bewosst. An d'Madamm Closener huet schonn e puermol betount, dass den Önotourismus eng Prioritéit ass. Ech wëll hei un dat rezent Meet-Luxembourg-Event erënneren, dat vun der Statssekretärin ufanks Septemberorganiséiert ginn ass. Dat war eng Initiativ, fir de Kongresstourismus hei zu Lëtzebuerg ze förderen. An och do stoung en Ausfluch op d'Musel op der Agenda, ganz am Gedanken, fir och deenen zukünftege Konferenztouristen, déi op Lëtzebuerg kommen, wärend hirem Openthalt eis schéi Regioun op der Musel ze weisen.

An deem Kontext sinn ech frou, dass et endlech virugeet mat de Pläng, fir e Centre moselan ze bauen, deen de Wäimusée zu Éinen ofléise soll. Mir schwätze schonn zanter Laangem dovun, ouni dass dat ëmgesat gëtt. Déi Pläng sinn elo adaptéiert ginn. An ech hoffen, dass dës Regierung et färdegbréngt, hei Neel mat Käpp ze maachen. E flotten, moderne Projet kéint zu engem zousätzlechen Attraktiounspunkt op der Musel ginn. Ech hoffen och, dass d'Efforten, fir d'Tourismusinitiativen am Oste besser ze bündelen a méi effikass ze maachen, sech am nächste Fënnefjoresplang fir den Tourismus erëmfanne wäerten.

Et wier einfach schued, déi Atouten, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, net ze notzen. Déi schéi Landschaften an déi pittoresk Wënzerdierfer mat hiren Traditiounen a Fester zéien Touristen un. Dës Clientèle ass natierlech interesséiert u lokale Produkter, an de Wäin ass e ganz traditionelle Souvenir, deen ee vun enger Rees gäre fir sech selwer oder als Souvenir (veuillez lire: fir anerer) mathëlt. Wann deen da richteg schmaacht, ass dat eng exzellent Reklamm fir Lëtzebuerg a mir kommen domadder eisem Nation Branding och erëm e Stéck méi no.

Fir dass dat fonctionnéiert, mussen awer all Betraffen un engem Strang zéien. Hotelieren, Restaurateuren, d'Gemengen an de Stat mussen e gëeegent Emfeld schafen, fir dass de Wënzer mat senge Produkter eng Nisch ka fëllen, vun där all Akteur profitéiere kann.

An domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Burton. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, no knapps dräi Joer, no dräi an engem hallwen, fënnt erëm eng Debatt iwwert de Wäibau hei an der Chamber statt. Och deemools hunn ech dat gesot, a wéi dat Traditioun ass, wëll ech dat awer och hei nach eng Kéier soen: Dass de Code de déontologie och fir mech zoutrëfft; net onbedéngt, dass ech en Interessekonflikt hunn, mä eng ganz grouss Verbonnenheet mat dem Wäibau hunn. Ech mengen, ech ginn net méi nach op meng familiär Geschicht an. Ech mengen, déi kennt Der, soudass ech direkt aginn op de Vif du sujet.

Virun dräianhallwe Joer hate mer déi Debatt. Deemools ass vun engem Majoritéitspolitiker vun der CSV, dem Här Weydert, och déi Orientéierungsdebatt ugefrot ginn. Haut gëtt da vun der CSV-Oppositiounsdeputéiert Madamm Modert eng Interpellatioun ugefrot. Et kann ee sech d'Fro stellen, ob mer elo no dräi Joer erëm missten eng Debatt féieren, ob sech dann elo vill um Terrain geännert huet säitdeem. Et sief vläicht, dass d'Säite gewiesselt ginn, mä dat gëllt dann och natierlech fir mech: Wärend ech deemools an der Oppositioun geschwat hunn, schwätzen ech haut dann als Majoritéitsdeputéierten.

Mä ech mengen, wéi ech meng Ried dann nach eng Kéier nogelies hunn, kann ech awer behaapten, dass ech haut de gréissten Deel vun deem nach eng Kéier widderhuelen, wat ech och virun dräi an en hallwe Joer gesot hunn. An dat tréfft och nach ëmmer eent zu eent zou. Ech wäert och nach eng Kéier deen een oder deen anere Punkt vun deemools méi staark ervirgräifen.

Ech mengen, Dir kënnt Iech virstellen, dass ech nach eng Kéier de Biowäin ervirhiewe wäert, well et och dëst Joer eng Erkenntnis ginn huet, déi ech Iech awer och wéilt matdeelen iwwer pilzresistent Zorten. D'Madamm Modert hat dat ugeschwat. Ech kennen och déi Zorten. Ech mengen, dass et nach ëmmer eng Alternativ ass. Och do muss een differenzéieren, wéi et dann zu där Kränkt komm ass. Menger Usiicht no kéinten déi pilzresistent Zorten an Zukunft nach ëmmer eng Alternativ, insbesondere an den niddrege Präissegmenter, duerstellen.

Parallelle kann een awer zéien zu där Debatt vu virun dräi Joer. Och do hu mer bei där Debatt op e ganz schlecht Wirtschaftsjoer 2012 zréckgekuckt, well och deemools gouf et eng ganz kleng Récolte am 2012er Wanter vu 85.000 Hektoliter, an haut, d'Zuel ass scho gesot ginn, 84.700, also praktesch identesch.

Och deemools konnte mer op eng gutt Qualitéit hiweisen. An och d'Récolte 2016 gesäit jo awer villverspriechend aus, soudass mer vun engem ganz gudde Joergang kënnen ausgoen. Dat weist awer och, wann d'Quantitéit och ofhëlt, dass d'Qualitéit net onbedéngt ofhëlt, mä dass mer eis mat anere Strategië mussen ausenanersetzen, dass mer och eben d'Wirtschaftlechkeet vun de Betriber kënnen asetzen.

D'berechtegt Fro stellt sech natierlech, wat sech säitdeem geännert huet. Et huet sech op deem Punkt a sech geännert, dass d'Agrargesetz haut en vigueur ass. Deemools war et zwar och schonn an Ausaarbechtung iwwert de PDR. Et sinn natierlech eng Rei Korrekture vun der neier Koalitioun mat erakomm, awer déi grouss Richtlinne waren och vu Bréissel schonn emol eng Kéier virgi ginn, soudass sech do net vill geännert huet.

Et huet sech natierlech och beim Reglement iwwert den Helikopter eppes geännert. Do wäert ech och herno kuerz drop agoen.

D'AOP ass endlech op d'Bee gestallt ginn, déi ass elo en vigueur. Et ass awer vläicht nach e bësse fréi, fir do schonn e Bilan kënnen ze zéien. Wichteg ass jiddefalls, dass d'Qualitéit an de Vierdergrond gestallt gouf.

An dann, et ass och scho vu menge Virriedner a Virriednerinne gesot ginn, dass d'Promotioun vun de Produkter natierlech ganz wichteg ass. Mä do muss een awer och erëm differenzéieren. An ech wëll et emol eng Kéier iwwerspëtzt soen: Wann een dräi Wënzer freet, wéi d'Promotioun soll ausgesinn, da kann ee liicht higehale ginn an dann op eemol véier Äntwerte kréien. Ech mengen, et ass e Marché, deen net esou evident ass, an ech kommen herno och drop zréck, firwat dat dann esou ass.

Dann huet d'Madamm Modert dräi Punkten nach zousätzlech derbäiginn, wéi d'ekonomesch Situatioun am Allgemengen. Ech wëll och do e puer Punkte soen, an och zur Zukunft vum Wäibau.

Iwwert déi administrativ Prozeduren, do kann een ëmmer erëm driwwer diskutéieren, ob se méi oder manner gi sinn. Ech wollt do a sech näischt groussaarteg derbäifügen.

Ech wëll awer d'Situatioun vum Wäibau oder am Biowäibau méi speziell dann ervirsträichen.

Här President, léif Kolleegen, ech wëll dann am Ufank éischter déi ekonomesch Situatioun eng Kéier beliichten, esou wéi ech et e bësse gesinn, awer och vill anerer. Et ass ganz kloer, an dat ass och wichteg, bei der ekonomescher Situatioun ass d'Ausriichtung ganz kloer - ech mengen, do si mer eis och hei eens bei der Ausriichtung -, dass d'Qualitéit dee Kritär an der Zukunft muss sinn, dass Qualitéit statt Quantitéit virsteet - Klasse statt Masse - an dass dat och an där AOP sech widderspigelt.

D'Notorietéit vum Lëtzebuerger Wäin, vum Crémant huet am Ausland ganz groussen Uklang mëttlerweil fonnt - dat ass och gutt esou, ech mengen, et ass virdrun och e Beispill scho genannt ginn -, insbesondere awer och duerch Vorzeigeprodukter oder Campagnen oder Wënzer, déi scho laang virdrun an déi Richtung gaange si vun der Qualitéit. Ech huelen d'Betriber, déi am „Domaine et Tradition" zesummegeschloss sinn, déi scho virun 20 Joer eng Hektarlimitatioun propagéiert hunn, fir a sech d'Qualitéit méi an de Vierdergrond ze stellen. Ech géif awer och gären déi Charta-Wäiner ervirsträichen, déi ebe mat där Notorietéit dobausse ganz gutt ukommen.

De Crémant ass och schonn eng Kéier genannt ginn. De Crémant, mengen ech, ass eng Success Story, déi et dozou bruecht huet, dass mer de Schampes duerchaus hei am Land verdrängt hunn. An e fënnt och ganz gudden Uklang bei der auslännescher Clientèle.

A wat ganz wichteg ass, dat ass, dass de Méiwäert fir de Wënzer ebe vill méi héich ass, well en och en exzellent Präis-Leeschtungs-Verhältnis duerstellt an dann och ebe méi vun der wirtschaftlecher Situatioun bei him doheem am Betrib iwwreg bleift.

Mir mussen awer oppassen, dass mer d'Qualitéit vun deem Produkt och weiderhin héichhalen an dass mer net ufänken, mat deem Produkt, wéi mer et deels mat anere Produkter schonn emol gemaach hunn, eng Braderie ze maachen an d'Präisser no ënnen ze dréien. Mir mussen d'Notorietéit vun deem Crémant héichhalen. An dofir musse mer och kucken, dass déi Präisser och an engem gewëssenen Niveau gehale ginn.

Wann ech d'ekonomesch Situatioun da méi genau analyséieren, ass et jo net onbedéngt vum Lëtzebuerger Produkt aus, wou dee grousse Problem ass, well en elo éiere sollt schlecht sinn! Mä et ass einfach, dass d'Konkurrenz - an dat ass scho gesot gi virdrun - aus dem noen Ausland an och vu méi wäit einfach do ass an dass mer eben an engem Segment musse Konkurrenz maachen, wou et net ganz einfach ass ze bestoen.

An dat ass eben am Präissegment vun der ënneschter Kategorie an der Qualitéit, mä einfach, wann ee seet, mir hunn déi Dëschwäiner wéi de Rivaner an den Elbling oder déi méi héichwäerteg ugesi Wäiner, d'Burgunder-Zorten an de Riesling; dann hu mer natierlech éischter den Drock nach ëmmer op der Rivaner-Säit.

An ech wëll d'Zuelen net all nennen, ech wëll awer just eng Zuel nennen, dat spigelt dann och d'Problematik e bëssen erëm, dat ass, dass ee Véirel vum Lëtzebuerger Areal nach ëmmer mat Rivaner-Drauwen ugeplanzt gëtt. An da kënnt nach derbäi, dass déi Produkter haaptsächlech am Ausland verdriwwe ginn, am Export, an dann natierlech am Ausland mat enger ganz anerer Konkurrenz mussen do eens ginn. Dat heescht, de Präisdrock ass do enorm héich.

An op der zweeter Plaz ass natierlech och net nëmmen den Drock vum auslännesche Wäin, mä d'Plus-value, déi mer mat deem Wäi maachen, ass natierlech net esou héich, wéi mer dat mat anere Wäiner maachen. An dofir bleift am Endeffekt net vill iwwreg. A wann een da kuckt, wien an deem Wäinsegment ënnerwee ass, sprécht gréisstendeels d'Genossenschaftswënzer, sprécht d'Vinsmoselle, sou kann ee sech virstellen, dass de wirtschaftlechen Drock natierlech vill méi grouss do ass, ouni dass ech elo hei genau Zuele vun der Genossenschaftskellerei hunn. Mä aus der Logik vun dem Produkt an der Konkurrenz ass et kloer, dass d'Problemer méi grouss ginn.

Wat de Privatwënzer ugeet, jo, ma deen huet éischtens eng ganz aner Palett vu Wäiner gréisstendeels. En huet Burgunder-Zorten, de Riesling. An zweetens ass en net esou präsent am Ausland. En huet nach d'Chance, dass en de gréissten Deel hei a Lëtzebuerg kann ofsetzen an doduerch deen Drock net esou grouss ass.

An en drëtte Partner op der Musel, ass och scho virdru gesot ginn, ass de Wäinhandel - dee spillt erëm an enger anerer Liga. Deen huet och d'Méiglechkeet, och mat importéiertem auslännesche Wäin oder Moscht hei Plusvaluen ze schafen, wat mer jo och an anere Wirtschaftszweiger maachen. Dat heescht, mir huelen auslännesche Wäin a maache Vins mousseux an e gëtt weiderveredelt a weiderverkaaft. Dat heescht, de Wäinhandel huet méi eng Flexibilitéit, soudass et fir deen och erëm anescht ass.

Dat heescht, wann een d'wirtschaftlech Situatioun vun der Musel analyséiert a vun deenen eenzelne Partner, esou muss een déi awer och ënnerschiddlech analyséieren an ënnerschiddlech beroden. Dat heescht, mir kënnen net alles iwwer ee Kamp hei zéien. Dofir sinn och konsequenterweis, wann d'Analyse richteg gemaach ginn, Secteur fir Secteur och aner Ufuerderunge gestallt, an de Strukturwandel muss da konsequenterweis och duerchgefouert ginn. Dat ka wéi doen. Et muss awer och endlech eng Kéier Faarf bekannt ginn, fir dass mer aus deem Dilemma do erauskommen!

Well dat ass déiselwecht Ried, déi mer virun dräi an engem hallwe Joer gehalen hunn! An ech ka mech erënneren un déi éischt Joren, wéi ech hei an der Chamber war a wéi mer iwwert déi dote Saach diskutéiert hunn: Och deemools hunn ech déiselwecht Aussoe gemaach. Dat heescht, mir sinn an deem Punkt - an dofir war meng Ufankskritik, dass mer all dräi Joer erëm eng nei Debatt maachen - net wierklech weiderkomm a mir dréien e bëssen an därselwechter Diskussiounsfro ronderëm.

An dofir ass et och, wat d'Promotioun ubelaangt, relativ komplizéiert, wéi déi da gestalt soll ginn, well ënnerschiddlech Erwaardunge vum Secteur op esou eng Promotioun ausgeriicht ginn. An dat mécht et natierlech net esou evident. Mä et ass wouer, an dat kann ech nëmmen ënnerstëtzen: Et gëtt Zäit, dass déi Etüd elo op den Dësch kënnt, dass gekuckt gëtt, wat se dann elo effektiv erausfonnt huet, an dass da gekuckt gëtt, awer selektiv no ënnerschiddleche Secteuren, fir dann déi néideg Promotioun hei am Inland - an dat ass och scho gesot ginn, dass d'Potenzial hei am Land ganz grouss ass -, awer och fir den Export ze maachen, fir d'Notorietéit dobausse méi bekannt ze maachen.

Meng Virriednerin huet dat scho gesot mam Nation Branding. Ech mengen, a Wirtschaftsmissiounen a wann een am Ausland iergendwou ënnerwee ass, mierkt een dat, déi maachen datselwecht. Firwat solle mir dann net och op deem Punkt méi verstäerkt dat maachen? Wann et deem enge Secteur da besser hëlleft, firwat net? Mä eppes bleift awer och kloer: Déi Moyenen, déi mer de Moment asetzen, déi mussen dann awer entspriechend ugepasst ginn, fir dann awer och cibléiert an och

richteg kënnen do déi Déngen ze maachen.

Da kommen ech eben zu deem Punkt, op deen ech extrem nach wollt zréckkommen, dat ass de Biowäibau. Ech mengen, d'Potenzial ass grouss hei am Land beim Konsument, mä beim Produzent ass en nach net ukomm. Ech mengen, mir hunn 3% vun der Fläch, déi e biologesche Wäin ubauen, awer de Konsument verlaangt haut schonn 10%. Dat heescht, do ass nach munches ze maachen.

Biologesche Wäibau kann och d'Zukunft sinn. An d'Landwirtschaft wäert sech missen upassen. Dat ass zu Marrakesch op der Klimakonferenz gesot ginn, dat steet an enger Rifkin-Etüd, dass de biologesche Landbau d'Zukunft ass, well en eben net déi Nodeeler mat sech bréngt wéi dee konventionellen, wat d'Emwelt an och d'Nohaltegkeet ubelaangt. Mä ech mengen, dass och d'Agrargesetz déi éischt Pisten opweist. Mir brauchen awer do kloer Messagen a Strategien, Zil- an Hëllefstellungen. Dofir mengen ech, dass en offensive biologeschen Aktiounsplang feelt. Dee muss opgeluecht ginn an nach e bësse méi staark no vir bruecht ginn.

Ech wëll dräi Punkten zum Schluss nach eng Kéier soen: ganz offensiv Ënnerscheeder maachen tëschent dem biologeschen an dem konventionelle Wäibau, ouni dee konventionelle wëlle schlechtzemaachen. Mä ech wëll einfach emol d'Virdeeler nach eng Kéier vum biologesche Wäibau - och an deem schlechte Joer, dat mer dëst Joer haten - ervirbréngen.

Potenzial, wéi gesot, ass do. D'Wäertschëpfung beim Betrib ass méi grouss. D'Aarbechtsplaze si méi héich qualifizéiert. Mir mussen do eben och am Önotourismus eppes maachen. Ëmweltbildung an Önotourismus, dat geet Hand an Hand an ass e grousse Virdeel. Dat ass deen éischte Grond.

Deen zweeten ass d'biologesch Villfalt, déi mer an d'Wéngerten erabruecht hunn iwwert de biologesche Wäibau. Viru 15 Joer si mer do deels nach belächelt ginn. Haut kënnt dat no an no och an de konventionellen eran. An dat ass e wichtegt Element, well et duerch eng besser Buedemanalys fir sech schwätzt.

An dann dat Drëtt, dat ass - hei ass vläicht eng grouss Differenz zu menger Virriednerin oder der Interpellantin, der Madamm Modert - iwwert d'Helikoptersprëtzen. Ech mengen, dëst Joer huet sech jo erausgeschielt, dass et net esou einfach war, dass awer och déi konventionell, systemesch wierkend Planzeschutzmëttel, déi chemesch-synthetesch hiergestallte Produkter net där Krankheet bäikomm sinn, aus ënnerschiddleche Grënn, wat ech och hei wéilt soen. D'Helikoptersprëtzung hat dëst Joer och hir Limitten - an ech gesinn do en Ënnerscheed zu deem, wat d'Madamm Modert gesot huet -, well se net, an dat ass meng Meenung, richteg agesat gouf.

Ech komme gläich zum Schluss, ech wëll just dat awer nach ganz kloer hei soen.

Am Contraire zum Helikopter mécht de biologesche Wäibau eng aner Behandlung, nämlech méi schnell, mat méi Waasser, méi kuerzen Intervallen a manner héich konzentréierten Dosen. An dat war de Virdeel vun dësem Joer, well mir hu manner -an eisem eegene Betrib - Verloschter wéi vill konventionell Betriber. Well den Helikopter dëst Joer falsch, och deels net gutt agesat gouf, ze mann Waasser, ze laang Intervallen an ze vill eng héich Konzentratioun, déi am Endeffekt net dat Néidegt dem Betrib bruecht hunn.

Mme Octavie Modert *(CSV), interpellatrice.*- Dat ass awer net iwwerall de Fall.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Fazit bleift fir mech ganz kloer, dass dem biologesche Wäibau d'Zukunft gehéiert. En huet extrem... insbesondere mat engem Wäin, deen ee mat Ëmweltbildung a villem ka kombinéieren. E wäert an Zukunft nach weider misse wuessen. An e bréngt dem Client, dem Produzent déi néideg Satisfaktioun, wann en e Patt drénkt.

Dofir soen ech Iech Merci.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo?

Mme Octavie Modert *(CSV), interpellatrice.*- Däerf ech dem Här Kox eng Fro stellen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Selbstverständlech! Ech mengen, den Här Kox misst ganz flexibel sinn, well mir och flexibel mat him waren. Et ass un Iech.

Mme Octavie Modert *(CSV), interpellatrice.*- Merci. Ech wollt hie just froen - an et ass gutt, datt et an hirem Betrib dëst Joer gutt erlaanschtgaangen ass -: Hutt Dir Kenntnisser dovunner, wéi et an anere Biobetriber ass, ob déi och esou gutt do erauskomm sinn? Well bei de konventionellen ass et jo och esou, bei den integréierten: Déi eng hu keen oder wéineg Schued dovunnergedroen - ech mengen, jiddwereen huet e bësse Schued dovunnergedroe gehat, egal wéi, ob bio oder net - an anerer hunn es ganz vill gehat. Merci.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Jo, ech hu Kenntnisser, dat kann ee soen: Esou wéi bei de konventionelle sinn och bei verschiddene biologesche Betriber deels op Parzellen Totalausfäll. Näämlech och do, well deen Intervall net richteg agehale gouf. Ech mengen, mir si jo zesummen an engem Gruppement, wat d'Berodung ubelaangt, an dat ass e wichtegt Element vum Agrargesetz, dass d'Berodung nach vill méi cibléiert, nach méi no bei de Leit um Terrain muss geschéien, souwuel fir déi konventionell wéi och fir déi biologesch Betriber.

Well d'Feeler sinn oft, well se zwee, dräi Deeg ze spéit intervenéiert sinn. An dëst Joer war dat eben d'Katastroph. Derbäi ass komm - do ginn ech Iech recht -, dass och d'Wiedersituatioun, fir mat engem Trakter an de Wéngert eranzefueren, net gutt war. Mä dann ass et esou e Joergang, da muss een de Schlauch an d'Hand huelen an da muss ee seng Behandlung am Wéngert maachen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci gesot. Dann huet den Här Roy Reding d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleegen, ech wollt d'Octavie Modert berouegen: Ech fannen net, datt et e Conflit d'intérêts huet. Am Konträr, et ass kee Feeler, wann een hei uewe steet an et schwätzt een iwwer eppes, wat ee kennt.

(Interruption par Mme Octavie Modert)

An ech muss ganz éierlech soen - et ass net, fir Blummen ze streeën -, et huet seelen e Riedner vun enger anerer Partei mer esou aus dem Häerz geschwat wéi Dir, Madamm Modert!

(Exclamations)

Ech mengen, mir hunn hei zwee grouss Themebléck, déi mer ugeschnidden hunn: Dat eent sinn d'Ramebedéngunge vun eisem Wäibau an dat anert sinn d'Vermaartungschancen. An iwwert d'Ramebedéngungen huet d'Octavie Modert hei Saache gesot, déi ganz, ganz richteg sinn, déi ech och am Alldag ëmmer erëm gesot kréie vu Concernéierten, net nëmmen aus der Wäiwirtschaft, och aus der Landwirtschaft an iwwerhaapt aus Betriber.

Wat hei gemaach ginn ass mat deem Gesetz, wat dës Regierung op de Wee bruecht huet: Et sinn nei Regelen, méi komplizéiert Regelen, méi aléatoire Regelen agefouert ginn, an dat fir esou e klengen an iwwerbléckbare Marché wéi de Wäibau! D'Octavie Modert huet gesot: „Passt op, datt mer eng Proportionalitéit behalen tëschent de Kontrollen." A si huet zitéiert: „Maacht kee Kontrollstat aus eisem Land!" An dat ass effektiv e Problem, deen ech hu mam Agrargesetz. Dat hu mer och deemools hei diskutéiert. Wann ee seet, an engem Bauerebetrib oder an engem Wënzerbetrib kënnen Dosende vu verschiddene Stellen Dag an Nuecht - d'Police judiciaire - Kontrollen duerchféieren, dat ass net normal!

Genausou wéineg ass et normal, wann hei Fäll zitéiert gi vu Leit, déi zwee Joer op eng Autorisatioun waarden. Dat ass net normal am Wäibau, dat ass awer och net normal um Bau, dat ass och net normal, wann et zum Beispill ëm eng Residenz (veuillez lire: eng Openthaltsgeneemegung) geet, déi en Auslänner freet. Dat ass einfach net normal! Mir kënnen all Konzepter vun Nation Branding vergiessen, wa mer déi dote Saachen net an de Gréff kréien an net endlech déi administrativ Hürden ofbauen!

An dann ass nach eppes gesot ginn, wat mer gutt gefall huet, dat ass: de Grünschnitt endlech als Offall ze entklasséieren. Mir hunn dat onsääglecht Gesetz vum 21. Mäerz 2012, wou mer aus all Objet, deen abandonnéiert ginn ass, Offall maachen. Souguer al Kleeder, déi gesammelt ginn a Containeren, sinn Offall! Fir déi Containeren opzestellen, brauch ech eng Geneemegung! Fir déi Containeren eidel ze maachen an deen „Offall" ze transportéieren, brauch ech eng Geneemegung. Fir déi al Kleeder ze stockéieren, brauch ech eng Geneemegung. Dat sinn dach administrativ Hürden, déi si mer net néideg!

Et huet och näischt mat EU-Recht ze dinn. An Däitschland zum Beispill ass Al-Kleeder-Sammlung eng einfach Deklaratioun. Entschëllegt mer dee klengen Exkurs an eng aner Welt wéi déi vum Wäin! Mä et ass mer agefall, wéi d'Octavie Modert gesot huet: „Wat fält hinnen nach an, fir eis ze kujenéieren?"

An dat ass genau dat Gefill, wat net nëmmen am Wäibau, mä a ganz ville Beräicher am Land virherrscht.

Loscht op e Betrib, „Trau Dech!", Een-Euro-Gesellschaften: Do ass wierklech d'Loscht op null gefall! Firwat sollt och nach e jonke Mënsch Loscht hunn, mat all deene Gesetzer, déi produzéiert ginn, mat ëmmer méi strofrechtleche Bestëmmungen? Wa mer Gesetzer hei um Instanzewee hunn, wéi dat neit Faillittegesetz, wou ee kann ugesicht ginn als Gérant oder als Administrateur vum Procureur, well ee Feeler gemaach huet an der Gestioun, eng Faute de gestion, soe mer och nach, et wier e grave Feeler! Wou komme mer hin, wa mer sans faute responsabel si fir d'TVA? Ech hunn elo matkritt, datt en Amendementsbréif gemaach ginn ass, wou elo gesot ginn ass: „schuldhafte Verletzung"! Mä wéini ass een net schuldhaft, wann ee Gelder, déi een encaisséiert, net virugëtt?

Et sinn alles Mesuren, déi net do sinn, fir Leit ze encouragéieren, fir aktiv ze ginn am Commerce, an der Landwirtschaft oder eben, wat mer haut diskutéieren, am Wäibau.

Et ass gesot gi vum Octavie Modert, ganz richteg, datt de Konsum vu Wäi ganz dramatesch gefall ass. Mä zum Deel ass dat jo och eng hausgemaache Kris. D'Horesca ass jo awer net midd ginn, drop hinzeweisen, a wéi enge schwieregen Dicher datt se stécht mat der Augmentatioun vun der TVA, mam Fëmmverbuet. Och d'Alkoholskontrolle sinn ernimmt gi vum Här Graas. Och dat ass richteg. Mä ech mengen, déi Haaptargumenter sinn awer d'Gemittlechkeet vum Beieneesëtzen, wat einfach net méi ginn ass. An dat ass ganz bestëmmt ee vun de grousse Feeler, déi mer hei maachen.

Wat d'Vermaartung ugeet, ech mengen, do huet den Här Kox - och hie kennt eppes vun deem, wouvun datt e schwätzt - magistral d'Exportgegebenheete vum Wäin erkläert. Jo, et ass wouer, ganz grouss Quantitéite vun net grad allerbeschtem Wäi mussen exportéiert ginn. Do geroden d'Präisser ënner Drock.

An deen zweete Problem ass, datt mer vun deenen exzellente Wäiner, datt mer vun deene ganz einfach ongenügend Quantitéite produzéieren! Ech hu profitéiert, wéi ech mat Luxembourg for Finance mam Här Gramegna a China war, fir vu mengem Liiblingswënzer e puer Fläsche Riesling matzehuelen. A mir hunn do Restaurateure getraff, déi ware begeeschtert. Déi ware begeeschtert! Déi hunn net gefrot: Wat kascht en? An och dat ass richteg: D'Präisser kéinte roueg eropgoen op absolutte Qualitéitswäiner. Si hu gefrot: Wivill 40-Fouss-Container kënnt Der pro Woch liwweren?

(Brouhaha)

An dat sinn 18.000 Fläschen an esou engem 40-Fouss-Container. An dat ass ganz genau, wou mer dann un eis Grenze stoussen.

Wat awer richteg ass, ass d'Vermaartung an engem Haus fir Wäin. Ech fannen, déi Iddi ass super. Et muss een allerdéngs soen, datt am Luxembourg House jo och haut scho verschidde Wäiner presentéiert ginn a verkaaft ginn, mä do kann ee vill méi wäit goen. Well effektiv ass de Wäin nieft ganz wéinegen anere Produkter - vläicht eise gudde Béier, verschidde Mëllech- a Fleeschprodukter, eis Wëllschwäinszoossiss -, mä et ass ee vun deene raren absolutt eenheemesche Qualitéitsprodukter. An duerfir fannen ech dat ganz richteg, eng Maison du vin ze maachen am Zentrum, fir dee Wäin dann och den Auslänner méi no ze bréngen. En huet dat verdéngt. En huet dat verdéngt! An dat kéint eng Maison des produits du terroir sinn, mä natierlech wier de Wäin do den Haaptpunkt.

An en anere ganz interessanten Usaz an der Motioun vun der CSV fannen ech, fir och an aneren Haaptstied esou Punkten opzemaachen, esou Haiser opzemaachen. Bréissel ass genannt ginn an der Motioun selwer. Mä firwat net och eng aner Haaptstad, wou ganz vill Wäikenner liewen, zum Beispill London? England ass contrairement zu deem, wat een heiansdo kéint mengen, en exzellenten Ofsazmaart fir qualitativ héichwäerteg auslännesch Wäiner.

An elo wëll ech net ophalen, ouni ze soen: Kommt, mir maachen och alleguerten eppes derfir! Et ass jo schéin, hei an der Chamber ëmmer ze soen, wéi mer de Secteur wëllen ënnerstëtzen. Den 2., 3. a 4. Dezember ass d'Fête vum Wäin a Crémant am Tramschapp. An ech hoffen, der ganz vill vun Iech ze gesinn, net zulescht och, well de Wahlkampf fir d'Kommunalwahle jo elo lancéiert ass.

Ech soen Iech Merci.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ech ginn dovun aus, dass deen nächste Riedner den Här Gilles Baum ass.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Gilles Baum *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn de Mëtten eng ganz Rei ganz engagéiert a ganz kompetent Rieden héieren. Mä ech mengen, et gëtt awer och elo emol Zäit, dass de Konsument hei zu Wuert kënnt.

Une voix.- Aah!

(Hilarité)

M. Gilles Baum *(DP).*- Fir mech ass de Wäibau net nëmmen e ganz wichtegen ekonomesche Pilier vun eiser Ekonomie, mä och kulturell huet en eng Bedeitung fir eist Land. E gudde Lëtzebuerger Pättchen, dee gehéiert zu eiser Kichen, dee gehéiert zu eise Fester. Jo, et ass fir mech en Deel vun eiser Lëtzebuerger Kultur!

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Baum *(DP).*- Och wann ech als Deputéierten aus dem Ostbezierk net vun der Musel sinn, interesséieren ech mech awer ganz staark fir dee flotten an och wichtege Beruff, net nëmme wéinst dem Aspekt vum Wäin, mä awer och aus dem Aspekt vun der Landschaftsfleeg.

An am Kader vun der Virbereedung vun dëser Interpellatioun hat ech d'Chance an d'Freed, fir mat menge Kolleegen, dem Lex Delles an dem Gusty Graas, déi verschidden Akteuren ze begéinen, dat heescht: den Institut viti-vinicole, d'Vinsmoselle an och d'Vertrieder vun de Privatwënzer. An ech géif vun dëser Plaz aus der Madamm Octavie Modert Merci soen, dass mer d'Geleeënheet kréien, fir hei am Kader vun dëser Interpellatioun Positioun ze bezéien zum Lëtzebuerger Wäin.

„Méi Qualitéit wéi Quantitéit", dat kléngt scho bal wéi de Fazit vun der dësjäreger Récolte. Mä et ass am Fong méi: Et ass de Schlëssel zum Erfolleg fir de Lëtzebuerger Wäin an d'Konditioun, fir dass een och an Zukunft an deem Secteur ka qualitativ héichwäertege Wäin a Crémant hierstellen.

2016 war sécherlech keen einfacht Joer - d'Virriedner hunn et gesot - fir eis 324 Wënzerbetriber, dovunner ronn 150 haaptberufflech Wënzer, déi déi 1.300 ha op eiser Musel bewirtschaften. Déi zwee Problemer, mat deene se dëst Joer ze kämpfen haten, et ass schonn ugeklongen, dat war de spéide Frascht am Fréijoer an de Peronospora-Pilz am Juli. D'Récolte 2016, déi läit mat 84.700 hl bei ronn 70% vun enger duerchschnëttlecher Récolte. Mä dee besonnesch héijen Oechslewäert ass dach awer d'Viraussetzung, dass mer och an dëser Récolte e ganz gudde Lëtzebuerger Wäi kréien.

Wat déi wirtschaftlech Situatioun ugeet, sou ass et esou, dass d'Genossenschaften an d'Privatwënzer net onbedéngt ëmmer déiselwecht Ziler hunn a si gesinn d'Erausfuerderung vum Lëtzebuerger Wäibau e bëssen anescht. Wichteg ass et awer, dass se alle béid sech staarkmaachen, fir eis Musel a fir eis Produite beschtméiglech ze vermaarten an d'Regioun dobausse beschtméiglech bekannt ze maachen.

95% vum Wäin, deen exportéiert gëtt, dee kënnt dann och vun der Vinsmoselle. An dës Zuel ënnersträicht, dass d'Genossenschaft an d'Privatwënzer verschidden Iddien hunn, och wat d'Promotioun ugeet. D'Vinsmoselle ass also zu engem groussen Deel op den Export ugewisen, an am Ausland ass de Präis oft méi wichteg wéi d'Qualitéit.

Dëst ass natierlech a Kontradiktioun mat där Philosophie, déi mer op der Musel hunn, wou mer d'Zukunft vun der Produktioun am qualitativ héichwäertege Wäi gesinn. D'Vinsmoselle exportéiert ganz vill Wäin an d'Belsch a besonnesch an d'Grande-surfacen. An dës diktéieren de Präis. Well d'Demande an de leschte Joren awer esou staark erofgaangen ass, dréckt dat sech natierlech och am Präis aus. An à long terme kann dat net riicht ausgoen, wa mer eis Wäiner bradéieren. Dëst ass net gutt fir d'Rentabilitéit. Mä et ass och net gutt fir d'Renommee vun eisem Wäi vun eiser Musel, deen awer sollt d'Reputatioun hu vun engem Qualitéitsprodukt. An e Qualitéitsprodukt huet nun emol säi Präis.

D'Zukunft vum Wäibau ass geséchert, wa mer weiderhin héich qualitativ Produkter hierstellen, sief dat de Wäin oder de Crémant. Well d'Produktiounskäschte mat Sécherheet net wäerten erofgoen, wann ee wëllt Qualitéit produzéieren, ass de Präis natierlech dann och de Präis vun engem Qualitéitsprodukt an net vun engem Masseprodukt. Wann ee kuckt, wat eng Fläsch, d'Etikettéierung an de Stopp kaschten, da freet ee sech, firwat am Supermarché heiansdo Wäi steet, dee knapps méi deier ass wéi eng Fläsch Waasser. Géint déi Konkurrenz kënne mer eis net wieren. Mä mir mussen awer de Konsument drop hiweisen, dass e Wënzer muss e faire Präis kréie fir säi Wäin, fir seng Aarbecht an dass ee fir e puer Euro méi hei zu Lëtzebuerg e richteg gudde Wäin ze kafe kritt.

D'Zil vun der Politik muss et natierlech och sinn, déi Fläch vun de Wéngerten, déi mer am Moment hunn, 1.300 ha, ze behalen. Dass

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

heiansdo e puer Grenzflächen ouni héich Qualitéit net méi ze bewirtschafte sinn, dat kann ee verkraaften, mä et ass eng Selbstverständlechkeet, dass déi gutt Lagen och an Zukunft fir eis gutt Wäiner bäibehale musse ginn.

A puncto Strategie a Marketing stellt ee fest, an et ass gesot ginn, dass de Konsum an de leschte Joren a Jorzéngte ganz staark erofgaangen ass. A fir méi Wäiner ze verkafen, denken ech, gëtt et zwou Schinnen, déi ee muss verfollegen: Éischtens muss een nei Mäert fannen an déi och ausbauen. Ech denken un Däitschland, déi baltesch Länner, China an den asiatesche Raum a Skandinavien. Besonnesch an Däitschland, ass eis zougedroe ginn, wär nach Potenzial do. Déi Däitsch si bereet, fir e gudde Wäisswäin och e gudde Präis auszeginn, wou et an anere Länner eng Hemmschwell gëtt. Besonnesch ass bei deenen Däitsche wichteg, dass d'Etikett op Franséisch ass. Dat kënnt bei eisen däitschen Nopere ganz gutt un.

Nei Clienten ze fannen, dat ass awer och besonnesch bei eisen auslännesche Matbierger wichteg. Vill Matbierger wëssen net, dass mer Wäi produzéieren an dass dee Wäin och richteg gutt ass. De Crémant, dee kennen eis auslännesch Matbierger besser wéi eise Wäin. Do bauen d'Auslänner éischter nach op dee rouden oder dee wäisse Wäin, dee se aus hirer Heemecht kennen. Si gräifen net op de Lëtzebuerger Wäin zréck, well se de Lëtzebuerger Wäin eben net kennen. Eis Matbierger aus Südeuropa, déi drénken ëmmer méi oft Crémant beim Apéro, beim Iessen hu se awer nach ëmmer am léifsten dee roude Wäi vun doheem. An do gëllt et, an Zukunft unzesetzen, dass dës Leit, déi gären e Pättche beim Iessen drénken, och emol méi oft zu enger Fläsch Lëtzebuerger Wäi solle gräifen.

Et muss een och soen, dass et an der Vermaartung vun eiser Musel jorzéngtelaang keng Strategie gouf. Firwat? Ma well de Wäin, dee produzéiert gouf, och alleguer verkaaft ginn ass. Haut huet sech d'Situatioun geännert. An de Supermarchéë si méi Konkurrenten aus aller Häre Länner derbäikomm, déi hire Produit zu engem Präis ubidden, wou eis Wäiner einfach net mathale kënnen.

An ech hu mer och soe gelooss, dass déi trei Clientèle ëmmer méi al gëtt an dass déi jonk Clienten ëmmer méi zécken, fir sech ze bannen, oder gären e bësse bei deem enge Wënzer an e bësse bei deem anere Wënzer kafen, ouni sech awer festzeleeën op eng Wäinzort.

Déi Etüd, déi vum Ministère an Optrag gi ginn ass, léisst op sech waarden. Et gi vill Zuele gesammelt an déi mussen ausgewäert ginn. Et geet ëm den Export, den Import, et geet ëm d'Produktioun. An et ass gutt, dass d'Wënzer mat an dës Etüd agebonne gi sinn. Eis Wënzer waarden elo seensüchteg op d'Resultat vun dëser Etüd, well si gär wëlle wëssen, wéi et weidergeet a wat d'Strategie vun der Regierung ass fir de Lëtzebuerger Wäibau a besonnesch, wéi et mat der Vermaartung an hirem Secteur soll weidergoen.

Här President, ech géif mer erlaben, eng Motioun ze hannerleeën, op déi mer da wäerten herno am Kader vum Débat zréckkommen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- soulignant l'importance de la viticulture pour notre pays, tant au niveau économique, touristique et culturel,

- saluant les énormes progrès en matière de qualité des vins et crémants luxembourgeois des dernières années,

- sachant qu'une étude sur le secteur viti-vinicole luxembourgeois a été commandée par le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs,

- estimant que le secteur viti-vinicole attend avec impatience le résultat de ladite étude,

- constatant que le secteur viti-vinicole est confronté de plus en plus à la concurrence étrangère à bas prix,

- constatant que le secteur viti-vinicole traverse une période difficile demandant ainsi une constante adaptation,

- sachant que des nouvelles opportunités se créent grâce aux nouveaux marchés qui sont en train de se développer tant sur le plan national que sur le plan international,

invite le Gouvernement

- à finaliser et à présenter dans les meilleurs délais les résultats de l'étude sur le secteur viti-vinicole,

- à tirer les conclusions de cette étude et à fixer les priorités pour l'avenir du secteur viti-vinicole,

- à définir une stratégie de marketing tenant compte des défis multiples auxquels est confronté le secteur viti-vinicole,

- à mettre à disposition les moyens nécessaires pour promouvoir efficacement le secteur viti-vinicole tout en considérant les spécificités des différents producteurs.

(s.) Gilles Baum, Tess Burton, Henri Kox, Octavie Modert.

M. Gilles Baum *(DP).*- De Budget vun der Promotioun ass erofgaangen. Et wëllt ee waarden, wat d'Resultat an d'Konklusioune vun dëser Etüd sinn, fir ze kucken, wéi a wat an Zukunft wéi soll promouvéiert ginn. An da muss awer erëm méi Geld an d'Promotioun fléissen, do, wou et eben néideg ass.

D'DP ass der Meenung, dass d'Vinsmoselle, déi ëmmerhi 50% vun hirem Wäin exportéiert, eng aner Publicitéit an eng aner Promotioun brauch wéi d'Privatwënzer, deenen hir Clienten zum allergréissten Deel hei am Land sinn. Dofir wär et gutt, wann d'Promotioun géif an dräi opgedeelt ginn: een Deel fir d'Privatwënzer, een Deel fir d'Vinsmoselle an een Deel, fir eis Wäiregioun als e Ganzt ze vermaarten.

Misst déi nei Signature „Luxembourg: Let's make it happen" net och an d'Promotioun vum Wäi matagebonne ginn? Hëlleft dat net och der Visibilitéit am Ausland? Wier et net gutt, och am Ausland, besonnesch an eisen Ambassade ronderëm d'Welt, niewent dem Wäi vum Institut viti-vinicole och aner Wäiner unzebidden?

An an der Restauratioun, do ass de Problem, dass oft mat grousse Liwweranten, mat grousse Gruppe geschafft gëtt. Déi liwweren dann e Package, mä e Package, deen net onbedéngt Lëtzebuerger Wäin ubitt. An déi Restaurateuren hunn natierlech dann net d'Geleeënheet, och nach Lëtzebuerger Wäi vu Lëtzebuerger Produzente mat op hir Kaart ze huelen.

Aner Restaurateure probéieren, esou vill wéi méiglech Choix op hirer Wäikaart ze hunn. Dat ass natierlech luewenswäert, well de Client eng grouss Auswiel huet. Mä fir de Wënzer ass et dach awer esou, dass en da relativ wéineg Fläsche kann an de Restaurant verkafen, wann en do eng grouss Konkurrenz huet.

Op där anerer Säit muss een awer soen - ech mengen, dat ass ganz wichteg -, dass an der haute Gastronomie, besonnesch a Restaurante mat engem Michelin-Stär, Lëtzebuerger Wäiner ni feelen. An dat ass dach awer och e gutt Zeechen, dass eis Wäiner déi néideg Qualitéit hunn, fir op esou engem Dësch kënnen zerwéiert ze ginn.

Ee Wuert zur Fréijorsfoire oder zum „Springbreak", wéi et ab 2017 wäert heeschen: D'Bezéiung tëschent der Foire an de Wënzer, dat ass keng einfach. D'Wënzer brauchen d'Foire an d'Foire brauch d'Wënzer, well kommt, mir sinn éierlech: Wie bleift net gär op der Foire stoen, wann en do op der Visitt ass, fir e klenge Pättchen ze drénken an eventuell eppes ze kafen?

Dernieft muss ee soen, dass verschidde Wënzer bis zu engem Drëttel vun hirer Produktioun ebe grad op dëser Foire verkafen; och wann d'Zuelen éischter réckleefeg sinn.

Derbäi kënnt, dass d'Foire all Joer méi deier gëtt fir de Wënzer. D'nächst Joer wäerten d'Präisser ëm 25% steige fir de Stand, och wa se vun der Durée vun néng Deeg op fënnef Deeg zréckgeet. An esou enger Situatioun, Kolleeginnen a Kolleegen, mengen ech, ass et normal, dass de Wënzer sech dräimol iwwerleet, ob en den Invest mécht, fir do nach matzemaachen, oder net.

Den Önotourismus ass och schonn hei ugeschwat ginn. Deen däerf natierlech net vergiess ginn. Do ass nach Sputt no uewen, wou dann de Ministère du Tourisme zoustänneg wär. Och wa vill Kellereien an hir Infrastrukturen investéieren a mir ewell immens flott Wäistuffe laanscht d'Musel hunn, sou ass et awer nach net selbstverständlech, dass en Tourist, deen op Lëtzebuerg kënnt, en Dag an der Haaptstad ass an dann och nach en Tour iwwert d'Musel mécht fir eng Degustatioun oder eng Visitt.

Et ass och net esou einfach, fir Leit bei sech an d'Kellerei op eng Visitt anzelueden, well déi sanitär Konditioune relativ streng sinn an een net iwwerall ka mat engem Grupp higoen. Et misst een op de Wee goen, wéi d'Luxlait et gemaach huet, mat engem Vitarium. Mä dat bedeit natierlech en immens héijen Investissement, wou net all Wënzer bereet ass, dat ze stemmen an och net ka stemmen.

D'Appellatioun AOP, déi nei Appellatioun vun de Qualitéitswäiner, ass op der Musel gutt akzeptéiert ginn. Europawäit weess een elo, dass een e Wäi kritt, wou garantéiert ass, dass en aus där Regioun kënnt, déi dropsteet, an dat zu enger héijer Qualitéit. D'AOP ass awer net nëmmen d'Resultat vun der Ëmsetzung vun der Wäimaartreform, mä si ass och eng Äntwert op déi héich Qualitéitsufuerderunge vun de Konsumenten.

Et muss een och festhalen, dass mir an eise Betriber topforméiert Leit hunn, déi eppes vun hirem Handwierk kennen. Dofir ass et mer net baang, dass si et fäerdegbréngen, och an Zukunft gutt Wäiner hierzestellen. Denkt emol un den Auxerrois: Viru Jore war dat en Einstiegswein, e Vin de table, deen net vill kascht huet an deen och net besonnesch war. Haut fënnt een exzellent, aussergewéinlech Auxerroisen, déi et mat deene beschte Wäiner ophuele kënnen.

Dass mir op der Musel de Wee vu Qualitéitswäiner hierstelle statt Masseproduktioun konsequent ginn, dat wësse mer säit enger Zäit. Sou sinn näämlech Qualitéitslabele wéi Domaine et Tradition oder d'Charta-Wäiner entstanen, déi fir eng besonnesch héich Qualitéit suergen.

D'Helikoptersprëtze vun de Wéngerten, dat mécht eise Wënzer Suergen. Wat een net däerf vergiessen: D'Wënzer mussen hir Riewe mat Planzeschutzmëttelen traitéieren, fir dass se net krank ginn. A wa se et net kënne mam Helikopter maachen, da siche se aner Moyenen. Dofir wär et falsch, wann ee géif mengen, wann een den Helikopter verbitt, dass da kee Planzeschutzmëttel méi agesat gëtt, besonnesch an de Steilhäng. An do hate mer jo dëst Joer mam Pilz d'Erfahrung gemaach, dass huet ganz, ganz schnell misse reagéiert ginn, dass den Helikopter huet misse kommen, fir do ze retten, wat nach ze rette war. Ech wollt Iech just soen, dass et an der Géigend vun Ohn a vu Wuermer Pentë ginn, déi eng Neigung hu vu bis zu 45%.

Ech mengen awer, dass d'Zukunft vum Sprëtzen an de Steilhäng anescht ausgesäit. Ech si fest dovunner iwwerzeegt, dass an Zukunft d'Wéngerte wäerte mat Prezisiounsdrone mat Planzeschutzmëttele besprëtzt ginn. D'Entwécklung vun den Dronen am Moment, déi ass rasant. An der Landwirtschaft an och am Wäibau ginn ewell Drone benotzt, déi Informatioune sammelen iwwert déi verschidde Wéngerten. Dronen, déi sprëtzen, ginn et elo schonn, mä si hu sech nach net duerchgesat. Ee Virdeel vun deenen Dronen ass et awer, dass se ganz no iwwert de Wéngert fléie kënnen an esou ganz prezis do sprëtzen, wou et muss sinn.

Ech denken och hei, an ech mengen, dat ass immens wichteg, dass een dem Wënzer mat méi Kulanz muss entgéintkommen a besonnesch déi administrativ Hürden ofbauen. De Wënzer, dee wëllt an der Natur schaffen an dee wëllt net allze vill Zäit a sengem Büro verbréngen. An d'Simplification administrative ass hei gefrot. Ech denken hei besonnesch un de Punktesystem, un d'Landschaftsfleegeprimm, awer och un d'Visitte vun der Douane: Obschonns et eng Accise null gëtt um Crémant, ginn d'Fläschen ëmmer erëm regelméisseg gezielt. Ech weess net, ob dat wierklech ganz sënnvoll ass!

Och déi onkloer Situatioun vum Entsuerge vum Holz, vum Riefschnëtt, mécht ville Wënzer Kappzerbrieches. Momentan mussen d'Wënzer all hir futtis Stäck op eng Deponie féieren. Wann een all Wënzer op der Musel zesummenzielt, da ginn dat schonn enorm Quantitéiten, déi vun A op B gefouert ginn. Do freet ee sech, ob ee wierklech der Ëmwelt en Déngscht geleescht huet, wa vill Camionen duerch d'Geografie gondelen.

Wann ee weess, dass et a verschiddene Wéngerten eng Pente gëtt vu bis zu 40%, da weess een net nëmmen, dass et net ongefäierlech ass, dat ganzt Gestrëpps erauszekréien, dat kascht de Wënzer och ganz vill Opwand an Zäit. A besonnesch rose sinn d'Wënzer dann, wa se gesinn, dass hir Kolleegen déisäit vun der Musel hire Riefschnëtt däerfe verbrennen an dass den Damp dann nach op déi Lëtzebuerger Säit zitt. Ech mengen, do hunn ech ganz vill Versteesdemech fir d'Suerge vun de Wënzer.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gilles Baum *(DP).*- Fir de Marc an d'Biogasanlag ze féieren, brauch de Wënzer elo eng extra Geneemegung, well en als Déchet considéréiert gëtt. Dobäi huet de Wënzer geduecht, e géif eppes Guddes maachen, wann en dat an d'Anlag féiert. An elo gëtt en och domat nach schikanéiert. Firwat ass dat esou laang, esou vill Jore gutt gaangen a firwat däerf en dat elo net méi? Dat ass och eng vun de Suergen, déi d'Wënzer un eis erugedroen hunn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Baum, Dir misst esou lues zur Konklusioun kommen, well Dir hutt och schonn Är Motiounszäit opgebraucht.

M. Gilles Baum *(DP).*- Da soen ech Iech, Här President, nach just e Wuert zu den Erntehelfer. Och do misst eng Simplification administrative gemaach ginn. Déi Leit, déi aus Polen meeschtens kommen an dräi, véier Wochen op Lëtzebuerg schaffe kommen, déi mussen net onbedéngt och nach bei de Kontrolldokter goen.

Ee Wuert zum Finanzement: Wann een eng nei Wäistuff baut, Här President, da kritt een eng propper finanziell Ënnerstëtzung. Wann een awer eppes renovéiert, e Keller renovéiert als Salle de dégustation, dann ass dat net ëmmer de Fall.

Bon, ech hätt elo nach dat eent oder anert kënne soen. Dir Dammen an Dir Hären, de Lëtzebuerger Wäibau an de Lëtzebuerger Wënzer hunn eng Zukunft. Déi läit am qualitativ héichwäertege Wäin a Crémant. A fir dem Wënzer entgéintzekommen - an ech mengen, et ass jo dat, wourëm dass den Débat sech de Mëtte gedréit huet -, muss d'Politik un e puer Schrauwen dréien, Schrauwen, déi ech a meng Virriedner elo hei beschriwwen hunn.

Manner Quantitéit a méi Qualitéit, dat ass de Schlëssel fir eng erfollegräich Zukunft an eisem Wäibau. A jo, mir sinn eben dat klengt Land vun deene grousse Wäiner! Dëst gesot, géif ech soen: Prost op d'Lëtzebuerger Musel an op eis Wënzer!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An ech gesinn, den Här Landwirtschafts- a Wäibauminister ass ënnerwee. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Merci villmools, Här President. Virewech wëll ech der Madamm Modert Merci soe fir d'Initiativ zu dëser Interpellatioun. D'Madamm Modert wéi och eng ganz Rei Fraktiounssprecher hunn am Kader vun dëser Interpellatioun eng ganz Rei interessant Punkten opgeworf, op déi ech elo wäert agoen.

Fir d'Éischt awer en opriichtege Merci un all Intervenantë fir hir konstruktiv Bäiträg. De Wäibau ass ee vun den aarbechtsintensiivste Secteure vun der Landwirtschaft. 450 Aarbechtsstonne si pro Joer a pro Hektar noutwendeg, fir eis eenzegaarteg Kulturlandschaft laanscht d'Musel ze erhalen. Dat entsprécht ronn 75.000 Aarbechtsdeeg, fir e Gesamtareal vun 1.300 ha ze erhalen. An dësen Aarbechtsston-

nen ass d'Aarbecht am Keller an an der Vermaartung net agerechent.

De Lëtzebuerger Wäibau zielt nach 324 Betriber. Dovu sinn der 171 haaptberufflech. Virun zéng Jor hate mer fir datselwecht Areal nach 445 Betriber. Ronn 400 ha Wéngert leien a Steillagen iwwer 30% oder an Terrassen. Dës Wéngerte sinn nëmme schwéier oder iwwerhaapt net maschinell ze beschaffen.

An deene leschte fënnef Joer hate mer zwou Récolten, déi mengeméisseg nëmme 70% vun enger normaler Récolte ausgemaach hunn - dat war 2012 an 2016 -, wat natierlech kee positiven Effekt op d'Situation économique en général vum Wäibau hat.

Doriwwer eraus ass d'wirtschaftlech Situatioun vu Betrib zu Betrib ganz ënnerschiddlech. Et gi Betriber mat enger gudder wirtschaftlecher Situatioun, esou wéi et och Betriber gi mat enger manner gudder Situatioun. Dat geet aus de Resultater vun der Buchführung ervir. An dat ass och esou an allen anere Wirtschaftssecteuren de Fall. D'Ursaach beim Wäin ass wuel déi, datt déi Betriber mat enger gudder Situatioun sech besser a méi séier un d'Maartsituatioun ugepasst kruten, wéi déi Betriber, déi manner gutt Resultater Opweises hunn.

Haaptsächlech sinn et déi Betriber, déi staark vum Export ofhängeg sinn, bei deenen d'wirtschaftlecht Resultat net esou gutt ass. De Wäimarché ass en total globaliséierte Maart, op deem d'Offer méi héich ass wéi d'Nofro. Quasi 40% vun der Produktioun ginn exportéiert, woubäi de Präis eng elementar Roll spillt. Dat heescht, datt de Präisdrock enorm héich ass. An deem Präiswettbewerb huet e Land wéi Lëtzebuerg, mat héije Produktiounskäschten, et enorm schwéier.

Et kann ee soen, dee Wäin, deen hei betraff ass, entsprécht in etwa engem Drëttel vun der Fläch. Wa mer hei net reagéieren, da fält an Zukunft een Drëttel vum Areal ewech, well d'Rentabilitéit net méi assuréiert ass. Wa mer d'Produktioun verbesseren op deenen entspriechende Flächen a versichen, dee Wäin op deene richtege Marchéen ofzesetzen, dann ass et méiglech, déi zirka 300 bis 400 ha Wéngerte kënne weider ze bewirtschaften.

Wéi gesäit et mat der Zukunft vum Wäibau aus? D'Nofolleg op de Wënzerbetriber ass déi grouss Erausfuerderung vun deenen nächste Joren. An der Émfro vun 2015 hunn 83 Wënzer iwwer 54 Joer op d'Fro geäntwert, ob en Nofolger um Betrib ass: Nëmme bei 15 Betriber ass d'Reprise garantéiert. Mir hunn och festgestallt, datt haaptsächlech bei den Drauweproduzente keen Nofolger um Betrib ass. Bei de Privatwënzer ass bal ëmmer d'Successioun garantéiert.

Betreffend d'Struktur gi mer also dervun aus, datt an Zukunft eng plus ou moins gläichbleiwend Riefflächvu manner Betriber bewirtschaft wäert ginn. De Prozess vun der Konzentratioun geet deemno weider.

Wat d'Betribsgréisst ubelaangt, hu mer dëst Joer och gesinn, datt et Grenze ginn, Stéchwuert: Peronospora. Betreffend d'Produktqualitéit ass et ganz kloer, datt mer als kleng Regioun mat héije Produktiounskäschte keng Chance hunn, fir am renge Präiswettbewerb kënne matzehalen. Mir mussen eis an e stänneg verbesserte Qualitéitswettbewerb weider eraschaffen.

Wéi schonns an der Aleedung gesot, ginn et Betriber, déi d'Upassung un d'Nofro méi séier gemaach hu wéi anerer. Duerfir huet d'Regierung och eng Studie an Optrag ginn, déi quasi souwäit ofgeschloss ass, fir nei Mäert fir eis Produkter ze fannen.

An da komme mer och zur nächster Fro iwwert d'Marketingstrategie. Ech hu schonns drop higewisen, datt um Wäimaart eng staark Konkurrenz herrscht. D'Lëtzebuerger Wäiner hunn an deene leschten zwee Jorzéngte vill Maartundeeler verluer. Déi traditionell Rezepter vum Fonds viticole a vun der Commission de promotion hunn hei offensichtlech net méi gegraff. Duerfir huet et eis wichteg geschéngt, eng ëmfaassend Etüd iwwert d'Situatioun ze maachen, fir déi richteg Marketingstrategie kënnen ëmzesetzen an domat d'Rentabilitéit vun eise Wéngertflächen ze garantéieren.

Ech wëll dann och hei vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir deenen dräi Beruffsorganisatioune vun de Wënzer ausdrécklech Merci ze soe fir déi exzellent Zesummenaarbecht bei dëser Etüd.

Wat d'Marketingstrategie, d'Promotioun an d'Kommerzialisatioun ugeet, muss differenzéiert ginn tëschent dem Export an dem Marché heiheem. Wat den Export ubelaangt, hunn ech schonns gesot, datt mer e groussen Deel vum Export mussen ëmstrukturéieren: souwuel d'Produkt, wat muss verbessert ginn, wéi och d'Plaz, also d'Land, d'Regioun, awer och de Client selwer, wou dat verbessert Produkt soll verkaaft ginn.

Ech wëll der Madamm Modert soen, datt de belsche Maart enorm schwiereg ass, an e gëtt och an der Etüd mat berücksichtegt.

Wat de Marché heiheem ubelaangt, musse mer eis méi un déi auslännesch Matbierger wenden, déi oft net wëssen, datt et hei zu Lëtzebuerg e Wäibau gëtt. Dëst Joer ginn och Promotiounsaktioune virun de Feierdeeg an der Stad Lëtzebuerg verstäerkt, fir den auslännesche Matbierger méi geziilt kënnen unzespriechen.

E weidert Zil ass et, den Ofsaz vu Crémant weider hei am Land ze förderen, well mer dovun ausginn, datt och hei nach zousätzlech Maartundeeler ze gewanne sinn, eis grouss Wäiner, déi sech gutt verkafe sollen an där zukünfteger Strategie, d'Notorietéit vun eisem gesamte Wäibau ze verstäerken, wéi dat och de Fall ass an deene meeschten anere Wäibauregiounen.

Dann ass gefrot ginn no engem éischte Bilan, wat d'AOP ubelaangt. Et ass nach ze fréi, fir en endgültege Bilan ze maachen. Bis elo ginn et zwee Joergäng, 2014 an 2015, an deen drëtten ass grad gelies ginn, déi ënnert dem Label vun der neier AOP Moselle luxembourgeoise lafen.

Oft gëtt d'Fro gestallt: Ass d'Qualitéit vun de Wäiner duerch den neie Qualitéitssystem besser ginn? Et goufe virun der AOP schonns Wäiner ënnert deeneselwechte Bedéngunge produzéiert, wéi elo mat der AOP. Duerch d'Aféiere vun der AOP gëlle fir all Wäiner déiselwecht Bedéngungen. Dat heescht, d'Lagewäiner musse mat 75 hl pro Hektar produzéiert ginn. Virun der AOP konnt e Wäin, dee mat engem Maximum vun 12 Fudder um Hektar produzéiert ginn ass, souwuel den „grand premier cru" kréien, wéi och e Wäin, deen nëmme mat der Halschent produzéiert gouf. Dat geet haut net méi. An der Breet ass d'Qualitéit vun eise Wäiner duerch d'AOP nach gesteigert ginn.

D'AOP verfollegt haaptsächlech zwee Ziler: éischtens d'Qualitéit vun de Wäiner ze steigeren. D'Zil ass et, e qualitativ héichwäertegt Produkt zouverlässeg an d'Fläsch ze kréien. Duerfir si generell d'Rendementen erofgesat ginn: Wann een traditionell Begréffer wéi „grand premier cru" oder Lagennimm wëllt benotzen, muss mat niddregen Erträg geschafft ginn.

D'Verwendung vun de Lagennimm war am ale System net esou streng geregelt. Dat heescht, et gouf keen extrae Rendement, dee respektéiert huet misse ginn, fir de Lagennumm benotzen ze dierfen. Et ass awer nëmme mat engem méi niddrege Rendement, wou een déi lagespezifesch Charakteristiken zum Virschäi bréngt a vun Terroir geschwat ka ginn. Duerch ee méi niddrege Rendement sinn d'Lagewäiner och nëmme limitéiert verfügbar an doduerjer ginn d'Lagewäiner an domadder d'Lagen u sech natierlech valoriséiert.

Elo ass et awer esou, an dat läit an der Natur vun der Saach, datt et besser an och net esou gutt Lage ginn. Dat steet elo net am Widdersproch zur AOP, well d'Originn vun deem enge Wäin ass eben eng besser an d'Originn vun engem anere Wäin eng manner gutt. Mä et muss nach e bëssen un der Verwendung vun de Lagennimm gefeilt ginn, well wéi gesot, e Wäin, deen ënner enger Lag vermaart gëtt, soll en Topwäi sinn. Duerfir musse mer iwwerleeën, ob zum Beispill och all Lagennumm dierf benotzt ginn, oder misst een eventuell d'Lagen definéieren, déi fir den Étiquetage benotzt dierfe ginn?

Dat zweet Zil vun der neier AOP ass, e Marketinginstrument an der Hand ze hunn. D'Wäiner musse jo och verkaaft ginn. A fir Wäiner ze verkafen, muss een eng Geschicht hunn. An do ass dat neit Konzept, wou den Originn vum Wäin an de Mëttelpunkt gestallt gëtt, natierlech eng Hëllef. Den neie System erkläert elo dem Konsument, datt e Lagewäi mat engem niddrege Rendement gezillt muss ginn, datt e genau an der Lag gewuess ass an datt en d'Charakteristik vun der Lag am Wäin erëmfanne kann. Dat Ganzt muss als Package gesi ginn an Hand an Hand lafen. De Konsument huet hautdesdaags eng Hällewull vu Wäiner zur Auswiel an hie muss iergendwéi op de Lëtzebuerger Wäin opmierksam gemaach ginn.

Säit d'AOP ëmgesat ginn ass, ass de Konsum vu Lëtzebuerger Wäi liicht eropgaangen, vun 10,7 Liter op 12 Liter. Awéiwäit dat awer elo duerch d'AOP ass, duerfir ass et, wéi gesot, nach ze fréi, fir eppes Definitives ze soen.

Dann ass och virdrun driwwer diskutéiert ginn: Wat sinn elo d'Effete vum neien Agrargesetz? D'Agrargesetz an och d'Planzeschutzgesetz ëmfaasse vill Voleten. Ech wollt op dëser Plaz just op déi Moossnamen agoen, déi fir de Wäibau am relevantste sinn.

D'Zil vum Agrargesetz ass, d'Entwécklung vun de Familljebetriber ze förderen, de Familljebetrib ökonomesch ze stäerken, souwuel an der Landwirtschaft wéi och am Wäibau. Duerfir gëtt de Plaffong vun de Bäihëllefen ofhängeg gemaach vun dem Aarbechtsopwand am Betrib. Dëse System ass dobäi esou opgebaut ginn, datt den haaptberuffleche Familljebetrib en Investitiounsplaffong zur Verfügung gestallt kritt, deen hie brauch, fir sech nohalteg kënne weiderzëentwéckelen.

Duerch dëst neit Konzept ginn déi aarbechtsintensiv Secteure wéi de Wäibau besonnesch berücksichtegt. Aarbechtsintensiv heescht awer och, datt Aarbechtsplazen am ländleche Raum duerch esou Investitioune geschafe ginn.

Ze bemierken ass och, datt an de fréieren Agrargesetzer d'Wënzer benodeelegt gi sinn. D'Wënzer kruten 10% manner Subsid bei Investitioune wéi d'Baueren. Am neien Agrargesetz huet d'Regierung dësen Ënnerscheed ofgeschaaft, well mer der Meenung sinn, datt de Bauer an de Wënzer d'selwecht behandelt solle ginn.

Des Weidere leet dat neit Agrargesetz vill Wäert op d'Förderung vun der direkter Vermaartung. D'Zil ass et, d'Plus-value am ländleche Raum ze behalen an natierlech Aarbechtsplazen ze schafen. Deementspriechend kréien d'Wënzerbetriber eng substanziell Hëllef, wa se an d'Direktvermaartung wéi zum Beispill a Schmaachstuffen investéieren. Dës Strukture sinn e groussen Erfolleg a sinn immens wichteg, fir den Önotourismus op der Lëtzebuerger Musel weiderzëentwéckelen.

D'Akommes vum Wënzer ass awer net nëmme vum Drauwen- a Wäipräis ofhängeg, mä och vum Wieder. Duerfir ass de Klimawandel eng grouss Erausfuerderung fir eise Wäibau. Et ass gewosst, datt ee keng Direktmoossname géint d'Wieder kann ergräifen. Wann et reent, da reent et ebe riicht eran.

Plusieurs voix.- Jo!

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Trotzdeem...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- ...kann ee Mesuren ergräifen, fir den...

(Brouhaha et hilarité)

Trotzdeem kann ee Mesuren ergräifen, fir den Impakt vun esou extreme Wiederkonditiounen op de Wéngert, d'Drauwen, de Wäin an d'Akommes vum Wënzer ze reduzéieren. Um Niveau vun de Steiere gëtt duerfir bei de Baueren- a Wënzerbetriber de System vum „carry back, carry forward" op eng Moyenne vu fënnef Joer erweidert an d'Limitt vu 5.000 Euro ofgeschaaft, soudatt d'Betriber de Benefiss vu gudde Jore mat méi schlechte Jore kënne kompenséieren.

Des Weideren huet d'Regierung iwwert d'Agrargesetz hiren Undeel vun de Bäiträg bei de Knëppelsteng- a Fraschtschutzversécherunge vu 50% op 65% eropgesat. Dës Versécherunge garantéieren am Fall vun extreme Wiederkonditiounen e garantéiert Akommes. Ech wëll hei betounen, datt Krankheete wéi Peronospora net kënne verséchert ginn. Krankheete sinn awer och ofhängeg vun der Produktiounsweis vum Wënzer. Ech mengen, d'Kolleegin Tess Burton hat et och scho virauser gesot gehat: Dëst Joer sinn 2,1 Millioune vun den Assurancen ausbezuelt ginn. An ech mengen, dat ass e substanzielle Montant.

Am Beräich vum Planzeschutz huet sech an deene leschte Jore vill gedoen. Wéi Der all wësst, hu mer eis national Legislatioun a Reglementatioun un den europäesche Rechtskader ugepasst. Am Wäibau sinn dobäi haaptsächlech d'Helikoptersprëtzunge betraff. Den Helikopter dierf elo nëmmen nach déi géi Wéngerte sprëtzen. Sécherheetsdistanzen zu Schutzgebidder a Wunngebidder mussen och elo respektéiert ginn.

Grad bei den Naturschutzgebidder ass geplangt, dës Distanzen a Fonctioun vun dem standuertbedéngte Risiko méi flexibel ze gestalten. Dat bedéngt, datt elo méi vum Buedem aus gesprëtzt gëtt an datt vill Betriber sech mat méi performanten Trakteren a Sprëtzen équipéiere mussen. Duerfir ginn am Agrargesetz de Wéngertstrakter an d'Wéngertssprëtz weiderhi subventionéiert.

Zousätzlech kruten d'Betriber en zousätzlechen Investitiounsplaffong fir d'Mechaniséierung vun de Steillagen. Ech wëll hei och soen, datt d'Buedemverdichtung bei der Raup wesentlech manner ass, wéi dat beim Trakter de Fall ass. Déi nei Raupe mat Seelzuch si méi sécher an och am Ausland ginn déi ganz oft recommandéiert. D'Zukunft läit hei och wahrscheinlech am iwwerbetriiblechen Asaz.

Mme Octavie Modert *(CSV), interpellatrice.*- Och déi Gefierer hunn d'Rad geschloen dëst Joer. Duerfir hunn déi jo och opgehalen, et an deem dote Verfahren ze maachen. Dat heescht, dee System, wou ee geduecht huet, datt en als Alternativ géif kënnen zielen, a wat jo och préconiséiert ginn ass vum Ministère aus, geet dee Moment net méi op, well och déi awer d'Rad geschloen hunn an den Häng an och nach bei deem Wieder derbäi!

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Et ass sécherlech richteg, datt den Asaz vun de Maschinne bei esou Wiederkonditiounen, wéi mer se dëst Joer kannt hunn, méi schwéier war, wéi dat an normale Joren de Fall war. Mä ech mengen awer, déi Maschinnen, déi d'Rad dëst Joer geschloen hunn, dat ware mengen Informatiounen no awer Trakteren an dat ware keng Raupen. Dat, wat ech gesot hunn, dat ass awer dat, wat vun de Raupen ass: datt do de Sécherheetsstandard awer relativ héich ass.

Bon, ech wëll elo virufueren: D'Zil vun der Regierung ass et, de Wäibau méi nohalteg ze gestalten. Duerfir, mengen ech, ass och de Subsid fir d'biologesch Bekämpfung vum Traubenwickler a fir de biologesche Wäibau substanziell gehéicht ginn. D'Landschaftsfleegeprimm ass mat engem Basisprogramm a fakultative Moossname méi flexibel opgestallt ginn a betrëfft all Wéngerten, och déi flaach.

Déi aner Mesuren, vun deenen d'Wënzer och nach betraff sinn, sinn zum Beispill d'Ënnerstëtzung vun der Berodung, vun der Fuerschung a vun der Instandsetzung vun de Wéngertsweeër. D'Berodungsmodeller, wëll ech hei preziséieren, sinn intensiv mam Beruff ofgeschwat ginn.

Ech hunn elo net alles opgezielt, mä meng Beispiller weisen däitlech, datt mir mam Agrargesetz e gudde Rechtskader gesat hunn. D'Subside ginn net méi nom Géisskaneprinzip ausbezuelt, esou wéi dat fréier de Fall war. Et handelt sech éischter ëm geziilt Moossnamen, déi dem Wënzerbetrib hëllefen, déi ekonomesch, sozial an ökologesch Erausfuerderunge vun där heiteger Zäit ze bewältegen.

E gutt Beispill vun den aktuellen Erausfuerderungen ass den ökologesche Wäibau. Momentan hu mer ronn zéng Biobetriber, déi 50 ha Wéngerten ökologesch bewirtschaften. D'Deelëmstelle vun engem Wënzerbetrib op Bio ass am Wäibau méiglech an ass eigentlech den Haaptgrond vun där gudder Akzeptanz

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

vum Bio op der Musel duerch eis dräi Gruppementer, also den Domaine Vinsmoselle, d'Privatwënzer an de Wäinhandel. Deelëmstellung erlaabt näämlech de Betriber, sech lues a lues op Bio ëmzestellen. Besonnesch a klimatesch schwierege Jore wéi 2016 kënnt de Biowäibau u seng Limitten, an an der Bekämpfung vun der Pilzkrankheet Peronospora. Souguer eis konventionell Betriber haten dëst Joer vill Problemer, fir dës Krankheet a Schach ze halen.

Wéi Der all wësst, huet eng europäesch Rief keen natierleche Schutzmechanismus géint Peronospora. De Pilz huet näämlech eréischt Enn vum 19. Jorhonnert vun Amerika aus eis europäesch Wäibaugebidder erobert. Nieft dem Koffer haten eis Biowënzer bis 2013 d'Méiglechkeet, Kaliumphosphonat anzesetze géint Peronospora. Leider kann zënter 2013 dësen ongeféierleche Wierkstoff net méi agesat ginn.

Dës Entscheedung vun der EU-Kommissioun kann ech net novollzéien, well d'IFOAM, also déi international Biofederatioun, dëst ongeféierlecht Produkt fir de Biowäibau souguer recommandéiert. Ech hu mech jiddefalls op europäescher Ebene agesat, fir dëst Produkt nees fir de Bio zouzeloossen. Leider gëtt eis Fuerderung nëmme vun Däitschland, Tschechien an Éisträich ënnerstëtzt. Déi südeuropäesch Länner brauchen de Kaliumphosphonat net am Bio, well do d'Wiederkonditioune wesentlech manner favorabel fir Peronospora sinn. Duerfir ënnerstëtze si eis Fuerderungen net bei der EU-Kommissioun.

Pilztolerant Zorte wéi de Johanniter an de Cabernet blanc wären eng Léisung. Mä d'Clientèle muss awer och bereet sinn, esou Wäiner ze kafen. Wann een de Subsid vun der Ëmstrukturéierung ofrechent, kascht et de Wënzer awer nach 20.000 Euro, fir een Hektar nei unzeplanzen. Et muss een also vill Fläsche Wäin un de Mann oder un d'Fra bréngen, fir esou Investitiounen a pilzfest Zorten ze rentabiliséieren.

Trotz dëse Schwieregkeete mengen ech awer, datt dës Zorten e grousst Potenzial hunn. Nieft den Däitschen hu mëttlerweil och d'Fransousen dës Zorte fir hire Wäibau zougelooss a wëllen an dësem Beräich verstäerkt an d'Versuchswiesen investéieren. Den IVV hat kee Kontakt mat Limburg, mä awer mat ganz villen aneren Instituter, wéi zum Beispill Neustadt. D'Piwie si vum IVV evaluéiert ginn an et gesäit een e ganz grousst Potenzial heibäi.

An dësem Kontext wëll ech och nach kuerz op d'Verbrennung vum Grünschnitt am Wäibau an an der Landwirtschaft agoen. Ech mengen, datt hei nach eng Rei vu Froe musse gekläert ginn. Ech denken do besonnesch u sanitär Aspekter bei de Planzen. Et brauch ee sech jo just d'Problematik vun der Xylella fastidiosa an Italien an Erënnerung ze bréngen. Op jidde Fall muss do eng Léisung fonnt ginn, zesumme mat de Wënzer an de Baueren, fir datt mer eng Win-win-Situatioun kënnen opbauen, fir d'Ëmwelt, d'Landschaft a fir d'Landwirtschaft.

Ech wëll nach soen, bei der Peronospora, den Ënnerscheed par rapport zum Bioubau an dem konventionellen Ubau: Do huet missen am Bio dëst Joer véiermol amplaz zéng- bis zwielefmol gesprëtzt ginn, also wesentlech manner bei de Piwi-Zorten, wéi dat bei aneren Zorten de Fall war.

Nach vläicht e puer Wierder zu den administrative Prozeduren. Am Beräich vun der Simplification administrative ass an deene leschte Jore vill geschitt. D'Wäibauinstitut ass als Kompetenzzentrum an als Guichet unique fir de Wäibau ausgebaut ginn an dowéinst konnte vill administrativ Prozeduren am Wäibau vereinfacht ginn. De Prinzip vun dësem Guichet unique ass einfach: De Wënzer kann d'Formulairen op enger Plaz déposéieren. D'Wäibauinstitut leet dann déi jeeweilege Informatiounen oder Formulairen un déi aner concernéiert Verwaltunge weider. Fréier hunn d'Wënzer bei fënnef verschiddene Verwaltunge missen hiert Wéngertsareal deklaréieren: am Service économie rural, an der ASTA, am Wäibauinstitut, beim Statec an an der Sécurité sociale.

Haut leeft dat meescht iwwert d'Wäibauinstitut am Kader vun engem eenzegen Antrag, näämlech der Weinbaukarteierhebung, entweder um Pabeier oder online. Haut kann de Wéngertsbetrib an enger hallwer Stonn zesumme mat dem zoustännege Beamten direkt am Wäibauinstitut opgemaach ginn. Et ass net méi noutwendeg, bei dräi oder véier verschidde Verwaltungen ze lafen.

D'Gestioun vun de Subsiden am Kader vun engem Remembrement ass wesentlech méi einfach ginn. Nëmmen nach eng Verwaltung, näämlech den ONR, këmmert sech elo dodrëm. Des Weidere kritt de Wënzer de Subsid direkt op säi Konto ausbezuelt an net méi iwwert den Ëmwee vun engem Syndikat.

Ech si mer bewosst, datt nach Handlungsbedarf besteet, fir Verwaltungsweeër méi kuerz a méi einfach ze gestalten. Trotzdeem gesitt Der unhand vun dëse Beispiller, datt mer um richtege Wee sinn. Natierlech huet de Wënzer vill administrativ Hürden ze bewältegen, mä hie gëtt awer net eleng am Ree stoe gelooss.

D'landwirtschaftlech Verwaltungen an d'Landwirtschaftskammer bidden eng breet Gamme vu Berodungsservicer un, souwuel an administrative wéi och an technesche Beräicher. Bei enger Aussiidlung vum Keller an d'Zone verte gëtt déi üüblech ekonomesch Berodung op ökologesch Aspekter erweidert, fir der standuertspezifescher Situatioun besser kënne Rechnung ze droen.

Heiansdo muss een als Minister och Nee soen, besonnesch dann, wann eng Reguléierung fir eis Verhältnisser net noutwendeg ass. Am Wäibau huet d'Regierung beispillsweis den Autorisatiounssystem vun Neiplanzungen net ëmgesat. Bei engem Lëtzebuerger Wäibauareal vun 1.300 ha Wéngerten ass dat menger Meenung no näämlech iwwerhaapt net noutwendeg. Par contre, an engem Land wéi Frankräich mat 800.000 ha Wéngerten ass esou e System éischter sënnvoll.

Als Ofschloss wënschen ech mer, datt mer mat de Wënzer zesummen déi richteg Strategie fir déi kommend Jore kënnen opbauen an datt d'Resultater an deem Sënn wierksam sinn, datt d'Wënzer déi 1.300 ha Kulturlandschaft op eiser Musel rentabel fleege kënnen, well dat och Implikatiounen op aner Wirtschaftszweiger, zum Beispill den Tourismus, huet.

Fir ze réusséieren, brauche mer beschtens forméiert Meedercher a Jongen, déi mat voller Motivatioun hir Betriber féieren a stolz op hiert Produkt sinn. An deem Sënn steet de Stat mat alle Méiglechkeeten, déi en huet, deem flotte Beruff zur Verfügung.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. D'Madamm Modert freet sech d'Wuert.

Mme Octavie Modert *(CSV), interpellatrice.*- Merci, Här President. Däerf ech dem Här Minister nach eng Fro stellen zum Ofschloss vu senger Ried? Ech hätt awer nawell gär, wann en eppes géif soen zu den Entschiedegungen, datt en dozou géif Stellung huelen. Et sinn natierlech nach e ganze Koup aner Froen, déi ech gestallt hat. Do kann een och nach vläicht eng aner Rumm fannen an an engem anere Kader déi behandelen. Mä ech mengen, dat vun den Entschiedegunge misst en awer hei uschwätzen. Merci.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Ech mengen, ech hat schonn e puermol d'Geleeënheet, fir op d'Entschiedegungen anzegoen. Do mussen opgrond vum communautairë Regelwierk eng ganz Rei Konditiounen erfëllt ginn.

Loosst mech ganz kuerz resüméieren, wéi d'Situatioun sech dëst Joer presentéiert huet: datt déi Schied, déi enorm Schied verschidde ware vu Wéngert zu Wéngert, vu Regioun zu Regioun, vu Produzent zu Produzent, vun der Aart a Weis, wéi d'Bewirtschaftung gemaach gëtt, ob dat elo am biologesche Wäibau war oder am konventionellen - an ech mengen, dat ass de Mëtten alles dacks genuch gesot ginn -, dat heescht, aus all deenen dote Grënn konnte mer keng pauschal Entschiedegung dëst Joer an d'Liewe ruffen, well mer déi an deem Sënn net vun der Bréisseler Kommissioun geneemegt kritt hätten.

Wann awer elo eenzel Produzente grousse Schued haten, da musse mer dat individuell kucken, ob se dann eben opgrond vun deene Konditiounen, déi mer gesat kritt hunn, an de Genoss vun esou enger Entschiedegung kënne kommen. Dat muss dann individuell vu Fall zu Fall gekuckt ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun ukomm a mir géifen zu de Motiounen iwwergoen.

Motion 1

D'Motiounen, déi motivéiert goufen, mä wou ech froen zu der Motioun 1: Gëtt et do Wuertmeldungen zu der Motioun 1, déi vun der Madamm Octavie Modert abruecht ginn ass?

Mme Octavie Modert *(CSV), interpellatrice.*- Den Här Baum wëllt eppes dozou soen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo. Här Baum!

M. Gilles Baum *(DP).*- Här President, ech wollt der Madamm Modert an de Kolleege vun der CSV Merci soe fir d'Motioun. Ech wollt hinnen awer proposéieren, dass mer eng ganz kleng Ännerung sollte virhuelen. An zwar sollte mer op der zweeter Säit de fënneften Alinea «à renforcer...» sträichen a mir sollten dat ersetzen, dat sollte mer bäihuelen am éischten Abschnitt, deen dann esou géif gelies ginn: «... une nouvelle stratégie commune de marketing et de promotion des vins luxembourgeois...». Dat géife mer an den éischten Abschnitt mat bäihuelen.

An am véierten Abschnitt géife mer da bäisetzen, wou mer dovu schwätzen, dass déi Lëtzebuerger Résidentë sollen de Wäi kenneléieren, do géife mer schreiwen: «...l'existence de vins indigènes de qualité autant que d'en faire la promotion sur les marchés étrangers».

Ech wollt déi Ännerunge virschloen an d'Demokratesch Partei wär averstanen, wa mer dat doten esou géifen ëmänneren, fir d'Motioun vun der CSV matzedroen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Madamm Modert, wann ech gelift.

Mme Octavie Modert *(CSV), interpellatrice.*- Merci, Här President. Jo, Merci, Här Baum. Also wann et nëmmen un enger Formuléierung läit an een Tiret an déi zwee aner mat integréiert gëtt, kee Problem, da sinn ech selbstverständlech domadder d'accord a fannen et gutt, wann déi Motioun da kann ugeholl ginn. Merci.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant que les vins luxembourgeois sont des vins de haute qualité;

- vu l'impact du secteur viti-vinicole dans les domaines économique, touristique et culturel, dans la région mosellane et au-delà;

Un des objectifs du présent projet de loi est d'ancrer les plans en question, qui sont censés constituer l'équivalent du programme de travail prévu à l'article 4 de la loi modifiée du 16 avril 1979 précitée, dans la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques, respectivement dans les lois portant sur l'Éducation différenciée, le Centre de logopédie et le Centre national de la formation professionnelle continue.

L'article 4 de la loi modifiée du 16 avril 1979 précitée indique comment le fonctionnaire est associé à la gestion par objectifs et, plus concrètement, à la mise en œuvre du programme de travail de l'administration. Le supérieur hiérarchique mène avec tous les fonctionnaires de son service un entretien individuel qui portera essentiellement sur la réalisation du plan de travail individuel pour la période de référence écoulée et sur son travail pour la période de référence à venir pour contribuer à la réalisation du programme de travail de l'administration.

Comme l'enseignement ne représente pas une administration «classique» mais une institution où des enseignants encadrent et éduquent des élèves, la contribution des enseignants au programme de travail de son établissement ne saurait être appréciée selon des schémas qui ont été élaborés pour les services administratifs de l'État. Le présent projet de loi tient compte de cette situation particulière avec un ajout aux différentes lois organiques du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, précisant que pour l'application des dispositions de l'article 4 de la loi modifiée du 16 avril 1979 précitée, les entretiens individuels sont remplacés par un entretien collectif ayant lieu en début de la période de réalisation du plan de développement scolaire, plan qui correspond à la période de référence de trois années.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 26.07.2016

Rapporteur: M. Claude Lamberty

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

(Président: M. Lex Delles):

18.10.2016 Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État

30.11.2016 Désignation d'un rapporteur
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 07.12.2016

Loi du 15 décembre 2016

Mémorial A: 2016, n° 263, page 4664

Réforme des finances communales

7036 - Projet de loi portant création d'un Fonds de dotation globale des communes et modifiant

- la loi modifiée du 1er mars 1952 modifiant certaines dispositions relatives aux impôts directs;

- la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds de chômage; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

- la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;

- la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Le projet de loi a pour objet d'amorcer la réforme des finances communales prévue par le programme gouvernemental. Cette réforme a deux grands objectifs: celui de garantir le financement des communes par des recettes non affectées stables et celui de mettre en place des critères nouveaux de péréquation transparents et équitables.

Le projet de réforme prend en compte les objectifs de l'aménagement du territoire, stimule le processus de fusion entre communes et la création d'emplois et incite les communes à créer des logements locatifs sociaux.

Certaines communes pourront voir diminuer leurs recettes ajustées par rapport aux recettes précédentes de l'année budgétaire 2015 suite à l'entrée en vigueur du projet de loi. Il est attendu que l'évolution structurelle des recettes du secteur communal corrigera cette diminution temporaire au plus tard à partir de 2022. Les communes concernées seront «indemnisées» pour cette perte éventuelle par rapport aux avoirs disponibles pour l'année budgétaire 2015 par un apport financier supplémentaire de la part du budget de l'État. Le montant de cette mesure de compensation transitoire pour les années budgétaires suivant l'entrée en vigueur de la future loi est déterminé annuellement dans la loi budgétaire. Le Gouvernement suivra l'évolution des recettes des communes pour dresser un bilan cinq ans après l'entrée en vigueur de la loi pour prendre les mesures adaptées le cas échéant.

Le projet de loi innove par la création d'un seul et unique FDGC qui regroupera les recettes provenant de l'ICC et du FCDF, déduction faite du produit de la participation directe d'une commune au produit en impôt commercial communal généré sur son territoire. Seul le montant forfaitaire du futur FDGC figurera dans la loi budgétaire.

Au niveau de la répartition du produit de l'ICC au niveau de l'intéressement direct des communes, il faudra considérer à l'avenir deux valeurs:

Tout d'abord, chaque commune pourra retenir un maximum de 35% de son produit généré sur son territoire.

Le solde sera affecté au FDGC et sera distribué suivant les cinq critères suivants:

- la population ajustée 82%
- les emplois salariés 3%
- l'indice socio-économique 9-10%
- les logements sociaux 0-1%
- la superficie ajustée 5%.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, le 29.08.2016

Rapporteur: M. Claude Haagen

Travaux de la Commission des Affaires intérieures

(Président: M. Claude Haagen):

07.07.2016 Présentation du projet de loi

14.07.2016 Examen du projet de loi

17.11.2016 Désignation d'un rapporteur
Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

01.12.2016 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 06.12.2016

Loi du 14 décembre 2016

Mémorial A: 2016, n° 257, page 4614

Salaire social minimum

7085 - Projet de loi portant modification de l'article L. 222-9 du Code du travail

Aux termes du paragraphe 1er de l'article L. 222-2 du Code du travail, le niveau du salaire social minimum est fixé par la loi.

Le paragraphe 2 de l'article précité oblige à cette fin le Gouvernement à soumettre, tous les deux ans, à la Chambre des Députés un rapport sur l'évolution des conditions économiques générales et des revenus, accompagné, le cas échéant, d'un projet de loi portant relèvement du niveau du salaire social minimum. Sur base de ce rapport, le Gouvernement a la faculté de proposer un relèvement du salaire social minimum.

Ainsi, le présent projet de loi a pour objet l'adaptation des taux du salaire social minimum à l'évolution du salaire moyen pendant les années 2014 et 2015.

L'indicateur déterminé conformément à la méthodologie retenue accusant une progression de 1,4 pour cent, l'augmentation du salaire social minimum sera de 1,4 pour cent au 1er janvier 2017.

L'article 1er fixe le montant du SSM mensuel pour salariés non qualifiés à 251,54 euros au nombre 100 de l'indice pondéré du coût de la vie. À l'indice de 775,17 au 1er janvier 2017, ledit SSM mensuel sera de 1.949,86 euros.

Le taux horaire correspondant sera de 11,2709 euros (indice 775,17).

Conformément à l'article L. 222-4 du Code du travail, le niveau du SSM pour salariés qualifiés, définis conformément à l'article en question, est majoré de vingt pour cent. Le montant mensuel correspondant du SSM pour salariés qualifiés sera de 301,85 euros (indice 100) respectivement de 2.339,84 euros (indice 775,17).

À l'indice 775,17, les montants mensuels du SSM augmentent donc respectivement de 26,90 euros (salaire social minimum non qualifié) et de 32,28 euros (salaire social minimum qualifié).

Dépôt par M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 28.10.2016

Rapporteur: M. Georges Engel

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président: M. Georges Engel):

21.11.2016 Désignation d'un rapporteur
Présentation et examen du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État

30.11.2016 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 07.12.2016

Loi du 15 décembre 2016

Mémorial A: 2016, n° 265, page 4682

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

SÉANCE 8

MERCREDI,
23 NOVEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Déclaration de M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire, suivie d'un débat

- *Déclaration: M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*
- *Débat: Mme Nancy Arendt, M. Marc Angel (intervention de M. Roy Reding), M. Gusty Graas, M. Claude Adam (intervention de M. Fernand Kartheiser), M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner, M. Marcel Oberweis*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire (intervention de Mme Nancy Arendt)*

3. Question élargie n°19 de Mme Taina Bofferding au sujet du phénomène du «mobbing» au travail

- *Mme Taina Bofferding - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*

4. 6831 - Projet de loi portant création des sociétés d'impact sociétal et modifiant

a) la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises,

b) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu,

c) la loi modifiée du 1er décembre 1936 concernant l'impôt commercial communal et

d) la loi modifiée du 16 octobre 1934 relative à l'impôt sur la fortune

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes, M. André Bauler, M. Gérard Anzia, M. Roy Reding (intervention de Mme Nancy Arendt), M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire (interventions de M. Roy Reding)*
- *M. Roy Reding (parole après ministre)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. 6914 - Projet de loi modifiant les annexes 1 et 3 du Code du travail

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Frank Arndt*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Claude Lamberty, M. Gérard Anzia, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Nicolas Schmit et Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gudde Mëtteg! Ech maachen d'Sëtzung op a froen d'Regierung direkt, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Neen, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech mengen, den Här Kooperatiounsminister spuert sech d'Kommunikatiounen op fir den Débat, deen elo direkt kënnt, zu deem mer och direkt kënnen iwwergoen. Haut de Mëtteg presentéiert den Här Kooperatiounsminister, den Här Romain Schneider, seng Deklaratioun iwwert d'Kooperatioun an d'Entwécklungshëllef an uschléissend féiert d'Chamber den Débat, wéi mer et gewinnt sinn.

Ech géif mer och erlaben, d'Membere vum Corps diplomatique hei ze begréissen: Bienvenue! An ech ginn direkt d'Wuert un den Här Kooperatiounsminister weider. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

2. Déclaration de M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire, suivie d'un débat

M. Romain Schneider, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Merci, Här President. Här President, Mesdames et Messieurs les représentants des missions diplomatiques, Dir Dammen an Dir Hären!

Ech géif haut hei eigentlech gäre mat enger vläicht erstaunlecher Ausso ufänken, an zwar där, dass an de Grondprinzipie vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef alles d'selwecht bleift an eisen Objektiv weider dora besteet, eise Budget an all eis Capacitéite fir de Kampf géint d'Aarmut an der Welt anzesetzen.

An aneren Zäite wier dat eng langweileg Ausso. An heitegen Zäiten ass dëst net nëmmen eng positiv Positioun, mä eng gutt, ganz gutt Nouvelle fir all déi, deenen et net esou gutt geet an déi eis Solidaritéit dréngend brauchen. Mir stinn zu eisem Programm, deen d'Regierung sech ginn huet, fir 1% vun eisem RNB an d'Entwécklungshëllef an d'humanitär Hëllef ze investéieren, well et ass eis moralesch Obligatioun, well et ass eis global Responsabilitéit a well et ass eise globalen Interessi.

Mir applizéiere weider d'Additionalitéit vun de Klimafongen a rechnen an der éffentlecher Entwécklungshëllef keng Dépensen u fir den Accueil vu Refugiéen zu Lëtzebuerg. Dat ass e politesche Choix, zu deem mir stinn an deen och am AidWatch-Rapport vun 2016 vu CONCORD ervirgehuewe gouf. Lëtzebuerg steet hei ganz uewen op der Lëscht vun der reeller Entwécklungshëllef, déi net kënschtlech opgeblosen ass.

A verschiddenen Debatten an der Europäescher Unioun an an enger Rei Memberstaten ass dat, wat eis richteg schéngt, net méi esou evident. Ënnert dem Drock vun der Migratioun, déi eis 2015 an Europa méi massiv erreecht huet, ginn eng Rei vun Engagementer a Fro gestallt. D'Lëtzebuerger Présidence vum Conseil 2015 huet hei opgepasst. Ech soe besonnesch dem Minister Asselborn a senger Équipe vun der Immigratioun hei villmools Merci fir dës Aarbecht.

Mir fuere weider, op allen Niveauen ze soen, dass d'Migratiounssituatioun natierlech en Element vun der Entwécklungshëllef an der humanitärer Hëllef ass, mä mir nuancéieren de Message. D'Aktioune géint d'Aarmut sinn eis Missioun. Aarmut a Perspektivlosegkeet kënne Facteure sinn, déi d'Leit obligéieren, fir hir Heemecht ze verloossen. Dofir ass et wichteg, mat der Entwécklungshëllef besonnesch der Jugend Perspektiven ze schafen. Dat maache mer iwwer eis Programmen an de Partnerlänner an der Gesondheet, an der Éducatioun an an der Formation professionnelle.

Mä d'Leit sinn oft op der Flucht wéinst villen anere Facteuren, wéi zum Beispill a Syrien, am Irak oder Afghanistan. Mir maache keng Entwécklungspolitik mat deem eenzegen Objektiv, d'Migratioun ze verhënneren. Migratioune sinn et nach ëmmer ginn a mir wëssen och, dass mat dem Wuesstum vun der Bevëlkerung zum Beispill an Afrika et weider grouss Migratiounsphenomeener wäerte ginn. De President vum Senegal huet viru Kuerzem ënnerstrach, dass nëmme 15% vun de Migranten aus Afrika an Europa ginn an dass de Retour vu Gelder vun der Diaspora fir säi Land e Revenu ass, op deen hien net ka verzichten.

Et ginn ebe keng einfach Solutioune fir dës grouss Froe vun der Migratioun an et kann ee se net kuerzfristeg beäntwerten. Den Trust-Fong, deen d'Europäesch Unioun um Sommet vu La Valette opgesat huet, probéiert zesumme mat de Partnerlänner de grousse Spagat ze maachen tëschent de Laangzäitrealitéiten um Terrain an de kuerzfristege Wënsch an Europa. Lëtzebuerg fiert weider hei, déi richteg Arbitragen ze fuerderen. Nom leschten Europäesche Conseil huet eise Premierminister nach eng Kéier kloer gesot, dass d'éffentlech Entwécklungshëllef fir de Kampf géint d'Aarmut agesat muss ginn. Et ass eben Zäit, d'Évidencen ze widderhuelen an dofir och éffentlech anzestoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wa mir an de Prinzipie vun der éffentlecher Entwécklungshëllef bleiwen, wat mir sinn, heescht dat net, dass mir net un eisen Instrumenter Verbesserunge maachen, fir eis un den neie Kader vum Agenda 2030 unzepassen a fir méi effikass en général ze sinn. Den Agenda 2030 mat senge 17 nohaltegen Ziler, gekoppelt mat de Resultater vum Juli 2015 zu Addis Abeba iwwert de Finanzement vum Développement, stellen eisen neie Kader duer. Dozou kommen nach d'Engagementer vun der COP21 vu Paräis, mä och d'Konferenz vu Sendai an de Sommet humanitaire mondial vun Istanbul.

Duerch seng Globalitéit a seng Universalitéit bréngt den Agenda 2030 den Développement an een neien Zäitalter, wou d'Entwécklungshëllef, mä och all aner Politicken aus hire Siloen eraus an iwwert den Tellerrand kucke mussen, wéi dat eent mat deem aneren zesummepasst, wéi dat Zesummespill gutt oder schlecht Effekter huet, global, bei eis, mä och an den Entwécklungslänner.

Dës nei Superkohärenz vun de Politicke fir d'nohalteg Entwécklung däerf net vergiessen, fir och ëmmer erëm e speziellt A op d'Entwécklungslänner ze werfen, op déi fragillst, op déi vulnerabelst Länner a Leit. Keen däerf an der neier Démarche op der Streck bleiwen. D'Entwécklungspolitik muss sech also och méi opmaachen, fir Dialoger ze féieren, déi manner traditionell sinn.

Esou zum Beispill musse mer operationell kucken zesumme mat der Ministerin Dieschbourg, wéi mer géint de Klimawandel, den Objektiv 13 vum Agenda 2030, virginn. Mir musse mat der Ministerin Mutsch klären, wéi den Objektiv 5 vun der Chancëgläichheet ëmgesat gëtt. Mir mussen och den Nexus Sécherheet an Entwécklung praktesch definéieren, mat deene Limitten, déi de Comité d'aide au développement vun der OCDE fir d'éffentlech Entwécklungshëllef gesat huet.

Mam Minister Gramegna siche mer méi Konvergenzen tëschent de Lëtzebuerger Interventiounen an den Entwécklungsbanken an eise bilaterale Partnerlänner a Partenariater. Mir gi verschidden Engagementer bewosst zesummen un, mat regionale Programmer, zum Beispill an Zentralamerika an am Beräich vun der Stäerkung vun eegene Steierressourcen an de Partnerlänner. Bilateral Steieraccorde mat eise Partnerlänner sinn hei e wichtege Bausteen.

D'Ëmsetze vum Agenda 2030 heescht fir mech, dass d'Entwécklungshëllef och en Deel gëtt vun alle sektorielle Politicken. Innenpolitik an Aussepolitik sinn net méi separat ze kucken. An deem neie Gefüge muss jiddwereen nach seng Plaz richteg fannen, ouni deem aneren op d'Féiss ze trëppelen. Zu Lëtzebuerg geet dat extrem gutt. D'aktiv Präsenz vu verschiddene Ministeren op deene leschten Assisë vun der Kooperatioun ass hei eng Demonstratioun vun dësem neien Denken an Handelen.

An der Europäescher Unioun ass dës Démarche och amgaangen ëmgesat ze ginn, duerch eng éischt Propositioun, déi gëschter erauskoum iwwert den Agenda 2030, an eng aner Propositioun fir en neie Konsensus iwwert d'europäesch Kooperatiounspolitik. Hei wäerten déi verschidden Instrumenter a Modalitéite vun dëser EU-Politik nei definéiert ginn. Dorënner fält och d'Programmation conjointe tëschent der EU an de Memberstaten.

Mir gesinn dat positiv. Mir wëllen et net weider als eng volontär Démarche ugesinn. Och wäert missen diskutéiert ginn, ob weider Fonds fiduciaires ënnert der Gestioun vun der Europäescher Kommissioun dat richtegt Finanzinstrument sinn, fir d'europäesch Entwécklungspolitik virunzedreiwen. Mir sinn do net esou sécher. Dorunner gekoppelt ass d'Propos iwwert d'Zukunft vun dem Accord vu Cotonou. Den nächste Méindeg hunn d'Entwécklungsministeren zu Bréissel eng éischt Diskussiounsronn heiriwwer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op der Basis vun deem neien internationalen an europäesche Kader vun der Entwécklungspolitik muss och d'Lëtzebuerger Kooperatioun hir Strategien iwwerschaffen. Ech muss zouginn, dass mir dat e bëssen ënnerschat haten, wat dëse Paradigmewiessel wierklech bedeit. Eng Adaptatioun vun eise Strategië geet net einfach duer. Mir brauchen eng nei generell Strategie, déi eis Ziler, eis Methoden an eis Prioritéite beschreift, mä och eist Zesummeschaffe mat deenen anere Secteuren, wéi Finanzen, wéi Ëmwelt, wéi Gesondheet an esou weider. Mir wëllen eis generell Strategie bis Enn Januar fäerdeg hunn. Dëst wäert mat eisen ONGe beschwat gi souwéi mat de Kolleege Ministeren. An ech wäert si natierlech och der zoustänneger Chamberskommissioun virstelle kommen.

An eiser genereller Strategie musse mer festleeën, wéi mer dat Thema vun de Partnerlänner uginn. Säit Januar 2016 hu mir eis Konzentratioun op manner Partnerlänner, a prioritär op déi am mannsten entwéckelt Länner, verstäerkt.

Mir hu keng laangjäreg indikativ Programmer méi mat Vietnam an El Salvador, well mer mat dëse Länner als „pays à revenu moyen" eng aner Relatioun wëlle kréien. Eis Exit-Strategien aus deenen zwee Länner si ganz verschidden, jee no Interessi op béide Säiten. Mä a béide Fäll gi mer net vun haut op muer alles op. Verschidden Interventioune ginn an deenen nächste Joren eréischt zu Enn bruecht a konsolidéiert.

Am Vietnam gëtt eis laangjäreg Relatioun mat der Finanzopsiicht an eis Formatiounsoffer am Finanzberäich iwwert d'ATTF, elo House of Training, esou verankert, dass mer wäit iwwert d'Kooperatioun eraus bilateral Partner bleiwen. Nei Beräicher vu bilateraler Kooperatioun ginn ausgebaut, zum Beispill am Changement climatique oder mat der Lëtzebuerger BioBank.

Am Salvador fuere mer weider, eisem Partnerministère seng Relatioune mat de lokalen ONGen ze stäerken, well mir gleewen, dass eng Stäerkung vun der Zivillgesellschaft am Opbau vun enger Demokratie indispensabel ass. A genau do wëlle mir nach weiderhëllefen. De Salvador sicht bewosst, sech un Experienze vun anere Länner aus der Regioun, wéi zum Beispill Mexiko, ze orientéieren, fir d'Rad net all Kéiers nei ze erfannen. An dëser Süd-Süd-Kooperatioun, déi iwwregens op der Konferenz vun Addis ervirgestrach ginn ass, kënne mir mat vill manner Mëttele wéi an engem PIC dem Salvador genausou behëlleflech sinn, fir dës Échangë vun Experienze matzefinanzéieren.

Dëst ass fir mech de Modell, wéi éffentlech Entwécklungshëllef mat vill manner Mëttelen a mat Eegemëttele vum Partnerland d'Differenz ka maachen. Ech freeë mech, am Fréijoer am Salvador mat mengem Kolleeg Miranda dëse Modell vun enger anerer bilateraler Relatioun ze stäerken.

Mir sinn am Moment also op siwe Partnerlänner, fënnef a Westafrika, eent a Südostasien an eent an Zentralamerika.

Mir wëllen eis éffentlech Entwécklungshëllef prioritär op PMAe konzentréieren, esou wéi dat och an de Konklusioune vun der Konferenz vun Addis vum Juli 2015 an um Sommet vun 2015 zu New York festgehale ginn ass. A mir bleiwen an dëse Länner prioritär an de soziale Secteuren, déi fir eis d'Basis vun engem Développement sinn, deen all Eenzelne mathëlt, esou wäit dat am Agenda 2030 ënnert dem Motto „leave no one behind" festgeschriwwen ass.

Oft ginn ech gefrot, ob mir nei Partnerlänner wëllen identifizéieren an ënner wat fir enge Kritären. Ech schléissen net aus, nei Partnerlänner ze designéieren, à condition, dass et PMAen oder fragill State sinn, dass mir eng Valeur ajoutée fir den Développement vun dësem Land kënne bréngen - well mir si jo awer e klengen Akteur an engem grousse Spill - an dass mer d'Méiglechkeet hunn, fir als Ministère a mat eiser Agence Lux-Development op der Plaz präsent ze sinn, fir eis Projeten ze begleeden.

Eng existéierend Experienz vun eisen ONGen an engem Land ass bei dëser Démarche ee Facteur, dee mer och wäerten a Betruecht zéien. En eventuellt Partnerland muss natierlech och deen néidege Basiskader geschafen hunn, wat seng sozial a seng wirtschaftlech Entwécklung ubelaangt, a bereet sinn, seng Gouvernance nom ODD 16 ze gestalten. A fragille Länner oder a Länner, déi aus déiwe Krise kommen, heescht et och, dës Gouvernance mat ze schafen. Eng préliminaire Etüd pro eventuellem neie Partnerland muss gemaach ginn, wou dës Facteure jee no Fall gekuckt ginn.

Am Moment si mir am Myanmar amgaangen, en éischte Projet ëmzesetzen an een zweeten ass an der Preparatioun. Mir kucke mat den Autoritéiten, ob mir e gemeinsamen Nenner fannen. Mir wëlle jo konform no de Prinzipie vun der Effikassitéit als Partner schaffen an op eng Demande äntwerten. De Minister Jean Asselborn huet viru Kuerzem am Myanmar éischt Gespréicher gefouert. An ech wäert och an der éischter Halschent 2017 sur place sinn, fir weider Gespréicher ze féieren an dës Gespréicher och ze verdéiwen.

Ech ginn éfters gefrot, firwat mir nach an Zentralamerika präsent sinn. Een Deel vun der Äntwert ass déi nei Relatioun mam Salvador, mä och d'Kontinuatioun vun eiser Ënnerstëtzung fir d'nicaraguanesch Bevëlkerung. D'politesch Situatioun an dësem Land ass net einfach no de leschte Wahlen. Mä och a Länner op anere Kontinenter hate mer schwéier politesch Kontexter. Mir mussen dann eis Modalitéiten a Prioritéiten de Gegebenheeten upassen. Dozou gehéieren och Aktioune mat der lokaler Zivillgesellschaft a mam Privatsecteur.

Mä au-delà vun dëse punktuellen Ursaachen ass et fir mech indispensabel, dass d'Lëtzebuerger Kooperatioun an deenen dräi Kontinenter Afrika, Asien a Latäinamerika präsent ass. Déi ganz verschidden Aarbechtsweisen a Gouvernancemodeller erlaben eis, Problemer méi global unzegoen. Eis diplomatesch Präsenz ass och eng Beräicherung fir eis aussepolitesch Aarbecht iwwert d'Kooperatioun eraus.

Här President, all eis Partner an der Kooperatiounspolitik, dat heescht, déi aner Ministèren, eis prioritär Partnerlänner, d'international Organisatiounen an national an international ONGe souwéi och de Privatsecteur wäerten an der neier genereller Strategie hir Plaz kréien. Ech géif an deem Kontext gären eng Kéier méi an den Detail vun eise Relatioune mat de multilateralen Agencen agoen. Verschiddener vun hinnen hunn eng normativ Roll, wéi d'International Organisatioun vun der Aarbecht oder d'Weltgesondheetsorganisatioun, niewent hirem operationellen Aarm um Terrain.

An deene leschte Joren hu mir eng manner héich Unzuel vu Projete mat den Agencë gemaach, mä dofir méi grousser an där Projeten, déi direkt mam Haaptobjektiv vu jiddwer Agence zesummenhänken. Esou hu mer e grousse Programm mat der Weltgesondheetsorganisatioun iwwert d'Stäerkung vun de Gesondheetssystemer, dee besonnesch Westafrika betrëfft a säit Kuerzem och de Laos. Duerch esou e fundamentale Projet konnte mer indirekt mathëllefen, dass d'Ebolakris sech am Mali net verbreet huet.

Dëse multilaterale Programm ass och komplementar zu eise bilaterale Gesondheetsprogrammer am Laos an am Senegal ze gesinn. Alles passt ënnert den Objektiv vun dem universellen Accès zu Gesondheetsservicer. Mam PNUD schaffe mir am Beräich vun der Gouvernance an der Dezentralisatioun.

An eise Programmes indicatifs de coopération mat de Partnerlänner si jee no Fall 10% bis 20% vun der ganzer Enveloppe fir multilateral Akteure reservéiert. Hei ass Komplementaritéit gesicht. Esou zum Beispill ass am Cap-Vert an am Senegal de BIT derbäi, fir op eise bilaterale Programmer vu professioneller Formatioun opzebauen an hiert Wëssen a Virgoen eranzebréngen, wann et ëm d'Insertion professionnelle geet, fir dass déi Jonk forméiert ginn an och eng Aarbecht duerno fannen. Am Mali ass d'FAO derbäi als Akteur bei de ländlechen Entwécklungsprogrammer.

Mat deenen Agencen, déi eis am nooste stinn, hu mir e multiannuellen Accord de partenariat stratégique ofgeschloss, deen, nieft de grousse Programmer, eist Engagement zu den Theme vun all Agence previsibel a virun allem transparent mécht. 30% ongeféier vun eiser APD ginn u multilateral Partner. An dat ass och de Ratio, dee mer wëllen an Zukunft bäibehalen.

Verschidde vun dësen Accorde sinn amgaangen, nei diskutéiert ze ginn. Mat dëse besonneschen Organisatiounen hu mir all Joer Consultatiounen, fir iwwer hir Prioritéiten ze schwätzen an de Point ze maachen iwwert d'Programmer, déi mir finanzéieren. Mir encouragéieren d'Agencen, op Lëtzebuerg ze kommen a vun hirer Präsenz ze profitéieren, fir all d'Lëtzebuerger Akteuren ze gesinn oder zu Lëtzebuerg international Sitzungen ze halen. Den UNFPA huet esou viru Kuerzem a Präsenz vum Directeur exécutif seng Suppliers Conference zu Lëtzebuerg gehalen a parallell dozou hate mir eis Consultatiounen.

Mat den Agencë finanzéiere mer och nach en zousätzleche Programm, fir jonk Lëtzebuerger Résidenten an de Programm JPO, Junior professional officer, eranzebréngen. Dat erlaabt Lëtzebuerg, e bessert Verständnis vun dësen Organisatiounen ze kréien, an dëse Jonken, vläicht eng professionell Zukunft do ze hunn. Et ass wichteg, als Bailleur an als Lëtzebuerger Land dës Präsenz op internationalem Parquet an dësen Agencen ze hunn.

Nieft de Ministèren, den Agencen an de Partnerlänner sinn natierlech och d'ONGen e ganz wichtege Facteur vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef, deen an der genereller Strategie genannt muss ginn. 16% ongeféier vun eiser APD gi vun ONGen ëmgesat. Dëst sinn a verschiddene Beräicher a Länner lokal ONGen, wéi zum Beispill an de palästinenseschen Territoiren oder a Westafrika mat der regionaler ONG Enda Tiers-Monde an hirem Réseau.

Mir hunn och verschiddenen ONGen e Mandat ginn, fir Programmer ëmzesetzen, déi besonnesch gutt passen, wéi de Programm vun SOS Faim iwwert den Accès vu klenge Baueren zu Mikrofinanzinstrumenter am Burkina Faso an am Mali. Am Kosovo hu mir och e Mandat un d'Caritas ginn, fir déi Vulnerabelst am Norden an am Süde vum Land ze erreechen.

De Gros vum Budget fir d'ONGe gëtt awer an de Kofinanzement vun de Projete vu Lëtzebuerger ONGe gesat, déi en Agrément vum Ministère hunn. Dat sinn der am Moment net manner wéi 93. Viru Kuerzem huet nach eng nei ONG den Agrément kritt.

Mir hunn an deene leschte Joren eng Rei Ännerungen an dës Zesummenaarbecht bruecht, y compris iwwert den Zukunftspak. Bei deenen eenzelne Projeten hu mir säit 2016 en Appel à projets agefouert, fir déi bescht Projeten ze selektionéieren an ze finanzéieren. D'Kritäre fir dës Selektioun sinn zesumme mat dem Cercle festgeluecht ginn. Contrairement zu deem, wat ee kéint mengen, sinn déi bescht Projete vu relativ klengen ONGen, déi haaptsächlech mat Bénévoller schaffen, eragereecht ginn. Derniewent sinn d'Accords-cadres vereinfacht ginn an hirem administrativen Oflaf. Sécher ass do an Zukunft nach méi ze maachen.

Den Taux de cofinancement soll ab 2017 no Lännergruppe gestaffelt ginn, fir all Projeten an deenen äermste Länner an de Partnerlänner zu 80% ze kofinanzéieren. Den Taux fir aner Entwécklungslänner soll op 60% gesat ginn. D'Ausnam sinn hei awer Projeten, déi d'Zivillgesellschaft als solch stäerken, déi dann och mat 80% kofinanzéiert ginn. Well och a Schwellelänner wéi Indien oder Brasilien ass et méi wéi jee indispensabel, d'lokal Zivillgesellschaft an hirem Rôle an dëse Sociétéiten ze stäerken, an dëst zum Beispill am Interessi vun indigene Vëlker.

E Kompromëss war hei am Joer 2015 mam Cercle des ONG fonnt ginn, deen elo ëmgesat gëtt. Den Deel vum Kompromëss iwwert d'Reduktioun vum Kofinanzement vun den administrative Käschte vun den ONGen ass schonn am Règlement grand-ducal vum 26. Oktober publizéiert ginn. Lues awer sécher a besonnesch erëm am Budget 2017 gi schlussendlech d'Moyene fir d'Sensibilisatiounsaarbecht vun den ONGen zu Lëtzebuerg an d'Luucht, wann och no an no, dass mer iergendwann eng Kéier déi 2% wäerten erreechen.

Dir Dammen an Dir Hären, e Partner an der Entwécklungspolitik, dee mir eréischt säit Kuerzem bewosst méi abezéien, ass de Privatsecteur, d'Entreprisen hei zu Lëtzebuerg an an eise Partnerlänner. D'Konferenz vun Addis huet kloer hire Rôle ënnerstrach, mä och de Sommet vum September 2015 zu New York an och de Sommet humanitaire mondial.

De Rôle vun de multinationale Firme gëtt oft ugesprach, mä mir schwätzen net genuch direkt mat dëse wichtegen Akteuren um Terrain. Investissementer vun hinne kënne Wuesstum an Aarbechtsplaze schafen, mä leider awer och d'Land an natierlech Ressourcen accaparéieren. Hir Steiere si wichteg Einname fir Entwécklungslänner, mä am Steierberäich brauchen eis Partnerlänner Capacitéiten, notamment iwwert de Kader BEPS, fir dës Besteierung och mat Succès kënnen ze maachen.

Ech si besonnesch frou gewiescht, dass de Michel Wurth fir ArcelorMittal Lëtzebuerg un eisen Assisen deelgeholl huet an erklärt huet, wéi dës Sociétéit an den Entwécklungslänner probéiert, zum nohaltegen Développement bäizesteieren.

Kleng a mëttelgrouss Betriber hunn awer och an den Entwécklungslänner eng wichteg Roll ze spillen. Fir se ze encouragéieren, op nei Marchéen ze goen, huet d'Lëtzebuerger Kooperatioun am Abrëll, esou wéi virun engem Joer annoncéiert, d'Business Partnership Facility mat engem Budget vun enger Millioun Euro am Joer, an dat fir dräi Joer, lancéiert.

De Privatsecteur muss an esou engem Projet mindestens 50% kofinanzéieren. D'Secteuren, déi mer viséieren, sinn d'ICT, FinTech, BioHealth an EcoInnovation. Dëst sinn also ganz innovativ Beräicher, déi eng Plus-value fir jiddweree schafe kënnen. Déi éischt Selektioun vun dëser Facilitéit ass grad op en Enn komm. Vun 20 Dossiere sinn der am Endeffekt véier zréckbehale ginn: um Cabo Verde, am Senegal an am Burkina Faso.

D'Facilitéit ass eng Aart a Weis, fir Betriber op Entwécklungslänner opmierksam ze maachen a si ze encouragéieren, mat un dem Développement deelzehuelen. Esou schaffe mer Synergië mat engem Effet de levier vun onsen ëffentleche Gelder aus. Eng aner Méiglechkeet bidden d'Wirtschaftsmissiounen, wéi déi, déi d'Statssekretärin Francine Closener en marge vun der Visitt vum Grand-Duc am Cabo Verde gemaach huet, an dat Ufank 2015, oder déi vun der Chambre de Commerce am Februar 2016 an de Senegal an duerno an Äthiopien.

Mir wäichen net vun eiser Positioun of, wat d'Aide non liée ubelaangt, mä mir hunn och keng dépasséiert ideologesch Position de principe géint de Privatsecteur. Dat wär net am Interessi vun den Entwécklungslänner.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, mir wäerten duerch déi nei Démarche vum Agenda 2030 manner thematesch a sektoriell Strategië brauchen. Eis dräi horizontal Themen - Gouvernance, Genre an Ëmwelt/Klima - sinn duerch den Agenda 2030 largement couvréiert a brauche keng spezifesch Strategie méi, fir sécherzestellen, dass dës Themen an all eisen Aktioune matafléissen. D'Diskussioun op dësen Assisen huet dat däitlech zum Ausdrock bruecht.

Eis prioritär Secteure vu Gesondheet, Éducation/Formation professionnelle a lokalen a ländlechen Développement bleiwen eis Prioritéiten a brauchen hire Référentiel. Wichteg Domänen, wéi d'Mikrofinanz oder ICT, sinn hei éischter Hëllefsmëttele wéi en eegene Secteur. Beim dësjärege Prix européen de la microfinance ass zum Beispill ervirgehuewe ginn, wéi Kanner a Jugendlecher aus aarme Familljen awer kënnen Accès zur Éducatioun kréien iwwert d'Mikrofinanzmesuren. Genausou kënne Schoule besser équipéiert ginn oder Proffe besser forméiert ginn. Dee grousse Fokus läit hei ëmmer bei de Meedercher a bei de Fraen.

Duerch hir spezifesch Prinzipie muss och d'humanitär Hëllef eng eege Basis behalen, mä déi soll un d'Resultater vum Sommet humanitaire mondial ugepasst ginn. Mir hu jo am Mee zu Istanbul op dësem Sommet eng Rei vun Engagementer zesumme mat anere Länner geholl, déi et elo gëllt ëmzesetzen. Villes, wat zu Istanbul recommandéiert ginn ass, hu mir schonns an eiser Praxis, wéi multiannuell Engagementer fir d'Agencen, fir dass si schnell a Krisesituatiounen um Terrain kënne sinn an net fir d'Eischt op Fonge waarde mussen. Déi nei multiannuell Accords de partenariat stratégique mat den humanitären Agencë si bal fäerdeg verhandelt a wäerte wa méiglech nach dëst Joer ënnerschriwwe gi fir d'Period ab 2017.

Am Grand Bargain, deem mir zu Istanbul bäigetruede sinn, hu mir och versprach, méi direkt mat den ONGen am Süden ze schaffen. Si sinn oft déi, déi an hire Communautéiten nach do sinn an hëllefen, wann anerer, all anerer net méi kënnen, wéi am Irak, am Jemen oder a villen Deeler vu Syrien. Mir hu speziell Engagementer geholl, fir zum Beispill Leit mat Handicap a Projete besser ze berücksichtegen an och méi an d'Preventioun vu méigleche Krisen ze investéieren. Ech si frou, dass mir mat de Lëtzebuerger humanitären ONGen eng Charte ënnerschriwwen hunn, fir gemeinsam dës Engagementer am Respekt vun den humanitäre Prinzipie vun Indépendance, Impartialitéit an Neutralitéit ëmzesetzen.

Dir Dammen an Dir Hären, niewent der genereller an de sektorielle Strategië brauche mer Dokumenter, déi eis Interventiounsmethode weider kodifizéieren. Ech hu mir säit engem Joer eng Evaluatiounspolitik, déi eis Virgeeënsweis an dësem Beräich beschreift, ginn. Ech si stolz, dass eisen Engagement an eng méi strukturéiert Evaluatiounspolitk Resultater weisen. Zesumme mat eiser Agence Lux-Development hu mir am Senegal säit Mee eng Revue à mi-parcours gemaach vun dem PIC an all senge Programmer, fir eis Interventiounsmethode besser ze kalibréieren a schonns elo ze kucken, wéi en nächste PIC kéint ausgesinn, an dat an engem komplette Partenariat mam Senegal. D'Appropriatioun an d'Benotze vun den nationale Prozedure ginn hei groussgeschriwwen, genau wéi d'Konzentratioun op eng limitéiert Zuel vu Secteuren an eng gutt Koordinatioun mat deenen anere Bailleuren, déi op der Plaz sinn.

Mir wäerten ab Januar 2017 d'Présidence vum MOPAN, dem Multilateral Organization Performance Assessment Network hunn. An dësem Réseau sinn all déi grouss Donateuren, fir zesummen Evaluatioune vu multilateralen Akteuren ze maachen. Lëtzebuerg ass Member säit 2014 an iwwerhëlt elo d'Présidence vu Südkorea. Eis Missioun wäert doranner bestoen, d'Finalisatioun vun deenen éischten zwielef Rapporten ze maachen, dorënner Unaids an d'Banque africaine de développement, an den zweeten Tour ulafen ze loosse mat dem PNUD an der Weltgesondheetsorganisatioun.

En anert Dokument, wat eis Methode soll verbesseren, ass de Plan d'action fir d'Effikassitéit vum Développement, dee mer säit 2014 hunn. Dëse Plan d'action, deen 2016 ausleeft, ass amgaangen ausgewäert ze ginn. Ufank 2017 wäerte mer en neien ausschaffen, dee souwuel den Agenda 2030 wéi d'Resultater vun der Konferenz vun Nairobi Ufank Dezember iwwert d'Effikassitéit a Betruecht zitt an dës Prioritéiten zu senge mécht. Paräis, Busan, Mexiko an elo Nairobi sinn d'Etappe vun dëser internationaler Démarche fir méi Effikassitéit.

Wéi gutt an effikass mir schaffen, gëtt 2017 och vum CAD vun der OCDE gepréift, wou d'Lëtzebuerger Entwécklungshëllef nees eng Kéier der sougenannter „peer review" ënnerstallt gëtt. Dëst ass eng déif gräifend Analys iwwert d'Quantitéit, awer och d'Qualitéit vun onser APD, iwwer ons Politik a Strategien an dësem Beräich, mä och iwwert d'Manéier, wéi mer organiséiert sinn, iwwer ons Modalitéiten, iwwer ons Partnerschaften. D'Transparenz gëtt och ënnert d'Lupp geholl genausou wéi onse globalen Effort fir den Développement, dat heescht, d'Kohärenz vun all onse Politicken, déi en Impakt op d'Entwécklungslänner kënnen hunn.

Ech wëll op dëser Plaz all de Membere vum Comité interministériel pour la coopération au développement Merci soen, dee sech an deene leschte Jore ganz aktiv fir dës Kohärenz vun de Politicken agesat huet an och d'Avisen dozou publizéiert huet.

Här President, ech hunn dës alljärlech Orientéierungsdebatt benotzt, fir iwwer eis Basisprinzipien ze schwätzen, déi net changéieren, awer och vill iwwer eis Methoden, eis Strategien a Partenariater, déi adaptéiert ginn. Ech si mer ganz bewosst, dass dat relativ technesch ass a plazeweis och theoretesch.

Dir wäert lech froen: Firwat sech esou vill mat Instrumenter beschäftegen, wann 120 Millioune Leit vun humanitärer Hëllef ofhängeg sinn, wa 65 Millioune Leit op der Flucht sinn, wa Millioune Kanner net an d'Schoul ginn an nach Millioune Meedercher zwangsbestuet ginn, an dat am Kanneralter? Ech kéint säitelaang Zuelen an Témoignagen iwwer Misären an Drame bréngen, grujelech Situatiounen a verzweifelt Choixe beschreiwen, déi gemaach musse ginn. De Bilan vun all deem ass dramatesch.

Mir geet et drëms, Solutiounen ze bréngen. Dofir muss mäi Punkt sinn, fir Iech ze soen, wéi mir eise Budget an eis Capacitéite besser, méi schnell a méi geziilt kënnen notzen an ëmsetzen, fir dass all Euro do ukënnt, wou e soll, a fir dass en en Impakt huet op déi äermsten a vulnerabelst Leit.

Ech wëll och, dass nohalteg Capacitéiten opgebaut ginn, fir dass d'Entwécklungslänner ëmmer besser sech selwer hëllefe kënnen. Et ass wesentlech, dass all eis Politicken zu dësem Zil och bäidroen.

Dofir schaffe mir, meng Équipe um Ministère, eis Leit um Terrain, Lux-Development an d'ONGen, d'Volontairen a Professioneller. Trotz Sécherheetsrisken, trotz Terrorismus, trotz Militärputschen, trotz Zika, trotz Malaria, trotz Dengue a villem méi schaffe si, fir dëst Zil zesummen ze erreechen! Mir si stolz op si!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Kooperatiounsminister. An d'Wuert huet elo d'Madamm Nancy Arendt fir d'CSV.

Débat

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Merci, Här President. Wéi ëmmer, wann ech mer am Virfeld Gedanke maache fir meng Ried hei, hunn ech mech vun deem engen oder anere Lidd inspiréiere gelooss, déi mech un dee ganze Misär an d'Ongerechtegkeeten an der Welt erënneren a wou een heiansdo keng Wierder méi huet, wat alles op eiser Äerd geschitt. D'Biller vun deem klengen Aylan, lieflos um Strand, mam Gesiicht no ënnen, de verstëbstene Jong zu Aleppo, dee säi Brudder verluer huet an engem bombardéierte Spidol, Joosse keen onberéiert an et si Momenter fir d'Éiwegkeet.

Mir dierfen net ofstumpfen a mir musse motivéiert bleiwen, eis Engagementer halen a konsequent eng kohärent a qualitativ nohalteg Entwécklungspolitik weiderféieren, mat all hiren Dausende vun Hëllefer op deene verschiddenste Plazen hei am Land an an der wäiter Welt, deenen ech direkt am Ufank wéilt e grousse Merci soe fir hiren dagdeeglechen Engagement, dee si um Terrain an deenen ëmmer méi geféierleche Situatiounen a Konditioune leeschten.

Här President, d'Marlene Dietrich huet an engem Lidd aus de 60er Jore gesongen: „Sag mir, wo die Blumen sind. Wo sind sie geblieben? Sag mir, wo die Blumen sind. Was ist geschehen? Wann wird man je verstehen? Wann wird man je verstehen?" An da weider: „Sag mir, wo die Gräber sind. Was ist geschehen? Wann wird man je verstehen? Wann wird man je verstehen?" An et huet mat senge Wierder op eng ganz einfach Aart a Weis kloergemaach, wat déi dramatesch Konsequenze vu Kricher sinn: Mammen, déi op hir Jonge waarden, déi ni méi heemkommen, op kenger Säit. Dramatesch Erliefnisser, déi fir ëmmer an éiweg am Kapp hänke bleiwen. Millioune Mënschen op der Flucht, ouni ze wëssen, wat se erwaart, an eng Welt, déi ni méi d'nämlecht wäert sinn, fir keen.

An et schéngt mer, wéi wa mer nach ëmmer näischt verstanen hätten, well a Syrien, an net nëmmen do, stierwen nach ëmmer all Dag onschëlleg Mënschen, well diplomatesch Léisungen einfach net gräifen oder extrem lues sinn. An dat ironescherweis am Jorhonnert vun der Kommunikatioun a vun der Informatioun!

An et ass och net méi ze verstoen, wann all Spillregelen ausser Kraaft gesat ginn, Spideeler bombardéiert ginn a Kanner als mënschlech Zilscheif benotzt ginn a Mënscherechter permanent mat Féiss getrëppelt ginn.

Médecins Sans Frontières hunn an hirem Bilan drop higewisen, datt an de Krichsregiounen ëmmer méi nieft dem eigentleche Feind och d'Hëllefsstrukture getraff oder souguer geziilt bombardéiert ginn. D'lescht Joer si bei Loftattacke 75 Strukture vu Médecins Sans Frontières getraff ginn. An Amnesty International huet hiersäits betount, datt, soulaang wéi déi Krichsverbriechen net ophéieren, wou Spideeler a Schoule bewosst viséiert sinn, déi humanitär Lag an Hëllef sech net verbessere kann, egal wéi vill Sue mer dran investéieren.

D'Interpretatioun vun dësem Lidd passt also leider och nach haut an de Kontext, a mir sinn am Moment an der gréisster humanitärer Kris zënter dem Zweete Weltkrich. Am Mëttelmier, wat zum gréisste Graf ginn ass, sinn der UNO no eleng dëst Joer schonn iwwer 4.000 Mënschen, dorënner vill Kanner, am Waasser erdronk, déi versicht hunn, virun der Aarmut fortzelafen a Richtung Europa. Den traurege Rekord ass also elo scho gebrach. An dëst Joer ass nach net eriwwer!

125 Milliounen, de Minister huet et virdru scho betount, si weltwäit op Hëllef vu baussen ugewisen an iwwer 60 Millioune Mënschen, dat ass ongeféier d'Bevëlkerung vu ganz Frankräich, si wéinst Honger, Aarmut, Verfolgung a Krich weltwäit op der Flucht. Vill vun hinnen, dat wësse mer alleguerten, mussen um Wee ënner schreckleche Konditiounen hiert Liewe loossen. Kanner, déi net méi an d'Schoul kënne goen an domadder hir Zukunft an hir Perspektiven ewechgeholl kréien, a vill vun hinnen, déi vill ze vill fréi stierwen, well d'Politik et net fäerdegbruecht huet, Rou an déi Géigenden ze kréien!

Här President, d'Entwécklungspolitik ass a bleift also en absolutte Must. An och, wa mer scho vill Etappe gewonnen hunn am Kader vun de Millennium Goals, musse mer erkennen, datt et niewent eiser klassescher Entwécklungspolitik, wou mer eis op verschidde Secteuren an op e puer geziilte Länner konzentréieren, net méi duergeet an datt mer méi wäit, méi global, méi kohärent musse weiderfueren, datt d'Politicke vernetzt an iwwergräifend sinn, an datt eisen Asaz nohalteg muss gestalt ginn. Et muss Raum fonnt gi fir eng modern Entwécklungspolitik, déi jiddweree matabegräift a wou jiddwereen, ob räich oder aarm, wäiss oder schwaarz, un der Muecht oder net, muss mathëllefen a säi Bäitrag leeschten, fir datt herno eis Ziler erreecht kënne ginn a virun allem, datt et deenen, deenen et manner gutt geet, endlech ka besser goen.

D'Zesummespill vun deene verschiddene Politicke muss méi an de Mëttelpunkt gesat ginn, wann een hautdesdaags vun Entwécklungspolitik schwätzt, an dofir begréisse mer am Kontext vun der Agenda 2030, datt déi elo en universelle Charakter huet, dat heescht, net nëmme just déi aarm Länner, mä och déi räich matabegraff sinn. Eng Politik, déi inklusiv an nohalteg soll sinn an déi keng Persoun zréckléisst a wou mer en plus all wëssen, datt eis traditionell Ressourcen net fir ëmmer an éiweg illimitéiert wäerte sinn. Wa mer dëse 17 Objektiver mat hiren 169 Zilsetzungen also eng Chance wëlle ginn, dann huet d'Silodenke keng Plaz méi! A mir mussen eis geziilt Indicateure ginn, wou mer mat eise Politicke stinn a wat nach alles muss gemaach ginn, fir datt se besser ginn.

Besonnesch begréisse mer der Regierung hiren Effort am Kampf géint de Klimawandel. Lëtzebuerg zielt zu deenen néng Länner an der Europäescher Unioun, déi tëschent 2013 bis '14 an deem spezifesche Beräich 35% méi ausginn hunn. An dat ënnerstëtze mir als CSV ganz däitlech! Well et gëtt keng Kooperatiounspolitik ouni Klimapolitik. De Marco Schank ass gëschter nach eng Kéier dorobber agaangen. Dat huet och, mengen ech, elo deen Allerleschte verstanen. A mir fannen et och gutt, datt d'Klimapolitik - de Minister huet et och virdru schonn ugedeit - net ënnert de Budget vun der Kooperatiounspolitik gezielt gëtt, mä separat behandelt gëtt.

Am Rapport, deen an der UNO-Klimakonferenz zu Marrakesch vun der Weltbank virgedroe ginn ass, steet dran, datt eleng duerch d'Naturkatastrophe 26 Millioune Leit all Joer an d'Aarmut falen. D'Vereent Natioune schätzen iwwregens d'Käschten, déi d'Naturkatastrophe mat sech bréngen, op 300 Milliarden Euro. An dës Zuel wär nach total ënnerschat. Si rechnen éischter mat bis zu 520 Milliarden, also bal dat Duebelt vun deem, wat ugeholl gëtt. Do gesäit een, wéi wichteg datt d'Klimapolitik gëtt an datt ee se net méi kann négligéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Enn September waren zu Lëtzebuerg d'Assises de la coopération. Am Mëttelpunkt dovunner stoung déi realistesch Émsetzung vun der Agenda 2030. D'extrem Aarmut an den Honger sollen a 15 Joer der Vergaangenheet ugehéieren. Den Accès op Erzéiung souwéi d'Gläichberechtegung tëschent de Geschlechter musse fir jiddweree garantéiert sinn.

Net erstaunlech ass, wéi vill vun dësen Ziler gelinkt sinn un d'Fraen an hir Entwécklung an der Gesondheet, der Éducatioun, der Aarbechtswelt, an der Promotioun vun hire Rechter; eppes, wou mir als Partei an der Vergaangenheet ëmmer erëm drop opmierksam gemaach hunn. E bessert Ëmgoe mam Waasser a modern, nohalteg Energie fir jiddweree sollen de Klimawandel stoppen, d'Ekosystemer schützen, eis Bëscher an d'Biodiversitéit erhalen. Jiddweree soll e Recht op Aarbecht hunn a virun allem responsabel mam Verbrauch vun eise Ressourcen ëmgoen.

D'Regierung huet d'lescht Woch en Accord mat véier lëtzebuergeschen ONGe fonnt, fir eng Konventioun ze ratifizéieren, déi d'Rechter vun de Grondfräiheete vun einheimesche Vëlker schütze soll. Mir begréissen dat ausdrécklech, well domadder net nëmmen d'Mënscherechter geschützt ginn, mä och d'Klima, Bëscher a Biodiversitéit.

D'Ziler, Här President, sinn allerdéngs dat eent, d'Émsetzung ass nach eppes aneschters. En düüstert Kapitel wäert nämlech nach riicht weider dat si vun der Hongersnout, wat nach ëmmer op der Kipp steet. Nach ëmmer sinn 800 Millioune Mënschen ënnerernäert, wat virun allem bei de Kanner fatal Konsequenze mat sech bréngt, well se duerch déi chronesch Ënnererernäerung Wuesstumsverzögerungen hunn an déi d'Kannerstierflechkeet ënner fënnef Joer extrem eropdreift. Jéngsten Aschätzungen no ass dëse konsequente Manktum vu Liewensmëttel d'Ursaach vu 45% vun den Doudesfäll ënner fënnef Joer. 45%!

Et ass eng „himmelschreiende Ungleichheit und Ungerechtigkeit nach wie vor in dieser Welt", seet d'Bärbel Dieckmann, Presidentin vun der Welthongerhëllef, well déi meeschte Fäll aus Kriseregiounen a Konfliktregiounen ze verzeechne sinn.

Länner, déi wierklech besuergniserreegend sinn, sinn hirem Bericht no d'Zentralafrikanesch Republik, den Tschad, Jemen, awer och Länner wéi Haiti, nom Hurricane Matthew, Syrien, Libyen, Sudan, alles Länner, wou bewaffnet Konflikter sinn. Dofir begréisse mir och, datt 15% vun der Entwécklungshëllef an déi humanitär Krise fléissen, well et sinn näämlech déi mënschlech Konflikter an d'Naturkatastrophen, nieft de korrupte Regierungen, déi d'Haapttursaachen ausmaachen, firwat Kanner hir Zukunft ewechgeholl kréien. An d'Politik, d'Wirtschaft an d'Zivillgesellschaft musse sech nach vill méi ustrengen, wa mer gären eng besser Welt fir eis Kanner hätten!

Här President, am Avant-projet vum Unicef-Rapport vun dësem Joer steet dran, datt Millioune Kanner, soubal se op der Welt sinn, engem schwéiere Schicksal ausgeliwwert sinn an dat, well se - ënner Gänseféisercher - „de Pech" haten, op enger bestëmmter Plaz oder als Meedche gebuer ze ginn. D'Kanner an der Subsahara riskéieren zwielefmol méi fréizäiteg ze stierwe wéi déi Kanner an de räiche Länner. 90% vun de Kanner, déi un extremer Aarmut leiden, wäerte sech och an deem Raum konzentréieren.

Fir nëmmen eleng e puer Zuele vun eisen Zillänner ënnert d'Lupp ze huelen: Den Niger, Här Minister, steet op der zweeter Plaz, de Mali op der drëtter an de Burkina Faso op der néngter Plaz vun deene Länner, déi déi gréisste Kannerstierflechkeet hunn. Déi Länner, déi am meeschten dovu betraff sinn, sinn och déi, wou et keng Gebuertenhëllef gëtt a wou d'Kanner keng schoulesch Erzéiung kréien.

Am Rapport vun der Unicef steet, datt mer, wann net elo agéiert gëtt, riskéieren, ëmmer nach bal 70 Millioune Kanner virun hirem fënnefte Gebuertsjoer ze verléieren, dovunner eleng 3,6 Milliounen am Joer 2030, dat Joer also, wou déi nei Entwécklungsziler auslafe sollen.

Iwwer 60 Millioune Kanner, déi an d'Schoul misste goen, riskéiere keng schoulesch Éducatioun ze kréien. 38% vun de Kanner hu weder liesen nach schreiwen oder rechne geléiert, wat fatal fir hir Zukunft ass. A gewëssenen afrikanesche Länner sëtzen an enger Klass an der Moyenne 72 bis 90 Schüler an oft musse sech do dräi Kanner ee Schoulbuch deelen. Wéi soll dann do nach e Schoulmeeschter eens ginn?

A ville Länner kënnen och duerch arméiert Konflikter d'Kanner net méi an d'Schoul goen, well grouss Deeler vum Bildungssystem zesummegebrach sinn. Bis d'Joer 2030 sinn no Informatioune vun der Unesco weltwäit bal 70 Milliounen zousätzlech Enseignanten néideg, fir de Kanner eng héichwäerteg Formatioun an de Schoulen unzebidden. An Afrika, südlech vun der Sahara, ass de Manktum un Enseignanten am gréissten. 17 Millioune Schoulmeeschteren a Léierinne missten an de Grondschoulen an am Secondaire do agestallt ginn.

Et kéint ee sech dowéinst d'Fro stellen, ob net méi Suen an d'Bildung misste fléissen, well mir sinn am Moment bei just 2% vun der internationaler Hëllef. Lëtzebuerg huet Gott sei Dank ganz vill Projeten, déi mat deem dote Sujet ze dinn hunn. An dofir si mer selbstverständlech schrecklech dankbar.

En neie Fong, „Education cannot wait", huet als Zil, Flüchtlingskanner bis zu fënnef Joer laang hir Bildung ze finanzéieren, well déi meescht vun hinne jo net vun haut op muer nees zréck an hiert Heemechtsland kënne goen a wärend där Zäit selbstverständlech eng kontinuéierlech Éducatioun brauchen. Dee Fong erméiglecht hinnen, eng Basisbildung ze kréien. Dat soll och eng Flicht fir déi Kanner ginn, fir hinnen an der Generatioun duerno eng Chance fir d'Zukunft op hirem schwéiere Wee ze ginn.

Natierlech héiert dat sech um Pabeier ëmmer méi einfach un, wéi et an der Praxis ass. An ech mengen, hei wär all Land gefuerdert. An ech mengen och, datt hei Lëtzebuerg säi Match ze maache weess.

Dëst erënnert mech un en aneren Titel vun engem Lidd vum Herbert Grönemeyer: „Kinder an die Macht", well een nëmmen de Kanner Muecht ka ginn, wa se eng Ausbildung an eng Perspektiv kréien. An dat zielt virun allem och bei deem nächste Kapitel, d'Gewalt géint Kanner a Fraen!

Här President, 750 Millioune Frae gi weltwäit virun hirem Erwuessenenalter, een Drëttel souguer virun hirem 15. Joresalter bestuet, also quasi versklaavt. Zwangsbestietnisser zielt d'Madamm Sandra Visscher, Direktesch vun der Unicef Lëtzebuerg, zu engem grousse Problem.

All Joer gi 15 Millioune Kanner virun hirem 18. Gebuertsdag zwangsbestuet; oft mat Männer, déi vill méi al si wéi si selwer. Gezwongenen a vill ze fréie Geschlechtsverkéier ass ganz oft net nëmme mat gesondheetleche Komplikatioune verbonnen, mä vill ze fréi Schwangerschafte bréngt mat sech, datt weltwäit 70.000 Meedercher un de Konsequenzen all Joer stierwen. Dohier de Motto vun der Unicef, dee mer besonnesch gutt gefält an zoutreffend ass: „Wenn Mädchen Mädchen sein dürfen, haben wir alle gewonnen".

Et muss een awer och hei soen, datt verschidde Kooperatiounsprojete ganz villes scho bewierkt hunn an datt d'Zuel vun deene Meedercher däitlech erofgaangen ass, déi ze fréi a forcéiert bestuet gi sinn, virun allem déi ënner 15 Joer. Trotzdeem bleift dëst eng heefeg Praxis, virun allem a Regioune wéi Südasien, Latäinamerika, der Karibik an der Subsahara.

Fir nach eng Kéier just op déi lëtzebuergesch Zillänner ze kommen: Eng Etüd vun enger ONG Girls Not Brides, déi sech fir d'Rechter vun de Meedercher asetzt, weist, datt am Niger 75% vu Mannerjärege bestuet ginn, an dat Land steet domadder op éischter Plaz. Am Mali sinn et der ëmmerhin nach 55% an am Burkina Faso 52%.

D'Bestietnisser vu Kanner ass allerdéngs e Problem vu grousser Komplexitéit. D'ONG Human Rights Watch huet festgestallt, datt vill Programmer an Etüden erausgestallt hunn, datt, wann een effikass géint dëse Phenomeen wéilt virgoen, da muss ee mat enger Kombinatioun vu verschiddenen Approchen erugoen, näämlech net nëmmen an der Éducatioun, mä zugläich och am Gesondheetsberäich, an der Justiz, an der Wirtschaft, an der allgemenger Politik vun de betraffene Länner.

Dozou gehéiert d'sexuell Opklärung selbstverständlech, wat an deene verschiddene Regioune guer net esou einfach ass. Ganz dacks sinn näämlech jonk Meedercher guer net am Bild, wat Sexualitéit bedeit, a ginn dovunner aus, datt hir Roll doranner besteet, méiglechst fréi a vill Kanner ze kréien. Dat ass eng Selbstverständlechkeet bei ganz ville jonke Meedercher. A genee déi krass Onwëssenheet do soll global gebrach ginn, iwwerall op der Welt.

(Interruption par la présidence)

Här President? Den Här Engel?

M. Georges Engel *(LSAP).*- Neen.

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Ah, pardon! Ech hat geduecht, e wéilt eppes soen.

(Interruption par M. Henri Kox)

D'Meedercher si ganz oft engem extreme sozialen an och wirtschaftlechen Drock an hirer Communautéit ausgesat. Et muss een also d'Elteren an déi ganz Communautéit mobiliséieren an informéieren iwwert d'Riske vun ze fréie Bestietnisser. Oft ginn d'Elteren de Wee, fir hir Meedercher fréi ze bestueden, well se mengen, datt se se domat virun der Gewalt an der Aarmut schütze kéinten, a se iwwerzeegt sinn, wa se esou fréi bestuet sinn, datt se wéinstens a Sécherheet wären. Also, wat méi fréi, wat besser, och fir d'Famill; esou ass leider d'Opfaassung vu ganz ville Familljen. An dat ass komplett falsch!

Wann een also wëllt d'Eltere mat an d'Boot kréien, da gi Sensibilisatioun an Informatioun net duer. Déi Familllje brauchen eng sozial, finanziell Ënnerstëtzung, zum Beispill ënnert der Form vun engem Mikrokreditt, fir sech domadder zousätzlech Véi kënnen ze leeschten oder méi Som kënnen anzekafen, fir méi ze produzéieren an domadder sécherzestellen, datt se fir all hir Kanner finanziell kënnen opkommen.

Nieft de Sensibilisatiounscampagnen an de kloren, konkreten Ënnerstëtzungsmoossname fir d'Familllje mussen awer och déi reliéis Autoritéiten, déi a ville Länner nach den Toun uginn, matwierken. An et muss e legislative Kader d'Bestietnis vu Mannerjärege verbidden. Mä och domadder ass et net gedoen, well a ganz ville Länner sinn d'Bestietnisser vu Mannerjäregen um Pabeier zwar verbueden, an trotzdeem ass dat eng gängeg Saach. Hei muss d'Kontroll vum Stat also garantéiert ginn, fir datt se sech un hir Gesetzer halen, wa se dann och endlech Gesetzer an deem dote Beräich hunn, an och déi international Konventioune musse respektéiert ginn.

Elo huet eng Seniorcheffin aus engem Distrikt aus dem Land Malawi 850 Zwangsbestietnisser einfach annulléiert, Honnerte vu Meedercher an d'Schoul geschéckt a geféierlech Sexualritualer verbueden. Wéi si selwer seet: „If they are educated, they can be and have anything they want."

An dësem Kontext wollt ech den Dokter Mukwege erwäne fir dat, wat e mécht, deen als engagéierte Fraendokter iwwer 5.000 Meedercher a Fraen net just physesch betreit, andeem e se zesummebitzt, nodeem se vergewaltegt gi sinn, mä och psychologesch betreit a probéiert hinnen ze hëllefen, de Wee nees zréck an d'Gesellschaft ze fannen a sech ze reintegréieren. Hien huet eis opgekläert, wéi massiv dës Vergewaltegungen a sengem Land, dem Kongo, zouhuelen, net nëmme bei de Fraen, mä virun allem bei de Kanner, Meedercher haaptsächlech, ënner fënnef Joer. A wéi Pappe gezwonge ginn nozekucken, wann hir Fraen, hir Meedercher, jo, souguer Puppelcher vergewaltegt ginn! Do stécht eng regelrecht Planifikatioun hannendrun, fir futtizemaache fir d'Liewen, fir onbrauchbar ze maachen a ganz

Generatiounen ze traumatiséieren, wat een als regelrecht, esou seet hien, Krichswaff bezeechne kann.

Den Dokter Mukwege sot: «Les femmes sont considérées comme une marchandise, comme un objet et le business se fait sur le corps de ces femmes.» Dat ware seng Aussoen, déi mech zum Denken ustoussen, wéi hei d'Bild vun der Fra an eiser Gesellschaft vermëttelt gëtt. A mir hoffen och do, datt d'Madamm Mutsch an den Här Braz sech och hei un d'Kohärenz vun de Politicken erënneren, wa se Gesetzer an dësem Kontext légiféréieren.

Den Dokter Mukwege seet, wéi wichteg och hei nei Gesetzer wären, déi dëst Geschäft um Kierper verbidden an déi de Viol konsequent condamnéieren. Dat muss ee sech emol virstellen: Am Kongo ass, trotz all dëse Vergewaltegungen, déi dagdeeglech stattfannen, nach ni - nach ni! - e Mann veruerteelt ginn, datt en e Kand, e Meedchen oder eng Fra vergewaltegt huet! An de Sacharowpräisträger vum Joer 2014 ass sech sécher, datt, wann et esou e Gesetz géif ginn, wat eng Nulltoleranz mat haarde Strofe fir déi Dote géif ausspriechen, och endlech d'Mentalitéit géif änneren. Hie mengt: «Il faut tirer un trait rouge comme on l'a fait chez les armes biologiques», datt hei d'Gesetzer genausou schlëmm musse condamnéieren, wéi wann et eng Massevernichtungswaff wär, well et zerstéiert, a sengen Aen näämlech genausou schlëmm.

An ech erlabe mer, Här President, ze soen, datt ech säi Message, deen en eis ginn huet, besonnesch staark fannen, well hie grad als Mann duerch d'Welt reest an dovunner iwwerzeegt ass, datt hien net nëmme mam Skalpell Fraen nees zesummefléckt, mä datt et virun allem wichteg ass, op dës esou schrecklech Problematik an op déi liewenslaang Konsequenzen opmierksam ze maachen, fir weltwäit ze sensibiliséieren.

Ech wéilt him nach eng Kéier am Numm vun alle Fraen a Meedercher Merci soen an - och esou, wéi eise President dat an der Sitzung derbäigesot huet -, Merci och am Numm vun alle Männer!

Här President, de Pressespriecher vun Unicef Lëtzebuerg huet gesot, datt all fënnef Minutten e Kand duerch Gewalt op eiser Äerd stierft, well et mëssbraucht, verkaaft, versklaavt gouf, als Kannerzaldot muss déngen - rezenterweis steigt d'Zuel vun deenen, déi „geziicht" ginn, fir sech an d'Luucht ze sprengen an anerer mat an den Doud ze rappen -, oder well se permanent an onméiglechen a geféierleche Konditioune musse schaffen. Jonk Meedercher a Frae sinn alt erëm besonnesch betraff.

D'Beschneidung, en Thema, op dat ech ëmmer nees erëm wëll pochen, gëllt als eng vun deene geféierlechste Gewaltformen u klenge Meedercher. Weltwäit mussen der Unicef no 200 Millioune Fraen a Meedercher dës Form vu Gewalt iwwer sech ergoe loossen. All zéngt Sekonn muss e Meedchen un där schrecklecher Tradition leiden. Dat bedeit fir déi Betreffend eng extrem Qual, physesch an och psychesch Cicatricen.

Unicef Lëtzebuerg ënnerstëtzt elo dowéinst an Äthiopien e Projet, fir Preventiounsmoossnamen a medezinnesch Versuergung fir d'Affer unzebidden an och Gynäkologen op der Plaz ze forméieren. An och hei zielt déi nämlecht Devise vun der schoulescher Erzéiung nieft der gesondheetlecher Basis als Haaptkonditioun, fir d'Kanner aus der Gewaltspiral erauszekréien. All Sou, deen an d'Éducatioun investéiert gëtt, kënnt mat Sécherheet ëm dat Villfacht eraus!

Bis 2035 brauch d'Welt 13 Millioune méi Personal am Gesondheetsberäich. Dat ass a ganz ville Länner ëmmer nach e grousse Problem. Am Niger, eent vun onsen Zillänner, gëtt et manner wéi dräi Dokteren, Infirmièren oder Hiewamme fir 10.000 Awunner. Et geet also net nëmme mat Suen duer, neen, et musse Strukturen an deene Länner opgebaut ginn an et muss selbstverständlech och Personal do sinn.

Den 3. November hat de Minister Schneider Besuch vum Direkter vum Bevëlkerungsfong vun de Vereenten Natiounen, fir ënner anerem iwwert de Planning familial am Kader vun der Agenda 2030 ze diskutéieren an huet en Accord ënnerschriwwen, fir e Programm iwwer e puer Joer matzeënnerstëtzen, wou et drëms geet, d'Rechter an d'Gesondheet vu mannerjärege Fraen am Niger ze promouvéieren an hiren demokratesche (veuillez lire: demografesche) Wuesstum esou besser ze meeschteren. E bessere Gesondheetszougang, eng besser Éducatioun, notamment fir d'Familljeplanung, ass a bleift elementar fir dës Fraen, fir méi Entscheedungschancen am Liewen ze hunn.

Mir sinn dofir besonnesch dankbar, Här Minister, datt eist Land bei deem Fong do matmécht, deen als Zil huet, d'Meedercher virun der Gewaltspiral ze schützen an hir Roll an der Gesellschaft ze stäerken.

Här President, Lëtzebuerg huet d'lescht Joer 0,95% vum RNB an d'Entwécklungshëllef afléisse gelooss. Dat ass leider net méi déi magesch Grenz vun 1%, déi mir eis scho virun e puer Joer ginn hunn an déi eis op déi éischt Plaze vun de Länner bruecht huet, déi proportional budgetär am meeschte fir d'Kooperatiounshëllef bäisteieren. De Minister huet eis an der Kommissiounssëtzung am Summer awer erkläert, dëst wär op eng Reevaluatioun vum RNB zréckzeféieren, déi staatlech Hëllef wär an der Quantitéit net erofgaangen, an et war och d'lescht Joer bei 325 Milliounen Euro bliwwen. Dat war jo och deen absolutte Minimum, dee mir eis virgeschriwwen haten. An do hale mir och ganz staark drop als CSV, datt dës magesch Grenz net ënnertraff wäert ginn.

Mir wären natierlech méi frou gewiescht, wa mer och d'lescht Joer nees op 1% bliwwe wären, sief et nëmme fir d'Symbolik vum Message, fir och emol déi aner Länner drun ze erënneren, hiren Deel ze erfëllen, dee scho säit 1970 fixéiert gouf: mindestens 0,7% vum RNB an d'Entwécklungshëllef ze stiechen. Däitschland huet e klengen Effort gemaach an ass 2015 ëmmerhin op 0,5% komm, wat awer nach ëmmer net duergeet. D'Belsch geet souguer lues zréck a läit nach just bei 0,42%. Bei de franséischen Nopere geet den Trend och no ënnen, si steiere just nach 0,37% bäi. Holland huet et nees op 0,7% gepackt genausou wéi d'Vereenegt Kinnekräich.

Viru Schweden muss een den Hutt ganz einfach hiewen, well et dat eenzegt Land ass, wat ëmmer op éischter Plaz louch an d'lescht Joer souguer ganz däitlech zougeluecht huet, mat 1,41%. Allerdéngs muss een awer och dësen Taux e bësse relativéieren.

De Minister gesinn ech schonn nicken.

(Hilarité)

Voilà! Et sollen näämlech Länner ginn, déi en Deel vun hirer Entwécklungshëllef benotzen, fir d'Klimapolitik oder d'Versuergung an d'Ënnerbréngung vun de Flüchtlingen ze managen. Esou stoung an engem Artikel ze liesen, datt d'Schwäiz 20%, Holland 27%, jo, a Schweden 30% vun hirem Entwécklungsbudget opgebraucht hunn, fir d'Flüchtlingsproblematik ze géréieren. Wann dat also wierklech stëmmt, da muss een déi Generositéit do e bësse méi genau ënnert d'Lupp huelen, well da gëtt et ëmmer méi schwéier, de Prozentsaz vum Effort ze vergläichen. Wann hei Saachen an de Kooperatiounsbudget erafléissen, déi net an all Land d'nämlecht sinn, jo, dann ass jo kee richtege Verglach méi méiglech.

Mat engem äänleche Problem si mer awer och elo konfrontéiert, wat d'Situatioun vun der Sécherheet vun eise Leit an eise Partnerlänner Mali a Burkina Faso ugeet a wou een Deel vun de Sue fir d'Sécherheet vun eise Leit muss gebraucht ginn, fir zum Beispill Gebaier ze iwwerwaachen. Also ech mengen, et stellt kee Mënsch a Fro, datt och déi Leit, déi fir eis am Asaz sinn, musse protegéiert ginn. De Risiko ass just deen, datt een Deel vun deem, wat mir haut ënnert dem Deckmantel vun der Entwécklungspolitik finanzéieren, net méi direkt un d'Leit oder an d'Projete selwer fléisst.

Mir stellen hei absolutt net a Fro, datt och sécherheets- a klimarelevant Froen oder Aspekter elementar wichteg si fir d'Entwécklungspolitik, selbstverständlech! Mä mir bedaueren awer, datt hei net méi Transparenz geschaaft gëtt an datt - well dat, esou fäerte mir, weidergeet - an e puer Joer d'Entwécklungshëllef riskéiert, vun hirem eigentleche But ofzekommen an net méi fir de Kampf géint d'Aarmut gebraucht kéint ginn. Do musse mer also wierklech oppassen.

Här President, et gëtt keng effikass Entwécklungshëllef ouni eng Cohérence des politiques. Déi muss am Mëttelpunkt vun der Entwécklungspolitik stoen. An dat heescht, datt een déi ganz Politik ëmmer erëm muss frësch iwwerdenken a permanent evaluéieren an adaptéieren, fir ze verhënneren, datt Entscheedungen an engem Beräich vun der Politik déi positiv Fortschrëtter an anere Beräicher nees futtimaachen. Sou misst bei all Gesetzesprojet eng Luucht ugoen, déi weist, wa mer net kohärent mat eisen Entwécklungsziler wären.

Dee fréiere lëtzebuergeschen UNO-Ambassadeur, de Jean Feyder, fuerdert scho säit Joren op internationalem Niveau eng méi kohärent Wirtschaftspolitik an datt et gëllt opzepassen, datt déi verschidden Intérête besser openeen ofgestëmmt sinn. Hien huet an deem Kontext gesot, datt et wichteg wär, datt een de klengen Entreprisen a Baueren an de concernéierte Länner hir eege Wettbewerbsfäegkeet net däerf ewechhuelen, andeems europäesch Produkter bei hinne méi bëlleg verkaaft ginn, wéi si hir eege Produkter op hire Marché brénge kënnen. Wéi soss solle se selwer aus dem Misär erauskommen, wa mir Politicke förderen, déi genee de Konträr bewierken?

Hei gëllt et zum Beispill och opzepassen, datt et bei Handelsverträg mat Drëttweltlänner net zu enger Diskriminatioun oder Benodeelegung vu lokale Produzente kënnt. An deem misst an der Zukunft konsequent a systematesch Rechnung gedroe ginn. Leider trëfft bei den Accorden oft d'Wirtschaftswelt op déi vun der Entwécklungshëllef, an do gëllt et opzepassen, datt mer kohärent bleiwen.

Et ass natierlech net einfach, eng Balance ze fannen tëschent deene verschiddenen Intérêten, déi am Spill sinn. Mir brauchen dofir méi équilibréiert wirtschaftlech Normen, siefen dat Handelsverträg oder Zollnormen, fir datt déi lokal Produktioun konkurrenzfäeg bleift net nëmmen op dem lokale Maart, mä fir datt se och e besseren Zougang zum Weltmarché kritt.

E gutt Beispill ass dat vum Commerce équitable, deen an deene leschte 15 Joer sech enorm développéiert huet. D'Venten aus dem fairen Handel representéieren elo ewell iwwer 6 Milliarden Euro d'Joer. Dës Progressioun geet op eng gutt Informatioun zréck an op de Wëllen och vun de Leit, déi lokal Produzenten an den Entwécklungslänner besser ze ënnerstëtzen. Vill Leit sinn haut besser informéiert wéi dat nach viru 15 bis 20 Joer de Fall wor. Si consomméieren och aneschters, méi ethesch a méi nohalteg.

An d'Chamber setzt jo och ëmmer méi, nieft de regionale Produkter, op déi d'Madamm Hansen ëmmer esou pocht, zanter e puer Joer op d'Fair-Trade-Produkter, op déi den Här Zeimet an ech ëmmer esou pochen.

Mir fannen et also begréissenswäert...

(Interruptions diverses)

An nach ganz vill anerer heibannen, selbstverständlech!

Plusieurs voix.- Aah!

(Hilarité)

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Dir lauschtert awer no alleguerten!

(Hilarité et interruptions)

Maja, ech mierken.

Ech fannen et begréissenswäert, datt e puer Ministèren, Verwaltungen a Gemengen de fairen Handel an hirer Akafspolitik konsequent asetzen. E batteren Nogeschmaach bleift awer, well et nach ëmmer kee Gesamtbilan vun der Regierung gëtt, welch a wéi vill vun eise staatlechen Infrastrukturen an Zwëschenzäit konsuméieren oder net.

Léif Kolleegen a léif Kolleeginnen, ech hat am Ufank scho gesot, datt de Cercle des ONG déi Lëtzebuerger Entwécklungshëllef global ze schätze weess an der Regierung eng bonne Note ausgestallt huet. Sou begréisst de Cercle des ONG, datt hien elo als aktiven Observateur am Comité interministériel pour la coopération au développement vertrueden ass, hie bedauert awer zugläich, datt ee sech déi néideg Mechanismen nach net ginn huet fir eng effikass Koordinatioun vun de verschiddene Politikfelder, déi systematesch d'Kohärenz vun de Politicken iwwerpréift, evaluéiert an och kontrolléiert. Den CID geet dem Cercle des ONG net duer, fir d'Cohérence des politiques ze iwwerwaachen. Zum Beispill huet en nëmmen e konsultative Charakter, säin Avis muss also net onbedéngt a Betruecht gezu ginn.

De Cercle fuerdert des Weideren d'Regierung op, déi sougenannten „fiches d'impact", déi sech d'Regierung selwer an hirem Programm virginn huet, duerchzezéien. An ech wollt de Minister froen, ob och schonn eng Étude d'impact gemaach ginn ass a wou mer mat deene Fiche-d'impacten dann dru sinn.

Riseg Kritik gouf et och vum „Votum Klima" uganks November, deen nach eemol d'Investitiounspolitik vum Pensiounsfong ugeprangert huet; e Sujet, deen och den Här Wagner gëschter bei der Debatt iwwer Marrakesch opbruecht huet. D'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg hat och séier Stellung dozou geholl a sot, datt et just nach 1,11% aus dem Pensiounsfong wär, deen aus der Kuelen- an Atomenergie kéim, an datt dat kéint ganz gestrach ginn.

Si huet op eng Analys higewisen, déi den Här Schneider sollt gemaach hunn a wou konkret Piste géifen ugezeechent ginn. Wéi wäit si mer mat där Analys, Här Minister? A wéi gedenkt d'Regierung, d'Investitiounspolitik an Zukunft do nach besser ze gestalten, fir datt mer och elo do kohärent sinn tëschent der Entwécklungspolitik an der Investitiounspolitik hei zu Lëtzebuerg?

Här President, den Här Minister huet et och ugeschwat: Och de Privatsecteur schéngt ëmmer méi e groussen Impakt an der Entwécklungshëllef ze kréien. Och hei misst een d'Wierkung vun där Form vu finanzieller Hëllef genee ënnert d'Lupp huelen an oppassen, datt mir domadder Positives op béide Säiten erreechen. Mikrofinanz, alternativ Energien - e Sujet, deen dem Marcel Oberweis däermoossen um Häerz läit -, just fir déi puer ze nennen, hunn enormen Entwécklungspotenzial an et soll een de private Secteur nach méi encouragéieren, fir sech an Entwécklungsprojeten anzesetzen.

Den däitschen Entwécklungsminister Gerd Müller huet an deem Kontext gesot, datt d'privat Engagement e risegt Potenzial nach hätt. Zum Beispill kéinten däitsch Firme kleng afrikanesch Betriber op d'Been hëllefen, net onbedéngt elo mat vill Geld, mä mat Savoir-faire a Form zum Beispill vu Partnershippen, wou se e Conseil kéinte ginn, fir eppes Konkretes a Wäertschëpfendes opzebauen. An dat kann een och selbstverständlech am Beräich vum Klimawandel maachen, wou sech privat Entreprisë fir d'Allgemengheet asetzen. Sou Saache missten einfach méi gefërdert ginn. Dir maacht dat och, Här Minister. Mir si frou doriwwer.

An och am Kontext vun der Entwécklungshëllef kéint ee solche Firmen da mat Leeschtungen entgéintkommen. Et ass op alle Fall eng Iwwerleeung wäert. An dofir musse mer kucken, wéi sech dann och elo déi Iddi, déi Der och genannt hutt vum Business Partnership Facility, wéi déi sech entwéckelt. Dëse Projet ass jo mat enger Millioun Euro vum Stat virgesinn, dee gespeist gëtt, fir Lëtzebuerger Entreprisen ze encouragéieren, datt mer méi kohärent mat eiser Kooperatiounspolitik bleiwen.

Här President, ech wollt positiv ophalen. D'Welt ass global gesinn, trotz ville Krisen, besser ginn. D'extrem Aarmut, d'Kannerstierflechkeet an och d'Mammestierflechkeet sinn trotz Bevëlkerungswuesstum ëm d'Halschent zréckgaangen. Fir d'éischte Kéier liewe manner wéi 10% an der absoluter Aarmut. Et gi méi Kanner wéi jeemools virdrun, déi liesen a schreiwe kënnen. An 91% vun der Weltbevëlkerung hunn Zougang zu verbessertem Drénkwaasser. Fir déi éischte Kéier an der Geschicht gëtt et méi Demokratië wéi diktatoresch Regimmer. An awer bleift vill ze dinn.

Mir sollten dofir eis de Mutt net huele loossen, well mir kënne jo op déi däitlech Progrèsen, déi zënter den Zilsetzunge vun de Millennium Goals gemaach gi sinn, zréckkucken. An dat motivéiert eis, fir weider drun ze schaffen. Mir mussen all zesumme matupaken, responsabel mat eise Ressourcen ëmgoen, am Respekt mam Mënsch a mam Déier! A jiddweree muss op seng Aart a Weis mathëllefen a sech ëmstellen a säi Bäitrag leeschten, wa mer gären eng besser Welt hätten.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Arendt. An nächste Riedner ass den Här Marc Angel vun der LSAP.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, chers amis du corps diplomatique, ech wëll direkt dem Minister Merci soe fir säin Engagement fir d'Kooperatiounspolitik a fir seng exzellent Ried. An ech wëll och all den Akteure vun der Lëtzebuerger Kooperatioun, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, mä awer och an de Partnerlänner, an och eise Partner all Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi all Joers gemaach gëtt.

Ech sinn als LSAP-Spriecher hei houfreg, dass mer, wa mer de Budget vun eisem Land erstellen, all Joers 1% aschreiwe fir d'Entwécklungszesummenaarbecht. Et gëtt Joren, deemno wéi d'Entwécklung ass, wou mer liicht driwwer sinn, an et gëtt Joren, wou mer liicht drënner leien. Mä ech mengen, mir sinn do nach ëmmer un der Spëtzt vun alle Länner hei an Europa.

Mir bleiwen och, wat d'Politik vun der Entwécklungszesummenaarbecht ubelaangt an och vun der Action humanitaire ugeet, a ganz spannenden Zäiten. Mir sinn um europäeschen, mä och um nationale Plang amgaangen, déi grouss Défien ëmzesetzen, déi op internationalem Plang am Joer 2015 décidéiert goufen. Dat sinn d'Konferenz vun Addis Abeba iwwert de Finanzement vum Développement, d'Konferenz vun New York, wou d'Agenda 2030 geschriwwe ginn ass, d'COP21 a souguer d'COP22, mä och dëst Joer nach de Sommet global iwwert d'Aide humanitaire zu Istanbul am Mee 2016.

Wa mer déi Engagementer, déi mer zesumme mat alle Länner geholl hunn op deene grousse Konferenzen, ëmsetze wëllen, da kënne mer net weidermaachen, wéi mer bis elo weiderge-

maach hunn. All Akteuren aus der Kooperatiounspolitik mussen aus dem Silodenken erauskommen.

Här Minister, ech hunn aus Ärer Ried héieren, dass mer hei zu Lëtzebuerg d'Äerm vun eisen Hiemer a vun eise Blusen eropgestréppt hunn, fir dës Défien unzegoen. Mir si prett, nei Weeër ze goen. An trotzdeem, hutt Der gesot, wëlle mer bleiwen, wat mer sinn. An ech mengen, dat ass och richteg, well mer eis bei deene grousse Prinzipie vun eiser Kooperatioun trei bleiwen. Mir bleiwen eis trei, wat d'Effikassitéit ugeet, mir bleiwen eis trei, wat d'Kohärenz ugeet, wat eis Zouverlässegkeet ugeet a wat eis Éierlechkeet ugeet.

Zur Effikassitéit wollt ech soen, déi spigelt sech jo erëm am Plan d'action pour l'efficacité de l'aide au développement 2014-2016. Dee leeft elo of. Dee muss evaluéiert ginn an och weidergeschriwwe ginn. A mir wäerten als Kommissioun hei an der Chamber do och de Suivi maachen. An ech sinn och iwwerzeegt, wéi gesot, dass mer, wat d'Kohärenz ubelaangt, eis trei bleiwen. De Comité interministériel pour la coopération au développement, dee koum am Joer 2015 sechsmol zesummen, e koum och dëst Joer oft zesummen. An d'Kohärenz ass méi wéi jee wichteg, och duerch d'Agenda 2030.

Här Minister, Dir hutt an Ärer Interventioun vun der „Superkohärenz" geschwat. An ech mengen, dat ass d'Erausfuerderung vun der Zukunft. Dofir sinn ech och frou, dass elo d'Commission interdépartementale pour le développement durable geschafe ginn ass.

2015 hu mer also eng ganz Rei Engagementer geholl a mir si prett, fir déi ëmzesetzen: d'Cohérence des politiques, dat hu mer och nach gëschter erlieft, wéi d'Ministesch Dieschbourg hei war an iwwert d'COP22 bericht huet, de Klimaschutz. Si huet et gesot: „Et ass wichteg, dass ech als Ëmweltministesch zesumme muss schaffe mam Finanzministère a mam Kooperatiounsministère"; sou huet si gesot, dat ass wichteg.

Genau wéi et och wichteg ass, Här Kooperatiounsminister, dass Dir - an dat hunn ech gelies an och héieren - enk zesummeschafft mat anere Ministèren, ënner anerem och dem Finanzministère. Besonnesch déi Kooperatioun mam Finanzministère, mengen ech, ass wichteg, well awer, wann een d'Rapporte liest, bal 10% vun eiser Aide publique au développement iwwert de Finanzministère verschafft ginn. An et freet mech dofir, ze liesen, dass duerch dat verstäerkt Zesummeschaffe vun deenen zwee Ministèren d'Kontributioune vu Lëtzebuerg zu deenen Entwécklungsbanke méi no bruecht ginn zu den Ziler vun eise PICen.

Et gëtt oft kritiséiert, dass déi Kontributioune fir d'Bretton-Woods-Institutioune verluere Gelder wären. Ech mengen, d'Entwécklungsbanke spillen awer eng wichteg Roll, well se verschiddene Länner awer Zougang zu Kreditter ginn. A mat deene Kreditter kënnen déi Entwécklungslänner Schoule bauen. An et ass gutt, dass an deene Länner Schoule gebaut ginn, finanzéiert iwwer e Projet vu klassescher Entwécklungshëllef, mä et ass och gutt, dass et Schoule gëtt an deene Länner, déi si selwer kënne bauen.

Mir sinn, fir op d'Charakteristiken zréckzekommen, och en zouverlässege Partner: Zouverlässegkeet vis-à-vis vun den ONGen, déi hei zu Lëtzebuerg eng wichteg Roll spillen. Dofir hu mer jo och deen neie Projet de loi 7082, wou mer de Finanzement nach eng Kéier..., wou Der zu engem Accord komm sidd mat den ONGen iwwert dee Finanzement. Dat ass, mengen ech, wichteg. Mir sinn zouverlässeg, well ugesi vun eise Partner.

An ech war frou, dass Der an Ärer Ried, Här Minister, déi multilateral Bezéiungen an der Kooperatioun ugeschwat hutt, well och do, bei deene si mer en zouverlässege Partner. An do kann ech Iech aus perséinlecher Erfahrung Témoignagë ginn - Dir hutt mech jo ernannt dozou, dass ech soll bei Unaids eng flott Roll spillen als „champion", wéi si dat nennen, fir déi nei Strategie 90-90-90 - an do mierken ech, wéi mer do als Lëtzebuerger considéréiert ginn. An net nëmmen, well mer Geld ginn, well mer e fiabele Geldgeber sinn, mä och well mer um Punkt vun der Verteidegung vun de Mënscherechter zum Beispill eis och do asetzen an och do déi multilateral Partner ënnerstëtzen.

Also, wéi gesot, eist Engagement ass net nëmmen e finanziellt Engagement, mä et ass och e politescht Engagement, a besonnesch andeem mer d'Mënscherechter verteidegen. Zum Beispill bei Unaids geet et drëms, fir sech anzesetze fir d'Sexworker, fir Leit, déi an de Prisonge sëtzen, fir Leit, déi sech Droge sprëtzen an esou weider. An ech mengen, dat ass flott ze héieren, dass eis Aarbecht an eisen Asaz appréciéiert ginn.

En anere Bewäis, dass mer fiabel sinn, ass, dass verschidde Partner hei Konferenzen organiséieren. Dir hutt et gesot, de Bevëlkerungsfong, den UNFPA, deen hat d'lescht Woch eng Konferenz hei, wou och hiren Direkter hei war. An ech mengen, och eng vun den Entwécklungsbanke wäert an deenen nächsten Deeg eng Konferenz hei organiséieren. Och dat ass en Zeechen, dass mer fiabel sinn.

An ech wollt op den Entwécklungsfong zréckkommen, well et jo awer och wichteg ass, deen Nexus Entwécklung a Populatioun unzeschwätzen. Do freet et mech, dass mer do Fonge vu 6,4 Milliounen 2016 am Budget hunn an d'nächst Joer souguer nach eropginn op 6,7 Milliounen. An et freet mech, dass dat op enger Säit thematesch Kontributioune sinn - d'Santé maternelle, d'Lutte contre fistules an och d'Approvisionnéierung mat Produkter fir d'Santé reproductive - an op där anerer Säit Kontributioune mat Länner. An dat sinn da Länner wéi Senegal, El Salvador, Laos, Niger.

An ech mengen, dat ass och erëm e Bewäis vun der Kohärenz. Mir sinn, wat déi thematesch Kontributiounen ubelaangt, genau an eise Strategien, wéi mer se definéiert hunn, an et sinn op där anerer Säit d'Länner, déi mer mam Fonds, mam Populatiounsfonds sponseren an der Kohärenz, well et déi Länner sinn, déi mir eis als Zillänner ginn hunn.

Transparenz charakteriséiert eis Politik awer och, well mer ganz vill publizéieren a ganz vill kommunizéieren. Ech mengen, de Rapport, deen Dir all Joers hei an der Chamber virstellt an dann der Press virstellt, dat ass eng Minn, eng Goldminn vun Informatiounen. Mir hunn och d'Publikatioune vum Cercle vun den ONGen, déi am Développement zoustänneg sinn, an och de Rapport vu Lux-Development, alles dat si wonnerbar Informatiounsquellen a si beweisen d'Transparenz vun der Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik.

Dir kommt jo ganz oft bei eis an d'Kommissioun, Här Minister: Och déi PVen, déi jo ëffentlech sinn, vun eise Kommissiounssitzungen, och déi beweisen, dass mer ganz transparent sinn. An aus deene kritt een och wäertvoll Informatiounen iwwert d'PICen, wéi déi weidergefouert ginn, iwwert d'Commission de partenariat. Et gëtt verschidde Leit, déi kritiséieren, et géife keng Informatioune ginn dozou. Dat kann een alles noliesen, wann een d'PVen, d'Procès-verbaux liest vun eise Kommissiounsreuniounen. An ech mengen, dat ass gutt.

A besonnesch och interessant ass, wann een op den Internet geet vun Ärem Ministère an et kuckt ee sech d'Rapporte vum Comité interministériel pour le développement un, och déi si public a ganz transparent. An do fënnt een och ganz vill Informatiounen.

Transparenz huet awer och net nëmmen domat ze dinn, wat ee publizéiert, mä och wann ee Geleeënheete schaaft, wou d'Leit sech kënnen austauschen. Mir hunn déi Geleeënheeten hei an der Chamber, wou mer mat Iech eis austauschen, wou mer eis mat eise Partner austauschen. Wann näämlech Visitte sinn aus eise Partnerlänner, komme si bei eis an d'Kommissioun.

Mir kënnen eis austauschen hei an der Chamber mat den ONGen. Ech mengen, dat ass ganz wichteg. An en plus hu mer dat formidabelt Instrument vun den Assisë vun der Kooperatioun kreéiert, wou een deem anere Ried an Äntwert ka stoen, wou mer Froe kënne stellen, wou keen Thema tabu ass. An ech mengen, och dat beweist, wéi transparent mer wëllen an onser Entwécklungszesummenaarbechtspolitik virgoen.

Ech wollt zur Transparenz nach eng lescht Remarque maachen. Ech war frou, wéi mer den 22. September an der Kommissioun - mir hate jo eng Commission jointe organiséiert tëschent der aussepolitescher Kommissioun an hirer Dimensioun Développement mat der Ëmweltkommissioun, wou Dir, Här Minister, an och d'Ëmweltministesch do waren a wou mer och iwwert d'Commission interdépartementale pour le développement durable geschwat hunn -, wéi mer do och gewuer gi sinn, dass déi Rapporte vun där Kommissioun och wäerte public sinn an all Mënsch zougänglech sinn.

Ech hu gesot, eis Politik ass och éierlech, eis Kooperatiounspolitik: éierlech, well mer Partnerschaft ganz grouss schreiwen, éierlech, well mer net fuddelen, wat d'Budgeten ubelaangt. An deem 1% - an et ass gesot ginn, mä ech fannen, et ass terribel wichteg ze ënnersträichen - ginn d'Klimagelder net ageschriwwen. Ech mengen, mir hate jo gëschter déi Debatt hei mat der Madamm Dieschbourg.

Mir sinn och éierlech, well - et ass och scho gesot ginn an ech wëll et kuerz nëmmen uschneiden - déi ganz Gelder, déi mer kéinten ee Joer laang aschreiwe fir den Accueil vun de Refugiéen, dat maache mer net!

A mir sinn éierlech, well mer ganz kloer soen, dass sech d'Lutte géint d'extrem Aarmut wéi e roude Fuedem duerch eis Politik zitt. An ech mengen, de Fait, dass mer d'Gesondheet, d'Éducatioun, d'Formation professionnelle an den Développement rural esou héich schreiwen an als esou wichteg empfannen, dat ass de Bewäis, dass mer eis wierklech am Kampf géint d'Aarmut hei befannen. An dass mer ville jonke Leit Perspektive ginn, fir Aarbechtsplazen ze fannen, fir e bessert Liewen ze hunn, fir sech net ze radikaliséieren a fir vläicht net dee geféierleche Wee vun der Migratioun unzegoen.

Mä mir sinn awer och éierlech...

(Interruption)

...vun der Migratioun unzegoen. Vun der Immigratioun, vun der Migratioun...

M. Roy Reding *(ADR).-* Dass se net an d'Ausland musse goen.

M. Marc Angel *(LSAP).-* Ech schwätze vun deene ville Leit, déi a Länner wéineg Perspektiven hunn an och a geféierleche Krichsgebidder liewen, déi mussen aus hire Länner flüchten. Entre autres.

Mä ech fannen, mir ginn deene Leit och vill Perspektiven. An dat ass wichteg. Mä mir sinn éierlech, dass mer soen, dass den Développement net garantéiert, dass d'Leit net aus hire Länner fortginn. Esou éierlech muss een och sinn an dat kënne soen!

Ons Kooperatiounspolitik ass och éierlech am Ëmgang, wat dee wichtegen Nexus vun Développement a Sécuritéit ugeet. Entwécklung a Sécherheet, mir wëssen et, dat geet Hand an Hand. Et gëtt keng Entwécklung ouni Sécherheet. An et gëtt och keng Sécherheet ouni Entwécklung. A mir niéieren och net, an dofir, fannen ech, si mer och éierlech, mir niéieren dat och net, dass et deen Zesummenhang gëtt. Mä mir plaidéieren awer och net derfir, wéi anerer dat maachen an anere Länner, dass Entwécklungsgelder an Défensegelder vermëscht kënne ginn.

D'Relatioun Développement a Sécherheet ass wichteg! An et ass och en Deel vun de 17 Objectifs du développement durable. Et ass den Objectif 16, d'Förderung vu friddlechen an integrative Gesellschaften. A besonnesch am Zil 16.a gëtt ausdrécklech gefuerdert, dass déi zoustänneg Institutiounen, wéi zum Beispill d'Police, beim Capacitéitsopbau op allen Niveauen ze ënnerstëtze sinn, fir Gewalt ze vermeiden, fir d'Lutte géint den Terrorismus an d'Kriminalitéit ze ënnerstëtzen, an dat besonnesch an den Entwécklungslänner.

D'EU-Kommissioun hat an deem Kontext de 5. Juli nei Virschléi gemaach, fir d'Sécherheet an den Entwécklungslänner ze verbesseren. Do gëtt et deen Instrument contribuant à la stabilité et à la paix, den IcSP, dee gëtt erweidert an dee seet, dass mer an de Partnerlänner kënnen d'Akteure vum Sécherheetssecteur besser ënnerstëtzen, fir dass si besser gewappnet sinn, fir och Krise selwer kënnen ze prevenéieren, also d'Preventioun ze maachen an awer och déi Krisen ze bewältegen. Et geet drëms, also wéi gesot, dat hëlleft jo dann och zur Stabilitéit an de Partnerlänner.

Wéi d'Europäesch Kommissioun déi Kommunikatioun publizéiert huet, ass eng gewësse Panik opkomm. Verschidde Medien hunn natierlech net ganz nuancéiert bericht, am Ausland virun allem, an dunn ass et zum Gefill komm, wéi wann elo massiv hei Entwécklungsgelder géifen an d'Défense an an d'Sécherheet eriwwergoen.

Ech mengen, ech hunn och dunn direkt eng Question parlementaire gestallt, de 7. Juli, zwee Deeg no där Kommunikatioun. An ech war ganz frou, wéi ech d'Äntwert kritt hu vun eisem Minister, an ech wëll e puer Saachen aus där Äntwert zitéieren.

An ech zitéieren, de Minister äntwert mer: «Dans ce contexte, le Luxembourg, ensemble avec d'autres États membres, est vigilant pour que l'APD reste vouée au développement et à l'éradication de la pauvreté.» Lëtzebuerg huet zu Bréissel ëmmer am Kontext vun där sougenannter „approche globale" - an déi Approche globale gëtt et jo scho säit 2004 - plaidéiert, ëmmer dat richteg gesot. An ech zitéiere weider aus där Äntwert op meng Question parlementaire: «Nous avons, dès le début de l'approche globale, plaidé vigoureusement pour que d'éventuels fonds APD restent „dacables", c'est-à-dire respectent les critères d'éligibilité (...) tels que fixés par le CAD», Comité d'aide au développemen vun der OECD.

An am Kader vun deem Instrument contribuant à la stabilité et à la paix huet Lëtzebuerg sech och an der Consultation publique, déi d'Kommissioun lancéiert hat, an engem Non-Paper derfir ausgeschwat, dass et besser gewiescht wär, d'Europäesch Unioun hätt sech e spezifescht Instrument ginn am Kader vun der PSDC, vun der Politique de sécurité et de défense commune, dat wär besser gewiescht.

A Lëtzebuerg, a mir weisen och drop hin, also de Minister weist och drop hin an där Äntwert op déi Question parlementaire, dass, wann et elo zu der Revue à mi-parcours kënnt 2017 vum europäesche Budget, dass do déi Fro nach eng Kéier opgeworf gëtt. An ech mengen, mir sinn hei um richtege Wee. Lëtzebuerg plaidéiert do dat Richtegt. Mir sinn also éierlech.

An ech kann och nach als Erfahrung elo soen: Mir haten de Mëtten um eng Auer eng aussepolitesch Kommissioun am Volet Défense zesumme mam Défenseminister Etienne Schneider, wou mer de Budget vun der Défense gekuckt hunn, an et huet mech gefreet, dass do och véier Milliounen dra si fir d'Capacity building a Partnerlänner an dass am Budget vun der Défense eng Millioun virgesinn ass, fir d'Stabilitéit a Länner ze garantéieren, déi aus Konflikter erauskommen. Dat heescht, dass och dee Ministère sech d'Objectifs du développement durable ugekuckt huet, besonnesch den Objectif 16. An ech mengen, dat si Gelder, déi do ugerechent ginn an net an Ärem Budget, Här Minister.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir bleiwen ons trei, mir sinn effikass, kohärent, zouverlässeg, transparent an éierlech. Mä dat heescht awer net, dass mer fäerten, op nei Weeër ze goen. An Dir hutt et och gesot: Mir mussen op nei Weeër goen! A mir haten ni Angscht, nei Weeër ze goen. Am Passé hu mer ugefaangen an der Finance inclusive ze schaffen, d'Microfinance. Wa mer dee Courage deemools net gehat hätten, wäre mer haut net do Leaderen an deem Domän.

An dann, ech hunn dat ganz kloer och matkritt, wéi ech d'lescht Woch an der Europäescher Investitiounsbank war, beim Präis vun deem 7. European Award an der Microfinance. An ech mengen, wann een do mat de Leit, déi aus alle Länner hiergereest sinn, schwätzt, da kann ee soen, da kënne mer richteg houfreg op eis Aarbecht sinn.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Mir mussen also nei Weeër goen. An ech wëll och zitéieren den Här David Nabarro, dee jo Invité op den Assisë war. Den Här Nabarro ass de Conseiller spécial vum Secrétaire général vun der UNO fir de Programm vum Développement durable vun der Agenda 2030. An en huet e Saz gesot, deen, mengen ech, wichteg ass, en huet gesot: „All Länner sinn elo Entwécklungslänner. An all Länner hunn eng Responsabilitéit, fir der extremer Aarmut en Enn ze setzen. All Länner hunn eng Responsabilitéit, fir géint d'Inegalitéiten an d'Ongerechtegkeete virzegoen. An all Länner hunn eng Responsabilitéit, fir onse Planéit ze schützen."

Am Kader vun dëser neier Agenda ass effektiv Reengineering ugesot. Den Här Nabarro huet och drun erënnert, an dat ass och schonn e puermol hei gesot ginn, dass all d'Akteuren, déi ëffentlech an déi net ëffentlech, aus deem Silodenke mussen erauskommen. An en huet dofir och a senger Ried besonnesch déi Business Partnership Facility begréisst, déi Dir, Här Minister, jo virgestallt hutt am Abrëll 2016. D'Virriedner si schonn drop agaangen.

Ech mengen, dës Initiativ ass net nëmmen eng Äntwert op d'Agenda 2030, et ass och eng konkret Ëmsetzung vun de Konklusiounen aus der Konferenz vun Addis Abeba, wou de Privatsecteur als wichtegen, incontournabele Vecteur identifizéiert ginn ass, fir d'Objektiver vum Développement durable ze kofinanzéieren.

Lokalen ekonomesche Wuesstum ass wichteg, fir dass Entwécklungslänner Aarbechtsplaze schafe kënnen an esou och nohalteg d'Liewensbedéngunge fir hir Populatioun verbessere kënnen. An dofir, mengen ech, ass déi Business Partnership Facility eng gutt Saach. Et ass eng Finanzhëllef. Et ass e Kofinanzement 50/50. An et däerf een net méi wéi 200.000 Euro kréie vum Stat. An ech mengen, et si jo och ganz interessant Secteuren do definéiert - ICT, Bio-Health, FinTech, EcoInnovation - a privilegéiert ginn och déi Länner, eis Partnerlänner, eis Pays cibles. An ech mengen, dat ass wichteg.

Muer stëmme mer hei of iwwer e Projet de loi vun der SIS, vun der Société d'impact sociétal. Och fir déi Gesellschafte kann esou eng Business Partnership Facility wichteg ginn.

Dir hat et gesot, Här Minister, de Cap-Vert niewent dem El Salvador, Dir hutt gesot, am El Salvador gi mer nei Weeër an och um Cap-Vert, wou mer de Fonds de diversification des relations économiques kreéieren. Ech mengen, dat ass och wichteg. Deen ass geschafe gi fir en Transfert de technologie, fir en Transfert vum Savoir-faire vu Lëtzebuerger Betriber a Richtung vum Cap-Vert. Besonnesch erfollegräich si mer hei am Domän vun den erneierbaren Energien. An déi Pisten, mengen ech, mussen och weiderverfollegt ginn.

Dass mer net stoe bleiwen, beweist awer och, wéi d'Lëtzebuerger Regierung déi Agenda 2030 wëllt ëmsetzen. Mir haten den 22. September, wéi gesot, déi gemeinsam, also déi Commission jointe tëschent der Ëmweltkommissioun an der aussepolitescher Kommissioun an hirer Dimension développement. An ech mengen, et ass och wichteg, dass mir als Chamber do agebonne ginn, an awer och, dass d'Société civile do agebonne gëtt.

Fir elo emol reng bei der Coopération au développement ze bleiwen, huet et mech gefreet ze liesen, an dat hu mer jo och haut héieren, dass Der am Ministère amgaange sidd, Är Stratégie générale ze aktualiséieren a se eben ze adaptéieren op déi nei 17 Ziler.

Wat d'Ëmsetzen hei zu Lëtzebuerg ubelaangt, ass, mengen ech, vill geschafft ginn. A mir sinn och gewuer ginn an där Kommissioun, vun der Madamm Dieschbourg gewuer ginn, dass geschafft gëtt ganz fläisseg un engem neie Plan national pour le développement durable, och fir an deem Kader deene 17 ODDe Rechnung ze droen.

Dofir mécht och déi Commission interdépartementale pour le développement durable, déi jo am Juni dëst Joer en neit Mandat kritt huet, fir d'Éischt emol en État des lieux zesumme mat allen implizéierte Ministèren. An dës Aarbecht soll am éischte Semester 2017 ofgeschloss ginn. Deen Datum muss och respektéiert ginn, well ons Regierung sech engagéiert huet fir eng fräiwëlleg Presentatioun virun den Nations Unies am Juli 2017. A mir hunn och versprach kritt, dass mer als Chamber virun där Presentatioun an enger Commission jointe Environnement an aussepolitesch Kommissioun matagebonne ginn, fir dass mir als Parlamentarier och d'Méiglechkeet hunn, do Kontributiounen ze maachen.

An ech mengen, natierlech ass et och wichteg, dass hei net nëmmen d'Politik - Regierung a Parlament -, mä och d'Société civile agebonne gëtt. Dofir ass och de Conseil supérieur pour le développement durable, deen och am Juni en neit Mandat kritt huet, do. An ech si sécher, dass niewent deem Conseil supérieur och de Cercle des ONG do e Wuert wäert matschwätzen.

Wann ech schwätze vun neie Weeër, den Här Nabarro huet et gesot, mir mussen all nei Weeër goen. Dofir war ech och frou, dass eis ONGe bereet sinn, nei Weeër ze goen. Op den Assises de la coopération ass et jo ëmmer flott, dass een Nomëtteg de Cercle des ONG d'Fräiheet huet, d'Agenda selwer ze definéieren. A si haten do als Thema den Dialog tëschent den Akteure vun der Entwécklungszesummenaarbecht zu Lëtzebuerg iwwert de Rôle vun den ONGen an enger neier Welt, an engem aneren Émfeld. Et waren zwou ganz interessant Presentatioune vun enger indescher Damm an engem belschen Här, déi sech mam Thema: «Comment doivent changer les ONG au nord et au sud?» beschäftegt hunn, wat ganz interessant war.

An ech freeë mech och schonn, d'nächst Joer, wa mer d'ONGen invitéiere wéi all Joers an d'Kommissioun, fir hir Konklusiounen ze kucken, wéi si och versichen ëmzedenken an och si versichen, wéi mir alleguer, aus dem Silodenken erauszekommen.

Déi nei Weeër, déi maache mer jo net eleng hei zu Lëtzebuerg, mä déi maache mer och am Kontext vun der Europäescher Unioun. An och dofir suivéiere mer an eiser aussepolitescher Kommissioun jo ganz no all déi KOM-Dokumenter, déi erauskommen. An de Minister huet et scho gesot: Gëschter huet d'Europäesch Kommissioun nees dräi Dokumenter publizéiert.

Bei deem éischten Dokument handelt et sech effektiv ëm déi nächst Schrëtt, fir eng nohalteg europäesch Zukunft ze kréien. Do explizéiert d'Kommissioun, wéi se hir zéng Prioritéiten, déi si sech virun e puer Joer ginn huet, ugläicht un déi 17 Développementsziler. An am zweeten Text, do geet et ëm d'Erneierung. An ech mengen, dat ass en Dossier, deen och fir eis wichteg ass ze suivéieren. Dofir hu mer eis an eiser Présidence jo och agesat: d'Erneierung vun der Partnerschaft mat den AKP-Länner, mat den 79 AKP-Länner. Et ass also de Post-Cotonou-Dossier, deen do ugeschwat gëtt. An och do geet et drëm, wéi d'Europäesch Unioun an d'AKP hir Relatioun kënnen an eng nohalteg Phas erabréngen.

An enger drëtter Kommunikatioun vun der Kommissioun, do geet et ëm den New European Consensus on Development. An do geet et natierlech och ëm d'Upassung vun deem Consensus, deen et jo scho säit Jore gëtt, wéi dee sech adaptéiert un d'Agenda 2030. An d'Aarbecht an der Kommissioun wäert eis do net ausbleiwen.

Och gëschter huet Eurostat e ganz interessante Rapport publizéiert iwwert den Développement durable, wou en en Aperçu gëtt iwwert d'Situatioun an der Europäescher Unioun an och Informatioune gëtt, wéi déi aktuell Situatioun an den europäesche Memberlänner ass am Hibléck op d'Ëmsetzung vun de 17 Objectifs du développement durable.

Vu dass mer grad bei der europäescher Politik sinn, wollt ech och drun erënneren, dass am September den European External Investment Plan fir Drëttlänner kreéiert ginn ass. Dëst neit Instrument, dat soll dozou bäidroen, dass d'Investitiounen an Afrika an awer och an der europäescher Noperschaft sollen ugekuerbelt ginn. An den Haaptobjet sinn d'Verbesserunge vun de sozialen a vun den ökonomeschen Infrastrukturen an d'Förderung vun de klengen a vun de mëttlere Betriber. Et stinn 3,35 Milliarden Euro zur Verfügung. Déi kommen aus dem EU-Budget, deelweis awer och aus dem Fonds européen pour le développement a si sollen Investissementer bis zu 44 Milliarde mobiliséieren.

Et fonctionnéiert genausou, wéi de Juncker-Plang um europäeschen Niveau soll fonctionnéieren. Sou soll hei dee Projet an eise Partnerlänner fonctionnéieren. An dat läit total an der Logik vun Addis Abeba, wou et jo op enger Säit drëms geet, déi verschidde finanziell Instrumenter vun der APD besser ze kombinéieren, mä och Kreditter a Garantien ze ginn, fir dass d'Aide publique au développement Privatgelder unzitt, an anerersäits, besser Politicken ze froe vun eise Partnerlänner, dass si och eege Recettë kënne kreéieren, dass si eng besser Fiskalitéit hunn an déi richteg Steierpolitik kënne maachen an dass se och besser ginn am Kampf géint d'Korruptioun.

Erlaabt mer, Här Minister a léif Kolleegen, kuerz och op d'Action humanitaire anzegoen. Et ass interessant, am Rapport 2015 dat ganzt Kapitel 7 ze liesen. Mir ginn Äntwerten. Lëtzebuerg huet am Joer 2015 Äntwerte ginn op déi grouss Kris, humanitär Kris am Westbalkan am Kontext vun der Flüchtlingskris. Mir hunn Äntwerte ginn am Joer 2015, wat déi humanitär Sécherheetskris an deem ganze Bassin ronderëm de Lac Tchad ubelaangt. Ech mengen, dat ass ganz wichteg. Dat kann een alles do noliesen. Mir ënnerstëtzen dat natierlech.

Ech wollt op de Sommet vun der Action humanitaire, deen zu Istanbul stattfonnt huet, deen éischte Weltsommet zu deem Thema, agoen, an do waart Dir jo do, Här Minister, och mat eisem Premierminister, mam Xavier Bettel. Et hunn 9.000 Leit do deelgeholl, Statscheffen. Et war e risege Sommet, deen och genausou wéi d'Agenda 2030 preparéiert ginn ass iwwer dräi Joer laang. All déi grouss Konferenzen - dat wëll ech och emol eng Kéier soen, well do gëtt oft gesot, déi géifen an enger Dunkelkammer preparéiert ginn; dat ass net esou -, do war e breeden, e laange Prozess vun der Preparatioun, en inklusive Prozess, deen dräi Joer laang gedauert huet.

An ech mengen, d'Resultater vun deem Sommet loosse sech weisen a si sinn och wichteg, well d'Situation humanitaire war nach ni esou schlëmm wéi elo: 60 Milliounen déplacéiert Mënschen op der Äerd, 125 Millioune Mënsche sinn op Aide humanitaire op dëser Welt ugewisen. Dat si meeschtens Opfer vu Krichskonflikter, vu Klimakrisen a vun natierleche Katastrophen.

Dofir ass et esou gutt, dass op deem Sommet zu Istanbul esou vill Engagementer geholl gi sinn. An ech wëll op déi 45 ganz konkret Engagementer agoen, déi Lëtzebuerg zesummen, kollektiv oder och eenzel geholl huet. An ech mengen, de Minister huet eis jo och déi Lëscht ausgedeelt, wéi en an der Kommissioun war. Ech wollt der e puer ervirsträichen.

Ee ganz wichtegt, dat éischt Engagement ass, dass mer eise Budget vun der Aide humanitaire héijen, 5% bis d'Joer 2018, fir dass mer vun 2015 40 Milliounen op 2018 44 Millioune kommen. Och d'Engagement 8, mengen ech, ass ganz wichteg. Ech hunn et scho gesot, dat ass, dass mer d'Klimagelder net mixe mat Développementsgelder.

Da gëtt et en Engagement, dat och ganz wichteg ass, wou Lëtzebuerg sech verflicht, mat senge fënnef nationale Partner eng Charte humanitaire ze maachen. Dat sinn d'Caritas, Care, d'Croix-Rouge, Handicap International a Médécins Sans Frontières. Déi Charte ass scho gemaach ginn. Déi ass och schonn der Kommissioun presentéiert ginn. Also Respekt! Dat war am Juni scho fäerdeg. Ech mengen, dat ass wichteg ervirzesträichen.

D'Engagement 16, d'Direktfinanzéierung fir lokal Institutioune bis 2020 eropzebréngen, mengen ech, ass wichteg, an och d'Engagement 17, dass mer eis engagéieren an der Recherche an an dem Développement, wat d'Risk reduction ugeet oder d'Vulnerabilitéit, fir déi ze reduzéieren. An dat maache mer a Kollaboratioun mam Internationale Roude Kräiz. Dat fannen ech ganz wichteg. Ech fannen et wichteg, d'Engagement 18, dass mer 2,5 Millioune bis 2020 engagéiere fir de Projet No Lost Generation Initiative fir d'Kanner a jonk Leit a Syrien.

Mä ech fannen et wichteg, dass mer an deenen Engagementer net nëmme finanziell Engagementer agaange sinn, mä och politesch Engagementer, dass mer soe fir déi Konventiounen, déi mer ënnerstëtze géint d'Cluster-Munitioun, géint d'Mines antipersonnel, dass mer, wa mer mat eise Partner am Dialog sinn, eis engagéieren, si ze encouragéieren, all déi Texter ze ratifizéieren.

Mir setzen eis och an - an dat kascht keng Suen, mä dat kascht just diplomatescht Gefill an dat kascht Engagement -, den Droit humanitaire international ze promouvéiere weltwäit. An ech mengen, mir hunn am Ministère des Affaires étrangères elo e Focal point ageriicht. A schonn eleng, wann een eise Rapport kuckt, déi exzellent Kollaboratioun, déi mer als Kooperatiounsminister mat Handicap International hunn an deem doten Thema, wat den Droit humanitaire international ubelaangt, wat déi vill Victimme vun de Bombardementer a Syrien an an anere Krichsgebitter ugeet, dat ass och en Témoin dovun, dass mer dat Engagement do net nëmmen um Pabeier hunn, mä dass mer dat och wëlle konkret ëmsetzen.

E wichtegt Engagement ass d'Engagement 41, wou Lëtzebuerg wäert all d'Efforten ënnerstëtze vun onparteieschen humanitären Akteuren, fir en Dialog ze engagéiere mat de sougenannten „groupes armés non étatiques". Firwat ass dat wichteg? Ma dat ass wichteg zum Beispill, wann ee kuckt, wéi d'Situatioun zu Aleppo ass, wou d'Humanitäre guer keen Accès hunn. Do kann een net mat engem Stat verhandelen. Do muss een heiansdo mat deene Groupes armés non étatiques verhandelen. An ech mengen, et ass wichteg, dass mer do hëllefen, fir eis do ze engagéieren, fir dass do d'Humanitären, déi onparteiesch Humanitären en Accès kréien, fir deene Leit ze hëllefen.

Ech mengen dofir, dass all déi Efforten, déi mer maachen an der Verteidegung vum Droit humanitaire international eng gutt Saach sinn. An ech war ganz frou ze héieren, dass dee Rapport vun Handicap International iwwert déi Bombardementer a Syrien zu New York vun eisem Ambassadeur bei den Nations Unies presentéiert ginn ass uganks September an dass do iwwer 150 Leit am Sall waren. Ech mengen, dat ass en Zeechen, wéi engagéiert Lëtzebuerg ass an deem dote Kader.

An e lescht Engagement ass dat 47., wat den Gender ugeet. Ech mengen, d'Madamm Arendt huet vill doriwwer geschwat. Ech ka mech do ganz kuerz faassen. Ech fannen et gutt, dass mer eis engagéieren, de Call to Action on Protection from Gender-Based Violence in Emergencies ze ënnerschreiwen. Alles dat si Schrëtt, déi an déi richteg Richtung ginn.

D'Madamm Arendt huet och d'APEen ugeschwat, d'Accords de partenariat économique. Ech mengen, et ass ganz wichteg, säit 2005 schwätze mer déi ëmmer un a soen: „Do musse mer vigilant sinn." Mä mir mussen awer och oppassen, dass mer net esou maachen, wéi wann an deene leschte Joren an deem Kontext guer näischt geschitt wär.

Dir kënnt Iech erënneren, déi Thematik ass ugaangen ënnert der Barroso-I-Kommissioun. Do war den Här Mandelson Kommissär. An den Här Louis Michel, wann ech mech net iren, war Entwécklungskommissär. An déi APEen, déi ware schrecklech, déi hate wierklech nëmmen eng Dimensioun Handel, an d'Dimensioun Développement war wierklech ganz kuerz komm.

Du koum et zur Barroso-II-Kommissioun. Do ass et schonn e bësse besser gaangen. An elo an der Juncker-Kommissioun gëtt och nach versicht, déi Texter ze verbesseren. Mir mussen deen Dossier am A behalen! Mir mussen deen Dossier am A behalen, well et ass näämlech wichteg.

Ech wëll awer och drun erënneren, dass ee muss oppassen, dass mer net ze vill ideologesch un deen Dossier eruginn. An ech wëll drun erënneren, dass fir déi meescht vun deenen 79 AKP-Länner Europa deen éischten Handelspartner ass. Déi 79 AKP-Länner representéieren awer nëmme knapp 5% vum Commerce extérieur vun der EU, soudass déi Angscht virun der Iwwerschwemmung vun europäesche Produkter, an Afrika zum Beispill, dass een dat awer och an deen dote Kontext vun deenen doten Zuele muss erasetzen. Dat heescht awer net, dass mer dat einfach sollen duerchwénken. Mir mussen an deem dote Kontext vigilant bleiwen.

A fir d'LSAP ass et ganz wichteg, dass déi AKP-Länner an deem Kader vun deenen Accords de partenariat économique hir asymmetresch Regimmer deelweis behale kënnen, fir dass déi Länner och hir sensibel Produite schütze kënnen.

An, wat och wichteg ass, mir sollen an deem ganze Kontext och d'Afrikaner als Partner seriö huelen an net maachen, wéi wa si net verhandele kéinten! Mir hu jo oft déi Partner hei an eiser Kommissioun sëtzen, an da schwätze mer dat Thema un. An dann erkläre se eis, wéi se négociéiert hunn, wéi se et fäerdegbruecht hunn, Verbesserungen ze maachen. Si hunn nach net alles erreecht. A mir hoffen, dass se och nach besser Saachen nach weider erreeche kënnen.

Et si jo elo e puer Länner, déi mat der Signature blockéieren. Dat gëtt jo eng Méiglechkeet, fir nach zu Verbesserungen ze kommen. Mä et soll een net vu vireran alles dat veruerteelen, well et ass och wichteg, dass et zu engem Développement économique an deene Länner kënnt.

Mir kënnen net nëmmen en Afrika hu mat nëmme Klengbaueren, mir mussen och en Afrika hunn, wou eng lokal Ekonomie sech kann opbauen. A wat mer besonnesch gefält, eppes, wat ech ganz positiv fanne bei deenen APEen, dat ass dee Facteur vun der regionaler Zesummenaarbecht. Et ass esou, wéi mir et an Europa als Lëtzebuerg fäerdegbruecht hunn, duerch regional Zesummenaarbecht eis ekonomesch besser ze entwéckelen. An ech mengen, dofir soll een net virveruerteelen, mä et soll ee ganz vigilant bleiwen.

Fir ofzeschléisse wollt ech nach soen, Här Minister: Ech hunn an Ärer Ried ganz appréciéiert, dass Der iwwert d'Kritären, wéi mer d'Partnerlänner auswielen, geschwat hutt. Dat war ganz interessant. An ech fannen et och wichteg, dass Der ënnerstrach hutt, wéi wichteg et ass, dass mer op deenen dräi Kontinenter präsent bleiwen: Afrika, Asien a Latäinamerika, well et do, wéi Der genau gesot hutt, dräi verschidde Methode gëtt. An dat erlaabt eis, déi global Vue ze behalen. An ech fannen et och gutt, dass Der déi Plus-value ugeschwat hutt, déi eis Ambassaden, déi mer do hunn, hu fir eis allgemeng Lëtzebuerger Diplomatie.

Als Konklusioun freeën ech mech als LSAP-Spriecher, dass mer zu Lëtzebuerg kloer Linnen hunn an der Coopération au développement an och an der Action humanitaire. Mir bleiwen onse Prinzipien trei a mir ginn d'Défie vun der Agenda 2030 selbstbewosst un. D'Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik ass a bleift um richtege Wee. Si ass modern. A si verfält weder der Bondieuserie caritative nach dem Populisme tiers-mondiste.

Villmools Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Angel. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, Excellences, Här Minister, «Le bonheur est la seule chose qu'on soit certain d'avoir lorsqu'on l'a donné.» Dës impressionnant Wierder goufe vum Raoul Follereau geschriwwen. An dat ass och gutt, fir dësen Débat am Fong geholl richteg anzestëmmen. Et gëtt eis näämlech emol d'Geleeënheet, och sech Gedanken ze maachen iwwer eis Problemer, déi mir an dësem klenge Mikrokosmos hunn. Vläicht kënne mer de Wäert vum Bonheur dann och an Zukunft erëm besser ze schätze wëssen.

Wa mer haut iwwer Länner diskutéieren, wou ganz vill Leit Honger leiden, wou Fraen oft net elementar Rechter hunn, wou Kanner ni eng Schoul vu banne gesinn hunn, wou et un elementaren hygieneschen Infrastrukture feelt, da missten engem jo normalerweis d'Aen opgoen an et misst een nach méi animéiert sinn, fir u sech deenen ze hëllefen, déi net vill respektiv näischt hunn.

Deen Débat vun haut, wéi gesot, kann derzou bäidroen, misst derzou bäidroen, fir en anere Bléck op d'Welt ze werfen an déi Welt emol ze gesinn, wéi se leider oft ass, wierklech ass, an zwar, datt ronn eng Milliard Leit zum Beispill ënner Ënnerernärung leiden. Dat si jiddefalls Gedanken, déi mir net hunn, mir musse ganz anerer féieren: Mir maachen eis Gedanken, wat mer mat deem iwwerflëssegen lessen ze maachen hunn.

An der Mënschheet si schonn oft sech ambitiéis Ziler gesat ginn. Ech erënneren hei un d'Millennium Goals. Leider goufen der vill net erreecht. Mir hunn eis elo erëm nei Ziler gesat mat der Agenda 2030. Och do soll een d'Erwaardunge vläicht net ze vill héichschrauwen, well d'Vergaangenheet eis jo awer gewisen huet, datt et eis oft trotzdeem un deem néidegen Invest gefeelt huet, fir déi Ziler och ze erreechen.

17 Punkte sinn do virgesinn. Ech zitéieren der zum Beispill dräi: «éliminer la pauvreté dans le monde», «réduire les inégalités dans les pays» oder «conserver et exploiter de manière durable les océans». Dat sinn ouni Zweifel ganz nobel Ziler. Ech hoffen allerdéngs, datt do och Doten nokommen!

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll mech a menger Interventioun hei op e puer Kärpunkte limitéiere vun der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik an och vun der Politique humanitaire, virun allem Klimaschutz, Sensibiliséierung, de Rôle vun den ONGen, eis Zillänner, d'Migratioun an de Stellewäert vun der Entwécklungs- an humanitärer Politik am Allgemengen.

Datt eng direkt Relatioun tëschent Kooperatiounspolitik a Klimaschutz besteet, ech mengen, dat ass net méi aus der Welt ze rieden. Mir wëssen, datt duerch d'Äerderwiermung ganz vill Leit d'Substanz praktesch verléiere vun hirer Existenz. Mir sollen eis och do guer kengen Illusiounen higinn: Dat wäert als Konsequenz hunn, datt och an deenen nächste Jorzéngten ëmmer méi Leit an eis Regioune wäerte kommen. Kee Wonner, well déi Leit oft keng Perspektiv méi hunn. An duerfir ass et evident, datt musse grouss Efforte gemaach ginn, besonnesch eben an eise Breeden, fir eng Reduktioun vun CO_2-Emissiounen unzestriewen.

Wann een elo d'Wahl analyséiert, déi an Amerika iwwert d'Bün gaangen ass, dann natierlech kënnt erëm éischter Skepsis héich. Hoffentlech - hoffentlech! - iert ee sech, besonnesch an engem Moment, wou awer aner grouss Länner, an ech denken hei virun allem u China, sech bewegen.

China mécht dat mat Sécherheet net aus philanthropesche Grënn. China huet en extrem grousse Problem mat der Loftqualitéit. Et brauch een nëmmen op Peking ze goen, da gesäit een, wat do lass ass. Do sinn d'Leit frou, wann et reent, well dat dréit dozou bäi, datt d'Smoggefor ofhëlt. Dat sinn natierlech engersäits déi vereelsten industriell Anlagen, déi dozou bäidroen, anerersäits awer och d'Kueleninduestrie.

2016 ass zwar nach net eriwwer, mä et kann een elo scho soen, datt en neien Hëtzterekord opgestallt gi wäert, an zwar läit d'Temperatur, d'Duerchschnëttstemperatur dann 1,2 Grad méi héich wéi an der preindustrieller Period. Dat sinn Zuelen, déi d'Organisation météorologique mondiale ugekënnegt huet. Hire Rapport ass nach net definitiv, e kënnt ufanks des Joers eraus, mä dorunner wäert wahrscheinlech näischt méi änneren. An dann hu se och behaapt, datt d'Konzentratioun vun Zäregas an der Atmosphär nach ni - nach ni - esou héich war, wéi dat de Moment de Fall ass.

Da sinn och aner schlëmm Prognosen, déi eis mat op de Wee bruecht gi sinn, an zwar vun der Weltbank. Si soen, datt all Joers 26 Millioune Leit an d'Aarmut falen duerch ebe wéi gesot de Klimawandel an datt doduerch Schied entstinn an Héicht vu 484 Milliarden Euro! Do si mer also alleguerte gefuerdert, och Lëtzebuerg selbstverständlech, obwuel mer eng Rei gutt Notte kritt hunn, wat eis Klimaschutzpolitik ubelaangt. Ech denken un d'Kooperatioun mat der EIB, ech denken un eis gréng Fongenindustrie. Och d'Hëllef mat eise Partner an der Klimafro gëtt ervirgestrach. Dat wëllt awer net heeschen, datt mer eis Hausaufgabe gemaach hunn, bien au contraire, et steet nach villes un. Ech denke besonnesch och un d'Erneierung oder d'Notzung vun alternativen Energien.

D'COP22 zu Marrakesch ass eriwwer. Gëschter hate mer en Débat hei, do ass ee ganz vill Interessantes gewuer ginn. Et schéngt jo esou, wéi wann de Bilan dach relativ gutt gewiescht wär. Vläicht war et eng wichteg Symbolik, datt ebe grad déi Reunioun do um afrikanesche Kontinent stattfonnt huet, well et däerf ee jo net vergiessen - an dat ass jo dat, wat absurd ass -, datt d'Afrikaner u sech fir 4% zoustänneg si vun der Emissioun vun CO_2-Gasen, datt et op där anerer Säit awer just dee Kontinent ass, deen am meeschten drënner ze leiden huet.

Jiddefalls ass et och interessant, datt 30 afrikanesch Länner sech zesummegedoen hunn, fir am Fong geholl hir Klimapolitik och ze adaptéieren an doduerch hir Agrarpolitik kënnen ze verbesseren. Well et däerf een net vergiessen, et gëtt gerechent, datt bis d'Joer 2025 zwee Drëttel - zwee Drëttel! - vun de Felder an Afrika wäerten net méi kënne benotzt ginn, wann d'Temperatur an deem Mooss weider steigt. An dann däerf ee jo och net ënnerschätzen, datt d'Landwirtschaft nach ëmmer ee vun den Haaptpiliere vun der afrikanescher Ekonomie ass, ronn ee Véierel vun hirem PIB.

Wann een dann nach bedenkt, datt bis d'Joer 2050 d'Populatioun um afrikanesche Kontinent sech wäert verduebelen - dat heescht, da wäerten do zwou Milliarde Leit liewen -, da kann ee sech jo virstellen, datt déi chaotesch Zoustänn, déi mer elo schonn do erliewen, mat Sécherheet net wäerten ofhuelen, au contraire wäerte se nach zouhuelen.

Am Juli ass en Expertegrupp do am Maroc zu Skhirat zesummekomm. Si hunn och e Wäissbuch erausginn. Si hunn och do technesch Léisunge proposéiert, wat ee kann zum Beispill um Niveau vun der Notzung vum Waasser maachen, wat een awer zum Beispill och um Niveau vun der Gestioun vum Buedem kann erreechen. Dat Ganzt géif allerdéngs 25 Milliarden Euro kaschten. Also och do si mer ouni Zweifel immens gefuerdert.

D'lescht Joer war dann och d'Année européenne pour le développement. Hei huet eist Land och ouni Zweifel duerch eng gutt Présidence zu enger besserer Sensibiliséierung bäigedroen. Ech profitéieren och do en passant, fir all deene Leit, déi do involvéiert waren, Merci ze soen, an éischter Linn dem Minister, deene ville Beamten, déi do eng ganz gutt Aarbecht geleescht hunn. Et ware jo eng Rei flott Aktivitéite queesch duerch d'Land. D'Fro ass natierlech ze stellen, ob mer do op deem Punkt sollen ophalen oder ob mer solle weiderfueren, nach méi geziilt dës Sensibiliséierung ze maachen. Do ass nach Potenzial, net nëmmen um Niveau vun der Regierung.

Ech adresséiere mech hei och un déi Gemengeverantwortlech. Et däerf ee sech jo kengen Illusiounen higinn: D'Entwécklungspolitik ass net onbedéngt eppes ganz Populäres! Dat wësse mir als Politiker alleguer. Mir brauchen nëmmen e Bléck op d'sozial Medien ze werfen, da gesi mer jo, wéi mer gelueft ginn, wann een, jo, wann een den „politesche Courage", muss ee scho bal soen, eraushëlt a sech hannert eben déi Entwécklungspolitik do stellt.

Wa mer vu Sensibiliséierung schwätzen, da si mer natierlech och ganz séier bei den ONGen. Dat soen ech net einfach esou hei, dat soen ech ganz éierlech: gutt, datt mer esou vill engagéiert ONGen hunn! Ech mengen, et sinn der de Moment eng ronn 91. Dausende vu Leit, déi sech, et kann ee bal soen, all Dag queesch duerch d'Land engagéiere fir d'Cause vun deenen, deenen et vill méi schlecht geet wéi eis. An et kann een déi Fro roueg stellen: Wat wär eis Entwécklungspolitik och ouni d'ONGen hei zu Lëtzebuerg?

Duerfir si mer als Demokratesch Partei jo frou, datt en Arrangement fonnt ginn ass. Et war jo eng gewëssen Onrou opkomm, wéi am Oktober 2014 den Zukunftspak annoncéiert gi war, wéi deemools do festgehale ginn ass, datt eben eng nei Opdeelung - loosse mer et emol esou soen - vun de Suen, Subventioune soll kommen. Dat schéngt jo awer elo dann zu engem gudden Ofschloss komm ze sinn. An ech zitéieren och hei aus engem Communiqué vum Cercle vum 11. Januar 2016, wou ee konnt liesen: «Les négociations se sont déroulées dans un esprit d'ouverture et ont montré l'importance d'un dialogue de fond sur l'efficacité du développement et la qualité des projets de coopération, tout comme sur le travail et le rôle des ONG en tant que partenaire important de la coopération.»

Ech félicitéieren och dem Cercle fir seng Aarbecht, déi en net nëmmen am Laf vum Joer mécht, mä och fir seng schréftlech Avisen, déi e gemaach huet. Mir kruten dëst Joer nach zousätzlech en Tëschebilan virgeluecht, wat d'Aarbecht vun der Regierung bis elo ubelaangt. Virun allem wëll ech hei drop hiweisen, datt dat selbstverständlech e kriteschen Avis ass. Dat ass och hire Rôle, dat solle se och maachen, musse se maachen. Mä ech wëll awer besonnesch op de sachlechen Toun hiweisen. Dat erlieft ee jo net onbedéngt all Dag. Meeschtens gi mir Politiker jo do mat aneren Téin ënnerhalen. An duerfir muss een dat och emol eng Kéier ënnersträichen. Wann een allerdéngs wëllt e gudden Dialog fleegen, ass dat do och de richtege Wee.

Ech wëll vläicht op e puer Punkten hei agoen. Ëmmerhi sinn et sechs gutt Notte fir d'Regierung. Natierlech geet et virun allem ëm d'Kohärenz. Dat ass och hei scho vu menge Virriednerinnen a -riedner ugeschwat ginn. De Cercle monéiert ënner anerem och, datt et géif un engem gewëssene Leadership feelen. Dat gesinn ech awer e bësse méi reservéiert. Et däerf een awer net vergiessen, mir hunn e spezifesche Ministère, wou een emol e Minister sëtzen huet, dee ganz engagéiert ass, mat ganz ville Beamten.

Da geet et natierlech och ëm den CID, de Comité interministériel de développement. Och do gëtt monéiert, datt déi Avisen net contraignant sinn. Ech maachen awer do eng Relatioun zu deene sëlleche Conseil-supérieuren, déi mer hunn. Ech gesinn dat hei och e bëssen esou, et ass elo beileiwen net pejorativ gemengt, mä ech mengen, hei muss een op d'eigentlech Roll vun deem Comité hiweisen: Dat ass awer nach ëmmer e Berodungsorgan.

Da verlaangt d'Société civile och, datt se bei der Ausschaffung vun den Avise ka mat participéieren. Sou luewenswäert vläicht och déi Ufro ass, däerf een awer net vergiessen, datt mer dann awer e bëssen un d'Substanz vun elementare politesche Regele ginn, well mir liewen nach ëmmer awer an enger representativer Demokratie. An da soll och d'Politik hir Verantwortung iwwerhuelen.

D'Fuerderung, datt emol eng Étude d'impact soll gemaach ginn, fir ze kucken, wéi dann déi Entwécklungshëllef bei der Populatioun an deene betraffene Länner ukënnt, dat ass och eng interessant Iddi, déi ouni Zweifel och ka verdéift ginn.

De Cercle huet sech dann och un eis, un d'Chamber, direkt adresséiert. Ënner anerem ass da gemengt ginn, et misst all Gesetz nach méi op Nohaltegkeet iwwerpréift ginn. Jo, dat ass net falsch. Mä ech mengen awer kënnen och hei ze behaapten, datt een, deen eis regelméisseg nolauschtert, jo awer entre-temps misst festgestallt hunn, datt jo zwar net all Gesetz, awer wesentlech Gesetzer, déi awer de loin oder de près iergendeppes mat Klimaschutz, mat Verkéier, mat soziale Standarden ze dinn hunn, datt déi awer och vum Développement-durable-Aspekt hier gekuckt ginn, analyséiert ginn an och diskutéiert ginn. An et däerf een och net vergiessen, datt mer jo awer regelméisseg och als Chamber iwwert de Wee vun eiser Kommissioun Entrevuë mam zoustännege Minister hunn, wou een och kann all Fro stellen an dann och ëmmer interessant Äntwerte kritt.

Datt natierlech d'Entwécklungspolitik, déi am Süde vun der Welt gemaach gëtt, net lassgeléist ka gi vun engem nohaltegen Esprit, dee mir am Norde musse förderen, ass evident. An do leie mer mam Cercle ouni Zweifel och op enger Linn.

Nach e leschte Punkt, deen ech wëll an deem Kontext hei uschneiden, dat ass déi Business Partnership Facility, wou sech de Cercle e bëssel selche méi reservéiert weist. Ech mengen, dat Wichtegst ass awer, datt de Leit op der Plaz gehollef gëtt. Dat heescht, mir als Demokratesch Partei hunn a priori net direkt Beréierungsängschten, wann Aarbechten, wann humanitär Hëllef vu privater Säit aus geleescht gëtt. Allerdéngs mussen dann och strikt Kritäre gëllen.

Et ass evident, datt hei och net kann all Dier opgemaach ginn an datt verschidde Leit dat ënner engem anere Geescht do wëlle realiséieren, well eng effikass Entwécklungspolitik vun där Säit muss sech natierlech och an de gesamte Kader afügen. An et gëtt jo awer eng ganz Rei interessant Projeten aus der Privatwirtschaft! Ech wëll do zum Beispill op dat neit digitaalt Noutfallhandbuch vun der SES hiweisen. Si krut jo elo en Optrag vun der IOM, der Internationaler Organisatioun fir d'Migratioun. Dës Plattform, mengen ech, misst och an dësen Deeg elo lancéiert ginn.

Et ass jo och net vun ongefëier, datt d'SES elo erëm eng Kéier erausgewielt ginn ass, fir esou e Projet ze maachen. Ech erënneren drun, datt se 2011 scho mat der emergency.lu jo eng satellittegestützt Onlinesäit entwéckelt hat. An dee Projet gëtt jo och zu Recht vun der Regierung da matfinanzéiert.

Eng Fro, mat där een natierlech ëmmer erëm konfrontéiert gëtt, wann een deen Débat hei féiert, dat ass: Wéi soll dann u sech elo den Asaz vun der Privatindustrie, vu Privatfirmen um Niveau vun der humanitärer Hëllef ausgesinn? Natierlech besteet eng gewësse Gefor, datt de politeschen Afloss vun esou Entreprisë ka legitiméiert ginn, wa si Nouthëllef leeschten. Duerfir ass et och wichteg, datt déi humanitär Akteure sech däers och voll bewosst sinn an och virsiichteg sinn.

Ech wëll och hei op déi kanadesch Journalistin Naomi Klein hiweisen. Si huet ënner anerem behaapt zum Beispill, datt humanitär Katastrophe vun onverantwortleche Gesellschafte mëssbraucht gi wären, fir sech selwer ze beräicheren. Ech denken hei un de Krich am Irak oder un den Tsunami an Indonesien. Do ass natierlech dann d'Politik gefuerdert! Do muss d'Politik da ganz kloer Grenze setzen! An da kann et net sinn, datt sech esou Mëssstänn entwéckelen, wat allerdéngs, wéi gesot, net soll als Fazit hunn, datt ee vu vireran eng Barrière géif baue vis-à-vis vun Engagementer, déi vu privater Säit aus kommen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, et ass evident, datt e Stat nëmme kann den elementaren Usprëch vu senger Populatioun nokommen, wann eng staark Ekonomie an deem Land fonctionnéiert. Duerfir si mir als Demokratesch Partei och ganz kloer der Meenung, datt eis Entwécklungspolitik muss virun allem cibléiert sinn op d'Leit an deene Länner, datt se sech och kënnen eng eegen Existenz opbauen, datt se e Maximum un Eegeversuergung kënnen erreechen.

Dozou gehéiert natierlech d'Ënnerstëtzung vun dem klengen Handel. Et däerf een net vergiessen, datt 2,5 Milliarden op der Welt iwwerhaapt emol keen Zougang zu Finanzprodukten hunn! An duerfir ass et och gutt, datt et dee System vun de Mikrofinanze gëtt. Mir begréisse jiddefalls all déi Initiativen, déi op deem Niveau geholl ginn.

Ech wëll och drun erënneren, datt net méi spéit wéi gëschter jo d'LuxFLAG hiren zéngte Gebuertsdag gefeiert huet. 60% vun de Mikrofinanzfonge sinn hei zu Lëtzebuerg! Dat maache ronn 5 Milliarden Euro aus.

An à propos Finanzen, och do musse mer als Politik vigilant sinn. Mir mussen och d'Fiskalsystemer an deene Länner genee iwwerwaachen, wou mer Entwécklungspolitik maachen, datt, wéi gesot, hir Recetten och deementspriechend herno ugewannt ginn an datt och méi national Ressourcë kënnen do generéiert ginn.

Mir wëssen - dat soll elo net hei verallgemengert ginn -, mä mir wësse jo awer, datt et och net nëmme lauter Engelen an deene Länner ginn. An do ass d'Flicht och vun deenen, déi wéi gesot gewëllt sinn, Entwécklungspolitik ze leeschten, awer och dann, de Kontroller do ze spillen.

Vläicht e lescht Wuert och nach, wat d'Finanzen ubelaangt. De leschten 23. a 24. Mee war jo den humanitäre Weltsommet zu Istanbul, wou mir och déi Charte humanitaire ënnerschriwwen hunn. Ënner anerem ass et do jo an deene sëlleche Punkten - ech mengen, et sinn der am Ganze 45 - och ëm Finanze gaangen, Punkt 10, wou sech jo dann och fir méi Transparenz u sech ausgeschwat gëtt.

Stéchwuert klengen Handel: Da si mer natierlech ganz séier - an et ass schonn hei ugeschnidde ginn - och beim fairen Handel. Ech mengen, d'Madamm Arendt war drop agaangen. Eppes ass ganz kloer: Ech mengen, de fairen Handel ass eppes, wat ouni Zweifel an Zukunft nach muss méi ënnerstëtzt ginn, wat e wichtegt Element ass och vun enger geziiltener Kooperatiounspolitik.

Et ass iwwregens och keen neie Begréff. Dee gëtt et schonn zënter 1946. De Prinzip ass jo deen, et brauch een et net méi weider ze erklären, datt e faire Präis bezuelt gëtt fir déi Wuer, déi hiergestallt ginn ass. Wat wichteg ass: datt awer och sozial an Ëmweltstandarden do och ëmmer méi an de Vierdergrond musse réckelen. Ech mengen, mir sollen eis och do verstäerkt mat faire Produkter auserneesetzen.

Allerdéngs wëll ech awer och drop hiweisen: Dat soll sech awer dann op déi Produkter gréisstendeels limitéieren, déi net hei kënnen awer ugebaut ginn. Ech denken u Kakao, ech denken u Banannen, ech denken u Kaffi. De Moment hu mer plus ou moins 1,3 Millioune kleng Bauerebetriber a 74 Länner, déi ënnert deem Logo fonctionnéieren. Mir hunn de Moment ee Problem um Niveau vum Kakao, wou zënter 2012 eng gewësse Pénurie herrscht. Do ass d'Gefor natierlech grouss, datt besonnesch vun de Multien immensen Drock gemaach gëtt, fir eng aner Produktiounsmethod anzeféieren. An dowéinst ass et ëmsou méi wichteg, datt een eben elo da virun allem de fairen Handel do ënnerstëtzt.

Ech mengen, mir hunn hei am Land eng positiv Entwécklung. Dat gëllt allerdéngs elo net onbedéngt fir d'Gemengen! Et sinn nëmme 26 Gemengen am Land, déi de Logo Fairtrade hunn. Also un all déi Kolleegen, déi sollten an enger Gemeng d'Verantwortung hunn an nach net sech derfir agesat hunn, den Opruff dann: Maacht dat roueg! Dir wäert och gesinn, datt dat eng ganz gutt Saach ass.

Ech wëll drop hiweisen: Eng Gemeng, déi mir zimlech gutt bekannt ass, gëtt zum Beispill nach spezifesch Subsiden hire Veräiner, déi Fair-Trade-Produkter notzen. An da kann ech och deene Leit soen, déi elo bei de Kleeschen op Beetebuerg kommen, datt an deenen Titercher och nëmme fair gehandelt Produkter dra wäerte sinn.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions diverses)

M. Gusty Graas *(DP)*.- Mä mir hunn net nëmmen e gudde Buergermeeschter, mir hunn och eng ganz gutt Schäffin.

(Hilarité et interruptions)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Här Graas, Luef ass gutt an der Virchrëschtzäit, mä wann ech gelift, fuert elo virun!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Da luewen ech mech awer selwer nach: Mir hunn e ganz gudde Schäfferot - Klammer zou.

(Hilarité)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Okay. Alt virun!

M. Gusty Graas *(DP).*- Ech wëll awer och drop hiweisen, datt och um Niveau vun de Schoule sech eng ganz positiv Entwécklung do mécht. An net méi spéit wéi am Oktober ass elo de Lycée zu Belval als 16. Fair-Trade-Schoul ugeholl ginn. Jiddefalls ass dat eng Entwécklung, déi nach weiderhin eis Ennerstëtzung verdéngt.

Ech wëll dann op e puer Zillänner och nach agoen. 2015 goufe jo och fënnef nei PICe festgehalen. Ech mengen, an éischter Linn ass et natierlech och de Cap-Vert, deen ëmmer do am Fokus steet. Dat ass och ze verstoen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg eng relativ héich Communautéit vu Kapverdianer. Mir hu gewëssen direkt Relatioune mat deem Land. A mir wëssen, datt do ganz vill Problemer sinn, och finanzieller Natur, soudatt dat also ganz kloer berechtegt ass, datt mer weiderhin eis do ganz staark engagéieren.

Leider sinn déi aner Länner éischter Problemfäll.

Ech denken hei an éischter Linn un de Mali. Zwar ass no de Wahlen am August 2013 den Ibrahim Boubacar Keïta zum President gewielt ginn. Dat huet zu enger gewëssener Stabiliséierung bäigedroen. Mä virun allem am Norden, do wou nach ëmmer d'Tuareg Separatiounsbestriewunge maachen, do ass d'Lag natierlech vill méi ugespaant.

Datselwecht géllt fir den Niger, wou et de Moment souguer ofgerode gëtt hinzefueren, virun allem an de Südosten, an d'Regioun Diffa, do wou eben nach ëmmer Uschléi vun der Terroristenorganisatioun Boko Haram gefaart ginn.

Interessant ass op där anerer Säit, datt mer awer en neit Zilland hunn, de Myanmar. Mir hu schonn e puer Joer doriwwer diskutéiert, awéifern datt mer kënne mam Myanmar a Kontakt trieden. Interessant an deem Sënn, well dat e Land ass, wat awer elo emol en éischte Schrëtt mécht a Richtung vun... hopp, loosse mer „Demokratie" soen, loosse mer „Rechtsstat" soen, woubäi een awer do muss ganz virsiichteg si mat deene Begréffer. Mä zumindest ware regulär Wahlen an d'NLD-Partei vun der Friddensnobelpräisträgerin Aung San Suu Kyi hat jo d'Wahle gewonnen. An doduerch ass jo eng gewëssen Hoffnung elo opkomm a mir sinn och dann, wéi gesot, gespaant, wéi sech dat Land do entwéckelt.

Mä et ass ebe grad wichteg, datt een dann zu dësem Moment och als dat klengt Lëtzebuerg en Zeeche setzt vis-à-vis vun esou engem Land an hinne weist: Mir wëllen lech awer och eng Hand upaken, fir nach méi a Richtung Demokratie ze goen.

Grouss Problemer ginn et natierlech virun allem um afrikanesche Kontinent. Ech hu schonn zwee Länner genannt. Ech kommen och net laanscht de Burkina Faso, wou iwwregens d'Moyenne, den Duerchschnëtt vum Alter bei 56 Joer läit. Dann, d'Frae kréien am Duerchschnëtt 5,6 Kanner a bei de Kanner ënner engem Joer, do läit d'Stierflechkeet bei 6,1%.

Eppes, wat ganz schlëmm ass, dat ass d'Genitalverstümmelung, déi zwar duerch e Gesetz vun 1996, wat deemools do festgehale gi war, verbueden ass, mä awer leider nach ëmmer praktizéiert gëtt. Et gëtt geschat, datt u sech 76% vun de Fraen tëschent 15 an 49 Joer, Fraen a Meedercher, nach ëmmer dëser grausamer Traditioun ënnerleien. Och do, mengen ech, ass et eis Flicht, anzegräifen. Et soll ee Respekt hu vis-à-vis vun Traditiounen, mä wann et ëm Mëssuechtung vu Mënscherechter geet, dann hält de Spaass emol mat Sécherheet op!

E Wuert nach iwwer eng Regioun, déi haut nach net hei diskutéiert ginn ass, dat ass Palästina, de besaten Terrain virun allem. Och do wësse mer, datt et e permanent Polverfaass ass. Och do wësse mer, datt e Fixspoun géif duergoen, fir nei Konflikter lasszetrëppelen. Ech wëll drun erënneren, datt zum Beispill d'israeelescht Parlament elo viru ganz Kuerzem e Gesetz gestëmmt huet, no deem 2.500 Haiser als rechtméisseg erbaut erkläert ginn, an zwar op privatem palästinenseschem Grond. Dat Gesetz muss anscheinend nach dräimol an d'Knesset kommen. Mä wann et awer sollt ugeholl ginn, da kënne mer eis jo virstellen, wat dat fir Konsequenze wäert hunn.

Da sinn och aner Problemer, besonnesch wat d'Waasser ubelaangt. Zum Beispill 93% vun dem Waasserverbrauch an der Cisjordanie gi vun Israel kontrolléiert. D'Palästinenser selwer däerfen nëmme 7% vun hirem eegene Waasser notzen a mussen et och nach selwer bezuelen.

Virun 1967 huet d'Haaptaktivitéit vun der palästinensescher Ekonomie, zu 70% wéi gesot, aus der Landwirtschaft bestanen. Haut sinn dat nëmmen nach 20%. Dat sinn elo Zuelen. Ech mengen, wann een esou Saache behaapt a seet, da soll een och soen, wou een et gelies huet. Duerfir zitéieren ech jo, Här Reding, wou ech dat do alles hierhunn.

(Interruption par M. Roy Reding)

Duerfir soll ee jo ëmmer, wann ee Saache seet, och seng Quellen uginn. An zwar hunn ech dat aus der Zäitschrëft „Brennpunkt" vum leschten Oktober. Zumindest, wa se herno net sollten an deem Sënn stëmmen, dann hunn ech keng Onwourecht gesot. Woubäi ech awer iwwerzeegt sinn, datt se och net ganz falsch sinn!

Besonnesch schlëmm ass d'Situatioun jo och a Syrien an am Jemen. Wat virun allem grausam ass, ass, datt virun allem an deene Länner awer dann och nach d'Mouvementer, déi sech, wéi gesot, fir humanitär Hëllef asetzen - ech schwätzen hei vun MSF -, och nach Affer gi vu grausamen terroristeschen Attacken. Dat ass eng nei Form vu Perversitéit, wann hei op eemol elo Klinicken och nach zerstéiert ginn. Bis dato war dat u sech awer tabu. Dat schéngt leider net méi de Fall ze sinn.

Ech erënneren drun, datt et elo iwwer e Joer hier ass, datt zu Kundus eng Klinik ugegraff gi war, wou 42 Leit ëm d'Liewe komm waren, dorënner vill Dokteren. An dëst Joer si scho 36 Attacken op Strukturen, déi vun MSF ënnerstëtzt ginn, gemaach ginn, zum Beispill am Jemen oder och a Syrien. Do war déi lescht elo den 9. August an der Stad Millis, wou 13 Mënschen ëmkomm waren, dorënner och fënnef Kanner.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 12. Juni 2012 hat hei d'Chamber eestëmmeg eng Motioun gestëmmt, do ass et ëm d'Konventioun vun der OIT gaangen, der Organisation internationale du travail, iwwert d'Rechter vun indigene Vëlker, déi sougenannt ILO 169. D'Chamber, respektiv d'Regierung war opgefuerdert ginn, déi Konventioun ze ratifizéieren. Déi ass bis haut net, bis haut ass se net ratifizéiert.

Ech hat an deem Kontext och eng Question parlementaire de 25. Februar 2015 gestallt, awer och de Kolleeg Marc Angel hat schonn eng virdru gestallt. Duerfir wëll ech op déi Äntwert agoen, kuerz, déi ech den 20. Mäerz 2015 kritt hunn: «Dans ce contexte, et en cas de ratification, le Gouvernement luxembourgeois devrait notamment développer une action coordonnée et systématique en vue de protéger les droits des peuples indigènes et tribaux et de garantir le respect de leur intégrité (article 2 de la Convention). Or, le Luxembourg ne pourrait s'engager que pour des peuples indigènes et tribaux vivant sur le territoire national et vu l'absence de tels peuples rien ne plaide en faveur de la mise en vigueur de telles mesures.»

Dat war, wéi gesot, den 20. Mäerz 2015 d'Äntwert. Ech sinn allerdéngs elo frou, an deene leschten Deeg héieren ze hunn, datt do e Sënneswandel um Niveau vun der Regierung komm ass. Dat kann een nëmme guttheeschen an dat ass virun allem och e wichtegt Signal a Richtung vun dem Respekt, muss ee soen, vun den indigene Vëlker.

Wa mer, wéi gesot, deen Débat haut hei féieren, kënne mer natierlech och net dee Volet Migratioun vergiessen, mat deem mer eis jo hei schonn iwwer zwee Joer vill méi intensiv beschäftegen. Och do, ech hunn dat virdru scho gesot, solle mer eis kengen Illusiounen higinn. Dat ass e Sujet, dee wäert eis net nëmmen an deenen nächste Joren, mä an deenen nächste Jorzéngte verstäerkt beschäftegen, well sech vill Leit wäerten, wéi gesot, op d'Rees maachen, leider eng net onbedéngt flott Rees, fir an eis Regiounen ze kommen. An dozou dréit natierlech awer och, dat däerf een net vergiessen, de Klimawandel bäi.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Duerch d'Flüchtlingswell iwwert de Balkan an och iwwert d'Mëttelmier sinn natierlech vill nei Problemer och hei zu Lëtzebuerg respektiv an den ëmleiende Länner entstanen. Ech denken un d'„Relocation-" an och d'„Resettlement"-Programmer, déi eis virun nei Défie stellen.

A wat awer cocasse un der ganzer Situatioun ass: Dee Kontinent, deen déi meeschte Refugiéen huet, dat ass net Europa. Dat ass Afrika! An dat véiertäermst Land vun der Welt, den Tschad, deen huet zum Beispill bal 400.000 Refugiéen opgeholl, haaptsächlech aus der Zentralafrikanescher Republik, aus dem Niger…

Une voix.- Südsudan!

M. Gusty Graas *(DP).*- …a Südsudan, voilà, well déi eben alleguer do virun allem ënner Boko Haram an och aneren Terrororganisatioune leide mussen.

Ech mengen, och dat soll awer emol eng Kéier hei ervirgestrach ginn: Déi Leit, déi praktesch guer näischt hunn, sinn awer dann nach bereet, awer Flüchtlingen opzehuelen. Ech mengen, dee Message soll ee virun allem emol deene Leit weiderginn, déi hei zu Lëtzebuerg ëmmer ufänken, Pautschen an d'Gesiicht ze kréien, wann et heescht, Flüchtlingen an hirem Beräich opzehuelen.

D'European Agenda on Migration huet op zwee Niveauen, wéi gesot, op déi Problematik vun de Flüchtlinge geäntwert: engersäits déi akut Hëllef an der Flüchtlingskris, dann huet se awer och Pisten opgezeechent, fir sief dat d'Baussegrenzen, d'illegal Immigratioun, d'Asylpolitik ze ënnersichen.

Wat eis Zesummenaarbecht mat der Türkei natierlech ubelaangt, riskéiere mer, lues a lues an eng Zwéckmillchen ze kommen. Dat kann een elo leider hei net verdéiwen, mä dat ass awer trotzdeem en eeschte Problem, ouni Zweifel.

D'Partnerschafte mat den Drëttlänner droen hir Friichten an där ganzer Problematik. D'Kooperatioun gëtt verstäerkt, ënner anerem och duerch den EU Emergency Trust Fund for Africa, deen ass jo dann zu Valletta festgehale ginn. An dee soll jo dann och dozou bäidroen, fir d'Migratioun, wéi gesot, virun allem aus dem Mëttelmierraum besser an de Gréff ze kréien. Fir 400 Millioune goufe jo do och nei Kontrakter geschafen, besonnesch fir wéi gesot um afrikanesche Kontinent Moossnamen ze huelen. Ech denken do un de Senegal, wou jo Aarbechtsplaze fir Jugendlecher geschafe ginn, oder un de Mali an och Äthiopien.

Am Géigendeel zu den traditionelle Projeten aus dem European Development Fund sinn d'Projete vum Trust Fund vun enger Dauer vun ee bis zwee Joer. Dee krut 1,8 Milliarden Euro. 81,8 Milliounen Euro sinn dann d'Kontributioune vun de Memberlänner. D'Fro, déi sech natierlech hei ka stellen, ech schwätzen elo erëm eng Kéier vum EDF, also vum European Development Fund: ob een do d'Mëttele soll huelen, fir Migratiounsmanagement ze maachen.

Ausserdeem muss een och d'Fro erëm opwerfen - ech hat dat schonn eng Kéier virun enger gewëssener Zäit hei gemaach -, firwat datt dee Fong nach ëmmer net dem EU-Budget zougerechent gëtt. Bon, do gëtt et natierlech elo Punkten, déi derfir schwätzen, a Punkten, déi dergéint schwätzen. Deen, dee virun allem dergéint schwätzt: Wann en an den EU-Budget integréiert gëtt, riskéiert en natierlech awer och vläicht, manner héich dotéiert ze ginn, well mer jo och an Zäite liewen, wou nawell éischter gäre gestrach gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi kann eis Kooperatiounspolitik nach optiméiert ginn? Et soll ee sech ni mat deem zefridde ginn, wat een huet, zumindest an dësem Beräich. D'Fro, déi ee muss stellen: Kënne mer nach méi leeschten? Solle mer eise Bäitrag vun 1% vum RNB nach an d'Luucht setzen?

Dat sinn alles Froen, déi ee sech soll stellen. Finanziell gekuckt wär dat mat Sécherheet net onméiglech. Politesch ass dat schonn eng ganz aner Diskussioun. Perséinlech sinn ech der Meenung, mir sollte virun allem emol och op de Wee goen, fir nach eng besser Éffentlechkeetsaarbecht ze maachen, dann ass den Appui vun dobausse vill méi grouss an Zukunft. Mir stinn ouni Zweifel gutt als Land do. Trotz alle soziale Problemer, déi mir och hei zu Lëtzebuerg hunn, déi een op kee Fall soll negligéieren an och net ënnerschätzen, mengen ech awer, datt mer am Verglach zu deene Problemer, iwwert déi mer de Mëtteg schwätzen, dach awer a besseren Dimensiounen dostinn.

Vläicht zum Schluss nach e puer méi prinzipiell Iwwerleeungen zur Entwécklungspolitik iwwerhaapt. Wat heescht Entwécklungspolitik aus eiser Siicht? Oft gesi mir doranner Kapitalinvestitiounen an technesche Fortschrëtt. Ech erënneren hei zum Beispill un de fréieren amerikanesche President, den Harry Truman, deen den 20. Januar 1949 dat schonn esou formuléiert hat.

Ech mengen awer och, mir sollen haut net ze vill missionaresch virgoen. Mir solle Respekt och weise vis-à-vis vun deene Länner fir hir Traditiounen, fir hir Kultur. An ech weess och net, ob et de richtege Wee ass, fir eise Wirtschaftsmodell eent zu eent deene Länner ze octroyéieren, well dat och oft éischter kontraproduktiv kéint sinn, well eng reng materiell Weltanschauung ass an deene Länner éischter méi friem ugesinn. An och dat solle mer ouni Zweifel respektéieren.

Et ass mat Sécherheet och net erstriewenswäert, dee Wee ze goen. Ech denken och do besonnesch drun, datt esou Länner oft anert Kapital hunn. Ech denken un hir Natur. Ech denken natierlech dann direkt och un hir Naturschätz. An da sinn ech awer och bei engem ganz wesentleche Problem, deen een och eng Kéier hei soll zur Sprooch bréngen, an zwar ass dat och d'Ausbeutung vun enger Rei Naturschätz an deenen ënnerentwéckelte Länner. Ech denken hei un d'Konfliktmineralien. Besonnesch betraff sinn de Kongo an déi Zentralafrikanesch Republik. Et geet méi speziell ëm Wolframit, Gold, Kassiterit an de Coltan.

Et gëtt jo do och eng europäesch Initiativ, déi proposéiert, datt Entreprisen, déi op deem Niveau aktiv sinn, solle kontrolléieren an och certifiéieren, virun allem, datt, wéi gesot, d'Exploitatioun vun deene Mineralien net géint d'Mënscherechter verstéisst. Dat ass e wesentlechen Aspekt. An och do solle mer eng Hand mat upaken, datt u sech do all dat an deem Sënn och respektéiert gëtt. Ech erënneren hei zum Beispill un den amerikaneschen Dodd-Frank Act, deen als Modell kéint déngen. Deen ass zwar op eng Rei Widderstänn och gestouss, mä et kann ee sech awer do un deem, wéi gesot, orientéieren.

Allerdéngs si sech d'Memberlänner jo de Moment nach net eens, ob een dat soll op fräiwëlleger Basis geschéie loossen oder ob dat soll herno bindend ginn. Jiddefalls, eppes ass kloer, wa mer Entwécklungspolitik maachen, musse mer prioritär och d'Wënsch vun deene Leit respektéieren, hir Grondbedürfnisser erkennen an op déi virun allem agoen, wat och fir eis förderlech ka sinn. Mir kréien en anere Bléck och virun allem fir hir Kulturen an och souguer Reliounen.

Ech wëll hei de franséische Chercheur, deen op dem INRA Recherche gemaach huet fir schwaarzafrikanesch Froen, de François de Ravignan, zitéieren: «Le développement est une idéologie de puissance, de richesse, de conquête.» Bon, et muss ee sech net onbedéngt zwar mat deenen Aussoen do identifizéieren. Perséinlech sinn ech och der Meenung, datt et awer net esou ass. An trotzdeem muss een oppassen, datt ee sech net laangfristeg an esou eng Logik erabeweegt.

Ech wëll dann awer nach eng Kéier ofschléissend hei der Regierung och félicitéiere fir déi Entwécklungspolitik, déi bis dato gemaach ginn ass, virun allem dem Minister Romain Schneider, deen dat mat vill Engagement mécht; datselwecht géllt fir seng Beamten, datt se déi Kontinuitéit respektéieren, déi an eiser Politik zënter Joren do dran ass. Wéi gesot, et soll ee sech net ze vill selwer luewen, mä ech mengen awer, mir kënnen houfreg sinn op dee Volet vun der Politik, ouni Zweifel. D'Demokratesch Partei ass och bereet, an Zukunft déi dote Politik ze ënnerstëtzen, dee Wee matzegoen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Graas. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat schéiner Regelméissegkeet schwätze mer all Joer hei an der Chamber iwwert d'Kooperatiounspolitik, an dat ass gutt esou. A mir stellen eis och mat schéiner Regelméissegkeet ëmmer d'Fro: Ass d'Kooperatiounspolitik nach ëmmer aktuell?

Ech fueren do weider, wou de Kolleeg Gusty Graas eigentlech opgehalen huet, mat sech wierklech och nach eng Kéier hannerfroen: Wat sinn d'Ziler vun der Kooperatiounspolitik? Ass dat vläicht eng Politik vu gëschter? Ass d'Kooperatiounspolitik méi wéi just eng Mesure, fir eist Gewëssen ze berouegen? Méi wéi e positiven Nation Branding fir e klengt Land mat enger grousser Finanzplaz? Bréngt dës Politik de concernéierte Länner eppes? Oder féiert dës Approche vu Politik just zum Beispill déi afrikanesch Länner an nach méi eng grouss Ofhängegkeet wéi déi, an där se elo scho sinn?

Ech mengen, mir mussen eis mat Kritik auserneesetzen. Dat gehéiert zur Politik. Ech sinn do relativ tolerant, och wa mer Kritik ausgesat sinn. Et geet drëm, fir sech sachlech mat Kritik auserneenzesetzen.

Ech hunn och, grad wéi den Här Graas, déi lescht Ausgab vum „Brennpunkt" gelies. Ech ginn duerfir net méi op Palästina an - do huet hien eigentlech schonn alles gesot, wat ze soen ass -, mä op en aneren Artikel an dëser Zäitschrëft. Do huet och an der Oktobernummer iwwer dräi Säiten den Auteur Ben Toussaint e kriteschen Artikel geschriwwen ënnert der Iwwerschrëft „Entwicklungsarbeit: Wie wäre es denn mal ohne?" An ech mengen, den Här Graas huet den Artikel och gelies, well effektiv ass och den Truman dran zitéiert, deen 1949 versprach hat, de Mënschen an den ënnerentwéckelte Länner duerch Kapitalinvestitiounen an technesche Fortschrëtt zu engem bessere Liewen ze verhëllefen.

An den Auteur schreift do ganz zu Recht, datt vun deem Moment un zwou Milliarde Mënschen opgehalen hunn, dat ze sinn, wat se bis dohinner waren an hirer Villfalt, mä einfach „ënnerentwéckelt" gi sinn, an datt mer an der westlecher Welt dovun ausginn, datt eng erstriewenswäert Gesellschaft eng Gesellschaft ass, déi op Produktioun, op Konsum vu Gidder an Déngschtleeschtunge berout.

An, jo, hanner all Entwécklungspolitik an Entwécklungszesummenaarbecht stécht en Deel vu westlecher „Bevormundung". Et deet mer leed, e bessert lëtzebuergescht Wuert hunn ech net fonnt. Den Entwécklungs- an de Fortschrëttsgedanke sinn an eiser westlecher Kultur fest verwuerzelt, mä vläicht besonnesch mir Gréng, mä natierlech net mir eleng, stellen eis oft d'Fro: Wouhi solle mer eis dann entwéckelen? Hu mer eis och eng Kéier fäerdeg entwéckelt? A wann an der Nokrichszäit de Ressourcëverbrauch an de permanente Wirtschaftswuesstum bei eis nach zu enger Verbesserung vun der Liewensqualitéit gefouert huet, dann ass dat haut anescht.

Haut ass et un der Zäit, méi e sozialen, solidareschen, ekologesche Wirtschaftssystem ze installéieren. Dës Regierung bei eis mécht Efforten an déi Richtung. An déi Debatten, déi besonnesch intensiv dësen Hierscht lancéiert gi sinn: Wéi vill Wuesstum a wéi e Wuesstum ass gutt fir d'Leit, fir d'Land an eis Wirtschaft?, dat sinn immens wichteg Froen. Dat si Froen, déi och an der Zilsetzung vun eiser Entwécklungspolitik eng Roll solle spillen.

Här President, mir wëssen, datt mer net vun haut op muer eng nohalteg ekologesch Handels- a Wirtschaftspolitik weltwäit realiséiert kréien. Mir sinn der Meenung, datt et zynesch ass, drop ze bauen, datt déi sougenannten „Entwécklungslänner" automatesch besser Liewenskonditioune kréien, wa mer géifen all Entwécklungshëllef als Weiderféierung vun enger postkolonialer Ënnerdréckung astellen.

An duerfir si mer och frou, datt mer eis heibannen alleguerten eens sinn, datt mer weiderhi sollen 1% vun eisem RNB an d'Entwécklungszesummenaarbecht investéieren.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Net all!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Ah, ech hat gemengt, Dir hätt Iech d'lescht Joer och ralliéiert gehat. Da soen ech, datt mer „bal" alleguerten eis eens sinn, fir 1% vun eisem RNB an d'Enwlécklungszesummenaarbecht ze investéieren. An och wa mir net kënnen d'Welt op ee Coup veränneren, esou huet d'Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik dach e positiven Afloss op d'Liewe vu ville Leit.

Den Här Minister hat seng Ried ugefaange mat dem Statement: „An der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik bleift alles beim Alen." Jo, dat ass engersäits richteg mat deem, wat de Minister gesot huet, wat de Budget betrëfft. En huet och gesot - wat mir begréissen -, datt mer d'Flüchtlingshëllef net hei budgétiséiere bei der Entwécklungshëllef, an och net d'Klimapolitik. Do bleift alles beim Alen.

An op där anerer Säit, Här Minister, hunn ech awer gemengt, nach ni esou däitlech och d'Noutwendegkeet vun der Kohärenz vu sämtleche Politicken an Ärem Discours gehéiert ze hunn, wéi dat haut war a wéi dat iwwregens och bei alle Virriedner de Fall war. An ech mengen, dat ass mat eng Konsequenz vun der Agenda 2030, déi mat sech bréngt, datt d'Entwécklungshëllef an en „neien Zäitalter" gaangen ass - ech mengen, och esou hat Der et genannt, Här Minister -, datt mer gemeinsam géint de Klimawandel solle virgoen - den Artikel 13 (veuillez lire: Objektiv 13) ass zitéiert ginn - mat Hëllef vun der Madamm Dieschbourg, wa mer dat op lëtzebuergeschem Plang kucken, an de gemeinsame Kampf fir d'Chancëgläichheet, Objektiv 5, wou d'Madamm Lydia Mutsch och gefrot ass, an esou weider. Dat kann ee queesch duerch sämtlech Politicken deklinéieren.

Här President, mir sinn der Meenung, datt d'Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik wierkt. Dëst ass doduerch bedéngt, datt d'Kooperatioun, esou wéi mir se hei am Land praktizéieren, sech zu enger Zesummenaarbecht tëschent Partner entwéckelt huet. A spéitstens zënter den Deklaratioune vu Paräis an Accra souwéi dem Traité vu Busan geet d'Philosophie vun der Kooperatioun progressiv an eng Richtung vun der Zesummenaarbecht tëschent gläichberechtegte Partner. An dëst gëllt natierlech och fir eis Kooperatiounspolitik.

E gutt Beispill heifir ass eis bilateral Zesummenaarbecht mam Senegal. Hei setze mir zanter dem drëtte Programme indicatif de coopération op nei Strategien, ënner anerem och op e sougenannten „appui sectoriel budgétarisé". Och wann dës Aart vun Entwécklungszesummenaarbecht net per se kann als Appui budgétaire bezeechent ginn, ass dëst awer de Beweis vun enger ganz enker Zesummenaarbecht, an där mir dem Partnerland eist Vertrauen ausdrécken an him eng grouss Responsabilitéit zouspriechen.

D'Lëtzebuerger Kooperatiounsgelder ginn an dësem Zesummenhang no senegaleesesche Gestiounskritären agesat an d'Lëtzebuerger Kooperatioun liwwert iwwer eis Kooperatiounsagence Lux-Development just eng technesch Hëllef. Wat am Senegal méiglech ass, ass an anere Länner net méiglech oder nach net méiglech. Eis finanziell Hëllef riicht sech jo och ganz oft u vulnerabel Populatiounen an net u Länner. Dat ass zumindest am ONG-Beräich esou.

Eis Kooperatiounspolitik wierkt och um Niveau vun den ONGen. Als Privatpersoun war ech dëst Joer mat Fairtrade Lëtzebuerg, grad wéi d'Kolleegen, den Här Graas an d'Madamm Hemmen, mat an d'Provënz Piura am Norde vum Peru a mir haten déi grouss Chance, op enger Bananneplantage ze gesinn, wéi do geschafft gëtt. Vun hei aus, iwwregens, importéiert Fairtrade Lëtzebuerg de wäitaus gréissten Deel vun de Bananne mat Bio- a Fair-Trade-Label, déi zu Lëtzebuerg verkaaft ginn.

Fairtrade erméiglecht et hei de Baueren an Aarbechter, ënner bessere Konditiounen an zu engem faire Loun ze schaffen. Awer net nëmmen d'Baueren aus der Regioun profitéieren, mä d'Communautéit méi allgemeng, well Fairtrade och an d'Géigend selwer investéiert, zum Beispill a Schoulen an a sozial Projeten. An dobäi kuckt Fairtrade och no der Nohaltegkeet vun hire Produiten.

Esou konnt ech aus éischter Hand gesinn, firwat et sech lount, sech fir de fairen Handel anzesetzen. Et war immens impressionnant ze gesinn, wéi houfreg déi Klengbaueren do op hire Parzellen op hir Aarbecht waren. D'Bananne wuessen iwwert d'ganzt Joer. Et gëtt also net just eng Récolte beim Uebst wéi bei eis. Op engem Hektar Bananne kënne ronn dräi Leit ee Joer schaffen an en Akommes fir hir Famill verdéngen. D'Kooperativ APPBOSA, déi mir besiche waren, huet d'Aarbecht vun iwwer 400 klenge Propriétairen encadréiert an ass e wichtegen ekonomesche Facteur do an der Géigend.

Och dës Erfahrung huet meng Iwwerzeegung gestäerkt, datt eng gutt Kooperatiounspolitik wierkt, eng Kooperatiounspolitik, déi de fairen Handel ënnerstëtzt, an ech sinn och frou, datt mir mëttlerweil fair gehandelt Produiten an der Chamber erëmfannen. Ech sinn allerdéngs och beandrockt, wéi schwéier et ville Leit fält, hir gewinnte Kaffismark ze wiesselen. Ech sinn awer ganz zouversiichtlech, datt mer och déi richteg Mark fannen, am léifste bio, TransFair an net ze sauer, an datt mer Kraidertéi oder Jus vu Lëtzebuerg, Viz vu Lëtzebuerg hei brauchen. Duerfir brauche mer keen TransFair-Sigel. Ech mengen, dat si Produiten, déi mer och regional kréien. Dat schéngt mer och logesch a selbstverständlech ze sinn.

Mir stinn also als Gréng zu demokrateschen a Mënscherechtsprinzipien. Dëst sinn nun emol keng wäertneutral Prinzipien. De Kanner hiert Recht op Éducatioun, de Fraen hiert Recht op Gläichberechtegung oder d'Recht vun all Mënsch op proppert Waasser si Saachen, fir déi mir eis och weider wäerten asetzen. An deem Sënn kann een och eis virwerfen, mir géifen op eisem westleche Standpunkt verharren. Mir sinn näämlech vun universelle Mënscherechter iwwerzeegt.

D'Madamm Arendt hat virdrun d'Problemer vum Bestietnes vu mannerjärege Meedercher ganz beandrockend hei duergestallt. Ech mengen, deem ass näischt bäizefügen. Dir hat och vum Här Dokter Denis Mukwege erzielt, deen op Lëtzebuerg komm war, deem seng Biographie iwwregens vun engem Lëtzebuerger iwwersat ginn ass an op de Marché bruecht ginn ass. A wa mer dann an eiser heiteger Zäit nach vun Helde kënne schwätzen, da géif ech mengen, wier an eisen Aen den Dokter Mukwege schonn een, deen een da kéint esou bezeechnen.

Ech hat viru Kuerzem d'Chance, d'Madamm Bharati Chaturvedi, d'Direktesch vun der indescher Chintan-Émweltgrupp, kennenzeléieren. Hir Organisatioun vertrëtt d'Interesse vun de Müllsammler zu Neu-Delhi an och doriwwer eraus. Si war am Kader vun der Semaine de la coopération zu Lëtzebuerg. Mir haten e ganz interessant Gespréich iwwer vill Aspekter vun hirer Aarbecht. Ech wëll just zwee Sujeten ernimmen, well se hei an dës Debatt passen.

D'Madamm Bharati huet gesot, si wier ëmmer erëm beandrockt iwwert d'Ausmooss vum Konsum an de westleche Länner, an Europa, also och zu Lëtzebuerg. An dat Bild vu Konsum hunn och vill Leit aus der indescher Mëttelschicht virun Aen, och wa se nach net d'Moyenen hunn, fir sech déi Form vu Konsum ze leeschten. Mä d'Bild ass an de Käpp. Eist Konsumverhalen ass Virbild fir vill Mënschen op der ganzer Welt.

E weidere Punkt, deen ech kuerz wëll uschwätzen, dee passt och nach an de Kader, dat ass de World Toilet Day, dee vun der UNO op den 19. November geluecht ginn ass. Dat ass, éischtens, e grousse Problem fir d'Gesondheet, datt et an Indien a ville Géigende kaum Sanitäranlage gëtt, datt et kee System vu Kanalisatioun gëtt, eng vun de villen Hürden, fir Toiletten am ländleche Raum ze bauen. Et gëtt och kulturell an zum Deel och reliéis Grënn. Et ass awer och e grousse Problem vu Sécherheet fir Fraen a Meedercher. D'Feele vun Toiletten an den Haiser, an de Schoulen huet och eng ganz staark Genderkonnotatioun. A wat fir d'Schwelleland Indien gëllt, gëllt natierlech och nach fir vill aner Länner.

Här President, déi gréng sinn der Meenung, datt d'Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik vun de leschte Joren de globale Gegebenheete gerecht ginn ass. Et ass wichteg, datt eis Kooperatiounspolitik och den Erausfuerderunge vun der Zukunft weiderhi gerecht gëtt.

Eng vun de groussen Erausfuerderungen ass de Klimawandel, eng aner ass d'Migratioun. All Politicken, grad ewéi och d'Kooperatiounspolitik, mussen dëse Phenomeener Rechnung droen. D'Zil vun der Kooperatiounspolitik ass och, d'„push factors" vu Migratioun ze mitigéieren, also drop anzewierken, datt d'Leit manner Grond hunn, fir zum Flüchtling ze ginn. D'UNO schreift, et wier schwiereg ze ermëttelen, wéi vill vun den aktuell ronn 60 Milioune Flüchtlingen och elo scho Klimaflüchtlinge sinn. Ganz vill vun de Flüchtlinge kommen aus de Regiounen, wou d'Émwelt schwéier geschiedegt ass, wou de Buedem net méi als Akerland ze gebrauchen ass. Iwwert d'Zuelen, wéi sech d'Unzuel vun de Klima- an Émweltflüchtlinge wäert weider entwéckelen, kann een nëmme spekuléieren. De briteschen Émweltexpert Norman Myers rechent domat, datt et bis 2050 weltwäit 250 Milioune Mënsche kéinte sinn. Aner Schätzunge leie méi déif.

Et ass allerdéngs och elo scho gewosst, a wéi enge Regiounen duerch de Klimawandel déi gréisste Problemer wäerten optrieden. Niewent der Sahelzon an Afrika dierften dat och Länner sinn, déi a grousse Flossdeltae leien, wéi Bangladesch, oder Inselstate wéi Haiti oder d'Philippinnen, déi haut schonn oft mat Naturkatastrophe konfrontéiert sinn.

D'Klimaauswierkunge gi ganz oft Hand an Hand mat anere Facteuren, wéi zum Beispill enger „bad governance" oder ganz einfach Krich an Terror. Ee konkret Beispill ass d'Sahelzon. Mir si jo och mat eiser Kooperatioun an där Géigend engagéiert. 4,5 Milioune Flüchtlinge sollen et am Sahel ginn. Dës Regioun leit nach ëmmer ënnert den Nowéie vu véier Liewensmëttelkrisen, vun deene vill Haushalter sech bis haut nach net richteg erholl hunn. D'Situatioun vun der Liewensmëttelonsécherheet gëtt nach verstäerkt duerch d'Konflikter am Mali, Nordnigeria, Libyen an an der Zentralafrikanescher Republik. Ongeféier 20% vun der Populatioun, mindestens 25 Milioune Mënschen, gëllen als extrem aarm a brauchen iergendeng Form vun Ënnerstëtzung, fir ze iwwerliewen.

Natierlech ass de Klimawandel just eng vun e puer Ursaache vun de Problemer am Sahel. Dréchente gëtt et hei schonns säit jeehier. Bedéngt duerch de Klimawandel ginn et der awer ëmmer méi.

En anert Beispill vun Auswierkunge vum Klimawandel ass d'Gefor fir kleng Inselen an Inselstaten. Si sinn duerch Iwwerschwemmungen, Buedemerosioun a Stierm bedrot.

Mir haten eréischt gëschter op Ufro vu menger Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert d'COP22 zu Marrakesch, an ech brauch duerfir net alles ze widderhuelen, wat do gesot ginn ass. Mir sinn natierlech frou, datt éischtens d'Resultater vun der COP21 zu Paräis net a Fro gestallt gi sinn, mä vu ville Länner gestäerkt gi sinn. Dat war net esou evident no de Wahlen an den USA. Et gesäit och esou aus, wéi wann ëmmer méi Länner den Iwwergang zu enger grénger Ekonomie net méi als Belaaschtung, mä als Chance géife gesinn. D'Dynamik, datt d'Ekonomie sech a Richtung vun enger „low-carbon economy" beweegt, ass weltwäit net méi ze stoppen.

Interessant a wichteg ass, datt déi 48 Staten, déi am meeschte vum Klimawandel betraff sinn, bereet sinn, eng Virreiderroll ze iwwerhuelen am Klimaschutz. Kleng Länner, sougenannten „Entwécklungslänner", schénge méi ambitiéis a couragéiert ze si wéi grouss a räich Länner.

Wat de Klimafinanzement betrëfft, si keng spektakulär Resultater erziilt ginn. Et kann een net direkt vun engem Échec schwätzen, mä en Duerchbroch ass awer och nach eppes aneres.

Här President, mir mengen, datt et wichteg ass, datt mer och weider 1% vum RNB festhalen als Dépense an der Kooperatiounspolitik. Mir mussen awer eis Politicke méi ministèreiwwergräifend upassen. An domat wiere mer da beim Stéchwuert Kohärenz. D'Kooperatiounspolitik däerf net stoe bleiwen. Mir sollen och d'Kriticken eescht huelen. Mir mussen d'Kohärenz an de Lëtzebuerger Politicke virundreiwen.

D'Wichtegkeet vun der Kohärenz an der Kooperatioun huet och eis Regierung erkannt. Eise Premier Xavier Bettel gëtt an engem Rapport vun Eurodad vun 2014 mat de Wierder zitéiert: „Kohärenz ass wichteg. Et kann net sinn, datt mer mat där enger Hand ewechhuelen, wat mer mat där anerer ginn. Déi Décisiounen, déi mir huelen, hunn en Afloss op d'Entwécklungslänner an op hir Chancen, hiert Schicksal an hir eegen Hänn ze huelen." Dat ass schonn emol gutt a richteg gesot. Mir sinn um gudde Wee.

Allerdéngs gëtt et och nach Kriticken, an déi solle mer, wéi gesot, eescht huelen. Eurodad huet errechent, net fir Lëtzebuerg, mä allgemeng, datt fir all Euro, deen an d'Entwécklungslänner erafléisst, der och ëmmer erëm zwee erausfléissen. Schold doru wieren ënner anerem Taxmechanisme wéi déi, déi am LuxLeaks-Skandal opgedeckt goufen. Duerfir ass et gutt, datt eis Regierung hei op ëmmer méi Transparenz setzt.

Eurodad huet am selwechten Zesummenhang och kritiséiert, datt Lëtzebuerg nach ëmmer net op potenziell negativ Impakter vun eise Steierpoliticken op Entwécklungslänner ageet. Mä och hei schénge mer um Wee ze sinn. Eisen honorabelen Här Kox hat am leschte Budgetsrapport op d'Beispill Irland verwisen an op den „spillover". An ech mengen, datt do och eppes um Wee ass.

Da gëtt et nach d'Kritik vum Cercle des ONG. De Cercle huet dëst Joer keen „Fair Politics"-Rapport publizéiert, mä en huet de Programm vun der Regierung op de Leescht geholl. Ech mengen, de Cercle ass a sengem Rôle, wann en eis Politik ënnersicht an och kritiséiert; dat ass seng Aufgab.

E seet ënner anerem, datt verschidde rezent Evaluatioune vu Programmes indicatifs de coopération net publizéiert gi sinn. Mir huelen déi Kritik zur Kenntnis. Mir bescheinegen awer dem Minister eng ganz gutt Kommunikatioun mat der Chamberskommissioun. An och de Kommissiounspresident Marc Angel huet zu Recht drop higewisen, datt mer eis net iwwer e Mangel un Informatioun kënne bekloen. De Minister kënnt an d'Kommissioun, wa mer e ruffen, an e kënnt och, wa mer en net ruffen. Wann et eppes ze annoncéiere gëtt, da kënnt en och vu sech aus. Also e waart net ëmmer drop, datt mir e ruffen. Mir ginn also regelméisseg mat an d'Diskussiounen abezunn.

Eng weider Kritik ass, datt een Zéngtel vun eise Kooperatiounsgelder iwwert de Finanzministère ginn an an d'Weltbank fléissen. An de Cercle mengt, datt een net ëmmer kann novollzéien, ob déi Suen dann effektiv an d'Aarmutsbekämpfung fléissen. Een Deel vun dëse Sue géifen zum Beispill an den Internationale Wärungsfong fléissen. An dëst sinn Investitiounen, déi ënner anerem och a Form vu Land Grabbing investéiert ginn. Ech mengen, dat ass eng Kritik, déi bestëmmt net ganz onberechtegt ass. Et gesäit een effektiv, datt beim FMI och där Land-Grabbing-Aktivitéiten doranner verwéckelt waren.

De Cercle mengt, datt de Comité interministériel pour la coopération au développement net géif duergoen, fir d'Kohärenz vun eise Politicken am Kooperatiounsberäich ze garantéieren, a fuerdert duerfir en Nohaltegkeetscheck. Déi Fiche d'impact „développement durable", d'Madamm Nancy Arendt huet schonn drop higewisen a gefrot, wat de Minister dozou seet, ob e bereet wier, an déi do Richtung eppes ze ënnerhuelen. Mir stellen dann déi Fro mat.

De Cercle bemängelt, datt nach net all Ministèren, Administratiounen an hir Akafskritären d'Konditioune vum Commerce équitable afléisse gelooss hunn. Et gëtt och nach ëmmer kee Bilan vun der Regierung an dësem Beräich. Jo, mir hu selwer erlieft hei an der Chamber, wéi laangwiereg datt de Wee ass, mä mir mengen awer, datt et derwäert ass, dee Wee konsequent ze goen.

Wichteg: Wat de Klimaschutz an der Lëtzebuerger Politik ugeet, kritt eis Regierung vum Cercle eng bonne Nott, a souguer och vun der gréissster Oppositiounspartei hu mer de Mëtteg och eng bonne Nott an där Politik ausgestallt kritt. Dat freet eis natierlech.

(Interruptions)

Am CONCORD AidWatch-Dokument fënnt een och eng Evaluatioun vun der Lëtzebuerger Ko-

operatiounspolitik. Hei gëtt kritesch bemierkt, datt Lëtzebuerg no der Addis-Abeba-Konferenz iwwert d'Finanzéierung vun der Entwécklung elo méi geziilt op PPPen, also op „public private partnerships" wëllt setzen. D'Gefor ass, datt dëst kéint zu méi Aide liée féieren, vun där mer bis ewell awer keng hunn a wou de Minister och gesot huet, mir wéilten och net op de Wee vun der Aide liée goen. Zu Addis Abeba ass tatsächlech beschloss ginn, datt méi geziilt soll a PPPen investéiert ginn, virun allem am Finanzement vun Infrastrukturen.

Iwwer PPPe kann ee villes soen. Fir d'Éischt emol, datt et e bëssen onkloer ass, wat een iwwerhaapt ënner enger PPP versteet. Mir wëllen d'Iddi vun de PPPen net generell veruerteelen an och net schlechtrieden. Et gëtt och positiv Beispiller. D'Müllsammler zu Delhi zum Beispill si privat Akteuren. Hire Projet op der Gare zu Delhi - si kréien d'Autorisatioun, den Offall aus den Zich an de Garë vun Delhi ze sammelen an ze recycléieren -, iwwert deen ech ënner anerem och mat der Madamm Bharati geschwat hat, ass strikt geholl eng PPP. Et kascht den ëffentleche Secteur näischt an awer wierkt et.

En anert Beispill sinn d'Centres de compétence, déi eis Kooperatioun amgaangen ass am Kosovo op d'Been ze setzen. An dësen Zentre gi Studenten a Studentinnen op e Liewen an der Beruffswelt virbereet. Dat heescht, et gëtt eng Formation professionnelle ugebueden. An ouni PPPe kënnen esou Zentren net selbststänneg funktionéieren, well éischtens, de Privatsecteur weess am beschten iwwert d'Demande um Marché Bescheed; zweetens, dat bescht Léierpersonal ass dat, wat och nach an der Aarbechtswelt aktiv ass; drëttens mussen d'Stagen organiséiert ginn a véiertens brauchen déi Centres de compétence och Revenuen. Ouni déi geet et net. An déi kënne praktesch nëmmen a Synergië mat Privatbetriber entstoen. Also hei ass och, mengen ech, d'PPP eng Win-win-Situatioun fir all Bedeelegt.

Eis Konklusioun: PPPe kënnen net einfach esou integral als neoliberal Instrumenter veruerteelt ginn. Heiansdo si se pragmatesch, praktesch a logesch Léisungen. Wann een allerdéngs PPPen en place setzt, dann ass et wichteg, datt d'Partnerland och déi institutionell Capacitéiten huet, fir domadder eens ze ginn, fir de Suivi ze maachen. A mir sollten och net vergiessen, datt PPPe fir Infrastrukturprojeten de Stat heiansdo méi deier gi wéi eng direkt Investitioun an Infrastrukturen.

Mir fannen et och richteg, wa mer Privatkapital encouragéieren, an déi ärmste Länner ze investéieren. Dat ass eng Ausso vum Minister. Dat huet och de Kolleeg vun der Demokratescher Partei opgegraff. An en huet awer och gesot, an ech menge ganz zu Recht, datt et éischtens de Wonsch vun deene concernéierte Länner ass - déi wëlle jo schliisslech och Handel bedreiwen, fir sech kënne weiderzëentwéckelen -, mä zweetens, datt awer och d'Konditioune musse stëmmen. Den Här Graas hat nach d'Beispill vun der SES-Zesummenaarbecht an deem Beräich erwäänt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi gréng sinn der Meenung, datt eis Kooperatiounspolitik nëmme ka kohärent sinn, wa se Hand an Hand mam Klimaschutz geet. An dat schéngt och bis elo allgemeng heibannen akzeptéiert ze sinn.

Datt dës Regierung an deem Sënn an déi Richtung schafft, dat freet eis. Lëtzebuerg huet an de leschte Jore souwuel technesch wéi och finanziell Hëllef fir de Klimaschutz an Entwécklungslänner zur Verfügung gestallt. Si huet sech zudeem op der COP21 zu Paräis dozou verflicht, fir och an den nächste Joren hir Responsabilitéit eescht ze huelen a bis d'Joer 2020 weider 120 Milliounen Euro an de Klimaschutz an Entwécklungslänner ze investéieren. An heivu fléissen all Joers och fënnef Milliounen an de Fonds vert pour le climat.

Ech erënneren drun, datt dës Zommen - et ass scho vu méi Leit hei betount ginn - am Géigesaz zu anere Länner net Deel vun eiser Aide publique au développement sinn.

D'Finanzéierung vum Klimaschutz mécht natierlech nëmme Sënn, wa mer och heiheem eis Hausaufgabe maachen. Mä och do si mer um richtege Wee. Mir hunn an der Lescht eng ganz Rei positiv Punkten opzeweisen, besonnesch och wat de Finanzsecteur betrëfft. Déi sinn zum Deel schonn erwäänt ginn. Den 23. September 2016 gouf de LuxFLAG Climate Finance Label virgestallt. Unhand vu strenge Kritären zertifizéiert dëse Label Fongen, déi an de Klimaschutz investéieren.

Zanter dem 27. September hu mer och eng gréng Bourse zu Lëtzebuerg. An eis Bourse ass Weltleader, wat gréng Obligatiounen ubelaangt, mat iwwer honnert Stéck. A wa mer scho beim Thema Finanzement sinn, dann huet et mech natierlech och gefreet, d'lescht Woch ze liesen, datt mëttlerweil 60% vun de Mikrofinanzprojeten hei zu Lëtzebuerg doheem sinn.

Et freet mech, datt mer eng grouss Iwwereneestëmmung heibannen am Haus hu vun deene véier Parteien, déi bis elo geschwat hunn, wat déi gemeinsam Zilrichtung vun der Politique de coopération betrëfft. Mir bleiwen derbäi, datt eis budgetär Ustrengunge sollen 1% vum RNB betreffen. Mir bleiwen derbäi, datt mer keng budgetär Vermëschung vun Entwécklungs-, Klima- an Accueilspolitik maachen. Mir bleiwen derbäi, datt d'ONGen eng ganz wichteg Roll spillen.

An ech mengen - dat hunn ech e bësse gemengt erauszehéieren haut -, datt eben d'Kohärenz vun de Politicken eigentlech nach méi gefërdert soll ginn, an ech mengen, dat huet och eppes mat der Agenda 2030 ze dinn, déi eis jo seet, datt mer méi wéi jee just eng Welt sinn a gemeinsam d'Verantwortung fir dës eng Welt sollen iwwerhuelen.

An duerfir soen ech Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, wat ass d'Roll vun enger Oppositiounspartei an esou enger Debatt? Et kann net eis Aufgab sinn, nach eng Kéier dee ganze Misär an der Welt opzezielen, well mir wëssen, wéi schlëmm deen ass. Et kann och net eis Aufgab sinn, onkritesch dat ze iwwerhuelen, wat d'Regierung eis proposéiert, mä d'Aufgab vun enger Oppositiounspartei, och an esou enger Debatt, wou et ëm grouss moralesch an humanitär Froen op der Welt geet, muss ëmmer sinn, fir d'Aarbecht vun der Regierung kritesch ze hannerfroen an och hei op Lëtzebuerg gesinn ze kucken, ob dat richteg ass an eisen Aen, wat hei geschitt.

Mir kënnen och net derlaanschtgoen an Zäite vu grousse budgetären Defiziten an einfach stereotyp widderhuelen: „Et ass gutt, et ass richteg, datt mer esou vill Geld dran investéieren", ouni och do nozefroen, ob et esou ass!

Mir mussen als Alleréischt feststellen, datt Lëtzebuerg vill méi mécht wéi dat, wat d'Regierung seet, doduerch, datt eng ganz Rei Saachen net ugerechent ginn: bei de Refugiéen, am Beräich vun der Éducatioun, datt de Klimaschutz derbäikënnt, datt dat, wat eis Gemengen, eis Stied maachen, och net agerechent ass an deen Effort, esou wéi d'Regierung e presentéiert. Soudatt mer an der Realitéit, wa mer kucken, wat mer wierklech vun eisem Bruttonationalakommes ausginn, wann een alles géif no deene Regelen urechnen, wéi och d'OECD et géif erlaben, ganz liicht bal beim Duebele leien, eiser Schätzung no, obscho mer et net genau kënne soen, mä wahrscheinlech an der Gréisstenuerdnung och vun 1,4%, dat heescht, beim Duebele vun deem, wat wierklech virgesinn ass, wat mer versprach hate viru laange Joren, näämlech déi 0,7%.

Dat ass net harmlos! Et ass och net, wéi d'Kolleege vun der CSV soen: „Mir bleiwen einfach derbäi", well mir bewegen eis op enger Trajectoire, wou mer awer a groussen Defiziter sinn. A wa mer iergendwou mussen higoen, iergendwéini an der Zukunft, a soen: „Wou musse mer reajustéieren, fir kënnen de budgetären Équiliber hierzekréien?", a wa mer ee Budget hunn, wou mer praktesch beim Duebele vun de Leeschtunge leie vun deem, wat versprach ass, ass d'Fro natierlech a läit se op der Hand: Kënne mer esou virumaachen?

Ëmsou méi, wa mer ëmmer soen, datt d'Baussepolitik e Ganzt ass! Datt se begräift: d'Diplomatie, d'Défense an den Développement, déi dräi Den. A wa mer wëssen, datt am Beräich vun der Défense notamment, wat am selwechte Cluster vu Leeschtungen ass, en enormen Drock op eis besteet, fir d'Leeschtungen an d'Luucht ze setzen! Dës Regierung huet fir 2020 en Zil op 0,6% festgeluecht; déi gréng inklusiv, ech wëll dat hei ënnersträichen! Déi ganz Regierung huet sech politesch op dat 0,2% vum Bruttoinlandsprodukt festgeluecht als Zil fir de Verdeedegungsbudget.

Wann een dat da kuckt, wann een dann déi vill Versprieche kuckt, déi haut gemaach gi sinn am Beräich vun der Entwécklungshëllef, an dat, wat op eis duerkënnt am Beräich vun der Verdeedegung, da freet ee sech: Wéi realistesch sinn déi Verspriechen? Si se och ze veräntwerten am Kader vun der allgemenger finanzieller Situatioun vum Stat? Dat ass eng Fro!

A mir hätten eis erwaart als ADR, wann ee verantwortlech a Regierungspositioun ass, datt net ee Minister nom aneren heihinnerkënnt a seet, wéi wichteg et ass, fir a sengem Beräich all dat Geld auszeginn. Mä mir hätten eis erwaart, datt e kohärente Gesamtusaz do ass, eng Reflexioun, déi seet: Ma da maache mer hei eng Prioritéit an do! Wou kënne mer Ëmschichtunge maachen am ganze Beräich vun der baussenzeger Politik, fir ze soen: Ma mir musse vläicht net nëmmen e Retour économique bei der Défense kréien, mä vläicht och e Retour humanitaire?

Wat kënne mer urechne loossen no de Regele vun dem DAC a Sécherheetsinvestitiounen an d'Stabiliséierung vun eise Partnerlänner? Kënne mer net am Beräich vun der Militärpolitik Acquisitioune maachen, déi eis och erlaben, humanitär Aktiounen do duerchzeféieren, wou mer se prioritär misste maachen, zum Beispill am Beräich médical?

Mir hunn elo déi Gespréicher gehat iwwert d'Infrastructure hospitalière zu Lëtzebuerg. Kënne mer net higoen an en Hôpital militaire de campagne maachen, dee mer och kënnen humanitär asetzen? All dat si Reflexiounen, déi ee kéint vun enger Regierung erwaarden, fir do ze kombinéieren, wou knapp Ressourcen awer op eis duerkommen. Mir hunn dozou näischt héieren!

Mir kafe grouss Moyenen an deem engen an an deem anere Beräich a mir kombinéiere se net. An dat ass sécher e Kohärenzproblem innerhalb vun der Regierung, fir eng méi grouss Effikassitéit vun deene Leeschtungen ze maachen, déi mer am Beräich vun der Baussepolitik ze maachen hunn.

Mir hunn eis och an der Diskussioun gewonnert iwwert déi verschidde Kommentaren, déi haut gemaach gi sinn zur Migratiounspolitik. Déi si vollkommen onkritesch gewiescht! Et ass ni an der Debatt bis haut gesot ginn oder hannerfrot ginn, ob dat richteg ass. Den Här Minister selwer huet et a senger Ried net fäerdegbruecht, e kloren Ënnerscheed ze maachen tëschent enger legaler an enger illegaler Immigratioun; an engem Rechtsstat awer e fundamentalen Ënnerscheed, deen ee muss maachen! Eng illegal Immigratioun kann een net toleréieren, wann ee sech zu rechtsstaatleche Prinzipien an zum Anhale vun de Gesetzer verflicht fillt!

Och ass et net realistesch - ech mengen, mir kënnen ëmmer hei fromm Sprëch soen, mä et ass net realistesch -, datt duerch eng Migratiounspolitik, déi éiweg géif weiderdaueren, iergende Problem an Afrika géif geléist ginn. Déi Capacitéit hu mer net. An et ass genausou onrealistesch, wann een déi demografesch Entwécklungen an Afrika kuckt, fir och nëmmen een Abléck ze mengen, datt, wa mer d'Grenzen ophalen, mer do kéinten hëllefen. An et ass genausou onrealistesch, fir ze mengen, datt mir mat eise beschränkte Méiglechkeeten, déi mir hunn - Lëtzebuerg an ëmmer méi Europa als Ganzt -, kéinte wierklech Ursaachebekämpfung maachen op eng effikass Manéier, fir grouss Migratiounsbewegungen ze verhënneren.

Eng falsch Migratiounspolitik, wéi mir se am Abléck bedreiwen, dréit dozou bäi, Schleiser ze finanzéieren, kriminell Aktivitéiten ze organiséieren an ze ënnerstëtzen, dréit dozou bäi, datt Leit am Mëttelmier erdrénken, well se sech mat falschen Hoffnungen op Risiken aloossen, déi mir selwer - oder op jidde Fall déi Parteien, déi esou eng Politik net veruerteelen, wéi se am Abléck leeft - mat ze veräntwerten hunn!

Mir hunn hei also ganz vill Erausfuerderungen, a mir als ADR, mir stellen eis all deenen, och wann et net ëmmer populär ass, et ze soen: Mä humanitär Hëllef ass eppes, wat mir mat Grousszügegkeet sollen ugoen do, wou Leit an Nout sinn. Do musse mer hëllefen, mir däerfen do net feelen. Mä d'Entwécklungshëllef selwer ass eppes, wat ëmmer erëm muss hannerfrot ginn!

Eng Damm wéi d'Dambisa Moyo, déi nach d'lescht Woch hei op enger Lëtzebuerger Bank e grousse Virtrag gehalen huet, huet ëmmer erëm op d'Nodeeler, och ekonomescher Natur, vun der Entwécklungshëllef higewisen. A mir mussen och dovun ewechgoen, fir dat als wierklecht Allheilrezept do ze gesinn. Mir mussen op de Wee goen, fir e laangfristeg nohaltegen Handel och ze kréie mat den afrikanesche Staten, Handel, deen dacks besser ass wéi Hëllef, de Leit méi nohalteg hëlleft. Duerfir ass et och eng ganz gutt Saach, datt mer esou eng Business-Partnership-Initiativ elo hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn.

Et ass eng zweet Saach, wann ee vu Kohärenz schwätzt. An ech kucken erëm den nationale Plang méi wéi all aner Saachen. Dat Éischt ass, mir hunn hei elo e Gesetzesprojet an der Diskussioun, dee mer och geschwënn an der Chamber wäerten hunn, iwwer „High Net Worth Individuals", wéi dat haut heescht - et ass den N°6992 -, dee vill an der Diskussioun ass, well en Titre de séjour do soll fir Leit kreéiert ginn, déi vill Geld an d'Land bréngen an hei investéieren.

Mä et ass och eng Dispositioun dran, déi am Kader vun der Entwécklungshëllef méi wéi diskutabel ass! Dat ass, datt déi auslännesch Studenten, eben och aus Drëttweltlänner zum Deel, net méi mussen zréckgoen an hir Länner, mä kënnen direkt en Titre de séjour kréien am Uschloss un hir Studien! Mir hunn ëmmer gesot, mir bilden hei Leit aus, fir datt se zréckginn an hir Länner an do sollen hëllefen. Et ass net un eis, fir e Brain drain ze organiséieren an hire Leit ze hëllefen, direkt heizebleiwen, well dat ass net am Interessi vun hire Länner an domadder di mer hinne kee Gefalen.

Mir sollten och kucken, datt mer méi Kohärenz kréien, wat d'Koordinatioun vun Entwécklungshëllef ugeet, déi op Gemengenniveau geleescht gëtt an déi op staatlechem Niveau geleescht gëtt.

Wann een déi Äntwerten op verschidde Question-parlementairë liest, huet ee wierklech den Androck, datt déi lénks Hand net weess, wat déi riets mécht. Mä mir hätte gär, wann do ëffentlecht Geld, Steiergeld op Gemengen- oder op staatlechem Niveau investéiert gëtt, datt awer wierklech do eng Koordinatioun ass tëschent deene verschiddenen Instanzen, déi sech drëm këmmeren.

A mir hunn eng aner Fro, eng politesch Fro vu Kohärenz, déi wierklech an den Zentrum geet vu verschiddene Reflexiounen, déi ee muss maachen. Dat ass, ob d'Politik hei am Land am Hibléck op den Noen Osten eigentlech kohärent ass. De Premierminister, den Här Bettel, ass an Israel gaangen, huet do en Accord mat der hebräescher Universitéit Jerusalem gemaach, dee veruerteelt ginn ass vum Comité pour une paix juste au Proche-Orient, soi-disant, well Universitéiten an Israel eben och a Rüstungsprojete matmaachen. Bon, wou maache se dat net? Dat ka jo sinn.

Mä wat vill méi grav ass, dat ass, datt - déi Debatt, déi mer haut hunn - den Här Entwécklungshëllefsminister e Subsid gëtt un déi Organisatioun, de Comité pour une paix juste au Proche-Orient, déi awer ëmmer erëm als antisemitesch duergestallt gëtt. Ech hunn e Beispill matbruecht, fir dat ze weisen.

(Interruptions)

(M. Fernand Kartheiser montre une photo.)

Hei ass zum Beispill eng Publikatioun op Facebook - op der Televisioun gesäit een dat net esou gutt - vun dem Comité pour une paix juste au Proche-Orient, do gi Kanner gewisen, déi an engem Käfeg sëtzen, do steet derbäi: «Le rapport de la honte: Israël torture des enfants palestiniens en les emprisonnant dans des cages». An d'Original vun der Foto, hei,…

(M. Fernand Kartheiser montre une deuxième photo.)

…ass aus der „Los Angeles Times". Do ass d'Halschent vun der Foto ewechgeschnidde ginn, well et ass eng oppe Struktur a kee Käfeg! An et stoung drënner: „Palestinian children wait to receive donated food at a soup kitchen." Dat ass eng Saach vu graver Propaganda, wann dat dann esou stëmmt! An ech hu kee Grond, drun ze zweifelen, datt déi hei Presentatioun stëmmt.

Da froen ech mech, wéi ass et méiglech, datt d'Regierung e grousse Subsid un eng Associatioun gëtt, déi bewosst antisemitesch Propaganda mécht, déi bewosst higeet a Fakte falsch duerstellt, déi Israel betreffen, an och higeet an en Accord de coopération, deen den Här Bettel mat enger israeelescher Universitéit ofschléisst, kritiséiert an net kritiséiert, datt Schoulen am Gaza benotzt gi sinn, fir Rakéiten op Israel ze schéissen!

Dat ass och eng Fro vu politescher Kohärenz an der Regierung! Well wann een higeet an et mécht een eng Politique du Moyen-Orient, déi soll équilibréiert sinn, déi soll Friddensinitiativen, Friddensgespréicher förderen, eng gerecht Léisung och op Basis vun zwee State promouvéieren, an da geet een hin an et ënnerstëtzt ee Propaganda, dat ass dee falsche Wee!

Et ass fir eis och - mir hunn dat dacks gesot - wichteg, datt d'Parlament an deem ganze Prozess vun der Entwécklungshëllef net ëmgaange gëtt. Et ass wichteg am Kontext vun deene Programmes indicatifs de coopération. Mir hunn dat e puermol gesot: Mir denken, déi misste ratifizéiert ginn. An et ass en Avis juridique gemaach ginn dëst Joer am Ausseministère iwwert d'Konditiounen, wéini en Traité muss ratifizéiert ginn. Dat hate mer gemaach wéinst engem Sécherheetstraité mat der Belsch.

Elo sinn do Konditiounen - an Ärem Ministère, Här Minister - festgeluecht ginn, datt dat misst en Traité sinn, datt en net muss ratifizéiert ginn, dann däerft e keng grouss politesch Prinzipien hunn an déi zwou Säite missten d'accord sinn, datt e confidentiel ass.

Dat ass bei de PICen net de Fall, keng vun deene Konditiounen ass erfëllt! A mir sinn nach

ëmmer der Iwwerzeegung, datt déi Accorden hei misste ratifizéiert ginn, datt d'Parlament net däerf ëmgaange ginn. Et si wichteg Froen dran, politesch Froen. Beim Senegal, do geet et dann zum Beispill ëm Diskussiounen iwwer islamesch Finanzen oder ob mer en Appui sectoriel budgétisé ginn no de senegaleesesche Budgetsmethoden. Dat sinn alles Froen, wou mir mengen, datt et derwäert wär, och politesch driwwer nozedenken, ob mer dat wëlle maachen.

Mir hunn ëmmer déi Suerge gehat, datt mir wëllen déi Länner vun der Drëtter Welt als gläichwäerteg Partner betruechten. Mir hunn awer zum Beispill keen heibannen héiere bis elo, dee gesot huet, datt d'Konklusioun aus der CETA-Debatt och muss déi sinn, datt mir eis Handelsaccorde mat den Drëttweltstaten esou musse modifizéieren, esou nei mussen opstellen, datt déi nei Schiidsgeriichtsbarkeet, déi mer elo awer mat Kanada verhandelt hunn, och muss d'Norm mat deene State ginn; eng Selbstverständlechkeet an eisen Aen.

Genausou wéi mer op de kulturellen Imperialismus musse verzichten. Et ass net un eis, fir den Embau vun deene Gesellschaften no eise Wäertmodeller ze bedreiwen.

Op där anerer Säit ass et awer eist gutt Recht - wat mer leider net maachen -, fir eis eegen Interessen an deene Verhandlungen och ze schützen. Firwat probéiere mir net, méi Drock auszeüben op Länner, datt déi hir Refugiéen, déi als illegal Wirtschaftsrefugiéen an Europa kommen, datt se déi mussen zréckhuelen? Wéi ass et méiglech an eisem Kontakt mat Algerien, mat anere Länner, datt mer eis do an där Hisiicht net duerchsetzen? Déi mussen hir Leit zréckhuelen, déi illegal an Europa kommen! An do sollte mer vill méi Energie weisen.

Wéi ass et méiglech, datt mer belsch ONGen hei finanzéieren? Mir si Frënn vun der Belsch, wéi all Lëtzebuerger. Mä wou ass d'Visibilitéit vu Lëtzebuerg, wa mer enger belscher ONG, Médecins Sans Frontières, 2014 250.000 Euro ginn?

Wéi ass et méiglech, datt mer um Sommet humanitaire mondial eng Obligatioun iwwerhuelen als Lëtzebuerg, fir islamesch sozial Finanz ze ënnerstëtzen? Ouni politesch Diskussioun!

Wéi ass et méiglech, datt mer higinn an eng Vermëschung maachen zwëschen Déplacementer a Migratioun an dem Asylrecht, wéi mer et an der Charte humanitaire festgeluecht hunn?

Elo hunn ech leider net Zäit, fir op all déi Saachen am Detail anzegoen. Mä all déi Diskussioune wäre politesch interessant, fir se ze féieren. Et ass eng terribel Naivitéit och an der Ausdrocksweis, déi an Ärem Ministère benotzt gëtt, déi wierklech och politesch Implikatiounen huet. A mir wëlle just heirop opmierksam maachen.

Och d'Wiel vun de Partnerlänner! De Senegal! De Senegal huet déi gréisste Pëtrol- a Gasvirkommen an Afrika am Ufank vum leschte Joer entdeckt un der Grenz zu Mauretanien, e potenziell enorm räicht Land. A mir hunn et awer als Partnerland. An dat ass natierlech eng Saach, déi ee muss am A behalen, datt déi Länner en immense Räichtum u sech hunn. Wéi gëtt deen ausgewäert? Wéi gëtt e benotzt? Wéi gëtt dat an deem Land ëmgesat?

(Interruption)

An Indien, hutt Dir gesot an Ärem Rapport, misste mer d'Zivillgesellschaft stäerken. Ech wëll Iech just e puer Fakte rappeléieren: Indien huet e Fligerdréier an Eegeproduktioun gebaut. Indien ass eng Nuklearmuecht, eng Weltraummuecht. Et ass déi siwentgréisst wirtschaftlech Muecht op der Welt! A mir ginn hin a mir subventionéieren den indesche Sozialbudget! Mir ginn hin an e Land vun iwwer enger Milliard Leit vun enger Kultur, déi mer nëmme kënne bewonneren, a soen: „Mir mussen hei d'Zivillgesellschaft stäerken." Mä wéi eng Attitüd ass dat dann - vum Realismus, vun eisem Impakt emol ganz ofgesinn -, mä ass dat dann net eng Arroganz, déi mir eis wierklech net däerfen umoossen?

Ech hunn nach eng Minutt an ech wëll déi benotzen, fir op e leschte Punkt anzegoen, an dat ass d'Sensibiliséierung fir d'Entwécklungshëllef an de Lëtzebuerger Schoulen. Mir hunn eng Tendenz an Ärem Budget, Dir wëllt jo do op, mengen ech, 2% vum Budget komme fir d'Sensibiliséierung. A mir hunn deen Institut fir politesch Bildung hei am Land, dee Projet, deen den Här Meisch, also déi ganz Gambia-Regierung, entwéckelt huet a virundreift. Mä dat Ganzt, dat ass e Projet vu politescher Indoktrinatioun!

Et ass eng Manéier, fir op eng onkritesch Manéier wëllen déi jonk Leit op eng bestëmmt Linn an der Politik anzestëmmen. Amplaz zu enger Bildung am Sënn vun enger reflektéierter, kritescher Ausenanersetzung mat der Politik vun dëser Regierung an dësem Land ze féieren, ass et eppes, eng Iwwerzeegungsaarbecht, déi soll gemaach ginn, ganz eesäiteg, souwuel - no deem, wat mer an der Press gelies hunn - zum Beispill an der Fro vun der Migratioun, wéi och hei an der Entwécklungshëllef.

(Interruption par la présidence)

Et soll als e Credo duergestallt ginn, als en Dogma, als eppes, wat net däerf hannerfrot ginn, obschonn all Ursaach besteet, fir och do Froen ze stellen a sech d'Fro ze stellen, ob dat, wat gemaach gëtt, ëmmer richteg ass.

Dat gesot, Här President, Dir hutt mech jo frëndlecherweis drun erënnert, datt meng Zäit leider ofleeft…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ofgelaf ass!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Op Iech ass ëmmer Verlooss, Här President. Mä ech mengen, et ass ganz wichteg, fir ze rappeléieren, datt och d'ADR, wéi all Partei heibannen, vill Wichteges an der Solidaritéit gesäit, am humanitäre Geescht, deen d'Entwécklungshëllef nun eemol mat sech dréit. Mä dat eleng justifiéiert net alles, wat geschitt. Dat eleng soll eis net d'Aen zoumaachen, fir kritesch ze hannerfroen. An dat soll eis och net aus eiser Verantwortung entloossen, fir mat deene Suen, déi d'Leit eis hei am Land ginn, vernünfteg a verantwortungsvoll ëmzegoen.

Ech soen Iech Merci.

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Nächste Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Kooperatiounspolitik ass näischt Neutrales, si ënnerläit ëmmer enger politescher Logik. An déi Logik, déi politesch Logik, déi hannert der Kooperatiounspolitik steet, gëtt generell net vun de Bénéficiairen definéiert, also net vun de Leit an den Entwécklungsländer, déi ënnert der Aarmut leiden, mä vun deenen, déi d'Sue bereetstellen, dat heescht vun de politesche Responsabelen an den Industrielänner. Dat ass banal a war nach ëmmer esou, mä nach ni esou offensichtlech wéi haut.

Déi éischt politesch Logik, déi sech op d'Kooperatiounshëllef auswierkt, ass déi vum onsënnege Spueren. D'EU-Memberlänner wëlle mëttlerweil 35 Milliarden Euro ënner hirem Versprieche vun 2005 bleiwen. An do kënnt nach e Problem derbäi: Si rechnen ëmmer méi Dépensen an hir Entwécklungshëllef dran, déi guer näischt mat Aamutsbekämpfung ze dinn hunn! Dat ass eng onsënneg Politik, eng Politik vum falsche Spueren. Dat ass eng Politik, déi net nëmme Konsequenzen huet fir déi sozial méi Schwaach hei an Europa, well et jo eng generell Politik ass, mä déi trëfft och doriwwer eraus déi Äermste vun deenen Aarmen op anere Kontinenter.

An do kënnt och nach eppes bäi, wat u sech nach méi pervers ass: D'EU huet jo och d'Tendenz, Kooperatioun mat Migratiounskontroll ze verbannen. Dat heescht, datt se Entwécklungsgelder dovunner ofhängeg mécht, wéi ferm d'Länner géint Migrante virginn.

Zu Bréissel schéngen aktuell all humanitär Prinzipien der Migratiounsbekämpfung zum Opfer ze falen. An et wonnert mech nach ëmmer, datt et Kräfte ginn, déi nach no méi ruffen. Dat ass eng gefëierlech a kontraproduktiv Instrumentaliséierung vun der Kooperatioun, déi d'Symptomer bekämpft an net d'Ursaachen.

Lëtzebuerg huet deem allgemengen negativen Trend bis elo nach relativ gutt widderstanen, muss een awer soen. Mir bleiwe plus/minus op 1% vum RNB a rechne keng Ausgabe fir Klimaschutz oder fir Flüchtlingen an ons Aide pour le développement an. Dat wëlle mir och hei ausdrécklech begréissen. A mir hoffen, datt dat och esou bleift an et schéngt jo och esou de Wëllen ze sinn. Tant mieux!

Ech wëll an deem Kontext och ausdrécklech déi wichteg politesch Aarbecht vun de Lëtzebuerger ONGen ervirhiewen. Wa Lëtzebuerg nach net ëmgekippt ass, dann huet dat och domadder ze dinn, datt mer eng funktionéierend Zivillgesellschaft hunn, déi d'Aarbecht vun der Administratioun kritesch begleet an zu ëmmer méi Qualitéit encouragéiert.

Trotzdeem, och bei ons ginn et Tentativen, fir an eng aner Richtung ze goen. Zum Beispill fanne mir déi sougenannt „Business Partnership Facility", déi am Fréijoer zesumme mat der Chambre de Commerce lancéiert ginn ass, ganz problematesch. Do fléissen tatsächlech Kooperatiounsgelder u Lëtzebuerger Entreprisen, fir an onse Partnerlänner Geschäfter ze maachen.

Den Här Minister huet eis verséchert, datt et net a Richtung geet vun enger Aide liée. Dat ass gutt. Mä mir bleiwe weiderhi skeptesch, well de Problem ass deen, datt een awer nach ëmmer net esou richteg weess, wéi déi Gelder agesat ginn, wou a firwat.

De Projet ass nach ganz jonk, just mat enger Millioun pro Joer dotéiert. Mä et ass trotzdeem en Tabubroch. D'Aide pour le développement däerf net kommerziellen Eegeninteressen ënnerleien, soss kann een op deem Gebitt net effektiv schaffen.

Här President, mir werfen eng Fro op: Global gesinn, geet et wierklech ëm Kooperatioun? Oder geet et net éischter ëm Handel, wou d'Spillregele vun de räichen Industrielänner festgeluecht ginn? Oder wou d'Entwécklungslänner hir Mäert de räichen Industrielänner opmaache mussen? Oder wou dës Länner hir Regelungen, déi hir Länner protegéieren, ofbaue mussen?

De Mot d'ordre ass, elo emol ganz plakativ formuléiert: „Maacht all Är Dieren op, rullt de westlechen Entreprisen de rouden Teppech aus an alles gëtt gutt."

Dëser Philosophie no sollen d'Regierungen an den Entwécklungslänner esou wéineg wéi méiglech an d'Wirtschaftspolitik agräifen. Si sollen einfach op der Säit stoen, nokucken an de westleche Privatsecteur einfach gewäerde loossen.

Et wäert Iech net wonneren, mä mir halen dat fir e fundamentale Feeler. A mir sinn net eleng mat eiser Kritik.

D'UN-Konferenz fir Handel an Entwécklung kënnt an hirem Bericht vun 2016 och op äänlech Konklusiounen! A wat soen déi? „Keng Effnung vun de Mäert, wéi d'EU dat propagéiert; kee Futtimaache vu Regelen an Normen, wéi d'EU dat propagéiert; kee blannt Iwwerhuele vun europäesche Konzepter, mä flexibel an adaptéiert Strategien, déi vun de lokale Regierungen eegestänneg a mat éffentleche Mëttel ëmgesat ginn; Pragmatismus am Déngscht vun enger interner a gesonder Entwécklung, amplaz vun enger dogmatescher Maartëffnung am Déngscht vun e puer Räichen aus den Industrielänner."

A fir dat ëmzesetzen, esou d'UN-Konferenz, brauchen déi Länner virun allem eppes: Dat ass politesche Spillraum. A kengem Beräich gëtt dat esou däitlech wéi an der Handelspolitik.

D'Geschicht weist, datt nach kee Land, zemools keen aarmt an ënnerentwéckelt Land op der Welt sech mat enger Maartëffnung an Ofschafung vu Regelen aus der Aarmut hiewe konnt. Am Géigendeel! All Kéiers, wou Entwécklungslänner, ehemoleg Koloniallänner sech aus eegener Kraaft entwéckele wollten, ouni den ehemolegen Här ëm Hëllef ze froen, ass et drëms gaangen, d'Ressourcen ze protegéieren a selwer ze kontrolléieren an d'Landwirtschaft an d'Industrie mat Schutzmoossnamen ze entwéckelen. Eréischt wann ee staark genuch ass, kann ee sech mat den Industrienatioune moossen. Där Versich goufen et der an der Geschicht an Afrika lauter.

An dat ass jo och e Problem, datt mer hei an Europa ganz wéineg wësse vun der Geschicht vun anere Kontinenter. Dat wier vläicht och nach eng Aufgab vum Éducatiounsministère. Mir konzentréieren eis haaptsächlech op Europa. Op zwou Säite steet dran, datt mer e bësse Kolonialismus bedriwwen hunn an Afrika oder a Latäinamerika, mä mir gi wierklech net richteg drop an, an och net op déi aktuell Geschicht an. An dat wier ganz néideg, zemools an eisen Zäiten.

An et gi jo Beispiller: den Här Patrice Lumumba, éischte Premier vum onofhängege Kongo, bis e vun der CIA a vun der Belsch ëmbruecht gouf, well en der Meenung war, datt d'Ressource vum Kongo de Kongoleese misste gehéieren an net dem ehemolege Besatzer an Ennerdrécker.

Oder awer nach méi rezent, an den 80er Joren, den Här Thomas Sankara, President vum Burkina Faso, u sech Grënner vum moderne Burkina Faso, deen ermuert gouf, kuerz nodeems hien eng Mise en garde vum François Mitterrand krut an duerch de Blaise Compaoré ersat gouf, dee ganz gehorsam war géintiwwer Frankräich, der ehemoleger Kolonialmuecht.

Elo si mer méi subtill ginn, elo gëtt net méi direkt besat, koloniséiert a geplündert. Et gëtt och manner direkt gemort, ersat a geplündert. Elo kréien afrikanesch State ganz ëmstridden Accords de partenariat économique opgedrängt! An ech wollt dorobber e bëssen agoen.

Et gouf gesot virdrun: „Jo, déi goufe verbessert." Et ass e Prozess amgaangen an do si Verbesserungen erakomm, dat stëmmt. Mä et muss ee weiderhin oppassen, well fundamental geet et awer an eng gefëierlech Richtung. Wann een zum Beispill och vun de Produits sensibles schwätzt, also deene Produkter, iwwert déi och déi Länner sech sollen eenegen, fir se ze protegéieren, an et geet een dovunner aus, datt se zum Beispill Produkter aus der Agrarwirtschaft géife protegéieren, heescht dat awer och, datt anerersäits Industrieprodukter manner protegéiert sinn. Dat ass e Problem.

An de Problem ass jo och deen, datt déi Länner zum Beispill ënner sech mussen ausmaachen, wat d'Produit-sensiblë sinn. De Problem ass deen: Si hunn net onbedéngt all déiselwecht Produit-sensiblen. Déi eng produzéieren éischter dat, déi aner en anere Produkt. Dat heescht, dat sinn heiansdo Kompromësser, déi net onbedéngt an deene Länner op der Plaz wierklech all Situatioun respektéieren.

Dann hu mer och nach de Problem vun Zolltariffer, zum Beispill wat den Export vun Autoen ugeet, wat och e Problem duerstellt vu Rentréeë vu Recetten, budgetäre Recetten an deene Länner, well déi dann ofgebaut ginn. An et muss een awer och drun erënneren, och wa vläicht d'Regierung an deene Gebitter, an deene Géigenden, an deene Länner matmaachen, huet een eng ganz Zivillgesellschaft, déi dat guer net esou gesäit mat den Accords de partenariat économique.

Et kann een natierlech ëmmer immens vill Saachen zitéieren. Ech maachen dat dann och elo. An engem Zitat aus der Tribune an der Zeitung „Le Quotidien", enger senegaleesescher Zeitung, do ass den Ekonomist Ndongo Samba Sylla, dee schreift, dat war den 8. Juni 2016: «Les accords de partenariat économique ne reposent nullement sur le principe du libre consentement des peuples africains. En réalité, à travers de tels „accords"» - tëschent Guillemeten - «il s'agit pour la Commission européenne de contraindre les pays africains à échanger selon les termes qu'elle a elle-même choisis et sans considération pour la situation économique objective de ces derniers, de leurs besoins et de leurs priorités.»

Här President, mech interesséiert ëmmer, wat d'Leit och op der Plaz soen, an net onbedéngt déi Offiziell, well déi Offiziell, déi soe vläicht Saachen, quitte datt se vläicht och nach net onbedéngt dat denken, mä déi sinn an enger anerer Situatioun, wéi mer wëssen. Dat wëssen d'Leit jo hei och.

Well do ass jo och nach deen anere Problem: Do gëtt et jo och nach eng zweet méiglech Phas, wou déi Länner och nach hir Servicer mussen opmaachen oder den Investissementsschutz an d'Marchés publics sollen négociéieren. An da gëtt Afrika definitiv zum Self-service fir déi europäesch Multinationallen.

Wou déi Entwécklung higeet, déi mer mat esou Accorden an d'Rulle bréngen, weist sech an Zentralamerika, zum Beispill a Guatemala. Do hu Fräihandelsaccorden dozou gefouert, datt US-Investisseuren, déi sech ëmmer fir déi Regioun ganz staark interesséieren, sech geziilt d'Rohstoffer an d'Agrarland uneegnen. Si schafe keng Aarbechtsplaze fir d'Leit, oder immens wéineg, mä si kommen einfach vu baussen eran, krope sech alles, wat iergendwéi profitabel ass, a ginn dann erëm fort. Déi lokal Bevëlkerungen, virun allem déi indigen Populatiounen, gi vun hirem Buedem verjot an d'Zivillgesellschaft, déi sech géint déi Ongerechtegkeete wiert, gëtt kriminaliséiert an ënnerdréckt, well déi politesch Elitten duerch dat villt Geld vu bausse korrumpéiert sinn. D'Resultat si massiv Mënscherechtsverletzungen an eng Degradatioun vun de Liewensbedéngunge fir eng Majoritéit vun der Bevëlkerung, wärend eng räich Minoritéit sech alles an d'Täsch stécht.

Virun e puer Jore war dat jo och nach de Fall, dovunner gëtt bal ni geschwat, vun Honduras, wou do carrément och geputscht gouf. Déi putschistesch Regierung oder d'Putschiste goufe ganz schnell vun den USA natierlech unerkannt, vum Här Obama deemools, awer leider och vun eis Europäer an ons Lëtzebuerger. Ech ka mech erënneren, ech hat en Interview mam Ausseminister gemaach. A leider huet ee misse feststellen, datt den Ausseministère deemools sech emol net derfir interesséiert huet a gesot huet: „Mir kucken, wat déi aner soen, da soe mir datselwecht."

An der Tëschenzäit sinn Honnerte vu Gewerkschaftler festgeholl ginn oder ëmbruecht ginn, well dat Land gehéiert ongefëier enger Dose Latifundistas, déi maachen däerfen, wat se wëllen! Et ass net fir näischt geputscht ginn, well et goung drëms, e Mindestloun anzefëiere respektiv eng Landreform ze maachen, wat och an den Ae vun de Latifundistas a respektiv vun hiren Alliéierten zu Washington als e Problem vis-à-vis vun der Demokratie ugesi ginn ass.

Bon, elo hu mer eng katastrophal Situatioun do. Iwwert déi gëtt leider net vill geschwat. Mä dat ass natierlech och eng Entwécklung, déi och kéint en Ausmooss hunn an Europa. (veuillez lire: déi och kéint esou en Ausmooss kréien an Afrika.)

An da gëtt et och nach dee Juncker-Plang. Et gouf de Verglach gemaach, mä deen ass rich-

teg, dee Verglach kann ee maache mam Juncker-Plang, also vun dem European External Investment Plan, wou do sollen duerch schrëftlech Garantië Privatfirmen incitéiert ginn, fir an Afrika ze investéieren. Dat gëtt verkaaft als Äntwert op d'Migratiounskris, als grousse Worf, fir d'Ursaache vun Aarmut a Misär ze bekämpfen, jo deelweis schonn als eng Zort Marshall-Plang!

Dat ass awer och net esou! Et ass näischt anescht wéi eng Exportsubventioun fir déi europäesch Industrie. A wann ee kuckt, wat déi europäesch Multinationallen elo schonn um afrikanesche Kontinent fir Magouillen dreiwen, da mécht dëse Plang d'Saache just nach méi schlëmm - Stéchwuert Areva, Stéchwuert Bolloré - deen ass jo ganz bekannt - an esou weider an esou virun.

Also déi ganz Relatiounen tëschent Europa an Afrika ënnerleien enger Logik, déi op kuerzfristege kommerziellen a politeschen Intérête berout.

Här President, d'UN-Konferenz fir d'Entwécklung an d'Kooperatioun seet, d'Entwécklungslänner bräichte politesche Spillraum, an dozou gehéieren och ëffentlech Moyenen. Et ass eng Perversioun vun der Geschicht, datt zu engem Zäitpunkt, wou d'Erausfuerderungen esou grouss si wéi ni virdrun, d'Statsbudgeten iwwerall op der Welt zesummegestrach ginn.

An d'Konzentratioun op déi regional Integratioun an domadder parallell eng Reintroduktioun vun Zolltariffer géigeniwwer vum Rescht vun der Welt géif dëse Länner awer méi budgetäre Spillraum ginn. Ech mengen, dat misst déi Strategie sinn, déi een och misst ënnerstëtzen.

Donieft muss een och endlech zu enger massiver Entscholdung vum afrikanesche Kontinent kommen, y compris bei der privater Schold.

Ech hunn nach zwou Minutten Zäit, da maachen ech nach ganz schnell. Ech mengen, ech wéilt nach e puer Wierder dann zur Agenda 2030 soen. Et kann een eng ganz Rei Saache bemängelen, mä op d'mannst huet d'Welt sech emol op eng Lëscht vu 17 Objektiver an 3 Engagementer gëeenegt, déi drop ofzilen, d'Inegalitéit ze bekämpfen.

Si ass primordial, déi Agenda. Mä mir wëssen alleguerten, datt d'Welt amgaangen ass, widder eng Mauer ze rennen, well d'Inegalitéiten, déi klamme weider, wat zu méi soziale Konflikter féiert. Déi natierlech Ressourcë ginn hemmungslos ausgebeut an ëmmer méi knapp, soudatt et inévitablement zu Konflikter, voire Kricher ëm dës Ressourcë wäert kommen. D'Ëmweltdéfie sinn enorm. An et fannen elo schonn och Klimakatastrophe statt.

Nach eng ganz kuerz Saach. Ech muss mech kuerzfaassen, ech hat e bësse méi virbereet - 15 Minutte ginn einfach net duer fir d'Welt -, mä ganz kuerz: Palästina. Ech si frou festzestellen - e puer Virriedner hu Palästina ernimmt -, datt et hei e gréissere Konsensus gëtt an dëser Chamber, fir ze soen, datt et wierklech do ufänkt mat brennen. Ech sinn och averstane mat deem, wat den Här Gusty Graas gesot huet, an esou weider.

Ech wëll drun erënneren, datt, wann een awer och mat gewëssene Wierder dorëmmer wërft wéi „antisemitesch", datt dat grav Accusatioune sinn an datt een dat och muss kënne wierklech beweisen an net just mat Biller dorëmmer fuchtelen. Mä, bon, dat ass eng aner Saach.

Ech wëll awer och drun erënneren, datt virun iwwer zwee Joer d'Chamber eng Motioun adoptéiert huet fir d'Unerkennung vum Stat Palästina. Dat träntelt e bëssen. Den Här Ausseminister ass net do. Vläicht kann den Här Schneider him e klengt Wuert soen, datt en dat net vergësst. Well all Kéiers gëtt et eng Ursaach, fir et net ze maachen. An dëser Regioun gëtt et ëmmer eng Ursaach an ëmmer e Problem! Mä an der Tëschenzäit sinn d'Palästinenser amgaangen, hiert Land ze verléieren, wéi mer dat wëssen.

An nach eppes Klenges, d'Madamm Arendt an den Här Adam sinn drop agaangen: de Kompensatiounsfong, Här Sozialminister - ech hat dat gëschter nach thematiséiert, mä do waart Dir natierlech net do -, do wier et interessant ze wëssen, wou mer do dru sinn.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Den Här Oberweis kritt d'Wuert nach fir eng kuerz Interventioun.

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt just am Rumm vun der Palästina-Diskussioun, déi den Här Kartheiser ugeféiert hat, soen, datt ech direkt nogefrot hu beim Comité pour une paix juste au Proche-Orient, deen ech gutt kennen, well ech do engagéiert sinn.

Déi Folter, déi gewise ginn ass an elo grad zitéiert ginn ass, dat war e Fake, dee war op Facebook gesat gi vu frieme Mënschen an ass erofgeholl ginn, no den Aussage vun deene Leit, déi do responsabel zeechnen. Also mir sollen ëmmer d'Saache richtegstellen, déi richteg sinn!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Wien huet et dann dropgesat?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci fir déi Prezisioun. An d'Wuert huet elo den Här Kooperatiounsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Romain Schneider, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Merci, Här President, fir zum Schluss d'Wuert no dëser flotter Debatt kënnen ze erhiewen. An ech mengen, et ass och gutt ze héieren an datt mer gesinn, datt an eiser Entwécklungspolitik an och an eiser Aide humanitaire gréisstendeels, mengen ech - an ech kommen herno kuerz zréck op d'Aussoe vum Här Kartheiser -, vu fënnef Fraktiounen eigentlech d'Richtung, déi hei uginn ass, och gedroen ass.

Ech mengen, ech hunn am Ufank geschwat vu Kontinuitéit. Kontinuitéit, dat heescht, datt eis Entwécklungshëllef zënter Jorzéngten zouverlässeg ass fir eis Partner an och eng Transparenz opweist zënter laange Joren. Dat ass gutt an dat ass richteg esou, an ech mengen, dat gouf och vu villen hei ënnerstrach.

Ech wollt elo keng Ried de Mëtteg hei halen als en „Guttmënsch". Et goung mer net dorëm. Et goung mer net drëm, fir dorop hinzeweisen, wou mer iwwerall Problemer hätten, wéi d'Situatioune géifen ausgesinn. Ech kennen déi! Dir alleguerte kennt se.

An duerfir wollt ech eigentlech hei an dëser Debatt Solutioune proposéieren, a Solutiounen, mengen ech, déi mer och ganz kloer erëmfannen an enger ganzer Rei vu Konventiounen, déi mer an deene leschte Joren a virun allem och am leschte Joer ofgeschloss hunn, siefen dat déi 17 ODDen, siefen dat d'Accorde vun Addis Abeba, sief dat doniewent och d'COP21 zu Paräis. Dat si kloer Pisten, déi eng Rei Äntwerte ginn op dat, wat och gesot gouf, an eng Rei Froen, déi gestallt gi sinn, virun allem am Beräich vun der Kohärenz.

D'Agenda 2030 ass déi Superkohärenz, déi ëmmer erëm gefrot gëtt, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä op internationalem Parquet! An ech mengen, et ass dat, wat wichteg ass a wat och zréckzebehalen ass bei deenen Accorden, déi hei gemaach goufen. A mir mussen eis doru winnen. Mir mussen eis selbstverständlech dru winnen, datt dës Agenda, déi mer eis ginn hunn, eng universell ass, datt déi fir den Norden a fir de Süden zielt. An dat ass jo dee groussen Défi, dee mer mussen upaken.

Dat ass sécher fir eng ganz Rei vu Länner an och vu Regierungen Neiland, fir sech erëmzefannen. Mä ech mengen, grad hei zu Lëtzebuerg si mer op engem gudde Wee, dës Kohärenz ëmzesetzen an deenen eenzelne Beräicher, zesummen a mat deenen eenzelne Ministèren.

Et gouf hei engersäits d'Sécherheet ugeschwat an op där anerer Säit dann och d'Enwécklungshëllef. Jo, et sot emol eng Kéier eng ganz grouss Persoun: „Et gëtt keng Sécherheet ouni Entwécklungshëllef, an et gëtt keng Entwécklungshëllef ouni Sécherheet." Jo, dat ass effektiv esou. A wann een an déi Länner geet, an ech hunn d'Chance, an eis Partnerlänner ze goen an doriwwer eraus och an d'Konferenzen ze goen, wou kloer och an deene Gruppen doriwwer diskutéiert gëtt, da gesäit een, datt alles enk matenee liéiert ass.

Ech ginn Iech d'Beispill vun der Ministesch aus dem Niger, déi hei war wärend eisen Assisen, mat där ech geschwat hat an déi eigentlech och bedauert huet, datt si grad fir d'Sécherheet vun hirem Land ze garantéieren misst Milliounen investéieren, fir dat ze maachen. Dat si Milliounen, déi mat Sécherheet besser op anere Plaze géifen ukommen, do wou se de Leit an deem Land selwer kënnen hëllefen. Mä si muss et maachen, fir och d'Sécherheet par rapport zu anere Länner ze garantéieren.

Do ass ee Beweis, wéi dat ganz enk zesummespillt zwësche Sécherheet an Entwécklungshëllef, deen dat ganz kloer weist. An ech mengen, mir mussen eng Kéier doraus erauskommen, datt mer effektiv op en aneren Stadium kommen an datt déi Entwécklungshëllef, déi mer maachen, och wierklech eng nohalteg ass, déi och wierklech op déi eenzel Bedierfnesser an deem Moment wäert agoen.

Et gouf ganz vill hei geschwat vun der Roll vum Secteur privé. Jo, et ass richteg, datt mer effektiv och hei grad op der Konferenz vun Addis Abeba gesot hunn, datt mer nach méi mussen en neie Partner hunn, deen eis hëlleft, e Levier ze ginn, fir Gelder lasszeäisen. An duerfir ass d'Roll vum Secteur privé ëmsou méi wichteg, gewosst, datt mir als Lëtzebuerger Entwécklungsministère respektiv Entwécklungshëllef ni wäerten eng Aide liée maachen, mä datt mer selbstverständlech probéieren, och eis Ekonomie, eis Akteuren aus der Ekonomie interessant ze maachen, fir effektiv och an de Partnerlänner, am Ausland mat ze investéieren, fir ze hëllefen, och do Ekonomien opzebauen, fir ze hëllefen, och Gelder ze erwirtschaften.

Ech gesi bei menge Visitten aner Länner, déi dat maachen! Ech gesi ganz genau, wéi a verschiddene Beräicher d'Chineesen zum Beispill aktiv sinn an do effektiv och Infrastrukturen dohinnerstellen, mat engem Retour, dee selbstverständlech gefrot ass. Mir maachen dat net! Mir investéieren an d'Leit. Mir investéieren an d'Infrastrukturen, fir de Länner wierklech virunzehëllefen, awer wierklech och konkret mam Fanger drop hinzeweisen, wou Problemer leien.

Et gouf hei ugeschwat: d'Sensibiliséierung. D'Sensibiliséierung ass sécher e wichtege Facteur, dee mer musse viruféieren an dee mer nach verstäerkt musse bréngen. Well ech mengen och, wann dobaussen eng ganz Rei vu Leit effektiv och op där Schinn sinn, wéi mer se elo hei tracéiert hunn, wéi eis Entwécklungshëllef soll ausgesinn - an ech zitéieren do nëmmen déi 93 ONGe mat deenen Dausende vu Leit, Bénévollen, déi eng Hand matupaken -, da gesi mer, datt eng Bereetschaft an eiser Bevëlkerung ass, deen dote Wee matzegoen. An dat ass gutt an dat ass richteg esou, op deem Wee musse mer och virugoen.

Mir hunn, wat de Beräich, deen hei ugeschwat ginn ass vun de Finanze respektiv och vun den Taxen, eventuelle Gelder, déi géife verluer goen an de Länner selwer, als Lëtzebuerg eng ganz Rei vun Initiative mat ënnerstëtzt an och eng Rei vun Efforte gemaach, virun allem d'Addis Tax Initiative, déi mer mat ënnerschriwwen hunn, mat enger ganzer Rei vu Punkten, déi eis kloer Obligatioune ginn, wéi mer dat och an Zukunft mussen a wëllen ëmsetzen. A mam Finanzminister zesummen, mat deem mer eng Rei vu Saachen elo schonn ëmgesat hunn, si mer op deem Wee, dat och effektiv eriwwerzeginn an effektiv ze maachen.

Wa mer iwwert déi sougenannt Ëmsetzung vun deem ganze Volet an am Prinzip vun der Kohärenz vun de Politicke schwätzen, gëtt jo och ëmmer de Pensiounsfong ugeschwat, ee vun deenen. Obwuel ech emol wëll soen, wa mer am Kader vum Klimawandel, Changement climatique soen, wéi mer CO_2 reduzéieren, dann huet dat näischt mat eiser Bedeelegung a Fongen ze dinn. Mir spuere kee Gramm CO_2 an, andeem mer do aus verschiddene Fongen erausginn! Mä et ass awer richteg, datt mer et solle maachen, fir an eng gewëssen Ethik eranzekommen. An dofir ass och elo d'Propos do, nodeem mer eenzel e Screening gemaach hu vun eisem Fong, datt mer kucken, eng Rei Pisten, Solutiounen ze proposéieren, wéi mer dann effektiv virginn. Dat sinn ech amgaangen, zesumme mam President vum Fong ze maachen. Dat wäerte mer presentéieren an da wäerte mer kloer Linnen hunn, wéi de Fong sech positionéiert, a verschiddene Beräicher: zum Beispill och wat de soziale Wunnengsbau ubetrëfft, den Impakt dovunner, d'Stieche vu Prozenter aus deem ganze Fong doranner, mä fir virun allem och ze kucken: Wéi kréie mer eventuell och déi Ethik an deen heite Beräich eran, déi mer elo schonn hunn an deenen anere Beräicher?

An ech kéint mer virstellen, datt een eng Zort Commission éthique géif erstellen, déi och dat heite géif analyséieren an och dann all Kéiers de Screening vun deenen eenzelne Fonge maachen, wou Lëtzebuerg effektiv präsent ass.

Bei der Fiche d'impact, déi ugeschwat gouf, mengen ech, datt dat eng Aufgab ass vun der ganzer Regierung. Dat ass net nëmmen eng vum Kooperatiounsminister. A wann ee seet „Fiche d'impact", esou geet et jo net drëm, fir bei engem Gesetzestext do unzekräizen: Jo, et ass en Impakt effektiv op d'Entwécklungslänner. Neen, et muss ee sech och d'Moyene ginn, fir Etüden ze maachen, fir déi Impakten erauszefanne vun deenen eenzelne Projeten. An dat ass wahrscheinlech guer net esou einfach, fir dat ze gesinn, wat den Impakt effektiv och hei op d'Entwécklungslänner ass. A mir wäerten dat…

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Et steet awer am Regierungsprogramm!

M. Romain Schneider, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Mir hunn dat am Regierungsprogramm a mir maachen dat och, esou wéi vill aner Punkten an der Tëschenzäit och konnten a wäerten an Zukunft realiséiert ginn.

Fir nach vläicht zréckzekommen op deen 1%, 1% vun APD: Ech sinn am Prinzip houfreg drop, datt mer an eisem Regierungsprogramm kloer uginn haten, 1% vun eisem RNB an d'APD ze stiechen, an dat och an Zukunft wäerte maachen. Ech sinn och frou, datt an deem Moment, wou den RNB nei berechent gouf a wou déi ënnert de Seuil gaange wier an engem gewëssene Joer, mer ee Minimum agesat hunn. An och wa mer all Kéiers deen 1% an eise Budget asetzen, sou ass dat evident, datt, wann deen RNB explodéiert, wéi dat am leschte Joer war bei plus 13%, et onméiglech ass, Engagementer zum Schluss nach ze maachen, fir datt een un deen dote Seuil erukéim. A mat 0,95%, mengen ech, si mer no dobäi. Mä wann ee ganz einfach d'Chiffere kuckt, gesi mer, datt mer virun an enger kontinuéierlecher Steigerung sinn.

An am Budgetsgesetz gesitt Der, wann Der de Compte pluriannuel kuckt, wéi déi Hausse an deenen nächste Joren ass an datt all Kéiers e Plus derbäikënnt bei d'APD, déi effektiv zousätzlech derbäikritt. Mir ginn also net zréck, mir gi virun.

A Chapeau un all déi, déi effektiv dat dote stäipen!

(Interruption)

Merci de Fraktiounen, déi festhalen un deem enge Prozent, ausser dem Här Kartheiser, deen ech verstinn a sengen Iwwerleeungen an dësem - an dësem - Beräich, wou en zu Recht seet: „Mir géife gären all Kéiers déi Saachen, déi mer maachen, an ee Volet huelen an domat eigentlech eis APD rechnen."

Bon, Här Kartheiser, et ass e Choix politique vu fënnef Fraktiounen hei, et aneschters ze maachen!

(Interruption)

Dat, mengen ech, hunn ech emol de Mëtteg erausgespuert. A vläicht zum Schluss, mengen ech, hunn ech och aus Ärem Débat… - an ech mengen, ech wäert en och ganz fair a korrekt behandelen -, Dir hutt eng ganz Rei vu Saachen zitéiert hei an Dir hutt zum Schluss eppes gesot, wou ech e bësse stutzeg awer war, Dir hutt vun enger grousser „Solidaritéit" geschwat: Ech hunn an Ärer Ried wéineg Elementer vu Solidaritéit fonnt, mä éischter vun Ausgrenzung!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir sinn domat um Enn vun eiser Diskussioun ukomm. A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass déi erweidert Fro vun der Madamm Taina Bofferding iwwert d'Problematik vum Mobbing op der Aarbecht. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

3. Question élargie n°19 de Mme Taina Bofferding au sujet du phénomène du «mobbing» au travail

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn dës Fro agereecht, well ech gären de Sujet Mobbing op déi politesch Agenda wëll setzen. Et ass e Sujet, dee mer mussen eescht huelen, well d'Folge kënne ganz dramatesch sinn, wann op eemol aus Aarbechtskolleegen oder Virgesetzte Feinde ginn.

Bei eis am Land gëtt et, wéi a villen anere Staten an Europa, keen eegent Mobbingsgesetz. De Begréff taucht zwar am Statut vun de Statsbeamten op, do gëtt en erwäänt, mä um Niveau vum Privatsecteur gëtt et awer keng legal Basis. Dat heescht, wann et zu geriichtlechen Ausenanersetzunge kënnt, da gëllt den Droit commun.

Wou Mënschen zesumme schaffen, kann et zu Meenungsverschiddenheete kommen, zu Konflikter, dat ass normal, dat ass net ëmmer schéin, awer mënschlech. An dat bedeit och net, dass et direkt muss zu engem Mobbing kommen. Meeschtens fënnt sech jo och eng Léisung. Duerno geet een erëm friddlech matteneen ëm an och erëm respektvoll. Net akzeptabel ass allerdéngs, wann een iwwer e längeren Zäitraum systematesch ugefeindet oder schikanéiert gëtt, wa beispillsweis wichteg Informatiounen net weidergeleet ginn, wann ee kee Moie méi gesot kritt oder wa Psychoterror als Féierungsstil duerch de Chef ugewannt gëtt.

Vun eis kennt bestëmmt een…

Une voix.- Oder d'Cheffin.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- …oder eng Cheffin.

Vun eis kennt bestëmmt een aus sengem Bekannten- oder Familljekrees e Fall, deen esou Schikanen erlieft huet an deem säi Beruffsalldag zur Häll ginn ass. D'Affer erliewen dës Ugréffer als eng déif gräifend Kris, vergläichbar mat engem Trauma bei engem Accident oder bei engem Iwwerfall. Mat all Attack erliewen d'Affer op en Neits hir Onmuecht an hir Demütegung.

Mobbing an der Aarbechtswelt ass e grousst Thema. Et ka jiddwereen treffen. Et verursaacht en héije Leidensdrock a kann zu psycheschen a physesche Krankheete féieren a schlussendlech och zu enger Aarbechtsonfäegkeet.

Hei stellen ech meng éischt Fro un de Minister: Ginn et Donnéeën, déi de Phenomeen vum Mobbing hei am Land erfaassen? Kann och vläicht ageschat ginn, wéi d'Onkäschten, déi eben duerch de Mobbing kënnen entstoen, kéinten och erfaasst ginn? Well de Mobbing ass jo net just nëmmen e Problem, deen déi Betraffe selwer betrëfft, wat jo u sech scho schlëmm genuch ass, mä och fir d'Betriber an d'ganz Ekonomie kënnen hei Schied entstoen.

Viru gutt 14 Joer gouf eng Initiativ ergraff, dat war deemools vum LSAP-Deputéierte Lucien Lux, deen hat eng Proposition de loi agereecht, déi vun der deemoleger CSV/DP-Regierung ënnert der Leedung vum chrëschtlech-sozialen Aarbechtsminister ofgeleent gouf. Et huet sech deemools leider keng politesch Majoritéit fonnt, fir ze légiféréieren.

(Interruptions)

Ech begréissen awer, dass dëse Sujet elo am aktuelle Koalitiounsaccord Nidderschlag fonnt huet an ebe gekuckt soll ginn, fir e legale Kader auszeschaffen, also e Gesetz auszeschaffen, baséierend op dëser Proposition de loi an och op der Konventioun vun 2009 tëschent de Sozialpartner.

Dozou da meng zweet Fro un de Minister: Sinn d'Bestriewungen nach ëmmer ginn, fir e Gesetz ze maachen? Sidd Der vläicht schonn amgaangen, esou e Gesetz auszeschaffen? A wéini kéint mat engem Dépôt da vläicht gerechent ginn?

(Brouhaha)

D'Konventioun tëschent de Sozialpartner leet de Schwéierpunkt op d'Preventioun an d'Gestioun vu Mobbingfäll. Et ass virgesinn, dass no fënnef Joer, wann ee vun de Sozialpartner dat freet, eng Evaluatioun kann duerchgefouert ginn.

Dofir meng drëtt Fro un de Minister: Hutt Der vläicht Infoen zur Ëmsetzung vun den Dispositiounen a Mesuren, déi an dëser Konventioun festgehale goufen? Oder sinn eventuell och Konklusioune gezu ginn?

Op ee prezise Punkt wëll ech awer nach gären agoen, deen och ganz wichteg ass: Dat ass d'Preuve. An der Proposition de loi, déi ech iwwerholl hunn, gëtt d'Iddi virgeschloe vun engem Partage vun der Charge vun de Beweiser. Dat heescht, dass d'Affer verflicht ass, d'Faiten, déi e Mobbing vermute loossen, ervirzebréngen, woubäi et dann un der ugekloter Säit ass, déi Uschëllegungen dann, déi net esou begrënnt sinn, virzedroen (veuillez lire: woubäi et dann un der ugekloter Säit ass virzedroen, dass déi Uschëllegungen esou net begrënnt sinn).

Hei géif ech da gären als véiert Fro vum Minister wëssen,...

(Coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Lauschtert no, wann ech gelift!

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- ...wéi hien zu dëser Iddi steet an ob déi Iddi och herno vläicht kéint am Gesetz opgegraff ginn.

Eng fënneft a lescht Fro - ech gesinn, dass meng Zäit fortleeft, da maachen ech et e bësse méi kuerz -, meng fënneft a lescht Fro un de Minister wär, ob och driwwer nogeduecht gëtt, fir nach aner Mesuren ze huelen, fir de Mobbing ze ënnerbannen.

Ech wëll och gären zum Schluss soen, dass ech mer duerchaus bewosst sinn, dass mer, wa mer elo e Gesetz maachen, domadder de Mobbing net komplett aus der Aarbechtswelt verschwanne loossen. Mä ech denken awer, dass et dozou ka bäidroen, dass et däers manner wäert ginn. A virun allem beweise mer domadder, dass de Mobbing kee Kavaléiersdelikt ass, dass mer déi Betraffen net mat hire Problemer eleng dostoe loossen. A virun allem wäerte mer domadder haartnäckeg Mobber konsequent zur Rechenschaft zéien. Genau dofir, mengen ech, brauche mer en effiziente Rechtsschutz am Sënn vun engem verbesserte Schutz vun de Rechter fir déi schaffend Leit.

Merci.

Une voix.- Gutt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Merci, Här President. Här President, Madamm Deputéiert, ech deelen natierlech Är Analys iwwert d'Gravitéit vun deem Phenomeen Mobbing, deen effektiv, do wou e sech weist, vill Leit a ganz schwiereg Situatioune bréngt, déi och herno bis souguer heiansdo zum Suicide oder zumindest enger Tentative de suicide kënne goen. Mir sollen also dee Probleem ganz seriö huelen, dee präsent ass an der Aarbechtswelt, an net nëmmen an der Aarbechtswelt. Et gëtt och aner Situatiounen, wou et Mobbing gëtt. Mir hate schonn eng Diskussioun hei virun enger Zäitchen an der Chamber doriwwer: Zum Beispill an de Schoulen, am Schoulmilieu gëtt et dat och.

Ech wëll awer elo ganz schnell op Är prezis Froe kommen. Déi éischt Fro ass déi vun der Quantifikatioun. Bon, dat ass ëmmer ganz schwéier ze soen: Et gëtt esou vill Fäll, wou e Mobbing ass. Wann ech d'ITM froen - dat hunn ech näämlech gemaach -, da soen déi mer: „Mir hate säit dem 1. Abrëll 2015 376 Ufroen iwwert de Mobbing", Ufroen iwwert de Mobbing, wou d'Leit sech bei der ITM beschwéieren a froen, wat hir Moyene wieren am Fall vun engem Mobbing. 42 Fäll si méi konkret ginn an do ass wierklech eng Plainte gemaach ginn, déi dann och eng Interventioun vun der ITM mat sech zitt.

Donieft hu mer eng Asbl, déi heescht „Mobbing asbl", déi ech och als Ministère ënnerstëtzen an och där hir Moyenen ech souguer eropgesat hu vu Joer zu Joer, well ech fannen, datt déi Asbl eng gutt Aarbecht mécht. Besonnesch ass se déi eenzeg, déi eigentlech sech ganz mat deem Problem do ausenanersetzt. Déi schwätze mer vu grosso modo 1.700 Fäll, mat deene si betraff sinn, respektiv, wa se d'Joer 2015 huelen, nei Fäll, nei Dossieren, déi opgaange sinn, da komme se op 133. Bon, dat sinn also d'Zuelen.

Elo gëtt et eng Etüd, déi Der doudsécher kennt, dat ass d'Etüd vun der Chambre des Salariés, déi ganz gutt ass, déi zesumme gemaach gëtt mat der Uni Lëtzebuerg. An déi hunn och am Mäerz 2016 hei iwwer „Better Work" eng Publikatioun gemaach nëmmen iwwert den Harcèlement moral au travail au Luxembourg.

(M. le Ministre Nicolas Schmit montre une publication.)

Dat sinn Etüden, déi ginn op Basis vu Sondagë gemaach, déi awer, wéi gesot, mat der Uni Lëtzebuerg zesumme gemaach ginn, an déi kommen op ganz aner Chifferen: Déi gesinn, datt am Joer 2015 praktesch 13,8 Prozent vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, iergendwéi sech gemobbt gefillt hunn.

An do fänke mer un, an dee schwieregen Domän ze kommen, well Mobbing, dat ass eng Saach, déi objektiv ass. Sécher, et gëtt Situatiounen, déi ganz objektiv sinn, mä et gëtt natierlech och ganz einfach déi Situatioun, datt ee sech gemobbt fillt. An dat mécht jo d'Saach net méi einfach, besonnesch dann, wa mer elo e Schrack weider ginn an dat eventuell virun e Geriicht bréngen. Wann ech also déi Donnéeë vun der CSL als Basis huelen, da misste grosso modo 40.000 Leit hei zu Lëtzebuerg am Joer 2015 iergendwéi de près ou de loin sech gemobbt gespuert hunn.

D'Ursaachen, Dir kënnt dat jo do noliesen, dat sinn zum Beispill: Déi Leit kréien eng Missioun, déi eigentlech op hirer Aarbechtsplaz kee Sënn mécht. Dat empfannen d'Leit als e Mobbing. 8,2% vun de Mobbingsfäll wieren dorop hinzeféieren, datt een eng Missioun kritt, déi kee Sënn mécht. Oder et gëtt een op senger Aarbechtsplaz vëlleg ignoréiert, wat och e ganz wichtegt Element ass, datt een einfach d'Reconnaissance, déi ganz wichteg ass, d'Unerkennung, d'Unerkennung op der Aarbechtsplaz, datt een déi do net fënnt, empfënnt een als Mobbing.

Bon, elo kommen ech op Fraen a Männer, just fir e puer Detailer ze ginn: ongeféier gläich. Et ass net esou, datt méi Fraen oder méi Männer géife gemobbt ginn. Et ass à peu près, no där Etüd, gläich. Déi Jonk gi méi gemobbt wéi déi Eeler. Déi Jonk, déi nach net laang am Betrib sinn, gi méi gemobbt wéi déi, déi scho laang am Betrib sinn. An deene klengen Entreprisë gëtt anscheinend manner gemobbt wéi a méi groussen Entreprisen.

Bon, an deenen Entreprisen, wou eng Politik besteet, fir d'Leit ze sensibiliséieren - an dat äntwert eigentlech och schonn op eng aner Fro, déi Der mer gestallt hutt -, ass de Mobbing méi niddreg. Dat heescht, an enger Entreprise, déi d'Leit zum Beispill iwwer hir Gesondheet sensibiliséiert oder kuckt, datt se effektiv net dauernd am totale Stress sinn, do ass och de Mobbing manner héich. Bon, wat och ëmmer weist, datt an deene Betriber, wou d'Aarbechtskonditioune besser sinn, do ass et esou, datt och de Mobbing manner développéiert ass.

De Coût ass ganz schwéier auszemaachen. Do géif ech mech da just kënnen op eng Donnée referéieren, dat ass e Calcul, deen d'„Mobbing asbl" gemaach huet, qui vaut ce qu'il vaut. Ech kann net soen, datt dat elo..., dat ass eng Estimatioun, déi kënnt op à peu près 100 Milliounen. Firwat kënnt se op 100 Milliounen? Well se rechent, wéi vill Deeg eigentlech duerch de Mobbing duerch Absencë verluer ginn. An an der Moyenne sinn dat 6,7 Wochen!

Mir schwätzen also net vun Deeg, mir schwätzen a Wochen. Dat heescht, wa wierklech eng seriö Situatioun vu Mobbing ass - an ech géif soen, déi „Mobbing asbl" kritt nëmmen déi, déi kritt net déi Leit, déi soen: „Dee mobbt mech, mä u sech iwwerliewen ech dat" -, da si mer an der Moyenne bei 6,7 Wochen. An dat mécht, wann een dat héichrechent mam Loun, reng wat et kascht als Absenteismus, ëm déi oder souguer e bësse méi wéi 100 Milliounen. Domat ass awer elo net ausgerechent, wat dat heescht fir d'Sécurité sociale, Dokter an esou weider an esou fort.

Nun, jo, d'Moyens légaux: Ech mengen, et ass elo un der Zäit, e Gesetz ze maachen. Vill Länner hunn e Gesetz. D'Belsch hunn e Gesetz, d'Fransousen hunn e Gesetz. Bei ons ass e Vide eigentlech, e Vide juridique. Sécher, et kritt ee gesot: „Neen, am Artikel... vum Code civil, do kann een...", ech weess elo net méi den Artikel, 1314, wann ech mech gutt erënneren, „do kann een och de Mobbing mathuelen." Mä mir hunn eng Jurisprudenz, déi kloer mécht, datt eigentlech d'Geriichter sech do awer ganz virsiichteg weisen. A souguer an enger Jurisprudenz, do gëtt kloer gesot, datt mer eigentlech keng Base légale hunn, kee Gesetz hunn, dat de Mobbing kloer definéiert, a wou doduerch dann och kënne Peinë gesprach ginn oder Sanktioune gesprach ginn. Duerfir mengen ech schonn, datt et wichteg ass, esou e Gesetz ze maachen.

Laang ass gesot ginn - an dat explizéiert och, firwat vläicht dat gedauert huet - vun deenen engen oder deenen aneren: „Bon, mir hu jo deen Accord zwësche Sozialpartner. An duerfir brauche mer net onbedéngt nach e Gesetz, well d'Sozialpartner sollen dat ënner sech ausmaachen." Deen Accord ass och an der Rei, deen ass och souguer d'obligation générale deklaréiert. Mä deen Accord, dee seet, wéi ee soll de Mobbing verhënneren, wéi ee Preventioun soll maachen, wat ee soll maachen dann, wann eng Situation concrète vu Mobbing sech weist. Mä e gëtt eigentlech net deemjéinegen, dee wierklech gemobbt gëtt, eng Handhab, viru Geriicht dat ze plädéieren an och dann eventuell juristesch Konsequenze kënnen doraus ze zéien.

Mir hunn e wichtege Punkt, dat ass effektiv d'Charge de la preuve. Bon, déi Proposition de loi, déi Dir jo elo iwwerholl hutt, déi gesäit eng Charge partagée vir, esou wéi mer déi och hu beim Harcèlement sexuel a bei der Discrimination, am Diskriminatiounsgesetz. Ech mengen, dat ass och déi eenzeg Approche, déi een hei kéint hunn: datt deen, dee gemobbt ass, natierlech muss beweisen, datt e gemobbt ass, mä datt deen, deen dat contestéiert, och muss beweisen, datt dat net de Fall ass, also e gewëssenen Équiliber, wat d'Charge de la preuve ubelaangt.

Wichteg ass, an do ginn ech Iech vollkomme recht: Och mat engem Gesetz wäerte mer de Mobbing net aus der Welt schafen. Mir mussen also derfir suergen - an do kënnt et natierlech un d'Sozialpartner, e wichtege Rôle ze spillen -, datt eben déi Sensibilisatioun, vun där ech virdru geschwat hunn, méi aktiv an de Betriber gemaach gëtt, datt och e gewëssent Verständnis ass, wann esou Situatioune komme vu Mobbing, datt een net seet: „Oh, wat stells Du Der do vir?", an esou weider, mä datt een op déi Problemer ageet. Well schlëmm Ursaachen, schlëmm Mobbinge kënnen natierlech och e Betribsklima komplett vergëften, oder zumindest an engem Service d'Situatioun komplett vergëften. Et ass also net nëmme schlëmm fir déi Leit, déi gemobbt ginn, mä et ass eigentlech och net gutt fir dat generellt Betribsklima.

An duerfir, wann een esou e Gesetz mécht - an ech hunn et versprach elo definitiv, datt mer dat d'nächst Joer op Basis vun där Proposition de loi maachen, nodeem ech dann nach eemol mat de Sozialpartner doriwwer schwätzen -, da musse mer och hannendrun e Plan d'action maachen, fir d'Sozialpartner besonnesch ze sensibiliséieren, fir datt eben déi Situatiounen esou wäit wéi méiglech évitéiert ginn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Ech ginn dovun aus, dass domat d'Fro evakuéiert ass?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou. A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 6831 iwwert d'Schafung vun engem juristesche Kader fir Gesellschafte mat sozialem Impakt. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Georges Engel.

4. 6831 - Projet de loi portant création des sociétés d'impact sociétal et modifiant

a) la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises,

b) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu,

c) la loi modifiée du 1er décembre 1936 concernant l'impôt commercial communal et

d) la loi modifiée du 16 octobre 1934 relative à l'impôt sur la fortune

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei ëm, wéi de President et gesot huet, d'Sociétés d'impact sociétal. An et handelt sech hei ëm en Deel vun der Ekonomie, d'Économie sociale et solidaire. A fir déi ze definéieren, géif ech emol Folgendes soen: de Secteur, deen als éischt Zil net de Profitt huet, mä e sozialen...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- ... oder gesellschaftleche Projet. Et ass also en Ëmdenken an deem, wat mer bis elo haten, fir Sociétéiten ze grënnen. Et ass net déi üüblech Sociétéit, fir maximale Profitt erauszezéien, mä et ass eng Variant vu Sociétéit, déi et bei eis an eisem Lëtzebuerger Recht bis elo net ginn ass. An et ass u sech eng ganz staark Innovatioun an der lëtzebuergescher juristescher Landschaft. Si betrëfft e wichtegen Deel vun eiser Wirtschaft, deen ëmmer méi zouhëlt an deen och ëmmer méi ënnerstëtzt muss ginn.

Enger Statec-Etüd no schaffen am Joer 2011 - leider ginn et keng méi rezent Zuelen - 25.000 Leit an deem dote Wirtschaftsberäich, wann een dat esou kann nennen. Mir hunn do eng Verduebelung gehat an deene leschten eelef Joer, eng Verduebelung vun deenen Aarbechtsplazen, wat awer ganz enorm vill ass.

Vill Initiative goufen et, ginn et och fir den Emploi a fir de Réemploi. Mat deem Gesetz hei gi se natierlech net alleguer ersat. Schwéier Vermëttelbarer bleiwen och oft schwéier vermëttelbar an déi brauchen och en aneren Encadrement a brauchen och spezifesch Formatiounen. Et ass net, datt dat heiten alles elo ratzekal ewechmécht, wat et bis elo ginn ass, mä et ass eben, wéi gesot, eng nei Form vu Sociétéit.

Déi meescht Entreprisen aus deem Secteur hei, dat sinn Asblen, ee Statut, deen u sech net adaptéiert ass fir dës Zort vun Aarbecht an deen och eng Rei vu Problemer mat sech bréngt. D'Asblen hunn näämlech Problemer, fir eng Autorisation d'établissement ze kréien, wat da bei verschiddenen Aktivitéiten och eng juristesch Onsécherheet mat sech bréngt.

En anere Problem ass, datt Asblen net kënnen un Ausschreiwungen deelhuelen, wat schued ass. Well besonnesch zanter zwou neien Direktiven, den Direktiven 2014/23 an 2014/24, gëtt et u sech eigentlech erlaabt, fir och sozial an ekologesch Kritäre bei Ausschreiwungen ze berücksichtegen an och verschidden Ausschreiwunge méi spezifesch fir sozial Entreprisen oder äänlech Strukturen ze reservéieren.

D'Zil vun dësem Projet ass et dofir, fir en eegene Statut fir dës Entreprisen ze schafen, e Statut, deen hirem Objet, hirer Funktiounsweis Rechnung dréit, also eng „Société d'impact sociétal", kuerz och „SIS" genannt. De Statut vun enger SIS ass reservéiert fir Personnes morales de droit privé, déi sech a Forme vu Sociétéite kënnen erëmfannen, wéi enger SA, enger Sàrl - enger Société à responsabilité limitée - oder enger Société coopérative.

Et waren och nach d'Société européenne oder d'Société en commandite par actions ugeduecht, déi awer u sech et schwéier hunn, fir an déi Form an an deen Aufgabeberäich an och an déi streng Kritäre vun enger SIS dranzefalen. Gradesou wéi d'Société à responsabilité limitée simplifiée, déi och hei net zréckbehale ginn ass, well déi och net kompatibel ass oder ganz schwéier kompatibel ass mat de strikten Obligatioune vun enger SIS.

Déi Sociétéiten, déi dann de Statut vun der SIS kritt hunn, déi ginn am Mémorial B publizéiert, gradesou wéi och déi, déi de Statut haten an en oferkannt kritt hunn, well se d'Konditiounen net méi erfëllen.

Ee wichtegen, ganz wichtege Kritär an där Sociétéit, an där SIS ass, datt se d'Transparenz spille léisst, virun allem bei der Prozedur och, fir den Agrément ze kréien an awer och herno am Funktionement.

Wat sinn dann d'Obligatiounen, fir als SIS unerkannt ze ginn a kënnen ze funktionéieren? D'Statute vun enger SIS mussen den Objet social definéieren, grad wéi d'Method, wéi d'Bienen oder d'Servicer produzéiert, verdeelt oder getosch ginn, dat alles, fir den Objet social a Musek ëmzesetzen. Do weess ech, vu wat ech schwätzen.

An der Praxis heescht dat entweder eng Aktivitéit, mat där Mënschen an enger Situation de fragilité ënnerstëtzt ginn, oder awer eng Aktivitéit, déi hëlleft, dat soziaalt a gesellschaftlecht Netz ze entwéckelen, Exklusiounen oder Inegalitéiten ze bekämpfen, oder awer Aktivitéiten, déi hëllefen, déi territorial Kohäsioun ze stäerken. Och Aktivitéiten am Emweltschutz sinn hei ugeduecht, kulturell oder kreativ Aktivitéiten, gradesou wéi Aktivitéiten am Beräich vun der Formatioun oder der Formation continue.

Dir gesitt also, hei ass e ganz breet gefächerten Domän, mä alles sinn et Aktivitéiten, déi fir eng nohalteg Entwécklung an eiser Gesellschaft stinn, woubäi den Term vun der Nohaltegkeet sech hei net nëmmen op déi vun der Ëmwelt bezitt, mä op en nohaltege gesellschaftlechen Zesummenhang sech bezitt, wat den Term vun der Nohaltegkeet u sech jo och beinhalt.

Da muss de Kritär vun der beschränkter Lukrativitéit respektéiert ginn. Dat heescht, datt eben net de Profitt dat éischt Zil ass. Déi nei Sociétés d'impact sociétal musse minimum 50% „parts d'impact" hunn. Et ginn näämlech an där Sociétéit Parts d'impact an „parts de rendement". 50% musse Parts d'impact sinn, minimum. Et kënnen och 100% Parts d'impact sinn, dat heescht Parten, déi fir de Besëtzer kee Benefiss ofwerfen. De Profitt gëtt nees ganz an den Objet vun där Société d'impact sociétal reinvestéiert.

Fir d'SISe mat 100% Parts d'impact ginn et iwwerdeems extra fiskal Bestëmmungen. D'Done fir déi 100%eg SISe sinn integral steierlech ofsetzbar. Si brauche keng Gewerbe-, keng Kollektivitéits- a keng Verméigenssteier ze bezuelen.

All Sociétéit gëtt sech eegen Indicateurs de performance an hire Statuten. Do ginn et Grillen, déi herno ausgeschafft ginn. An et gëtt u sech esou en „level playing field" geschafe fir alleguer déi SISen, déi eng selwecht Aktivitéit hunn, fir datt déi och déiselwecht Indicateurs de performance als Basis emol hunn.

D'Konte vun der SIS musse vun engem agreéierte Réviseur d'entreprises kontrolléiert ginn. An do dernieft muss d'SIS och all Joer e Rapport extrafinancier maachen, deen dann evaluéiert, ob an awéifern datt déi sozial a gesellschaftlech Zilsetzunge konnten erfëllt ginn - e ganz wichtege Rapport, deen u sech d'Essenz vun der ganzer Sociétéit mat ausmécht.

Dës Oploe solle garantéieren, datt de sozialen a gesellschaftlechen Objet effektiv iwwert der Profittrealiséierung steet an datt awer gläichzäiteg de Funktionement an d'Konten och gesond sinn. Dat ass wichteg, fir sécherzestellen, datt déi ëffentlech Hëllefen, déi esou eng Sociétéit ka kréien, och do ukommen, wou se sollen ukommen, an datt keng Abuse passéieren.

Fir de Beräich vun der Économie sociale et solidaire gëtt eng Commission consultative geschafen, déi als Aufgab huet, dem Minister ze assistéiere bei der Vergab vun den Agrémenten an och bei der Surveillance vum Secteur. De Minister schléisst dann och mat deem Secteur eng oder méi Konventiounen of. No dräi Joer vum Datum vun dësem Gesetz u soll eng Evaluatioun gemaach ginn, fir ze kucken, ob dann déi Uwendung och an der Praxis funktionéiert an ob et eventuell néideg Upassunge muss ginn.

Dee Projet de loi hei hat eng länger Konsultatiouns- a Preparatiounsphas. Et ass en Text, dee sech un dat franséischt Gesetz uleent. Den Dépôt ass den 1. Juli 2015 vum Aarbechtsminister a vum Minister fir d'Économie sociale et solidaire gemaach ginn. Et goufen Amendements gouvernementaux am November 2015 gemaach. Eis Kommissioun, déi huet sech a sechs Sitzunge mat dësem Text befaasst, huet och dunn Amendemente gemaach am September vun dësem Joer.

Den Avis vum Statsrot hat sechs Oppositionformellen, well den Text net prezis genuch war, well et do och eng Source vun Insécurité juridique gi wär. An déi konnten alleguerte behuewe ginn.

Ausserdeem sollt een d'Politique de rémunération méi definéieren, wat de Statsrot a sengem Avis gesot huet. An en hat och Bedenken iwwert de maximale Salaire vu 5-mol de soziale Mindestloun. Mir hunn do en Amendement gemaach, wou mer dat op 6-mol de soziale Mindestloun gehuewen hunn, well mer gemengt hunn a well mer och dovun iwwerzeegt sinn, datt dat, 5-mol de soziale Mindestloun, kéint héich qualifizéiert Leit ofschrecken. A mir hunn eis dunn un de Salairen aus der Fonction publique, vun der Carrière supérieure, orientéiert.

D'Defiskalisatioun ass just fir SISen, déi 100% Parts d'impact hunn. De Conseil d'État hat Bedenken, well grad de Capital mixte jo kéint erméiglechen, datt d'SISe méi néidegt Kapital fir hir Aktivitéiten do kéinte kréien. D'Kommissioun ass awer bei hirem urspréngleche Text bliwwen, wat eiser Meenung no och méi eng staark ideologesch Approche vun dësem Text mat sech bréngt.

Aner Avise goufen et vun der ULESS, der Union luxembourgeoise de l'économie sociale et solidaire, déi de Projet begréisst, an d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers grad wéi de Conseil de la concurrence waren u sech och positiv, mä hu sech awer Suerge gemaach, wat déi fair Konkurrenzsituatioun ugeet. Mä och do ass et kloer, datt esou eng SIS muss e Benefiss maachen, muss och funktionéieren, muss och kënnen déi Sue froen, déi se brauch, och fir sech selwer, fir kënnen ze funktionéieren. Also si mer der Meenung, datt och fir déi Konkurrenzsituatioun hei gesuergt ass. An et ass och fir eng fair Konkurrenzsituatioun gesuergt.

D'Chambre des Salariés grad wéi d'Chambre de Commerce bemierken, datt d'Asble mussen hei de Statut wiesselen, fir kënnen dee Statut vun der SIS ze kréien. Si hunn eng Suerg: datt dat muss begleet ginn. Déi Suerg, déi muss een dann och deelen.

Fir d'LSAP ass dat heiten e ganz wichtege Projet, e Beräich, deen eis ganz staark um Häerz läit. Vill Theme sinn hei ofgedeckt, déi u sech an eiser DNA stinn: sozial an nohalteg Zilsetzung, Erhale vun der Ëmwelt, Solidaritéit, Ënnerstëtzung an Hilfe zur Selbsthilfe fir déi méi Schwaach, déi méi Schwaach, déi sech ëmmer méi ausgegrenzt fillen an eiser Gesellschaft; woubäi hei awer mat Sécherheet e Gesetz ass, dat an déi Richtung geet, fir méi Zesummenhalt an der Gesellschaft ze férderen.

Et wär mat Sécherheet e Projet, deen dem John Castegnaro gutt gefall hätt, deen an dësem Beräich grouss Meritter huet an hei sécherlech och Pionéieraarbecht geleescht huet.

Ech wéilt e grousse Merci soen un alleguerten déi Leit, déi un dësem Projet matgeschafft hunn, déi aus dësem Projet menger Meenung no e ganz gudde Projet gemaach hunn. An ech wéilt och deene villen engagéierte Leit um Terrain Merci soe fir hiren Asaz fir eng besser a méi gerecht Gesellschaft.

An domadder ginn ech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Aly Kaes fir d'CSV.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut de Mëtten e Gesetzesprojet iwwert den drëtte Wirtschaftszweig, e Gesetzesprojet, wou sech, jo, dat chrëschtlecht Mënschebild, fir dat d'CSV steet, ouni Zweifel erëmfënnt, e Gesetzesprojet, fir dat schonn an der viregter Regierung eigentlech d'Weichestellunge geluecht goufen: Zum engen hat d'CSV/LSAP-Regierung bei hirer Regierungsbildung 2009 den Här Romain Schneider zum delegéierte Minister fir dësen drëtte Wirtschaftszweig genannt. An de fréieren CSV-Justizminister François Biltgen huet 2010 déi grouss Zich vun dăr, wéi hie se genannt huet, „société à vocation sociale" presentéiert.

Dat wëllt awer net heeschen - an ech wëll hei och net falsch verstane ginn -, dass d'Sozial- an d'Solidarwirtschaft eng Erfindung vun dësen zwou Parteie wier. Neen, et ass vill méi e gesellschaftleche Fait, dee sech iwwer, jo, déi lescht Joren, Jorzéngten, Jorhonnerten entwéckelt huet. An ech si mer sécher, dass dësen drëtte Wirtschaftspilier sech och an Zukunft wäert weiderentwéckelen a Solutioune wäert am Intérêt vum Bierger proposéieren.

D'CSV steet nach ëmmer zu hirem Engagement vun deemools, fir dësem wichtege Secteur e méi séchere legale Kader ze offréieren. Dëse Secteur huet näämlech net onwiesentlech dozou bäigedroen, dass zum Beispill och den Taux d'emploi vun de Fraen an d'Luucht gaangen ass. Dëse Wirtschaftspilier ass och mat verantwortlech, dass de Chômagetaux sech net weider substanziell no uewen entwéckelt.

Laang Zäit goufen d'Sozial- an d'Solidarwirtschaft als zwee Deelberäicher vun engem Ganzen duergestallt. D'Sozialwirtschaft wier u sech do, fir déi Leit, déi aus welche Grënn och ëmmer méi wäit vum normalen Aarbechtsmaart ewech sinn, nees an Aarbecht ze bréngen. Dat heescht, de Core Business ganz einfach vun de Beschäftegungsinitiativen, déi an den 90er Joren, mä och scho virdru, gegrënnt goufen. An an der Solidarwirtschaft géif et drëm goen, jo, der Gesellschaft Gidder an Déngschtleeschtungen zoukommen ze loossen, déi vun de klassesche Wirtschaftsakteuren als net oder wéineg rentabel empfonnt ginn.

Mir wëssen awer, dass ganz vill Entreprisen aus deem Secteur béid Deelberäicher bei sech vereenegen. E Beispill eben: D'Beschäftigungsinitiative versichen, Demandeurs d'emploi nees fit ze maache fir den Aarbechtsmaart. A si versichen awer och, de Leit eng ganz Rei allgemeng Déngschtleeschtungen zoukommen ze loossen, déi hinne vun ordinären ekonomeschen Akteure verwiert bleiwen oder zum groussen Deel verwiert bleiwen.

Här Preisdent, bis dato, an de Rapporteur huet et gesot, hunn d'Entreprisen aus der Sozial- a Solidarwirtschaft sech ënnert der Form vun enger Asbl gegrënnt. Dat wëllt ganz einfach awer net heeschen, dass hiert Uleies doranner bestanen hätt, den Undeelseegener e maximale Profitt ze verdeelen, bien au contraire, et goung ganz einfach ëm déi Aufgabe primordial, déi ech virdru schonn opgezielt hunn.

Duerch hir Aktivitéiten hu si leider awer um Bord, an dat ass eben haut nach esou, um Bord vun der Legalitéit geschafft. Mir begréissen et duerfir ausdrécklech, dass dës Entreprisen an Zukunft méi Rechtssécherheet kréien.

Här President, ech wëll net méi op all Detailer vum Gesetzesprojet agoen, den Här Rapporteur huet dat jo ganz grëndlech a sengem schréftlechen a mëndleche Rapport gemaach, woufir ech him och hei géif e ganz grousse Merci soen. Ech wëll awer trotzdeem op e puer Aspekter agoen, déi mer schonns zum Deel och an der Kommissioun diskutéiert hunn.

Éischte Punkt - ech hunn et jo scho gesot -, vill Akteuren aus dësem drëtte Wirtschaftszweig goufen als Asbl gegrënnt. Mat dem Gesetzesprojet, deen hei virläit, ginn dës Asblen eigentlech agelueden, sech opzeléisen an hiert Verméigen un eng nei Gesellschaft, SIS, déi se grënne mussen, ze iwwerdroen.

Mir waren a sinn nach ëmmer der Meenung, dass een den Akteuren hätt kënnen op verschiddene Punkten entgéintkommen, andeems een am Gesetz d'Méiglechkeet virgesinn hätt vun enger direkter Transformatioun an net, wéi et elo ugeduecht ass, dass eng Asbl sech opléist an u sech hiert Verméigen, hir Avoiren dann op eng nei gegrënnten SIS iwwerdréit. Dat hätt mat sech bruecht, dass déi juristesch Persoun riicht virubestanen hätt. De Responsabele vun de betraffenen Asble wier doduerch den Iwwergang op déi nei Gesellschaftsform vereinfacht ginn.

Mir kruten u sech an der Kommissioun ëmmer nees gesot, dat wier net méiglech. Ech stellen awer fest, dass et an der Belsch méiglech ass, dat heescht, och do esou fonctionnéiert! D'Artikelen 688 an esou weider vum Gesellschaftskodex an der Belsch gesinn dëst ausdrécklech vir a verweisen doriwwer eraus op hiert Asbl-Gesetz. Do heescht et:

«L'association peut se transformer en une des formes de sociétés énumérées à l'article 2 des lois sur les sociétés commerciales (…), pour autant qu'il s'agisse d'une société à finalité sociale conformément à l'article 164bis des mêmes lois.

Cette transformation n'entraîne aucun changement dans la personnalité juridique de l'association qui subsiste sous sa nouvelle forme.»

Firwat hu mir et u sech den Akteuren aus der Sozial- a Solidarwirtschaft net méi einfach wëlle maachen? Bon, den Här Minister ka jo vläicht herno hei op der Tribün säi Choix an deem heite Punkt nach eng Kéier presentéieren.

Doriwwer eraus stelle sech och natierlech nach eng Rei steierlech a kontabel Froen am Kontext vum Transfert vum Verméige vun enger besteeënder Asbl op eng zukünfteg SIS. Och hei wiere mer frou, wann den Här Minister eis nach eng Kéier dodriwwer d'Detailer géif erklären.

Zweete Punkt: Fir eventuellen Abuse vum Secteur virzebeugen, goufe jo am Gesetzesprojet eng Partie - et ass virdru schonn ugeschwat ginn - Kontrollmechanismen agefouert: Indicateurs de performance, Contrôle vum Réviseur, Bestëmmungen zu der Besoldungspolitik an esou weider. Mat all deenen Indicateure si mir natierlech als CSV averstanen, dat wëll ech ganz kloer hei soen.

Déi wichtegst Kontrollinstanz ass awer ganz kloer an eisen Aen den Aarbechtsminister. Hien ass do fir d'Iwwerwaachung vun de Gesellschaften aus dësem Secteur an hien décidéiert a leschter Instanz, ob eng Gesellschaft en Agrément kritt oder och, ob déi Gesellschaft deen Agrément an der Zukunft behält.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Fir dem Minister seng Tâche ze erliichteren, soll jo enger neier Kommissioun eng konsultativ Roll zoukommen. Wat d'Zesummesetzung awer vun dëser Kommissioun ubelaangt, sou gëtt et nach e gewëssene Flou heiriwwer. Vläicht kann den Här Minister eis do méi prezis soen, wéi vill Memberen an dës Kommissioun solle kommen a wéi dës Kommissioun sech da wäert zesummesetzen. Well et ass jo esou, dass, soubal dëst Gesetz a Kraaft ass, u sech dann och wäerten déi éischt Dossiere kommen an dann déi Kommissioun muss fonctionnéieren an hir Aarbecht ophuelen.

Drëtte Punkt: Et stelle sech fir eis awer och nach eng Rei, jo, eng Rei Froen a Saache Besteierung. Et ass jo esou, an dat ass och virdru scho gesot ginn, dass d'SISen, déi zu 100% Impaktparten ausginn, dat heescht Parten, déi keen Urecht ginn op eventuell Dividenden, keng Kierperschaftssteier brauchen ze bezuelen. Mir hunn also Handelsgesellschaften, déi, well se eng sozial Finalitéit hunn zu 100% a sech dat och an hirem Kapital erëmspigelt, keng Kierperschaftssteier brauchen ze bezuelen. Dat heescht, obwuel dës Gesellschaft kommerziell Aktivitéiten ausüübt, bezilt de Betrib keng esou eng Steier.

Op där anerer Säit hu mer awer Asblen, déi d'Kritäre vun der SIS net erfëllen, ech huelen zum Beispill Fussballveräiner, Musekgesellschaften a vill anerer, déi awer Kierperschaftssteiere bezuele mussen, wa se da punktuell kommerziell Aktivitéiten ausüben. Eis leien näämlech Fäll vir, wou d'Steierverwaltung esou Asble scho bal néidegt, fir hir Steiererklärungen ze maachen, an anere Wierder, fir hir Kierperschaftssteier an aner Steieren ze bezuelen.

Ech wéilt duerfir de Minister froen, ob d'Regierung sech Gedanke gemaach huet, wéi een och dës wichteg Akteure vun eisem Sozialliewen net am Ree stoe léisst. Vläicht kann och hei den Här Minister e puer Wuert driwwer verléieren.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Véierte Punkt: Verschidde Beruffschamberen, dat ass scho gesot ginn, begréissen zwar prinzipiell dëse Gesetzesprojet, si fäerten awer, dass d'SISen an Zukunft kéinten direkt a Konkurrenz mat hire Memberen trieden an duerch déi ëffentlech Finanzéierung, déi se jo bekanntlech genéissen, eng deloyal Konkurrenz bedreiwen. Sollt dëst de Fall sinn, da si mer der Meenung, dass dat an der Bestandsopnam, déi jo laut Gesetzesprojet spéitstens no dräi Joer gemaach gëtt, och soll diskutéiert ginn, an dat och am Zesummenhang mat den zukünftege Bestëmmunge betreffend eventuell Ausschreiwungen.

Här President, an enger Gesellschaft, wou déi materiell Wäerter enorm wichteg sinn, mä wou am gläichen Zäitraum d'Ausgrenzung, d'Marginalisatioun, jo, d'Inegalitéiten am grousse Ganzen zouhuelen oder awer zumindest net ofhuelen, ass et un der Politik, e Mouvement ze ënnerstëtzen, dee Léisunge bréngt fir eng méi gerecht, inklusiv Gesellschaft am Sënn vu méi sozialer Kohäsioun.

Ech ginn duerfir heimadder ganz gären den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kaes. An nächste Riedner ass den Här André Bauler fir d'DP.

M. André Bauler *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass am Fong geholl ganz schéin - den Här Kaes hat op den „C" a senger Partei higewisen -, et ass am Fong geholl ganz schéin, datt mer dëse Projet och dëst Joer stëmmen, an engem Joer, wou déi kathoulesch Sozialléier 125 Joer feiert,...

(Exclamations)

...eng Léier, déi natierlech déi Sozialekonomie an de Mëttelpunkt stellt. Mä loosse mer dat awer net vergiessen, si stellt och de liberale Gedanken an de Mëttelpunkt, näämlech d'Eegeninitiativ, d'Eegeninitiativ an och d'Propriétéit vun deem Eenzelnen, déi wichteg ass, fir datt den eenzelne Mënsch sech entwéckele kann, eng Propriétéit, déi ëmmer och zur Verantwortung unhält an u si appeléiert.

Dat gesot, wollt ech Iech elo schonn am Viraus soen, datt ech net ze laang wäert schwätzen. Déi sozial a solidaresch Wirtschaft ass zurzäit aus administrativer Siicht zum groussen Deel, wéi et och virdru schonn ugeklongen ass, d'Affär vun de Vereenegungen ouni Gewënnzweck. Dee ganze soziale Secteur ass effektiv duerchwuess vun Asblen, sief et am karitative Beräich, am Beräich vun de Crèchen, de Maison-relaisen oder eben och bei den Aarbechtsinitiativen.

Gleeft een offiziellen Zuelen, an déi sinn och am Rapport vum Här Engel nozeliesen, sou hunn dann dräi Véierels vun de soziale Betriber hei zu Land de Statut vun enger Asbl. Gleeft een dann och nach gären dem Statec, sou gëtt et zurzäit eppes méi wéi 1.000 Betriber am soziale Secteur. An hinne wiere mëttlerweil da bal 28.000 Salariéë beschäftegt.

Ech wëll drun erënneren, datt mir als Demokratesch Partei et ni gär gesinn hunn, datt dee Secteur, besonnesch dee vun den Aarbechtsinitiativen, déi jo och Wueren a Servicer produzéieren, vu Vereenegungen ouni Gewënnzweck verwalt gëtt. Mir waren éischter der Meenung, et sollt ee se op eng ganz aner juristesch Basis stellen oder et sollt een och esou eng Basis sichen, déi eben dann och, wéi et am Rapport steet, fir méi Sécherheet suergt, an domat enger Struktur, déi dach awer méi enger Firma gläicht wéi engem Veräin, méi Solidditéit soll ginn, sprécht se op manner wackleg Féiss soll stellen.

D'Beschäftigungsinitiative verfüge jo iwwer ëffentlech Gelder, a si schaffe mat ville Leit, déi se och am éischten Aarbechtsmaart astellen, zemools wann een eben un dat Personal denkt, dat d'Demandeurs d'emploi encadréiert a forméiere soll. Dës Sue vun enger Asbl verwalten ze loossen, war an ass sécherlech net, dat wësse mer alleguer heibannen, déi ideal Léisung.

Et handelt sech jo eigentlech ëm regelrecht Betriber, déi och dofir misste wéi eng richteg Entreprise opgestallt sinn, denke mer u Begréffer wéi d'Analayse comptable oder u Froe ronderëm d'Kapitalisatioun. Dat ännert dann elo mat dësem Gesetzesprojet, deen d'SIS aféiere wäert, eng nei Form vun Handelsgesellschaft, déi sech awer doduerjer ënnerscheet, datt si soziale Kritären ënnerläit an hiert Kapital och dann deementspriechend zesummegestallt ass.

Eis als Demokratesch Partei ass et wichteg, datt d'Situatioun vun de soziale Betriber verbessert gëtt, sprécht juristesch besser wéi bis ewell encadréiert gëtt. Zu Recht huet den Direkter vun der Handwierkerkummer Tom Wirion drop higewisen, dat an engem Sträitgespréich, wat en hei mat dem Här Engel hat, datt dës Asblen an engem zimlech floue juristesche Kontext schaffen an datt et eng Noutwendegkeet gëtt, an dësem Zesummenhang ze handelen.

Do, wou d'Handwierkerkummer sech awer skeptesch gewisen huet, dat ass virun allem, datt d'SISe vu Steiere befreit ginn, wann hiert Kapital zu 100% aus Parts d'impact besteet. Do fäert d'Handwierkerkummer äänlech wéi de Konkurrenzrot, dee sech zimlech skeptesch weist, datt et zu Verzerrungen am konkurrenzielle Spill kéint kommen.

Den Direkter vun der Chambre des Métiers betount, datt etlech sozial Betriber déiselwecht Déngschtleeschtungen a Produkter ubidden, déi och artisanal Firmen zum Beispill offréieren. Doduerjer géif et e grousse Risiko, jo, e seriöse Risiko vu Konkurrenzverzerrung ginn. Den Direkter vun der Handwierkerkummer ass der Meenung gewiescht, datt een am Agrément déi Aktivitéiten aschreiwe muss, déi d'SISen ausübe wëllen, an datt dës Aktivitéiten net an der traditioneller Wirtschaft ausgeübt ginn. Et freet ee sech natierlech, a wat fir engem Mooss d'Chambre des Métiers an hiren Direkter hei recht hunn.

Et gëtt jo awer mëttlerweil och Betriber, déi mat den Iniativen zesummeschaffen, gutt zesummeschaffen, a vun hinnen Aarbechte maache loossen, déi si net selwer kënnen oder wëlle maachen. Ech denken do un Initiative wéi zum Beispill de Forum pour l'emploi, dee mat Betriber zesummeschafft an Aarbechten duerchféiert, op déi net onbedéngt all Betrib spréngt, zum Beispill wann en Haus muss gebotzt, sanéiert, geraumt ginn an am Fong geholl an deem Kontext wichteg Viraarbechte musse geleescht sinn, ier een anere Betrib, deen aneschters opgestallt ass, da mat den Aarbechten, de Sanéierungs- oder Renovatiounsaarbechte ka weiderfueren.

Mir denken och, datt deen Agrément ëmmer soll gebonne sinn un Aktivéiten, déi complémentaire si par rapport zu deenen, déi vun traditionelle Betriber ofgedeckt ginn. Mir erspueren eis dann nei Diskussiounen iwwert d'Konkurrenz tëscht der Solidarwirtschaft, der solidarescher Wirtschaft an de klassesche Betriber. Nëmmen esou kann een effektiv vermeiden, datt aner Betriber, déi sech beméien, fir Leit aus de Beschäftegungsinitiativen eriwwerzehuelen, fir se da bei sech ze engagéieren, dat heescht am éischten Aarbechtsmaart, datt dës Betriber konkurrenzéiert ginn.

Wichteg ass, datt den Agrément gebonnen ass un d'Erfëllung vu sozialen Ziler an datt de Minister an deem Sënn d'SIS iwwerwaacht. Vill méi wichteg ass awer, datt déi Asblen, déi hei a Fro kommen, fir an eng nei Gesellschaftsform eriwwerzeswitchen, wann een dat esou soe kann, datt dës Strukturen e méi séchere juristesche Statut wéi d'Asbl kréien an datt se virun allem iwwert dëse Wee eng méi grouss Akzeptanz a Visibilitéit an der Gesellschaft kréien.

Den Här Minister kann eis jo an dësem Kontext nach eng Rei Prezisioune ginn - den Aly Kaes war virdrun drop agaangen -, vläicht och unhand vun e puer konkrete Beispiller, a kann eis eventuell och dann nach soen, wéi de Passage vun der Asbl zu der SIS organiséiert ka ginn.

Ofschléissend wëll ech dann dem Kolleeg Georges Engel, dem Rapporteur, félicitéiere fir säin detailléierte Bericht an dann och den Accord vu menger Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, ginn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Bauler. An den Här Anzia ass scho prett.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Här President. Fir mech ass et eng grouss Freed, fir haut fir déi gréng duerfen dëse Projet de loi „Siss", SIS oder Société d'impact sociétal hei virzestellen. E grousse Merci un de Rapporteur! Dat huet ausser an der Kommissioun Spaass ze maachen, och Spaass gemaach, fir dem Rapport nozelauschteren. E Merci och un de Minister Nicolas Schmit, deen den Dépôt vun dësem innovative Projet de loi gemaach huet 2015. An ech huelen e bësse méi wäit aus, ier ech awer an d'Diskussioun vum Projet de loi kommen.

Et ass e wichtege Projet de loi an den Ae vun deene Gréngen, wichteg fir e Secteur, deen eis um Häerz läit, fir de soziale Secteur, sief et elo an der Betreiung vu Jonk an Al, an der Aus- oder Weiderbildung vu Jonken a Leit am Chômage, sief et awer och an der Betreiung, an der Schafung vun Aarbechtsplaze fir Leit mat engem Handicap, wéi ëmmer deen och geaartet ass.

Eiser Meenung no ass et en innovative Projet. Deen ass jo och vu laanger Hand virbereet an ass zesumme mat Leit aus dem Secteur, mat der ULESS ausgeschafft ginn, an dat scho säit 2013. D'ULESS ass d'Union luxembourgeoise de l'économie sociale et solidaire. Op déi ginn ech nach eng Kéier e bësse méi spéit an.

Et war och, an dat ass e bësse bemierkenswäert, eng Prioritéit vun der Lëtzebuerger Présidence, déi se hat eben u sech am zweete Semester 2015, dass se u sech dat do Thema op den Ordre du jour geholl huet an dat zu hirem Thema och gemaach huet, an zwar d'Économie sociale et solidaire, wat ënnert der Présidence vu Lëtzebuerg ebe geschitt ass.

Et si ganz vill Konferenzen dat Joer gehale ginn, an um Enn vum Joer war eng ganz grouss, wou iwwer 500 Leit zu dësem Thema diskutéiert hunn a sech informéiert hunn, ënnert dem Motto „Booster les entreprises sociales en Europe". An d'Konklusioun duerno am Conseil vun den 28 EU-Länner war déi, dass eng Promotioun géif virgeholl ginn um Niveau vun der ganzer EU zu der Économie sociale et solidaire.

Brauch Lëtzebuerg elo wierklech eng speziell Gesetzgebung fir esou Sociétéiten, fir d'SIS? Jo, mir sinn der Meenung, dass dat wichteg ass. An zwar d'Économie sociale et solidaire, et ass virdru scho gesot gi vum Rapporteur, stellt zwësche 7% an 8% vum Emploi duer. Dat sinn awer 25.000 Leit, déi an 1.000 Entreprisë beschäftegt sinn. Een Drëttel vun dësen Entreprisen, déi awer ëmmerhin dräi Véierel vun de Leit beschäftegen, déi schaffen am Santés- an am soziale Beräich. A vun deene Leit, déi do schaffen, dat sinn der nach knapp 18.000, do si 70% Fraen.

Et sinn also, wéi gesot, méi wéi 1.000 Entreprisen, an déi si ganz ënnerschiddlech opgestallt, wat d'Gesellschaftsstrukturen ugeet, an dovu sinn et der knapp 700, déi de Statut oder d'Gesellschaftsform vun der Asbl hunn. Do ass et ganz sécherlech noutwendeg, dass aner Gesellschaftsstrukturen elo hei opgestallt ginn, fir u sech deenen hir Aarbecht och ze begleeden. A vu dass eben esou vill Leit hei engagéiert sinn, esou vill Entreprisë concernéiert sinn, si mer der Meenung, dass schonn eng speziell Gesetzgebung noutwendeg ass an noutwendeg war.

Déi Donnéeën, déi ech elo grad genannt hunn, déi kommen aus dem Bericht vum Statec. Deen ass jo eréischt am Abrëll 2014 publizéiert ginn an dee berifft sech op Zuelen, déi lescht Meldungen, déi do waren, ebe vun 2011. Wa mer wëssen, dass dee Secteur en pleine expansion ass, da muss ee wëssen, dass déi Zuelen zwëschenzäitlech bestëmmt schonn u Bedeitung zougeholl hunn.

Ass Lëtzebuerg dann elo prett fir dës Form vu Gesellschaften, d'SISen? Ass den Terrain och uerdentlech preparéiert? Och do sinn ech der Meenung, an déi gréng sinn der Meenung: Jo, dat ass de Fall. An dat erkennt een un dräi Punkten, doru maache mer et fest:

Éischtens emol, ech hat et scho gesot, de Projet de loi ass ausgeschafft ginn zesumme mat deene Leit aus dem Secteur, mat der ULESS. A wann ech do hire Rapport vun 2015 kucken, da sinn awer net manner wéi 31 Organisatiounen elo an deem Daachverband vertrueden. Dat geet vun A - Amiperas - bis Y - Yolande Coop -, ouni déi aner dozwëscht ze nennen. An d'Dier vun hinnen ass grouss op, fir all aner Leit aus dem soziale Secteur oder Entreprisen aus dem soziale Secteur do mat eranzehuelen. E ganz interessante Rapport!

Zweete Punkt, un deem ech et festmaachen, an dat ass och, wat den innovativen Deel vun dësem Projet de loi ausmécht, dat ass d'Kreatioun vun engem Incubateur pour entreprises oder entrepreneurs sociaux. Dat ass am Juli dëst Joer gemaach ginn. Deen huet den Numm 6zero1, SIS 01, dat bedeit, si wëllen och déi éischt Société d'impact sociétal ginn, soubal dëse Projet de loi, hoffen ech, herno mat grousser Zoustëmmung hei an dësem Plenum votéiert gëtt. Déi sinn zu Déifferdeng - wie wonnert et? -, am 1535°, wou ganz kreativ Käpp matgesteiert hunn, fir dass dat als Gemengeprojet ebe konnt realiséiert ginn.

An d'Zilsetzung, déi u sech de 6zero1 huet, dat hunn ech mer ugekuckt, majo, dat ass op verschiddene Vektoren. Éischtens emol eng Kéier, do op där Plaz probéiere se, fir mat engem modeste Loyer vu 500 Euro de Mount den neien Entreprisen, Start-up-Firmen, an dësem Beräich eng Base ze ginn, eng Base d'attaque, wou se kënne Bürosraimlechkeeten, gemeinsam Infrastrukture kréien, wou se u sech kënnen ufänken, hire Projet d'entreprise ze entwéckelen.

An niewendru ginn déi Projeten awer och begleet, well dat muss esou sinn, an zwar op verschiddene Punkten. Éischtens emol: Hei steet dann den Network, dat ass een Deel, dat heescht, iwwer Konferenzen, Formatioune gëtt en Débat gemaach ënnert deene verschiddenen Akteuren. Assistance, ganz wichteg, an zwar eng personaliséiert Assistance fir déi Entreprisen, déi sech wëllen an dësem Beräich etabléieren. Eng Formation, ganz kloer, an zwar fir dass se e Projet d'entreprise opstellen, fir dass se d'Gestioun vun hirem Projet gemaach kréien, dass se Ableck kréien an: Wéi maachen ech eng effikass Kommunikatioun a wat sinn déi finanziell Voleten, wann ech u sech eng Entreprise opstellen?

Dann ass natierlech d'Finance: Wéi kann ech esou eng Entreprise eben da mat finanzielle Mëttelen ausstafféieren? A wéi schonn ugedeit, de Conseil, de Suivi personalisé mat engem Mentorat, mat engem Parrainage, fir dass déi Entreprisen, wa se sech dann do opstellen, eben och begleet ginn an eben och zu engem Succès kommen.

Den Appel à candidatures, dee leeft am Moment. An dat Ganzt, dat soll starten ab dem 1. Januar 2017 an iwwer 12 Méint goen, soudass déi Entreprisen eben och e ganzt Joer laang begleet ginn.

Drëtte Punkt, woufir ech soen, dass dat hei gutt virbereet ass, dat ass de Volet social. An zwar, esou wéi déi gréng et gesinn, ass eben de Volet social och e Synonym fir Liewensqualitéit. A Liewensqualitéit, och dat ass e Volet vun der Rifkin-Etüd, soll jo erhale respektiv verbessert ginn, an dat op Vue vun engem méi wäiten Horizont: 2050.

An ech mengen, dass dëse Projet de loi an déi Iddi vun dem „6zero1" u sech och an déi dote Richtung geet, fir ze soen, mir ginn deem Volet social eng aner Base. An ech mengen duerfir, dass dës Initiativen dozou bäidroen, dass Lëtzebuerg sech nohalteg a sozial an och d'sozial Wirtschaften entspriechend opstellt an dass dat zu Lëtzebuerg implementéiert wäert ginn als ee Wirtschaftszweig.

Sou, wat fir Froen ergi sech awer elo a Bezuch zu dësem Projet de loi? Bon, ech dinn dann do eng Kap op, an zwar dinn ech d'Kap op vun engem Administrateur, deen am Conseil d'administration vun esou enger Asbl ass, an enger sozialer Asbl. Et ass déi vun der „Op der Schock", an do sinn ech als Bénévole aktiv. A wéi ech du gëschter dat virbereet hunn, op eemol hunn ech geduecht: „Elo musse mer eng Kéier kucken, wat s de an denger Déclaration d'intérêts financiers des députés stoen has." An do ergi sech zwou Ännerungen an duerfir géif ech dann elo den Dépôt maachen hei bei eisem President vu mengen ofgeännerten Deklaratiounen.

(M. Gérard Anzia dépose une documentation.)

Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Et sinn zwou Ännerungen do: De Méindeg hunn ech eng Asbl zougemaach als President an ech sinn dotëscht nach Member „Op der Schock" an der Kooperativ mat enger Part vun 1.000 ginn. An dat wollt ech eben och dann hei ad acta ginn. Ech sinn also an dësem Projet de loi iergendwéi concernéiert, involvéiert, ouni dass ech awer natierlech elo eng SIS wier. Dat geet jo net, vu dass de Projet de loi elo eréischt kënnt. Ech wollt dat awer nach eng Kéier hei preziséieren.

Wéi gesinn ech dann elo als Member vum Conseil d'administration dëse Projet de loi? Vill Detailer huet de Rapporteur schonns genannt. Op déi ginn ech natierlech elo hei net méi an. Ech begréissen awer verschidde Punkten: Éischtens, d'Benefissen, déi musse reinvestéiert ginn. Och dat maache mir zu honnert Prozent an dat ënnerstëtze mir mat zwou Hänn.

Zweetens, et sinn dräi Gesellschaftsmodellen, déi hei méiglech sinn: SA, Sàrl oder eng Société coopérative. A vu dass am Moment jo 70% vun awer deene Strukturen ënner Form vun enger Asbl opgestallt sinn, mengen ech, ass dat eng gutt Saach, fir sech eng aner Gesellschaftsform ze ginn. Mir selwer, fir aus dem Nähkästchen ze schwätzen, hunn zwou Gesellschaften, eng Asbl an eng Kooperativ, fir déi verschidde Servicer am Behënnerteberäich - Betreiung, Wunnen, Formatioun an Atelier protégé - ofzedecken. An dat geet anere Leit aus dem Secteur äänlech. Do ass also nach e Volet ze maachen.

Déi éischt Fro duerfir un den Här Minister: Wat geschitt elo, wann ech mer dee Fall virstellen, dass u sech d'Gesellschaften, déi ënnert dem Statut vun Asbl oder Kooperativ opgestallt sinn an déi da Konventiounen hunn, sief et mam Ministère de la Famille oder mam Ministère du Travail, wat geschitt da mat deenen entspriechende Konventiounen?

Drëtte Punkt, deen ech wollt eraushuelen: D'Fuerderung, déi drasteet am Gesetz vun engem Contrôle vun engem Réviseur d'entreprises agréé. Dat ass fir mech oder fir eis ganz normal, Contrôle ass de Garant vu Qualitéit an eng Selbstverständlechkeet. An eng SIS ass och eng Entreprise, déi finanztechnesch exemplaresch muss opgestallt sinn. Déi duerf net an deem Beräich dee Volet do vernoléissegen. Duerfir, mengen ech, ass et ganz normal an och richteg, dass e Réviseur d'entreprises agréé hei muss an den Asaz kommen.

Véiert Saach: D'Schafung vun enger Commission consultative fir d'SIS. Bon, et ass eng Consultatioun fir de Minister. Elo kënnt meng zweet Fro: Wie mécht d'Consultatioun vun deenen zirka 1.000 Entreprisë respektiv deene 70% Asblen, déi eventuell bereet wieren, fir eriwwerzewiesselen op eng SIS? Ech schloen duerfir vir, an der Iwwerleeung vun dem 6zero1, eng nei Entitéit: „6 Mille", op Lëtzebuergesch „sechsdausend". Wou kommen ech dodrun? SIS 1000, eng SIS-Begleedungs-, -Berodungsstruktur fir déi 1.000 Entreprisë vum Secteur.

Mir kommen op de fënnefte Punkt aus dësem Projet de loi. Dat ass den Artikel 14, dee wollt ech eng Kéier kuerz eraussträichen. Dat ass déi ganz Fiskalitéit vun den SISen. Och déi Ännerungen oder déi Virschléi, déi do sinn, déi Änneruge vun deene Gesetzgebunge kënne mer als Leit aus dem Secteur natierlech mat zwou Hänn ënnerschreiwen. Dat hu jo och scho Leit virdrun hei ausgefouert. Si hunn natierlech Nuancë gemaach, wéi se zu dem Unhuele vun den Done stinn, zu der Akommessteier, Gewerbesteier an der Verméigenssteier.

Elo kënnt meng drëtt Fro: Wat geschitt awer elo mat Entitéiten aus dem Secteur, déi den Agrément hu vun der Utilité publique? Wat geschitt mat deem Statut, wa se eriwwerwiesselen op deen neie System vun den SISen?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen elo zum Schluss vu mengen Ausféierungen. déi gréng, déi sinn der Iwwerzeegung, dass d'Économie sociale et solidaire e Modell ass, deen de Volet Ëmwelt, méi sozial Gerechtegkeet an och méi Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg an Zukunft ka mat garantéieren. Duerfir ginn ech ganz gären am Numm vun der grénger Fraktioun eis voll Zoustëmmung zu dësem Projet de loi an ech soen Iech all Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Anzia. An nächste Riedner ass den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Et ass ëmmer schwéier, ze schwätzen an esou engem Konsensthema, wann een net d'accord ass. Ech maachen et trotzdeem. De Georges Engel seet eis, dat éischt Zil wier, ze soen: „De Benefiss ass net alles." An ech ginn em recht. Den Här Anzia freet sech drop, datt seng „Firma", déi en hei deklaréiert huet, dann deemnächst keng Steiere méi muss bezuelen. Ech verstinn dat!

Ech maache mer awer Suergen. Ech denken, datt déi 25.000 Leit, déi 2011 an dësem Secteur geschafft hunn an déi, wéi gesot ginn ass, schwéier vermëttelbar waren, et geet jo drëm, datt déi sollen an en éischten Aarbechtsmaart bruecht ginn.

Une voix.- Neen, neen, neen...

M. Roy Reding *(ADR).*- An ech froe mech, ech froe mech, ob mat dësem Projet - waart, ech kommen am Detail dozou -, ob mat dësem Projet net éischter Leit, déi eng normal Aarbechtsplaz hunn am éischten Aarbechtsmaart, nohalteg an en drëtten, subventionéierten, soi-disant „sozialen" Aarbechtsmaart gedrängt ginn.

De Georges Engel huet mat Recht drop higewisen, datt haut Asblen ouni Autorisation de commerce - ech perséinlech si souwisou géint dee Konzept, dat weess een - net kënnen un Ausschreiwungen deelhuelen. An do läit e bëssen d'Kromm an der Heck: E schwätzt vun engem „level playing field" tëscht deene soziale Gesellschaften. Mä wou ass de „level playing field" vun normale Gesellschafte mat deene Gesellschaften, déi haut hei gegrënnt ginn?

Et ass net eng Fro: Fir oder géint eng sozial Wirtschaft? Mir sinn all derfir! Et ass och net eng Fro: Fir oder géint e chrëschtlecht Gesellschaftsbild?, Här Kaes. Mä et geet ëm en „level playing field" an der normaler Ekonomie: Gäertneraarbechten, Schnéi raumen, botzen, raumen - déi Geschichten -, Transport, Bus fueren. Dëse Projet ass fir mech, fir d'ADR, den Inbegréff vun enger „fausse bonne idée"! Entschëllegt, datt ech dat op Franséisch soen, mä e besseren Ausdrock op Lëtzebuergesch fält mer net an.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Eng falsch gutt Iddi.

(Interruption)

M. Roy Reding *(ADR).*- Eng fausse bonne idée, Här President,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Eng falsch gutt Iddi!

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Eng falsch gutt Iddi fir d'ADR.

(Brouhaha)

M. Roy Reding *(ADR).*- ...well anstatt den Impact sociétal ze förderen, gëtt hei virun allem eng Situation illégale vun Asblen, déi ouni Autorisatioun schaffen, regulariséiert, déi bis elo scho schaffen an och an Zukunft wäerte schaffe mat enger Subventioun vum Stat. An am Endeffekt gi Paie bezuelt, déi subventionéiert sinn, well de Stat déi Paien iwwerhëlt. An d'Privatgesellschaften, déi mussen normal Paie bezuelen an déi normal Obligatiounen erfëllen, hu géint déi dote Gesellschafte keng Chance méi.

D'Fro, déi sech stellt, ass net, ob mer sozial schwaache Leit eng Aarbechtsplaz besuergen, mä d'Fro ass, ob mer net Leit, déi haut a Brout an Aarbecht sinn, hir Aarbechtsplaz huelen an an deen doten drëtten Aarbechtsmaart drängen, ob mer net normal Aarbechtsplazen zerstéieren, ob mer net aus normale Salariéë Leit maachen am drëtten Aarbechtsmaart, a subventionéierten, soi-disant „sozialen" Betriber, ausser natierlech deene Kolleegen an deene Komeroden, deene mer bis zu sechsmol de Mindestloun bezuelen als Chef d'équipe oder als aner fürend Positioun an deene sozialen, soi-disant „sozialen" Gesellschaften.

D'Chambre de Commerce huet gesot, si géif sech wonneren, datt dëse Projet laut der Fiche keen Impakt hätt op de Budget. Natierlech huet dëse Projet en Impakt op de Budget, well mir schafen hei eng Aart Gesellschaften, déi keng Gewerbesteier bezuelen, keng Verméigenssteier, keng Steier op hirem Benefiss! Déi Fiche, déi derbäi war beim Projet, déi seet: «Le projet a-t-il saisi l'opportunité pour supprimer ou simplifier des régimes d'autorisation (…)?», do soe se: „Non". An dat ass richteg, well effektiv: Neen, déi Gesellschafte kréien d'Liewe jo net einfach gemaach! Déi mussen en Agrément froen. Déi brauchen e Réviseur d'entreprises. Här Anzia, wësst Der, wat dat kascht, e Réviseur d'entreprises?!

Et ginn „indicateurs" agefouert, déi absolutt net definéiert sinn. A wann déi net agehale ginn, ma da ginn déi Gesellschaften..., si kréien net emol eng Chance, sech ëmzewandelen, si gi liquidéiert op Unuerdnung vum Procureur! Et ass alles aneres wéi eng Simplification administrative, et ass fir mech d'Ausgebuert vun engem total bürokratesch denkende Mënsch!

(Interruption par M. Georges Engel)

Besonnesch déi Liquidatioun...

Jo, ech weess, Här Engel, an Ären Ae versti mir alleguerte guer näischt an Dir verstitt alles.

D'Liquidatioun duerch de Procureur, wann eng Kéier den Agrément entzu gëtt, fannen ech ganz schlëmm. Well wou ass dann do Ärt soziaalt Gewëssen? Wou ass dann do Ärt chrëschtlecht Mënschebild, wann déi Leit dann, déi do schaffen, hir Aarbechtsplaz verléieren, well déi Gesellschaft liquidéiert gëtt, anstatt datt se zumindest d'Chance krit, sech ëmzewandelen?

Wou ass d'Egalitéit tëschent de Bierger, wann d'Parts de rendement... Soubal wéi eng eenzeg Part de rendement do ass, dat heescht eng Gesellschaft, déi och nëmmen eng kleng Anschubfinanzéierung bräicht vum private Maart, da fale sämtlech steierlech Virdeeler ewech, da muss déi Gesellschaft Steiere bezuelen. Dat ass net normal!

De Conseil de la concurrence seet net nëmmen, datt dat heite keng «réponse optimale» wär, also keng optimal Äntwert op de Problem vun den Asblen, déi als Haaptsaach eng Activité économique verfolgen, wat jo schonn eng Anormalitéit als solch ass, mä e seet: „Et hëlleft net nëmmen net dem Développement de l'économie sociale, mä et ass eng Mesure «où on introduit une distorsion de la concurrence en faveur et contre les intérêts des entreprises traditionnelles»." (veuillez lire: «où il [le projet de loi] introduit une distorsion de concurrence en faveur des entreprises sociales et au détriment des entreprises traditionnelles».") Et ass genau dat, wat hei geschitt.

Et ass keng gutt Iddi. Et ass net en faveur vun de Salariéen. Et ass net en faveur vun engem chrëschtleche Gesellschaftsbild. Et ass d'Institutionaliséierung vun enger Concurrence déloyale géint d'Entreprisen, déi d'TVA bezuelen.

Ech rappeléieren, datt mer deemnächst hei e Gesetz wäerte stëmmen, datt all Gérant an all Administrateur d'office responsabel ass fir d'TVA, déi en encaisséiert. Et ass en faveur vun Entreprisen, déi keng normal Paie bezuelen, mä subventionéiert Paien, déi keng Steiere musse bezuelen, weder Gewerbesteier nach Verméigenssteier nach Steier op de Benefiss, déi also eng total illicite Concurrence déloyale kënne maachen, an dat souguer beim Marché public. An dat géint d'Gesellschaften, déi sech mussen un d'Regelen halen! Dat heescht, dérisoire Präisser géint déi Präisser, déi einfach duerch de Marché diktéiert ginn.

Et gëtt eng Konkurrenz tëschent staatleche Betriber mat Komeroden un der Spëtzt, déi sechsmol de Mindestloun kréien, géint Privatentreprisen, wou mer aféieren, datt de Gérant oder den Administrateur d'office responsabel ass fir all Faute de gestion oder zumindest eng schlëmm Faute de gestion an do ka vum Procureur poursuivéiert ginn. Et ass eng Zukunft vun enger Statsekonomie, wou d'Entrepreneure Fonctionnairë ginn, anstatt d'Förderung vu Privatinitiativ. A wann Der se schonn net fërdert, da loosst se wéinstens gewäerden!

Ech soen lech Merci an ech soen, d'ADR stëmmt selbstverständlech géint dëse Projet. Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

Une voix.- Radikalliberal!

Une autre voix.- Jo!

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Wuert huet elo den Här Marc Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Här President, mäi Virriedner huet elo eng ganz Rëtsch Saache gesot, déi, mengen ech, esou net richteg sinn. Ech probéieren, se a menger Interventioun anescht duerzeleeën.

Ënnert dem Begréff „économie sociale et solidaire" versteet een ënnerschiddlech Forme vu wirtschaftlechen Aktivitéiten, déi sech e positive gesellschaftlechen a sozialen Impakt als Zil gesat hunn. Och wann et ënnerschiddlech gedanklech Urspréng an inhaltlech Konzeptioune vun deem Begréff gëtt - wéi den Här Kaes gesot huet, „Sozialwirtschaft ass net datselwecht wéi Solidarwirtschaft" -, esou hunn all déi Betriber an Organisatiounen, déi e benotzen, awer eng grouss Gemeinsamkeet, näämlech déi ekonomesch Aktivitéiten, déi se bedreiwen, orientéiere sech net um Prinzip vun der Profittmaximéierung. Dat ënnerscheet se vun anere Betriber aus dem fräie Marché.

Si baséieren op reale gesellschaftleche Besoinen, deene weder vun der ëffentlecher Hand entsprach gëtt - dacks muss ee soen, leider net entsprach gëtt - nach vum fräie Maart op senger Sich no der gréisstméiglecher Rendite. Et ass eng gesellschaftlech Demande, där entsprach gëtt.

Ursprong vun deenen Initiative vun der sozialer Solidarwirtschaft ass d'historescht Engagement vun de Bierger an aus der Zivillgesellschaft gewiescht. An den 80er an 90er Joren, wou d'Initiative ronderëm d'Économie sociale et solidaire u Gewiicht gewonnen hunn, goufen Diskussioune gefouert, ob dee Secteur an déi Aart a Weis, wirtschaftlech Aktivitéiten ze organiséieren, eventuell en drëtte Pilier - wéi och den Här Kaes gesot huet - vun eiser Ekonomie kéint sinn, nieft dem ëffentlechen an dem privaten. An ech mengen, datt een haut soe kann: Et ass een!

Och wa vill vun deene Froe bis haut net komplett an net zefriddestellend gekläert sinn, esou sinn awer scho Realitéite geschafe ginn. 25.000 Aarbechtsplazen, esou sinn d'Zuele vun 2011, ginn et entre-temps an dësem „non-profit"-Secteur, dee wesentlech gesellschaftlech Aufgaben iwwerhëlt. An et ass falsch ze soen, dat wiere 25.000 Leit, déi schwéier vermëttelbar sinn. Dat sinn Aktivitéiten, wou et ëm Soins de santé geet, wou et ëm d'Garde geet, ëm d'Këmmeren ëm eeler Leit ënner anerem. An dat sinn net..., dat sinn deelweis héich qualifizéiert Leit. Duerfir ass et jo och wichteg, datt een deene Leit och entspriechend Revenuen oder Rémunératioune gëtt, wéi et an anere Beräicher vun der Privatwirtschaft eben och de Fall ass!

Déi eenzel Betriber an Organisatiounen aus dem Secteur organiséiere sech am Moment jee no Ausriichtung a verschiddene juristesche Formen. Et ginn Associatiounen, Fondatiounen oder Kooperativen, wou reng zueleméisseg - an et ass gesot ginn - d'Asblen déi allermeeschten duerstellen. Mat deem heite Gesetz gëtt fir Entreprisen aus der Économie sociale et solidaire d'Méiglechkeet an och den Ureiz geschafen, eng kommerziell Gesellschaftsform unzehuelen. Duerfir ginn zwee Grënn ugefouert.

Engersäits gëtt mat der Schafung vun der Société d'impact sociétal méi eng grouss Rechtssécherheet par rapport zur bis elo am meeschte benotzter Form vun der Asbl geschafen, dëst besonnesch en vue vun der Autorisation d'établissement. An anerersäits sollen an Zukunft och verstäerkt Betriber aus dem Secteur als SIS kënnen un Ausschreiwunge vu Marché-publicken deelhuelen.

An et muss een awer och do soen, well dat och ee Moment a mengen Ae falsch hei eriwwerkomm ass: Et ass eng Fakultéit fir d'Akteuren aus dem Secteur, déi dote Gesellschaftsform unzehuelen. Et ass net esou, datt, wann dat Gesetz hei a Kraaft trëtt, vun engem Dag op deen aneren alleguer d'Associatiounen - alleguer d'Associatiounen! - sech mussen zu enger solcher Form ëmwandelen. Natierlech, wa se wëllen an de Benefiss komme vun deene Méiglechkeeten, déi eng SIS duerstellt, dann ass dat natierlech de Fall. Mä et heescht net, datt se d'office ausgeschloss si vun deem ganze Secteur vun der Économie sociale et solidaire.

Et ass och, mengen ech, richteg, well dat sinn ebe justement Iwwergangsprozesser, déi da wäerten ugoen. Fir de méigleche positiven Impakt vun dësem Text awer och richteg aschätzen ze kënnen, sollt een effektiv parallell dozou d'Direktive kucken, déi am Moment och bei eis an der Chamber an der Prozedur sinn.

Bis elo war et jo esou, datt déi meeschte Betriber aus der Solidar- a Sozialwirtschaft de facto d'Méiglechkeet net haten, un ëffentlechen Ausschreiwungen deelzehuelen, besonnesch duerch hir juristesch Struktur, déi vun den Asblen. Doduerch datt si elo eng kommerziell juristesch Form unhuelen an zesumme mat der Ëmsetzung vun den EU-Direktiven, déi am Moment am Projet de loi 6982 déposéiert sinn an och diskutéiert sinn, soll dat an Zukunft méiglech sinn.

Duerfir ass et, well et esou wichteg ass, fir dëse Secteur och net onbedeitend, wann ee ganz kuerz op dat Gesetz 6982 ageet, wat jo och explizitt ernimmt ass am Exposé des motifs. Et geet, graff resüméiert, dorëms, datt d'ëffentlech Hand ka bei Ausschreiwungen zousätzlech sozial an ekologesch Kritäre festleeën, fir verschidde Marchéen ze verginn. Also Dispositiounen, déi Betriber, déi an deem dote Secteur aktiv sinn, maassgeblech entgéintkomme kënnen.

Et gëtt awer dernieft natierlech och der ëffentlecher Hand d'Méiglechkeet, oder erëm d'Méiglechkeet, wirtschaftlech Orientéierunge virzehuelen duerch Kritären, déi Betriber ganz allgemeng mussen erfëllen, fir e bestëmmte Marché ze kréien.

Mir wäerten an den nächste Wochen oder nächste Méint Zäit kréien, am Detail op dat Gesetz anzegoen. Ech wëll just soen, datt et leider an där Form, wéi et am Moment virläit, eng minimal Ëmsetzung ass, datt d'Direktiv vill méi zougelooss hätt vu Kritären, déi ee sech hätt kënne ginn. Dat ass an eisen Aen amgaange verpasst ze ginn. Nawell gi mat dësem Gesetz, also mam Gesetz iwwert d'Société d'impact sociétal zesumme mat deem an eisen Aen net wäitgoenden 6982, erweidert Méiglechkeete geschafe fir Betriber, déi net reng profittorientéiert sinn. Den Aktiounsradius vun deene gëtt also erweidert.

Här President, als Lénk huet eis am Géigesaz vläicht zu eisem Virriedner éischter interesséiert, wéi dat Gesetz hei mat deene méigleche Gefore fir de Secteur ëmgeet, déi doduerch entstoe kënnen, datt d'Betriber elo formal eng kommerziell Struktur kréien. A mir si frou, datt den Aarbechtsministère wäitreechend Gardefouen agebaut huet, och wann ee sech am Eenzelne sécherlech nach déi eng oder aner Dispositioun hätt kënne virstellen. An dat ass, mengen ech, ganz wichteg an essenziell och, fir d'Zoustëmmung zu deem heite kënnen ze ginn.

Éischtens, eng SIS-Gesellschaft muss aus Part-d'impacte bestoen a se kann aus Part-de-rendemente bestoen, woubäi d'Part-de-rendementen och just maximal bis zu 50% däerfen ausmaachen. De Benefiss aus de Part-d'impacte bleift integral am Betrib a ka just fir d'Weiderentwécklung vun de gesellschaftlechen Aktivitéiten ausgi ginn. De Benefiss aus de Parts de rendement, wann et där da ginn an där SIS, kann och just dann ausbezuelt ginn, wann déi gesellschaftlech Impaktziler noweislech erreecht goufen. Fir dat festzestellen, muss eng SIS nieft dem Rapport vun engem Réviseur d'entreprises och en extrae finanzielle Rapport ofliwweren, deen eng Evaluatioun vun den erreechten Ziler beinhalt. Dat heescht, fir d'SIS-Sociétéit ass en héijen Niveau vun Transparenz verlaangt.

Et ass och net méiglech, nodréiglech Impaktsparten a Part-de-rendementen ëmzewandelen, SIS-Parte kënne just a Part-d'impacte weider ëmgewandelt ginn. An och d'steierlech Virdeeler ginn et just dann, wann 100% vun deem, wat erwirtschaft gëtt, och am Betrib bleift a fir d'Weiderentwécklung vun deem Betrib ausgi gëtt. Dat heescht, wa se net ausgeschott ginn un Aktionären oder Sociétaires.

Eng Fro, déi sech stellt, ass natierlech déi: Wann de Minister effektiv, wat mer prinzipiell begréissen, d'Méiglechkeet huet, den Agrément zréckzezéien, wann eng Fraude geschitt oder wann d'Obligatiounen net seriö agehale ginn, stellt sech nawell d'Fro, wat an deem Fall mat de Salariéë vun där Gesellschaft geschitt, wuel wëssend, datt eventuell d'Kapital vun der Gesellschaft jo iwwergeet oder d'Méiglechkeet besteet, et iwwer ze ginn an eng aner SIS oder an eng Fondatioun oder eng Asbl d'utilité publique.

Här President, nieft allen Opportunitéiten, déi dëst Gesetz schaaft, an och nieft de Beschränkungen, fir Abusen ze verhënneren, déi mer begréissen, bedauere mer, datt d'Propositioun vum Statsrot net zréckbehale gouf, d'Prinzipie vun der Économie sociale et solidaire méi staark un eng demokratesch Gouvernance ze bannen, wéi dat virgeschloe gouf och an der Orientéierung nom franséische Gesetz, well mer denken, datt eng demokratesch Gestioun an eng demokratesch organiséiert Gestioun grad an deem heite Fall, an deem heite Secteur e weidere Wiesenszuch vun der sozialer Solidarwirtschaft ass.

Här President, mat dësem Gesetz betriede mer am gewësse Sënn Neiland. Duerfir fanne mer et och gutt, datt de virleschten Artikel vum Gesetz ausdrécklech eng Evaluatioun an dräi Joer vun den Auswierkunge vum Gesetz virgesäit. Et ass an eisen Ae begréissenswäert, datt et sech heimadder ëm d'Ausweidung vun der net profittorientéierter Wirtschaft handelt, déi, déi schonn ebe bis elo 25.000 Aarbechtsplaze geschafen huet, Aarbechtsplazen, déi nohalteg sinn, Aarbechtsplazen, déi net reng dovunner ofhänken, datt Leit a Mesurë gehale sinn, mä Leit, Aarbechtsplazen, déi eis Gesellschaft wibbeleg halen, déi eis Gesellschaft um Liewen halen an déi virun allem wichteg an noutwendeg fir eis sinn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Här Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Dir Dammen an Dir Hären, Här President, fir d'Éischt wëll ech emol dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport. An ech wëll och all de Fraktioune Merci soen, déi sech hei expriméiert hunn an och dee Projet hei ënnerstëtzen.

Wat representéiert déi sougenannten Économie sociale? Hei zu Lëtzebuerg, dat ass gesot ginn. Wat representéiert se an Europa? - Just fir dem Här Reding dat ze soen, well ech mengen, en huet dat nach net matkritt.

14,5 Milliioune Leit an Europa schaffen an der Économie sociale et solidaire, 14,5 Milliounen! Dat si praktesch 7% vun allen Jobs an Europa, déi an der Économie sociale et solidaire sinn. Dovu schwätze mer. An och hei zu Lëtzebuerg sinn et bal 30.000 Leit, iwwer 27.000 Leit, déi an deem Secteur schaffen. An et ass eng Injure ze soen, datt dat lauter Leit wieren, déi net qualifizéiert wieren,...

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- ... déi subventionéiert ginn! Dat si Leit, déi eng reell, fir d'Gesellschaft eng extrem wichteg Roll an eisem Land hunn!

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- An ech wëll, datt dat hei eemol gesot ginn ass.

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- An ech begréissen och, datt all d'Fraktiounen dat hei ënnerstrach hunn. An et ass wierklech bëlleg Polemik, hei wëllen e ganze Wirtschaftssecteur, ouni deen ons Wirtschaft an onst soziaalt Liewen net kéinte fonctionnéieren, an den Eck ze setzen an als eppes duerzestelle praktesch wéi Schmarotzer. Dat ass eng Injure fir dee Secteur, dat ass eng Injure och fir déi Leit, déi dodra schaffen!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Wivill Leit schaffen dann an den Initiativen? Vu datt mer jo hei vun Initiative schwätzen, Här Reding, dann hätt Der et misse soen! Oder Dir verstitt net genau den Ënnerscheed, wat eng Initiative d'insertion ass a wat eng Économie sociale et solidaire ass, quitte datt d'Initiativen och Deel dovu sinn.

Eh bien, ech soen Iech et: 1.650 Leit, Demandeurs d'emploi - Demandeurs d'emploi - schaffen an den Initiativen. A wann et déi Initiativen net géife ginn, da soen ech Iech, dann hätte mer 1.650 Chômeure méi, dann hätte 1.650 Leit kee Revenu, dann hätte 1.650 Leit eng Situatioun, eng sozial Situatioun, eng familiär Situatioun, déi onméiglech wär. An duerfir...

(Interruption)

...brauche mer och dee Volet, fir Leit, déi vläicht net esou gutt situéiert sinn, wéi ech an Dir selwer, déi eben op déi do Strukturen och mussen zréckgräifen, soss wiere se an engem déiwe Lach. An ech hunn eng Visioun vun der Gesellschaft, déi Dir, Här Reding, jo schéngt net méi ze hunn, déi ass eng Gesellschaft, wou et Solidaritéit gëtt, wou et Gläichheet gëtt, wou kee fale gelooss gëtt.

Une voix.- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).*- Dir zerstéiert Aarbechtsplazen! Dir zerstéiert dat!

(Interruptions)

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Neen, mir zerstéieren absolutt keng Aarbechtsplazen! Mir kommen drop zréck.

Duerfir ass effektiv dat heiten eng Formel, déi eigentlech eng Zukunftsformel ass fir d'Wirtschaft. Et ass eigentlech eppes, wou een och gesäit, datt a ganz Europa - a ganz Europa! - vill nogeduecht gëtt: Wéi kënne mer eng Wirtschaft développéieren, déi - contrairement zu Ärer Polemik - net op Subventiounen opgebaut ass? Wéi kënne mer esou eng Wirtschaft développéieren, déi ebe seet, datt et muss opgoen, well soss ass et keng Ekonomie, mä mir hunn net als Finalitéit de Benefiss, de Profitt?

Dat ass fir verschidde Leit natierlech eng Horrorvisioun, mä mir hunn eng Visioun, datt et e sozialen, e gesellschaftlechen, en ekologeschen Impakt huet. An dat ass...

(Interruption par M. Roy Reding)

Neen, ech kommen nach dozou. Ech kommen och nach zu deem Punkt. Berouegt Iech! Dat ass dat eigentlech, wat hei poursuivéiert gëtt. Dat ass dat, wat poursuivéiert gëtt.

An de Succès vun där Wirtschaft ass do! Et gëtt a ville Länner - a ville Länner - souguer normal Entreprisen, déi sech als sozial Entreprisen ugesinn, well se eben anescht fonctionnéiere vläicht wéi eng klassesch Entreprise. Mä dat ass de Choix, dee jiddwereen huet. Kengem Entrepreneur wäert et muer verbuede sinn - kengem Entrepreneur! -, sech eigentlech en anere Fonctionnement vun der Entreprise virzestellen a sech als SIS ze etabléieren, wann en déi Kritäre suivéiert a respektéiert, déi an deem Gesetz hei sinn.

Et ass also absolutt net eppes, wat wirtschaftsfeindlech oder entreprisefeindlech ass. Et ass plutôt eppes, wat clarifiéiert, wat wierklech d'Grenze besser zitt, wat eben dee Flou, deen elo existéiert vun Asblen, déi jo a priori keng kommerziell Aktivitéiten dierften hunn, ewechhélt an net d'Asblen ofschaaft. Neen, d'Asble behalen am associative Liewen eng zentral Roll, mä derniewent gëtt et fir eng Form vu Gesellschaft méiglech, sech ze développéieren, déi sécher heiansdo, oder net ëmmer, mä ganz oft, eng kommerziell Aktitivéit kann hunn, mä déi awer net déi Finalitéiten huet, fir effektiv Benefiss mussen ze maachen.

An duerfir, mir proposéieren hei och eng nei Form vun Entrepreneuriat! Hei ass net eppes, wou just de Minister vun uewen erof décidéiert, wat ze geschéien huet. An op d'Kritäre kommen ech nach zréck. Mir wëllen hei och besonnesch jonke Leit d'Méiglechkeet ginn, ënnert där do Form Entrepreneur ze ginn.

Mir schwätzen haut och am Kader vu Rifkin vill vun neie Modeller a vun neien Aktivitéiten am Environnement, an der Économie circulaire, an der Energiewirtschaft. Ech stelle fest, datt zu Jonglënster et haut eng Kooperativ gëtt, wou d'Leit hiren eegene Stroum maachen. Eh bien, par Definitioun ass dat eng Économie sociale et solidaire. A firwat sollen déi Leit net an enger Forme juridique kënne schaffen?

M. Roy Reding *(ADR).*- ...Steiere bezuelen. Ma wonnerbar, exzellent!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Jo, jo, jo. Wa si sech constituéieren als eng Gesellschaft, da kann ee jo doriwwer diskutéieren, wa se déi Kritäre respektéieren, ob se dat dann nach weider musse maachen, wann et wierklech eng Gesellschaft ass, wou e gemeinnützegen Intérêt ass fir d'Kollektivitéit.

Et ass also eng nei Form, an et ass ëmmer schwéier natierlech, wann een eng ganz passéistesch Vue vun der Gesellschaft huet, sech fir nei Vuen an nei Formen opzemaachen. An duerfir mengen ech, ass et extrem wichteg, eng wichteg Décisioun, déi mer hei huelen, fir där do Wirtschaft eng nei an zolidd Basis ze ginn.

Mir mussen natierlech zesummeschaffe mat deem Secteur, deen elo scho besteet. An duerfir wëll ech och deem Secteur Merci soen, der ULESS besonnesch an all deenen Akteure vun där ganzer Économie sociale, déi jo haut scho besteet, datt se ons ënnerstëtzt hunn, datt se ons beroden hunn, datt se ons gehollef hu bei der Genèse vun dësem Gesetz, wat jo awer eng gewëssen Zäit gebraucht huet. Bon, wéi ech dee Ministère hei iwwerholl hu virun dräi Joer, hu mer ganz geziilt drop geschafft, fir datt mer dat Gesetz kéinte kréien.

Ech ginn Iech nach e gutt Beispill. A Frankräich ass an de grandes Écoles, wou jo elo net déi Allerlescht sëtzen, an de grandes Écoles, notamment de grandes Écoles de commerce - HEC, ESSEC -, wou et scho ganz schwéier ass, iwwerhaapt eranzekommen, elo an all deene Schoulen eng extra Sektioun opgemaach gi fir Économie sociale et solidaire, déi driwwer nodenken: Wéi kënne mer, grad vläicht aus der Erfahrung eraus, datt an deem Profittstriewen net alles esou perfekt ass, besonnesch no där Kris, aus där mer nach ëmmer net richteg eraus sinn, vläicht aner Weeër fannen, fir d'Wirtschaft méi stabel, méi resilient ze organiséieren?

En anert Beispill ass Spuenien. Déi Entreprisen, déi no der Économie sociale et solidaire a Spuenien organiséiert sinn, an deem Land, wat jo besonnesch haart vun der Kris betraff ginn ass, sinn et déi Entreprisen, déi am mannsten Aarbechtsplaze verluer hunn, déi also am beschte resistéiert hunn an där Kris. An ech mengen, duerfir erweist sech dat heiten als dee richtege Wee.

Mä fir datt dat funktionéiert, musse mer e klore Kader schafen a musse mer natierlech och derfir suergen, datt dee ganze Secteur op engem gudden, professionellen Niveau leeft. Mir brauche gutt Leit, mir brauche capabel Leit, mir brauche gutt ausgebilte Leit, déi an der Économie sociale et solidaire schaffen. Dat ass natierlech wichteg.

An dat heescht net, datt d'Économie sociale et solidaire eleng op Aide-publicke funktionéiert. Natierlech gëtt et sozial Missiounen an der Gesellschaft, déi iwwert déi heite Form vu Gesellschaft kënnen exekutéiert ginn, déi ouni Aides publiques net méiglech sinn! Wann ech eng Persoun embauchéieren, engagéieren, déi vläicht Schwieregkeeten huet, déi wäit ewech ass vum Aarbechtsmaart, da kann ech net verlaangen, datt déi déi nämlecht Produktivitéit huet wéi deen, deen extrem aktiv an extrem produktiv ass. Also kommen ech net derlaanscht, wann ech wëll deem Mënsch eng Chance ginn an der Gesellschaft - nediert, Här Kaes! -, muss ech also déi Méiglechkeet hunn, do eppes dropzeleeën. Dat ass net automatesch!

An ech hunn och net gesot, jiddwereen, dee muer an enger SIS wäert schaffen, dat ass een, deen e Salaire subventionné huet. Mä mir mussen natierlech och punktuell derfir suergen, datt déi Leit, déi net um sougenannten éischten Aarbechtsmaart eng Chance hunn, déi um zweete vläicht eng Chance kënne kréien, datt déi net einfach aus onser Gesellschaft exclu sinn. Mir kreéieren also net op d'Käschte vun deem éischten Aarbechtsmaart Plazen, mir versichen, Leit, déi um éischten Aarbechtsmaart keng Chance hunn, och eng Chance an der Gesellschaft ze ginn.

An duerfir gëtt et och eng ganz Rei Aktivitéiten, déi géife guer net gemaach ginn, wann net déi do Forme vu Gesellschaft géife bestoen. An duerfir sinn dat awer och sozial oder ekologesch oder aner Forme vun Aktivitéiten, déi extrem wichteg sinn.

Mir wëllen net eng Form vun Ekonomie géint eng aner ausspillen. Dat soen ech hei ganz kloer. Et geet hei net drëm, op d'Käschte vun dem Handwierk oder op d'Käschte vun aneren Aktivitéiten hei eng parallell Ekonomie opzebauen. Et erweist sech absolutt, datt déi Ekonomie ergänzend ass. Si ass complémentaire, si kann och nei Forme vun Zesummenaarbechten entwéckelen tëschent der sougenannter kommerzieller Ekonomie an der Économie sociale. A grad do läit vill Potenzial, souwuel fir déi eng wéi fir déi aner.

Mä sot mer emol, wéi géife mer dann déi Leit mat Handicap, vill Leit beschäftegen, wa mer net Ateliers protégés, déi ech elo wëll Ateliers d'inclusion nennen, wa mer déi net hätten, wa mer net géifen do Aktivitéite maachen, wou déi Leit och kënnen eng gewësse Produktivitéit développéieren? Wéi géife mer déi Leit beschäftegen? Mir géife se net beschäftegen! Mir géifen déi Leit an engem Getto loossen. Mir géife se fale loossen, d'Gesellschaft géif einfach definitiv e Strëch ënner si maachen. An dat ass net akzeptabel!

A wann ech also kucken, wat zum Beispill d'Chambre des Métiers seet. D'Chambre des Métiers huet gesot: „Mir si bereet, absolutt mat der Économie sociale eng Plate-forme bilatérale d'échange ze kreéieren, wou mer kucken, wéi déi zwou Saache gutt laanschtenee kommen an net déi Horrorzeenarien do antrieden."

D'Chambre de Commerce, hei ass de Bréif, schreift explizitt: „Mir wëllen de Soutien à l'entrepreneuriat och der Économie sociale zoukomme loossen." Dat heescht, deen, dee seet, e wéilt eng Société grënnen no dem Modell vun enger SIS, dee kann och bei d'Chambre de Commerce goen an am House of Entrepreneurship do dee Soutien kréien, fir déi Entreprise ze maachen. An duerfir mengen ech, datt mer hei e Stouss ginn an d'Dynamik, an d'ekonomesch Dynamik hei zu Lëtzebuerg, an duerfir och positiv Resultater wäerten hunn.

Elo déi puer Froen, déi mer gestallt gi sinn. Déi éischt ass déi, firwat mer net décidéiert hunn, datt ee kéint automatesch eng Form vun Asbl transforméieren an eng SIS. Ech mengen, aus all méiglechen Transparenzgrënn ass et besser. Eischtens, déi Asbl, déi gëtt hir Avoiren, wa se der dann huet, Aktiva, an eng SIS an et gëtt eng nei Form vu SIS kreéiert. Ganz oft bleift d'ailleurs déi Asbl bestoen. Et gëtt eigentlech och oft kee Grond, firwat een déi Asbl opléist, well déi Asbl ka ganz gutt eng aner Fonctioun nach ëmmer bäibehalen, déi da méi am associative Beräich besteet.

Nun, d'Impositioun, d'Befreiung vun de Steieren. Et ass och e bësse komesch. Dir kritiséiert, datt, wann ee Parts privées oder Parts de rendement, wéi et am Gesetz heescht, huet an enger SIS, da misst ee Steiere bezuelen. Jo, dann ass ee jo mat engem Fouss och an enger Logik,...

(Interruption)

...wou engem, jo, wou déi Parts de rendement, wou een also och muss iergendwéi déi Parts de rendement rétribuéieren. Dann ass een an engem anere Film, dann ass een an enger anerer Logik, wéi wann et 100% just Parts d'impact sinn.

An et ass ebe grad, fir do net Abusen ze provozéieren, datt ech soen: „Bon, elo bauen ech mer eppes, wou zwar 50% Parts d'impact sinn a 50%, dat si Parts privées, Parts de rendement, an da sinn ech ganz einfach vun alle Steieren entbonnen!" Dat wier natierlech en Abus an dat géif op d'Käschte goe vun aneren Entreprisen, déi 100%eg einfach kommerziell Gesellschafte sinn. Duerfir ass dat eng absolutt „safeguard", eng Garantie, datt esou Praxissen net méiglech sinn.

Wat d'Kommissioun ubelaangt, do maache mer e Règlement grand-ducal, do wäerte véier oder fënnef Leit dra sinn. Do wäerte Leit dra sinn, déi einfach fir Expertise an deem do Beräich bekannt sinn, an déi solle jo och en objektiivt Uerteel maachen iwwert déi Kritären.

Just nach ee Wuert iwwert déi Indicateuren. Dat ass net eng bürokratesch Hürd oder e bürokrateschen Emmerdement, mä dat ass ebe grad do, well dat do eng Ekonomie ass, déi anescht funktionéiert, a well ee muss par tous les moyens déi Abusen évitéieren, datt dat ënnert där heiter Form eigentlech eng ganz normal kommerziell Gesellschaft kéint ginn. Duerfir musse mer eben eng gewësse Kloerheet hunn, wat d'Objektiver vun där Gesellschaft sinn.

An dann, d'Kloerheet selwer geet net duer, et muss een och derfir suergen, datt déi Objektiver agehale ginn. An duerfir muss een e gewëssene Contôle hunn. A Réviseur d'entreprises, all Gesellschaft brauch een. Firwat sollten eigentlech déi heite Gesellschaften...

Jo?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, Dir musst esou lues zur Konklusioun kommen.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Et muss een déi heite kennen, fir eben d'Garantie ze ginn, datt eben och hei net Spiller sinn, déi den Objet social vun där heiter Form vu Gesellschaft net respektéieren.

Voilà. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. An ech gesinn dem Här Reding säin Aarm an d'Luucht goen.

M. Roy Reding *(ADR).*- Jo, ech hu souwuel e Fait personnel wéi Parole après ministre.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, dat ass awer net kumulativ.

M. Roy Reding *(ADR).*- Jo. Dann ass et einfach Parole après ministre. Den Här Minister huet mech ganz hefteg ugegraff,...

(Interruptions)

...besonnesch och, andeem e gesot huet, wéi gutt oder wéi schlecht dësen oder dee sech an der Chamber steet. Ech wollt klipp a kloer soen, Här Minister, déi 60 Leit hei an der Chamber vertrieden alle 60 d'ganzt Vollek, egal wéi gutt oder wéi schlecht si oder hir Famill sech stinn. An ech fannen, déi Diskussioune vergëften onnéidegerweis d'Diskussioun, déi mer hei hunn. Mir sollten eis hei sachlech auserneesetzen.

(Interruptions)

Sachlech! Dir sidd a mengen Aen, Här Minister, deen, deen hei populistesch Aussoe mécht,...

(Brouhaha et hilarité)

...wann Der mat Atelier-protégéé kommt a mat Aarbechten, déi soss kee géif maachen, wann een dat do net géif maachen. Ech hunn net dovunner geschwat! Ech hunn dovu geschwat, datt Gesellschaften, déi normal ekonomesch Aktivitéiten hunn - Schnéi raumen, Gaardenaarbechte maachen, Bus fueren, Gott weess wat -, keng Steiere bezuelen, keng Gewerbesteier, keng Verméigenssteier, keng Benefisssteier a wa méiglech och nach subventionéiert ginn. Dovunner hunn ech geschwat, net vun aarmen handicapéierte Leit, déi an Atelier-protégéé schaffen, an net vu sozial engagéierte Leit. A Gott sei Dank hu mer där am Land, déi sech asetze fir dat, woufir se sech asetzen!

(Interruption)

Wat d'Abusen ugeet, ech hunn net dovu geschwat, datt d'Parts de rendement net solle besteiert ginn. Ganz am Contraire! Mä ech hu kritiséiert, datt esou eng Gesellschaft - wann een da mengt, et misst een esou eng maachen, an ech mengen dat net - 100% besteiert gëtt, well se eng eenzeg Part de rendement huet! Dat ass ganz einfach e Feeler, et ass einfach e Feeler doran!

An dann hutt Der geschwat vun de Réviseur-d'entreprisen. Dir sot, an dat beweist, datt Der vun der Ekonomie awer absolutt keng Anung hutt:...

(Brouhaha général)

„All Gesellschaft brauch ee Réviseur d'entreprises." Neen, absolutt net! Keng Gesellschaft

brauch ee Réviseur d'entreprises bis ee gewëssene Seuil, deen extrem héich ass.

(Brouhaha)

90% vun de Gesellschaften oder 95%, Här Fayot, vun de Gesellschaften hei am Land brauche kee Réviseur d'entreprises. An ech géif mer wënschen, datt mer en Aarbechtsminister hätten, deen dat wéisst.

Merci!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien! Voilà!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Bon, mir stëmmen dann elo iwwert d'Gesetz of an da gesi mer, wie wat fir enger Meenung ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6831 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

56 Jo-Stëmmen zum Projet an 3 Nee-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6831 est adopté par 57 voix pour et 3 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf (par M. Claude Wiseler), Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Ech mengen, do hu mer eng Stëmm méi. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et geet ëm eng formell Ännerung vum Code du travail opgrond vun europäeschen Direktiven. An de Rapporteur steet schonn hei. Den Här Frank Arndt huet d'Wuert.

5. 6914 - Projet de loi modifiant les annexes 1 et 3 du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Frank Arndt *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber sollt dat hei de Mëtteg, wéi ech dat hei geschriwwen hunn, du war et effektiv nach fir de Mëtte virgesinn, mä da soen ech elo: D'Chamber ass den Owend gefrot, fir eng Upassung vun den Annexen 1 bis 3 vun der Aarbechtsgesetzgebung ze maachen, an dat, well eng europäesch Direktiv ëmzesetzen ass, an zwar déi vum Europäesche Parlament an Europäesche Rot, déi de 16. Dezember 2008 gestëmmt ginn ass.

Mä ëm wat geet et dann hei?

Ma dës Direktiv behandelt d'Andeelung, also d'Klassifikatioun, den Étiquetage oder d'Kennzeechnung an d'Verpackung vu Substanzen, Mélangen oder besser gesot Mixturen, déi méi besonnesch geféierlech sinn. Dës Direktiv wäert verschidden eeler Direktiven a Reglementer ofännere respektiv ofschafen. Dëst Reglement féiert also en neie System an, fir eng besser Klassifikatioun a Kennzeechnung vu Substanzen a Mélangen ze maachen, woubäi et sech ëm geféierlech Stoffer handelt, an der Europäescher Unioun. An deem Sënn ännert de Projet de loi 6914 näischt un de besteeënde Bestëmmungen of, mä passt dësen neie System un déi besteeënd Bestëmmungen un.

Betraff sinn am Code du travail den Titre III iwwert d'Beschäftegung vun der schwangerer an der stëllender Fra respektiv am Titre IV iwwert den Emploi vun den Aarbechtnehmer. An dësen Titren III a IV sinn d'Referenzen iwwert d'Klassifikatioun an d'Kennzeechnung vu fréier schonn enthalen, dofir ginn dës dann, wéi scho gesot, un deen neie System vum CLP-Reglement adaptéiert.

Och wann dëse Projet de loi keng wierklech Changementer mat sech brëngt, ass et mir an eiser Kommissioun wichteg, nach eemol ze betounen, dass de Schutz vum Salarié, den Aarbechter an de Consommateuren un éischter Plaz muss stoen. Hei weist sech iwwregens och bei der Ëmsetzung vun der Direktiv deen eminent positiven Aspekt an d'Beräicherung vun Europa emol eng Kéier; an aner international Organisatiounen awer och ze nennen.

Ech sinn och iwwerzeegt, dass et eiser Gesellschaft vill brëngt, wann den Aarbechtgeber probéiert, d'Verwendung vun dëse besonnesch geféierleche Substanzen ze verréngeren oder ze vermeiden, andeem se, esou wäit wéi et technesch méiglech ass, duerch Stoffer, Mixturen oder e ganz anert Verfahren ze ersetze sinn. An d'Uwendung vu manner oder wéineger geféierleche Stoffer ass gutt fir d'Gesondheet a suergt fir méi Sécherheet.

Mä wichteg sinn och d'Hygienemoossnamen an déi individuell Schutzmoossnamen, déi eist Aarbechtsgesetz nun emol virgesäit. Mä wat gesäit et da genau vir?

Dass eben déi Moossnamen ze treffe sinn an ze gewärleeschte sinn. Dass Leit, déi an Aarbechtsberäicher schaffen, wou eng Gefor besteet duerch dës Stoffer, och net do iessen, eppes drénken oder fëmmen; dass d'Aarbechtnehmer déi richteg Schutzkleedung oder soss gëeegent Spezialkleedung zur Verfügung gestallt kréien; getrennt Opbewarungsméiglechkeete virgesi si fir d'Aarbechtskleedung engersäits a fir d'Stroossekleeder anerersäits; de Leit gëeegent an ugemoosse Wäschgeleeënheeten zur Verfügung gestallt ginn an och d'Schutzausrüstung an enger dofir virgesinnener Plaz sachgerecht stockéiert gëtt a virun all Gebrauch iwwerpréift gëtt an och gebotzt gëtt.

Firwat soen ech Iech dat?

Ma ech betounen dat, well ech selwer 20 Joer an engem Betrib geschafft hunn, wou déi Stoffer, ëm déi et haut geet, op der Dagesuerdnung stoungen. A wann een do geschafft huet, an déi Aarbechter vun där Zäit - et war an de fréien 80er Joren, et ass net esou laang hier -, déi Aarbechter ware sech net bewosst, mat wat se do geschafft hunn a wéi geféierlech et war, dat, mat deem se geschafft hunn. A wann een dann nach weess, dass mer 75% Grenzgänger derbäi haten, wou jiddwereen eng aner Ausbildung hat, muss ee sech bewosst sinn, dass dat net déi richteg Method deemools war.

Dir Dammen an Dir Hären, da versteet een haut, dass dat net esou selbstverständlech war, wéi et eis haut virun allem hei an der Chamber klëngt. An dofir muss dës Direktiv elo och um Terrain Gehéier fannen an ëmgesat ginn.

D'Reglement CLP huet als iewescht Zil den internationale Klassifikatiouns- an Étiquetagesystem, déi chemesch Substanzen a besonnesch déi geféierlech chemesch Substanze kloer a fir jiddweree verständlech ze zeechnen. A jee nodeem, wéi eng Gefor vun där Substanz oder deem Mélange ausgeet, muss d'Industrie, ier dat Produkt an déi Mixturen op de Maart kommen, déi potenziell Risiken ausmaachen, souwuel fir de Mënsch wéi fir d'Ëmwelt.

Deementspriechend ginn déi Substanzen a Mélangen da klassifizéiert an ënnerleien dann enger klorer Zeechnung, ënner anerem duerch Piktogrammen, déi international festgesat sinn, ëmsou méi wichteg fir Leit, déi och haut net all Sprooch kënnen. An déi kloer Zeechnung soll erlaben, direkt ze gesinn, wéi eng Risiken a Gefore kéinten entstoen, wann ee mat deene Substanzen a Mixture schafft oder se manipuléiert.

Här President, de Projet de loi gouf de 26. November d'lescht Joer vum Aarbechtsminister Nicolas Schmit déposéiert an un d'Aarbechtskommissioun iwwerwisen. De Statsrot huet säin éischten Avis den 8. Mäerz 2016 eis zoukomme gelooss. D'Kommissioun huet de Projet de loi an den Avis vum Statsrot a senge Reuniounen ënnert dem Impuls vum Minister Nicolas Schmit vum 14. September 2016 analyséiert an ugepasst.

Am Avis vum Statsrot waren zwou Oppositionformellen iwwer Textpassagen, déi net konform waren zu der Hiérarchie des normes. Dës Opposition-formelle konnten no Amendementer opgehuewe ginn. Inhaltlech war keng Observatioun ze fannen, weder vum Statsrot nach vun der Chambre de Commerce oder der Chambre des Salariés. Fir weider Detailer kënnt Dir de schréftleche Rapport kontaktéieren.

An därselwechter Sëtzung sinn ech als Rapporteur genannt gi fir dëse Projet de loi. D'Chamberskommissioun huet de Projet de loi de 17. November 2016 eestëmmeg ugeholl.

An an deem Sënn Merci am Numm vu mir a vun der Kommissioun un d'Mataarbechter vun der Chamber, vum Ministère an natierlech u meng Mataarbechterin aus der Fraktioun.

Als LSAP ënnerstëtze mir dës Ëmsetzung vun der Direktiv selbstverständlech. An ech ginn Iech heimat am Numm vu menger Fraktioun d'Zoustëmmung zu dësem Projet. A Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Merci och, Här Rapporteur. An den Här Kaes huet d'Wuert.

(Interruption)

Jo, Dir bleift sëtzen. Da fuert duer!

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV).*- Neen, ech stinn op!

(Hilarité)

Här President, wéi all Deputéierte stinn ech op. An da wéilt ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir fir d'Éischt dem Här Rapporteur villmools Merci ze soen. Hie war esou detailléiert, en huet et jo selwer gesot, soss hätt ech et misse soen, en huet laangjäreg Erfahrung an engem Betrib, wou wierklech ganz vill och mat ganz geféierleche Produkter geschafft ginn ass. Ech kennen dat, well mer Attachen allen zwee an deem Betrib hunn. An duerfir ass et ganz kloer, datt kee Bessere konnt dee Rapport hei maache wéi den Här Arndt. An duerfir géif ech em nach eng Kéier Merci soen an natierlech och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun ginn.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Wie freet d'Wuert nach? Den Här Lamberty huet d'Wuert.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Also ech fannen, den Här Arndt, deen huet dat esou gutt gemaach, dass ech natierlech och am Numm vun der Demokratescher Partei him e ganz grousse Merci soe fir déi Aarbecht, déi en den Owend nach hei ofgeliwwert huet, a ginn den Accord vun eiser Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Anzia huet d'Wuert.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Jo, Merci, Här President. Also den Accord vun der grénger Fraktioun an e Merci un de Rapporteur. Voilà.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Baum huet d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Jo, mir ginn eisersäits och den Accord vun der Lénker. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech ginn dovun aus, dass all déi aner Kolleegen datselwecht mengen an dass den...

Prise de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'*Économie sociale et solidaire.- Merci dem Rapporteur!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- A Merci Iech all.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6914 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott fänkt un. Dat ass dann dee leschte Vott fir „hokt".

(Hilarité)

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. Huet jiddwereen ofgestëmmt? Oder ass nach ee vun de Kolleegen do, deen nach „nik" ofgestëmmt huet?

(Interruptions)

Dann ass de Vott elo ofgeschloss.

56-mol Jo. Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Claude Wiseler), Félix Eischen (par Mme Martine Mergen), Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Mme Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Marc Angel), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun der Sëtzung vun haut ukomm. Muer ass Rendez-vous um zwou Auer. Kommt gutt heem! Merci an e schéinen Owend.

(Fin de la séance publique à 19.28 heures)

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

SÉANCE 9

JEUDI,
24 NOVEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar

- *M. Laurent Mosar*

3. 6892 - Projet de loi portant

1. modification du Code du travail

2. modification de l'article 2 de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques

- *Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports: M. Marc Angel*
- *Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval (dépôt de deux amendements) (interventions de Mme Viviane Loschetter et M. Gast Gibéryen)*

4. Allocution de M. le Président à l'occasion de la visite de la délégation sénatoriale du Royaume du Cambodge sous la conduite de Mme Ty Borasy, Présidente de la Commission des Affaires étrangères du Sénat

5. 6892 - Projet de loi portant

1. modification du Code du travail

2. modification de l'article 2 de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques (suite)

- *Discussion générale (suite): Mme Taina Bofferding, M. Gusty Graas (interventions de Mme Nancy Arendt et M. Gast Gibéryen), Mme Josée Lorsché, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum (intervention de M. Gast Gibéryen)*
- *Prises de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de l'Égalité des chances, M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *M. Gast Gibéryen (parole après ministre), M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. Alex Bodry*
- *Vote séparé sur l'article 1 du projet de loi*
- *Votes sur les amendements 1 et 2 (rejetés)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. Interpellation de M. Claude Adam sur le défi de la situation plurilingue dans le système éducatif au Luxembourg

- *Exposé: M. Claude Adam*
- *Débat: Mme Martine Hansen (intervention de M. Gilles Baum), M. Gilles Baum (intervention de M. Lex Delles), M. Claude Haagen, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner (intervention de M. le Ministre Claude Meisch)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (interventions de Mme Martine Hansen)*

7. 7011 - Projet de loi modifiant la loi du 13 juin 2013 portant création d'un lycée à Clervaux

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Edy Mertens*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen, M. André Bauler, M. Claude Haagen, M. Claude Adam, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Nicolas Schmit, Mme Lydia Mutsch et M. Claude Meisch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gudde Mëtteg! Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen direkt d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

(Négation)

Merci. Dat ass net de Fall.

Dann hunn ech eng Wuertmeldung vum Här Laurent Mosar fir den Dépôt vun enger Resolutioun. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

2. Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, ech froen effektiv d'Wuert, fir hei eng Resolutioun ze déposéieren iwwert de Gel vun de Bäitrëttsverhandlunge mat der Türkei. De Moien huet d'Europaparlament mat enger riseg grousser Majoritéit, wou all déi grouss Fraktioune mat ënnerschriwwen hunn, de Gel vun deenen EU-Bäitrëttsverhandlunge gefrot.

An därselwechter Resolutioun gëtt vum Europaparlament d'Solidaritéit vun deenen aneren nationale Parlamenter och ugefrot. A fir direkt dem Europaparlament Satisfaktioun ze ginn, déposéieren ech also elo déi Resolutioun. Dat ass genau deeselwechten Text wéi deen, deen am Europaparlament - wéi gesot vu ganz ville Kolleegen - ugeholl ginn ass.

Ech géif awer proposéieren, Här President, mir géifen déi, wann d'Kolleegen d'accord sinn, an déi zoustänneg Kommissioun renvoyéieren a mir géifen dann a 14 Deeg, an der iwwernächster Woch, eng Kéier driwwer diskutéieren an ofstëmmen.

Merci.

Résolution

La Chambre des Députés,

- vu sa résolution sur la Turquie du 16 novembre 2016;

- vu les récentes déclarations des autorités turques à l'égard de l'Union européenne et de ses autorités;

- vu la résolution sur la Turquie du Parlement européen du 24 novembre 2016 à laquelle la Chambre des Députés se rallie par la présente;

- vu les résolutions précédentes du Parlement européen, et notamment celle du 27 octobre 2016 sur la situation des journalistes en Turquie et celle du 14 avril 2016 sur le rapport 2015 sur la Turquie;

- vu le rapport annuel de 2016 sur la Turquie, publié par la Commission le 9 novembre 2016 (SWD(2016)0366);

- vu le cadre de négociation de l'Union européenne avec la Turquie du 3 octobre 2005;

- vu les conclusions du Conseil du 18 juillet 2016 sur la Turquie;

- vu le règlement (UE) n°231/2014 du Parlement européen et du Conseil du 11 mars 2014 instituant un instrument d'aide de préadhésion (IAP II);

- vu le droit à la liberté d'expression consacré dans la convention européenne des droits de l'homme (CEDH) et le pacte international relatif aux droits civils et politiques (PIDCP), auxquels la Turquie est partie;

- vu les mémorandums du commissaire aux droits de l'homme du Conseil de l'Europe;

- vu la déclaration du 26 juillet 2016 du commissaire aux droits de l'homme du Conseil de l'Europe sur les mesures prises dans le cadre de l'état d'urgence en Turquie;

- considérant que l'Union européenne et le Parlement européen ont fermement condamné le coup d'État militaire manqué en Turquie et reconnu la compétence légitime des autorités turques pour traduire en justice les responsables et les complices de la tentative de coup d'État;

- considérant que la Turquie est un partenaire important et devrait, en tant que pays candidat, respecter les normes les plus élevées de la démocratie, y compris les droits de l'homme, l'État de droit, les libertés fondamentales et le droit à un procès équitable; que la Turquie est membre du Conseil de l'Europe depuis 1950 et qu'elle est dès lors liée par la CEDH;

- considérant que les mesures répressives prises par le Gouvernement turc dans le cadre de l'état d'urgence sont disproportionnées, attentent aux droits et libertés fondamentaux consacrés dans la Constitution turque, portent atteinte aux valeurs démocratiques fondamentales de l'Union européenne et enfreignent le PIDCP; que, depuis la tentative de coup d'État, les autorités ont arrêté dix membres de la Grande assemblée nationale de Turquie appartenant au parti d'opposition HDP et quelque 150 journalistes (soit le plus grand nombre d'arrestations de ce type dans le monde); que 2.386 magistrats et 40.000 autres personnes ont été emprisonnés et que plus de 31.000 d'entre elles demeurent sous le coup d'un mandat d'arrêt; que, d'après le rapport de 2016 de la Commission sur la Turquie, 129.000 fonctionnaires ont été suspendus (66.000) ou licenciés (63.000), pour la plupart sans aucun chef d'accusation à ce jour;

- considérant que le Président Erdoğan et des membres du Gouvernement turc ont fait plusieurs déclarations sur le rétablissement de la peine de mort; que le Conseil, dans ses conclusions du 18 juillet 2016 sur la Turquie, a rappelé que le rejet sans équivoque de la peine de mort constitue un élément essentiel de l'acquis de l'Union;

- considérant que le point 5 du cadre de négociation dispose qu'en cas de violation grave et persistante, en Turquie, des principes de liberté, de démocratie, de respect des droits de l'homme et des libertés fondamentales ainsi que l'État de droit sur lesquels l'Union est fondée, la Commission, agissant de sa propre initiative ou à la demande d'un tiers des États membres, recommandera la suspension des négociations et proposera les conditions à remplir pour qu'elles soient reprises;

- considérant qu'une interruption temporaire des négociations entraînerait le gel des discussions en cours, rendrait impossible l'ouverture de nouveaux chapitres et empêcherait toute nouvelle initiative relative au cadre de négociation de l'Union avec la Turquie,

1. condamne fermement les mesures répressives disproportionnées appliquées en Turquie depuis la tentative manquée de coup d'État militaire en juillet 2016; réaffirme son engagement en faveur du maintien de l'ancrage de la Turquie à l'Union européenne; se rallie à la résolution du Parlement européen qui invite la Commission et les États membres à entamer un gel temporaire des négociations d'adhésion en cours avec la Turquie;

2. s'engage à revoir sa position une fois que les mesures disproportionnées prises dans le cadre de l'état d'urgence en Turquie auront été levées; examinera, à cet effet, si l'État de droit et les droits de l'homme ont été rétablis dans l'ensemble du pays; estime qu'il serait opportun de procéder à cette révision lorsque l'état d'urgence sera levé;

3. rappelle que le rétablissement de la peine capitale par le Gouvernement turc devrait entraîner une suspension officielle du processus d'adhésion;

4. relève qu'à ce jour, la Turquie ne remplit pas 7 des 72 critères fixés dans la feuille de route sur la libéralisation du régime des visas, dont certains revêtent une importance particulière;

5. relève que la Turquie attache de l'importance à la modernisation de l'union douanière; souligne que la suspension des travaux sur la modernisation de l'union douanière aurait de graves conséquences économiques pour le pays; se déclare vivement préoccupée par les déclarations remettant en cause le traité de Lausanne, qui fixe les frontières de la Turquie moderne et qui a contribué à préserver la paix et la stabilité dans la région pendant près d'un siècle;

6. se rallie à l'invitation du Parlement européen demandant à la Commission de prendre en compte, dans son rapport d'évaluation à mi-parcours de l'IAP, dont la publication est prévue en 2017, les derniers événements survenus en Turquie; se fait sienne également l'invitation du Parlement européen demandant à la Commission d'examiner la possibilité d'accroître le soutien à la société civile turque grâce à l'instrument européen pour la démocratie et les droits de l'homme;

7. se rallie à l'encouragement du Parlement européen à la Commission européenne, au Conseil de l'Europe et à la Commission de Venise à offrir une assistance judiciaire supplémentaire aux autorités turques;

8. souligne l'importance stratégique des relations entre la Turquie et l'Union européenne pour les deux parties; reconnaît que, même si la Turquie est un partenaire important de l'Union, la volonté politique de coopérer doit venir des deux parties au partenariat; estime que la Turquie ne fait pas montre de cette volonté politique, et que les mesures gouvernementales ne font qu'éloigner la Turquie de la voie européenne.

(s.) Laurent Mosar.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech mengen, dass dat e ganz vernünftege Virschlag ass. An da maache mer dat esou. Merci.

Da géife mer zum éischte Punkt vun eisem normalen Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6892, eng Ofännerung vum Code du travail a vum Parteiefinanzéierungsgesetz a fir d'Schafung vun enger sougenannter Geschlechterquot. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vum Projet, den honorabelen Här Marc Angel.

3. 6892 - Projet de loi portant

1. modification du Code du travail

2. modification de l'article 2 de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Madamm Ministesch, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir befaassen ons haut hei mat deem wichtegste Gesetz, dat vun der Madamm Lydia Mutsch an hirer Fonctioun als Chancëgläichheetsministesch an dëser Legislaturperiod virgeluecht ginn ass. Dëst Gesetz soll d'Gläichstellung vun de Geschlechter op verschiddenen Niveaue garantéieren. Dëse Projet huet zwee Haaptsujeten: éischtens d'Aféierung vun enger Quot vu 40% op de Wahllëschte fir d'Chamberswahlen, 50% fir d'Europawahlen, an zweetens d'Festschreiwe vun der Égalité des salaires am Code du travail.

Ech wäert a menger Ried nach op den Detail vun dësen zwee Voleten ze schwätze kommen. Mä fir d'Éischt wëll ech e puer Wuert soen, wéi

mer an der Kommissioun geschafft hunn, an der Commission de l'Égalité des chances an och an der Commission du Travail. An ech wëll der Presidentin Cécile Hemmen villmools Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi mer konnten an der Kommissioun maachen.

De Fait, dass mer an dësem Gesetzesprojet zwee Volete behandelen, huet natierlech zu Kontroverse gefouert, op déi ech kuerz wëll agoen. De Projet de loi gouf vun der Madamm Ministesch Lydia Mutsch am Oktober 2015 déposéiert, nodeems - an dat fannen ech ganz positiv - mer am Virfeld an der Chancëgläichheetskommissioun den Avant-projet de loi scho presentéiert kritt haten an och mat der Ministesch konnten diskutéieren.

D'CSV ass net domat averstane gewiescht, dass dëse Projet de loi déi zwee Voleten, d'Quoten an d'Égalité des salaires, behandelt an huet am Januar 2016 och formell gefrot, dass de Projet soll an zwee separat Gesetzesprojeten opgespléckt ginn.

Allerdéngs ass d'Majoritéit der Meenung, dass dës zwee Voleten zesummegehéieren, well se alle béid zur Gläichberechtegung vun de Geschlechter bäidroen. An dofir solle se och zesummebleiwen. An dofir ass et och gutt, dass mer se zesumme behandelt hunn.

Allerdéngs gouf de Projet pour avis un d'Commission du Travail geschéckt, déi zum Volet vun der Égalité des salaires hiren Avis den 22. Juni dëst Joer ugeholl an un d'Chancëgläichheetskommissioun geschéckt huet.

Den 28. Abrëll hu mer dunn an der Chancëgläichheetskommissioun den éischten Avis vum Statsrot analyséiert an ons virun allem mam Deel Quote beschäftegt. Wéi mer dunn den Avis vun eise Kolleegen aus der Commission du Travail bis haten, hu mer dësen den 28. Juni diskutéiert an déi Propositiounen, déi ons Kolleeginnen a Kolleegen hei gemaach hunn, sinn och unanime als Amendementer ugeholl ginn.

Ech wëll och dofir op dëser Plaz dem President vun der Commission du Travail, dem Goerges Engel, an alle Kolleeginnen a Kolleegen aus där Commission du Travail nach eemol Merci soe fir hir gutt Zesummenaarbecht op dësem Projet, déi et ons erlaabt huet, vun hirer Expertise ze profitéieren.

An där nämlechter Sëtzung hu mer awer och d'Amendementer, déi du vun der CSV zu de Quote proposéiert goufen, ofgeleent. Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Spriecherin vun der CSV herno nach am Detail op hir Virstellunge wëllt agoen, soudass ech dat hei net wëll maachen.

D'Ministesch huet awer ganz kloer op d'Propose vun der CSV geäntwert an huet an der Sitzung vum 28. Juni 2016 gesot, dass d'Regierung ganz bewosst an hirem Programme gouvernemental festgeschriwwen huet, dass se an dësem Kontext net d'Wahlgesetz ännere wëllt, mä d'Parteiefinanzéierungsgesetz. Si huet och ganz kloer gesot, dass et sech hei ëm e Choix politique handelt. An et ass laut Ministesch och besser, dass een e Gesetz respektéiert, dass e Gesetz muss respektéiert ginn, an deem Sanktioune sinn, an dass ee sech da muss drun halen. Et wär e schlecht Signal, enger Partei eng Belounung ze ginn, wa se sech un d'Gesetz hält. Dofir ass d'Regierung och net a Richtung Bonussystem gaangen, wéi dat vun der CSV virgeschloe gouf.

Nodeems de Statsrot dunn am Oktober säin Avis complémentaire erausginn huet, hate mer nach zwou Sëtzungen: den 8., wou mer deen Avis analyséiert hunn, an de 17. November, wou mer du schlussendlech mäi schréftleche Rapport ugeholl hunn.

Här President, Madamm Ministesch, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt elo op deen eigentlechen Inhalt vun dësem Gesetz ze schwätze kommen. Dëst Gesetz ass e wichtege Meilesteen um Wee hin zu méi Gläichberechtegung. Et ass awer selbstverständlech net isoléiert ze betruechten, mä et reit sech an an eng ganz Serie vun Aktiounen, déi mer am Beräich vun der Chancëgläichheet ënnerhuelen, fir d'Gläichberechtegung an der Politik an am Beruffsliewen ze förderen. All dës Aktioune fannt Dir an der Ministesch hirem Plan d'action pour l'égalité des femmes et des hommes zesummegefaasst, deen tëschent 2015 an 2018 ëmgesat soll ginn.

Mat dësem Gesetz wëlle mer niewent de Quoten op de Wahllëschten an der Égalité des chances (veuillez lire: Égalité des salaires) awer och nach eng Rei aner Dispositiounen aus deem genannten Aktiounsplang ëmsetzen.

Esou gëtt d'Ufroe vun engem Subsid fir Firmen, déi gezillt Leit vum an hirem Domän ënnerrepresentéierte Geschlecht astellen, vereinfacht. Allerdéngs gi gläichzäiteg och d'Kritären, fir vun dësem Subsid kënnen ze profitéieren, méi streng. Sou kënne mer gläichzäiteg eng Simplification administrative duerchféieren an awer och Abusen op där anerer Säit besser verhënneren.

A selbstverständlech gëtt vun dëse Firmen och verlaangt, dass si sech un de Prinzip vun der Égalité des salaires halen, wa si dëse Subsid wëlle kréien.

D'Simplification administrative, déi mer hei ëmsetzen, gëtt am Iwwrege souwuel vun der Chambre de Commerce wéi och vum Comité du travail féminin begréisst. Dëst ass sécherlech dee klengsten an am mannsten Opmierksamkeet erreegenden Deel vum Projet, mä e wäert awer an der Realitéit um Terrain an de Betriber zu konkrete positive Veränneerungen an och Verbesserunge féieren.

Ee vun den zwee Haaptvolete vum Gesetz betrëfft dann awer d'Égalité des salaires. Statistesch gesi läit den Ënnerscheed tëschent dem Akommes vu Fraen an deem vun de Männer zu Lëtzebuerg haut bei 8%. Dësen Écart huet eng Rei vu Grënn, déi oft ganz enk matenee verknëppt sinn. Sou schaffe vill Fraen och haut nach ëmmer a Beruffer, déi manner gutt bezuelt gi wéi traditionell Männerberuffer.

Dëst ass ënner anerem de Fall, well mer ëmmer nach dozou tendéieren,…

(Coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- …well mer nach ëmmer dozou tendéieren, hir Kompetenzen als manner wichteg unzegesinn an dofir och manner gutt ze rémunéréieren.

Da sinn et och haut nach ëmmer majoritär d'Fraen, déi, wa se Kanner kréien, de Congé parental huelen an duerno nëmmen nach Deelzäit oder guer net méi schaffen. Schliisslech steigen d'Fraen och méi seele bis an déi ganz héich Ämter vun de Beruffscarrièren erop.

Schlussendlech gëtt et awer nach ëmmer Fäll, wou Frae fir genau déiselwecht Aarbecht, déi hire männleche Kolleeg leescht, ganz einfach manner gutt bezuelt ginn. Et ass ganz kloer, dass mir alleguerten déi Facteuren do mussen ugoen, wa mer den Écart weider verréngere wëllen. A mir hunn an där Hisiicht jo och scho villes gemaach.

Mat dësem Gesetz geet et drëms, dee Cas de figure ganz geziilt ze attackéieren, wou eng Fra fir déi nämlecht Aarbecht op där nämlechter Plaz manner Sue verdéngt.

Ech wëll drun erënneren, dass dës Propos net nei ass, well si berout op enger Proposition de loi vun 2013 vum LSAP-Deputéierte Lucien Lux. Hien hat se deemools déposéiert an d'Kolleegin Cécile Hemmen hat se 2014 iwwerholl.

De Prinzip vun der Égalité des salaires ass och net nei, weder am europäeschen nach am lëtzebuergesche Recht. Säit 2006…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift, lauschtert dem Rapporteur no!

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Säit 2006 hu mer dëst an der Constitutioun verankert. An ech zitéieren: «Les femmes et les hommes sont égaux en droits et en devoirs.»

Am Moment ass d'Égalité des salaires per Règlement grand-ducal geregelt. Et geet also elo drëm, esou wéi dat och am Regierungsprogramm vun onser Regierung festgehale gouf, d'Égalité des salaires an d'Gesetz anzeschreiwen an och Sanktioune méi konkret festzeleeën.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Häerzstéck vun dësem Gesetz an den eigentlechen Novum, dee mer domadder an ons Lëtzebuerger Politik aféieren, betrëfft awer de Volet vun de Quoten. Et ass dëst e wichtege Schratt no vir, fir eng Gläichstellung vu Mann a Fra och an der politescher Representatioun ze erreechen. Dëst Gesetz gesäit vir, dass eng Geschlechterquot vu 40% fir Nationalwahle festgeluecht gëtt. Bei den Europawahlen, wou Lëtzebuerg sechs Memberen, sechs Leit wielt, ass d'Quot 50%, also dräi Männer an dräi Fraen op de Lëschten. Virgesinn ass, dass d'Parteie finanziell gestrooft ginn, wa si dës Quot net anhalen.

Dëst ass iwwregens eng progressiv Strof. Dat heescht, dass, wat ee sech méi wäit vun deene 40% respektiv 50% entfernt, wat d'Strof méi héich ausfält. Dës Quoteregelung wäert scho fir déi nächst Wahle gëllen. Allerdéngs wäerten hei d'finanziell Strofen, sollt eng Partei de Quorum net erreechen, nach manner héich ausfalen. Esou sollten all politesch Parteie genuch Zäit hunn, fir sech ëmzestellen.

Mir setzen domat also e wichtege Punkt aus dem Regierungsaccord eent zu eent ëm, fir d'Paritéit an der Lëtzebuerger Politik ze verbesseren. An dëst ass och batter néideg: Wa mer eis haut hei zu Lëtzebuerg an der Politik ëmkucken, wa mer ons heibannen an der Chamber ëmkucken, da musse mer feststellen, dass mer nach wäit vun der politescher Paritéit ewech sinn. Nëmmen 28% vun onsen Deputéierten heibanne si Fraen. An och an der Regierung hu mer nach ëmmer méi Ministere wéi Ministeschen.

Fir dës Situatioun ze änneren, sinn, mengen ech, d'Quoten e wichtegt Hëllefsmëttel. D'Erfahrung aus eisen europäesche Partnerlänner, besonnesch deene skandinavesche Länner, déi Quoten an der Vergaangenheet agefouert hunn a se haut iwwerhaapt net méi brauchen, beweisen, dass dës effektiv zu engem Wandel féieren. Et waren och dës Länner, déi déi gréisste Fortschrëtter hin zu enger gläichberechtegter Representatioun an der Politik gemaach hunn.

D'Realitéit beweist och, dass d'Quoten en effikasst Mëttel sinn, fir méi Fraen an der Politik ze etabléieren. Quote sinn näämlech eng Méiglechkeet, fir d'Mentalitéit an de Käpp vun de Leit, an do schléissen ech och d'Politiker mat an, ze veränneren.

Wann déi besteeënd Kaderen an der Politik aktiv dozou „gezwonge ginn", kann ech bal soen, Kandidatinnen ze fannen, da ginn dës och éischter opgebaut an op hirem Wee ënnerstëtzt, en Effort, dee soss vläicht net vun alle Parteien ënnerholl gëtt. Wa Frae bis zu genuch an der Politik sinn, da spille Quoten och net méi wierklech eng Roll, well dann déi Fraen, déi do sinn, als Virbiller déngen an d'Interessen och vu jonke Frae kënne förderen.

Fraen an der Politik si jo kee Selbstzweck, mä och hei weist d'Realitéit, firwat dass et wichteg ass, d'Paritéit unzestriewen. Gewielte Fraen a Ministesche setze sech meeschtens méi staark derfir an, eng fraefrëndlech Politik duerchzesetzen. Dës Politik erméiglecht et dann am Géigenzuch och nach méi engem groussen Undeel u Fraen, sech aktiv un der Politik ze bedeelegen. D'Quote limitéieren och net de Choix vum Wieler. Am Contraire! Dëse kritt doduerch e méi équilibréierte Choix u Kandidate presentéiert.

An enger TNS ILReS-Ëmfro, déi mer an der Kommissioun beschwat hunn, sote 47% vun de befrote Fraen, fir si perséinlech kéim kee politescht Engagement a Fro. Wa mer dat elo ëmdréien, ëmgedréit heescht dat, dass sech 53% vun de Fraen esou en Engagement awer duerchaus virstelle kënnen. An awer bleiwe si haut op eise Wielerlëschten an op de politesche Posten ënnerrepresentéiert.

Mir gesinn dowéinst d'Quote schlussendlech och net als diskriminatoresch, well si just hëllefen, eng bis haut bestoend strukturell Diskriminatioun ofzebauen. Et gëtt evidenterweis genausou vill intelligent, kompetent a motivéiert Fraen, fir an d'Politik ze goen, ewéi Männer. Et brauch also keen ze fäerten, dass duerch dëst Gesetz e kompetente Mann duerch eng inkompetent Fra ersat gëtt, well et gëtt näämlech vill a genuch kompetent Fraen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord fir d'LSAP-Fraktioun zu dësem Gesetz. Merci villmools.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Da wäerte mer zweemol den Accord kréien.

(Hilarité et interruption)

Merci. Mä zweemol ass besser wéi keng Kéier. D'Wuert huet elo direkt d'Madamm Sylvie Andrich-Duval fir d'CSV. Här Rapporteur, sëtzt Iech elo wann ech gelift! Ech hunn opgepasst, dass net derzwëschegeschwat gëtt, da sidd Dir och fein!

Discussion générale

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- Merci, Här President. D'Gläichheet zwësche Mann a Fra op der Aarbecht, gläiche Loun fir gläich oder gläichwäerteg Aarbecht missten eigentlech eng Selbstverständlechkeet sinn, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Mä och wann dee sougenannten „pay gap", also d'Differenz op der Moyenne vum Bruttostonneloun tëschent Männer a Fraen, mat de Jore konstant erofgaangen ass, verdéngen d'Fraen hei zu Lëtzebuerg, laut Eurostat, nach ëmmer 8,6% manner wéi d'Männer. 2002 louche mer nach bei 19% Differenz. Par rapport zu der europäescher Moyenne vu 16,3% sti mer do op der fënneftbeschter Plaz eigentlech net esou schlecht do.

De leschte Mount huet de Statec säin neie Rapport zur Gehälterstruktur presentéiert. An doraus erschléisst sech, dass net nëmmen de Schoulofschloss an d'Ausbildung den Ausschlag gi fir d'Héicht vun der Pai, mä och d'Geschlecht. Fir d'Zweet ass och d'Fonction publique do mat dran. Doduerch kommen d'Fraen 2014 bei enger voller Tâche an der Moyenne vum Joresgehalt gekuckt „nëmmen" op 6,1% manner wéi d'Männer. Am Joer 2014 hunn d'Männer am Privatsecteur awer 10% méi verdéngt wéi d'Fraen. Besonnesch krass ass de Gehaltsënnerscheed bei Fraen aus Drëttlänner.

Bei der Fonction publique, also den Administratiounen an dem Enseignement, ass d'Lounglächheet schonn am Statut verankert. Si steet positiv do a kippt et liicht an de Géigendeel, well d'Fraen hunn am Duerchschnëtt 2% méi verdéngt wéi hir männlech Kolleegen. Si besetzen awer, muss ee soen, verstäerkt méi héich diploméiert Posten, besonnesch am Enseignement. Do stellen och d'Fraen 48% vun den Ugestallte géintiwwer vun 38% am Privatsecteur.

Fir d'CSV sinn déi bleiwend Ongläichheeten inakzeptabel. Dës Ongläichheete bestinn awer,

- obschonn laut Statec d'Beruffstätegkeet vun de Frae stänneg eropgeet an 2014 bei 65% louch, géintiwwer vun 78% bei de Männer,

- obscho 55% vun de Fraen tëschent 30 a 34 Joer en Héichschoulofschloss virweisen, géint 50% bei de Männer,

- obschonn et zënter 1974 reglementaresch Moossnamen zu Lëtzebuerg gëtt iwwert d'Gläichheet vun der Pai vu Mann a Fra an d'Gläichbehandlung op der Aarbecht,

- obschonn d'Aarbechtsrecht zum Beispill zënter 2004 virgesäit, dass an all Kollektivvertrag de Prinzip vun der gläicher Behandlung vu Fra a Mann muss drastoen, dëst allerdéngs ouni Obligation de résultat, dat heescht, kee Patron ass gezwongen, fir a sengem Betrib konkret Aktioune mussen ze maachen,

- obschonn och d'Sozialpartner zum Beispill zënter 2009 en Accord ofgeschloss hunn iwwert d'Gläichheet tëschent Mann a Fra mat enger Rei vu konkreten Objektiver.

Mä et muss ee soen, mir verdanken et gréisstendeels den Initiative vun der Europäescher an internationaler Gemeinschaft, dass op deem Gebitt Fortschrëtter koumen. D'Lounndiskriminéierung ass awer en fait méi grouss, well wa mer d'Differenz um Gesamtverdéngscht kucken, dat heescht manner Stonneloun, méi Deelzäitaarbecht, méi Ënnerbriechungen an der Beruffscarrière, kënnt Lëtzebuerg laut Eurostat op en „gap" vun 38,4% bei enger EU-Moyenne vun 41%.

Firwat hunn d'Fraen eng aner Positioun an där Aarbechtswelt wéi d'Männer? D'Meedercher wiele weiderhin, zënter Joren, déiselwecht berufflech Weeër. Et besteet eng Ofsënnerung a bestëmmte Beruffssecteuren. Wéi eng sinn dat? D'Restauratioun, de Botzsecteur, de Gesondheets- a Fleegeberäich, de Büroberäich an den Handel, ënner anerem an der Vente oder bei der Keess. Och am Enseignement an an der Magistratur sti mat iwwer 60% an der Fonction publique Fraen op de Posten.

Frae sinn nach ëmmer a ville méi techneschen a wëssenschaftleche Beruffer ënnerrepresentéiert. Sou fënnt ee kaum eng Fra als Bauaarbechterin, Mechanikerin oder Chauffeur, zwar schonn e bësse méi bei den Ingenieuren oder Informatiker. D'Frae sinn och méi oft a Beruffer mat manner Qualifikatiounen an op prekären Aarbechtsplazen an eben och manner gutt bezuelt. An der Moyenne kréie 17% vun de Fraen de Mindestloun géint 9% vun de Männer. An d'Diskriminatioun besteet doran, dass deene méi typesche Fraeberuffer net deeselwechte Wäert zougemooss gëtt wéi bei de Männerberuffer, bedéngt duerch gesellschaftlech Stereotypen. An enger an därselwechter Spart gëtt et Fäll, wou de Mann besser bezuelt gëtt wéi eng Fra.

Wann och am Ufank vun der Beruffscarrière déi jonk Fraen net esou schlecht dostinn duerch hir héich Schoulofschléss, geet d'Lounschéier mam Alter däitlech auserneen, zugonschte vun de Männer, well d'Fraen ënnerbriechen hir Beruffscarrière deels oder ganz wéinst der Kannererzéiung, ob dat Fonction publique oder ob dat Privatsecteur ass. Esou sëtze si laut Eurostat 2016 zu 36% op Deelzäitposte géintiwwer 6,2% bei de Männer.

D'Haushaltsaarbecht, d'Kannererzéiung an d'Fleeg vun den eelere Leit, déi sougenannten „Care-Aarbecht", ass nach ëmmer Fraesaach. An der Moyenne maachen dat véier Stonne pro Dag aus, also zweemol méi wéi dat bei de Männer de Fall ass, an dat obschonn de Stat an de vergaangene Jore vill Ustrengunge gemaach huet, fir de Familljen d'Liewe méi einfach ze maachen, wéi duerch d'Aféierung vum Congé parental, vun der Deelzäitaarbecht, de Chèques services, den Ausbau vun de Betreiungsstrukture fir Kanner an eeler Leit.

E Problem bleift weiderhin dee sougenannten „gliesene Plaffong", dat heescht den Netzou-

gang fir Fraen zu Féierungspositiounen an, am Fall wou, déi manner héich Pai. Laut engem Bericht vun der Internationaler Aarbechtsorganisatioun placéiert Lëtzebuerg sech op der 84. Plaz vun 108 Länner, wat d'Proportioun vu Fraen op mëttleren an héijere Kaderposten ugeet. Och d'Representatioun vun de Fraen an de private Verwaltungsréit läit nëmme bei 20% an déi bei vun der Bourse cotéierte Betriber bei ëm déi 12%. Insgesamt steet awer och do de Stat besser do an ass zënter 2015 vu 27% op 32% vum Stat genannte weiblech Administrateuren eropgaangen. An deen insgesamte Prozentsaz vu Fraen an deene Gremie läit awer nëmme bei 25,66%.

Här President, d'CSV begréisst, dass mer haut d'Loungläichheet fir Fraen a Männer fir gläich oder gläichwäerteg Aarbecht an engem neie Kapitel am Aarbechtsgesetzbuch verankeren. De Rapporteur Marc Angel, deem ech och heimat Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport, deen huet eis dat och alles am Detail erkläert, dofir ginn ech och net méi op déi Detailfroen an.

Jiddefalls hofft d'CSV, dass déi méi genee Beschreiwung vun den Elementer vun engem gläichwäertege Loun d'Akloe fir déi betraffe Frae méi einfach mécht. An och begréisse mer, dass d'Sanktioune fir Patronen effikass an ofschreckend sinn.

D'Ëmsetzung vum Gesetz steet a fält awer och mat der ITM, oder éischter „ITRAM", der Gewerbeinspektioun also. Si war bis elo schonn och mat där Kontroll do beoptragt, domat awer zimlech iwwerfuerdert. Et sinn och keng Donnéeën do, wivill Plaintë gemaach goufen.

Mir hunn déi Diskussioun och gehat an der Aarbechts- a Beschäftegungskommissioun den 30. Mee, wou ech als Invitée derài war, mä bedauerlecherweis war de Procès-verbal vun där Sitzung nach net approuvéiert, wat eigentlech och net Usus ass, wann e Projet zur Ofstëmmung virläit.

D'ITM huet d'Recht, Ableck an d'Paien ze kréien. Mä alles ze kontrolléieren, och d'Primmen, huet den Här Minister gemengt, géif se net packen. Och kee Wonner mat all deenen neie Missiounen, déi se derbäikritt, a mat iwwer 32.000 Betriber, déi mer hunn!

Ausserdeem ka se och nëmmen intervenéieren, wann déi betraffe Persoun dat och wëllt. D'Fro ass: Trauen déi Persoune sech dann elo éischter, Plainte ze féieren? Kënnt eventuell eng speziell Ulafplaz op d'ITM fir dës Problematik? A wéi kommen d'Delegatiounen aus der Zwéckmillchen eraus, dass d'Gehälter eigentlech ënnert d'Beruffsgeheimnis falen a si jo eigentlech do elo net ganz vill Handhab hunn?

Här President, d'CSV hofft och, dass d'Opwäertung vun den „actions positives" duerch dat heite Gesetz e Plus bréngt. Laut där neier administrativer Praktik muss de Betrib dokumentéieren, dass en engersäits déi intern Loungläichheet kontrolléiert huet, mat Hëllef vun dem Schwäizer Loungläichheetsinstrument Logib, ouni awer d'Léin offenzeleeën, an anererséits, dass e sech konkret Objektiver op zwee Joer gesat huet, fir méi Fraen an Entscheedungsgremien ze förderen.

D'CSV begréisst dës weiderhi fräiwëlleg Initiativ a wërft zugläich d'Fro op, wéi verschidden Avisen: Sinn déi administrativ Oploen net ze vill eng Laascht fir d'Betriber? A riskéiere se net och, éischter e Schoss no hannen ze ginn? A wat geschitt, wann déi Objektiver net erreecht sinn?

Dës positiv Aktiounen, déi goufe schonn ënnert de Virgänger-CSV-Ministesche Marie-Josée Jacobs a Françoise Hetto fir d'Betriber lancéiert. An zënter 2001 (veuillez lire: 2011) si se op de Stat, an 2012 op d'Gemengen ausgeweit an hunn och hir Preuvë gemaach.

Hunn dës positiv Aktioune genuch Visibilitéit no baussen, fir och weider Betriber ze motivéieren? Misst d'Regierung net och e weideren Incentive ginn, zum Beispill duerch d'Berücksichtegung vun Entreprisen, déi de Label „actions positives" hunn, bei ëffentlechen Ausschreiwungen?

D'CSV ënnerstëtzt jiddefalls eng differenzéiert Approche, déi op den Dialog mat de Betriber setzt an déi zu enger gesonder Mëschung, zu enger Diversitéit vu kompetente Leit op allen Niveauen an der Entreprise féiert, dat an engem selwer bestëmmten, awer natierlech net ze luese Rhythmus a mat där néideger Flexibilitéit jee no Secteur.

Wat d'Quoten an de Verwaltungsréit a bei der Bourse cotéierten Entreprisen ugeet, ënnerstëtzt d'CSV d'Direktiv Reding. Mat der Datebank vum Female Board Pool, déi potenziell Kandidatinnen aus diverse Beräicher oplëscht - och vun der fréierer Ministesch Hetto initiéiert -, dierf jiddefalls kee Betrib méi soen, et géife keng kompetent Frae méi ze fanne si fir an d'Verwaltungsréit. A gradesou wichteg ass awer och eng Vernetzung vun de Fraen.

D'CSV mengt un éischter Stell, de Stat sollt op eng kohärent Aart a Weis mam Beispill virgoen. An ech zitéieren hei meng Fraktiounskolleegin Martine Hansen am Kader vun der Debatt zum Gesetzesprojet iwwert de Fonds national de la recherche am Secteur public: „Ech wëll awer nach eemol drop hiweisen, datt mir als CSV - sou wéi och de Conseil d'État - et besser fonnt hätten, wann Der een allgemengt Gesetz fir all d'Établissement-publicke gemaach hätt, fir eben ze verhënneren, datt mer all eenzelt Gesetz mussen upassen, respektiv fir ze verhënneren, datt dës Saach emol eng Kéier kéint an engem Gesetz vergiess ginn." Enn vum Zitat. Esou dann och elo effektiv kierzlech geschitt beim Gesetzesprojet zu deem neie Fonds du logement, well do hat d'Regierung vergiess, hiren eegene Regierungsprogramm ëmzesetzen. A mir hunn natierlech als Oppositioun do missen drop opmierksam maachen.

Dofir meng Fro: Hätt d'Regierung hei net besser, op deem dote Punkt ëmzedenken?

Här President, wäert Kolleeginnen a Kolleegen, mir brauchen eng gesellschaftlech Gesamtstrategie an eng Betribskultur net fir d'Fraen, mä fir dass eis 50% vun den Talenter net verluer ginn.

Geet den „Girls' Day - Boys' Day" fir d'Beruffsorientéierung duer? Wéi kënne mer d'Fraen op méi zukunftsorientéiert Aarbechtsplazen, zum Beispill am Beräich vun der Wëssenschaft, an der Informatik, an der Kommunikatiounstechnologie, besser orientéieren? Wat maache fir e besseren Zougang zur Weiderbildung an zu der berufflecher Emorientéierung?

Wier et sënnvoll, eng Sensibilisatiounscampagne ze maachen an de Betriber, fir déi nei gesetzlech Moossname virzestellen? Wéi kréie mer d'„work-life balance" hi fir Fraen a Männer, an zwar esou, dass se de Choix hunn, fir hiert Beruffs- a Familljeliewe selwer ze organiséieren? Dozou gehéieren ënner anerem eng ugepassten Aarbechtszäitorganisatioun an och méi Männer, déi sech an d'Care-Aarbecht investéieren.

Ass d'Potenzial vun de Kollektivverträg genuch ausgenotzt? Europäesch gesinn ass a Betriber, wou Kollektivverträg bestinn, d'Gehaltsdifferenz tëschent Männer a Fraen näämlech vill manner héich. An ech verweisen hei och op déi juristesch Studie vum Viviane Ecker zu deem Thema. Missten d'Sozialpartner net hei e bësse méi op déi Problematik sensibiliséiert a forméiert ginn?

Vu dass och den Här Minister dovun ofgesäit, fir den Aktiounsplang Égalité obligatoresch fir d'Betriber mat iwwer 50 Ugestallten anzeféieren, sollt een net en einfacht Instrument schafen, mat deem sech d'Geschlechtsneutralitéit besser iwwerpréiwen an och regelméisseg suivéiere léisst? Am Ausland gëtt et scho verschidden esou Modeller. Misst een net d'Informatioun vun den Delegéierten an de Gläichstellungsdelegéierte verbesseren? Si hunn d'Urecht op Donnéeën, déi no Geschlecht ventiléiert sinn.

Dat bescht Gesetz notzt näischt, wann net eng allgemeng Bewosstsäinsbildung souwuel bei de Betriber wéi an der Gesellschaft zesumme mat de Männer stattfënnt. Stereotyppen an déi klassesch Rolleverständnisser tëschent Mann a Fra sinn awer nach ëmmer déif verankert. Schonn oft hu mer an dësem héijen Haus iwwert dat Thema geschwat, an et wier ze vill schéin, wann et haut fir d'Lescht néideg gewiescht wier.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'CSV-Fraktioun hat schonn den 11. Januar - an de Rapporteur ass drop agaangen - eng Spléckung vum virleiende Gesetzesprojet ugefrot, well en eigentlech zwee ganz verschidden Themefelder beréiert, och wann déi allen zwee eppes mat Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra ze dinn hunn. Mä mir haten awer och, muss ee soen, net déi néideg Explikatiounen an der Chancëgläichheetskommissioun zum Volet Aarbecht kritt, mat der Remarque, dofir wier eigentlech den Aarbechtsminister zoustänneg.

Dofir huet och d'CSV gemengt, et wier da besser, wann d'Aarbechts- a Beschäftegungskommissioun sech direkt ganz géif mat deem Volet do befaassen.

D'Regierung huet awer ënnerstrach, an de Rapporteur huet et gesot, et wier de politesche Wonsch, fir déi zwee Voleten an engem Gesetz ze regruppéieren, an d'Aarbechtskommissioun sollt just mat engem Avis saiséiert ginn. D'Majoritéit huet awer am Ufank dat esou duergestallt, wéi wann d'Aarbechtskommissioun selwer sech op dëse Volet vun der Égalité des chances opmierksam gemaach hätt.

D'CSV begréisst zwar, dass et zu engem Avis hei vun der Commission du Travail koum, mä fënnt awer nach wie vor, dass et besser gewiescht wier, déi zwee Volete vun der Aarbecht a vun der Geschlechterklausel bei de politesche Wahle getrennt ze behandelen.

An dofir huet d'CSV-Fraktioun och ugefrot, Här President, fir herno separat iwwert deen éischten Artikel ofzestëmmen.

An elo dann zum Filetssték vun dem Regierungsprogramm: „Quota or not quota, that's the question!", fir et mam Shakespeare ze soen. Zu bal kengem Thema hu sech d'Geeschter méi gescheet, souguer ënnert de Majoritéitsparteien, an zu bal kengem Thema ass zënter Jore méi Tënt gefloss wéi zum Thema Geschlechterquot an am Speziellen zum Fraenundeel op de Kandidatelëschte vun de Parteien.

D'Propos vun der Regierung huet dann och am Ufank fir e regelrechte Gambia-Theater gesuergt: Cocasse jiddefalls d'Chamberspetitioun géint d'gesetzlech Quoten, ugestiwwelt vun LSAP-Politiker, déi hirer eegener Ministesch an de Réck gefall sinn, a wou sech och nach d'Jongdemokrate mat an d'Boot huele gelooss hunn. Grad esou cocasse en Artikel am „Land" vun engem héijen DP-Parteimandataire, deen ënner anerem vun „Afentheater" geschwat huet.

Wat war do gemengt? Et muss een dach soen, déi dach fir Männer liicht provokant - hei ass se -…

(Mme Sylvie Andrich-Duval montre une documentation.)

…a mat Statsgelder bezuelten „Afegläichstellungscampagne" vum zoustännege Ministère.

Nach méi cocasse d'Ausso vun engem Member vun der DP-Fraktioun op dëser Tribün bei engem Débat iwwert d'Proposition de loi 6586 vum honorabelen Här Kartheiser, d'DP wier kee grousse Frënd vu Quoten a si geséich et net als erstriewenswäert, fir intern Quoten an der Partei anzesetzen.

Wéi dat dann elo geet, wann haut - virausiichtlech, et weess ee jo ni! - d'Gesetz gestëmmt gëtt? Dann hätt d'DP jo wuel nach ëmmer keng intern Quot, mä wat mécht se da mat der gesetzlecher Quot? Dat ouni schizophren ze ginn?

Wuelverstanen…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Den Owend hu mer e Gesetz, Madamm Andrich! Den Owend hu mer e Gesetz!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- Très bien!

Wuelverstanen…

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Här President, huet d'Madamm Loschetter d'Wuert gefrot?

Plusieurs voix.- Ooh!

Une voix.- Oh la la!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- Wuelverstanen, d'Fakte weise ganz kloer, dass d'Bedeelegung vun de Fraen un de politeschen Entscheedunge verbessert muss ginn. Mat 17 Fraen duerch d'Noréckelen an der Chamber - soss wieren et der nëmme 14 - leie mer mat e bësse méi wéi 28% am europäesche Ranking op 20. Plaz.

Une voix.- Maja!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- Ee vun de Vizepresidenten an der Chamber ass eng Fra. A vun 23 Chamberskommissioune ginn der 6, also grad e Véierel, vu Frae presidéiert.

(Interruption)

Mat 2 Frae vu 6 Lëtzebuerger Gewielten am Europaparlament komme mer genee op en Drëttel.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Am Moment huet just d'Madamm Andrich d'Wuert.

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- Merci, Här President.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Hutt Der héieren, Madamm Loschetter?!

(Hilarité)

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- Mat 4 Frae vun 18 Regierungsmemberen…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Och Dir, Här Gibéryen!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- …si mer bei 22% a leien elo no der Demissioun vun enger Ministesch e gutt Stéck ënnert der EU-Moyenne vu 26%. Mat 13% Buergermeeschteschen, mat engem Fënneftel Schäffinnen, mat engem Véierel Gemengeconseillèren a last but not least mat 6 weibleche Memberen am Statsrot vun 21 ka kee behaapten, dat wier top!

D'Regierung huet awer keng kohärent Approche bei der Aféierung vu Geschlechterklauselen an ass sech net konsequent. An d'CSV huet drop higewisen. Dofir hu sech eben net nëmmen d'CSV, mä och souguer eng Rei honorabel DP-Deputéiert gewonnert.

Firwat net och bei de Gemengewahlen? Firwat sech do just op eng Sensibiliséierungscampagne limitéieren? Déi vun der LSAP mat der „Madame on tour" mat der Posch, déi ass jiddefalls jo direkt als sexistesch, plakativ Campagne verstane ginn.

(Interruption)

Firwat net och d'Regierung oder am Statsrot? Bei der Reform vum Statsrot ass zwar eng Mindestzuel vu 7 Persoune vum ënnerrepresentéierte Geschlecht virgesinn, mä et war jo awer d'Regierung, déi se jo scho wollt virdrun ëmsetzen, ier d'Reform votéiert wier!

(Interruption)

An amplaz Politspillercher mat der ADR ronderëm d'Besetzung vun där héijer Kierperschaft hätt jo näischt verhënnert, dass déi gréng Partei, wéi se um Tour war, Fraen an d'Renne geschéckt hätt, statt dräi Männer. D'autant plus, wou jo déi gréng eng Geschlechterquot fir de Statsrot an hirem Wahlprogramm virgesinn hunn.

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- D'CSV huet kee Gesetz gebraucht a brauch och keent, fir eng politesch Quoteregelung anzeféieren. Si huet schonn 2001, als éischt vun de grousse Parteien, eng bindend Geschlechterklausel vun engem Drëttel an hire Statuten agefouert, an dat net nëmme fir Chambers- an Europawahlen, mä och fir d'Gemengewahlen an och fir d'Parteigremien. A beim leschte Statutekongress ass dës Regelung op e fakultativen Niveau vu 40% eropgehuewe ginn.

D'CSV ass also der Meenung, dass all Partei sech soll hiren eegene Profill ginn, a setzt op fräiwëlleg Quoten. Si ass also net géint de Prinzip vun de Quoten. Et ass och guer net esou kloer erwisen, dass déi néng europäesch Länner, déi gesetzlech Quoten hunn, am Fong herno besser domadder stinn.

D'CSV ass awer gradesou der Meenung, dass eng Geschlechterklausel ëmmer nëmme kann en Instrument sinn um Wee zur Chancëgläichheet. Déi jonk Generatioun Frae verléiert gären aus den Aen, dass dat net alles esou selbstverständlech ass an och net war. Dofir déi ëfters pejorativ Konnotatioun vu Quotefraen.

Et geet wuelverstanen drëms - an och de Rapporteur huet drop higewisen -, kompetent a gläich qualifizéiert Frae wärend enger Iwwergangszäit ze förderen. Do dernieft ass e Package vu Moossnamen néideg, fir déi existent Hürden ze iwwerwannen, wéi en Nowuessprogramm fir jonk Fraen a Männer, politesch Formatioune fir Fraen a Männer, Mentoring vu potenzielle Kandidatinnen, besser Vernetzung a Visibilitéit an de Medien. Och dat ass d'CSV amgaangen ëmzesetzen. A virun allem ka se schonn zënter Joren op eng staark Fraenorganisatioun, d'CSF, zielen, déi dat alles mat ugestouss huet.

D'CSV hat d'Remarque vum Statsrot opgeworf, firwat d'Regierung dann net eise Wahlsystem carrément op de Leescht géif huelen, well do hunn och aner Länner aner Weeër fonnt, fir och zum Beispill Strofe virzegesinn, als Beispill, wann een do d'Plaze vun der Lëscht eidel stoe léisst. Dat ass nëmmen eng vun de Méiglechkeeten.

Ofgesinn dovunner ass d'CSV awer der Meenung, dass et besser wier, de Parteien e positive finanziellen Incentive ze ginn, amplaz finanziell ze strofen, wa se d'Quot net anhalen, mä hinnen dann, wéi gesot, en Incentive ze ginn.

Ech erënneren och drun, dass dat och souguer am Koalitiounsprogramm vun der viregter Regierung virgesi war. Do war d'LSAP jo och dran, wann ech mech gutt erënneren.

Op de Virstouss vun der CSV hin huet d'Chancëgläichheetsministesch gemengt, eis Gesetzgebung wier eben esou opgebaut, dass, wann ee sech net drun hält, et ebe Strofe gëtt.

Déi Meenung kann ech zwar net deelen, Madamm Minister, well mir hunn och eng Rei Gesetzer, wou de Stat eppes belount, wann d'Objektiver erreecht ginn. Dat ass zum Beispill de Fall beim Pacte Logement, wou et Finanzsprëtze gëtt, wann d'Bevëlkerung e bësse méi séier wiisst; als Beispill gesot. Et ass e politesche Choix, et ass schonn ugeklongen. Awer et ass och net deen eenzege Wee.

Och de Premierminister huet d'leschte Kéier bei der Ouverture vun der Europäescher Männerkonferenz gesot, fir d'Regierung wier et normal, Fraen a Männer mat op d'Lëscht ze

huelen, aner Parteie wéilte méi wéi dat Normaalt maachen, andeems se Primme géife ginn, wann ee Frae mat op d'Lëscht hëlt, firwat een da misst eppes belounen, wat normal ass. D'Regierung géif strofen, wann dat Normaalt net agehale géif ginn.

Mä ech froen d'Demokratesch Partei: Wat ass dann elo fir si dat Normaalt? Well, liesen ech dach an deem virdrun zitéierten „Land"-Artikel, ech zitéieren: „Quoten waren für die Demokratische Partei nie die optimale Lösung, um der geschlechtsspezifischen Ungerechtigkeit zu begegnen." Dann, e bësse méi wäit: „Bei den Koalitionsverhandlungen zur blau-rot-grünen Regierung reagierte die DP auf die Entwicklungen im internationalen, vor allem im europäischen Umfeld, wandte sich von ihrer ursprünglichen Position ab und akzeptierte eine gesetzliche Quotenreglung für Verwaltungsräte und Parteilisten. Bei 40% liegt demnach das anvisierte Ziel der Regierung." An elo kënnt et: „Auch hat sich die Demokratische Partei damit einverstanden erklärt, ein ausgeglichenes Geschlechterverhältnis auf Wahllisten finanziell zu fördern. Also umso irritierender ist deshalb der rezente Vorstoß des Chancengleichheitsministeriums anzusehen, bei der Parteienfinanzierung Kürzungen bis zu 75% vorzunehmen, sollten die vorgeschriebenen Quoten nicht eingehalten werden. Eine solche Regelung - die JDL bezeichnet sie in ihrer Pressemitteilung als „populistisch" - erscheint mir allerdings ein äußerst diskriminatorischer Eingriff in die organisatorische Freiheit der Parteien und ihrer Sektionen. Sie läuft Gefahr, im Namen des schnöden Mammons die Falschen in der Politik zu fördern." Enn vum Zitat.

Une voix.- Très bien!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Dat erkläert also, firwat mir ëmmer gemengt hunn, an der Chancëgläichheetskommissioun séize Membere vun enger anerer DP wéi déi vun de Regierungsmemberen! An duerch dësen interne Koalitiounsdrock, hu mer verstanen,…

(Hilarité générale)

…ass d'Chancëgläichheetsministesch schlussendlech derzou komm, fir musse Waasser an hire Wäin ze schëdden. An dofir déi Iwwergangsfrist, fir dass déi finanziell Strofen eréischt voll spille…

(Interruption)

…bei deenen iwwernächste Wahlen.

D'CSV huet an der Kommissioun eng Alternativ virgeluecht an den 28. Juni Amendementer abruecht, déi awer vun der Majoritéit, de Rapporteur huet et gesot, verworf goufen.

Ech wëll, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'CSV-Amendementer awer hei nach eng Kéier abréngen an och zum Vott stellen, an deemno sollen déi Parteien, déi eng Geschlechterquot vu mindestens engem Drëttel erfëllen, also eng deementspriechend finanziell Ënnerstëtzung kréien, net op Basis vum Parteiefinanzéierungsgesetz, mä op Basis vum ofgeännerte Wahlgesetz vum 18. Februar 2003. An do soll den Artikel 93 en neien Abschnitt bäikréien: Wat eng Partei méi no bei de Sockel vu 40% kënnt, wat d'Majoratioun op der Dotatioun fir d'Wahlkampfkäschte méi héich gëtt.

Fir d'Chamberswahle kann et deemno en Opschlag gi vu 5% bis 25% ab 20 bis 24 Kandidaten, wann iwwert déi véier Wahlbezierker d'national Moyenne erreecht ass.

Fir d'Europawahlen, mat engem eenzege Wahlbezierk, géifen dat 12,5% ausmaache fir e Minimum vun engem Drëttel bis 40%, wat a béide Fäll zwee Kandidaten ausmécht.

Dat wier also direkt gekoppelt un d'Wahlen a géif och nëmmen all fënnef Joer erfalen. Dat wier eng ganz moderéiert Ausgab, well et geet jo net drëms, fir d'Parteikeesen ze fëlle respektiv Fraen „ze kafen" oder Abus mam Budget ze bedreiwen. An dat ass also a kuerzen Zich déi Alternativ, déi d'CSV proposéiert huet. An dofir déposéieren ech déi och nach eng Kéier, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Villmools Merci.

Amendement 1

L'intitulé du projet de loi est remplacé par l'intitulé suivant:

«Projet de loi portant

1. modification du Code du travail

2. modification de l'article 93 de la loi électorale du 18 février 2003 et portant modification - de la loi du 31 octobre 1977 portant fusion des communes de Asselborn, Boevange/Clervaux, Hachiville et Oberwampach - de la loi du 27 juillet 1978 portant fusion des communes de Arsdorf, Bigonville, Folschette et Perlé - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Harlange et Mecher - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Junglinster et de Rodenbourg»

Amendement 2

L'article 2 est remplacé par la disposition suivante:

«L'article 93 de la loi électorale du 18 février 2003 et portant modification - de la loi du 31 octobre 1977 portant fusion des communes de Asselborn, Boevange/Clervaux, Hachiville et Oberwampach - de la loi du 27 juillet 1978 portant fusion des communes de Arsdorf, Bigonville, Folschette et Perlé - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Harlange et Mecher - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Junglinster et de Rodenbourg, point 1. est complété par un nouvel alinéa c) qui prend la teneur suivante:

c) Le montant total de la dotation telle que résultant des points a) et b) est augmenté de:

- 5% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 20 candidats de chaque sexe

- 10% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 21 candidats de chaque sexe

- 15% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 22 candidats de chaque sexe

- 20% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 23 candidats de chaque sexe

- 25% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 24 candidats de chaque sexe»

«L'article 93 de la loi électorale du 18 février 2003 et portant modification - de la loi du 31 octobre 1977 portant fusion des communes de Asselborn, Boevange/Clervaux, Hachiville et Oberwampach - de la loi du 27 juillet 1978 portant fusion des communes de Arsdorf, Bigonville, Folschette et Perlé - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Harlange et Mecher - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Junglinster et de Rodenbourg, point 2. est complété par un nouvel alinéa c) qui prend la teneur suivante:

c) Le montant total de la dotation telle que résultant des points a) et b) est augmenté de 12,5% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 2 candidats de chaque sexe.»

Exposé des motifs

Le CSV s'est engagé à promouvoir une représentation plus équilibrée des hommes et des femmes dans tous les domaines et tous les niveaux de la société.

Ainsi, une représentation plus équilibrée des hommes et des femmes dans les organes de prise de décision politique ainsi qu'un accès plus équitable et une meilleure participation des femmes aux structures du pouvoir et aux processus décisionnels est un objectif déclaré de longue date du CSV.

Le CSV a en effet depuis longtemps inscrit dans ses statuts le principe d'une représentation équilibrée entre les hommes et les femmes. Il s'est engagé volontairement et sans que le législateur ait besoin d'intervenir dans cette voie. Les statuts du CSV prévoient, en ce qui concerne plus précisément les listes des candidats pour les élections législatives, les élections européennes et, qui plus est, pour les élections communales que chaque sexe doit bénéficier d'une représentation obligatoire d'au moins 33% sur les listes en question. Le CSV est allé au-delà en fixant un seuil facultatif de 40% de représentation de chaque sexe pour ces mêmes élections. Si ce seuil est facultatif, il n'en demeure pas moins que ce seuil représente pour le CSV un objectif qu'il souhaite atteindre. À noter également que cette mesure ne peut être considérée comme une mesure isolée, mais constitue un élément parmi d'autres afin de promouvoir l'égalité entre les hommes et les femmes tant au sein d'un parti qu'au sein de la société.

Le Gouvernement entend promouvoir la représentation équilibrée des hommes et des femmes dans la sphère de la prise de décision politique en proposant l'instauration d'un quota obligatoire de 40% du sexe sous-représenté sur les listes électorales et la mise en place de sanctions financières en cas de non-respect des minima imposés. Le CSV est d'avis que cette stratégie ne constitue pas la meilleure voie pour parvenir à une représentation plus égalitaire des hommes et des femmes en politique.

Le CSV est et reste, au contraire, convaincu que les quotas minima décidés volontairement par les organes internes des partis politiques feront davantage avancer la question de la parité entre les sexes dans la sphère politique que des proratas imposés obligatoirement par le législateur. En fixant volontairement des seuils de représentation minimaux, un parti politique prend un engagement auquel il croit foncièrement. Il mettra, dès lors, cette décision en œuvre sans faux-semblants.

Alors que le CSV est, à côté du parti politique déi gréng, le premier des grands partis à avoir inscrit le principe d'une représentation équilibrée entre les hommes et les femmes dans ses statuts et que cette représentation équilibrée est dans les faits loin d'être atteinte, le CSV est convaincu qu'il faut promouvoir une représentation plus proportionnée au niveau de la sphère politique. Pour le CSV, il s'agit d'amener les partis politiques à adopter dans leurs statuts des dispositions analogues, par exemple à celles auxquelles lui-même est soumis.

Dans cette logique, et en l'absence d'une réflexion plus approfondie sur le système électoral au Luxembourg, le CSV propose de mettre en œuvre non pas un système de pénalités en cas de non-respect des quotas minima pour chaque sexe, système qui ne garantirait nullement un changement de comportement des partis vis-à-vis de la nécessité d'une représentation politique plus équilibrée, mais un système qui incite de manière positive les partis politiques à œuvrer pour une meilleure représentation.

La proposition du CSV consiste à majorer les montants que les partis politiques se voient allouer dans le cadre de la loi électorale de 2003 telle que modifiée. Il nous semble plus logique de prendre comme base la loi électorale de 2003 plutôt que la loi sur le financement des partis politiques de 2007 dans la mesure où il s'agit de garantir un meilleur équilibre entre les candidats et les candidates au niveau des listes électorales établies à l'occasion d'élections. La majoration est échelonnée en fonction du pourcentage minimum de candidats/candidates que les partis politiques présenteront sur les listes à l'occasion des élections législatives et européennes.

Afin d'éviter que la promotion d'une meilleure représentation ne devienne un enjeu financier et soit utilisée par les partis politiques pour renflouer leurs caisses, il est évident que les éventuelles majorations ne sauraient être allouées que tous les cinq ans au moment des élections législatives. En outre, leur montant doit être fixé de manière équilibrée afin de constituer un incitatif pour les partis politiques à présenter des listes plus proportionnées en évitant toutefois toute sorte d'abus et de répercussions exagérées sur le budget de l'État. Les amendements proposés tiennent compte de ces exigences.

Commentaire de l'amendement 1:

En raison de l'objet de l'amendement 2 portant modification d'une loi différente de celle de la proposition gouvernementale, à savoir de la loi électorale et non de la loi portant réglementation du financement des partis politiques.

Commentaire de l'amendement 2:

L'amendement a pour objet de modifier l'article 93 de la loi électorale du 18 février 2003 en introduisant un nouveau montant supplémentaire sur le montant total de la dotation destinée à couvrir des frais des campagnes électorales à allouer aux partis et groupements politiques. Ce nouveau montant est accordé lorsqu'ils respectent, en outre des conditions prévues par ladite loi, la présentation d'un minimum d'un tiers de candidats de chaque sexe sur les listes à présenter pour les élections législatives et européennes. Il s'agit d'un système de majoration progressif proportionnel aux candidats du sexe sous-représenté en supplément au minimum du tiers exigé. Le tableau de correspondance «pourcent - personnes physiques» est le même que celui proposé par le projet de loi gouvernemental.

Pour ce qui est des listes de candidats aux élections législatives, la majoration du montant passe progressivement de 5% pour atteindre 25% pour une proportion de 40% de candidats de chaque sexe. Est exigée la présentation d'un minimum de 33,33% de candidats de chaque sexe sur les listes de chacune des quatre circonscriptions. Au-delà, jusqu'à l'atteinte de l'objectif de 40%, le paramètre utilisé pour le contrôle sera la moyenne des candidatures du sexe sous-représenté figurant sur les listes présentées dans les quatre circonscriptions électorales.

En ce qui concerne la liste de candidats aux élections européennes dans la circonscription nationale unique, une majoration unique de 12,5% est accordée pour le minimum exigé d'un tiers de candidats jusqu'à l'atteinte de la proportion de 40%, ce qui équivaut dans les deux cas à un nombre absolu de 2 candidats.

(s.) Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, Françoise Hetto-Gaasch, Martine Mergen, Laurent Zeimet.

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- An ech froen, dass nach eng Kéier kann driwwer ofgestëmmt ginn. A vläicht kënne jo d'Kolleege vun der DP oder nach aner Kolleege sech och gären deenen Amendementer do vun der CSV ralliéieren, déi mer dann nach eng Kéier hei zum Vott stellen.

D'CSV stoung a steet fir eng Politik, déi d'Fraen aktiv fërdert, an dat op allen Niveauen an an alle Gesellschaftsberäicher. Virun allem ass e Bewosstsäinswandel néideg, an dee Wee musse mer zesumme mat de Männer goen. D'Halschecht vun den Talenter, d'Halschecht vun der Verantwortung, jo! Dat geet awer net mat der Briechstaang, soss riskéiert net nëmmen den „gliesene Plaffong", a Schierbelen ze goen.

Eng méi héich Proportioun vun de Kandidatinnen op de Wahllëschte vun de Parteien heescht jo och net automatesch, dass méi Frae gewielt ginn. Quot hin Quot hier, leschtendlech mussen d'Fraen, wéi gesot, gewielt ginn, an do behale selbstverständlech d'Wielerinnen an d'Wieler dat lescht Wuert.

Ech kann hinne just hei e Wuert vun der Madamm Michelle Bachelet, der fréierer Presidentin vum Chile, mat op de Wee ginn…

(Interruption)

Pardon, jo, nees Presidentin!

…mat op de Wee ginn: «La politique gagne en qualité quand il y a des femmes.»

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Andrich.

4. Allocution de M. le Président à l'occasion de la visite de la délégation sénatoriale du Royaume du Cambodge sous la conduite de Mme Ty Borasy, Présidente de la Commission des Affaires étrangères du Sénat

Ier ech d'Wuert weiderginn, wollt ech nach léif Gäscht bei eis begréissen.

Chers collègues, j'ai le plaisir de saluer cordialement la présence sur notre tribune d'honneur d'une délégation sénatoriale du Royaume du Cambodge sous la conduite de Madame Ty Borasy, Présidente de la Commission des Affaires étrangères du Sénat.

Chère Madame, c'est un honneur pour nous et un privilège de vous accueillir ainsi que votre délégation à cette séance publique de la Chambre des Députés. Je vous souhaite encore un agréable séjour et de bons échanges entre votre sénat et notre parlement. Merci d'être venus.

(Applaudissements)

Voilà, léif Kolleegen, da géife mer weiderfuere mat eisen Diskussiounen. An als nächst huet d'Madamm Taina Bofferding fir d'LSAP d'Wuert. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

5. 6892 - Projet de loi portant

1. modification du Code du travail

2. modification de l'article 2 de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques (suite)

Discussion générale (suite)

Mme Taina Bofferding *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz verfollegt zwee Prinzipien, déi menger Partei, der LSAP, enorm wichteg sinn: Gerechtegkeet an Egalitéit. D'Gläichstellungspolitik hei am Land ass kee Randthema. Dat ass erfreelech. An dat weist och d'Ministesch vun der Egalitéit mat dem ambitiéisen Aktiounsprogramm, dee sougutt déi gläichberechtegt Participatioun vu Fra a Mann an alle Beräicher vun eiser Gesellschaft wëllt verbesseren, wéi och d'Visibilitéit vu Fraen am ëffentleche Raum.

An et ass erfreelech, dass mer endlech légiféréieren, konkret Mesuren huelen an net nëmmen driwwer diskutéieren.

Déi Instrumenter, déi mer eis elo wëlle ginn, waren och Bestanddeel aus dem Wahlprogramm vu menger Partei. Fir eis huet Chancëgläichstellungspolitik en héije Stellewäert. Nëmmen eng gläichgestallte Gesellschaft ass eng modern Gesellschaft. Nëmmen eng gläichgestallten Ekonomie ass eng zukunftsfest Ekonomie. An dofir brauche mer kloer Regele fir d'Politik a fir d'Ekonomie.

A mir deele sécherlech net d'Ausso, déi viru Jore vun enger Associatioun, déi iwwregens nëmmen aus engem Geschlecht bestanen huet, gemaach gouf, dass hei am Land eng feministesch Politik mat männerfeindlechen Auswierkunge géif praktizéiert ginn.

(Interruption)

A genau hei ass et awer wichteg ze verstoen, dass d'Chancëgläichstellungspolitik net Anti-Männer-Politik mengt, villméi geet et ëm d'Hierstellung vun de gläiche Rechter fir Fraen a Männer duerch ganz spezifesch Mesuren a Gender Mainstreaming als integrativ an ëmfaassend Gläichstellungspolitik.

Natierlech ass et kloer, dass déi Mesuren, déi mer elo wäerten huelen, virun allem wäerte Frae profitéieren. Et ass kloer, well déi hu jo nach esou munches nozehuelen.

Ech selwer war virun e puer Joer iwwerzeegt, dass mer keng Quot brauchen an dass eben d'Zäit dës eklatant Fraelück an alle Beräicher géif schléissen. A grad als jonk Fra muss ech agestoen, dass deem net esou ass. Dass Fraen op Féierungsposten an an der Politik nach ëmmer eng Minoritéit sinn, ass e Problem, dee sech net mat der Zäit léist, mä dee mir musse politesch regelen.

„Zwang" ass en ellent Wuert an „Quot" wuel kaum e bessert. Mä et gëtt awer vill Argumenter, déi fir eng Geschlechterquot schwätzen. Ech ka verstoen, dass eng Fra keng Quotefra wëllt sinn, dass si léiwer eben duerch hir Kompetenze wäertgeschat gëtt an och doduerch agestallt gëtt. Dogéint ass och näischt anzewenden. Den Denkfeeler läit awer doranner ze mengen, dass eng Quot bei ongläicher Qualifikatioun zum Asaz kéim. Dat ass net d'Zil vum System! Et geet net drëms, tëschent op där enger Säit enger inkompetenter Fra an engem kompetente Mann ze entscheeden an esou eng Fra op e Posten ze setzen, nëmme well et eng Fra ass.

D'norwegesch Wirtschaft, déi jo mat enger Quot fonctionnéiert, déi géif dach bestëmmt net zouloossen, dass Quotefraen an hire Verwaltungsréit séizen, déi absolutt net kompetent sinn, déi vun näischt Anung hunn an déi iwwerhaapt näischt wëssen. Dat gleeft dach keen heibannen!

Beim Quotesystem geet et drëms, bei gläicher Qualifikatioun a Kompetenz deem Geschlecht de Virtrëtt ze loossen, dat do ënnerrepresentéiert ass. An a Frankräich soe se: «Qualification et compétence d'abord, le quota ensuite.»

Dat Argument, wat jo och oft ze héieren ass, dass fläisseg a kompetent Fraen automatesch sech kënnen duerchsetzen, fannen ech perséinlech dreist. Well all déi Fraen, déi net do sinn, wou se wëllen, gëtt d'Gefill vermëttelt, dass si net gutt genuch wären. Vu dass mer e geréngen Undeel u Fraen an der Politik an a Féierungsposten hunn, géif dat bedeiten, dass d'Fraen net déi erwënschte Leeschtung géifen erbréngen an net kompetent genuch wären, soss wären der jo méi do vertrueden.

Virun allem géif et awer och bedeiten, dass Männer an der Regel méi qualifizéiert wären. A genau dat Argument verkennt awer d'Realitéit: Mir hunn och gutt ausgebilt a kompetent Fraen, déi eng drop hunn! Si hunn am Duerchschnëtt e bessere Schoulofschloss a verloossen och méi oft d'Uni mat engem Diplom an der Täsch. Also kann et net alleng dorunner leien, also un der Kompetenz, dass d'Fraen net do sinn, wou se wëllen.

Et muss ee kee Fan vun der Quot sinn. Et kann een awer net ignoréieren, dass d'Quot iwwerall do, wou se agefouert ginn ass, dozou bäigedroen huet, eben eng däitlech besser Representatioun vun de Geschlechter ze verwierklechen.

Norwegen gëtt jo ëmmer als Paradebeispill zitéiert. Haut diskutéiert do kee méi driwwer, ob nach méi Fraen do mussen an d'Virstänn rekrutéiert ginn. Et ass selbstverständlech ginn, dass Fraen do sinn! Oder kucke mer op eis méi direkt Noperen, d'Belsch: Déi hunn '99 eng Quoteregelung agefouert, wat zur Konsequenz huet, dass den Undeel u weibleche Politiker an der Regierung geklommen ass. A si hunn hiren Undeel souguer méi wéi verduebelt. Dofir huet d'LSAP sech och fir eng gesetzlech progressiv Quoteregelung op de Wahllëschten ausgeschwat.

Natierlech ass eng Kandidatinnequot keng Garantie fir gewielt ze ginn. Mat dësem Gesetz wäerte mer bestëmmt net derfir suergen, dass bei deenen nächste Landeswahle méi Fraen hei an der Chamber wäerte sinn. De Choix läit nach ëmmer beim Wieler, an dat ass och richteg esou. D'Erfahrungen aus dem Ausland weisen awer, dass Offer an Demande spillen, dass bei enger gréisserer Unzuel u Kandidatinnen herno och méi Frae gewielt goufen.

An der Ekonomie solle bis 2019 d'Verwaltungsréit vun ëffentlechen Institutioune mat mindestens 40% Frae besat ginn, eng Praxis, déi och d'Regierung haut scho bei der Verdeelung vu fräie Posten uwennt. D'LSAP begréisst et, dass den ëffentleche Secteur hei mam gudde Beispill virgeet an hofft natierlech, dass och de Privatsecteur matzitt.

Eng Quoteregelung, wéi elo an Däitschland, hei am Land anzeféieren, mag wéineg Sënn erginn. Mir hunn net esou vill grouss Konzerner, déi un der Bourse cotéiert sinn. Dat heescht awer net, dass d'Betriber hei komplett aus der Verantwortung gezu ginn. Si gi jo encouragéiert, sech konkret an novollzéibar Objektiver ze fixéieren, fir esou e besseren Équiliber tëschent de Geschlechter an Entscheedungsgremien ze erzilen. An treffend fannen ech hei eng Ausso vum Ranga Yogeshwar, dee sot: „D'Fraequot ass en traurege Beleg fir eis Onfairness. An enger opgekläerter Gesellschaft sollt eist Handele se scho längst iwwerflësseg gemaach hunn."

Här President, e weidere Punkt, op deen ech wëll agoen, ass d'Loungerechtegkeet, well dat ass fir d'LSAP keen Niewenthema hei am Gesetz. Gerechtegkeet ass en ursozialistescht Uleies. Ëmmer dann, wann e Mann 1 Euro verdéngt, sinn et fir d'Fra 92 Cent, an dat, well d'Fraen am Duerchschnëtt 8% manner verdénge wéi d'Männer. Wa Fraen trotz gläicher Aarbecht manner verdénge wéi hir männlech Kolleegen, ass dat net just ongerecht, et ass carrément Onrecht! An do gëllt et, genau dës Loundiskriminéierung ze stoppen. Et muss Schluss si mam Sexismus per Paiziedel! D'Frae verdéngen et, 100% ze verdéngen!

Natierlech musse mer och unerkennen, dass d'Situatioun sech verbessert huet. An de 50er Jore gouf déi berufflech Leeschtung vu Fraen als eng reduzéiert Leeschtung am Verglach zu enger „Normalleeschtung" vum Mann gesinn. Eng méi niddreg Bezuelung vu Frae gouf domadder begrënnt, dass déi eng méi geréng physesch a psyschesch Belaaschtbarkeet hätten. Haut awer besteet zum Gléck Konsens, d'Aarbechtsleeschtung vu Fraen a Männer als gläichwäerteg unzëerkennen. Säit '74 hu mer e Reglement, dat Fraen a Männer déiselwecht Pai fir déiselwecht Aarbecht zougesteet. An awer hu mer de Problem nach net ganz geléist.

Fir eng Loundiskriminéierung ginn et weder sachlech nach natierlech Grënn. Et ginn awer Faiten, déi ech wëll benennen. Éischt Tatsaach ass, dass d'Fraen oft a Secteure beschäftegt sinn, wéi eben dem Nettoyage oder dem Commerce, wou insgesamt keng allze héich Paien ausbezuelt ginn. Eng zweet Tatsaach ass, dass déi wéinegst op gudde Féierungsposten ze fanne sinn. Eng drëtt Tatsaach ass och, dass oft Fraen an Deelzäit schaffen. An eng aner weider Ursaach erkläert sech duerch Ënnerbriechungen an hirer Carrière.

Loungerechtegkeet ass awer och méi wéi just eng reng monetär Affär. Ongläich Bezuelung huet och eng gesellschaftlech Dimensioun a vermëttelt d'Ausso, dass d'Aarbecht vu Frae letztendlech manner wäert ass wéi déi vu Männer. Dëst steet awer am krasse Géigesaz zum Prinzip vun der Egalitéit. An dofir engagéiere mir eis fir fair Léin, nom Prinzip: gläiche Loun fir gläich Aarbecht. An dofir wëlle mir, dass dëse Prinzip an d'Aarbechtsrecht ageschriwwe gëtt.

Nun, garantéiert d'Inscriptioun vun dësem Prinzip an de Code du travail an Zukunft dann automatesch Lounegalitéit? Et ass an éischter Linn eng Stäerkung vun de Rechter vun de Salariéen. An deem Prinzip gëtt méi Importenz zougeschriwwen, wann en am Aarbechtsrecht verankert gëtt, an en ass deemno och méi kloer a méi visibel. Automatesch ass eng Garantie awer net ginn. Fillt eng Fra sech benodeelegt, muss d'Initiativ, fir eng méi héich Pai anzekloen, vun hir ausgoen. Et ass also un der diskriminéierter Persoun, sech ze mellen. Bis haut huet e Kontrollmechanismus gefeelt. Dat ännert sech awer elo, andeems een agefouert gëtt. An nei ass och, dass de Patron, dee sech net drun hält, mat finanzielle Sanktioune muss rechnen.

Dës Modifikatioun am Code du travail gëtt awer net vun alle Säite begréisst. Déi eng fannen, dass d'berufflech Qualifikatiounen e Lounënnerscheed bei därselwechter Aarbechtsplaz rechtfertegen. An anerer gesinn hei en Ugréff op d'Tariffautonomie. Ech wëll hei betounen, dass dëst Gesetz d'Duerchsetzung vu Loungläichheet regelt, dass d'Léin an Zukunft op Diskriminéierung mussen iwwerpréift ginn. Wéi déi Lounegalitéit hiergestallt gëtt, läit an der Verantwortung vum Patron respektiv vun de Sozialpartner. An do muss een och soen, dass an deene Betriber, wou et e Kollektivvertrag gëtt, sech de Problem praktesch bal net stellt.

Fir op d'Fro zréckzekommen, ob d'Inscriptioun am Aarbechtsrecht elo duergeet, fir Lounegalitéit duerchzesetzen, sief drop higewisen, dass mer eng Kombinatioun aus verschiddenen Aktioune brauchen. Däers ass sech d'Regierung jo och bewosst an dofir huet si och Modifikatiounen am Programm vun de positiven Aktioune virgesinn. D'Zil vun dësem Programm ass, an de Betriber e Bewosstsäin ze schafen, fir domadder d'Ëmsetzung vun der Egalitéit vu Fraen a Männer ze realiséieren.

D'LSAP ass der Iwwerzeegung, dass déi Konditiounen, fir kënne vun deene finanziellen Hëllefen ze profitéieren, duerchaus zoumuttbar sinn. D'Betriber si fräi a kënne selwer décidéieren, wéi si e Kulturwandel an hire Chefetage wëlle virundreiwen a fir eng méi équilibréiert Representatioun vu Fraen a Männer wëlle suergen.

Ofschléissend wëll ech drop hiweisen, dass eng Verbesserung bei der Gläichstellung vu Fra a Mann sech net nëmme positiv op eis Ekonomie, mä op eis ganz Gesellschaft wäert auswierken. Ongerecht Léin kënne spéider zu ongerechte Pensioune féieren. Dofir suerge mer derfir, dass d'Fraen net aus engem „gender pay gap" herno an en „gender pension gap" falen, suerge mer derfir, dass mer déi Ongerechtegkeet behuewe kréien!

Dëst gesot, ginn ech dann och haut den Accord vun der sozialistescher Fraktioun. Mir maachen dat dann haut, wéi een esou schéi seet „gender-balanced". An ech wëll awer profitéieren, fir dem Rapporteur nach Merci ze soe fir seng Presentatioun a seng Rapporten. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Bofferding. An nächsten agedroene Riedner ass den Här Gusty Graas fir d'DP.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt jo oft behaapt, eis Gesellschaft vun haut hätt manner human Aspekter, déi géife manner an de Vierdergrond gestallt ginn. Ech mengen, dat muss een zwar staark relativéieren.

Au contraire, wann ee kuckt, wéi mer eis an deene leschte Jorzéngten entwéckelt hunn, da stellt een do zwar awer eng ganz Rei positiv Fakte fest, besonnesch, wéi gesot, wat eis Breeden hei ubelaangt: D'Minoritéiten hu vill méi Rechter kritt - ech denken zum Beispill un de Mariage pour tous -, d'Zivillrechter si verstäerkt ginn, d'Matbestëmmung um politesche Plang ass och verbessert ginn, de Fraen hir Situatioun ass ouni Zweifel - och zu Recht - an deene leschte Jorzéngten zu engem gudden Deel, wéi gesot, méi staark gemaach ginn. Ech denken och hei zum Beispill un den Ofdreiwungsberäich. Den Afloss vun der Kierch ass zréckgaangen.

Bref, et kann ee soen: Eis Gesellschaft ass méi fräi ginn, ass méi offe ginn. Eng Rei Tabue si gefall, ënner anerem och den Tabu vun der Chancëgläichheet, dee vill méi intensiv diskutéiert gëtt. Dat war e laange Prozess. Dat ass e Prozess, deen och nach net ganz ofgeschloss ass. Allerdéngs muss een ëmmer erëm betounen, datt dat ee Prozess ass, deen éischter an eise Kulture stattfënnt. A villen anere Kulturen ass dat net de Fall. Spéitstens gëschter hu mer dat jo nach eng Kéier diskutéiert. An et si virun allem Fraen, déi op ville Plaze mussen an zum Deel dach onwierdege Konditioune liewen.

Sécher ass bei eis och net alles perfekt. Sécher mussen nach munch Saachen nogeholl ginn, ech denken effektiv um Niveau vun der Chancëgläichheet. Haut gëtt da versicht, op zwee Niveauen déi Chancëgläichheet nach méi staark hierzestellen. Mir als Demokratesch Partei begréissen dat ouni Zweifel. Mir sinn allerdéngs der Meenung, dat sollt éischter iwwer e räsonabele Wee geschéien. Mir sinn net der Meenung, datt Ideologien eis hei sollen ze vill guidéieren.

Dat Gesetz hei huet jo zwee Voleten: Dat Éischt ass, fir de Code du travail ëmzeänneren, an dat Zweet ass, fir d'Parteiefinanzéierungsgesetz ze modifizéieren. Wat elo deen éischte Volet ubelaangt, do gëtt jo elo de Prinzip ageschriwwen, datt Leit, déi déiselwecht Aarbecht maachen, och sollen deeselwechte Loun kréien. U sech ass et näischt direkt Neies. Dat huet jo scho bestanen iwwert de Wee vun engem grousherzogleche Reglement. Dat ass e Prinzip, dee selbstverständlech absolutt net soll a Fro gestallt ginn; mir stinn do och ganz kloer derhannert.

Et stellt een allerdéngs och fest, wann een den Exposé des motifs vun deem Gesetz hei liest, datt glécklecherweis déi Inegalitéit jo awer an deene leschte Joren ofgeholl huet. Mä trotzdeem gëtt et nach ab und zu Differenzen. An dat däerf och mat Sécherheet net sinn.

Et muss een allerdéngs och hei realistesch sinn - an et ass och scho virdrun ugeklongen: Natierlech gëtt et och Stëmmen, déi dat méi kritesch gesinn, besonnesch aus dem Patronatsberäich. An duerfir muss een och Verständnis opbréngen. Et muss ee wëssen, wann een dee Prinzip géif iwwerstrapazéieren, datt dat awer och kéint zu gewësse Problemer féieren.

Ech weisen hei zum Beispill op den Avis vun der Chambre de Commerce hin, déi Folgendes geschriwwen huet: «les critères en vue de déterminer des travaux de valeur égale se concentrent à tort sur le poste de travail en lui-même et les qualités qu'il requiert en faisant fi des propres qualités du salarié (…) alors que celles-ci peuvent justifier une différenciation salariale sur un même poste de travail». Duerfir, wéi gesot, nach eng Kéier: Ech mengen, de Prinzip - jo! - soll absolutt net a Fro gestallt ginn. Mä et muss awer och nach deem eenzelne Patron d'Méiglechkeet gelooss ginn, wa Leit wierklech eng gewësse Leeschtung brëngen, datt dat awer och kann honoréiert ginn.

Positiv gesi mer jiddefalls an dësem Gesetz och, datt elo, wann een eng Persoun astellt an engem Betrib, déi zu engem ënnerrepresentéierte Geschlecht gehéiert, déi Demande, fir déi Aide ze kréien, net méi muss iwwert de Chancëgläichheetsministère transitéieren, mä direkt un den Aarbechtsminister geriicht gëtt. Dat ass fir eis net nëmmen eng Simplification administrative, dat ass eng Noutwendegkeet! Et kann ee sech och d'Fro stellen, firwat datt iwwerhaapt bis haut dat huet missen iwwer zwou Plaze goen.

Wat d'Actions positives ubelaangt, och hei komme jo eng Rei Modifikatiounen; do kommen zwee nei Kritären derbäi. Dat bréngt natierlech eng zousätzlech administrativ Aarbecht fir déi betraffe Betriber mat sech. Ech wëll awer direkt hei ënnersträichen, datt jo awer d'Betriber dat um Niveau vun der Fakultativitéit maachen, dat heescht, si sinn net obligéiert, an Zukunft un esou Programmer deelzehuelen. Mir bleiwen och der Meenung, datt dat net obligatoresch soll ginn. Wann natierlech e Betrib gär den Agrément hätt, fir dee Plang vun Actions positives ze maachen, dann ass et och eng Selbstverständlechkeet, datt e sech och u gewësse Contraintë muss halen. Wéi gesot, de Betrib soll awer nach wie vor dann d'Fakultéit hunn, selwer ze décidéieren, wat en do mécht.

Datt och elo muss matgedeelt ginn, wéi de Verwaltungsrot respektiv d'Direktioun ausgesäit, och dat kann een novollzéien. Ech wëll och hei op eng EU-Etüd hiweisen, déi virun e puer Joer gemaach ginn ass, wou ganz kloer erauskomm ass, datt zum Beispill nëmmen 11% vun den Entreprisen an den Hänn vu Frae sinn an datt an den Direktiounsetagen och nëmmen 12% Frae sëtzen. Och dat ass eng gewëssen Inegalitéit, déi ze bedaueren ass a wou soll en Effort gemaach ginn, fir datt een dat och kann aus der Welt raumen.

Ech wëll allerdéngs eng allgemeng Remarque maachen, wat d'Occupatioun vu Fonctiounen a vu Posten an eiser Gesellschaft ubelaangt vu Mann a Fra. Munchmol gëtt jo monéiert, gëtt bedauert, datt an eenzelne Secteuren ze vill Fraen engagéiert si respektiv ze vill Männer. Ech denken zum Beispill un de Secteur Santé oder och u sozial Beruffer. Do, wou d'Frae majoritär ugestallt sinn, gëtt dat zum Deel duergestallt, wéi wann dat negativ wär. Ech mengen, dat soll een awer trotzdeem als manner problematesch duerstellen.

Eng Fra, déi e Beruff wielt, fir an dee Secteur schaffen ze goen, huet hir Ursaach duerfir gehat. An de Stat soll och do net ze vill anenken, soll och net ze vill d'Direktioun virschreiwen, wéi u sech d'Beruffer herno solle besat ginn. Dat Wichtegst ass, datt ee sech mat sengem Beruff identifizéiere kann. A wat och ganz wichteg ass, dat ass, datt een de Respekt bréngt vis-à-vis vun deem Beruff, deen een ausüübt. An ob eng Fra, wéi gesot, vläicht d'Décisioun geholl huet, fir doheem dem Beruff vun der Hausfra nozegoen oder ob se e Beruff ausserhalb dem Haus mécht, dat soll och zweetrangeg sinn. Och dat soll d'Décisioun vun der eenzelner Persoun sinn an och dat soll an eiser Gesellschaft respektéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 1892 war Neuseeland dat éischt Land, wat u sech dat aktivt an dat passivt Wahlrecht fir d'Fraen agefouert huet. Zu deem Zäitpunkt huet een hei zu Lëtzebuerg nach misse 15 Frang Zensus bezuelen, fir iwwerhaapt kënnen u Wahlen deelzehuelen.

Bei eis huet et gedauert bis d'Joer 1919. Dat war e Schlësseljoer. Dunn hu mer de Suffrage universel agefouert mam Resultat, datt och d'Fraen dat aktivt an dat passivt Wahlrecht kruten. Dat war och richteg esou. D'Frae goufen dunn endlech och emol mündeg, wat politesch Froen ubelaangt.

Allerdéngs fënnt een, deen e bëssen d'Debatte vun där Zäit verfollegt, ganz schnell eraus, datt dat awer eng Décisioun war, déi mat Sécherheet vill méi haart Diskussioune provozéiert huet, wéi mir der haut hei wäerte féieren. An zwar gouf do vu gewësser Säit zum Beispill higewisen op déi sougenannten „Hirnvolumentheorie". Do ass gesot ginn, datt d'Fraen net fäeg genuch wären, genausou logesch ze denke wéi d'Männer, mam Resultat, datt am Fong geholl do awer eng Rei Leit gemengt hunn, d'Frae wären nach net apte fir politesch kënne matzebestëmmen.

An da wëll ech och en Zitat hei vum Georges Clemenceau zitéieren, deen zur selwechter Zäit Folgendes gesot huet: «Il est d'évidence pour tout homme de bon sens qu'après avoir eu tant de peine de nous soustraire à la domination de l'Église, quand nous sentons encoure si lourdement peser sur nous la menace d'un retour offensif du cléricalisme romain, livrer le sort du gouvernement au suffrage de femmes tout imprégnées de sacristie» - an elo kënnt et am allerschlëmmsten - «c'est assurer le retour pur et simple de la France au Moyen Âge.»

Gott sei Dank sinn déi do Zäite laang eriwwer. Mä firwat soen ech déi historesch Eckdaten hei? Ma fir nëmmen ze kucken, wat fir eng Evolutioun - positiv Evolutioun - datt mer awer du gemaach hunn.

Et däerf een awer och net vergiessen, datt dat déizäit och politesch Ursaachen hat, firwat datt d'aktivt an d'passivt Wahlrecht agefouert ginn ass: well virun allem d'Rietspartei jo wousst, datt déi meescht Fraen eng konservativ Astellung hätten. Deemools war d'Familljebild ganz kloer: D'Fra huet missen doheem bleiwen, huet sech ëm de Stot misse bekëmmeren, huet sech missen ëm d'Erzéiung vun de Kanner bekëmmeren, iwwregens e Familljebild, wat deemools ganz staark vun der Kierch ënnerstëtzt ginn ass. An dowéinst war och virun allem d'Rietspartei en faveur vun dem passiven an aktive Wahlrecht fir eis Fraen.

Zu wat huet dat gefouert? Mä am Joer 1919, méi genee de 26. Oktober, ware Wahlen an du gouf och déi éischt Fra hei an d'Chamber gewielt. Dat war d'Madamm Marguerite Thomas-Clement. Si war 1886 gebuer, war deemools Léierin, an et muss ee wëssen, datt dat scho bal no un engem Skandal war, wann een déizäit als Léierin bestuet war. D'Madamm Thomas, déi kann ee roueg hei praktesch als déi éischt politesch Fraerechtlerin qualifizéieren. Si hat souguer déi staark Perséinlechkeet, fir bei der Vereedegung op den Zousaz ze verzichten „ainsi que Dieu me vienne en aide". Dir kënnt Iech also virstellen, wat dat fir e Brouhaha deemools gi war. Si huet sech och immens fir Fraerechter agesat, war an der Chamber bis 1931, an dunn hate mer keng Fra méi hei sëtze bis 1965.

Haut solle mer also elo en zousätzlechen…

(Interruptions diverses)

Dat war eng Madamm, Här Spautz, déi mol Är Gemeng och gefouert huet, an dat soll een och neidlos hei unerkennen: Dat war d'Madamm Astrid Lulling,…

Plusieurs voix.- Aah!

M. Gusty Graas *(DP)*.- …déi ënner anerem och an Ärer Partei war.

Une voix.- Ënner anerem!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Ënner anerem, betounen ech, jo!

(Brouhaha général)

Une voix.- Dir wollt se jo net!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Bon! Doriwwer schwätze mer herno.

(Hilarité générale)

Haut soll, wéi gesot, dann nach en zousätzleche wichtege Schratt gemaach ginn an der Unerkennung vun de Fraen um Niveau vun der Politik. D'Diskussioun iwwert d'Quoten, déi mer haut féieren, dat ass keng nei Diskussioun! Wann ech hei Eenzelner schonn héieren hunn, da mengen déi, d'Revolutioun géif haut hei ausbriechen, well mer elo iwwert d'Quoten hei diskutéieren!

Ech weess, datt et déi eng oder déi aner Partei heibanne gëtt, mir ass bekannt: mindestens zwou; ech mengen, déi aner, déi haten et net esou richteg gepackt, fir Quoten an hir Statuten anzesetzen. Jo, dat ass deenen hiert gutt Recht!

Ech si just e bësse verwonnert iwwer meng CSV-Virriednerin hei. Déi schéngt den Text net richteg gelies ze hunn! Well ech sti ganz kloer derzou: Natierlech huet d'DP an hire Statuten dat net stoe vun de Quoten! An ech mengen, wann ech op meng Kolleeginnen a Kolleegen dorower kucken, kann ech dat och fräi a frank soen: Den Dag wäert kaum kommen, wou d'Demokratesch Partei wäert hir Statuten an deem Sënn ëmänneren!

(Brouhaha)

Dat ass net an eisem Sënn. Dat ass net an eiser Ideologie.

(Brouhaha)

Mä fir do awer e Lien hierzestellen zwëschen dësem Gesetz a parteiinterne Statuten, do muss een awer schonn trotzdeem - Madamm Andrich, Dir sidd mer jo soss ganz sympathesch -, mä do muss een awer trotzdeem scho vill Imaginatioun hunn, au moins…

Plusieurs voix.- Oh!

(Brouhaha général et hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gusty Graas *(DP)*.- …au moins, datt Der d'Gesetz net richteg gelies hutt. Well mir ass jiddefalls näischt esou opgefall am Gesetz!

(Hilarité)

Jiddefalls, eppes ass ganz kloer fir eis als Demokratesch Partei, dat ass, datt mir dat net wäerte maachen, fir intern Statuten (veuillez lire: intern Quoten an eis Statuten) anzeféieren.

An ech wëll mech och hei beruffen zum Beispill op d'Jeunesse démocrate et libérale, déi ass och schonn hei genannt ginn, dat ass eis Jugendorganisatioun, déi hu sech effektiv géint d'Aféierung vu Quoten ausgeschwat. A wësst Der, wien do de ferventste Géigner dervu war? Ma dat war eist weiblecht Geschlecht an der Jugendorganisatioun. Och dat seet also eppes aus.

Da wëll ech awer och emol e bësse Statistik maachen, wat d'DP ubelaangt.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Lauschtert elo emol gutt no! Lauschtert emol gutt no! Mir hate bis elo dräi Presidentinnen: d'Colette Flesch, d'Lydie Polfer an haut d'Corinne Cahen.

Mir hunn de Moment sechs exzellent Deputéiert aus dem Zentrum hei sëtzen. Dann zielt emol! Dovunner si véier Dammen. An da kënnt et: 2005…

Une voix.- E Glécksfall!

(Brouhaha)

M. Gusty Graas *(DP)*.- 2005…

Une voix.- Lauschtert no!

M. Gusty Graas *(DP)*.- 2005… Lauschtert emol no! 2005 hat d'Demokratesch Partei hei an der Stad bei de Gemengewahlen 11 Sëtz kritt! Dovunner dreemen der vill heibannen.

(Hilarité)

A vun deenen 11 Sëtz waren 8 Dammen. Aacht!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Wat hutt Dir eng Chance!

M. Gusty Graas *(DP)*.- An dat ouni Quot! Mir hätten héchstens missen eng Quot aféieren, datt net esou vill Dammen dierfte gewielt ginn.

(Interruption par Mme Nancy Arendt)

Ech wëll just soen, dat beweist ganz kloer, datt mir eng Partei sinn, déi de Fraen all Méiglechkeeten zur politescher Entwécklung zouléisst, an datt d'Fraen och kënnen innerhalb der DP réusséieren. D'Statistik,…

Une voix.- Très bien!

M. Gusty Graas *(DP)*.-…wéi gesot, beweist dat ganz kloer.

(Brouhaha général)

Ech wëll domadder awer och ganz däitlech hei ënnersträichen,…

(Brouhaha général)

Ech wëll awer domadder och ganz däitlech hei ënnersträichen, datt et evident ass, datt Efforte musse gemaach ginn, fir datt d'Fraen nach verstäerkt um politesche Prozess sollen deelhuelen.

Et ass ze bedaueren - dat ass richteg! -, net nëmmen hei, och an de Gemengeréit, an de Schäfferéit feelt et oft u Fraen. An et ass ganz kloer, wann d'Fraen an der Politik géife feelen, da wär d'Politik u sech nach vill méi eesäiteg. An och dat soll ganz däitlech an éierlech hei gesot ginn. Fraen hu vläicht oft méi eng positiv Sensibilitéit, fir Décisiounen ze huelen. An dowéinst ass et evident, datt och mir wäerten e Maximum un Efforte maachen an och ënnerstëtzen, fir, wéi gesot, zousätzlech Fraen um politesche Liewen deelhuelen ze loossen.

Ech wëll dann och op eng Etüd nach ze schwätze kommen aus dem Joer 2008. Déi hat d'Europäescht Parlament gemaach. Do ass et och ëm Quote gaangen. An aus Paritéitsgrënn wëll ech elo véier Haaptargumenter derfir zitéieren a véier Haaptargumenter dergéint. Wéi gesot, déi kommen aus der Etüd.

Déi dergéint - fänke mer mat deenen un! -: Et gëtt zum Beispill ënner anerem gesot, bei der politescher Representatioun géif et virrangeg ëm d'Vertriedung vun Iddien an Interesse goen, also net ëm d'Representatioun vu Geschlechter oder soziale Gruppen.

En zweet Argument, wat dergéintschwätzt, fir Quoten anzeféieren: D'politesch Representatioun ass eng Fro vu Kompetenz.

Drëttens: Quote sinn ondemokratesch; well de Wieler d'lescht Wuert huet, soll hien am Fong geholl décidéieren, wien hie vertrëtt.

Véiertens: Vill Frae wëllen net gewielt ginn, just well se eng Fra sinn. De Verdacht gëtt méi grouss, eng Fra, wa se e Mandat kritt huet, wär just gewielt ginn, well se ebe weiblech ass.

Dann, wéi gesot, fir objektiv ze bleiwen, awer och véier Argumenter, déi derfirschwätzen. Ech zitéiere wéi gesot aus der Etüd.

Quote si keng Diskriminéierung géint eenzel Männer. Si schränke just d'Tendenz vun de Parteien an, nëmme Männer ze nominéieren.

Frae si genausou qualifizéiert wéi Männer, awer hir Fäegkeete ginn oft vun engem vu Männer dominéierte System minimiséiert.

D'Abezéiung vu Fraen dréit zum Demokratiséierungsprozess bäi.

Véiertens: Politesch Gremie sollen déi gréisste sozial Gruppe vun der Gesellschaft duerstellen, ëmsou méi d'Gesellschaft zu der Halschecht aus Frae besteet.

Do gesäit een also, wéi d'Aféierung vu Quoten hei kontrovers diskutéiert gëtt. An eppes, ech mengen, bei aller Sachlechkeet, muss een awer hei ënnersträichen: Keen - keen! - soll fir sech hei elo awer d'Recht eraushuelen a mengen, Jo zu Quote wär déi eenzeg Léisung, an Nee zu Quote wär och déi eenzeg Léisung.

Et däerf een dann och net vergiessen, datt d'Aféierung vu Quoten natierlech och negativ Konsequenze fir de parteiinterne Fonctionnement ka matbréngen. Ech soen „kann"! Well awer d'Gefor zum Deel och besteet, datt eben deen een oder deen anere Kandidat muss zréckstoen, ebe bedéngt duerch d'Quoten. Dat kann also, wéi gesot, och zu Spannunge féieren.

Datt an dësem Projet elo d'Quot bemiess gëtt op dem Total vun de Kandidaten - also ech schwätzen elo emol da vun de Chamberswahlen -, datt déi véier Bezierker global gesi ginn, doriwwer kann een diskutéieren. Ech mengen awer, datt dat zu dësem Zäitpunkt net onbedéngt eng schlecht Décisioun ass.

Sécher, an och dat soll hei ënnerstrach ginn, et besteet keng direkt Obligatioun fir eng Partei, fir Quoten anzeféieren. Allerdéngs och do solle mer eis kengen Illusiounen higinn: Et entsteet e gewëssenen Drock. An dee wäert natierlech ënnert de Parteien dann och vergréissert, verstäerkt ginn, fir dat awer och ze respektéieren. Natierlech, wéi gesot, datt dat awer och mat engem finanziellen Ausfall verbonnen ass, wäert och dann awer zu gewëssene Konsequenze féieren.

Et gëtt jo gäre behaapt, datt d'Aféierung vun de Quoten och d'Konsequenz wär vun de sougenannte Parteistrukturen, well d'Fraen do net oft genuch Fräiraum hätten, sech ze entwéckelen, well d'Dominanz vun de Männer ze grouss wär.

Ech wëll do dann awer och emol eng Kéier eng Statistik hei virbréngen. An zwar geet et hei ëm d'Gemengewahlen, d'Majorzgemenge vun 2011, wou jo am Prinzip keng Lëschten, keng Parteie matspillen - mat ganz wéinegen Ausnamen. Do hate mer 857 Kandidaten. Dovunner ware just 167 Fraen. Dat waren 19,49%. A kenger Gemeng - a kenger Gemeng! - ware méi wéi 50% weiblech Kandidaten. A just zwou Gemengen, dat ware Biwer a Bous, goufen et genau 40% Fraen, déi also theoretesch dann elo schonn d'Quot erfëllt hätten, déi mer dann haut décidéieren. An an zwou Gemengen, dat waren Noumer a Wal, ass keng eenzeg Fra ugetrueden. An 13 Gemenge ware just 10% oder souguer manner Fraen.

Déi Zuele soen also eppes aus. Dat soll och elo guer net polemesch hei wierken. Mä déi Zuelen ënnersträichen, datt also dat Argument, fir an éischter Linn d'Parteien duerzestellen, wéi wa si schold wären, datt d'Fraen net genuch Entfalungsméiglechkeeten hätten, dat gëtt also och duerch déi heite Statistik zum Deel widderluecht.

An da wëll ech awer eppes ganz éierlech an däitlech hei soen:

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ja?

M. Gusty Graas *(DP)*.- Den 8. Oktober…

(Hilarité)

Dir sidd net méi concernéiert, Här Gibéryen! D'nächst Joer si Gemengewahlen. Dir sidd nach concernéiert als Wieler. À moins, datt Der erëm matgitt? Et kéint jo emol sinn.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wie weess!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Wie weess! Wie weess! Mä ditt Ärer Gemeng dat net un!

(Hilarité générale)

Mä loosse mer awer elo och emol ganz éierlech sinn! Ech mengen,…

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Vu mengem Resultat, dat ech hat an der Gemeng, kënnt Dir nëmmen dreemen zu Beetebuerg!

(Hilarité)

M. Gusty Graas *(DP)*.- D'Fro stellt sech, ob net Schäffen an enger gréisserer Gemeng awer mindestens esou gutt ass wéi Buergermeeschter a méi enger klenger Gemeng. Mä…

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Bon!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou, elo komme mer erëm op eise Projet zréck!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- De männlechen Éiergäiz!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Graas, loosst lech net provozéieren!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Neen, neen, neen, do muss nach vill méi passéieren.

Den 8. Oktober d'nächst Joer si Gemengewahlen. Et sinn eng ganz Rei Kolleeginnen a Kolleegen heibannen, déi do implizéiert sinn, déi och elo schonn éischt Efforte maachen, fir Lëschten zesummenzesetzen. A loosse mer do emol ganz éierlech sinn! Mat Ausnam vläicht vun de Kolleege vun der CSV wäerte sämtlech Parteien, an ech soen et ganz éierlech och fir meng Partei, Problemer kréien, a sämtlechen, sämtleche Proporzgemengen eng voll Lëscht zesummenzekréien. Deen, deen eng voll Lëscht a sämtleche Proporzgemengen zesummekritt, dee soll hei de Fanger ausstrecken! Also, dat ass emol dat Éischt.

Wa mer also an enger zweeter Phas géifen och elo vläicht dat ausdeenen op d'Gemengelëschten, da soen ech awer ganz éierlech, da musse mer awer virsiichteg sinn, well mir hu scho Problemer, fir Lëschten zesummenzekréien. Wa mer dann och nach eis selwer gewësse Fesselen uleeën, da brauche mer eis awer och net ze wonneren, datt et nach méi schwéier gëtt. An ech soen dat an aller Däitlechkeet hei, well ech selwer och implizéiert sinn! Mir ass dat egal, wa bei deene 15 Kandidate 7 oder 9 oder 13 vun engem Sexe sinn. Ech hätt och léiwer, et wär eng Proportioun do, mä loosst mer ganz éierlech sinn: Mir wëssen, datt et immens schwéier gëtt, fir ëmmer méi Leit ze begeeschteren, fir aktiv Politik ze maachen, a besonnesch um Gemengeplang. An all déi Kolleegen a Kolleeginnen, an et sinn der jo genuch heibannen, déi kënne mer do mat Sécherheet net onrecht ginn.

Dowéinst, wéi gesot, an ech kann och do am Numm vu menger Partei schwätzen, si mir op alle Fall nach vill méi retizent, soudatt mer net och elo nach um kommunalen Niveau dat wëllen an enger spéiderer Phas aféieren, well ech weess, datt jo Eenzelner heibanne mat där Iddi ronderëmginn. Et ass hiert gutt Recht. Mä ech gleewe kaum, datt eng Demokratesch Partei eng Kéier wäert bereet sinn, och do d'Ënnerstëtzung ze ginn.

Wat jiddefalls ënnert dem Strëch kloer ass, ech mengen, dat ass och aus där Interventioun hei erauskomm, ass, datt mir als DP versichen, e Maximum ze maachen, fir datt mer méi Fraen derzou animéiert kréien, fir um politesche Plang aktiv ze ginn. Natierlech geet et net nëmmen duer, iwwert deen heite Wee déi Ziler ze erreechen, mir mussen och de gesamte Kader verbesseren. D'Frae musse méi Méiglechkeete kréien, och hir Fräizäit fir d'Politik hierzeginn. Mir wëssen, datt, an dat ass nach ëmmer eng Tatsaach, vill Fraen awer méi ënnert der Duebelbelaaschtung leide wéi vläicht Männer.

Duerfir ass zum Beispill elo déi Modifikatioun vum Congé parental an déi richteg Richtung gaangen. Hei kann een nach méi eng Opdeelung maachen zwëschen deenen Obligatiounen, déi een um Niveau vum Familljeliewen huet, wat och géif da méi Fräiraum fir d'Fraen zum Beispill zur Verfügung stellen. Dowéinst huet d'Regierung och do eng gutt Décisioun geholl.

Ech gi ganz éierlech zou hei, datt d'Demokratesch Partei vun deenen dräi Koalitiounspartner, wat de Vott vun deem Gesetz hei ubelaangt, déi mannsten Euphorie wäert verspreeën. Mir sinn awer do ganz éierlech a mir bleiwen an eiser Linn. An ech soen dat och an aller Kloerheet, an aller Däitlechkeet hei: Jo, d'DP huet ëmmer erëm gewësse Reserven ugemellt, wat d'Aféierung vu Quoten ubelaangt. Jo, d'DP wäert mat Sécherheet an hire Statute keng Modifikatioun virhuelen. Wat allerdéngs net ausschléisst, datt d'DP sech selbstverständlech zu där ganzer Problematik hei Gedanke gemaach huet, wat eis am Fong geholl och derzou verleet, fir dat hei ze ënnerstëtzen, och wa mir dat vläicht net am fënnefte Gang maachen. Dat ass virun allem awer och, datt et zu dësem Zäitpunkt eng Méiglechkeet gëtt, awer eng Verbesserung unzestriewen.

An ech verweisen och virun allem op den Artikel 3 vum Gesetz, wou jo kloer drasteet, datt awer och eng Kéier soll e Bilan gemaach ginn. An dat ass fir eis ausschlaggebend, an da soen ech awer ganz éierlech, da muss en eeschte Bilan gemaach ginn, well d'Hoffnung besteet jo, datt vläicht eng Kéier déi gesetzlech Quoten iwwerflësseg ginn.

Dat ass am Fong geholl och, firwat datt et fir eis zu dësem Zäitpunkt méiglech ass, dat Gesetz hei matzedroen. Mir stinn derhannert, net nëmmen, well mer dee Koalitiounsaccord matgedroen hunn, well mer zu dësem Zäitpunkt et als eng vun deenen eenzegen Alternative gesinn hunn. Et gëtt nach aner Optiounen. Mä, wéi gesot, nach eng Kéier, mir mussen awer dann no e puer Joer eng Kéier e richtege Bilan maachen an dann och bereet sinn, vläicht gewëssen Adaptatioune virzehuelen.

An deem Sënn, wéi gesot, e leschte Saz nach: Et geet net nëmmen duer, datt mer légiféréieren, mä mir mussen dobaussen och nach vill méi Opklärungsaarbecht maachen. Ech wëll och hei déi Initiativ ernimmen, déi de Ministère mam Syvicol gemaach huet, zum Beispill, fir erauszegoen, fir mat de Fraen ze diskutéieren, fir de Fraen d'Angscht ze huelen, Politik ze maachen. Net nëmmen de Fraen; et gëtt och Männer, déi Angscht hunn, fir Politik ze maachen. An dorobber solle mer och an Zukunft nach vill méi opbauen.

An deem Sënn, wéi gesot, gëtt d'DP d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz. An ech profitéieren awer och nach vun der Geleeënheet, fir dem Marc Angel Merci ze soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Graas. Dat war e laange Saz!

(Hilarité)

An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Josée Lorsché fir déi gréng.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Artikel 11 vun eiser Constitutioun steet Folgendes: «Les femmes et les hommes sont égaux en droits et en devoirs. L'État veille à promouvoir activement l'élimination des entraves pouvant exister en matière d'égalité entre femmes et hommes.»

Äänlech Artikele stinn och an der Fraerechtskonventioun vun de Vereenten Natiounen aus dem Joer 1979, an der Deklaratioun vu Peking, och vun de Vereenten Natiounen, aus dem Joer 1995, am europäeschen Traité vun Amsterdam aus dem Joer 1997 an, net ze vergiessen, am Rapport vun der Constitutiounskommissioun vum Europäesche Parlament aus dem Joer 2013, déi d'Memberstaten an déi politesch Parteien dozou opgefuerdert huet, fir eng besser Vertriedung vun de Fraen op de Kandidatelëschten ze suergen.

Kuerz gesot verlaangen dës Texter also alleguer datselwecht, an zwar, datt de Stat aktiv géint all Hindernis virgeet, wat der Gläichheet tëscht de Fraen an de Männer am Wee steet. A ganz genee dat do ass d'Zil vun dësem Projet de loi.

Ech fänken u mat deem méi ëmstriddenen Deel, deen d'Aféierung vun enger Quot vu 40% fir dat ënnerrepresentéiert Geschlecht op den nationale Wahllëschte virgesäit. Domat geet Lëtzebuerg op deeselwechte Wee wéi 54 aner Länner, déi scho méi laang gesetzlech festgeluechte Quoten hunn, nieft 23 anere Länner, an deenen et am Parlament reservéiert Plaze fir d'Frae gëtt.

Et kann een also net behaapten, datt Lëtzebuerg an dëser Fro Virreider ass. Mä mir sinn awer frou, datt mir net op der Plaz stoe bleiwen.

Och wa mir als Gréng zanter Jorzéngte scho méi wäit gi wéi dëst Gesetz a carrément op all eise Lëschten fir all Wahlen op paritéitesch Lëschte setzen, kënnt Dir Iech awer virstellen, datt mir mat dësem Projet de loi voll a ganz averstane sinn. Ëmmerhi gëtt domat e Grondprinzip an eng laangjäreg Fuerderung vun deene Grénge gesetzlech verankert.

A mir begréissen och, Madamm Minister, datt Dir de Courage hat, dat waarmt Eise vun de Quote konsequent unzepaken an op ville Plazen ëmmer erëm drop higewisen hutt, wéi wichteg se sinn.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Schonn alleng déi klassesch Argumentatioun, datt Quote kee Sënn maachen, well d'Kompetenz zielt an net d'Geschlecht, weist, wéi wichteg dëse Projet de loi ass. E bitt näämlech eng gutt Geleeënheet, fir d'Fro vun der Kompetenz och dann ze stellen, wann et ëm d'Männer geet.

Une voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Virun allem bitt dëse Projet de loi awer d'Geleeënheet, sech iwwerhaapt emol eeschthaft mat der Fro ze beschäftegen, ob d'Kompetenz wierklech ëmmer den entscheedende Kritär ass, fir eng Lëscht ze besetzen, a wat dat Wuert Kompetenz iwwerhaapt bedeit.

Heescht et éiren, datt een e besonneschen Diplom an der Täsch muss hunn? Oder heescht et, datt een d'Politik an d'Wéi geluecht kritt huet, well d'Virfahre scho Politiker waren? Heescht et, datt ee selbstbewosst optriede kann a schlagferteg ass? Datt ee séier an Dossieren eraklamme kann a séier kappéiert? Oder heescht et, datt een eng grouss Beruffserfahrung matbréngt, eng grouss Allgemengbildung an e staarkt Interesse u politeschen Themen? Oder heescht Kompetenz net einfach, datt ee bereet ass, Verantwortung ze iwwerhuelen, datt een Ausdauer beweise kann a léierfäeg ass?

Une voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn eis eens: Kompetenz ass weder nëmmen dat eent nach nëmmen dat anert. Kompetenz ass eng Mëschung vu ganz verschiddene Qualitéiten. An déi Qualitéiten deele sech gläichermoossen op d'Männer an op d'Fraen op.

An et si grad dës Qualitéiten, Dir Dammen an Dir Hären, déi de mënschleche Räichtum an d'Diversitéit vun eiser Gesellschaft ausmaachen. An duerfir gi se och an der Politik gebraucht.

An deem Sënn ass dat klassescht Argument, datt d'Kompetenz zielt an net d'Geschlecht, vill ze vill ondifferenzéiert. Et ass eigentlech e bequeme Virwand, fir sech guer net mat deem Begréff auserneenzesetzen, oder vläicht och, fir just u seng eege Kompetenz ze denken.

En anert Argument, wat och oft benotzt gëtt, fir verbindlech Quote schlechtzerieden, ass dat, datt dës Regelung ze vill diktatoresch ass an d'Fräiheet vun de Parteien ze vill aschränkt. An där Logik wier et méi demokratesch - et ass gesot ginn -, op d'Fräiwëllegkeet vun de Parteien ze setzen an hinnen dann zouzegestoen, eng intern Quoteregelung anzeféieren. Also näischt anescht wéi dat, wat mer souwisou schonn hunn, dëst wa méiglech awer nach verbonne mat engem finanzielle Boni fir déi Parteien, déi eng Mindestquot respektéieren, esou wéi d'Sylvie Andrich vun der CSV sech dat hei gewënscht huet.

Als Gréng gesi mir dat anescht. Éischtens ass et net am Sënn vun der Regierung, déi staatlech Zouschëss fir d'Parteien ze erhéijen - well dat géif et jo da bedeiten -, wann op där anerer Säit iwwerall vu spuere geschwat gëtt. Zweetens gesi mir och net an, firwat ee soll belount ginn, wann ee sech u kloer definéiert gesetzlech Virgaben hält. An där Logik misst ee jo dann och belount ginn, wann ee bei engem Stoppschëld stoe bleift.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Mam Pacte Logement kann een dat net vergläichen, well de Wuesstum vun de Gemengen net un Zuelen an u gesetzlech Virgabe gebonnen ass. Och do geet et just, wéi d'Gemenge sech et virstellen.

Fir eis gëtt et also just eng Optioun, an déi nennt sech Gesetz, an zwar en normaalt Gesetz, wat grad wéi aner Gesetzer Sanktioune virgesäit, wann ee sech net drun hält. Firwat? Well d'Geschicht vun der Fraebewegung längst bewisen huet, datt et ouni Gesetzer net geet. Dat ass net nëmmen d'Erfahrung aus de leschte Jorzéngten, dat ass d'Erfahrung aus dem leschte Jorhonnert, wou kee Wee laanscht e Gesetz gefouert huet, fir an der Fro vun der Gläichberechtegung vum Fleck ze kommen.

Just e puer Beispiller:

- Dat war esou bei der gesetzlecher Aféierung vum Recht vun de Fraen op Bildung am Joer 1911.

- Dat war och esou bei der Aféierung vum Suffrage universel a vum Wahlrecht vun de Fraen, wou den Här Graas schonn drop agaangen ass. Och dat Recht ass net just mat guddem Wëllen zustane komm, mä duerch zwou Verfassungsännerungen, déi nach iwwert dem Gesetz stinn.

Interessant ass an deem Kontext, wéi scho gesot, datt d'Wahlrecht vun de Fraen an der Chamber just mat 39 Jo-Stëmme géint 11 Nee-Stëmmen an enger Enthalung duerchgesat ginn ass. Och schonn deemools huet d'Recht op Gläichberechtegung also net jiddwereen iwwerzeegt.

Domat war et awer net gedoen, well weider Gesetzer néideg waren, fir d'Fraen am Joer 1927 bei Zivillstands- an Notairesakten als Zeien unzëerkennen a fir déi zivillrechtlech Gläichstellung vu Fraen a Männer 1972 am Bestietnis anzeféieren, respektiv gläich Rechter bei der Scheedung ze kréien; dat war am Joer 1974. An och domat war nach net all Problem geléist.

Donieft huet 1968 och d'Coéducatioun vu Fraen a Männer am Enseignement misse gesetzlech geregelt ginn, fir de Fraen endlech déiselwecht Bildungschancen ze ginn. An net zulescht huet am Joer 1981 och nees e Gesetz misse geschafe ginn, fir de Fraen dee gläichberechtegten Zougang zu de Beruffer ze erméiglechen.

Mat Fräiwëllegkeet a mat engem Bonbon wieren all dës Fortschrëtter net zustane komm!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Mir sinn der Meenung, datt et net anescht ass beim gläichberechtegten Zougang zu de Wahllëschten, déi ëmmerhin d'Basis duerstelle vun eisem Wahlsystem an e wichtegt Element si vun eiser Demokratie. Och do ass e Gesetz dat eenzegt wierksamt Instrument, fir gerecht Zoustänn ze schafen.

Gewëss, d'Quot ass keen Allheelmëttel an et ass och net „der Weisheit letzter Schluss". Si mécht awer Schluss mat engem Zoustand, deen net am Aklang steet mat eiser Konstitutioun. An deem Sënn huet den Heribert Prantl, Chefredakter fir Bannepolitik vun der „Süddeutsche Zeitung", d'Quote mat Äermercher verglach, déi eng Gesellschaft brauch, fir um Niveau vun der Gläichberechtegung schwammen ze léieren.

Dat heescht, d'Quote sinn net d'Zil, mä d'Quote sinn de Wee. Aus all deene Grënn, mä och wéinst deene positiven Erfahrungen, déi déi gréng scho gemaach hunn, schwätzt fir eis näischt géint d'Aféierung vu Quoten - och bei de Gemengewahlen, natierlech an enger zweeter Etapp a mat engem neie Gesetz. Fir déi gréng Partei ass d'Gläichberechtegung näämlech e Prinzip an net eng Ausnam.

Dir Dammen an Dir Hären, datt d'Politikverdrossenheet sech ëmmer méi breet mécht an datt et aus ville Grënn net einfach ass, Lëschten ze besetzen, sou wéi den Här Graas et och beschriwwen huet virdrun, streide mir bestëmmt net of. Mir streiden awer of, datt et méi schwéier ass, Frae fir eng Kandidatur ze motivéiere wéi Männer. A mir streiden of, datt d'Frae musse forcéiert ginn, fir eng Lëscht ze besetzen. Eng Briechstaang hu mir nach ni benotzt a si gëtt och net gebraucht. Dat ass ganz einfach e Mäerchen an e ganz bequeemt Argument, fir d'Quote lächerlech ze maachen.

Natierlech stellt d'Conciliatioun vu Famill, Beruff a politeschem Engagement besonnesch fir d'Fraen e groussen Défi duer, deen net einfach ze meeschteren ass. Dat erliewe mer all. Et steet awer fest, datt d'Fraen deen Défi, fir an d'Politik anzetrieden, ëmsou besser meeschteren, wat d'Männer méi Verantwortung fir d'Famill iwwerhuelen.

Eng net onwesentlech Roll spille bei der Opstellung vun de Lëschten awer och d'Hierarchien innerhalb vun de Parteien, grad wéi d'Parteileedungen, déi entweder bereet sinn, déi traditionell Rollebiller opzebriechen an der Gläichberechtegung méi Gewiicht ze ginn, oder eben net. D'Reuniounen, déi d'Madamm Minister am Kontext vun de Gemengewahlen zesumme mam Syvicol organiséiert huet, waren an där Fro ganz opschlossräich an hunn zu ganz genee deenen dote Konklusioune gefouert.

Ech kéim dann zum zweete Volet vum Gesetz, dee virgesäit, de Prinzip vum gläiche Loun fir gläich Aarbecht am Code du travail ze verankeren. De Rapporteur Marc Angel huet schonn all Moossnamen am Detail erkläert, an duerfir wierklech e grousse Merci. Ech wäert se net widderhuelen. All dës Moossname sinn an eisen Ae wichteg a richteg. Si gi wahrscheinlech awer net duer, fir déi hartnäckeg Lounschéier tëscht Fraen a Männer am Privatsecteur definitiv ze behiewen.

D'Ursaache vun dëser Ongläichheet sinn näämlech ganz komplex an d'Léisungsusätz doéinst net manner. Fir d'Éischt wëll ech emol betounen, datt de Problem vun den ongläiche Léin net ëmmer beim schlechte Wëlle vum Employeur läit, mä beim urale Reflex vun eiser Gesellschaft, d'Aarbecht vun de Fraen als manner wäertvoll unzegesi wéi déi vun de Männer. Domat ginn ech der Madamm Anik Raskin vum Conseil national des femmes vollkomme recht.

Donieft gëtt et och ëmmer méi Betriber, déi drop aus sinn, sech um Niveau vun der Diversitéit, der Egalitéit an der sozialer Verantwortung auszezeechnen, a vill vun hinne bréngen dat och fäerdeg. Stéchwierder: Charte de la diversité, Actions positives, Plan égalité, Responsabilité sociale des entreprises, an anere Wierder RSE.

De Revers vun der Medail ass awer bekanntlech deen, datt nach laang net alles perfekt ass an och net esou séier perfekt gëtt. Et ass, wéi gesot, e ganz komplexe Problem mat villen Ursaachen.

Éischtens gi mir emol dovun aus, datt vill Lounongerechtegkeeten net erkannt ginn, ganz einfach well et sech an eiser Gesellschaft net passt, iwwert d'Akommes ze schwätzen. Zu deem Akommes gehéieren net nëmmen de Salaire de base, mä och aner finanziell a materiell Virdeeler, wéi zum Beispill Betribsween, déi deenen engen och an der Fräizäit zur Verfügung gestallt ginn, deenen aneren net. Dozou gehéieren och Primmen a Gratifikatiounen, déi nach laang net ëmmer op méi Aarbecht oder méi Responsabilitéit berouen, mä éischter op guer net noweisbare Leeschtungen.

Zweetens hunn och nëmmen déi wéinegst Salariéen Zougang zu Informatiounen iwwert d'Lounstruktur an hirem Betrib a kënnen deemno guer net jugéieren, ob hire Loun gerecht ass par rapport zu deenen aneren.

Drëttens ass et och esou, datt virun allem allengerzéiend Fraen iwwerhaapt emol frou sinn, eng Aarbechtsplaz ze hunn, déi et erlaabt, Famill a Beruff mateneen ze verbannen, mam Resultat, datt se léiwer drop verzichten, sech mat Lounkämpf eng bluddeg Nues ze huelen.

An doudsécher ass et och esou, datt nëmmen déi wéinegst Salariéé sech trauen, bei der ITM géint hiren Employeur virzegoen. D'Angscht, duerno am Betrib diskriminéiert ze ginn, ass näämlech oft méi grouss wéi d'Hoffnung, duerno méi ze verdéngen.

All dës Facteuren, Dir Dammen an Dir Hären, a vill anerer, féieren eiser Meenung no dozou, datt d'Kultur vun der Egalitéit an de Léin an de Betriber net esou séier Fouss faasst, wéi mir eis et alleguer wënschen. Eng wichteg Konditioun, fir d'Situatioun ze verbesseren, besteet eiser Meenung no doran, méi Transparenz an d'Lounstrukture vun de Betriber ze bréngen, fir datt systematesch Kontrollen iwwerhaapt emol méiglech sinn.

An der aktueller Situatioun kënnen dës Kontrollen doudsécher net vun der ITM assuréiert ginn, well et um néidege Personal feelt. Den Här Minister huet an der Kommissioun gesot, datt eigentlech e puer Honnert Leit missten agestallt ginn, fir déi Kontrolle systematesch kënnen duerchzeféieren. Ech mengen awer net, datt de Wëlle besteet, fir dat ze maachen, an ech weess och net, ob dat de richtege Wee wier.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mir mengen awer, a mir sinn och frou driwwer, datt aner Kontrollinstrumenter entwéckelt musse ginn, fir d'Lounstrukturen an de Betriber besser ze kontrolléieren an domat de Lounongerechtegkeete vun Ufank u virzegräifen. Et geet net duer, datt Kontrolle just op Fräiwëllegkeet baséieren.

An deem Sënn ënnerstëtze mir als gréng Fraktioun net nëmmen dëse Projet de loi, mä all weider Initiativ vun der Regierung, déi fir méi Gerechtegkeet suergt an de Lounverhältnisser, mä och an der Gesellschaft.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Lorsché. An den Här Gibéryen fir d'ADR ass scho prett.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut de Projet 6892, wou ech dem Kolleeg Marc Angel wëll Merci soe fir säi Rapport, e Projet, deen zwee Voleten huet: ee Punkt, wou mer de Code du travail änneren, wat d'Egalitéit vun de Gehälter tëschent Mann a Fra ubelaangt, an en zweete Volet, dee Quoten aféiert bei de Kandidatelëschte fir d'Chamber an d'Europaparlamentswahlen. Bei de Chamberwahle musse 40% vun all Sexe drop vertruede sinn a bei den Europawahle 50%. Déi Partei, déi dee Prozentsaz net respektéiert, kritt am Kader vun der Parteiefinanzéierung hir Montante gekierzt.

Ech wëll mech am Ufank fir d'Éischt mat deem zweete Volet, näämlech wat d'Quoten ubelaangt, befaassen. D'ADR war nach ëmmer géint Quoten a mir haten dat och all Kéier an eise Wahlprogrammer stoen. Esou am Wahlprogramm 2013: D'ADR schwätzt sech fir e faire politesche Wettbewerb aus a leent duerfir all Aart vu Quoten oder aner Aschränkunge vum fräie Wielerwëllen of.

Mä och an der ADR hunn d'ADR-Frae sech ëmmer kloer géint eng Quoteregelung ausgeschwat. Esou hunn nach den 30. September 2015 d'ADR-Frae geschriwwen: „D'ADR-Frae schwätze sech ausdrécklech géint d'Quoten aus, sief dat an der Politik oder am Beruff. Déi perséinlech Fäegkeeten a Kompetenzen eleng sollten de Kritär fir Auswiel a Beförderung sinn. Quote gi géint de Prinzip vu gläiche Rechter, ee vun de Grondprinzipie vun der Demokratie. Fir eng gerecht Behandlung ze garantéieren, sinn d'ADR-Frae géint d'Diskriminatioun vun enger Persoun, déi op hirem Geschlecht baséiert, sief se positiv oder negativ."

Mä net nëmmen d'ADR huet sech géint Quoten ausgeschwat, och d'Demokratesch Partei huet sech am Prinzip ëmmer géint Quoten ausgeschwat.

D'Madamm Polfer sot den 10. Mäerz 2010 heibannen an der Chamber: „Mä, déi grouss Fro: Sinn et dann elo d'Quoten, déi esou oft an de Mond geholl ginn, déi wierklech kënnen hei d'Allheilmittel sinn? Ech soen do ganz kloer Neen. Neen! Firwat? Mä well se, esou wéi se hei gehandhabt ginn a wéi se elo de Mëtteg och schonn déi ganzen Zäit duergestallt gi sinn, einfach ineffikass sinn. Ech ginn lech nëmmen ee Beispill, an et ass scho genannt ginn. Et geet net duer, 50% oder och nach 30% Fraen op enger Lëscht ze hunn, wa se net gewielt ginn."

Ech mengen, d'Madamm Polfer huet dat ganz richteg gesot. Et geet net duer, datt ee Quote mécht a Fraen op eng Lëscht setzt; et ass nach ëmmer de Wieler, deen décidéiert. A wa mer kucken, datt mer bei de leschte Wahlen en héije Prozentsaz haten, deen héchste Prozentsaz vun iwwer 30% vu Fraen op de Lëschten, a mer awer festgestallt hunn herno beim Resultat, datt net esou vill Frae gewielt gi sinn, da beweist dat, datt déi Quoten näischt änneren un der Situatioun.

Mä net nëmmen d'Madamm Polfer huet dat gesot. Och den Här Grethen huet hei eng Kéier gesot, an zwar war dat schon 1997: „Här President, ech sinn net de Fraebeoptragte vun der Demokratescher Partei. Ech weess awer, datt besonnesch déi weiblech Membere vun der Demokratescher Partei sech vehement sougenannte Fraequoten opposéieren, well se et onwürdeg fannen, als Fra hire „Mann" nëmme kënnen ze stoen duerch positiv Diskriminéierung."

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer awer haut elo kucken, datt d'Demokratesch Partei dësem Projet de loi wäert zoustëmmen, da wëll ech och nach soen, datt eng aner eminent politesch Damm eng Kéier gesot huet: „Quoten ass eppes fir d'Kéi. A mir si keng Kéi, mir si Fraen."

A wann een dann haut gesäit, datt d'Demokratesch Partei dësem Gesetz zoustëmmt, da verstitt Der, Här President, datt ech déi Ausso weder kommentéieren nach Konklusiounen doriwwer zéie wëll aus Respekt vis-à-vis vun eise Fraen.

Här President, wann eng Partei esou e Sënneswandel mécht, wéi d'Demokratesch Partei dat hei mécht, da muss ee wëssen, datt dat de Präis ass vun enger fréierer liberaler Partei, wa se wëllt an eng lénksideologesch Regierung kommen.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, et kann een emol kucken, wivill Fraen da bei de leschte Wahlen op deenen eenzelne Lëschte kandidéiert hunn:

Déi meeschte Fraen hu kandidéiert bei eise Kolleege vun der grénger Partei, wou 29 Fraen an 31 Männer kandidéiert hunn, a si haten domadder eng Quot vun 48,3%.

Déi Zweet waren déi Lénk; déi haten der 28 géint 32. Dat war eng Quot vu 46,7%. Un drëtter Stell kënnt d'ADR: 24 Kandidaten entsprieche 40%; d'ADR hat 23 Kandidaten.

D'CSV war déi Véiert mat 19 Kandidaten. An d'Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei hat der nëmme 16 op hirer Lëscht an ass domat op der fënnefter Plaz gelant.

D'DP ass op sechster Plaz mat 15 gelant, wou awer dann de Beweis erbruecht ginn ass, datt, obschonn d'DP nëmme 15 Fraen op hirer Lëscht hat, der awer véier gewielt gi sinn a si domadder am Fong ouni Quoten am Verhältnis zu hire Mandater déi meeschte Fraen an der Chamber huet.

(Interruptions)

Här President, wann ee kuckt, datt d'Sozialisten op der fënnefter Plaz mat 16 Deputéiertekandidatinne bei 26,7% leien, da versteet een, datt eng sozialistesch Ministesch, déi sécherlech parteiintern Problemer huet, fir Fraen op d'Lëscht ze kréien, dann hei e Gesetz muss maachen, fir datt se dat iwwert de politesche Wee, iwwert d'Gesetz, duerchgesat kritt, wat d'Fraen an der Sozialistescher Partei selwer net duerchgesat kréien.

An och wann haut d'sozialistesch Fraen duerch d'Land on tour si mat enger sexistescher Posch, wou elo gesot gëtt als Ausried, dat wier just gewiescht fir ze provozéieren, dann hätt ech gäre gesinn, wann een anere mat esou enger Poscheniddi komm wier, mat esou enger sexistescher Posch, wéi dann d'Wellen héichgeschloen hätte bei de sozialistesche Fraen. Da wier sécherlech net vun enger Provokatioun geschwat ginn, mä da wier dat als eng sexistesch a frech Approche vis-à-vis vun de Fraen ugesi ginn. D'sozialistesch Fraen hätten duerfir besser, si géife bei hirer Parteileedung untrieden a sech do staarkmaachen, datt Fraen op d'Lëschte kommen, amplaz datt se esou Campagnen duerch d'Land maachen.

Et schéngt souwisou esou ze sinn, wéi wann an der Parteileedung, wann ech dat richteg interpretéieren, vun der LSAP nëmme Machoe géife sëtzen, déi keng Frae wéilten op d'Lëschten hunn. Well wann ech de Rapport vun eisem Rapporteur liesen, deen als eent vun den Argumenter opféiert, firwat mer Quote musse kréien, da schreift de Marc Angel a sengem Rapport: «l'inscription de quotas dans la loi aide à contourner la résistance des dirigeants traditionalistes masculins des partis» - en huet zwar geschriwwen „des partis", mä et kënnt nëmmen eng Partei a Fro, an dat sinn d'Sozialisten -…

(Exclamations)

…«en forçant la main à des élites récalcitrantes qui font obstacle à l'investiture et à l'élection de femmes candidates». Dat ass d'Meenung vun dem Rapporteur vis-à-vis vu senger Parteileedung, fir dëst Gesetz ze kréien. D'Sozialiste maachen also hei e Gesetz, well parteiintern hir Frae sech net duerchgesat kréie vis-à-vis vun hirer Macho-Direktioun.

(Interruptions)

Här President, et ass e lénksideologeschen Agréff an d'Fräiheet vun de Parteien a vun de Wieler. Et ass de Parteie fräigestallt an engem demokratesche Stat, hir Lëschten esou zesummenzesetzen, wéi si et fir richteg fannen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- A wann eng Partei wëllt higoen a seet: „Ma mir setzen nëmme Fraen op eng Lëscht" oder „mir setzen nëmme Männer op eng Lëscht", da muss dat där Partei hiert Recht sinn.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Elo gëtt gesot: „Ma et ass jo hiert Recht! Si kann dat maachen, mä awer mam Corollaire, datt se da keng finanziell Ënnerstëtzung kritt." Et ass also hei e politeschen Agréff an de System vun der fräier Wiel vun de Parteien, hir Kandidatelëschten esou opzestellen, wéi se wëllen.

An et ass och en Agréff an dem Wieler säi Recht. Well et ka jo och sinn, datt e Wieler géif eng Partei ënnerstëtzen, wou nëmme Fraen drop wieren, wann dat méiglech wier, wann déi e gudde Programm hätt. Mä elo kritt se gesot: Et mussen awer mindestens esou vill Männer do sinn. Si dierf zwar, wéi gesot, eng eege Lëscht maachen, mä si kritt keng finanziell Ënnerstëtzung.

Här President, meng Auer leeft net hei, ech weess net, wou ech dru sinn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Oh, ech kann lech soen: Dir hutt nach fënnef Sekonnen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Fënnef Sekonnen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo.

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Bon. Hei geet et elo ëm d'Parteiefinanzéierung. Firwat ass d'Parteiefinanzéierung agefouert ginn? Ma d'Parteiefinanzéierung ass agefouert gi fir d'Onofhängegkeet vun de Parteie vis-à-vis vun der Ekonomie, vis-à-vis vun der Wirtschaftslag. Dat war d'Ursaach. Et ass verbuede ginn, datt d'Parteien nach Done kréien, fir datt se kënnen onofhängeg hir Politik maachen an datt se net ënnert dem Drock oder Zwang oder mat der Hëllef vun iergendenge Wirtschaftszweige musse kënne fonctionnéieren.

An elo gëtt dat Gesetz mëssbraucht, fir hei d'Parteien ze sanktionéieren, déi net esou denken, wéi eng lénksideologesch Regierung mengt, datt d'Parteie missten denken.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat hei ass e Stach mat engem Dolch an de Réck vun eiser Demokratie. An duerfir kënne mir dat Gesetz hei net stëmmen.

Och wann de Gusty Graas seet, d'DP géif esou eppes net an hir Statuten abauen, ma, Här Graas, Dir braucht et net méi an d'Statuten anzesetzen, well Dir setzt et an d'Gesetz an. An duerfir brauch eng Partei et net méi an d'Statuten anzesetzen. Hei maache mer e Schrack. An ech kann lech soen, wann d'ADR sollt an eng nächst Regierung kommen…

(Exclamations)

…dann ass dat hei dat éischt Gesetz, wat an deenen éischte sechs Méint erëm ofgeschaaft gëtt!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha général et interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou, den Här Baum huet vun deem klengen Intermezzo profitéiert, fir op d'Tribün ze kommen. A just den Här Baum huet d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Här President, an der ideologescher Proximitéit huet mäi Virriedner jo, esou wéi den amerikanesche President a sengem Virwahlkampf, och schonn ugekënnegt, wat en alles den éischten Dag maache géif - a wat deen awer net alles gemaach huet.

(Hilarité et interruptions diverses)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Mir loossen et drop ukommen.

(Brouhaha général)

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Här President, dëst Gesetz huet effektiv…

(Coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also wann ech gelift keng Trompetten hei!

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Här President, dëst Gesetz huet zwee Voleten, vun deene leider deen éischten an der Diskussioun ze kuerz kënnt, well iwwert deen zweete vill ze vill polemiséiert gëtt. Beim éischte geet et drëm, datt eng Égalité salariale soll hiergestallt ginn am private Secteur, a beim zweete geet et ëm d'demokratesch Participatioun vu béide Geschlechter un de Wahlen.

Am éischten Deel soll de Prinzip vum gläiche Loun fir gläich Aarbecht, e wichtege Prinzip, elo definitiv am Code du travail festgehale ginn. Dat ass och néideg, wann ee gesäit, datt et effektiv 8% Lounënnerscheed haut nach ëmmer gëtt. Mir mussen eis awer, mengen ech, bewosst sinn, datt mat dem Aschreiwe vun deem Prinzip an de Code du travail déi Lounënnerscheeder och net verschwanne wäerten. Si sinn näämlech deelweis strukturell bedéngt och mat aneren Ursaachen zesummenhängend.

Besonnesch betraff, huet d'Salariatskummer geschriwwen,… Oder: Ee Facteur dovunner ass d'Deelzäitaarbecht. Et ass och natierlech e groussen Ënnerscheed, wann ee kuckt, wéi den Écart salarial ass tëschent de Geschlechter am Service public an am Service privé. A virun allem stellt ee fest, datt d'Frae meeschtens iwwerproportional a Secteure schaffe mussen, déi niddreg bezuelt sinn, also prekärer sinn, an déi dann nach eng Kéier dobäi eventuell Deelzäitaarbecht maachen. An et kënnt och aus där Statistik eraus, déi d'Madamm Duval virdrun zitéiert huet, datt och besonnesch staark d'Fraen aus Drëttlänner vun deenen Écarte betraff sinn.

Dat heescht, d'Fro vun der Bezuelung ass also net nëmmen eng Geschlechterfro, mä si ass och eng Klassefro, déi sech mat der Geschlechterfro nach eng Kéier amplifizéiert. Well et sinn dacks déi betraffe Fraen, déi an der Regel eng double oder eng triple Peine eigentlech erleiden.

E Paradebeispill duerfir ass de Botzsecteur, wou et Aarbechte gëtt, déi meeschtens vu Frae gemaach ginn, déi ënner Konditiounen, och haut nach ëmmer, schaffe mussen, datt se deelweis op dräi verschiddene Plage-horairen zu jeeweils zwou Stonnen op dräi verschiddene Plazen am Land musse schaffe goen, an déi dann och nach no zéng Joer Beruffserfahrung déi Beruffserfahrung net unerkannt kréien. Dat ass e flagrant Beispill, wéi effektiv den Écart salarial an d'Fro vun ongerechter Bezuelung vu Fraen eng Wichtegkeet huet an eng Realitéit an eiser Gesellschaft haut och nach ass. A leider ännert dorunner dat heite Gesetz och näischt.

D'Wichtegkeet vun deem éischte Volet hänkt awer och zesumme mat deene Méiglechkeeten an och deene Sanktiounsméiglechkeeten, déi geschafe ginn. An do muss kloer sinn, datt d'ITM Méiglechkeeten huet, fir dat doten ze kontrolléieren a fir da gegebenenfalls och Sanktioune kënnen auszeschwätzen.

Ee vun deene positiven Aspekter ass och, datt mer an deenen nächste Woche jo hei iwwert d'Gesetz „Détachement" schwätzen, wou explizitt drastoe kënnt, datt d'ITM och als Missioun kritt, den Droit du travail ze kontrolléieren, also notamment och déi dote Froen, déi mat der Bezuelung ze dinn hunn an déi mat den Aarbechtszäiten ze dinn hunn. An och - de Minister hat et ugekënnegt - waarde mer mat ganz freedeger Erwaardung op d'Propositioun vun der Reform vun der ITM, déi dann och nach soll, op jidde Fall emol no Áren Ukënnegungen, virgestallt ginn an deem nächste Joer.

Den zweeten Deel ass dann deen, deen hei fir gréisser Polemik gesuergt huet: eng Quot vu 40%. Am Gesetz steet: 24 Leit - Kandidaten oder Kandidatinnen - vu 60 vun all Geschlecht mussen op de Lëschte sinn. Also franchement: Eng Partei, déi dat net hikritt, déi huet aner Problemer.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- An der Praxis muss ee luewenswäerterweis soen, datt, wann een déi lescht Wahle kuckt, an den Här Gibéryen huet d'Zuele jo genannt, am stäerksten dovunner betraff déi grouss Vollekspartei sinn - d'LSAP, d'CSV -, déi dee Quorum d'lescht Kéier net haten an déi eigentlech jo dee gréisste Reservoir missten hu vu Kandidatinnen an déi mat dësem Gesetz och dee gréissten Effort musse maachen, wat luewenswäert ass.

déi gréng an déi Lénk, mir…

(Interruption)

…- an och den ADR - hätten d'Konditiounen erfëllt. Et sinn déi grouss Vollekspartei. An et sinn och déi, déi, mengen ech, mat dësem Gesetz zentral cibléiert sinn a wou et och wierklech eng verännerend Wierkung kann hunn.

Et muss een dann awer och soen, datt d'Quot selwer wéineg contraignant ass. Et gëtt näämlech keng Partei ausgeschloss. Et ginn och keng Lëschteplaze vakant gelooss, wéi dat bei anere Modeller vu Quoten de Fall ass. Dat Eenzegt ass: Et kritt een au prorata manner Suen aus der Parteiefinanzéierung.

Ass dat elo ondemokratesch? D'Parteiefinanzéierung huet dach och nach aner Contrainten: e gewëssenen Undeel pro Joer vun Eegekapital, dat ee muss hunn, soss riskéiert een d'Parteiefinanzéierung gestrach ze kréien. Zum Beispill ass dat een Element dovunner. Dat heescht, wann een iwwert de Wee fiert, wat mer eigentlech interessant fannen, fir et iwwert d'Parteiefinanzéierung ze maachen, ass et net nëmmen e ganz legalen, et ass virun allem och e ganz demokrateschen.

An eisen Nopeschlänner, a Frankräich, an der Belsch, kenne mer d'Quoten. Et gëtt och Quoten a Spuenien, Portugal, Slowenien. Et ass also wäit vu revolutionär, wat hei proposéiert gëtt. Et entsprécht awer enger reeller Noutwendegkeet grad wéinst deenen Zuelen, déi den Här Gibéryen genannt huet. Quote si sécher keen Allheilmëttel, dat wësse mir och, mä si sinn awer de Minimum, deen noutwendeg ass, fir iwwerhaapt gläich Chancë kënnen hierzestellen. A Quote sinn och net „fir d'Kéi", wéi Dir zitéiert hutt, Quote si fir d'Ochsen an de Parteien, déi nach ëmmer net begraff hunn, datt dat eng absolutt Noutwendegkeet ass, fir iwwerhaapt Chancëgläichheet hierzestellen!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Très bien!

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Quote sinn och en Deel vun enger ganzer…

(Interruptions diverses et coups de cloche de la présidence)

Här President, d'Geschicht vun der Fraebewegung, vun der Emanzipatioun, déi och zum Deel d'Geschicht vun der Aarbechterbewegung ass, huet sech alles erstreide missen. An ëmmer sinn Argumenter - scheinbar Argumenter - gefall, déi och nëmmen déi klengste Selbstverständlechkeet, wat fir eis haut natierlech ass, a Fro gestallt hunn.

Mir mengen, datt deen heite Modell à la limite, doduerch datt e wéineg contraignant ass, souguer nach hätt kënne méi wäit goen, näämlech konsequent 50% unzilen. Et stellt sech och d'Fro, wéi et weidergeet mat de Gemengewahlen. Dat soen ech als een, deen eng Partei representéiert, déi wahrscheinlech méi Problemer huet wéi den Här Graas, a ganz ville Gemenge voll Lëschten opzestellen. Mä och do stellt sech d'Fro: Wéi gi mer mat de Gemengewahlen ëm? Dat wäert sécher net an deenen nächsten zéng Méint geklärt ginn, mä dës Chamber wäert an deenen nächste Joren déi Fro och nach eng Kéier missen op de Leescht huelen, egal ënner wéi enger Konstellatioun.

Et ass richteg, datt de Chancëgläichheetsministère probéiert, eng Incitatiounscampagne ze maachen, wou eigentlech d'Parteien opgefuer-

dert ginn, selwer Initiativen ze huelen, fir méi Fraen op hir Lëschten ze kréien. Ech kommen awer och net derlaanscht, fir ze soen, datt dat éischt Beispill, wat mer bis elo do gesinn hunn - leider gesinn hunn - vun der „Madame on tour", eigentlech de Géigendeel vun deem ass an datt sech immens vill engagéiert Fraen aus alle Parteie just doriwwer opreege konnten a sech guer net doranner erëmfonnt hunn, well et just e stereotypéiert Geschlechterbild duergestallt huet an alles anescht ass wéi eng Invitatioun zur Participatioun.

Et ass och de Géigendeel vun deene positiven Initiativen, wéi zum Beispill „Boys' Day" oder „Girls' Day", wou ebe justement probéiert gëtt, déi Stereotyppen ze iwwerwannen. Hei gëtt leider mat anere Moyene geschafft.

Här President, meng Zäit ass esou gutt wéi ofgelaf. Am Résumé wëll ech Iech soen: Mir stëmmen dëst Gesetz. Mir hätten eis eventuell nach een oder zwee Elementer weider dra virgestallt. Mä et muss een op jidde Fall soen, datt mer effektiv duerch d'Aféierung vun där Quot hei zumindest en éischte wichtege Schrëtt an der Chamber gemaach hunn zu enger méi grousser Chancëgerechtegkeet. Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Baum. Mir sinn domat um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun, an d'Wuert huet elo d'Chancëgläichheetsministesch, d'Madamm Lydia Mutsch. Ech wëll just drop hiweisen, dass d'Regierung insgesamt eng Véirelstonn huet.

Prises de position du Gouvernement

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de l'Égalité des chances.*- No de Chamberwahle vun 1994 koumen 20% Fraen an d'Chamber. No de Chamberwahle vun 2013 koumen 23,3% Fraen an d'Chamber. 3,3% an 20 Joer! Mat deem Rythme de croisière brauche mer nach iwwer honnert Joer, bis mer wéinstens bei 40% ukomm sinn. Sou laang, Dir Dammen an Dir Hären, Här Chamberspresident, wollt dës Regierung net waarden.

«Le gouvernement engagera une politique ferme en faveur d'une représentation équilibrée entres femmes et hommes au niveau de la prise de décision. (…) le gouvernement interviendra à des niveaux où il pourra directement réduire le déséquilibre toujours existant, et ce malgré les efforts volontaires qui ont été proposés ces dernières années.» Do si mer am Kär vun der Diskussioun.

Neen, zu Lëtzebuerg gëtt et keng gesetzlech Hürden, déi eng Fra haut géifen dovunner ofhalen, fir politesch aktiv ze ginn. E rezente Sondage vu mengem Ministère weist, dass d'Frae selwer zu iwwer 80% der Meenung sinn, dass et Männer a Fraen an der Politik an och an de politeschen Décisiounsprozesser muss ginn an dass d'Fraen deen Job geneesou gutt maache kënne wéi d'Männer. D'Stereotyppe fänken an där Hisiicht also un, ëmmer méi aus de Käpp ze verschwannen, dass eng Fra fir d'Politik manner gëeegent wier wéi e Mann. An dat ass eng gutt Saach.

An awer geschitt et net vum selwen an d'Ongläichgewiicht bleift bestoen. Am Artikel 11, an en ass hei zum Deel schonn zitéiert ginn, vum Grondgesetz steet: «L'État veille à promouvoir activement l'élimination des entraves pouvant exister en matière d'égalité entres hommes et femmes.» Et kënnen an dierfen also Mesurë geholl ginn, och contraignanter, an dës Regierung mécht dat!

All drëtt Land an der Europäescher Unioun - 9 vun 28 - huet mëttlerweil de Wee vu gesetzleche Quoten ageschloen. Doduerch ass, fir nëmmen zwee Beispiller ze nennen, a Slowenien d'Zuel vun de Fraen am Parlament vu 17% 2011 op haut 38% an d'Luucht gaangen. An der Belsch ass dëse Pourcentage souguer vun 19,3% 1999 op haut 41,3% geklommen. D'Schreckgespenst vun de Quote fonctionnéiert also.

Ech hat gëschter d'Geleeënheet, a Slowenien mat menger Ministerkolleegin doriwwer ze schwätzen. A gleeft mer, d'Diskussiounen an hirem Land waren do am Ufank och net anescht wéi hei bei eis, a si waren och net méi dankbar fir déi implizéiert Politiker, déi doriwwer geschwat hunn a se ageklot hunn. Mä dass een alles wëllt maachen, fir méi schnell virunzekommen, doriwwer war ee sech bei hinnen eens, an ech mengen, doriwwer si mir eis och hei eens. En Accélérateur also, e Sprangbriet, eng Bréck, en Entréesbilljee.

Deem gëtt vu verschiddene Säiten entgéintgehalen, an et ass hei scho gesot ginn: Kompetenze brauche keng Quoten! Jo, et gëtt tatsächlech och bei eis Leit, déi keng Quote brauchen, déi zum Beispill, déi iwwer Sport oder Kultur scho bekannt sinn, oder zum Beispill déi, wou de Papp oder d'Mamm de Wee an der Politik scho preparéiert haten.

Mir mussen awer verstäerkt déi Fraen erreechen, déi déi Chance net haten, déi Fraen, déi hésitéieren, déi Loscht hätten, mä sech net trauen, déi sech selwer ënnerschätzen, wat mer schéngt eng chronesch Fraekrankheet ze sinn, déi vu sech aus net gesinn, wat alles an hinne stécht.

Ech schwätzen iwwerhaapt hei net vun engem Fräischäin. Sech fräischwamme muss ee scho selwer, a strampelen, fir dobäi ze bleiwen, jo, dat muss een och selwer maachen. Et ass e bësse wéi bei engem E-Bike: Et geet méi schnell an och e bësse méi liicht, mä et muss een awer nach selwer pedaléieren, fir de Bierg eropzekommen.

E méi équilibréierte Mix um Décisiounsniveau a méi Chancëgläichheet notzen eis all. Do sinn der eng ganz Rëtsch vun Iech, déi dat schonn hei gesot hunn. Och d'Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg muss sech dru moosse loossen, wéi e Kader si schaaft, dass Fraen a Männer gläichermoossen hir ënnerschiddlech a ganz verschidden Talenter, Kompetenzen an Interessen zesummen a complémentaire asetze kënnen.

Neen, och kee Papp fënnt et normal, dass seng Duechter bei gläicher Aarbecht manner verdénge soll wéi e männleche Kolleeg. Ech sinn dofir immens frou, dass ech zesumme mam Aarbechtsminister de Volet Loungläichheet an dëst Gesetz integréiere konnt. Och hei zu Lëtzebuerg gëtt et nach Differenze bei de Salairë vu Männer a vu Fraen. Domadder hu mir och an deem fir d'Chancëgläichheet esou wichtege Beräich vun der Loungläichheet Jalone gesat a wëllen an deenen nächste Méint e gemeinsamen Aktiounsprogramm presentéieren, dee mir och zesumme mat de Betriber wëllen diskutéieren.

Ech wëll haut op dëser Plaz, well mer zu zwee wëllen intervenéieren, Merci soe fir deen a mengen Ae ganz, ganz konstruktiven Débat, dee mer hei haten. Ech wëll och Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi an der Chancëgläichheetskommissioun geleescht gouf an och an der Aarbechtskommissioun, a virun allem och dem Rapporter fir säi flotten an interessante Rapport. An Iech alleguerte Merci fir déi flott Diskussioun vun haut.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Ministesch. An d'Wuert huet elo direkt den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, ech wëll mech natierlech deene Mercien uschléissen un all déi, déi un deem Gesetz hei geschafft hunn, besonnesch de Rapporteur, mä och un déi, déi déi Gesetzespropositioun iwwerholl hunn. Merci, datt mer haut kënnen dat Gesetz stëmmen.

Dat Gesetz iwwert d'Loungläichheet - ech empfannen et eigentlech als eng grouss Éier als Aarbechtsminister, esou e Gesetz haut der Chamber virzeleeën -, mécht et mech eigentlech frou a stellt et mech zefridden? Am Fong net! Well ech muss soen: Am Joer 2016 musse mer nach e Gesetz maachen, fir ze assuréieren, datt eng Fra deen nämlechte Salaire zegutt huet fir déi nämlecht Aarbecht wéi e Mann! Dat ass eigentlech eng Evolutioun, déi mech e bëssen traureg mécht.

Ech ka mer eigentlech schlecht virstellen - ech si Papp vu souwuel Jonge wéi Meedercher -, datt meng Meedercher manner Rechter hunn, wa se déi nämlecht Aarbecht maachen, wéi meng Jongen. An dat trëfft op vill vun Iech heibannen zou. An dat trëfft op ganz vill Leit am Land zou. Duerfir ass déi Saach eng Saach, déi ons all eppes ugeet. An duerfir ass déi Saach eppes, wou mer alleguer mussen dergéintstoen an derfir suergen, datt déi Ongerechtegkeet, déi fundamental Ongerechtegkeet endlech aus der Welt verschwënnt!

Déi Ongerechtegkeet ass an Europa nach kolossal: Méi wéi 16% trenne Männer a Fraen! Mir hei zu Lëtzebuerg hunn do relativ gutt opgeholl. Elo ass d'Statistik eppes, wat een esou oder esou ka gesinn. Och den Etablissement vu Statistiken ass ëmmer eppes Relatives. Ech stelle fest, datt Eurostat, no deene leschten Donnéeën, Lëtzebuerg als zweetbescht Land qualifizéiert, wat den Ënnerscheed zwësche Mann a Fra bei de Revenuen, bei de Gehälter, bei de Salairen ubelaangt. E Progrès, ouni Zweifel. Mir hu vill opgeholl. Dat waren iwwer 10% nach viru 15 Joer.

Mä musse mer wierklech nach eemol 20, 30, 40 Joer - net 100 Joer vläicht, wéi dat virdru gesot ginn ass -, 20, 30, 40 Joer waarden, bis déi Egalitéit stattfënnt? Dat kënne mer net akzeptéieren! An duerfir ass et wichteg, net nëmmen e Gesetz haut ze stëmmen, mä och wierklech derfir ze suergen, datt dat Gesetz ëmgesat gëtt.

A mir kommen eigentlech vu wäit: 1951 ass an der OIT eng Konventioun adoptéiert ginn, fir déi Gläichheet eigentlech festzeleeën. Mir hu scho bis 1967 gebraucht, fir déi Konventioun ëmzesetzen. Am Traité vu Roum, 1957, steet de Prinzip vu Gläichheet vu Mann a Fra beim Salaire dran. Mir hu 1974 dat iwwer e Reglement… Ech hu mech nach ëmmer gefrot, firwat datt dat eigentlech nëmmen e Reglement war, fir dat ëmzesetzen. An duerfir ass et och wichteg, datt mer haut e Gesetz aus deem Reglement maachen. Well dat war nëmmen e Reglement.

An an deem Reglement war zwar de Prinzip festgeluecht, mä et war net kloer: Wat geschitt dann eigentlech, wann dat net respektéiert gëtt? Da seet dat Reglement: Jo, d'ITM kann dat feststellen an da kann déi Partei, déi sech léséiert fillt, bei e Geriicht goen. Wat da geschitt, ob et Penalitéite gëtt, ob et Sanktioune gëtt, dat léisst dat Reglement absolutt op! An duerfir ass et wichteg, datt mer haut dat Gesetz stëmmen.

Mä, wéi ech virdru scho gesot hunn, e Gesetz geet net duer! An ech sinn e bëssen enttäuscht, datt an engem Avis vun enger Chambre professionnelle - ech géif et nennen en „avis très frileux" - elo op eemol sech verstoppt gëtt hannert „wéi een differenzéiert zwëschen de Funktiounen". Neen, dat ass net de Punkt! Natierlech kann net jiddweree genau deen nämlechte Salaire, Mann oder Fra, verdéngen. Mä et ass inakzeptabel, datt fir genau déi nämlecht Funktioun de Mann méi Rechter huet, méi verdénge ka wéi eng Fra. Dorëm geet et!

An duerfir maachen ech e groussen Appell, besonnesch un d'Wirtschaft, derfir ze suergen, datt déi do Situatioun verschwënnt, an zwar ganz séier! An dat ass net nëmmen am Intérêt vun eiser Gesellschaft, vun enger Gerechtegkeet an enger Gläichheet, dat ass och am Intérêt vun den Entreprisen. Et gëtt keng modern, kompetitiv, offen Entreprise, déi eng Politik bedreift, wou d'Fraen diskriminéiert gi par rapport zu de Männer. Eng ganz Rei vun Etüde beweisen, datt d'Diversitéit, an net nëmme Mann/Fra, mä d'Diversitéit en général e Plus ass fir d'Gesellschaften, fir d'Entreprisen. An duerfir kann eng onfair Behandlung vun där éischter Diversitéit Mann/Fra net eppes sinn, wat mer einfach kënnen hinhuelen!

Jo, et gëtt Secteuren, wou déi Ongläichheet méi ass wéi déi 5,4%, déi den Eurostat ons zouschreift. A besonnesch gëtt festgestallt, datt, wat eigentlech d'Frae méi ausgebilt sinn - a mir wëssen, datt méi Meedercher, méi Fraen Diplomer hu wéi Männer, domat hunn ech elo näischt gesot -, datt ebe grad do, wou héich Qualifizéierter sinn, d'Ongerechtegkeet an d'Ongläichheet ëmsou méi grouss sinn!

A mir huelen dat eigentlech einfach hin. An dat ass eigentlech e schlechten Investissement an den Développement, an d'Moderniséierung vun eisem Land, vun eiser Gesellschaft insgesamt. Mir si jo do net eleng. Ech mengen, mir sinn en bonne compagnie an Europa.

Vum 13. Dezember un - den 13. Dezember -, no där Statistik, déi mer dann hunn, schaffen d'Frae fir näischt, an der Moyenne. Dat ass ee Beispill. Dat ass an Europa vum 3. November un, bei ons den 13. Dezember. An dat ass en Dag, dee mer sollen am Kapp behalen an deen duerfir och en Usporn soll sinn, fir datt mer déi Ongläichheet do definitiv aus der Welt schafen.

Duerfir wäerte mer ons zesummesetzen, de Ministère du Travail mat dem Ministère de l'Égalité des chances, fir wierklech e Plan d'action mat allen Akteuren zesummen ze décidéieren, fir ze kucken: Wéi kënne mer schnell deen Écart op eent an dann op null bréngen? Dat ass dat Zil, wat mer alleguerte musse verfollegen. An duerfir sinn ech trotz allem zefridden, wa mer dat Gesetz haut gestëmmt hunn. Mä dat Gesetz ass den Ufank vun enger nach méi grousser Aarbecht: jiddwereen ze iwwerzeegen, datt dat am Intérêt vu jiddwerengem ass. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech hu Parole après ministre gefrot, fir no dem Här Aarbechtsminister ze schwätzen, net no der Madamm Chancëgläichheetsminister.

Ech wëll soen, de Minister huet dat hei erkläert, wat ee ka mat zwou Hänn ënnerschreiwen. Ech mengen, mir sinn als ADR och 100% derfir, datt eng Fra oder e Mann, déi déiselwecht Aarbecht hunn, déiselwecht Qualifikatioun hunn, déiselwecht Responsabilitéit hunn, datt déi och mussen datselwecht Gehalt kréien. Do gëtt et keng Differenzen!

Mä wat mer wëlle soen, dat ass - ech konnt dat virdrun net uschwätzen, dofir profitéieren ech elo dervun, well ech keng Zäit méi hat -, an dem Rapport…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat ass awer eigentlech net de Sënn vun der Parole après ministre!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma dach, Här President, well den Här Minister dat net erkläert huet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mä Dir hutt et jo och net gesot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Majo dach! Ma neen, en huet…

(Interruptions diverses)

Ech kann dat roueg soen. Ech hätt et virdru gesot, mä ech hat keng Zäit. Mä elo huet de Minister et net gesot, duerfir soen ech et dann elo. Voilà!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, Här Gibéryen,…

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Gibéryen,…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir misst jo eigentlech eist Reglement auswenneg kennen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, duerfir weess ech, datt ech Parole après ministre hunn, fir dozou ze schwätzen.

Ëm wat geet et hei? Am Rapport steet et ganz kloer…

(Interruption par M. Alex Bodry)

Neen, et ass dat, wat… De Minister huet dat vergiess ze soen, wat awer net onwesentlech ass. Ech hu gesot, iwwer wat mer eis eens sinn, mä de Minister huet net gesot, wat de Rapporteur a sengem Rapport awer ganz kloer och als Beispill uginn huet.

Wann en zum Beispill seet, déi Chancëgläichheet wär esou ze verstoen, datt zum Beispill an engem Supermarché eng Caissière géif manner verdénge wéi deen, deen d'Regaler fëllt - well eben an de Keesse meeschtens Frae sëtzen a bei de Regaler meeschtens Männer géifen d'Regaler fëllen -, an dat gëtt en als Beispill un, datt dat net richteg wär, domadder si mir net averstanen! Datt e Mann oder eng Fra, déi an der Keess sinn, datselwecht verdéngen, ass ganz korrekt. Oder datt e Mann oder eng Fra, déi Regaler fëllen, datselwecht verdéngen, ass och korrekt. Mä fir elo verschidde Chargë mateneen ze vergläichen an ze soen…

Une voix.- Genee dat huet de Minister gesot!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, dat huet en net. Ech…

(Interruptions diverses)

Neen, dat huet de Minister net an där Form…

(Brouhaha)

…an där Form gesot. An et ass dat,…

(Interruptions diverses)

Et ass dat, wat mir net gutt fannen, an duerfir wollt ech dat preziséieren, datt de Minister sech méi allgemeng hei ausgedréckt huet. Awer wat den Hannergedanke vum…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Gibéryen,…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …Gesetz ass a wat vill Problemer mécht, huet en net gesot. An duerfir hunn ech et hei gesot. Merci, Här President, fir d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Gibéryen, ech wëll lech just drop hiweisen, dass Der just elo en typesche Fall vu Vergewaltegung vun eisem Reglement gemaach hutt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dach, dach, ganz kloer! Dat do ass just drop erausgelaf, fir sech zousätzlech Riedezäit ze verschafen. An d'Parole après ministre, dat wësst Dir selbstverständlech ganz gutt, ass net an deem Sënn geduecht. Mir kommen nach eng Kéier selbstverständlech do drop zréck. Mä ech géif awer bieden, dass dat hei net Schoul mécht. Ech bieden, dass dat hei net Schoul mécht, well soss si mer… On est partis pour la gloire!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wat engem Deputéierten zousteet, muss deenen aneren och zoustoen, Här President!

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Déi 60 Deputéiert hunn déiselwecht Rechter!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Mir mussen nach eng Kéier iwwer eist Reglement schwätzen an och iwwert de President vun der Reglementskommissioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gutt. Mir huelen dat zur Kenntnis a mir wäerten dat dann och bei där nächster Presidentekonferenz maachen, wou den Här Gibéryen als President vun der Reglementskommissioun jo och mat berodender Stëmm derbäi ass. Merci.

Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen, schéi chronologesch, wéi eist Reglement dat virgesäit. D'CSV huet gefrot, fir den Artikel 45 vum Chambersreglement ze applizéieren an e Vote séparé iwwert den Artikel 1 ze maachen. Mir mussen da fir d'Éischt iwwert deen Artikel ofstëmmen. Wien also mat der Teneur vun deem Artikel d'accord ass, ass gebieden, mat Jo ze stëmmen, wien net domat d'accord ass, mat Neen.

Vote séparé sur l'article 1 du projet de loi 6892

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

(Brouhaha)

Mir schléissen de Vott of a mir maachen dann déi noutwendeg Korrekturen.

Ech hunn dräi Nee-Stëmmen. All déi aner Stëmmen..., ech hunn der hei 54 registréiert, mä mir maachen dann déi noutwendeg Korrektur. Et ass keen Zweifel: Den Artikel 1 ass also mat grousser Majoritéit ugeholl. Ob et elo 54 Stëmmen oder 57 ginn, well d'Maschinn net fonctionnéiert huet, dat registréiere mer. A mir ginn dann och dat definitiivt Resultat bekannt.

Résultat définitif après redressement: l'article 1 est adopté par 57 voix pour et 3 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Lex Delles), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Dann huet d'CSV-Fraktioun zwee Amendementen abruecht, vun deenen den éischten Amendement zum Zil huet, fir den Intitulé vum Gesetz ze änneren, wat dorop erausleeft, fir d'Gesetz an zwee ze deelen. Kann ech dovun ausgoen, dass d'Motivatioun dovun zur Genüge gemaach ass?

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- Här President, ech sinn a mengen Ausféierungen do drop agaangen. An natierlech musse mer den Titel änneren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Sinn nach Wuertmeldungen dozou? Ech mengen, och dozou war d'Positioun ganz kloer vun deene verschiddene Säiten. Een Deel wollt de Projet an zwee scindéieren, deen aneren Deel wollt beim Projet bleiwen.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwert den Amendement 1 iwwerginn. Déi also der Meenung sinn, dass de Projet als Ensembel soll duerchgoen, déi stëmme mat Neen. An déi, déi der Meenung sinn, dass de Projet soll gedeelt ginn an en aneren Intitulé soll kréien, déi stëmme mat Jo. Dat heescht also, déi der Meenung si vun der CSV, stëmme mat Jo, an déi,...

(Hilarité)

...déi net der Meenung si vun der CSV, stëmme mat Neen.

(Brouhaha et interruptions diverses)

Et ass ganz richteg. Maacht mech net onsécher, Här Wolter.

Vote sur l'amendement 1

Also, d'Ofstëmmung fänkt un.

(Interruption par M. Eugène Berger)

Dir stëmmt mat Neen.

(Hilarité)

Neen, ech hunn héieren, dass den Här Berger gesot huet: „Ech stëmme mat Neen."

M. Michel Wolter *(CSV).*- Dann hutt Dir gutt Oueren!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ma ganz gutt Oueren. Dofir héieren ech Iech och ëmmer esou gutt, wann Dir schwätzt. Well Dir sidd ee vun deenen, déi am haartsten hei schwätzen, wann Der d'Wuert net hutt.

(Hilarité)

Sou, domat ass dann d'Ofstëmmung ofgeschloss: 23-mol Jo, 34-mol Neen an 3 Abstentiounen. Domat ass deen éischten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Alexander Krieps);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Da komme mer zum zweeten Amendement vun der CSV, wou ech och dovun ausginn, dass e motivéiert ass an dass och déi aner Positioun kloer ass. Et gëllt datselwecht: Wie mat der Antragstellerin d'accord ass, stëmmt mat Jo. A wie wëllt beim Projet de loi bleiwen, stëmmt mat Neen. Also stëmme mer elo of.

Vote sur l'amendement 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo direkt eriwwer: 24-mol Jo, 35-mol Neen a keng Abstentiounen. Also ass och deen Amendement verworf.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 2 est rejeté par 23 voix pour et 37 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gilles Baum), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir géifen dann...

(Interruption)

Jo. Ech hat Iech virdru schonn héieren.

(Hilarité)

A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Projet iwwergoen. Wien also mam Projet d'accord ass, stëmmt mat Jo. A wien net d'accord ass mam Projet, stëmmt mat Neen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6892 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, ech hu mat Jo gestëmmt.

(Hilarité et interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Resultat: 34-mol Jo, 3-mol Neen an 22 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Max Hahn), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Wëllt een d'Abstentioun motivéieren oder ass dat zur Genüge geschitt? Merci. Dann ass de Projet ugeholl.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, d'Interpellatioun vum Här Claude Adam iwwert d'Méisproochegkeet an der Schoul. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt den Här Adam.

6. Interpellation de M. Claude Adam sur le défi de la situation plurilingue dans le système éducatif au Luxembourg

Exposé

M. Claude Adam *(déi gréng), interpellateur.*- Merci, fir d'Wuert, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn zu Lëtzebuerg eng eemoleg Sproochesituatioun, dat wësse mer alleguer. Villes, zum Beispill dat, wat am Sproochegesetz vun 1984 steet, ass bekannt. Mä dës Sproochesituatioun huet zënter den 80er Jore changéiert.

Et schwätzen engersäits méi Leit Lëtzebuergesch wéi jee. Well awer och all Joers vill Leit op Lëtzebuerg wunnen an/oder schaffe kommen, huet een heiansdo en aneren Androck. An d'Haaptsprooche vun de Leit, déi hei wunnen, si Lëtzebuergesch - bäi Wäitem un éischter Stell -, dann déi zweet Sprooch Portugisesch, nach virum Franséischen, an da sinn nach 2% bis 3% vun eiser Populatioun, déi jeeweils Däitsch, Italienesch an Englesch schwätzen. An déi ganz vill aner Sproochen, déi gi vu manner wéi 1% vun der Populatioun geschwat.

Um Aarbechtsmaart gesäit et e bëssen anescht aus. Do ass déi meeschtgeschwate Sprooch Franséisch, ganz knapp virum Lëtzebuergeschen an däitlech virum Däitschen an Engleschen. Portugisesch gëtt just vu ronn 10% op der Aarbecht geschwat. Dës Donnéeën hunn ech aus engem Buch vum Fernand Fehlen an Andreas Heinz, „Die Luxemburger Mehrsprachigkeit", dat 2016 erauskomm ass, e Buch, deem ech vill Lieser wënschen.

Mir, déi gréng, gesinn dëse Sproocheräichtum als Chance fir eist Land a seng Awunner. Mir wëssen awer och, datt dës Villfalt vill Leit veronséchert. A mir wëssen och, datt dës Villfalt immens Ufuerderungen un eise Schoulsystem stellt, eng immens Erausfuerderung am Alldag fir eis Kanner an eis Enseignanten ass.

Duerfir ware mer der Meenung, datt et wichteg ass, och hei an der Chamber eng Kéier déi politesch Stréimungen iwwert d'Erausfuerderunge vun der Sproochevillfalt an eisem Schoulsystem zu Wuert kommen ze loossen. An dat maache mer dann de Mëtteg an duerfir soen ech Merci.

An deene leschten zéng Joer ass d'Zuel vun de Kanner an der Grondschoul, déi als éischt Sprooch doheem Lëtzebuergesch schwätzen, kontinuéierlech erofgaangen. „L'Enseignement luxembourgeois en chiffres", dat sinn d'Statistike vum Ministère, déi soen eis, datt am ganzen Enseignement fondamental am Schouljoer 2014-2015 nach 37,6% vun de Kanner als éischt Sprooch doheem Lëtzebuergesch schwätzen. An ech ginn do och eng Erklärung dobäi: Et ass déi éischt Sprooch, déi doheem geschwat gëtt. Dat wëllt net heeschen, datt nëmme 37,6% vun eise Schoulkanner Lëtzebuergesch schwätzen. Dat sinn der nach däitlech méi.

Mä déi heiten Zuel, dat waren 2004 nach 57,8% vun de Kanner, déi als éischt Sprooch Lëtzebuergesch doheem geschwat hunn. An déi Entwécklung ass schonn derwäert kommentéiert ze ginn, mä an dëser schoulpolitescher Interpellatioun maachen ech dat net. Ech wëll hei just op Fakten hiweisen a kucken, wéi eng Erausfuerderungen dës Fakte fir eise Schoulsystem duerstellen a wéi mer missten domat ëmgoen am Interessi vun eise Kanner a vun hiren Elteren.

Dës Entwécklung ass zwar méi rasant geschitt, wéi mer eis dat virgestallt haten, si war awer virauszegesinn. Duerfir ass zum Beispill schonn 1998 eng fakultativ schoulesch Offer fir Kanner vun dräi Joer geschafe ginn, déi 2009 fir d'Kanner nach ëmmer fakultativ bliwwen ass, fir d'Gemengen awer obligatoresch ginn ass: de Précoce. Et hätt een och do kënnen an eng aner Richtung goen, mä de politesche Wëllen deemools war, fir e Précoce ze schafen an net zum Beispill, wéi déi gréng et och gefuerdert hunn, fir méi fréi an de Modell Crèchen ze investéieren.

Et ass mir wichteg, drop hinzeweisen, datt de Précoce awer net just geschafe ginn ass, fir datt d'Kanner sollte Lëtzebuergesch léieren. Geneesou wichteg ass och d'Förderung vun der kognitiver Entwécklung vum Kand, geneesou och déi motoresch, déi sozial an emotional Förderung vum Kand.

An awer: Lëtzebuergesch léiere war ëmmer och e wichtegt Zil. An duerfir steet och am Regierungsprogramm vun dëser Regierung beim Punkt Précoce an Cycle 1: «Une pratique systématique en langue luxembourgeoise sera prévue, car l'apprentissage du luxembourgeois constitue la base pour le vivre ensemble à l'école et dans le pays.» An ech mengen, dat stellt och haut keen a Fro.

An den ëffentleche Schoule léieren eis Kanner d'Alphabet op Däitsch. Mir wëssen, datt den Apprentissage par assimilation ëmmer manner gutt funktionéiert. Ebe well vill Kanner net méi gutt genuch Lëtzebuergesch schwätzen, funktionéiert de Switch net méi wéi an der Vergaangenheet plus ou moins automatesch.

De Fernand Fehlen an, ech mengen, och d'Kolleege vun déi Lénk hunn alt emol plädéiert, fir eng Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch anzeféieren. Dat hätt de Virdeel, datt d'Lëtzebuerger Kanner an hirer Mammesprooch géifen alphabetiséiert ginn an de Gros vun den Ausländer zumindest am Ufank vun hirer Schoulcarrière eng Friemsprooch, Däitsch, manner hätten. Dat hätt an eisen Aen awer och esou vill Nodeeler, datt ech se hei net alleguerte wëll opzielen. Do bräichte mer schonn eng eegen Interpellatioun derzou. Vläicht kënnt déi jo och nach eng Kéier op eis zou.

déi gréng sinn der Meenung, datt eng Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch duerchaus eng Kéier a méi oder manner ferner Zukunft kann an d'A gefaasst ginn. Um aktuelle Stand vun der Entwécklung vun eiser Sprooch ass dat fir haut nach mat Sécherheet keng Alternativ.

Eng aner Iddi war, fir parallell eng franséisch Alphabetiséierung niewent enger däitscher Alphabetiséierung an enger Klass lafen ze loossen. Ech si jo wierklech e Frënd vum Differenzéieren an ech behaapte souguer, datt ech mech an der Matière e bëssen auskennen, mä deen doten Défi wéilt ech net ugoen. Ech géif fäerten, datt dat mir géif iwwert de Kapp wuessen.

An eng weider Iddi war et, fir Pilotklasse mat enger Alphabetiséierung op Franséisch ze starten, mat dem Zil, um Enn vun der Schoulflicht erëm am aktuellen, besteeënde Schoulsystem ukomm ze sinn, also no zéng Joer erëm an eisem Schoulsystem ukomm ze sinn.

Déi zwou Iddien, déi ech elo grad erwäänt hunn, déi stinn am Regierungsprogramm als Denkpisten. An déi zwou Iddie sinn, souwäit ech weess, informell fale gelooss ginn. Et wier a mengen Aen awer interessant, besonnesch iwwert déi zweet Iddi och formell eppes gewuer ze ginn, ob dat wierklech ausgeduecht ass a vum Dësch ass.

An ech ginn dovun aus, datt de Minister Meisch an dëser Legislatur näischt un der Alphabetiséierung op Däitsch ännere wäert an an enger weiderer Legislatur - ech wënschen em se - och näischt géif un der Alphabetiséierung op Däitsch änneren. Dat ass an eisen Ae wichteg ze wëssen, well et erlaabt, sech op eng Situatioun anzestellen, e bësse Gewëssheet an der Schoulwelt ze hunn.

Eng weider Affirmatioun steet am Regierungsprogramm: «Au niveau de l'enseignement de la langue française la possibilité de différer d'une année l'apprentissage de la langue française écrite sera étudiée.» Och hei hu mer nach net weider driwwer geschwat.

Ech héieren oft, datt d'Léierpersonal vill ze vill fréi mam franséische Schreiwe géif ufänken. Am zweete Schouljoer soll jo eigentlech alles am Franséische mëndlech lafen. Dat kléngt richteg. Wann een allerdéngs d'Buch vum Franséische vum drëtte Schouljoer kuckt - an ech ginn dovun aus, datt all Léierin am zweete Schouljoer och dat Buch vum drëtte Schouljoer kennt -, da verstinn ech d'Enseignanten. D'franséischt Buch vum drëtte Schouljoer ass net d'Suite vun engem just mëndlechen Enseignement. Ech kenne keng Etüd, déi sech domat befaasst huet, ob d'Kanner solle méi spéit ufänken, Franséisch ze léieren. Et wier awer och interessant, dat eng Kéier ze analyséieren.

Wa mer eis bekloen, datt déi Jonk, déi e Secondairesofschloss hunn, net genuch Franséisch kënnen, da sinn esou Aussoen, éischtens, ze hannerfroen: Wat kënne se net genuch? An zweetens musse mer och bereet sinn, munches fundamental a Fro ze stellen. Wa mer emol d'zweet Schouljoer ausklammeren, da léieren eis Kanner véier Joer laang Franséisch an der Primärschoul a siwe Joer laang Franséisch am Lycée. Dann däerf et awer erstaunlech sinn, wa Grammaire an Orthographe oft wackleg sinn a wann eng Diskussioun op Franséisch schlecht bis guer net funktionéiert! Ech kréie vun Enseignantë gesot, d'Schüler géifen duerch de Lycée rennen a jäizen: „Ech haasse Franséisch!"

Elo war ech scho lancéiert, mä ech hat awer och gesot, mir sollten d'Ausso: „Eis Jonk, déi e Secondairesofschloss hunn, kënnen net genuch Franséisch" hannerfroen. Ass dat wierklech esou? Mir hu regelméisseg, och hei an der Chamber a Kommissiounssëtzungen, och an der Éducatiounskommissioun, dichteg Leit aus aller Welt, déi eis PowerPoint-Presentatioune bréngen, wou och méi oder manner vill Feeler dra sinn. An och d'Fransouse selwer schreiwen hir Sprooch net méi korrekt wéi d'Lëtzebuerger.

Interessant ass et awer och, wa mer kucken, wuer eis Jonk da studéiere ginn. Wann ech d'Zuele vun 2004-2005 mat deene vun 2014-2015 vergläichen, da stellen ech Folgendes fest: An zéng Joer huet sech d'Zuel vun de Studenten, déi aus Lëtzebuerg kommen an déi an Däitschland studéieren, verdräifacht. Datselwecht gëllt och fir déi, déi an Éisträich studéieren, also an zéng Joer dräimol sou vill.

D'Studenten, déi an der Belsch studéieren, hu sech an därselwechter Zäit vervéierfacht, an déi a Frankräich studéieren, hu sech och vervéierfacht. An England an an der Schwäiz, do ass déi Zuel an deene leschten zéng Joer 2,5-mol sou grouss ginn.

Ech gesinn et als absolutte Widdersproch, datt haut véiermol méi Studenten an engem franséischsproochege Land studéieren ewéi virun zéng Joer, eis Jonk awer anscheinend net genuch Franséisch kënnen, wa se aus der Schoul kommen. An et ass och e Widdersproch, datt méi ewéi duebel sou vill Studenten an engem franséischsproochege Land studéieren ewéi an engem däitschsproochegen.

Et ass mer natierlech bewosst, datt Englesch fir déi meescht Studenten ëmmer méi zu engem Must gëtt, onofhängeg vum Land, wou se studéieren. Englesch fänke mer am Prinzip jo eréischt op Sixième un.

D'Resultater vun der Classe terminale sinn net onbedéngt méi schlecht wéi déi vum Franséischen (veuillez lire: wéi déi am Franséische viru Joren), och net onbedéngt besser; eigentlech wësse mer et net. Viru Joren, bei der viregter Ministesch, war kuerz Zäit en Hype, mir missten Englesch schonn op Septième enseignéieren. Dat huet sech net generaliséiert. Ech hunn déi Fuerderung och deemools net ënnerstëtzt, well mir keng Etüd bekannt ass, déi sech seriö mat der Fro auserneegesat huet, wéi gutt oder schlecht déi generell Engleschkenntnisser vun eise Secondairesschoulofgänger sinn. D'Fro, ob dës Kenntnisser gutt genuch sinn, ass allerdéngs berechtegt. A mir fannen och, mir sollten dëser Fro nogoen.

Här President, d'aussepolitesch Kommissioun hat haut de Moien eng Delegatioun aus dem Senat vum Cambodge op Besuch. Si waren och de Mëtteg hei op der Tribün. An zum Schluss vun eiser Aussprooch koum op eng Fro vun Iech, Här President, wéi et da mat der Sproochesituatioun am Cambodge wier, déi Antwert, déi mer eis, mengen ech, eigentlech erwaart haten: Historesch spillt Franséisch an deem Land natierlech eng grouss Roll an eng gewësse Schicht vun deenen eelere Leit schwätzt och nach Franséisch. Mä déi Jonk, och am Cambodge, léieren éischter Englesch wéi Franséisch. An och den Tourismus bréngt mat sech, datt Englesch déi méi gebrauchte Friemsprooch an deem Land ginn ass.

Wann de Prozentsaz vun de Studenten, déi vun hei aus an England ginn, net grad esou séier eropgaangen ass, dann huet dat och vläicht vill mat Distanzen an Onkäschten ze dinn. Ech mengen, dat wier derwäert, fir déi Situatioun nach genee ze analyséieren.

Här President, selbstverständlech geet nach laang net all Schüler op eng Uni studéieren. Awer fir all Schüler an eisem Schoulsystem stellt sech d'Problematik vun héije sproochlechen Usprëch, déi se musse meeschteren, fir e Schoulofschloss ze kréie respektiv eng gutt Beruffsausbildung ze kréien. Ech kann aus zäitleche Grënn net an den Detail goen, wat dat an eisen Ae fir déi zukünfteg Ausriichtung vum Secondaire an der Formation professionnelle bedeit, just e puer Pisten:

Et soll net sinn, datt een Däitsch, Englesch, Mathé, Chimie an esou weider gepackt huet, an awer duerchfält, well ee Franséisch net gepackt huet! Oder et soll net sinn, datt ee Franséisch, Englesch, Mathé, Bio an esou weider gepackt huet, an awer duerchfält, well een Däitsch net gepackt huet.

Mir sinn der Meenung, datt mer musse weiderfueren, eis Schouloffer sproochlech méi ze differenzéieren. Dat gëllt fir all Zorte vu Schoulofschloss: fir de Classique, den Technique an natierlech och a vläicht souguer a besonneschem Ausmooss fir d'Formation professionnelle. Natierlech kënne mer op eisen Diplomer nëmmen zertifizéieren, wat e Schüler kann. Mä deen een oder anere Sproochendefizit däerf net als Barrière funktionéieren, fir iwwerhaapt een Zertifikat ze kréien.

Mir mussen eis och bewosst sinn, datt ganz vill Leit, déi bei eis wunnen a schaffen, en anere Schoulsystem duerchlaf hu wéi de lëtzebuergeschen. A mir mussen eis bewosst sinn, datt ganz vill Leit, déi bei eis schaffen, hannert der Grenz wunnen an och net mat eisem Schoulsystem a Beréierung komm sinn. A mir wëssen, datt all Joers eng plus/minus 1.500 schoulflichteg Primo-arrivanten an eist Land kommen an de Gros vun hinne keng vun deenen dräi offizielle Sprooche vun eisem Land kënnen.

Ech schwätzen elo net vun de Kanner vun den Demandeurs de protection internationale. Dat sinn der bäi Wäitem net esou vill. D'Problematik ass natierlech eng äänlech. A mir ënnerstëtzen och weiderhin déi Politik vum Minister, fir dës Primo-arrivanten esou schnell wéi méiglech an eise soi-disant „normalen" Schoulsystem ze integréieren.

D'Schoul, an dat solle mer och net vergiessen, huet e Bildungsoptrag, dee wäit iwwert den Aarbechtsmarché erausgeet. Mir wëssen, datt de Sproochenunterrecht an eise Schoule méi Zäit an de Curricula anhëlt wéi bei eisen Nopeschlänner. Och doduerch erkläre mir, datt zum Beispill besonnesch eis jéngst Schüler relativ laange Schoulzäiten ausgesat sinn. Mir sollen net vergiessen, datt d'Schoul och fir eng Wäertevermëttlung soll suergen, d'soziaalt Léieren, d'Sciencen däerfen net an d'Hannertreffe kommen.

Mir kréien an deenen nächste Méint nach Geleeënheet, iwwert d'Reform vum Secondaire ze schwätzen. Da kann ech dës Iwwerleeunge verdéiwen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och mat de Schoulreforme vun de leschte Joren - an d'Schoul ass vill reforméiert ginn - huet sech un de Sproochecurricula wéineg geännert. Vläicht ass dat eng vun den Ursaachen, datt d'Schülerzuelen an den internationale Schoule prozentual vill méi staark eropgaange si wéi d'Schülerzuel an den éffentleche Schoulen. Wann een dann och nach déi ronn 3.000 Schüler berücksichtegt, déi zu Lëtzebuerg wunnen an am Ausland, haaptsächlech an der Belsch, an d'Schoul ginn, da kann ee soen, datt haut ee vun zéng Schüler an eng Schoul geet, déi en anere Sproocheregimm huet wéi eis éffentlech Schoul.

Mir mengen, datt et zwee Weeër gëtt, mat der Heterogenitéit vun eiser Populatioun an eise Schoulkanner ëmzegoen: Entweder mir bidde méi e flexibele Sproochekader an eisen éffentleche Schoulen un oder déi international Schoulen, déi och bal ëmmer Privatschoule sinn, gewannen och weiderhin un Attraktivitéit.

Mir sinn d'accord, datt déi international Schoulen zu eiser Schoullandschaft gehéieren an och eng wichteg Missioun erfëllen. D'Zuele schwätze jo fir sech a fir dës Schoulen. Mir fannen et allerdéngs problematesch fir eise ganzen Éducatiounssystem - an och ee vun eis op alle Fall net gewollte Paradigmewiessel -, wann d'Privatschoulen op Käschte vun den éffentleche Schoulen iwwerdimensional wuessen. Duerfir fanne mer och déi Reaktioun vum Minister, fir zu Déifferdeng eng éischt éffentlech international Schoul opzemaachen, eng gutt Iddi! A mir hunn och ausdrécklech déi Iddi gelueft, wéi d'Gesetz iwwert dës Schoul hei an der Chamber gestëmmt gi war.

Mir ginn dovun aus, datt dat e Wee ass, dee ganz vill Zukunftspotenzial huet. Dës Schoul erlaabt et, datt all Kanner vun den Avantagë vun engem flexibele Sproochesystem nom Modell vun der Europaschoul kënne profitéieren. Dir wësst, datt dat bei den normalen Europaschoulen anescht ass. Hei ginn d'Kanner vun de Leit, déi op der EU oder aneren internationalen Institutioune schaffen, an d'Schoul. Jo, et gëtt och Ausnamen, mä déi sinn da mam Bezuele vun engem zimlech héije Minerval gekoppelt.

Här President, all déi Jonk, déi aus eisem Schoulsystem kommen, ginn um Aarbechtsmarché mat deene Jonken a manner Jonken aus der Groussregioun an eng Konkurrenzsituatioun gesat. A mir wëssen alleguerten, datt mer zum Beispill 107.000 Lëtzebuerger um Aarbechtsmarché hunn, 94.000 net Lëtzebuerger Résidentë géintiwwer 176.000 Frontalieren.

An och, wann d'Schoul eng reng national Kompetenz ass, also mer eigentlech ganz fräi sinn, fir Décisiounen ze huelen, wéi mer wëllen, dann ass an der Realitéit dës Fräiheet selbstverständlech ageschränkt.

Och wann deen een oder deen aneren et net wëllt héieren: En éischt Schouljoer 2016 ass eppes anescht wéi en éischt Schouljoer 1966! Ech mengen, datt eis mat Spréch wéi „fréier war alles besser" oder „back to the past" wéineg gehollef ass.

(Interruption)

Ech wëll nach op zwee Punkten agoen… Ech soen extra net „back to basics". Ech soen extra „back to the past". Mat den „basics" hunn ech kee Problem, mä mat „back to past" hunn ech een.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng), interpellateur.*- Ech wëll nach op zwee Punkten agoen, déi zurzäit ganz intensiv diskutéiert ginn. Dat Éischt ass de Programm fir d'Sproocheférderung vun de Kanner vun 1 bis 4 Joer.

Mir sinn dem Minister Meisch dankbar derfir, datt hie sech der Fro vun der Sproocheférderung an de Crèchen an am Précoce ugeholl huet. Jo, mir hu jorelaang just gekuckt, fir Crèchëplazen ze schafen - dat ass emol net als Kritik geduecht -, d'Demande war einfach risegrouss. A wat an deene Strukture mat der Sprooch geschitt ass, dat war eng laang Zäit dem Ministère de l'Éducation nationale oder dem Familljeministère zimlech egal.

Gutt, datt probéiert gëtt, hei eng Linn dranzekréien, d'Partnerschaft mat den Elteren ze verstäerken, d'Strukturen am Réseau funktionéieren ze loossen! Mir begréissen et, datt d'Regierung bereet ass, verstäerkt an d'Sproocheférderung ze investéieren, andeems se méi Personal asetzt. Mam Detail dinn ech mech allerdéngs e bësse schwéier. Ech mengen, ech hunn net alles richteg verstanen an duerfir stellen ech dem Minister e puer Froen an deem Kontext:

- Firwat wëlle mer Franséisch als zweet Sprooch aféieren? Oder kann déi zweet Sprooch zum Beispill och eng aner Sprooch sinn? Kéint dat och Englesch sinn?

- Och d'Mammesprooch vum Kand soll no Méiglechkeet ënnerstëtzt ginn, mat allen Aschränkungen, déi eben déi Villfalt, déi mer hunn, nun emol mat sech bréngt. Dat stellt natierlech fir d'Léierpersonal eng grouss Erausfuerderung duer. Et gëtt jo eng Rei Pilotprojeten, wou zum Beispill an de Spillschoulen d'Mammesprooch gefërdert gëtt. Gëtt et do och schonn eng Linn, wéi dës Férderung op nationalem Plang kann ëmgesat ginn? Wéi kënne mer d'Mammesprooch férderen an an engems Franséisch als zweet Sprooch férderen? Trëppelt do net deen een deem aneren op d'Féiss?

An ech mengen, ech hunn och d'Zilsetzung vun der Férderung vum Franséischen an eise Betreiungsstrukturen nach ëmmer net honnertprozenteg verstanen. Ech verlaangen natierlech keen numeresch Zil. Also ech mengen, mir denke jo net ee Moment drun, datt d'Kand misst 50 Wierder op Franséisch kënnen, fir däerfen dann och an d'éischt Joer Spillschoul ze goen. Dat ass eigentlech just eng Karrikatur, dat ass emol net denkbar. Mä d'Zil ka jo awer och net just sinn, fir mat anere Sproochen a Kontakt ze trieden, well dat geet zu Lëtzebuerg automatesch. Dat geschitt ville Kanner zu Lëtzebuerg schonn, wa se un de Kaffisdësch sëtze kommen doheem, well d'Elteren heiansdo schonn zwou verschidde Sprooche schwätzen, oder ënnerwee fir an d'Schoul, wann d'Nopeschkanner derbäikommen, an natierlech am Klassesall ass déi Méisproochegkeet och all Dag do.

Ech betreien am Moment e puer Unisstudenten am Stage. D'lescht Woch war ech an enger Schoulklass an der Stad Lëtzebuerg, eng ganz normal Klass, en drëtt Schouljoer, haut Cycle 3.1. A vun deene 15 Schüler sinn der 12 frankofon, a fir 3 ass déi däitsch Sprooch méi no bei hirer Mammesprooch: 2 lëtzebuergesch Kanner, 1 russescht Meedchen. An elo seet ee vläicht: „Dëst ass bestëmmt keng typesch Lëtzebuerger Schoulklass." Mä wat ass dann eng typesch Lëtzebuerger Schoulklass?! Ech mengen, ee vun de Charakterzich vun enger typesch Lëtzebuerger Schoulklass ass ebe grad just d'Sproochevillfalt an déi kulturell Villfalt.

Ech hunn och natierlech déi Dokumentatioun vum Ministère gelies. An och de Ministère seet a sengen Texter, datt de Migratiounshannergrond just ee vun de Faktoren ass, déi de Schouléchec erklären. An och an dësen Texter steet, datt et d'Zesummespill vum sozioekonomesche Milieu a vum Migratiounshannergrond ass, dat d'Problemer grouss mécht. An dat sinn iwwregens och Aussoen, wéi mer se all Kéiers erëm an de PIRLS- a PISA-Etüde gesot kritt hunn.

Also ech stelle mer nach ëmmer e bëssen d'Fro: Wat sinn d'Ziler vun der Sproocheférderung an de Betreiungsstrukturen? D'Lëtzebuerger Sprooch stäerken, dat verstinn ech. Ech mengen, dat ass kloer, dat ass en Acquis. D'Mammesprooch stäerken, dat liicht mer och an, ech weess just net esou richteg, wéi mer et maachen.

An dann eben: Wierklech Franséisch léieren? Wann dat d'Zil ass, da musse mer selbstverständlech an der Spillschoul an am éischte Schouljoer weiderfueren. Vill vun eis hunn an hirem direkten Ëmfeld, an hirer Famill scho materlieft, datt e Kand dräi Joer an enger franséischsproocheger Crèche war, dunn ass et zu Lëtzebuerg an d'Spillschoul gaangen, dunn an d'éischt Schouljoer. A wéi am zweete Schouljoer d'Franséischt ugaangen ass, du war praktesch alles vun deem fort, wat vu Franséischkenntnisser an der Crèche opgebaut ginn ass.

Op enger Table ronde vun der Grénger Stëftung ware sech och all Intervenanten eens, datt, wa mer an de Crèchë mat de Kanner Franséisch schwätzen, da musse mer dat och an der Spillschoul an am Cycle 2 weiderféieren, fir datt net alles vergiess ass, wann et eescht gëtt mam Franséischen. Op därselwechter Table ronde hat eng Cheffin vun enger privater Crèche erzielt, wéi si d'Férderung vum Franséischen, vun der franséischer Sprooch organiséiert: Si huet ee belschen Éducateur gradué agestallt. Esou einfach kann zum Beispill de Modell funktionéieren: eng Persoun, eng Sprooch - wann een an enger privater Crèche ass. Mä dat ass jo awer e Modell, deen een net ëmdenke kann op de fonctionnariséierte Schoulbetrib.

Ech hu mat Interessi den Accord gelies tëschent dem Ministère an dem SNE iwwert de Cycle 1. Iwwert de Cycle 2 hunn ech nach näischt gelies an do froen ech mech… Do stinn eng Rei Saachen dran, déi ech alleguerte sënnvoll an nëtzlech fannen, mä déi awer zum Deel och wéineg revolutionär sinn. Ech mengen, d'Personal huet schonn ëmmer och Lidder op Franséisch gemaach an och ëmmer Friemsproochen e bësselche matabezunn. Ech froe mech, ob do awer nach eppes nokënnt a wéi dat eventuell ausgesäit.

Här Minister, ech si gäre mat alle Wëssenschaftler averstanen, déi soen, datt kleng Kanner mat Liichtegkeet eng nei Sprooch léieren. Ech wiere mech awer dergéint, wann doraus geschlussfolgert gëtt, datt de Kapp vun engem klenge Kand eppes wéi e Schwamp ass, dee begierlech alles opsuckelt a späichert an no Bedarf erëmgëtt. An ech wiere mech och dergéint, datt gäre vergiess gëtt, datt eng Rei Kanner wuel Schwieregkeete mat der Méisproochegkeet hunn!

Ech hat viru Kuerzem am Kader vum „Pairing Scheme - Politik trëfft Recherche", enger ganz flotter Initiativ vum FNR an der Chamber, en

Ableck an d'Aarbecht vun enger klenger Fuerschungsgrupp op der Uni Lëtzebuerg. An déi Fuerschungsgrupp huet sech zum Beispill mat Froe beschäftegt wéi: „Solving arithmetic problems in first and second language: Does the language context matter?" An d'Äntwert ass kloer: Yes, it does!

Mir ware gëschter mat der Éducatiounskommissioun eng Crèche op Esch besichen, eng vun den aacht Crèchen, déi beim Pilotprojet Méisproochegkeet matmaachen. Et war eng ganz interessant Visitt mat enger ganz interessanter Diskussioun, wéi dës Struktur de Pilotprojet ugeet. Hei ginn 58 Kanner betreit, 56 sinn net Lëtzebuerger. Och dat ass eng „typesch Lëtzebuerger" déi Kéier net „Schoulklass", mä Betreiungsgrupp. Et gëtt vill vun den Erzéier iwwert d'Sprooch nogeduecht.

Éischt Erkenntnis: Et ass wichteg, datt déi Kleng sech kënnen agewinnen an do ass et eng grouss Hëllef, wa se sech an hirer Mammesprooch kënnen ausdrécken, souwäit wéi dat méiglech ass. Wann et heescht: „Mir schwätze just Lëtzebuergesch", dann di vill Kanner kee Mond méi op, well se da kee Moyen hunn, fir sech auszedrécken.

Zweet Erkenntnis: Et ass wichteg, Strukturen an den Émgang mat der Sprooch ze kréien, méi systematesch un d'Schwätzeléieren erunzegoen.

Drëtt Erkenntnis: Alldaagsproblemer sinn am Moment an där Struktur, wou mer waren, méi wichteg wéi den „François". De François, dat ass déi Popp, déi nëmme Franséisch schwätzt.

A véiert Erkenntnis: Dat sozioekonomescht Émfeld suergt fir Problemer, datt eis Aen an Oueren opgaange sinn: Defizitter bei der Mammesprooch, der Iesskultur, der Hygiène. Wéi gesot, dem François, där Popp, déi nëmme Franséisch schwätzt, gëtt och an där Grupp, déi mam Pilotprojet schafft, am Moment éischter eng kleng Nieweroll zougeduecht. An dat ass eppes, wat mech eigentlech absolutt berouegt huet. An dat ass dann och eng Fro: Wa mer esou flexibel dorunner eruginn, liesen ech ënnert dem Stréch: Mir si bereet, méi Moyenen an d'Sproocheférderung ze setzen. An dat ass eppes, wat mer absolutt begréissen.

Ech hat och laang Zäit gemengt, datt, wa mer de klenge Kanner eng zousätzlech Sprooch géifen ubidden, da géife mer hinne jo näischt ewechhuelen. Dat ass, zumools wa mer och nach eng zousätzlech Persoun astellen, déi déi Sprooch da verkierpert, a mengen Aen awer net déi ganz Wourecht. Mir huelen dem Kand näämlech awer e bëssen Zäit ewech, Zäit, déi d'Kand soss géif notzen, fir seng Motorik ze üben, mat senge Schoulkomeroden ze spillen, seng Mammesprooch ze valoriséieren a Lëtzebuergesch ze léieren.

Domat wier ech da bei deem leschte Punkt ukomm, deen och ganz aktuell ass an deen ech nach ganz kuerz wëll uschwätzen - meng Zäit, déi enorm laang war, geet zum Enn, mä, Här President, ech gi fäerdeg am Rame vun där Zäit -, d'Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Lëtzebuerger Schoul.

De leschte Freideg hat d'Chamber de Jugendkonvent hei zu Besuch. An de Sujet, iwwert deen déi Jonk de ganzen Dag diskutéiert haten, war „Integratioun an Diskriminatioun". Et waren immens vill Jonker tëschent 15 an 30 an d'Chamber komm, also am Alter tëschent 15 an 30. Mä et waren der, ech géif mengen, no un honnert, déi an d'Chamber komm sinn. Iwwer honnert! Den Här Chamberspresident, den Här Minister Meisch, d'Kolleegen Anne Brasseur, Laurent Zeimet an Eugène Berger waren och derbäi - net bei deene Jonken, déi sinn awer schonn e bësse méi al!

(Interruption)

Ech war beandrockt, wéi direkt an onkomplizéiert déi Jonk engersäits d'sproochlech Toleranz an Oppenheet an anerersäits eng Stäerkung vun der Lëtzebuerger Sprooch op alle Pläng fuerderen. Si soen, mir sollten eis net ze schued sinn, eist Brout op Franséisch kafen ze goen. Si soen: „Paräis huet den Eiffel-Tuerm, Pisa huet de schifen Tuerm a Lëtzebuerg huet d'Méisproochegkeet." Si soen awer och, datt Lëtzebuergesch hinne wichteg ass als Sprooch vun der Integratioun, der Inklusioun, datt si ganz houfreg sinn op hir Sprooch, datt mer eis Sprooch musse weiderentwéckelen. Och dat hu se gesot: „Mir musse se weiderentwéckelen, mir sinn nach net op engem Punkt, wou ee villes ka maachen, wat ee sech vläicht an der Zukunft denke kann", an datt d'Lëtzebuerger Sprooch soll méi präsent sinn an der Schoul.

Ech hunn de leschte Freideg um Jugendkonvent gesinn, wéi een onbefaange mat eiser Sprooch ëmgoe kann. Et ass kee Widdersproch, oppen, tolerant, auslännerfrëndlech ze sinn a sech gläichzäiteg staark fir d'Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch anzesetzen. An natierlech soll d'Lëtzebuergescht an eise Schoule präsent sinn. Mä och d'Lëtzebuerger Sprooch soll hei net als Barrière gebraucht ginn, geneesou wéineg wéi all aner Sprooch an eise Schoulen!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech si gespaant op d'Bäiträg vu menge Kolleegen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. An d'Madamm Hansen fir d'CSV ass scho prett.

Débat

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Ech soen och dem Här Adam Merci, well ech hunn definitiv nach ni esou vill gelies an diskutéiert iwwert d'Sprooche wéi déi lescht Wochen, an ech géif souguer bal menge Méint. An ech hunn och eppes Berouegendes geléiert beim Liesen: Och eist Gehir ass nach ëmmer plastesch genuch, fir ze léieren, och fir Sproochen ze léieren. Gott sei Dank!

Eis Méisproochegkeet ass wierklech e groussen Atout an do solle mer alles maachen, fir dee kënne bäizebehalen. Hei zu Lëtzebuerg schwätzt an der Moyenne een Awunner 3,6 Sproochen, inklusiv d'Mammesprooch. Mir hunn also hei zu Lëtzebuerg d'Zil vun der Kommissioun, näämlech datt d'EU-Bierger sollen L1, d'Mammesprooch, plus zwou aner Sprooche kënnen, erreecht. Dat heescht awer elo net, datt mer eis kënne liddereg an d'Fotell leeën a soen, wéi gutt datt mer wieren, well esou gutt si mer leider net.

Et leeft net alles optimal. Mä, an ech mengen, och doriwwer wäerte mer eis eens sinn, et ass och keng kleng Erausfuerderung, fir an engem offiziell dräisproochege Land mat vill Immigratioun e funktionéierend Sproochekonzept ze erschaffen. Wéi gesot, et ass eng grouss Erausfuerderung, mä et ass eng lounend Erausfuerderung!

Fir déi tatsächlech Situatioun ze veranschaulechen, e puer Zuelen an e puer Aussoen zum Sproochenunterrecht an eise Schoulen: Franséisch - bis Enn 5e hunn eis Schüler esou vill Franséisch, wéi wa si annerhalleft Joer laang mat 30 Stonnen an der Woch soss näischt géife maache wéi Franséisch. An trotzdeem hu mer am Franséische vill Datzen, trotzdeem di sech vill Lëtzebuerger an och Netlëtzebuerger, zum Beispill och eis portugisesch Kanner, schwéier mam Franséischen. Do muss also eppes schiflafen.

An engem Interview am „Lëtzebuerger Wort" vum 7. Mäerz 2014 sot den Här Marc Barthelemy, Premier conseiller de Gouvernement: „Weder an der Grondschoul nach am Lycée hunn d'Kanner Franséisch gären. Si haassen, verabscheuen et souguer." Den Här Adam sot dat och. Hie sot och, datt d'Aart a Weis, wéi d'Franséischt enseignéiert gëtt, net onbedéngt invitéiere géif, fir et gären ze hunn, au contraire! Wéi kann ee Freed un enger Sprooch vermëttelen, wou an éischter Linn emol op e Koup Regelen an Norme gepocht gëtt? „Souguer déi frankofon Kanner ginn op déi Manéier dégoûtéiert vun hirer eegener Mammesprooch", seet den Här Marc Barthelemy. Franséisch ass d'Selektiounssprooch. Si provozéiert déi meescht Echecken an eisem Schoulsystem. Dat ware relativ haart Wierder aus dem Ministère.

Nieft dësem „Franséischproblem", nennen ech en emol, ass awer och nach d'Tatsaach, datt 45% vun den Néngjäregen, déi an eise Schoule sinn, déi allgemeng national Lieskompetenzstandarden net erreechen. Dat ass awer eng Grondviraussetzung, fir duerno kënne Sproochen ze léieren.

All dës Feststellungen an Aussoe leeën et no, de Friemsproochenunterrecht, d'Manéier, wéi d'Friemsprooch geléiert gëtt, nei ze iwwerdenken, well een Zäitproblem kann et net sinn. Besonnesch déi éischt Jore si ganz wichteg. Hei ginn d'Jalone gesat fir déi Joren duerno. Well wann ee Kand bis eemol d'Flemm huet mat enger Sprooch, da gëtt et schwéier, eng nei Motivatioun ze fannen.

Ech hunn elo relativ laang iwwerluecht, wéi ech dës Interpellatioun sollt opdeelen, well et ass definitiv illusoresch, an 30 Minutten dee ganze Sproochenunterrecht ze behandelen. Ech hunn dunn décidéiert, fir meng Interventioun nom Schoulsystem opzedeelen, also fänken ech beim Fondamental un, respektiv ech géif gäre beim Fondamental ufänken, mä well den Här Minister déi multilingual gratis Kannerbetreiung als een Deel vun der Sproocheproblematiksléisung wëllt aféieren, muss ech och nach kuerz heirop agoen.

Als Ziler huet den Här Minister genannt: Déi auslännesch Kanner solle besser Lëtzebuergesch léieren, lëtzebuergesch Kanner solle mam Franséische vertraut ginn, fir d'Sprooch duerno net als Hürd ze gesinn. „D'Lëtzebuerger hunn d'Flemm an der Schoul mam Franséischen", sot den Här Meisch. „Si sollen esou Spaass kréien an ongläich Startchancë sollen duerch eng besser Sproocheférderung ausgeglach ginn."

Op der Table ronde vun der Grénger Stëftung, wou ech leider net konnt derbäi sinn, wou awer eis Mataarbechterin, d'Jill Audrit, do war, huet den Här Meisch dunn awer op d'Fro no der Zilsetzung vun der multilingualer Kannerbetreiung gesot: „Mir setzen eis keng Ziler; an der nonformaler Ausbildung gi sech keng Ziler gesat." Bon, da brauch ee jo och net ze evaluéieren, ob een eppes erreecht huet. Mir ginn also 80 bis 100 Millioune pro Joer aus, ouni ze wëssen, wat mer wëllen.

Als CSV soe mer ganz kloer, datt mer dës multilingual gratis Kannerbetreiung ouni wëssenschaftlecht Konzept - där ass keent do - net brauchen. Bei deene ganz klenge Kanner soll de Stat net probéieren, den Elteren, déi sech doheem ëm hir Kanner wëlle bekëmmeren oder déi ganz bewosst hir Kanner an eng Crèche wëlle ginn, wou zum Beispill nëmme Lëtzebuergesch geschwat gëtt, oder - firwat net? - wou Däitsch geschwat gëtt an esou weider, ee schlecht Gewëssen andreiwen, andeems datt d'Regierung indirekt seet: „Wann Är Kanner net an déi multilingual Crèche ginn, da wäerte si herno an der Schoul manner gutt virukommen."

Ech brauch awer och keng Glaskugel ze hunn, fir kënnen ze soen, datt d'Ugebuet ugeholl gëtt, net onbedéngt well jiddwereen dovunner iwwerzeegt ass, datt seng Kanner ab engem Joer scho musse multilingual opwuessen, mä well et ganz einfach gratis ass.

D'Regierung zwéngt also indirekt hir Siichtweis vun der Kannererzéiung den Elteren op. An déi Ausso, déi ëmmer an dësem Kontext kënnt, datt kleng Kanner méi séier léieren, ass eng simplistesch Ausso. D'Hypothees vun där sougenannter „kritescher Period" gëtt an deem Fall dacks zitéiert. D'Gehir wär, fir ze léieren, just fir eng kuerz Zäit rezeptiv. Et misst also vum Virdeel vun der „Plastizitéit" vum Gehir profitéiert ginn, fir déi zweet Sprooch esou fréi wéi méiglech ze léieren.

Mä dës Theorie gëtt mëttlerweil ganz staark relativéiert. Ech recommandéiere jiddwerengem, vum Patsy M. Lightbown de wëssenschaftlechen Text - deen och d'Unesco als Richtlinn hëlt fir hire Rapport iwwert d'Sproocheléiere vun de Kanner mat ënnerschiddlechem sproochleche Background - ze liesen: „Easy As Pie?" - awer mat Fragezeichen, net mat Ausrufezeichen - „Children Learning Languages". D'Gehir bleift dat ganzt Liewe laang fäeg, fir méi Sproochen ze léieren. Et gëtt, fir d'Sproochen ze léieren, keng „kritesch Period". Et muss een also net schonns mat engem Joer ufänken, déi zweet Sprooch ze léieren.

Aner Ënnersichungen aus den USA hunn erginn, datt Kanner, déi déi zweet Sprooch méi spéit léiere mat engem zolitte Background an der Mammesprooch, der éischter Sprooch vum Kand, méi Chancen hunn an der Schoul, déi zweet Sprooch ze léieren. D'Mammesprooch kéint een also och als „d'Mamm vun de Sproochen" bezeechnen.

Ass dann elo déi multilingual gratis Kannerbetreiung kompatibel mat dëse Fuerschungsresultater? Feststeet, datt d'Mammesprooch eng wichteg Basis ass, fir eng zweet Sprooch ze léieren. Et ass also net onbedéngt falsch, wann eis portugisesch Kanner an eng Crèche ginn, wou och Portugisesch mat hinne ka geschwat ginn. Ass et do un enger Regierung, fir virzeschreiwen respektiv indirekt virzeschreiwen: Eng Crèche mat virun allem Franséisch a Lëtzebuergesch ass gutt? Domadder gi mer dat falscht Zeechen. D'Mammesprooch muss wäertgeschätzt ginn. Domadder ginn d'Startchancë fir eis portugisesch Kanner net onbedéngt verbessert, wat jo awer zumindest am Ufank emol sollt en Zil sinn.

Ech wëll awer och soen, datt Kanner, déi doheem mat zwou Sprooche grouss ginn, wou déi zwee Elterendeeler konsequent hir Mammesprooch schwätzen, datt dat eppes ganz aneschters ass. Mä dat kann een an enger Crèche net erreechen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Wann ech dann nach eemol op meng Fro vu virdru kommen: „Ass dann elo déi multilingual gratis Kannerbetreiung kompatibel mat dëse Fuerschungsresultater?", da muss ech soen: Ouni wëssenschaftlecht Konzept an ouni wëssenschaftlech Resultater, déi dat Konzept géife beleeën, a béides ass net do, ass dëst op jidde Fall unzezweifelen. Et kéint ee bal mengen, et kéint ee risegt gesellschaftlecht Experiment mat eise Kanner ginn.

Als CSV soe mer also zur multilingualer Kannererzéiung ab engem Joer: Et schuet hoffentlech net vill; et bréngt net vill, wann iwwerhaapt eppes, mä, an dat steet fest, et kascht vill - 80 bis 100 Millioune pro Joer -, an dës Suen, zumindest een Deel dovunner, kéinte mer am Enseignement ab dem Cycle 1 besser asetzen.

Als CSV soe mer och: Mer hu genuch Zäit ab dem Cycle 1, Précoce plus Spillschoul, fir eis Kanner d'Sproochen ze léieren. Mer hunn och nach genuch Chantieren, déi mer kéinten opmaachen ab dem Cycle 1. Wann uewen eppes net klappt, dann déngt et näischt, fir ënnen eppes derbäizesetzen. Dat kann net d'Léisung vun eise Problemer sinn.

De Cycle 1 ass an den Ae vun der CSV also dee Stadium, wou kann ugefaange ginn, spilleresch ze léieren. An hei kann ee méi maache wéi dat, wat bis elo virgesinn ass. Hei kann ee méi geziilt - ech betounen: geziilt - un der Sproocheférderung schaffen. An duerfir hunn ech och keng Loscht, op dem Här Meisch säin neien Accord mat der SNE iwwert de Plurilinguisme am Cycle 1 anzegoen. Et soll elo op Franséisch gesonge ginn an esou weider. Ech mengen, dat war och elo schonns de Fall. Och elo schonns hunn eis Kanner de „Frère Jacques" gesongen. Wahrscheinlech ass bis elo och schonn op Däitsch gesonge ginn; ob dat elo nach erwënscht ass, weess ech net.

(Interruption par M. Gilles Baum)

Ee richtegt… Wat gelift?

M. Gilles Baum *(DP).*- Si hu jo awer kee Schued fortgedroen.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Majo, ech hu jo gesot: Et ass net vill Neies! Et ass näischt Neies, et ass…

(Interruption par M. Gilles Baum)

Majo dofir brauche mer net vill ze änneren. Musse mer dofir 100 Milliounen asetzen an investéiere fir näischt Neies?

(Interruptions)

Also ee richtegt Konzept hunn ech op jidde Fall net erkannt an ee wëssenschaftlecht Konzept hunn ech scho guer net erkannt.

An den Ae vun der CSV soll eng Haaptaufgab vum Précoce weiderhin d'Integratioun iwwert déi lëtzebuergesch Sprooch sinn. Et ass wichteg, och fir eis sozial Kohäsioun, datt d'Kanner eng gemeinsam Sprooch hunn. An iwwer 80% vun eise Kanner maachen dee ganze Schoulparcours hei zu Lëtzebuerg. Mam Précoce hu mer eis e formidabelt Integratiounsinstrument ginn - de Bilan huet dat gewisen -, a mer sollen dat net nëmme finanzéieren, mä mer sollen dat och optimal notzen. Et muss nach méi geziilt dran investéiert ginn, fir datt all Kand iwwert d'lëtzebuergesch Sprooch eng zolidd Basis fir dat weidert Sproocheléiere kritt.

An och de Kanner hir Mammesprooch soll weiderhi wäertgeschätzt ginn. An den Eltere muss kloer vermëttelt ginn, datt si doheem sollen d'Mammesprooch vun de Kanner förderen. De Précoce iwwerhëlt dee Moment d'Förderung vum Lëtzebuergeschen. Sou gi mer all eise Kanner eng zolidd Basis, fir d'Sproochen ze léieren, eng gutt Virbereedung op de lëtzebuergesche Schoulparcours.

Wa mer also soen, datt am Précoce schonns méi geziilt soll un der Sproocheférderung geschafft ginn, da misst awer am Sënn vun der Chancëgerechtegkeet an alle Géigende vum Land garantéiert sinn, datt fir all Kand wärend der normaler Schoulzäit eng Plaz zur Verfügung steet am Précoce.

Wéi gesäit den Här Meisch iwwerhaapt d'Bedeitung vum Précoce? Wëllt hien all Energie an natierlech och finanziell Mëttelen drusetzen, fir genuch Plazen ze schafen an een Hand-an-Hand vu Précoce a Maison relais ze organiséieren? Oder wëllt hien dëst léiwer de Crèchen iwwerloossen, well déi gratis Kannerbetreiung geet jo bis véier Joer an de Précoce ass vun dräi bis véier Joer?

(Interruption par M. le Ministre Claude Meisch)

D'Crèchen, hat ech gefrot.

(Interruption par M. le Ministre Claude Meisch)

D'Fro war just, ob Der wëllt konkret alles an de Précoce setzen. Oder wëllt Der méi spezifesch d'Crèchë förderen?

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Madamm Hansen, wann ech gelift…

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Mä den Här Minister huet mech gestéiert.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Neen, et ass gutt. Wann ech gelift, Här Minister, Dir kënnt dat herno alles klären, soss geet et duerjerneen. Madamm Hansen, fuert Dir elo emol virun, wann ech gelift!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Nieft den organisatoreschen an infrastrukturelle Problemer soll ee sech awer och am Cycle 1 mam Inhalt a mat der ugewannter Methodik an Di-

daktik beschäftegen. Wat si genau d'Ziler vum Cycle 1? Si se konkret genuch definéiert?

Et kann een am Cycle 1, ech hunn et schonns gesot, méi maachen a puncto Sproochefërderung wéi dat, wat am Moment virgesinn ass. Sproochlauter an der geschwatener Sprooch ze erkennen, ass d'Basis vum Lieseléieren. Mat Sproochlauter spillen an an der geschwatener Sprooch entdecken, dat kann ee scho mat ganz jonke Kanner op eng flott a spilleresch Manéier op Lëtzebuergesch maachen.

Et wier och driwwer nozedenken, ob een e bestëmmte Wuertschatz eventuell, deen d'Kanner solle kënnen, sollt definéieren. D'Verknäppe vu Buschtawe mat Sproochlauter, also d'Wëssen, datt de geschriwwenen „A" och de Laut „A", wéi Adler oder wéi Af oder wat och ëmmer, deem entsprécht, kéint een och hei scho mat de Kanner op eng spilleresch Manéier am Cycle 1 op Lëtzebuergesch aféieren. A wëssenschaftlech Resultater weisen, datt dëst de Kanner d'Alphabetisatioun am Cycle 2 ee gudde Krack méi einfach mécht! A mir wësse jo: 45% vun den Néngjähregen erreechen net déi national Liesekompetenzstandarden. Dat ass dramatesch! Hei muss dru geschafft ginn. Dat kann ee schonns am Cycle 1 maachen, mä awer wann ech gelift mat engem Konzept.

Mir brauchen och konkret Hiweiser op eng Rei vu Methoden, déi kënnen ugewannt ginn. Mir brauchen deementspriechend didaktescht Material. Aus enger Etüd vun der Madamm Engel an der Madamm Krämer vun der „Uni.lu", un där iwwer 400 Enseignanten deelgeholl hunn, geet ganz kloer ervir, datt déi grouss Majoritéit vun de Gefrotene frou wären, fir op wëssenschaftleche Kenntnisser baséierend didaktescht Material zur Verfügung ze hunn. An och schonns am Cycle 1 missten nach méi Efforte gemaach ginn, fir d'Kanner mat engem Risiko op eng spéider Léierschwieregkeet am Beräich vun der Sprooch ze identifizéieren a richteg ze ënnerstëtzen. Hei zielt wierklech: Wat méi fréi, wat besser!

Et muss sech elo erausstellen, wéi déi nei spezialiséiert Enseignanten um Terrain aktiv ginn. Egal wéi musse spezifesch fir Lëtzebuerg gëeegent Diagnostik- an Interventiounsinstrumenter ausgeschafft ginn. Déi gëtt et am Moment nach net. Elo wier et interessant, vum Här Minister ze wëssen oder ze héieren, ob hien där ausschaffe wëllt loossen.

De Cycle 1 wär also schonns emol een éischte Chantier, dee kéint opgemaach ginn.

Da kommen ech zum Rescht vum Fondamental. De Cycle 2 ass de Cycle vun der Alphabetiséierung. Eis Alphabetiséierungssprooch ass Däitsch. Déi lëtzebuergesch Sprooch ass eng gutt Grondlag fir d'Alphabetiséierung op Däitsch. Eng aner Etüd, dës Kéier vun der Madamm Engel an der Madamm Ertel, huet bewisen, datt, wann ee Kand gutt Lëtzebuergesch kann, datt et dann och besser Däitsch léiert, an dat och bei de portugisesche Kanner. Also een zousätzlecht Argument, fir am Cycle 1 ganz geziilt déi Lëtzebuerger Sprooch ze förderen an net och nach Franséisch. An dëst virun allem jo net, well mer op Däitsch alphabetiséieren. Och am Cycle 2 brauche mer eng Upassung vum didaktesche Material, idealerweis duerchgängeg an opbauend op de Cycle 1.

De mëndleche Wuertschatz, dee soll geléiert ginn, kéint och iwwerkuckt ginn. Am Moment ginn et do zum Deel nach onméiglech Wierder. Fir den „Ü" ze léieren, steet do „Überholverbot". Ech weess net, ob dat d'Kand staark interesséiert. Fir den „Ä" ze léieren, steet do „Äquator". Ech weess net, wéi ee Kand weess, wat den Äquator ass. Also dat si just e puer Beispiller.

An der Halschent vum Cycle 2.2, dem zweete Schouljoer also, fänken eis Kanner dann un, mat Franséisch léieren. Dëst soll op eng spilleresch Aart a Weis geschéien. Leider hunn d'Kanner, wéi eng weider Etüd vun der Madamm Engel beweist, schonns um Enn vum zweete Schouljoer keng Loscht, kee Spaass méi um Franséischen! Si huet 146 Kanner, déi doheem Lëtzebuergesch schwätzen, um Enn vum zweete Schouljoer gefrot, ob si Franséisch gären hätten. Nëmmen 12% hu Jo gesot um Enn vum zweete Schouljoer, wou d'Franséisch soll op eng spilleresch Aart a Weis agefouert ginn, wou et de Kanner jo misst Spaass maachen!

De Contraire ass de Fall. Firwat? D'Enseignantë soten, et wier net méiglech, spilleresch ze schaffen, well de Programm am Drëtten esou intensiv wär, datt si einfach schonns méi missten am Zweete maachen, soss géifen d'Schüler duerno ewechfueren. Do leeft also eppes schif!

Elo kann ee sech méi Froe stellen. Et kéint ee sech zum Beispill och froen: Musse mer esou fréi mat der zweeter Friemsprooch ufänken? Kéint een do net an déi Richtung iwwerleeën, fir eréischt am Cycle 3.1 mam Franséischen, dann, wann déi éischt Friemsprooch schonns besser gefestegt ass, unzefänken?

An zweetens virun allem: Musse mer wierklech all méiglech Onregelméissegkeete léieren? Brauche mer all déi verschidden Zäiten, déi geléiert ginn?

Mir sollen eis souwisou bewosst sinn, datt net alles, wat ënnerriicht gëtt, och tatsächlech geléiert gëtt. Dat Bild vum Triichter, wou een alles uewen eraschëtt a wat dann do bleift, dat stëmmt leider net! En Duerchkämme vun de Programmer aus dem Fondamental ass also absolutt noutwendeg!

Géif et net zum Beispill duergoen, wann d'Kanner den Indicatif présent, de Futur simple an de Passé composé (veuillez lire: am Ufank) géife léieren? An der Europaschoul, mir waren déi lescht Woch oder déi viregt Woch do, maache si dat iwwregens esou, a mat besseren Ofschlossresultater herno wéi mir an eisem Schoulsystem. Mat dësen dräi Zäite ka schonns vill mat der Sprooch gemaach ginn, ka se op ënnerschiddlech Aart a Weis ganz praktesch ugewannt ginn, wat natierlech fir d'Motivatioun gutt wär. Well virun allem déi ass wichteg! Hei musse mer also dru schaffen.

Ech widderhuelen nach eemol, den Här Barthelemy, dee seet: Ab dem drëtte Schouljoer fänkt den Enseignement vum Franséischen op eng ganz formaliséiert Aart a Weis mat grammatikaleschen an orthografesche Regelen, mat Vokabelslëschten, mat irregulare Verben an esou weider un. „Schonns direkt am Ufank", ech zitéieren d'Enseignanten, „fuere vill Kanner am Franséischen ewech."

Ech hu jo vill gelies, fir mech heirobber virzebereeden. Ech hunn och gelies, wien d'Friemsprooche als Éischt geléiert huet: Dat waren d'Pateren an de Kléischter. Si hunn d'Sprooche misse léieren, fir a friem Länner pilgeren ze goen, fir sech do kënnen auszedrécken. A wéi hu si et geléiert? Si haten nach keng Bicher, si haten och kee Computer. Si hunn also hir Vokabelen an een Heft missen opschreiwen, wat se da mat op d'Rees geholl hunn.

Dës Method gëtt bei eis, wann ech et elo emol iwwerspëtzt géif ausdrécken, zum Deel nach ëmmer ugewannt. Mä wou pilgere mer dann hin? Besonnesch beim Franséische brauche mer eng aner Methodik. Speziell methodesch Richtlinne sollen ausgeschafft ginn - et ass net einfach -, idealerweis och hei erëm en duerchgängegt Konzept. Well eis Kanner goufe schonn op Däitsch alphabetiséiert, wa si léiere Franséisch liesen a schreiwen. Et kann een also op d'Alphabetisatioun op Däitsch opbauen. Och heifir gëtt et Methoden. Dat gëtt awer am Moment net gemaach.

An ech wëll hei definitiv net den Enseignanten e Virworf maachen, well si maachen dat, wat virgeschriwwen ass. Mä dëst Iwwerschaffe vun der Virgoensweis, fir d'Sproochen ze léieren, d'Entrümpele vun eise Programmer, muss vu Sproochespezialiste gemaach ginn an Zesummenaarbecht mat den Enseignanten, de Leit vum Terrain.

Dann nach e leschte Punkt zum Fondamental. Et gëtt néierens esou eng grouss Diversitéit vu Schüler wéi am Fondamental. An et ass eng Illusioun, ze denken - a mir kucken do ganz dacks mat Scheiklappen -, datt den Enseignant et fäerdegbréngt, fir all Schüler op sengem Niveau ze förderen an ze fuerderen.

Duerfir widderhuelen ech meng Ausso, déi ech op dëser Plaz schonns méi dacks gemaach hunn: Dat differenzéiert Schaffe muss tatsächlech erméiglecht ginn. An an deem Sënn wär et, eiser Meenung no, méi sënnvoll gewiescht, fir een Deel vun där 80,100-Milioune-gratis-Kannerbetreiung an dësem Beräich ze investéieren.

Ech denken och, datt d'Hausaufgabenhëllef respektiv d'Nohëllef emol sollt analyséiert ginn, datt d'Méiglechkeete vun enger besserer Zesummenaarbecht an dësem Beräich mat de Maison-relaisë sollte gekuckt ginn. An hei geet et net duer, esou wéi den Accord et virgesäit, datt d'Raimlechkeete kënne gemeinsam genotzt ginn. Vläicht kéinten duerch eng verbessert Nohëllef, duerch eng verbessert Hausaufgabenhëllef, d'Bildungsënnerscheeder, déi sech, wéi den Här Adam gesot huet, och ganz staark op de sozioekonomeschen Hannergrond vun de Kanner bezéien, reduzéiert ginn.

Ech erënneren do - ech kommen aus dem Norden - un de Bildungsbericht 2015, do ass dee ganzen Norde gréng. D'Majoritéit vun de Kanner aus dem Norde geet an den Enseignement secondaire technique a gréng war d'Zeeche vun engem niddrege sozioekonomeschen Hannergrond. Dat ass dramatesch an do muss dru geschafft ginn!

Wat wëllt den Här Minister maachen, fir méi geziilt dat differenzéiert Schaffen an de Schoulen ze förderen? Ass hie bereet, fir iwwert de Cours d'appui an d'Hausaufgabenhëllef ze diskutéieren?

Ech kommen dann elo zum Secondaire. Wa mer am Fondamental Bildungsstandarden, Ziler festgeluecht hu fir déi eenzel Kompetenzen, wa mer ee kompetenzorientéierte Sproochenunterrecht am Fondamental hunn, esou hu mer dat a groussen Deeler vum Secondaire leider nach net komplett erreecht. Mir brauchen awer ee fléissenden Iwwergang vum Fondamental an de Secondaire.

D'Madamm Delvaux hat an hirem 66-Punkte-Moossnamekatalog ënner anerem festgehalen, fir och am Secondaire Bildungsstandarde fir déi eenzel Kompetenzen ze definéieren. Souwäit ech weess, sinn déi awer leider nach net bis zum Schluss ausgeschafft.

Am Cycle inférieur vum Secondaire technique ass villes geschitt. Och an der Beruffsausbildung ass schonns villes geschitt. Mä awer stelle sech eng Partie Froen: Wéi eng Kompetenze brauch e Schüler an de Sproochen am Classique op den eenzelne Sektiounen? Wéi eng Kompetenze brauch en am Régime technique an den eenzelne Sektiounen? A wéi eng Kompetenze brauch en an der Beruffsausbildung op den eenzelne Sektiounen an Niveauen?

Wéi eng Sproochen op wéi engem Niveau sinn erfuerderlech, fir kënne studéieren ze goen? Wéi eng Sproochkompetenzen op wéi engem Niveau sinn erfuerderlech fir déi eenzel Beruffer? Eng Sekretärin mat engem Treizièmes-Ofschloss muss bestëmmt aner Kompetenzen am Franséischen hu wéi eng Infirmière oder een Informatiker. Wëlle mer dësen ënnerschiddlechen Usprëch Rechnung droen? Oder soe mer: „Et ass egal, Treizième ass Treizième, Première ass Première, déi mussen alleguer deeselwechten Niveau hunn."?

Et wär interessant ze wëssen, wéi den Här Minister dëst gesäit. Dëst ass näämlech eng kruzial Fro! Ass den Här Minister bereet, dëst ze diskutéieren?

A wa mer da vu Kompetenzbewäertung schwätzen, wär et sënnvoll, sech um europäesche Referenzkader fir déi verschidde Kompetenzberäicher ze orientéieren. A ganz Europa gëtt ëmmer méi mam europäesche Referenzkader geschafft, fir eben a Richtung Harmoniséierung vun der Kompetenzbewäertung ze goen.

Wär et an deem Sënn net sënnvoll, d'Schoulen zum Deel akkreditéieren ze loossen? Am Moment kann dat just den Institut national des langues. Wat hält den Här Minister vun dëser Iddi?

D'Madamm Delvaux hat, wéi gesot, an dës Richtung iwwerluecht an hat 2006 op de Premièren en Test gemaach, fir ze kucken, wéi e Sproochenniveau eis Baccalauréaten am schréftleche Franséisch géifen erreechen. D'Resultat war Folgendes: 6,6% vum Enseignement secondaire classique haten den Niveau C2, dat ass jo den héchsten Niveau. 13,2% haten den Niveau C1 erreecht, dat heescht knapps 20% haten den C1 a méi.

Ech erënneren do just drun, datt mer gesot kritt hu vum Här Minister, datt bei der multilingualer gratis Kannerbetreiung déijéineg Éducateuren, déi fir d'Franséisch zoustänneg wieren, den Niveau C1 missten erreechen. Wa mer dat jo duerchdenken, da misst och d'Spillschoulsjoffer, déi dann elo dat am Cycle C1 mécht oder och den Éducateur am Précoce an och herno d'Schoulmeeschteren alleguer och en C1 hunn. Ech weess net, ob mer déi alleguer fannen.

Knapps 20% hunn den Niveau C1 a méi erreecht. 60,38% haten den Niveau C2 (veuillez lire: B2) an och knapp 20% nëmmen den Niveau B1.

Elo muss ee sech mat dëse Resultater zwou Froe stellen: Ass et mat dëse Resultater realistesch, den Niveau C1 unzestriewen? D'Madamm Delvaux hat an hirem Aktiounsplang de Virschlag gemaach, fir dësen Niveau am Classique op alle Sektioune fir d'Grammaire an d'Orthografie unzestriewen. Wat sinn dem Här Minister seng Ziler?

Oder eng Fro, déi sech virdru stellt: Ass hie bereet, sech un den europäesche Referenzkader unzeleenen? Ass hie bereet, konkret ze erreechend Niveaue bei den eenzelne Kompetenze festzeleeën? An eng zweet Fro, déi ee sech natierlech och muss stellen, ass: Firwat erreeche mer dës Ziler net? Wat musse mer änneren, fir se ze erreechen? D'Methodik, d'Didaktik?

Wa mer eis méi géifen um europäesche Referenzkader orientéieren, misste mer automatesch méi a Richtung vun engem kompetenzorientéierten Unterrecht goen, misste mer eis Programmer, eis Methodik an eis Didaktik automatesch upassen.

An da kommen ech nach eemol op d'Motivatioun. Si ass ouni Zweifel ee vun de wichtegste Facteure fir erfollegräicht Léieren. An der Schoul léiert de Schüler virun allem fir d'Sproochen, virun allem oder ganz dacks d'Sproochen aus Angscht virun enger Datz oder virum Sëtzebleiwen. D'Schoul däerf d'Motivatioun net aus den Ae verléieren! An an deem Sënn musse mer méi a Richtung vun enger positiver Evaluatioun goen an net virun allem mat der Lupp no de Feeler sichen. An ech géif och hei mengen, wa mer eis méi um europäesche Referenzkader géifen orientéieren, da géif dat och geschéien, da misste mer och automatesch eis Evaluatioun änneren.

Dann ass déi emotional Astellung vum Schüler zur Sprooch ee weidere wichtege Facteur. Wien also um Inhalt vum Friemsproochenunterrecht interesséiert ass, léiert se besser. Och do musse mer eis froen: Ass do d'Literatur aus dem 16., 17., 18. Jorhonnert hëllefräich? Wär et net och interessant, fir eng Kéier ze trennen, de renge Sproochenunterrecht vum Sproocheléieren an dem Literaturunterrecht? A sech dann och vläicht d'Fro stellen, fir dat vläicht e bëssen ze differenzéieren an dem Schüler de Choix ze loossen, wann de Minister wéilt an déi Richtung goen, datt de Schüler kéint d'Wiel hunn tëschent enger éischter Sprooch, enger zweeter oder enger drëtter Sprooch? Ech ginn nach eng Kéier dorop an.

Wat awer och ganz kloer ass, ass, et léiert ee Sproochen am beschten, wann een an enger Emgéigend ass, wou een d'Sprooch absolutt muss gebrauchen. Ech zitéieren de Raphael Berthele, Professer fir Méisproochegkeet aus der Schwäiz: „Die Schule ist für Fremdsprachen im besten Falle eine Türöffnerin." Duerfir gëtt et jo och déi Riedensweis: „Wann s de wëlls Franséisch oder Englesch léieren, da sich der e franséischsproochegen oder en engleschsproochege Frënd oder eng Frëndin." Dat kënne mer elo net jiddwerengem virschreiwen!

Mä mir kéinten awer duerchaus méi an den internationalen Austausch investéieren. Dat kënne Stagë sinn: A menger fréierer Schoul sinn zum Beispill sechs Woche Stage an engem franséischsproochege Land virgeschriwwen. Dat kënnen international Austauschprojete sinn. Dës Aktivitéite musse mer förderen, déi entspriechend finanziell Mëttelen zur Verfügung stellen, déi rechtlech an organisatoresch Viraussetzunge schafen. Och do wier et interessant, dem Här Minister seng Meenung ze héieren.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, wa mer vu Sproochenunterrecht an der Schoul schwätzen, dann däerfe mer dat net lassgeléist vun den anere Fächer maachen. An dat mécht d'Saach natierlech nach méi komplizéiert. Eis Wirtschaftswelt brauch awer net nëmme Leit, déi gutt an de Sprooche sinn, mä och Leit, déi gutt an der Informatik sinn, déi gutt an de Sciencë sinn an esou weider.

Dës Fächer vernoléissege mer allerdéngs ganz däitlech. Wann ech et elo emol géif iwwerdriwwe soen, da géif ech soen: Mir maachen am Lycée classique méi Algriichesch wéi Informatik. Doduerch datt mer zu Lëtzebuerg e groussen Deel vun eisen Unterrechtsstonnen an der Schoul op d'Sprooche verwenden, hu mer wesentlech manner Unterrecht am Beräich vun de Sciencë wéi an eisen Nopeschlänner.

Dat huet natierlech direkt Konsequenzen. Laut OECD-Bericht scheitert all véierte 15-Järegen un den einfachste Mathés-Aufgaben an 23% vun de Kanner mat 15 Joer hunn déi normal Basisgrondkenntnisser an de Sciencen net. Et muss awer jiddwerengem bewosst sinn, datt och d'Wëssenschaften, an net nëmmen d'Sproochen, wichteg sinn, fir sech zum mündege Bierger ze entwéckelen.

Donieft hunn d'Sproochen am Secondaire iwwert d'Langue véhiculaire och en direkten Afloss op vill Fächer. Op Septième sinn d'Datzen an der Mathé bal esou héich wéi am Franséischen. Läit dat vläicht och un der Sprooch? Wann et géif un der Sprooch leien, musse mer eis dann net Froe stellen no alternative Méiglechkeeten? Zu Gréiwemaacher am Lycée an och zu Réiden am Lycée lafe Projeten, fir op de Septième-techniquen de Schüler de Choix ze loossen, d'Mathé op Däitsch oder op Franséisch ze maachen. Den Direkter vu Gréiwemaacher sot, hien hätt erstaunlech gutt Resultater op der Mathés-Olympiad dëst Joer gehat. Kéint een dat eventuell verallgemengeren an all de Schüler de Choix loossen?

Dann däerf een natierlech och, wann een iwwer Sprooche schwätzt, d'Bedeitung vum Engleschen do net vergiessen. Vill vun eise Studente gi mëttlerweil op engleschsproocheg Unien. Vill Länner, nieft Groussbritannien, zum Deel Holland, enseignéiere mëttlerweil, och Lëtzebuerg, op hiren Unien op Englesch. Och Däitschland bitt ëmmer méi Coursen op Englesch un. A souguer a Frankräich ginn et ëmmer méi Coursen op Englesch.

Englesch ass déi international Lingua franca vun der Weltwirtschaft a praktesch all europäescht Land huet Englesch als éischt Friemsprooch. Do musse mer eis froen: Kënne mir eis et nach leeschten, Englesch vis-à-vis vum Franséischen ze vernoléissegen?

Englesch brauch an eisen Ae méi en héije Stellewäert - an do sinn ech enger liicht anerer Meenung wéi den Här Adam -, ech géif et wierklech virzéien, wa mer do scho kéinten op Septième ufänke mam Engleschen. Och wann dat Stonneplangsännerunge bedeit, da muss dat eng Kéier gemaach ginn.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Villes vun deem, wat ech gesot hunn, an ech mengen, och do war den Här Adam drop agaangen, erfuerdert méi eng staark Diversifikatioun vun der Offer bei de Sproochen. Am Moment hu mer vill Privatschoulen, sot den Här Adam och, mat engem spezifesche sproochlechen Ugebuet: d'Saint George's International School, d'International School hei zu Lëtzebuerg. Dës Schoulen hunn eng grouss Nofro, sinn awer sécherlech net d'Léisung. Eng Ursaach sinn ënner anerem d'Aschreiwungskäschten: Op den Ofschlossklasse leien déi tëschent 13.000 a 17.000 Euro pro Joer! Dat kënnen déi mannst sech leeschten. Si sinn also sozial ganz staark selektiv.

Bei den ëffentleche Schoulen deet sech och eppes a leschter Zäit, dat ass och gutt esou: Mir hunn eng ëffentlech Europaschoul, mir hunn de Bac international. Mä dës Diversifizéierung tëschent de Schoule muss organiséiert a strukturéiert ginn. An do froen ech mech: Wéi gesäit et aus mat engem Plan sectoriel vun dëse Schoulen oder wou dës Schoulen och dra sinn? Soss riskéiere mer am städtesche Beräich eng relativ grouss Offer ze kréien, déi mer am ländleche Beräich, opgrond vun enger manner dichter Bevëlkerung, aus Käschtegrënn net kënnen organiséieren. Da géife mer d'Kanner aus dem ländleche Beräich benodeelegen an dat muss verhënnert ginn!

Als CSV soe mer: Jo, mir brauche méi eng grouss Diversifikatioun, mä mir däerfe gläichzäiteg, am Sënn vun der Chancëgerechtegkeet, de regionale Standpunkt net aus den Ae verléieren.

An da kommen ech nach eng Kéier zu menger Fro, déi ech scho virdru gestallt hunn: Wëlle mer den ënnerschiddlechen Usprëch vun de Sektiounen, den Ausbildungen, oder och den ënnerschiddleche Kompetenze vun eise Schüler Rechnung droen an eisen ëffentleche Schoulen, oder soe mer, dat wier egal, all eis Schüler missten an alle Sproochen deeselwechten Niveau hunn, soss wier den Diplom net vergläichbar?

Dir Dammen an Dir Hären, éischtens hu mer hei zu Lëtzebuerg schonns ënnerschiddlech Diplomer. Ee Beispill ass déi agreéiert Europaschoul. Hei ginn och vill Kanner hin, déi eis ganz normal Grondschoul gemaach hunn, déi duerno ganz normal wäerten hei zu Lëtzebuerg um Aarbechtsmaart bleiwen. Si hunn awer de Choix tëschent enger éischter, zweeter an drëtter Sprooch. Jee nodeem, ob si déi éischt, zweet oder drëtt Sprooch wielen, ass den Niveauxënnerscheed och ënnerschiddlech. Dës Ofschlossschüler hunn och net alleguer Däitsch an Englesch a Franséisch, an awer ass hire Bac unerkannt.

An zweetens kommen och vill Leit op Lëtzebuerg mat engem auslännesche Bac. Musse mer also net och méi Flexibilitéit an eis Lycéeën, och an eis klassesch Lycéeën erakréien? Wär et net méiglech, dem Schüler de Choix ze loossen, fir zum Beispill eng Sprooch mam Zil C1, eng oder zwou aner Sprooche mam Zil B2?

Da muss de Schüler natierlech fir sech de Choix treffen. Wann e wëllt Enseignant am Fondamental ginn, da muss e gutt am Franséischen an am Däitsche ginn. Wann e wëllt Statsbeamte ginn, da muss en eis national Sprooche kënnen. Mä wann e gär wëllt Recherche studéieren, da muss e gutt am Englesche sinn. Hie muss also de Choix maachen.

Mä esou diskriminéiere mer u sech awer net eis Schüler, well, wéi gesot, et kommen och aner Leit hei op den Aarbechtsmarché, déi déi do Sproochen net op deem Niveau hunn.

Wat gesäit den Här Minister an dësem Punkt vir bei senger Reform beim Secondaire? Et wier interessant, fir dat ze wëssen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, am Sënn vun der sozialer Kohäsioun hunn eis Schoulen eng grouss Verantwortung. Eng méi grouss Flexibiliséierung vum Sproochenunterrecht innerhalb vun eise Lycéeë géif souwuel déi sozial Kohäsioun wéi och d'Chancëgerechtegkeet förderen.

Zesummefaassend nach eemol: Mir hu villes unzepaken ab dem Cycle 1. Mir hu souwuel am Fondamental wéi am Secondaire vill Chantieren, déi missten opgemaach ginn, vill Froen, déi musse beäntwert ginn. D'Sproochen däerfen net separat gekuckt ginn. D'Schoul muss als Ganzes gesi ginn.

An iwwer eppes muss ee sech och am Klore sinn: Eng Reform am Enseignement, egal a wéi engem Beräich, geet nëmme mat de Leit vum Terrain. An eng Reform vum Sproochenunterrecht ass sécherlech eng grouss Erausfuerderung, mä eng Erausfuerderung, déi sech lount an déi néideg ass.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci der Madamm Hansen. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Gilles Baum *(DP).-* Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, et ass net d'Steierreform, et ass och net d'Landesplanung an et ass och net de Congé parental, deen d'Leit dobaussen am Moment am meeschte beschäftegt. Et schéngt mir, wéi wann et d'Sproochesituatioun hei am Land wär. Dat beweist den Erfolleg vun zwou Petitiounen, déi sech mat eiser Sprooch oder eiser Méisproochegkeet beschäftegen. Dobäi geet et souwuel ëm den Zougang zu eiser Sprooch wéi och ëm de Gebrauch an den Emgang mat de sougenannte Friemsproochen hei am Land.

D'Sprooch a virun allem déi Lëtzebuerger Sprooch ass een Thema, dat ville Leit dobaussen um Häerz läit. An dofir ass et och gutt, dass mer eis haut domadder beschäftegen.

An eisen Ae soll et weder drëm goen, déi eng Sprooch duerch déi aner ze ersetzen, nach soll et drëms goen, déi eng Sprooch par rapport zu där anerer ze bevirdeelegen. Et soll an eisen Ae vill méi drëms goen, keng vun de Sproochen ze vernoléissegen.

Mir sollen eis Méisproochegkeet villméi als e wichtege Plus gesinn, ouni dee mer, schonn eleng geographesch gesinn, séier un eis Grenze stousse géifen. Op där enger Säit hu mer d'Lëtzebuerger Sprooch, eis Mammesprooch, als Integratiounssprooch e wichtege Bestanddeel vun eiser Kultur a vun eiser Identitéit. Op där anerer Säit hu mer awer och déi geliefte Méisproochegkeet. An dat sinn zwee Standbeen, op déi mer kënnen an op déi mer och sollen houfreg sinn.

Am Ausland kréie mir Lëtzebuerger oft Luef, dass mir méi Sprooche schwätzen, dass mer se liesen, dass mer se schreiwen - och wann et net ëmmer perfekt ass, dat ginn ech gären zou , an dach ass dat, mengen ech, e ganz, ganz grousse Virdeel, deen een net soll an deen een och net däerf op d'Spill setzen.

Ech stelle fest, dass nach ni esou vill Lëtzebuergesch geschriwwen a gelies ginn ass wéi an de leschte Joren. Wann ech déi Jonk kucken, wa se E-Maile schreiwen, wa se sech SMSe schreiwen, an ech denken och ganz vill vun eis heibanne gebrauchen d'Lëtzebuerger Sprooch am Alldag net nëmme mëndlech, mä och schréftlech.

Wa mer e puer Meter hei aus der Chamber erausginn, do ass e grousse Bicherbuttek, a wann ee kuckt, wat alles do steet a Lëtzebuerger Sprooch, da mengen ech, dass d'Angebot fir all Alter immens grouss ass, fir och a Lëtzebuerger Sprooch ze liesen.

Här President, fir déi - entschëllegt, Madamm Presidentin, et ass eng Gewunnecht -, fir d'lëtzebuergesch Coursen a fir déi lëtzebuergesch Sprooch gëtt och vill gemaach. D'Coursë si ganz gutt besat, d'Nofro ass grouss. A souguer am Ausland gëtt Lëtzebuergesch enseignéiert. D'lescht Joer waren am Saarland a Rheinland-Pfalz an a Louthrengen net manner wéi 540 Leit ageschriwwen, fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren. Dat weist, dass de Stellewäert, deen d'Lëtzebuerger Sprooch an der Groussregioun huet, och ëmmer méi grouss gëtt. Et beweist awer och, dass eis Frontaliere sech iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch wëlle besser op eisem Aarbechtsmaart integréieren.

Wéi ech nach Student war, dat ass awer och schonn zimlech laang hier, do hunn ech selwer lëtzebuergesch Coursë gehalen, mat engem Programm, deen opgebaut war besonnesch op d'Schwätzen. Dat huet geheescht „L wéi Lëtzebuergesch". Et war e ganz flotte Cours. A wann ech menge Schüler vun deemools haut begéinen, da schwätze mer Lëtzebuergesch mateneen. An ech fannen dat ganz, ganz flott.

Ech wëll och nach betounen, datt ab der nächster Rentrée an alle Lycéeë solle lëtzebuergesch Optiounscoursen ugebuede ginn. D'Regierung hëlt d'Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch an eise Schoulen also ganz eescht, an dat net eréischt säit der Petitioun.

Eis Schoulen hunn an deem Kontext eng ganz grouss Verantwortung ze droen. An et ass an de Schoulen, wou d'Kanner am jonken Alter mat verschiddene Kulturen, awer och mat verschiddene Mammesproochen eng éischt Kéier beienee kommen. D'Schoul huet d'Aufgab, dës Kanner zesummenzefëieren, déi ënnerschiddlech Talenter ze förderen an hinnen déi beschtméiglech Zukunftsperspektiven ze bidden.

Dës Heterogenitéit ass eppes, wat eis auszeechent - meng Virriedner hunn dat scho gesot -, et ass awer och eng ganz grouss Chance fir eis Gesellschaft. Leider, dat ass och gesot ginn, ass dës Diversitéit och oft den Ursprong vun enger ganzer Rei vun Differenzen. Besonnesch déi sproochlech Barrièrë bereede ville Schüler hautdesdaags Schwieregkeeten, déi si bis an d'Beruffsliewe begleeden an hinnen och esou munche Steen an de Wee leeën.

D'Demokratesch Partei wëllt keng Schoul, déi sproochlech a sozial Differenze verstäerkt. Mir hunn eis ëmmer dofir staarkgemaach, dass all Kand déiselwecht Startchancë kritt a kee soll wéinst senger Mammesprooch an der Schoul benodeelegt ginn. An et gëllt dofir, esou fréi wéi méiglech dee Problem unzegoen an déi sproochlech Differenze vun den eenzelne Schüler auszegläichen. Déi geplangte multilingual Fréiförderung vum Éducatiounsminister Claude Meisch ass do dee richtegen Usaz.

An et ass mir wichteg, op dëser Plaz op eng gewësse Polemik ze reagéieren. Et ass ganz einfach haut, op de sozialen Netzwierker, besonnesch op deem mat deem grousse wäissen „F", Saachen ze behaapten, déi bewosst oder onbewosst falsch duergestallt ginn, an dës Messagen da ganz séier ze verbreeden.

Ech war erstaunt, wéi ech do gelies hunn: „D'Bildungspolitik vum Minister Claude Meisch: manner Lëtzebuergesch, méi Franséisch". Déi Initiativ iwwersäit, dass haut a ganz ville Crèchen hei zu Lëtzebuerg guer kee Lëtzebuergesch geschwat gëtt an dass d'Regierung dat wëllt änneren. All Crèche muss vum September 2017 un op lëtzebuergeschsproochegt Personal kënnen zréckgräifen. A besonnesch déi Kanner, déi doheem eis national Sprooch net léieren, déi solle geziilt an de Crèchë mat der Lëtzebuerger Sprooch gefërdert ginn. Fir vill Kanner heescht et da virun allem, dass se méi Lëtzebuergesch maache wéi bis ewell.

Jo, et ass richteg, am Précoce an an der Spillschoul sollen d'Kanner e puer kleng Aktivitéite pro Woch op Franséisch maachen, fir esou op spillleresch Aart a Weis, op eng spillleresch Manéier, d'Gefill fir déi franséisch Sprooch ze kréien. Dat gëtt hautdesdaags schonn zum Deel a Klassen am Précoce gemaach an och an der Spillschoul.

Meng Kolleegin, d'Josée Lorsché hei op der Säit, déi jo fréier Spillschoulsjoffer war, an och aner Léierinnen, mat deenen ech am Virfeld vun dësem Débat hei geschwat hunn, hu mir confirméiert, dass haut schonn esou kuerz, kleng spillleresch Aktivitéiten op Franséisch gemaach ginn an dass d'Kanner vill Freed domadder hunn. An ech soen Iech...

(Interruption)

Ech soen Iech... Majo, genau dat! An ech soen Iech: Et ass eng Chance fir eis Kanner, fréi a Beréierung mat anere Sproochen ze kommen. Méi Franséisch heescht also an dësem Fall net manner Lëtzebuergesch, mä et heescht virun allem eng besser Virbereedung op d'Sproochesituatioun hei am Land. Lëtzebuergesch ass eis Nationalsprooch, Däitsch a Franséisch sinn eis Haaptfriemsproochen. An dat ass och gutt esou.

D'Kanner héiere verschidde Sproochen an der Famill, um Fernseh, op der Spillplaz, am Schoulhaff. A si si virwëtzeg, well se déi verschidde Sprooche wëlle verstoen. A grad dobäi ass et wichteg, dass mer eis Kanner ënnerstëtzen!

Kanner ënner véier Joer fält et besonnesch liicht, nei Saachen ze léieren, an dësem Fall nei Sproochen. An et geet net drëms, de Kanner schonn an der Crèche Vokabele bäizebréngen. Neen, et geet drëms, si duerch kleng spillleresch Aktivitéiten un d'Sprooch erunzeféieren, en Ouer an e Sënn fir d'Sprooch ze entwéckelen. A gleeft mer et, an deem Alter huelen d'Kanner villes op wéi e Schwamp - och wa mäi Kolleeg, de Claude Adam, den Interpellant, meng Meenung do net deelt.

Dir wësst vläicht, dass ech e klengt Meedchen doheem hu vun dräi Joer an dräi Méint. An duerch de Kontakt mat eisen däitschen Nopere sprëngt et direkt op déi däitsch Sprooch eriwwer, soubal wéi et d'Simone, soubal wéi et eis däitsch Nopesch gesäit, an dat onbewosst. Natierlech sangen ech mat him Nikloslidder, et ass jo och un der Zäit, an ech hoffen, dass ech elo heibanne keen „faux pas" maachen, wann ech zouginn, dass ech och mat him de „Frère Jacques" sangen, dass ech „Alouette, gentille alouette" mat him sangen an dass ech och „Sur le pont d'Avignon" mat him sangen. An hatt séngt et och an et ass begeeschtert, an ech fannen dat immens flott.

An ech si frou Iech matzedeelen, dass et flott ass, dass mer gëschter zu e puer Kolleegen op Esch mat der Éducatiounskommissioun eng multilingual Crèche kucke waren, fir eis e Bild ze maachen, wéi do geschafft gëtt. An et ass wichteg, ech mengen, dat war eng wichteg Erkenntnis fir déi Leit, déi dobäi waren, dass do fir d'Éischt emol d'Mammesprooch gefestegt gëtt an dass Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch benotzt gëtt. An dat schéngt mer och evident.

An duerno - dat ass dat, wat mer gesot kritt hunn - gi sporadesch kleng a kuerz Aktivitéiten a franséischer Sprooch mat de Kanner gemaach. Ech mengen, een, dee mat Kanner geschafft huet, an där si jo awer eng Partie heibannen, dee weess, wat mat enger klenger Aktivitéit gemengt ass. Ech mengen, dat sinn Aktivitéiten, déi tëschent 10 a 15 Minutten daueren, well méi laang passen déi kleng Kanner am Alter vun dräi bis véier Joer an engem Grupp net op.

Madamm Presidentin - dës Kéier sinn ech richteg -, d'Fréifërderung ersetzt d'Schoul natierlech net. Am Géigendeel, d'Kanner sollen op eng kandgerecht a spilleresch Aart a Weis, duerch Lidder, Reimer, duerch kuerz Geschichten, duerch Fangerspiller a Rollespiller un déi lëtzebuergesch Sprooch an un déi franséisch Sprooch erugefouert ginn. D'Freed an d'Loscht um Léiere vun dëse Sprooche solle bei de Kanner am Mëttelpunkt stoen.

Ech wëll awer nach eng Kéier ënnersträichen, an dat schéngt mer awer ganz wichteg, dass déi multilingual Fréifërderung an zwou Richtunge fonctionnéiert. Net nëmme kréien d'Kanner, déi Lëtzebuergesch doheem schwätzen, e Gefill an en Ouer fir dat Franséischt, mä och kommen all déi Kanner, déi doheem kee Lëtzebuergesch schwätzen, méi an de Kontakt mat der Lëtzebuerger Sprooch. An dat ass wichteg; ech mengen, dat ass och dat, wat mer gëschter festgehalen hunn. Een Zil ass awer, dass, wann d'Kanner an d'Schoul kommen, se solle Lëtzebuergesch verstoen a schwätzen.

Et schwätzt nach just all drëtt Kand Lëtzebuergesch doheem hei am Land. Wa fréier vill Kanner Lëtzebuergesch scho vun doheem aus gewinnt waren, ass dat haut also net méi onbedéngt de Fall. Déi multilingual Fréifërderung vun de Kanner bréngt also och eng Valorisatioun vun der Lëtzebuerger Sprooch mat sech, déi dëser Deeg jo esou vill am Gespréich ass an och zu Recht vu ville Säite gefuerdert gëtt. An ech sinn iwwerzeegt, dass mir mat eise ganz engagéierten Éducateuren, mat eise ganz engagéierten Éducatricen a mat eise ganz engagéierte Spillschoulsjofferen dat do och fäerdegbréngen, deen Challenge do unzehuelen an ze bewältegen.

Och am Cycle 1, also an der Spillschoul an am Précoce, ginn an Zukunft kleng franséisch Elementer agebaut, woubäi d'Lëtzebuergescht nach ëmmer d'Haaptsprooch bleift. No därselwechter Iddi wéi an der Crèche sollen och hei d'Kanner keng Vokabele léieren a mam Franséischen iwwerfuerdert ginn. Et geet einfach drëms, an ech widderhuelen et gär - ech weess, dass ech et elo fir d'Drëtt soen -, mat klenge franséische Geschichten, Spillercher a Lidder de Kanner en Ouer fir dat Franséischt matzeginn, fir dass si e Gefill fir déi schéi Sprooch entwéckelen.

D'Kanner sollen also lues mä kontinuéierlech vun der Crèche iwwert de Cycle 1 an 2 un dat Franséischt erugefouert sinn, éier se am Cycle 3 ufänken ze schreiwen.

Eng Anekdot, well d'Madamm Hansen virdru gesot huet, dass d'Kanner nom zweete Schouljoer schonn net méi esou frou mam Franséische wären: Ech hat virun net allze laanger Zäit en zweet Schouljoer, a wéi ech am Februar ugefaangen hunn, dunn ass e Kand bei mech komm an huet mer gesot: „Mäi Papp huet gesot: Elo maache mer Franséisch, elo gëtt et schwéier!"

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Wann een de Kanner dat natierlech als Message mat op de Wee gëtt vun doheem aus, da muss ech soen, dann ass et schued. Ech hunn dem Kand gesot, et géif net schwéier ginn, et géif flott ginn, et géif spannend ginn, et géif interessant ginn. D'Eltere mussen natierlech hannendrustoen a matschaffen. An den Elteren hire Rôle ass et, fir d'Mammesprooch, egal wat fir eng dass et ass, ze festegen. Wat de Kanner hir Mammesprooch méi gefestegt ass, wat d'Chancë méi grouss sinn, dass si weider Sprooche mat Succès kënne léieren.

Här President - ech gesinn, Dir sidd elo erëm do -, allerdéngs stelle mer säit Joren an eise Schoulen datselwecht fest. Kanner, déi doheem net Lëtzebuergesch schwätzen, hunn dacks Problemer mam Däitschen, an ëmgedréint: Kanner, déi doheem Lëtzebuergesch schwätzen, doe sech oft ganz schwéier mam Franséischen. Firwat entwéckelen eis Schüler esou eng Ofneigung géint déi franséisch Sprooch? Firwat genéiere sech d'Leit, mat Friemen oder am Ausland Franséisch ze schwätzen?

Ech mengen - an do sinn ech, mengen ech, mat der Madamm Hansen voll op enger Linn -, et ass d'Aart a Weis, wéi mir säit Jorzéngte Franséisch an eise Schoule vermëttelen. Duerch déi Feelerkultur, duerch d'Bestrofe vun all eenzelnen orthografeschen oder grammatesche Feeler di mer eise Schüler sécherlech kee Gefalen. Si kréien Angscht, Feeler ze schreiwen an dofir bestrooft ze ginn. Si ginn doduerch demotivéiert a fänken un, dräimol ze iwwerleeën, éier se e Wuert schwätzen oder e Wuert schreiwen.

Een, dee richteg schreiwe wëllt, dee muss fir d'Éischt emol déi Sprooch richteg schwätze kënnen. An ech denken, hei musse mer eis Approche an eis Didaktik iwwerdenken, net nëmmen, wat dat Franséischt ugeet, mä ech weess awer och vum Terrain dobaussen, dass schonn a ganz ville Klassen am Fondamental aner Weeër gesicht ginn, fir den Zougang zum Franséischen de Schüler méi schmackhaft a méi einfach ze maachen.

Verstitt mech net falsch! Dir wësst, dass ech Schoulmeeschter sinn an Dir kënnt Iech denken, dass et mer wichteg ass, dass eis Kanner e richtegen, proppere franséische Saz op d'Rei bréngen. Mä muss ee wierklech beim jonken Alter schonn de Passé simple an de Subjonctif kennen? Hei ass Fangerspëtzegefill gefuerdert. Net all Kand muss am véierte Schouljoer wësen, wéi déi fënnef Fangeren op Franséisch heeschen. A mir mussen an der Schoul méi intern differenzéieren, fir d'Schwächte vun deenen engen opzefänken an d'Stäerkte vun deenen aneren ze förderen. Et ass och net sënnvoll, d'Kanner mat Vokabele vollzetippen, mä et ass sënnvoll, seng Vokabele kënnen an de Sätz ze gebrauchen.

Schonn am 16. Jorhonnert sot de Montaigne, dat däerf deem engen oder aneren heibannen e Begréff sinn: «Mieux vaut une tête bien faite qu'une tête bien pleine.» An ech mengen, dat Zitat ass och haut nach aktuell.

Kommt, mir vermëttelen eise Schüler méi d'Loscht um Franséischen an un deenen anere Sprooche wéi d'Angscht, Feeler ze maachen! Si solle sech net fir hir Feeler schummen, mä am Géigendeel, si sollen houfreg sinn op dat, wat se an de Sprooche geléiert hunn. An ech begréissen do aussergewéinlech a ganz extra, an ech wëll et ënnersträichen, d'Initiativ vum Educatiounsminister Claude Meisch, fir d'Sprooch an Zukunft méi no, méi praktesch vermëttelen ze wëllen, fräi nom Motto: léiwer un croissant s'il vous plaît wéi Subjonctif plus-que-parfait. An ech hu mer soe gelooss, dass deen een oder aneren heibannen e Sonndeg bei der Dictée grad bei deem Saz, wou de Plus-que-parfait dra war, richteg un d'Schweesse komm ass.

(Brouhaha)

Jo, fir eng Sprooch ze léieren, muss ee sech ustrengen, Motivatioun ass gefuerdert, et muss ee prett sinn, en Effort ze maachen, och am Lycée, egal ob et elo Latäin, Franséisch, Italienesch oder Spuenesch ass. Mä eng Sprooch léieren ass eppes Flottes, eppes Wäertvolles, wat sech absolutt lount. An ech si mer sécher, dass, wa mer prett sinn, e bëssen ëmzedenken an och e bëssen ëmzestellen, dass mer kënnen déi Ofneigung géigeniwwer de Sprooche bei ville Kanner ofbauen an dass mer soumat méi selbstbewosst mat eiser natierlecher Méisproochegkeet ëmgoe kënnen.

Merci, Här President, a Merci deenen, déi nogelauschtert hunn.

M. Lex Delles *(DP)*.- Dat war eng Chute brutale!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also, ech hat eigentlech geduecht, et géif nach eppes kommen.

(Hilarité)

Merci dem Här Baum. An nächste Riedner ass den Här Claude Haagen. Ech hat gekuckt, ob Der prett wäert.

M. Claude Haagen *(LSAP)*.- Ech hu mäi Paltong nach ugedoen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Voilà. D'Krawatt hutt Der vergiess.

M. Claude Haagen *(LSAP)*.- Merci, Här President. Duerfir hutt Dir jo eng un.

(Hilarité)

Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt géif ech gär dem Interpellant, dem Här Claude Adam, Merci soe fir dës Interpellatioun. Ech mengen, et ass ee wichtegen an ee komplexe Sujet, dee mer haut de Mëtten hei diskutéieren. Ech wëll awer am Virfeld, well ech deene Riedner virdrun alleguerten andächteg nogelauschtert hunn, e puer perséinlech Remarquë maachen. Ech denken, datt mer - d'Madamm Hansen, den Här Baum, den Här Adam an ech -, wa mer kucken, wat d'Feststellung vun de Problemer, vun de Feeler ass, oder wou mer mengen, datt et net richteg fonctionnéiert, do deeselwechte Constat maachen, bal iwwerall. A wann ech gesinn...

(Interruption)

Bon, dat ass eng Diskussioun tëschent Iech an dem Här Baum.

Une voix.- Ech ginn Iech recht.

M. Claude Haagen *(LSAP)*.- Mä ech denken, och bei der Definitioun vun den Ziler, bei den Objektiver an dem Wee, wéi mer sollen dohinnerkommen, datt mer do a ville Saachen och ee Konsens hunn. Vill Virriedner hunn iwwer Flexibilitéit geschwat, souwuel wat den Enseignement ubelaangt, wat d'Coursen ubelaangt, hu geschwat iwwert d'Coursen, d'Programmer an d'Adaptatioun vun deenen. Loscht maachen op eng Sprooch - dat sinn Termen, déi gefall sinn -, sozial Kohäsioun, Integratioun, alles, wat domadder verbonnen ass, a souguer déi schoulesch Réussite, déi mer net solle verkennen an deem heiten Dossier bei der Méisproochegkeet, well dat jo och am Fong eng Preparatioun op den Aarbechtsmaart ass an och dat, mat wat een déi Jugendlech op d'Liewe virbereet.

Ech mierken awer, datt mer do och e grousse Konsens hunn, net iwwerall honnertprozenteg, mä datt de Wee, fir dohinnerzekommen, datt mer deen diskutéieren, an dee solle mer och diskutéieren. An ech perséinlech sinn der Meenung, datt mer an deenen nächste Jore souwisou wäerte vun engem System ewechkommen, wou mer soen, datt den Enseignement e rigide System ass. Mä e muss flexibel sinn, well mer den Enseignement ganz einfach un eis Ekonomie an un eis Gesellschaft mussen upassen.

D'Méisproochegkeet, de Plurilinguisme, ass ouni Zweifel also déi gréisst Erausfuerderung, mat där eise Schoulsystem haut konfrontéiert ass. Mir mussen also deene kommende Generatioune genuch Sproochekenntnisser mat op de Wee ginn, fir an eiser méisproocheger Gesellschaft eens ze ginn a fir kënne Fouss ze faassen - ech hunn et elo grad gesot - besonnesch op eisem Aarbechtsmaart. Well d'Ausbildung ass de Wee fir an d'kommend Liewen an do féiert de Wee eben an d'Aarbecht oder an déi verschidden Orientatiounen, verschidde Saachen, wou d'Schüler sech wëllen engagéieren.

An engems däerfen d'Kompetenzen, déi mer vun de Schüler verlaangen, net zu enger Barrière gi fir hir zukünfteg Entwécklung, dat an engem Land, dat weess och heibanne jiddwereen, an deem mer haut liewen an an deem ëmmer méi eng grouss divers a verschidde Populatioun lieft. Et geet also in fine ëm net méi an net manner wéi den Erhalt vun der Sozialkohäsioun an eisem Land, der Integratioun vun all eise Matbierger an domadder och der wirtschaftlecher Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg an Europa an an der Welt. Mir däerfen dofir och net aus den Ae verléieren, fir dës Problematik vun der Méisproochegkeet net nëmmen an engem nationalen, mä eben och an engem internationale Kontext ze gesinn an och ze diskutéieren.

Eise Schoulsystem, deen op dräi offizielle Sprooche vum Land opgebaut ass - Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch -, war laang just geduecht fir Kanner mat lëtzebuergeschen Originnen. A wéi och schonn d'Virriedner hei ënnerstrach hunn a wéi a sëlleche Rapporten an de leschte Jorzéngte festgehale ginn ass, huet de System virun allem Kanner mat Immigratiounshannergrond diskriminéiert, Kanner, déi zwar ganz gutt waren an der Schoul an deenen et sécher net un der néideger Intelligenz gefeelt huet, mä déi wéinst Schwieregkeeten an enger Sprooch iergendwann am Schoulsystem hänke bliwwe sinn. An ech mengen - dat ass och e Konsens heibannen an och am grousse Ganzen dobaussen -, dat däerf net sinn, dat soll net sinn! An ech denken och, datt mer eise Schoulsystem esou mussen adaptéieren, datt dat net soll virkommen.

Fir déi, déi doheem eng romanesch Sprooch schwätzen, ass Däitsch de Problem, fir d'Lëtzebuerger ass et oft dat Franséischt, wat de Problem duerstellt. Mir als LSAP setze weider op Innovatioun a Qualitéit am Lëtzebuerger Schoulsystem. Bei de Sprooche brauche mer dofir eng differenzéiert Approche, fir dës Erausfuerderung ze meeschteren. Et ass also fir eis als LSAP ganz wichteg, datt mer dat, wat mer an der Schoul enseignéieren, sief et d'Sproochen oder aner Fächer, op jidde Fall wëssenschaftlech begleeden.

Recherche am Beräich vun der Méisproochegkeet muss eis hëllefen, déi beschtméiglech Choixe fir eis Schoul ze treffen, eis pädagogesch Methoden ze liwweren an en An ze behalen dorobber, wat Friichten dréit a wat eben net ukënnt a wat net wierkt. Dëst wäert an Zukunft am Enseignement an an der Éducatioun ëmmer méi eng verstäerkte Flexibilitéit an Upassung u gesellschaftlech, sozial a wirtschaftlech Realitéite verlaangen.

Genausou wichteg ass et fir eis, datt eis Schoulmeeschterinnen a Schoulmeeschteren, eis Enseignantë gutt forméiert ginn, fir eben dës Sproocheproblematik unzegoen, virun allem wann et drëm geet, en integréierte Sproochenenseignement ze förderen.

Här President, erlaabt mer, an dësem Kontext op verschidde Punkten anzegoen. An hirem Rapport vun 2005, an et si schonn etlech Rapporten zitéiert ginn, hunn de Charles Berg an d'Christiane Weis d'Fro opgeworf, ob d'Méisproochegkeet net déi wierklech Mammesprooch vum Lëtzebuerger Land ass. Mir als LSAP gesinn dat op jidde Fall esou. Datt de gréissten Deel vun de Leit zu Lëtzebuerg Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch schwätze kann, ass eng immens Beräicherung fir esou e klengt Land wéi Lëtzebuerg, wat tëschent esou europäesche kontinentale Muechte wéi Däitschland a Frankräich läit.

Denke mer just emol un d'Méiglechkeet, déi vill vun eise Schüler um Enn vun enger Première, enger Treizième hunn, fir an d'Ausland weider studéieren ze goen. D'Lëtzebuerger Studente studéieren a Frankräich, Däitschland, der Belsch, der Schwäiz, an England, Amerika, Éisträich - ech kënnt esou weiderfueren - an a ganz villen anere Länner op der Welt, ouni datt d'Sprooch vun deene Länner fir si eng Barrière, een Hindernis, eng Brems géif duerstellen.

Déi dräi Sprooche sinn en Deel vun eisem Patrimoine culturel, huet d'Mady Delvaux-Stehres eng Kéier gesot. Och dee Constat deele mir natierlech als LSAP. Viru ronn 15 Joer huet hei am Land eng grouss Reflexioun, justement ënnert dem Impuls vun der deemoleger Éducatiounsministesch, ugefaangen, an zwar iwwert den Istzoustand vun der Sproocheproblematik am Lëtzebuerger Schoulsystem.

Mat Hëllef vun Experten aus dem Europarot, dem Conseil de l'Europe, deen deen nämlechten Exercice och gemaach huet fir all seng Memberen, gouf een „Profil de la politique linguistique éducative" ausgeschafft. Dëse war d'Basis fir den Aktiounsplang iwwert de Réajustement vum Enseignement vun de Sproochen, deen 2007 presentéiert gouf. D'Léieren, déi deemools doraus gezu goufen, sinn och haut nach - net grad zéng Joer duerno - aktuell.

Recommandatiounen, déi deemools gemaach goufen, hu mer awer och schonn deelweis ëmgesat. Zum Beispill gouf deemools festgehalen, datt et zu enger Redefinitioun vun den Ziler vun der Dräisproochegkeet an der Schoul misst kommen. Doduerch, datt mer eng Evaluatioun agefouert hunn, déi op de Kompetenze baséiert an net, wéi virdrun, sech just op d'Feeler konzentréiert, wat den Här Baum virdrun ugeschwat huet, hu mer deem Rechnung gedroen.

Wéi brénge mer de Schüler Sprooche bäi? Wat fir een Niveau musse se hunn am Geschriwwenen an am Mëndlechen? Mat wéi enge pädagogeschen an didaktesche Methode muss da geschafft ginn? Oft gëtt gesot, eis heiteg Schüler hätte mat hirem Ofschloss net dat néidegt Wëssen an de Sproochen, besonnesch am Franséischen. Ass dat dann iwwerhaapt esou? Wann dat esou ass, wat verlaange mer dann? Wat verlaange mer an op wat fir engem Niveau?

Wéi sinn d'Programmer strukturéiert? Oft ginn d'Programmer oder den Horaire vun de Klasse fir dat Joer duerno als Argument geholl, fir am Programm weiderzefueren an deem Joer, wou ee grad ass, well ee sech scho konzentréiert als Enseignant op dat nächst Joer, fir dat ze erfëllen, fir datt déi jugendlech Kanner dat kënne packen.

Perséinlech, wann ech op meng schoulesch Carrière zréckkommen, déi bestëmmt net ze recommandéieren ass, wëll ech awer soen, datt, wa mer haut kucken op d'École fondamentale an de Secondaire, da mécht een 13 Joer Däitsch, zwielef Joer Franséisch a sechs Joer Englesch, wann ee vun der École fondamentale bis op d'Première oder d'Treizième kënnt.

Bon, ech sinn an de Genoss komm, fir dat nach zwee Joer weider ze maachen; ech war also méi staark herno an de Sproochen, sécher well ech zwee Joer duerchgefall sinn, fir dat nach weider kënnen ze verdéiwen. Deem war awer net esou, well mat e bësse Pech wier ech dann och op Treiz..., op Première - elo soen ech schonn Treizième, mä op Première - duerchgefall an dann hätt ech wahrscheinlech dee Wee net gemaach, fir herno am Enseignement ze landen.

Soudatt ee sech haut awer ka froen, a wat fir engem Land mer nach eng Ausbildung hunn an de Sproochen, déi iwwer zwielef, 13 Joer geet, wou mer dann herno vläicht awer e Constat maachen - an dat ass beileiwe kee Reproche u guer keen, net un d'Elteren, net un d'Schüler, och net un d'Enseignanten - an de Leit soen: „Dir kënnt déi Sprooch net genuch, fir hei am Land eng Beruffsausbildung ze maachen, op eng Uni ze goen, op eng technesch Héichschoul an esou weider." Ech denken, domat misste mer eis auserneesetzen an dat huet vill mat der Loscht ze dinn, dat huet vill mat de Coursen ze dinn, dat huet vill mat den Inhalter ze dinn an dat huet vill dermat ze dinn, wéi mer dat Ganzt vermëttelen.

Dat heescht also, am grousse Ganzen och eng Reflexioun iwwert de Contenu an de Gebrauch vun eise Bicher, vun eise Programmer ze maachen, eng Pist, denken ech, Här Minister, déi Dir jo och an Aussiicht gestallt hutt an déi eben ass, fir déi verschidde Programmkommissiounen ze professionaliséieren.

Dat sinn alles Reflexiounen, déi mer verdéiwe mussen, an dofir musse mer eis och natierlech u wëssenschaftlechen Erkenntnisser am Ausland inspiréieren, mä och verstäerkt eis eege Recherchen iwwert d'Méisproochegkeet hei am Land förderen. Ech kommen herno nach eng Kéier op dëse Volet zréck.

Här President, et geet hei haaptsächlech ëm d'Fro, wéi een de Schüler d'Loscht un enger Sprooch gëtt. Mir mussen et am Enseignement fäerdegbréngen, de Kanner, de Schüler, de Studenten d'Loscht op d'Sprooch erëmzeginn. Mir mussen et fäerdegbréngen, hinnen d'Angscht och ewechzehuelen un enger Sprooch. Mir begréissen dofir als LSAP an deem Sënn d'Initiativ vum Éducatiounsminister, fir schonn am Précoce d'Kanner fréizäiteg mat der Lëtzebuerger a franséischer Sprooch ze familiariséieren. Mir verstäerken doduerch eiser Meenung no op där enger Säit d'Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch an op där anerer Säit féiere mer e spilleresche Kontakt mam Franséischen an, wat de Kanner am fréien Alter d'Léiere vum Franséische spéider am Fondamental wahrscheinlech méi einfach mécht.

Franséisch wäert also net op d'Käschte vum Lëtzebuergesche goen. Souwisou ass et duerch déi verschidden Nationalitéiten a Sprochen, an den Här Adam hat et a senger Ried scho gesot, dobaussen ëmmer méi eng Realitéit, datt d'Kanner sech mat deene Sprooche mussen auserneesetzen, well se eben och esou schwätzen.

An eng lescht Remarque zu deem Sujet: Am administrative Beräich, ob mer et wëllen oder net, wäerte mer hei zu Lëtzebuerg weider e puer Sprooche schwätzen.

Här President, eng weider Recommandatioun aus dem Profil linguistique vu virun zéng Joer war et, fir den individuelle Rhythmus, an dat schéngt eis och wichteg, mat deem d'Schüler d'Sprooche léieren, besser ze respektéieren. Och dat si mer amgaangen, mat der geplangter Lycéesreform ëmzesetzen, andeems mer am Technique Sproocheklassen aféiere mat verschiddenen Niveauen an och op de Wee gi vu méi enger grousser Autonomie vun de Lycéeën, déi sech op verschidde Fächer, wa se dat da wëllen, spezialiséiere kënnen.

Och an der Formation professionnelle musse mer sécherstellen, datt d'Sproochen net eng Barrière ginn, fir e Beruff ze léieren. Duerch d'Verschiddenheet vun eiser Populatioun soll a muss all Schüler d'Méiglechkeet hunn a kréien, fir seng berufflech Ausbildung an där Sprooch ze maachen, datt d'Sprooch kee Grond ass, fir déi professionell Notiounen a Fächer net ze verstoen oder ze léieren, an domadder net de berufflechen Diplom ze kréien.

Eng weider Pist, an déi ass och schonn ugeschwat ginn, déi fir eis als LSAP wichteg ass an déi mer och an eisem Wahlprogramm haten, ass de Pilotprojet an d'Weeër ze leede vun enger Schoul, an där d'Alphabetiséierung net op Däitsch, mä op Franséisch gemaach ka ginn. Dofir meng Fro un den Éducatiounsminister och, ob et dozou Iwwerleeungen am Éducatiounsministère gëtt.

Och am Lycée musse mer weider iwwer esou Offerten nodenken nom Beispill vun der frankofoner Filière op Sixième am Lycée technique du Centre, wat schonn erwäänt ginn ass, déi op de franséische Bac international preparéiert. Mir mussen awer och deene Schüler Alternative bidden, déi net vun doheem aus déi finanziell

Moyenen hunn - an ech mengen, verschidde Minervalle sinn hei scho genannt ginn -, fir an eng Europaschoul oder eng International School ze goen.

Kolleeginnen a Kolleegen, dee politesche Choix eleng geet net duer, fir eng zefriddestellend Léisung zu der Sproocheproblematik am Lëtzebuerger Schoulsystem ze fannen. D'Politik kann d'Orientatioun ginn, mir kënnen de Kader setzen, mä et sinn d'Akteuren um Terrain, déi konkret mussen un de Léisunge matschaffen an déi och mussen agebonne ginn, dat iwwert de Wee vun der Emsetzung vun enger integréierter Approche, fir de Schüler d'Sprooche bäizebréngen.

D'Sprooche sollen net méi isoléiert geléiert ginn, mä am Zesummenhang mat deenen anere Fächer. D'Schoulpersonal muss dofir zesummeschaffen a sech konzertéieren. D'Zilsetzung muss an deem Sënn méi kloer ausgeschafft ginn.

D'Zäit, déi mir an eisem Schoulsystem mam Enseignement vun de Sprooche benotzen, läit Etüden no - an ech mengen, d'Madamm Hansen hat dat ugeschwat - tëschent 30 a 40%, jee no Schouljoer, vum Gesamtenseignement. Mir mussen eis bewosst sinn, datt déi Zäit net méi disponibel ass, fir aner Fächer, wéi Naturwëssenschaften zum Beispill, ze léieren. Och deem muss duerch eng integréiert Approche dann natierlech Rechnung gedroe ginn.

Oft gräifen d'Enseignanten op d'Lëtzebuergescht zréck, fir Erklärungen an engem Fach ze ginn, wat eigentlech als Langue véhiculaire Däitsch oder Franséisch huet. D'Schoulpersonal muss verstäerkt op d'Langue véhiculaire zréckgräifen, sou wéi dat jo eigentlech och virgeschriwwen ass. D'Schwieregkeet ass natierlech, datt den Enseignant muss de Choix hunn: Wann en technesch Fächer enseignéiert, muss en natierlech de Spagat vollzéien tëschent dem technesche Vocabulaire, der Langue véhiculaire an dem Bäibréngen an der Erklärung vum Fach selwer, wat net évident ass.

Mir begréissen als LSAP d'Reform vum Institut de formation de l'éducation nationale, dem IFEN, dee mer d'lescht Joer hei an der Chamber gestëmmt hunn, a mengen, datt d'Aféiere vum Stage d'insertion vun dräi Joer dozou bäidroe wäert, fir d'Schoulmeeschteren an d'Schoulmeeschterinne besser virzebereeden op esou een integréierte Sproochenenseignement. Den IFEN garantéiert och, datt déi initial Formatioun an d'Formation continue dat nämlecht Zil verfollegen.

An deem Sënn wollte mer och vum Minister wëssen, wéi et mat der Emsetzung vun den IFEN-Formatiounen ausgesäit a wéini een do vläicht den éischte Bilan ka presentéieren, nodeem een e gemaach huet.

Här President, wa mer eis eens sinn, datt den Enseignement vun de Sproochen déi gréisst Erausfuerderung fir de Lëtzebuerger Schoulsystem duerstellt, da musse mer eis och eens sinn, datt mer eis eege Recherchen iwwert d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg férdere mussen.

Natierlech ass et och wichteg, op auslännesch Studien a wëssenschaftlech Erkenntnisser zréckzegräifen. Dat geet allerdéngs net duer, fir d'Spezifissitéiten an d'Schwieregkeete vun eisem System ze verstoen. Mir brauchen eng eege Fuerschung an deem Beräich. Dat geet och aus dem Rapport iwwert de Profil de la politique linguistique éducative ervir, deen, wéi gesot, den Educatiounsministère an d'Experte vum Europarot zesummen ausgeschafft hunn.

An engem Artikel vum „Lëtzebuerger Land" vum Oktober 2014 schreift de fréieren LSAP-Deputéierte Ben Fayot, dee sech jorzéngtelaang mat der Éducatioun iwwert d'Educatiounskommissioun auserneegesat huet, an deem Kontext, datt d'Institutiounen, déi zu Lëtzebuerg fir d'Recherche iwwert d'Méisproochegkeet zoustänneg sinn, besser zesummeschaffe missten. Et feelt e bëssen u Koordinatioun, och muss méi iwwert de Plurilinguisme recherchéiert ginn. Nëmmen esou wäerte mer et fäerdegbréngen, ee kohärente System op d'Been ze setzen, dee weidergeet. An do wäerte mer och da garantéieren, datt mer méi mussen déi adaptéiert pädagogesch an didaktesch Methode beim Enseignement vun de Sproochen an der Schoul uwenden.

Och hei wéilte mer kuerz wëssen, wat den Éducatiounsministère un Initiative gedenkt ze huelen, fir d'Recherche iwwert d'Méisproochegkeet ze férderen.

Här President, e lescht Wuert nach zu der Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch an eisem Éducatiounssystem. De Sujet ass aktuell; en ass schonn ernimmt ginn. Et ginn den Ament Stëmmen, déi fuerderen, datt d'Lëtzebuerger Sprooch verstäerkt gebraucht sollt ginn, ënner anerem jo mat där Petitioun, wat schonn ugeschwat ginn ass a wou d'Diskussioune lafen, mat där gefrot gëtt, fir och aus dem Lëtzebuergeschen eis éischt administrativ Sprooch ze maachen.

Ech ginn an deem Kontext just ze bedenken, datt dat jo och nëmme méiglech wär iwwer ee verstäerkten Enseignement vum Lëtzebuergeschen an der Schoul, a virun allem och dem geschriwwene Lëtzebuergeschen. Dat riskéiert, weider Problemer mat sech ze bréngen an eisen traditionellen Trilinguisme a Fro ze stellen. Ech mengen net, datt dat fir Lëtzebuerg am europäeschen an am internationale Kontext positiv wär.

An Europa léieren déi meescht Schüler zwou Friemsproochen nieft hirer Mammesprooch an der Schoul. Dat geet aus de Rapporte vun der Europäescher Kommissioun ervir. Zu Lëtzebuerg sinn et dräi Friemsprooche vu 14 Joer un, wann Englesch bis derbäikënnt. Den Trend geet also ganz kloer a Richtung vu méi Sproochekenntnisser. Ech mengen net, datt mer als klengt Land gutt berode wären, fir elo den ëmgedréinte Wee ze goen. D'Méisproochegkeet ass a bleift eng vun eise gréisste Stäerkten.

Ech soen Iech Merci, datt Der mer nogelauschtert hutt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Haagen. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech hat e bëssen dat Gefill, datt mer haut e puer Debatte géife féieren. Den Här Minister Meisch hat haut an der Press ugekënnegt, e wéilt iwwert d'Virbereedung vun de Kanner op déi Konditiounen hei am Land schwätzen an och iwwert d'Rekrutementskonditioune spéider beim Stat. An déi meescht Riedner hunn awer bis elo iwwert de Schoulsystem am Ganze geschwat oder speziell iwwert déi multilingual Fréifërderung. Ech mengen, all déi Sujete kann een elo an zéng Minutten net ofdecken, dofir wëll ech mech elo op e puer Saache konzentréieren.

Dat Éischt ass, datt ech wëll rappeléieren, wat ech hei scho gesot hat, wat d'ADR wäert proposéieren an hire Programmer, fir de Schoulunterrecht a virun allem och de Sproochenunterrecht nei ze orientéieren. Eng Saach, déi eis ganz staark um Häerz läit, ass, datt mer deen Nivellement vers le bas musse stoppen. Mir sinn déi éischt Partei, déi dat haut hei seet a mir soen et ganz bewosst. Well wann e Problem do ass, datt d'Kanner de Spaass un enger Sprooch verléieren, kann dat och domadder zesummenhänken, datt ebe keng Systematik am Léiere méi do ass, datt dat Spillerescht derzou féiert, datt een net méi erkennt, wou d'Strukture leien a wou d'Regele sinn. Et ass scho wichteg, datt ee sech kann orientéieren, dat ass och fir d'Kanner wichteg, datt eben net nëmme spilleresch geléiert gëtt, mä eben och seriö an engem Sënn, deen hinnen et erlaabt, Regelen nozevollzéien, ze verstoen an ze reproduzéieren.

Wann hei gesot gëtt, datt Kanner a klenge Jore keng Lieskompetenz méi hunn oder ënnerduerchschnëttlech vill, ass dat och eng Konsequenz vun engem netsystematesche Liesleiéren, well soss wär et besser. Et ass schued, wann hei eng politesch Partei kënnt a seet: „Bon, et ass jo net schlëmm, wann d'Kanner Feeler maachen; mir hunn hei Experten an der Chamber, déi kommen, déi och Feeler hunn op hire Sliden." Ass dann eis Virbildfunktioun, ass dann eist Zil, datt eis Kanner solle léiere falsch schreiwen?

Mir héieren hei ganz vill Leit, déi soen: „Et musse méi Naturwëssenschafte gemaach ginn." Mä ass dann och do net eng logesch Kontradiktioun an enger Naturwëssenschaft? En Ingenieur, deen eng Bréck baut, déi hält oder se brécht. Do ass de Feelerprinzip dann awer eng Noutwendegkeet, fir datt een de Leit seet, wat richteg ass, wéi eng Formel applizéiert gëtt. Firwat soll dat net gëllen an anere Beräicher vun der Bildung an an de Sproochen, déi jo awer esou zentral sinn? Ass dat net eng Kontradiktioun? An deenen enge Beräicher wëlle mer, musse mer d'Feeler respektéieren a korrigéieren, an an deenen anere Beräicher solle mer dat net maachen.

En zweete Grondprinzip ass, datt mir der Iwwerzeegung sinn, datt eis Primärschoulen do sinn, fir eng wichteg Charakteristik vun eiser nationaler Identitéit ze fleegen an un déi nächst Generatioune virunzeginn, dat ass eis traditionell Dräisproochegkeet. Déi kënne mer och net einfach esou ersetzen. Wa mer gär hätten, datt d'Lëtzebuerger an all déi Leit, déi hei am Land liewen, deelhuelen un deem kulturellen Ëmfeld, an deem mer liewen, mat Frankräich, mat der Belsch, mat Däitschland, da gëtt et keng Alternativ zu engem gudden Enseignement vun de Sproochen! Well mer schneiden eis dach of vun eisem eegene kulturellen Ëmfeld, net ze schwätze vun eiser eegener Kultur an eiser eegener Geschicht.

An dat Drëtt ass: Fir eis ass et eng Selbstverständlechkeet - eng absolutt Selbstverständlechkeet! -, datt Lëtzebuergesch an all Schoul, an all Crèche muss geschwat ginn als Ëmgangssprooch an och an all Schoul als Integratiounssprooch, als Schoulfach. Dat ass fir eis eng absolutt Selbstverständlechkeet a genau deemselwechte Sënn an a genau deemselwechte Recht wéi all aner Natioun op dëser Äerd op hir Sprooch insistéiert an eben zu där Kultur steet an zu deem Héritage, dee se eben huet an dee se représentéiert, fir dës Welt méi räich ze maachen. Dat soll och fir Lëtzebuerg ouni Diskussioun gëllen!

Mir wëllen, datt déi Integratiounssprooch Lëtzebuergesch primordial behandelt gëtt. Dat ass dat, wat eis zesummenhält. Wa mer och muer nach wëllen eng Solidargemeinschaft an dësem Land hunn, da muss et einfach eng gemeinsam Referenz ginn, wou mer wëssen: Hei, mer schwätzen all déiselwecht Sprooch! An net nëmmen a linguistescher Hisiicht, mä och an all deem, wat do matschwéngt, fir datt mer eis an dësem Land, esou divers mer sinn, awer erëmfannen an eng Solidargemeinschaft opbauen, déi och Belaaschtungen an der Zukunft kann zesummen aushalen. Dofir ass déi Zesummegehéieregkeet, d'Integratioun iwwert d'Sprooch eng zentral Dimensioun.

Déi Diskussioun gëtt ëmmer méi wichteg. Mir brauche keng Segregatioun, mir brauchen Integratioun. Well, wéi soll dann hei de Konzept vun der Regierung opgoen, fir eis hinzeféieren an eng Populatioun vun 1,1, 1,2 Milliounen Leit hei am Land, wou déi Lëtzebuergeschsproocheg jo ganz séier minoritär wären, wa mer net bewosst a ganz dynamesch en Integratiounsprozess iwwer eis Sprooch maachen?

Wéi ass dann dat Gefill, eng kleng lëtzebuergeschsproocheg Minoritéit dann ze sinn an engem Land vun 1,2 Milliounen Awunner? Mir hunn dach guer keng aner Alternativ, wéi dee Wee ze goen, deen d'ADR proposéiert, fir ze soen, Lëtzebuergesch systematesch, konsequent... Well soss kënne mer jo och net de wirtschaftlechen Opbau vun dësem Land, esou wéi d'Regierung e sech virstellt, weiderféieren, ouni eis an eng kulturell Ghettoiséierung, mä déi Kéier vun de Lëtzebuerger, eranzeféieren, oder vun deenen, déi Lëtzebuergesch schwätzen. Mir sollen also net de wirtschaftlechen Développement lasskoppele vun der Diskussioun iwwer eis kulturell Existenz.

Mir wëllen och net, datt vill Leit hei am Land sech ëmmer méi als Friemer am eegene Land fillen, wéi et dacks ass an de Geschäfter an an de Klinicken. Et geet net nëmmen ëm: „Un croissant s'il vous plaît", wéi e Virriedner gesot huet, et geet och drëm: „Ech hunn hei wéi, Här Dokter, ech hu Féiwer an esou weider". Mir wësse wéi dramatesch déi Saache kënne sinn. An et ass eng Selbstverständlechkeet an all Land op der Welt, datt déi Leit, déi heihinner schaffe kommen - a si sinn eis wëllkomm, mir brauche si, si brauchen eis -, datt déi awer hihinnerkommen an en Effort maachen, fir d'Sprooch vum Land ze léieren, an dat ass Lëtzebuergesch. Et geet, et ass net schwéier.

Ech wëll elo net aus menger Liewensgeschicht erzielen, mä Dir wësst awer, ech hu laang a Griichenland gelieft, wou ganz vill Albaner, vill Chineese schaffen. Alleguer hu se Griichesch geschwat. Dat ass eng Sprooch, déi wäit méi schwéier ass wéi Lëtzebuergesch.

Et ass och net gutt, wa mer a Situatioune kommen, wou mer ufänken, Rancunë géinteneen ze hunn. Déi eng, déi Lëtzebuergesch als Exklusiounssprooch kënne bezeechnen. Wéi kann eng Sprooch am eegene Land jeemools eng Exklusiounssprooch sinn? Ass Franséisch a Frankräich eng Exklusiounssprooch? Ass Däitsch an Däitschland eng Exklusiounssprooch? Ass Lëtzebuergesch zu Lëtzebuerg eng Exklusiounssprooch? Et kann et net sinn! Et kann awer net sinn, datt Leit, déi mat anere Sproochen eis konfrontéieren, hir Sprooch zu enger Exklusiounssprooch maache fir déi Leit, déi hei opgewuess sinn an hei wunnen.

Fir eis ass ganz kloer, als ADR wäerte mir Lëtzebuergesch systematesch privilegiéieren, net nëmmen am Schoulwiesen, net nëmmen am Sproochenunterrecht, net nëmmen als Integratiounssprooch, mä an allem, wat dozou bäidréit, fir dëser Gesellschaft hir Identitéit ze erhalen an hir Zukunft ze sécheren. Dat geet hi bis zum Nationalitéitegesetz, wou mer och konsequent op en héije Sproochenniveau halen am Interessi vun eisem Land a vun eiser Zukunft.

Mir huele keng Positioun géint Franséisch als Sprooch. Mir hu jo grad gesot, datt dat e wichtegen Deel vun eisem Héritage ass, eng Obligatioun aus eiser Geographie. Mir sinn eng Partei, déi Franséisch an Däitsch konsequent vertrëtt, niewent Lëtzebuergesch. Awer mir wieren eis géint d'Aféierung vun enger multilingualer Fréierzéiung, aus ville Grënn. Mir hätte gär, datt Lëtzebuergesch d'Integratiounssprooch ass. Mir wëlle keng Parallellgesellschaften erausbilden!

Mir wëlle respektéieren, datt déi kleng Kanner net däerfen iwwerfuerdert ginn. Well wie Lëtzebuergesch a Franséisch als Crèchësprooche wëllt aféieren, wat dann herno am Précoce an am Cycle 1 muss virugeféiert ginn, deen diskriminéiert aner Kanner aus der Immigratioun: Dee stellt dee klengen Däitschen, dee klenge Sloween, dee klenge Russ an dee klenge Chinees virun déi Erausfuerderung, direkt mat zwou Friemsprooche konfrontéiert ze sinn, amplaz mat enger! Wat schonn en Défi ass, domat mussen eens ze ginn. An dat ass eben déi Lëtzebuergesch Sprooch, déi een awer essenziell brauch, wann een eng Zukunft hei an dësem Land wëllt.

Et ass och keng Logik dran, wann ee seet: „Mir hu vill Kanner - an dat ass eng Tatsaach -, déi hire schoulesche Parcours net kënnen optimal hei am Land gestalten, well hiert Däitsch net gutt genuch ass, well se eben aus engem romaneschsproochege Background kommen an dann heihinnerkommen an an hirem Curriculum dacks Problemer am Däitschen hunn." An dann ass d'Äntwert vun dëser Regierung: „Jo, da musse se Franséisch an de Schoule scho ganz fréi léieren." Dat ass och net déi Logik, déi mir eis virstellen!

Mir denken, wie Lëtzebuergesch léiert a gutt léiert, deen huet herno och méi Liichtegkeeten, fir am Däitsche virunzekommen, genausou wéi mer eis an därselwechter Logik wiere géint eng Alphabetiséierung op Franséisch. Ech hunn de Kolleeg vun der LSAP héieren, deen éischter awer an déi Richtung schéngt ze denken.

Dobäi kënnt déi soziologesch Dimensioun, déi Veronsécherung - ech mengen, d'Kolleegin vun der CSV hat dat och schonn ugeschwat -, déi Veronsécherung vun deenen Älteren, déi de Choix wëllen huelen, zu deem mir eis absolutt bekennen, datt d'Kanner kënnen doheem vun hiren eegenen Elteren erzu ginn, datt dat soll méiglech gemaach ginn, datt dat soll gefërdert ginn.

Och well mer wëssen, datt eben a ville Situatiounen d'Kanner net méi genuch an net méi frëi genuch schwätze léieren, well am Elterenhaus kee méi doheem ass, well déi zwee musse schaffe goen an dat d'Kanner heiansdo a Vernoléissungssituatiounen eraféiert. A wann een décidéiert, doheem bei sengem Kand ze bleiwen, da wëlle mir dat férderen.

An et ass net, fir déi Leit ze veronsécheren, doduerch datt se dat Gefill kréien, datt doduerch hir Kanner benodeelegt wären an engem Schoulunterrecht, well an enger Crèche oder an engem Précoce sproochlech méi géif gebuede ginn, wéi déi Leit et vläicht kënne bidden, och wa se sech géifen druginn.

Och dat ass e Wee, dee mir net wëlle matgoen! An dat gëllt och fir Dagesmammen, wou vläicht äänlech Froe sech stellen.

Mir wëllen och ganz kloer - well den Här Minister dat gesot hat a sengem Zeitungsartikel vun haut - soen, datt mer mussen op d'Rekrutementsprozedure beim Stat Uecht ginn. Ech wëll hei nach eng Kéier betounen, datt d'ADR sech ganz kloer zu enger lëtzebuergeschsproocheger Fonction publique hei am Land bekennt. Lëtzebuergeschsproocheg, an zwar a Richtung ëmmer méi ausbauen: Dat bedéngt Sproochkenntnisser op engem héijen Niveau, niewent Däitsch a Franséisch als Verwaltungssproochen. Awer d'Fonction publique ass fir eis lëtzebuergeschsproocheg.

Dann ass gesot ginn, well dat gëtt dann ëmmer dramatiséiert, wa mir dat esou ukënnegen, mir wären do net flexibel. Mir sinn net géint pragmatesch Flexibilitéitsmodeller. Wann iergendwou e Kand do wëllt e Saz a senger Mammesprooch schwätzen, wann et an d'Crèche kënnt, well et sech da méi sécher fillt: Jo, firwat net! Wann e Lidd op Franséisch gesonge gëtt, op Däitsch oder op Spuenesch: Jo, firwat net!

Mä dat ass awer eppes ganz anescht, wéi wëllen hinzegoen an iwwer eng systematesch Veränneru vun eisem Schoulsystem oder eisem formalen oder nonformale Bildungssystem op eng Gesellschaftsveränneru hinzewierken. An dat ass eben dat, wou mer mussen eis d'Fro stellen, ob dat net d'Absicht ass, déi d'Politik hei verfollegt.

Ech gesinn, Här President, éier Dir mer et sot, datt ech muss zum Enn kommen.

Mä loosst mech mat engem Saz ophalen. Et ass fir eis eng zentral Fro als ADR, datt mer endlech hei am Land - ech muss soen: endlech! -, ech wëll keng Regierung aus hirer Verantwortung

eraushuelen, déi bis elo hei war, datt mer endlech mussen higoen an de Courage hunn, eng systematesch Integratiounspolitik ze bedreiwen, eng, déi och eppes vun de Leit fuerdert. Well, wa mer et net maachen, da si mer awer um beschte Wee, fir Lëtzebuerg de Pessimisten ze iwwerloossen, eis Zukunft, Lëtzebuergesch an eist Land de Pessimisten ze iwwerloossen an deene recht ze ginn, déi soen, datt mer amgaang sinn, eis Zukunft selwer ze begruewen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. De leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Wourëms geet et an dëser Diskussioun, déi mer hei féieren? Geet et drëms, d'Lëtzebuerger Sprooch ze instrumentaliséieren, fir Ideologie ze bedreiwen? Geet et drëms, de Leit Angscht ze maachen, zu Lëtzebuerg wier eng Aart Konspiratioun, fir déi Lëtzebuerger Sprooch quasi ofzeschafen, genausou wéi eng Krëppchen um Chrëschtmaart ofzeschafen?

Oder geet et drëms, éischtens, erauszefannen, wéi mir mat eiser eenzegaarteger Sproochesituatioun hei zu Lëtzebuerg eens solle ginn? Zweetens, d'Dräisproochegkeet ze sécheren, plus natierlech nach Englesch an deemno wéi eng fënneft oder sechst Sprooch, jee no Situatioun doheem oder an der Schoul? Drëttens, dofir ze suergen, datt déi Dräisproochegkeet - déi net evident ass, dat ass sécher, dorobber kommen ech nach zréck, fir keen -, datt déi net zu engem gravéierenden Handicap gëtt. Well doduerch verstäerkt sech eng sozial Selektioun, déi souwisou schonn duerch ekonomesch a sozial Verhältnisser an dëser Gesellschaft existéiert.

Dofir muss een natierlech pragmatesch Léisunge fannen. Dofir ginn et schonn Honnerte vu Leit um Terrain, déi sech domadder beschäftegen, a Pilotprojeten, déi existéieren. Dofir muss ee finanziell an human Moyenen zur Verfügung stellen an och iwwer Effektiver diskutéieren, well dat Ganzt ass net gratis!

Et muss ee sech och bewosst sinn, datt Sproochen net just Kommunikatiounsvehikele sinn, mä och Träger vu Kultur sinn a vun Allgemengwëssen. A schlussendlech däerf een op kee Fall d'Communautéite géinteneen ausspillen opgrond vun de Sproochen an opgrond vun anere Kritären natierlech jo och. Dat sinn alles Prinzipien, déi eis musse leeden.

Ech wäert mech do virdrun hidden, an technesch Considératiounen eranzegoen, well ech kee Mënsch si vum Terrain souwisou, a well et souwisou och keng genau Wëssenschaft ass, dat Ganzt. An och wann ech net vum Terrain sinn, kennen ech awer och vill Leit an ech weess, datt déi och vill Expertise hunn an et muss een och kënnen driwwer diskutéieren. A souwisou, a gewëssene Kreesser si Leit sech oft eens, awer net op alle Punkten. Dat wësse mer jo och all.

Mä, wéi gesot, ideologesch kann een dat net ugoen an ech muss awer och dorobber zréckkommen. Zënter e puer Wochen zirkuléiert op de sozialen Netzwierker e Post, vun deem den Här Baum och scho geschwat huet, vun där Initiativ, déi esou mécht, wéi wa se sech fir d'Lëtzebuerger Sprooch géif asetzen. An do steet dann, de Minister Claude Meisch hätt décidéiert, fir am Précoce an an der Spillschoul de Stellewäert vum Lëtzebuergeschen zréckzeschrauwen an dofir Franséisch, net Däitsch an net d'Weltsprooch Englesch anzeféieren. Wa se souwisou vun der Weltsprooch Englesch schwätzen, da kéinte se dann och vun der interkontinentaler Sprooch Franséisch schwätzen a vun der mëtteleuropäescher Regionalsprooch Däitsch, wann ee wierklech wëllt an d'Detailer eragoen.

Dës Initiativ mécht mech awer e bësse rosen, éischtens, well se mat Onwourechten dorëmmer hantéiert an och eng gewësse Frankophobie versicht ze propagéieren. An zweetens, well se mech iergendwéi e bëssen zwéngt, och nach engem Regierungsmember iergendwéi e bësse recht ze ginn, wat mech relativ staark traumatiséiert.

(Hilarité)

An ech weess net, wéi ech doriwwer...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Dat kënnt bestëmmt net all Dag vir!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Et gëtt Schlëmmeres! Ech mengen, ech muss herno mat mengem Sensibilitéitskolleeg een huele goen, well...

(Hilarité)

Mä bon, eent nom aneren. Et muss ee sech awer e puer Saache bewosst sinn. Auslännesch Kanner hu Schwieregkeeten, Lëtzebuergesch ze léieren an herno Däitsch. An dat muss ee behiewen. Kanner, déi Netlëtzebuerger sinn, kommen och aus verschiddene Sproocheraim, net just latäinesch an net just franséisch, portugisesch, dat ass och net datselwecht. An deem muss een och Rechnung droen. Se sollen awer all um Enn gutt Lëtzebuergesch kënnen a soumadder och méi einfachen Accès un déi däitsch Sprooch kréien, déi wichteg ass.

Lëtzebuerger Kanner hu Schwieregkeete mam Franséischen. Fakt ass, wien hei zu Lëtzebuerg Schwieregkeete mam Lëtzebuergeschen huet, wäert och Handicapen am Alldag hunn. A wie Schwieregkeeten am Franséischen huet, wäert och Handicapen hunn. Dofir muss een déi behiewen.

Hu kleng lëtzebuergesch Kanner Schwieregkeete mam Franséischen, da kann een natierlech soen, wéi gewësse Leit: Da maache mer manner Franséisch oder mir schrauwen d'Franséisch zréck. Mä ech mengen, datt dat net déi richteg Léisung ass, well, d'autant plus, da komme mer justement an eng diskriminatoresch Situatioun, well Kanner aus dem Bildungsbürgertum, aus bessere Verhältnisser, déi wäerte weiderhin exzellent Franséisch schwätzen, an déi, déi net aus deene Verhältnisser kommen, déi wäerten da méi grouss Schwieregkeeten hu mam Franséischen.

An ëmmerhi spillt déi Sprooch eng wichteg Roll zu Lëtzebuerg, net nëmme well et eng offiziell Sprooch ass, et ass awer och ëmmerhin d'Sprooch vun zwee vun onsen dräi Nopeschlänner. Ech mengen, dat däerf een net vergiessen. Also muss een dofir suergen, datt déi Kanner manner oder bal keng Schwieregkeete méi kréie fir dës Sprooch, wat fir e germanofoont muselfränkescht Ouer natierlech e bësse méi schwéier ass. An dat soll och am Précoce geschéien, esou wäit wéi méiglech. An net nëmmen am Précoce natierlech.

Jiddweree weess, datt kleng Kanner eng phenomenal Capacitéit hunn, Sproochen ze assimiléieren. Et ass och wëssenschaftlech bewisen, datt d'Gehir net wéi en Tirang funktionéiert, datt, wa keng Plaz méi do ass fir eng Saach, datt een eng aner Saach misst eraushuelen. Sou funktionéiert dat net. Ech menge souguer - bon, ech behaapten dat elo einfach esou, ouni dat erfuerscht ze hunn, quitte datt et Exemplë gëtt, mä et ass och e Gefill, opgrond vun Erfahrungen awer, déi ee kann hunn -, Kanner am Alter vun dräi, véier, vläicht och souguer nach fënnef Joer maachen, deemno wéi, souguer net onbedéngt den Ënnerscheed tëschent verschiddene Sproochen, och wa se déi Sproochen ufänken ze schwätzen op eng plus ou moins korrekt Aart a Weis. Dat ass relativ interessant. Mä bon.

Dann d'Situatioun vum Engleschen. Ech mengen, dat däerf een och net falsch aschätzen an et ass eng Marott zënter Jorzéngten, et misst onbedéngt méi Englesch geléiert ginn. An op deen éischte Bléck kléngt dat och ganz gutt, well ëmmerhin Englesch eng Sprooch ass, déi weltwäit am meeschte geschwat gëtt. Mä ass et Englesch, wat weltwäit am meeschte geschwat gëtt? Ass et wierklech richtegt Englesch? Ass et wierklech Oxford-Englesch?

Also, wann een op international Treffe geet, an ech mengen, déi Meescht hei maachen dat an dobausse wahrscheinlech och, da gëtt natierlech meeschtens Englesch matenee geschwat, ausser et beherrscht een d'Sprooch vum aneren oder ëmgedréint.

Mä et fält engem ëmmer eppes op: Et ass oft am schwieregste mat engem „native speaker" ze schwätzen, an déi sinn a Wierklechkeet rar, zemools an Europa, dat sinn dann déi britesch Inselen am Prinzip, fir déi ze verstoen, well déi richtegt Englesch schwätzen, an Englesch keng einfach Sprooch ass, entgéint deem wat oft esou behaapt gëtt. Mä soubal ee mat engem „Net-native-speaker" schwätzt, an déi Allermannst kënnen elaboréiert Englesch a Wierklechkeet, well dofir misst ee quasi do gelieft hunn an engem angelsächsesche Land oder wéinstens do studéiert hunn,...

Dofir, déi international Sprooch a Wierklechkeet, dat ass éischter eng Aart internationale Créole, eng Aart „globish", wéi dat oft esou e bësse genannt gëtt - an ech mengen, dat soll net irrespectueux sinn -, an dat ass déi Sprooch, wou een och soll kënne mateneen ëmgoen. Dat ass u sech dat ginn, wat urspréinglech hätt sollen Esperanto ginn, wat natierlech... Et kann een net einfach esou eng Sprooch erfannen. Dat konnt nëmmen en Échec ginn. An et ass eben déi Aart vu Créole-Englesch oder Pidgin-Englesch, ech weess net, wéi een dat soll bezeechnen, an dat huet mat der Geschicht vun der Mënschheet ze dinn, mat de Weltkricher, zemools deem leschten an esou weider.

Dofir wéilt ech och do virdru warnen, datt ee géif an déi Richtung goen, fir méi Englesch ze maachen, zemools op Käschte vum Franséische, voire op Käschte vum Däitschen. Hei zu Lëtzebuerg muss ee gutt Franséisch a gutt Däitsch kënnen. Den Här Adam ass och dorobber agaangen, wéi iwwerhaapt de Sproochegebrauch ass hei zu Lëtzebuerg um Aarbechtsmarché. An do mierkt een och, datt dat Englescht u sech nach net dee Stellewäert huet. Dat ka sech vläicht änneren, mä dat ass bäi Wäitem nach net den Trend, mengen ech, op jidde Fall allgemeng gesinn.

Skandinavesch Länner ginn och oft als Beispill geholl. Bon, dovun ofgesinn, datt mir keng skandinavesch Länner sinn, mä zum Beispill a Schweden: D'Schwede schwätzen eng Sprooch, déi soss néierens geschwat gëtt - vläicht verstinn d'Norweger et e bëssen -, a si schwätzen natierlech Englesch. Oft och net, well den Duerchschnëttsschwed, dee schwätzt och net perfekt Englesch. Dat ass och e bëssen eng Legend. Mä si hunn och an deene leschten 20 Joer dann awer eng drëtt Sprooch optional agefouert, déi een awer obligatoresch anscheinend soll léieren, an dat kann dann Däitsch sinn, wat natierlech vill méi einfach ass, mä awer och Franséisch oder Spuenesch, wat och grouss interkontinental Sprooche sinn. Ëmmerhin, déi maachen och dee Schrack, fir déi Sproochen ze léieren.

Mä, wéi gesot, eng Sprooch, dat sinn net just linguistesch Capacitéiten, dat sinn och kulturell Capacitéiten. An ech mengen, dat däerf een och net vergiessen.

Ech mengen, mir mussen dofir suergen, also a) Lëtzebuergesch soll geléiert a praktizéiert gi vum Précoce un, wat elo och jo schonn de Fall ass. Mir hunn eis scho fir d'Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch ausgeschwat hei, ech hunn dat e puermol gemaach op dëser Tribün. Et soll awer och keen Dogma sinn, dat wëll ech awer och ënnersträichen. Et soll net einfach esou en Dogma sinn. Et ass eng Pist, déi immens interessant ass. Den Här Fehlen, dee kënnt och domadder. Ech mengen, déi Pist muss een ënnersichen.

Mä wann et aneschters geet, an déi verschidden Aart a Weisen, wéi een dat misst hikréien, doriwwer muss ee kënnen diskutéieren. Mir hate schonn e Seminär virun zwee, dräi Joer doriwwer gehat, wou déi Thees och opgestallt gouf. Mir wäerten deemnächst och nach eppes erëm eng Kéier maachen, wou mer eis mat dëser Problematik wëlle beschäftegen.

An de Problem vum Franséischen, do mengen ech, dat, wat elo a ville Précoce-Schoule gemaach gëtt, wou Franséisch parallell och spilleresch, deemno wéi, didaktesch zum Lëtzebuergesche geléiert gëtt, dat muss een ënnerstëtzen. An d'Mammesproochen an d'Culture d'origine natierlech och, déi esou wäit et praktesch méiglech ass - well deemno wéi kann een net all Situatioun Rechnung droen -, dat muss ee stäipen an dat muss een ënnerstëtzen. Ech mengen, dat wäert e bësse méi komplizéiert sinn.

Ech wéilt dann ophale mat engem Zitat vum Här Michel Pauly aus dem leschte „Forum": „En oppene Geescht fir déi lëtzebuergesch wéi fir déi europäesch Kultur vermëttelt een, andeems een an der Schoul déi däitsch, déi franséisch, déi englesch, déi portugisesch an déi lëtzebuergesch Sprooch, Geschicht, Kultur, Literatur gläichberechtegt behandelt." E klenge Bémol: Ech géif nach méi wäit wéi Europa goen, mä ech mengen, souguer den Här Pauly wier domat averstanen. Ech ginn dovunner aus, datt dat de Fall ass.

Ech hätt nach villes méi ze soen, mä ech hu schonn eelef Minutte geschwat. Dat ass ze vill. Ech soen lech Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann ass et um Éducatiounsminister, dem Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir sinn um Enn vun enger ugereegter, vun enger ganz engagéierter Debatt. Mir wëssen, wann een iwwer Sprooche schwätzt, datt een dann och ganz schnell Emotiounen an der Diskussioun mierkt.

Dat war de Mëtteg och net anescht, wéi et eis soss och oft geet, well eng Sprooch huet mat Kommunikatioun ze dinn: Wéi maachen ech mech verständlech? Wéi verstinn ech och en aneren? Si huet mat Kultur ze dinn. Si huet och grad an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg, wou och ganz vill Leit mat anere Sproochen a mat anere Kulture bei eis komm sinn, mat Identitéit ze dinn. Si huet och mat Geschicht ze dinn, well wa mer haut soen, datt mer eis Lëtzebuerger Sprooch hunn, awer och aner Sproochen hei am Land, dann ass dat sécherlech och de Reflet vun der Geschicht vun eisem Land.

Si huet, an dat ass de Mëtten och ganz staark zum Ausdrock komm, mat Schoul ze dinn, mat Succès an der Schoul, mat Réussite awer och doriwwer eraus an der Gesellschaft. An datt mer eis duerfir Suerge maachen, datt mer duerfir och de Sujet eescht huelen an datt mer vun Zäit zu Zäit och hei am Parlament doriwwer diskutéieren, ass eigentlech eng Saach, déi sech vum selwe versteet. An ech soen dem Claude Adam e grousse Merci, datt en emol erëm d'Initiativ geholl huet, fir datt mer an där dach kuerzer Zäit fir dee ganz vaste Sujet hei probéieren, nach eng Kéier dat erauszeschielen, wat eis vläicht verbënnt, awer och dat sécherlech, wou mer anerer Meenung sinn.

Eppes, denken ech, ass wichteg, an zwar datt mer eis direkt am Hannerkapp behale bei dëser Diskussioun, wéi mer mat de Sproochen an der Schoul ëmginn. Mer musse wëssen, datt mer haut an eise Schoulen aner Kanner hunn, wéi dat an der Zäit de Fall war.

De Claude Adam ass virdrun op eng Statistik agaangen, wou e sot: Grosso modo zwee Drëttel vun de Kanner schwätzen haut kee Lëtzebuergesch méi doheem als Familljesprooch. En huet gesot, et wär nach net esou laang hier, datt dat bei engem Drëttel ongefäier louch. Da kënne mer net einfach elo soen, d'Léisung vun all eise Problemer léich doranner, datt mer erëm zréckginn zu deem Modell, dee virdru war, dee vläicht iergendwéi - woubäi mer dat am Gefill heiansdo hunn, ouni et wierklech kënnen ze beleeën - besser fonctionnéiert huet, d'autant plus well d'Usprách vun der Gesellschaft, d'Usprách vum Aarbechtsmaart un eis Schoul och haut nach eng Kéier ganz anerer sinn. Also einfach no hannen ze kucken, bréngt d'Léisung sécherlech net. Mer mussen no vir kucken.

Wat eis sécherlech och net virubréngt a wat de Kanner, deene Jonken an der Schoul an och no der Schoul sécherlech net hëlleft, dat ass, eng ideologesch Debatt doriwwer ze maachen, wéi, wat fir eng Sprooch a wat fir eng Roll datt se hei soll spillen. Sécherlech hëlleft et och net, ze probéieren, Parteipolitik mat deem Dossier hei ze maachen. Dat hëlleft der Schoul näischt, dat hëlleft de Jonken näischt an dat hëlleft dem Lëtzebuerger Land och näischt.

An duerfir solle mer och kucken, et vläicht net vun der politescher Diskussioun aus ze gesinn, net ze kucken: Wéi sti mer do vun eiser Iwwerzeegung hier a wat misste mer do maachen? Mä kommt, mer dréinen et emol eng Kéier ëm a mir kucken, a wat fir enge Situatioune ganz vill Kanner haut sinn, wa se an d'Schoul kommen, wa se an der Schoul sinn, a firwat se vläicht deem engen oder anere Problem begéinen.

An och dat ass ganz ënnerschiddlech. Do gëtt et net dat eent Kand, op dat mer misste reagéieren. Do gëtt et Kanner, déi vläicht haut am Préparatoire sinn, well se virun zéng oder zwielef oder 15 Joer an enger Crèche oder enger Struktur waren, déi vläicht den Eltere geschéngt huet, wéi wann et eng Crèche wier, mä déi eigentlech emol mat deem System guer näischt ze dinn hat, wou se dann awer zu zéng Kanner do an iergendengem Raum waren - dat hätt och kënnen eng Garage gewiescht sinn - an do vu moies bis owes eigentlech Tëlee gekuckt hunn, bis dann iergendwann d'Mamm oder de Papp oder d'Nopesch oder déi grouss Schwëster, de grousse Brudder se erëm siche komm ass, a se do eigentlech vu Sproochen a vu Sproocheférderung a vun deem, wat duerno an der Schoul geschitt ass, näischt matkritt hunn.

Mir hu Kanner, déi trotz all deenen Engagementer, déi de Stat an och d'Schoul scho geholl hunn, wéi zum Beispill d'Aféiere vum Précoce, nach ëmmer relativ spéit mat der Lëtzebuerger Sprooch a Kontakt kommen. Mir hu ganz vill Kanner, déi aus dem Ausland kommen, déi do schonn ageschoult waren, déi absolutt kee Bezuch zu eise Sproochen hei am Land hunn, déi och fir d'Schoul, d'Réussite an der Schoul an d'Integratioun iwwerhaapt schonn an eise Schoulsystem eran extrem wichteg sinn.

Mir hunn dann awer och nach ëmmer dat lëtzebuergescht Kand, wat zu engem Drëttel ongefäier doheem Lëtzebuergesch als Familljesprooch huet, wat awer och net einfach riicht duerch eise Schoulsystem geet, wou ee kéint soen: Dat doten ass einfach an der Rei, fir déi Kanner ass eise System nach ëmmer „1 A". Och do wësse mer, datt et Problemer gëtt.

Dat ass vläicht e bësse karikaturiséiert. Et gëtt och ëmmer aner Fäll. Et kann een net ze vill verallgemengeren, mä mir wëssen awer, datt d'lëtzebuergesch Kanner oft op Krichsfouss mat der franséischer Sprooch stinn - an dat ganz oft scho ganz fréi -, an dat iwwer hiert ganzt

Liewen an och duerno weiderzéien, wa se net iergendwann eng Kéier d'Chance hunn, a Frankräich ze liewen, d'franséisch Kultur aneschters kennenzeléieren am Alldag, fir déi Sprooch nach eng Kéier nei kennenzeléieren.

Ech denken, datt, wa mer esou un déi Debatt do eruginn, ech denken awer och, datt, wa mer kucken, wat fir eng Entwécklung d'Wëssenschaft an de leschte Jore gemaach huet - woubäi et mer dann awer schéngt esou ze sinn, wéi wa jiddwereen e bësse seng eege Wëssenschaftler huet, well hei si Saachen zitéiert ginn als Fuerschungsresultater, déi awer contraire an diametral opposéiert sinn zu deem, wat ech liesen an eigentlech awer och als geséchert unerkannt hunn -, da solle mer och kucken, wat an der Praxis souwisou fonctionnéiert. Mer solle kucken, wat d'Erfahrunge si vu ganz ville Famillen, vu ganz ville Schoulen, vu ganz ville Betreiungsstrukturen. Ech denken, da kënne mer eis och do ganz gutt guidéiere loossen.

Et ass jo vill iwwert déi multilingual Fréifërderung geschwat ginn, an den Interpellant, de Claude Adam, huet eng Fro gestallt: Wat ass d'Zil dovunner?

D'Madamm Hansen huet gemengt, mech richteg ze zitéieren an dass ech gesot hätt, et géif guer keen Zil ginn an domadder wär et eis jo eigentlech alles ganz egal. Ech wëll nach eng Kéier prezis soen: Mir sinn hei am nonformale Bildungsberäich, mir definéieren hei keng Kompetenzsockelen, mir hu keen Niveau, deen déi Kanner missten erreechen - déi ginn och net getest -, mä mir maachen hei eng Offer, datt se mat deene Sproochen a Kontakt kommen, datt se dat kënnen opsaugen, wat se dann eben opsaugen dovunner. A wann dat eppes Positives ass, dann ass schonn emol ee ganz grousst a wichtegt Zil do erreecht. Mä et geet sécherlech net drëms, en Niveau ganz kloer do unzestriewen.

Mir hunn awer natierlech politesch Ziler, soss géife mer et net maachen a soss wär et vläicht esou, wéi d'Madamm Hansen seet, en Investissement, dat jo awer och considérabel ass, net wäert.

Mir hunn eng extrem grouss Heterogenitéit an eise Schoulen, an dat scho ganz fréi. Déi mierke mer an de Betreiungsstrukturen, mir mierke se och am Précoce, mir mierke se an der Spillschoul, mir mierke se duerno, wann alphabetiséiert gëtt, an iwwer eise ganze System ewech.

Ee vun den Ziler ass et sécherlech, fir déi ganz ënnerschiddlech Sproochen, mat deenen d'Kanner an eis Schoul herno kommen, an de Cycle 1 kommen, an de Précoce oder an d'Spillschoul kommen, e bësse méi no beieneenzeféieren, datt mer méi en eenheetlecht Bild hunn, datt mer do kënne soen - an dat ass ganz kloer en Zil an ech weess net, wat ech soll maachen, fir datt et net erëm aneschters duergestallt gëtt vun Eenzelnen, mä déi hu wahrscheinlech aner Motiver -: Sécherlech ass et d'Zil, datt se Lëtzebuergesch kënnen, Lëtzebuergesch verstinn, Lëtzebuergesch schwätzen, wéi dann hire Parcours iwwert d'Crèche, iwwert de Précoce, iwwert d'Spillschoul et dann eben emol erlaabt.

Awer och soll et d'Zil sinn, datt se schonn a Kontakt kommen, systematesch a Kontakt komme mat anere Sproochen, mat der franséischer Sprooch, déi ebe wichteg ass herno awer als Schoulsprooch e puer Joer drop, a wou mer wëssen, datt dat oft awer een Hemmschung ass an eng Hürd ass, wou ganz vill Kanner finalement dru scheiteren an net esou virukommen, wéi se misste virukommen, datt mer also bei där Aufgab hëllefen, fir Kanner, déi aus engem ganz ënnerschiddleche Sproochemilieu kommen, duerno awer an eng Schoul ze integréieren, wou mer se erëm op aner Sproochen, op verschidde Sprooche musse preparéieren, fir dat schonn e bësse méi no beieneenzekréien, datt mer déi breet Heterogenitéit, déi mer haut an engem Cycle 2 hunn, wann et ëm d'Alphabetiséierung geet, e bësselche limitéiert a reduzéiert hunn.

Et gëtt gesot, mir hätten eis hei net op wëssenschaftlech Konzepter baséiert, mir wäre ganz wäit ewech vu Fuerschungsresultater. Also et ass nun awer Standard an der Fuerschung, datt d'Fréifërderung hëlleft, datt et déi éischt Jore sinn, déi eigentlech am wichtegste si bei engem Kand, datt, wa mer eis iwwert d'Resultater herno op enger Première, op enger Treizième oder och nach doriwwer eraus ënnerhalen, datt et net onbedéngt dat Wichtegst ass, wat op der Première, op der Deuxième, op der Troisième um Programm steet an d'Léiermethoden do sinn, mä datt et vill méi wichteg ass, wat an den éischte Liewensjore mat engem Kand geschitt ass.

Dat liesen ech haut a quasi all de wëssenschaftlechen Analysen, déi mer dozou bekannt sinn. An ech liesen et eigentlech och an extrem ville populärwëssenschaftleche Bäiträg, déi ech awer an allen Zeitungen, déi eis och hei zu Lëtzebuerg missten zougänglech sinn, ëmmer nees entdecken. Duerfir verstinn ech dat doten net richteg. Mä bon, dat mussen dann déi Leit mat sech selwer ausmaachen.

Mir hunn op där anerer Säit nieft der Wëssenschaft Expertisen um Terrain, déi eis hei kënne guidéieren, hei zu Lëtzebuerg an am Ausland. Et gëtt Dausende vu Crèchen, déi multilingual fonctionnéieren hei an an anere Länner. Mir brauchen nëmmen dohinner kucken ze goen. Mir brauchen nëmmen ze kucken, wéi se schaffen. Mir brauchen nëmmen ze kucken, wat dat deene Kanner bréngt. Dann, denken ech, versti mer, wat eis Ambitioun mat dësem Projet ass.

Mir hunn och ganz vill multilingual Familljen zu Lëtzebuerg an an all de Länner. Et gëtt souguer Fuerschungen, déi soen, datt dat d'Regel ëmmer war, datt d'Kanner a multilinguale Kontexter opgewuess sinn an net an engem monolinguale Kontext, soudatt dat doten eis eigentlech och misst guidéieren, fir ze soen: Dat ass eppes, wat guer näischt esou Exceptionnelles ass. Et ass éischter eppes, wat zum Mënschsinn derzougehéiert.

An och haut hu Kanner, ouni datt se duerno an eng méisproocheg Crèche géife goen, Kontakt mat ënnerschiddleche Sproochen. Wat géife mer da maachen a wéi dramatesch wär et dann, wann d'Boma eng aner Sprooch géif schwätzen, wann d'Nopesch oder den Noper eng aner Sprooch géif schwätzen, wann déi Kanner an der Strooss eng aner Sprooch géife schwätzen, déi een op der Spillplaz begéint?

Dat ass nun awer eppes ganz Normales; dat gehéiert zum Alldag vun de Kanner dozou an et ass gutt fir déi Kanner! An ech verstinn eigentlech net, firwat hei esou muss gemaach ginn, wéi wa mer an der Crèche an duerno och an der Schoul, am Cycle 1, eng kënschtlech Welt misste schafe fir d'Kanner, déi der Liewensrealitéit an hirer Famill, an hirem Quartier nu wierklech net méi entsprécht. Doriwwer soll een awer och emol eng Kéier nodenken.

Wichteg ass dobäi, an do ginn ech jiddwerengem recht, deen zu Recht seet, ob dat do net zu Problemer féiere kéint, zu Recht seet, dass all Kand anescht ass, all Kand eng aner Biografie huet, all Kand mat anere Sproochen, mat engem aneren Niveau och vu senge Kommunikatiounsfäegkeeten a jonke Joren an eng Struktur erakënnt. Jo, do musse mer differenzéieren.

Mä, Här Adam, mir schwätzen zéng Joer - Dir, an ech e bësse manner laang - vun Differenzéieren an der Schoul. Hei ass et awer nu wierklech datselwecht. Mir mussen d'Situatioun vun deene Kanner ganz genau kucken, wa se an eng Struktur kommen.

Et ass hei geschildert ginn, wéi dat gëschter zu Esch gaangen ass. Déi Struktur, déi mécht dat, déi kuckt sech déi Kanner do un. Do kommen der ganz vill, déi eigentlech nach guer kee Kontakt mat der Lëtzebuerger Sprooch haten. Dann ass dat selbstverständlech emol eng éischt Prioritéit. A wann een dann d'Entwécklung vun deene Kanner suivéiert huet iwwer Méint oder iwwer Joren - mer schwätzen hei vun engem bis véier Joer, a schwätzen eigentlech vun engem bis sechs Joer, bis et an den C2 geet -, wa mer de ganze Prozess do kucken, dann ass do genuch Geleeënheet, fir ëmmer erëm nozeajustéieren an en fonction vun der Entwécklung vun de Kanner se och mat anere Sprooche kënnen a Kontakt ze bréngen.

Et ass och gefrot ginn: Ass dat do exklusiv Franséisch? Wann Der den Text liest vum Gesetz, da gesitt Der, datt et net exklusiv Franséisch ass, datt et awer eng Sprooch muss sinn, wou mer duerno eng Schouloffer hunn hei zu Lëtzebuerg. Wa mer also och international Schoulen hunn, déi op anere Sprooche fonctionnéieren, kann et also och an der Crèche sinn, datt een do Lëtzebuergesch, wat ëmmer dobäi ass, mat enger anerer Sprooch ka kombinéieren. Dat schéngt mer wichteg ze sinn.

An datt et natierlech eppes ass, wat och engem Éveil aux langues ganz no kënnt, datt et natierlech eppes ass, wat nieft der Fërderung vun der Mammesprooch, dem Eruféieren un d'Lëtzebuergescht, och d'Oppenheet zu anere Sproochen, déi de Kanner nach friem sinn, soll fërderen, datt et natierlech generell och dorëms geet, déi kommunikativ Fäegkeete vun de Kanner ze fërderen, dat ass ganz evident.

An ech denken, ech brauch dem Här Adam net ze erklären, wéi ech aneren net brauch ze erklären, datt dat net op d'Käschte muss goe vun aneren Ziler, déi mer eis och an där doter Alterskategorie setzen, datt mer net soen: Wa mer d'Sprooch fërderen, da wär herno vläicht d'Motorik vun de Kanner manner entwéckelt.

Et kann ee Sproochenaktivitéiten, et kann ee ganz kommunikativ orientéiert Aktivitéiten an deem doten Alter maachen an awer d'Motorik fërderen. Dat kann een d'ailleurs och bei aneren Alterskategorien nach maachen, an ech géif mer dat eigentlech och do heiansdo wënschen. D'Fuerschung seet eis och, datt dat net dee falsche Wee dozou wär.

Ech wëll just nach eng Kéier drun erënneren, well awer hei ëmmer erëm gemaach gëtt, wéi wa mer am loftleere Raum wären, wéi wann et keng Fuerschung géif ginn, wéi wa mer dat einfach esou erfonnt hätten an elo einfach emol eng Kéier mir näischt, dir näischt wéilten aféieren: Mir hunn am Mäerz vun dësem Joer e Konzept virgestallt. Do gëtt et 58 Referenzen op aner wëssenschaftlech Etüden, déi sech mat dëser Thematik beschäftegt hunn. Mir mierken och haut, datt e ganze Secteur amgaangen ass, sech mat där Thematik do ausenanerzesetzen: de ganze Secteur vun der Klengkandbetreiung, vun der Klengkandfërderung. Do ass ënner anerem ee groussen Akteur, deen och eng Zäitschréft erausbruecht huet iwwert d'Méisproochegkeet mat enger Hällewull vu Formation-continues-Offeren, mat enger Hällewull vu wëssenschaftleche Bäiträg och do derzou, déi sécherlech ënnerschiddlech d'Thematik beliichten, déi sécherlech och emol déi eng oder déi aner kritesch Fro dozou stellen, mä wat mer gefält, dat ass, datt mer et fäerdegbruecht hunn, eigentlech schonn éier mer e Gesetz hunn, datt mer e ganze Secteur a Bewegung gesat hunn, sech mat där Seriositéit vun där doter Fro ausenanerzesetzen. Dat wär ouni dat dote sécherlech ni geschitt.

An ech wëll eppes...

(Interruption par Mme Martine Hansen)

Jo, waart ee Moment, well duerno hutt Der vläicht nach eppes aneres ze soen!

(Hilarité)

Ech wëll hei awer op eppes agoen, wat d'Madamm Hansen gesot huet. Mir géifen hei e risegt gesellschaftlecht Experiment maachen. Madamm Hansen, dat ass de Leit Angscht gemaach virun engem Fortschrëtt an der ganzer Bildungspolitik.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, dat ass esou! Da kucke mer emol, wat mer haut hunn an, Madamm Hansen, wien dat vun haut ze verantwerten huet. Gëtt et haut iergendeng Richtlinn, wat fir eng Sproochen ze applizéiere sinn an de Klengkandstrukturen an eisem Land, an de Crèchen tëschent null a véier Joer? Gëtt et iergendeng?

Hätt d'CSV net d'Méiglechkeet gehat, dat ze maache bei der Aféierung vum Chèque-service, wou et jo just drëms gaangen ass, datt ee ganze Secteur méiglechst schnell sollt explodéieren, méiglechst schnell Plaze sollten offréiert ginn? Wär et do net gescheit gewiescht, fir ze soen: „Wann Der da gär just Lëtzebuergesch wëllt fërderen, ma da maacht dat wann ech gelift do."? Dann hätte mer haut net dee Wildwuchs doruechter. Dann hätte mer haut keng Crèchen, wou nëmme Franséisch geschwat gëtt, a mer hätten haut scho vill méi Uerdnung an engem Secteur an eng geriichten zukunftsorientéiert Politik, déi mer do kéinte maachen.

Hätt d'CSV net d'Méiglechkeet gehat bei deem Gesetz iwwert d'Qualitéitsorientéierung an der nonformaler Bildung, wat d'Madamm Minister Marie-Josée Jacobs nach abruecht hat hei am Haus 2012, fir genau dat doranner ze schreiwen? Do stoung kee Wuert doranner.

Hätt de Familljeminister Marc Spautz vun der CSV 2013 net d'Méiglechkeet gehat, wou en Amendementen zu deem dote Gesetz gemaach huet, fir genau dat dote festzeschreiwen, dat, wat mer elo maachen, dat, wat eng DP-, LSAP- a grénggefouert Regierung elo mécht? Neen, Dir werft eis hei vir, mir hätten Experimenter gemaach um Bockel vun de Kanner. Ech froe mech, wat dat doten da fir eng Politik war.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Minister!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- D'Madamm Hansen däerf.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Merci, Här President, a Merci, Här Minister. Also ech stellen awer nach déi Fro, déi ech virdru wollt stellen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ech hu gemengt, Dir géift elo heizou eppes soen.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Majo et ass och nach ëmmer dozou. Ech wëll wierklech gären déi wëssenschaftlech Etüd gesinn, déi an eisem spezielle Kontext beweist,...

Plusieurs voix.- Ooh!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- ...datt dat doten de Kanner eppes bréngt. Well Dir wëllt jo gären u sech trotzdeem Ziler erreechen, wéi Der gesot hutt. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass, Dir sot, firwat... Oder einfach: Wéi kënnt Der soen, datt ee portugisescht Kand, wann dat elo géif mat engem Joer an eng Crèche goen, wou just Portugisesch géif geschwat ginn, datt dat u sech schlecht fir dat Kand wier? Et gëtt eng Etüd, an déi hunn ech lech gewisen, déi seet, datt, wann déi éischt Mammesprooch gefestegt ass,...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- ...datt dann d'Kanner u sech vill méi séier déi zweet Sprooch léieren. A mir soen awer elo, oder Dir sot: Gitt an d'Crèche mat engem Joer, wou virun allem Franséisch a Lëtzebuerg geléiert gëtt! Also och do: Wou ass déi wëssenschaftlech Etüd, déi beleet, datt Der recht hutt mat Ären Aussoen?

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ma ech hunn op all déi Froen do jo geäntwert. Ech hunn lech nach eng Kéier hei opmierksam gemaach op dat Konzept, wat mer viru gutt sechs Méint virgestallt hunn, wou 58 verschidde Referenzen op wëssenschaftlech Etüden drastinn.

Ech soen net, datt et fir e Kand net gutt wär, wa seng Mammesprooch gefërdert gëtt. Ech soen net, datt et fir en eejäeregt Kand schlecht wär, wann et a senger Mammesprooch encadréiert gëtt. Dat soen ech jo net. Mä an eisem Konzept ass och d'Fërderung vun enger Mammesprooch virgesinn, woubäi mer jo awer musse wëssen, datt mer do Limitten hunn.

Firwat maache mer ënner anerem hei niewendrun och eng ganz intensiv Elterenaarbecht? Firwat probéiere mer, iwwert d'Präsenz vum Kand an der Crèche dann duerno d'Eltere mat op de Wee ze kréien, fir d'Mammesprooch doheem ze applizéieren, wou mer wëssen, datt nach oft villes net glécklech ass, wat do geschitt, a wou sécherlech och do ganz villes ka besser gemaach ginn? Mä elo ze soen: Mir baséieren eis op déi doten Etüd, an duerfir kucke mer, datt mer dann d'Mammesprooch systematesch fërderen an eise Strukturen, wann dat awer elo d'Léisung soll sinn, da froen ech mech, wéi Der dat da gäre géift hikréien.

Ech... Jo?

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- ...eng Etüd, déi wierklech eisem Kontext...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, well mer natierlech esou en atypesche Kontext hunn.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Firwat hu mer dann net...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Majo, mir hunn eist eegent Konzept entwéckelt. Mir sinn eis quasi déi eenzeg Fachkraaft am ganze Land siche gaangen, déi eng Dokteraarbecht op der Uni iwwert d'Méisproochegkeet am Klengkandberäich geschriwwen huet, déi hu mer am Ministère agestallt, fir dat Konzept do ze maachen. Et gëtt vun aneren Experten, nationaler an internationaler, mat suivéiert. Mir wäerten do ganz enk um Ball bleiwen.

An et baut op op där Expertise, déi international besteet, där Fuerschungsaarbecht, déi international virläit, an op den Erfahrungen, déi mer an de Strukture scho laang gemaach hunn hei zu Lëtzebuerg an amgaange sinn, am Kontext vun deene Pilot-Crèchen och ze maachen.

D'Wëssenschaft seet jo awer, datt - an do kann ech lech direkt d'Referenz ginn, wann Der et gären hätt - Immersiounsmodeller, wou ech also an eng aner Sprooch andauchen an doduerjer d'Sprooch léieren - esou wéi Dir et eigentlech erkläert hutt, wéi mer et méi oft misste maachen am Secondaire -, datt dat besonnesch effikass wär am Fondamental respektiv am Klengkandalter.

D'Wëssenschaft seet och - an do, mengen ech, läit ee Punkt, wou mer eis vill méi intensiv domadder musse beschäftegen a wou vill Riedner de Mëtteg eigentlech drop ze schwätze komm sinn -, datt, fir eng Friemsprooch ze léieren, een eng gewësse kognitiv Entwécklung muss gemaach hunn, virun allem wann een esou léiert, wéi mer an eiser Schoul léieren, wéi mer Franséisch an eiser Schoul léieren.

Duerfir verstinn ech net richteg, datt Der wëllt soen, Madamm Hansen, mir sollten de Bain linguistique éischter herno am Secondaire offréie-

ren. D'Wëssenschaft seet: Maach dat ganz fréi! An eng Friemsprooch léieren, mat Regelen, mat Vokabelen, mat Verben, mat Grammatik a mat Exercicen, esou wéi Erwuessener eng Friemsprooch léieren ab engem gewëssenen Alter, datt dat eigentlech dann de Modell ass. Do, denken ech, leie mer eigentlech besser, wa mer an déi Richtung weider iwwerleeën.

Ech wëll och warnen. Ech si jo ganz fir eng Diversifizéierung vun eiser Offre scolaire, déi der Heterogenitéit vun eise Schüler méi staark Rechnung dréit. Mä wa mer elo mengen, mer géifen d'Problemer hei léisen, andeems och an deene Klassen, wou et nach eenegermoosse gutt fonctionnéiert a wou mer d'Schüler awer op e gewëssene Sproochenniveau herno bréngen op enger Première, op enger Treizième - mer géifen do systematesch soen: Mer décidéieren, datt mer nach eng oder vläicht zwou Sproochen op engem méi héijen Niveau hunn an déi aner op engem manner héijen Niveau -, wa mer also deen Usproch nach eemol erofsetzen, dee mer haut hunn - a gläichzäiteg zitéiert Der hei Etüden, déi gemaach goufen an déi ech lech net falsch maachen, datt mer haut deem Usproch scho guer net méi gerecht ginn -, da fäerten ech, da komme mer nach eng Kéier méi wäit vun deem ewech, wat mer awer brauchen!

Well natierlech brauche mer awer Leit, déi gutt d'Sprooche beherrschen, an dat op engem gewëssenen Niveau, sief et nëmmen, an Dir hutt et selwer gesot, sief et nëmmen, fir herno an den Enseignement kënnen ze kommen. Wann 20% vun deenen, déi haut e Bac hunn, wann déi just den Niveau C1 erreechen a mer setzen deen Niveau herno nach eng Kéier erof fir eenzel Sproochen, da wëll ech net wëssen, wéi vill et der dann nach si mat C1. Mä mer brauchen der awer mat C1, sief et nëmmen, fir herno an eng multilingual Kannerbetreiung kënne mat eranzeklammen.

Mir mussen also do kucken, datt mer den Usproch fir Jonker, déi dat dote kënne packen - an et gëtt der haut ganz vill, déi et packen, well net all eis Schoule si schlecht an net eise ganze Schoulsystem ass schlecht -, datt mer deen net systematesch erofsetzen. Mer mussen also scho kucken: Wat kënne mer maachen, fir datt mer deem Usproch wierklech kënne gerecht ginn? An do gëtt et ganz villes ze maachen an déi Konzentratioun op de Klengkandberäich ass eigentlech och nëmmen eng vun deene Saachen, déi mer do kënne maachen.

Ech wëll awer nach eng Kéier...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Här Minister,...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Jo?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* ...ech ginn nach eng Kéier der Madamm Hansen d'Wuert an da géif ech Iech och bieden, Iech un d'Chamber ze adresséieren an da brauche mer net méi an den Dialog eranzegoen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Do zweifelen ech drun.

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Ech wëll just soen, datt ech net gesot hunn, datt mer den Niveau missten erofschrauwen. Ech hu just gesot, datt definitiv 2006 d'Madamm Delvaux Tester gemaach huet op Première an datt knapps 20% den Niveau C1 an driwwer erreecht hunn. An da musse mer eis Froe stellen!

An ech hat eng zweet Fro gestallt: Wéi een Zil wëllt de Minister erreeche fir déi eenzel Sproochen? Wëllt e sech Ziler setzen am Kader vum europäesche Referenzkader? Merci.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Jo, ech hunn, mengen ech, kloer zum Ausdrock bruecht, datt et net d'Prioritéit ass fir mech an deene besteeënden Offeren, déi mer hunn, d'Première an d'Treizième, de Sproochenniveau do ze variéieren.

Ma sécher, mir hunn natierlech Léierpläng, mir hunn natierlech en Niveau, deen erreecht soll ginn. Mir hunn och dat eng Kéier iwwersat op den europäesche Referenzkader. A mir denken och, datt mer virun allem Studenten, oder Schüler an duerno Studenten, déi an d'Ausland wëlle studéiere goen, wou genau dat do gefrot gëtt, datt een zertifiéiere kann, wat fir e Sproochenniveau se am Kontext vum europäesche Referenzkader hunn, datt mer deene mussen et méiglech maachen, datt se dat och kënnen zertifiéieren.

Mä, wa mer dat anert wëllen, musse mer wëssen, datt an eisem Sproochenunterrecht och ganz, ganz vill iwwer Bord geet, wat och haut zu eisem Sproochenunterrecht gehéiert. Well nëmmen d'Fäegkeet ze communiquéieren ass jo awer eppes, wat am Franséisch-, am Däitschan am Engleschunterrecht vun haut bei Wäitem net... Mer limitéieren eis bei Wäitem net dorobber, mä mer ginn eigentlech ganz, ganz wäit doriwwer eraus an do géife mer ganz, ganz villes verléieren.

Et sinn eng Rei vun interessante Pisten de Mëtteg hei genannt ginn, iwwert déi ee soll nodenken. D'Fro vun der Langue véhiculaire an engem eenzelne Fach, an engem Netsproochefach: Mir hu jo selwer Pilotprojeten do initiéiert, déi mer och suivéieren, déi villverspriechend sinn, wou mer d'Hoffnung hunn, datt, wann e Schüler e Fach ka maache wéi Mathematik, wéi Geschicht, wéi Biologie an enger Sprooch, déi him besser läit, datt en dann natierlech och déi Matière sech besser kann erschaffen. Dat läit eigentlech schonn e bëssen op der Hand.

D'Fro ass ëmgedréint awer och: Musse mer net kucken, de Schüler och d'Méiglechkeet ze ginn, nieft just dem Sproochenunterrecht eng Sprooch unzewenden? A wa mer all d'Niewefächer, wann ech dat emol esou ka soen, dann an enger anerer Sprooch maachen, dann huet en eigentlech och ganz wéineg déi Méiglechkeet. An déi Etüden, déi ronderëm déi Pilotprojeten do lafen, déi sollen eigentlech genau dat doten och ofweien: Wat ass de Plus a wat ass awer och eventuell eng negativ Konsequenz dovunner?

Ech denken, virun allem musse mer kucken, datt mer aneschters mam Fachvocabulaire ëmginn, virun allem an deene Joergäng, wou d'Langue véhiculaire och eng Kéier wiesselt. Wann ee Biologie op Däitsch gemaach huet an op eemol mécht ee se op Franséisch, dann ass et net esou, datt een all déi Fachbegréffer, déi ee virdrun op Däitsch héieren huet, datt een déi alleguerten op eemol op Franséisch géif kënnen. A wann déi net iergendwéi an deem Iwwergang do mat vermëttelt ginn, oder matzäiten agefouert ginn, da kann och dat zu Schwieregkeete féieren.

Ech sinn och ganz d'accord mat deene Proposen, notamment och vum Claude Haagen, datt mer nach méi musse fuerschen iwwer eis spezifesch Lëtzebuerger Situatioun, iwwert de Multilinguisme hei zu Lëtzebuerg, datt et och eng Fro vun didakteschem Material ass, un deem mer schaffen, wou mer eis jo och mat der Uni Lëtzebuerg Partner wëlle ginn, fir méi systematesch dorunner ze schaffen. An d'Verbindung mat der Grondausbildung virun allem vun den Enseignanten am Fondamental, och do ze sichen. Och wat d'Ausschaffe vun eise Léierprogrammer ubelaangt, vun der curricularer Aarbecht ubelaangt, denken ech, brauche mer eng Vernetzung tëschent Léiermaterialien, Schoulbicher, digitale Contenuen an awer och de Programmer.

Ech sinn a bleiwe skeptesch, wat eng aner Iddi, déi och nach eng Kéier ugeschwat ginn ass de Mëtteg, déi vun der Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch, ubelaangt, well ech einfach net gesinn, wéi dat soll goen, well Lëtzebuergesch awer ganz staark op der däitscher Sprooch baséiert, och wéi et geschriwwe gëtt. An Alphabetiséierung heescht net nëmme liese léieren, mä och schreiwe léieren. A wann ech net richteg weess, wéi d'Wuert am Däitsche geschriwwe gëtt, ass et ganz schwéier ze wëssen, wéi et am Lëtzebuergesche geschriwwe gëtt. An da kann een et eigentlech och doriwwer generell net schreiwe léieren. Dat ass dee gréisste Problem, deen ech dobäi gesinn.

Donieft mengen ech, datt mer keng Revolutioune solle maachen, datt mer eis Systemer net komplett sollen ëmstellen, mä datt mer eis op dat solle konzentréieren a limitéieren, wou ee wierklech kann en direkt Resultat erwaarden, an dat ass méi Effort am Klengkandberäich an dat ass virun allem awer och eng aner Approche, fir Sproochen ze enseignéieren.

Ech hu virdru gesot: eng méi altersgerecht Approche, fir Sproochen ze enseignéieren. An och do si mer amgaangen, fir de Fondamental drun ze schaffen, opbauend op deem, wat am Klengkandberäich soll gemaach ginn, op deem, wat am Cycle 1 soll gemaach ginn, dann, iwwert d'Alphabetiséierung ewech, am Däitschen an am Franséischen ze kucken, wéi mer déi eenzel Sprooche besser kënnen afféieren, wéi dat haut ass, fir och doduerjer eng aner Approche ze ënnerstëtze par rapport zu de Sproochen a méi aus där Zäit, déi mer haut an de Sproochenunterrecht investéieren, kënnen erauszehuelen.

Eng aner Äntwert, déi d'Regierung gëtt op déi Erausfuerderung, déi mer geschildert hunn de Mëtteg, ass och d'Diversifikatioun vun der Offre scolaire. Dat ka fir all Schüler sinn. Dat muss net fir e Schüler sinn, deen elo mat sengen Eltere just gëschter aus dem Ausland heihinnerkomm ass, oder een, dee virun zéng Joer komm ass. Dat kann och ee sinn, deem seng Eltere scho ganz laang zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, iwwer Generatiounen hei gewunnt hunn.

Et gëtt esou vill ënnerschiddlech Kanner mat esou vill ënnerschiddleche Biografien, awer och esou vill ënnerschiddlechen Talenter, datt et an engem Land wéi Lëtzebuerg en enorme Verloscht bréngt, wa mer probéieren, déi Kanner esou ze modelléieren, datt se an een eenzege Schoulmodell erapassen. An dofir brauche mer ënnerschiddlech schoulesch Offere fir ënnerschiddlech Kanner.

An d'École internationale zu Déifferdeng ass en Ufank dovunner. An déi éischt Aschreiwungen an den Interessi virun allem hunn eis encouragéiert, fir dat auszebauen, e Gebai vun Esch ze annexéieren, awer och d'Offre scolaire nach eng Kéier ze iwwerdenken, och eng germanofon Sektioun opzemaachen.

Mir hunn e Projet de loi hei am Haus leien, fir deem, wat de Michel Lucius schonn zanter enger Rei vu Jore mécht am Kontext vun engem Pilotprojet, och eng gesetzlech Basis ze ginn, näämlech engleschsproocheg Klassen am Secondaire, awer gläichzäiteg och eng engleschsproocheg Filière am Fondamental kënnen unzebidden.

Mir hunn de Bac international oder den IB am LTC respektiv am Athénée. Mir sinn och amgaangen do ze kucken, virun allem och den engleschsproochegen IB weider auszebauen, well mer och am Zentrum däitlech méi Offer brauchen. A wa mer do, grad op déi dote Klasse kucke ginn, gesi mer, datt dat eigentlech eng Offer ass, déi ganz gären och vun...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Lauschtert Ärem Kolleeg no!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* ...déi ganz gären och vun anere lëtzebuergeschsproochege Kanner genotzt gëtt, soudatt dat eppes ass, wat sech net nëmmen un eng international Communautéit riicht.

An ech ginn der Madamm Hansen absolutt recht, mä ech hunn dat hei eigentlech op dëser Plaz an op anere Plaze scho ganz oft widderholl: Natierlech musse mer kucken, datt mer déi Offeren do och queesch iwwert d'Land kënne verdeelen, datt do och en Zougang fir jiddwereen ass. An och am Norden, denken ech, datt mer do Akteure fannen, déi bereet wären, mat op deen dote Wee ze goen.

Nach ee Wuert, Här President, wann Der erlaabt, ofschléissend zur Lëtzebuerger Sprooch. Generell musse mer awer - an egal wou mer stinn, ob Majoritéit oder Oppositioun, a mir wësse jo och, datt dat an deene leschte Joren a Jorzéngte gewiesselt huet a wahrscheinlech an deenen nächsten och erëm eng Kéier -, mä mer sollen eis hei awer vläicht eens sinn, datt d'ëffentlech Schoul zu Lëtzebuerg eng formidabel Aarbecht gemaach huet als Integratiounsmaschinn.

Well jiddwereen, deen aus der ëffentlecher Schoul erausgaangen ass, eis Sprooch, Lëtzebuergesch, geschwat huet, verstanen huet, am Alldag se konnt uwenden, an domadder och iergendzwousch e Stéck wäit Lëtzebuergesch geduecht huet, Lëtzebuergesch getickt huet, wéi mer dann op Lëtzebuergesch esou schéi soen. An ouni deen Effort hätte mer sécherlech bei deem extrem héijen Ausländerundeel, dee mer haut hunn, ganz aner Problemer vun Integratioun.

Ech wëll net soen, datt et guer keng Problemer géife ginn. Mä ech denken, datt do e grousse Meritt awer vun der ëffentlecher Schoul a vun all den Akteuren, virun allem och den Enseignanten, ze verzeechnen ass.

A wa mer elo d'ëffentlech Schoul eben net méi nëmmen als reng Schoul gesinn, mä de Bildungssystem kucken, wou Crèchen an Maisons relais an aner nonformal Bildungsaktivitéiten haut derbäigehéieren, wëlle mer deen Effort jo och nach eng Kéier méi breet opstellen.

Duerfir mengen ech, datt mer net alles falsch maachen an der ëffentlecher Schoul, datt mer eis Prioritéiten awer och sollen nach eng Kéier nokucken, fir ze kucken: Wou erreecht d'ëffentlech Schoul d'Leit net a geet déi dote Fonctioun verluer? An dat ass haut a villen internationale Privatschoulen. Dofir wëllt d'Regierung

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

d'Gesetz änneren an ëffentlech Subventiounen nach just zougänglech maache fir international Privatschoulen, wa se och Lëtzebuergesch obligatoresch fir all Schüler ubidden.

Mir sinn amgaangen an der École internationale zu Déifferdeng, an eiser ëffentlecher internationaler Schoul, e Curriculum auszeschaffen an och do schonn unzewennen, dee mer herno den internationale Schoule wëllen zur Verfügung stellen.

Mir wëllen och méi maachen, datt déi Schüler, déi wëlle méi Lëtzebuergesch maachen, och vläicht wëllen d'Orthografie, d'Grammatik vun eiser Sprooch léieren, dat kënne maachen. Ech soen awer gläichzäiteg, ech warne ganz haart do virdrun, fir ze soen: Dat muss en obligatoresche Bestanddeel vun eise Léierpläng ginn. Ech wëll net an d'Situatioun kommen, datt herno e Schüler am Franséischen, Däitschen, och nach am Engleschen an an der Mathé an an all deenen anere Fächer bestanen huet, mä e kann net virugoen, well en d'Lëtzebuergescht dann net gepackt hätt. Do musse mer realistesch sinn.

A vill vun den Iwwerleeungen, déi de Mëtteg hei gemaach gi sinn, datt mer schonn extrem vill Zäit an de Sproochenunterrecht investéieren an heiansdo ze wéineg bleift fir zum Beispill d'Sciencen, déi awer och fir d'Virukomme vum ganze Land wichteg sinn an och Beruffschancë kënnen opmaachen, datt mer dat net ze vill däerfen eesäiteg ugoen.

E lescht Wuert, Här President. Bei allem, wat mer mussen iwwerdenken - mir hunn aner Schüler, d'Usprech sinn anerer -, wëll ech awer nach eng Kéier soen, datt, wann ech nëmmen e puer Kilometer iwwert d'Grenz erausginn, gi mer nach ëmmer beneit fir eise Sproochesystem, fir eis Schoulen, déi et fäerdegbréngen, awer ëmmer nees eng nei a méisproocheg Generatioun aus der Schoul ze kréien.

Ech hunn nach ëmmer europäesch Ministerkolleegen, déi wëlle bei eis kucke kommen, fir ze kucken, wat mir do maachen. A vill aner Länner, déi amgaange sinn, sech déi Froen ze stellen, déi zum Deel och de Mëtteg hei gestallt goufen - wéi kënne mer an enger globaliséierter an domadder och automatesch multilingualer Welt eng Schoul op déi Situatioun do virbereeden? -, kommen nach ëmmer op Lëtzebuerg kucken, fir erauszefannen, wéi mir et hei maachen. Also kënne mer et net esou schlecht maachen!

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Minister. Merci och der Chamber fir d'Flexibilitéit. Mir géifen dann, nodeem mer d'Debatt ofgeschloss hunn iwwert d'Interpellatioun, zu eisem leschte Punkt vum Ordre du jour kommen, de Projet de loi 7011, eng Änderung vum Gesetz iwwert de Clierfer Lycée, fir d'Ugebuet auszebauen. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Edy Mertens.

7. 7011 - Projet de loi modifiant la loi du 13 juin 2013 portant création d'un lycée à Clervaux

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Edy Mertens *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den zukünftege Lycée Edward Steichen wäert seng Diere fir d'Rentrée 2018 zu Clierf opmaachen. Ech brauch Iech sécherlech hei net ze rappeléieren, wat dat fir Diskussiounen ervirgeruff hat. Dat war guer net esou einfach an ech sinn desto méi frou, wa mer moies schaffe fueren, Emile, datt déi Bauplaz wierklech a Betrib ass. Do gëtt gewibbelt, do gëtt geschafft. An ech krut elo nach matgedeelt, datt d'Direktioun méi no geréckelt ass bei eis, fir dat Ganzt nach besser ze encadréieren. Mir sinn zouversiichtlech, datt dat klappt.

Mä spéitstens elo misst et jo awer jiddwerengem bewosst sinn, wat dëse Lycée eigentlech fir de Kanton Clierf bedeit fir seng Awunner a fir déi ganz Regioun. Sécher, de Lycée schaaft zousätzlech Aarbechtsplazen am Norden. De Kanton gëtt awer och vill méi attraktiv. D'Schouloffer gëtt dezentraliséiert. A virun allem ginn déi alldeeglech Weeër, déi d'Schüler mussen zréckleeën, méi kuerz, soumat hu se vill méi Fräizäit a sëtzen net déi ganzen Zäit oder jiddefalls heiansdo eng Stonn am Bus.

Här President, mat dësem klenge Projet de loi wäert de Clierfer Lycée zousätzlech déi Attraktivitéit ausbauen. Wann d'Gesetz vun 2013 d'Offre scolaire näämlech just op déi ënnescht Cyclë limitéiert hat, esou gesäit dëse Projet de loi vir, déi Offer och op déi iewescht Cyclen ze erweideren, souwuel am Secondaire technique wéi am Secondaire classique. D'Schüler ginn doduerch net méi gezwongen, no dräi Joer hire Lycée de proximité ze verloossen, wat natierlech eng Rei Nodeeler mat sech bruecht hätt. Jo, d'Weeër wieren erëm wesentlech méi grouss ginn. Et hätt een erëm méi Zäit verluer, jee, et hätt een einfach d'Haaptziler vum Clierfer Lycée verfeelt.

Och wäert d'Unzuel vun den Inskriptioune mat dëser Erweiderung eropgoen. D'Méiglechkeet, seng ganz Lycées-Carrière an engem Gebai ze maachen, ass näämlech an den Ae vu ville Schüler an och vun den Elteren ee vun den Haaptkritären, fir sech fir oder géint e Lycée ze entscheeden.

E weidere Virdeel ass sécherlech, datt de Lycée Edward Steichen an Zukunft ka Formatiounen ubidden, déi, éischtens, breet opgestallt sinn an, zweetens, de Besoine vun eiser Regioun ugepasst sinn. Ech wëll hei nëmme just eis Baubranche erwänen, an där bis elo an eiser Géigend 800 Leit schaffen.

De Lycée Edward Steichen ka mam Vott vun dësem Gesetzestext deem Rechnung droen a seng Offer an d'Formatiounen deementspriechend ausriichten.

Och am Secondaire classique wäerte sech duerch déi zukünfteg Flexibilitéit vun de Sektiounen zousätzlech Méiglechkeeten opdoen, fir och douawwe geziilt d'Talenter vun de Schüler ze förderen an der Offer an Demande vum Aarbechtsmaart unzepassen.

Här President, ech kommen elo zum zweete Volet vun dësem Projet de loi. Et gëtt och eng Struktur fir Kanner mat Verhalensopfällegkeeten am Norde geschaaft, déi dann un de Lycée Edward Steichen attachéiert soll ginn. Dës Struktur soll sech ëm Kanner tëschent 11 a 15 Joer këmmeren, déi grav Verhalensopfällegkeeten opweisen an déi doduerch riskéieren, herno am Ausland musse betreit ze ginn. Duerch spezifesch qualifizéiert Personal, e méi geregelten Dagesoflaf an duerch eng Betreiung a klenge Gruppe soll de Kanner gehollef ginn, hir Stressfaktoren ofzebauen, fir duerno erëm lues a lues an de reguläre Schoulbetrib integréiert ze ginn.

De Projet Sproochenhaus VTT - Verhalen testen an trainéieren - erwaart och, genausou wéi de Lycée, seng éischt Schüler...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift! Wann ech gelift! Et ass erëm vill Geknouters am Sall an et ass bal net nozelauschteren. Wann ech gelift nach e puer Minutten, dann hu mer et gepackt.

M. Edy Mertens *(DP), rapporteur.*- Jo, et ass gläich eriwwer.

(Hilarité)

...erwaart och, genausou wéi de Lycée Clierf, seng éischt Schüler am September 2018 zu Wëlwerwolz. Fir weider Detailer zum Projet de loi verweisen ech gären op mäi schréftleche Rapport.

Här President, de Statsrot, genausou wéi d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, hunn hir Zoustëmmung zu dësem Projet de loi ginn, soudatt mir nach just iwwreg bleift, Iech fir Äert Nolauschtere Merci ze soen.

Ech wëll awer hei e spezielle Merci ausdrécken un d'Commission de l'Éducation nationale, déi mir erlaabt huet, dëse Projet de loi virzestellen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. D'Wuert huet direkt d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President, an och villmools Merci dem Här Mertens fir de Rapport. Als CSV, mä natierlech och am Numm vum Buergermeeschter, dem Emile Eicher, begréisse mer ausdrécklech, datt d'Offer fir de Clierfer Lycée mat dësem Gesetz ausgebaut gëtt, sou wéi den Här Mertens dat u sech erkläert huet. Ech ginn net méi op den Detail an.

Ee groussen Deel vun de Kanner am Norde vun eisem Land - an och dat huet den Här Mertens gesot - verbrénge vill ze vill Zäit am Dag an an der Woch am Bus, am Zuch oder a béidem, wat u sech definitiv verlueren Zäit ass. Mat dësem Zousazugebuet verbessere mer esou nach méi Kanner hir Liewensqualitéit a virun allem hir schoulesch Chancen.

Dëse Lycée wäert e Schwéierpunkt op den neien Technologië leien hunn, wat gutt an zukunftsorientéiert ass, an dat net eréischt ab dem Här Rifkin senger Etüd. Mir wësse schonns méi laang, datt mer an dësem Beräich méi Aarbechtskräfte brauchen, och an der Clierfer Géigend, wéi der am Moment do sinn.

Aus dem Bléckpunkt vun der Regioun, och do war den Här Mertens drop agaangen, wou et eng Partie Betriber ginn aus der Baubranche, ass et an den Ae vun der CSV weiderhin ze begréissen, datt och dës Formatioune sollen op Clierf kommen, virun allem well mer jo wëssen, datt just dës Formatiounen am Prinzip zu Mamer ugebuede ginn an datt den ëffentlechen Transport vun douewe bis erof net onbedéngt esou gutt ass, datt en eis Kanner do kéinten all Dag hifueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer awer, nach kuerz zwou Froen ze stellen, op déi ech an der Kommissioun keng zefriddestellend Äntwerte kritt hunn:

Dat Éischt ass: Firwat bidde mer elo zu Clierf d'Ausbildung zum Fotograf un? Ech denken, den Numm vum Lycée kann net déi eenzeg Ursaach sinn. Dës Ausbildung ass am LTC aus Mangel un Ausbildungsbetriber a Kandidaten zougemaach ginn an an den Transfrontalier gesat ginn.

An eng zweet Fro: Am Clierfer Lycée soll och elo d'Formatioun zum Kach um Niveau DAP a CCP ugebuede ginn. Dës Ausbildung gëtt et och zu Dikrech. Do sinn am Moment am éischte Joer néng Schüler an der DAP-Ausbildung, zu Bouneweg sinn et der 40. Si ass also néierens iwwerlaf.

Den Här Minister hat mer op eng Question parlementaire zur Hotelschoul gesot, hie wär amgaangen, ee Gesamtkonzept fir d'Ausbildungen am Horeca-Beräich auszeschaffen. Elo, wou d'Décisioun geholl ass, datt zu Clierf och dës Ausbildung kënnt, ginn ech emol dovunner aus, datt dat Konzept ausgeschafft ass. A vläicht kann den Här Minister eis dat kuerz beschreiwen.

Och ganz wichteg fir eis Regioun ass dat sougenannt Sproochenhaus zu Wëlwerwolz, eng Structure d'accueil fir Kanner mat Verhalensschwieregkeeten, déi wierklech riskéieren, soss an d'Ausland missen ze goen. Och am ländleche Raum brauche mer esou eng spezifesch a spezialiséiert Strukturen. Ech sinn deemno ganz frou, fir kënnen den Accord vun der CSV-Fraktioun zum Ausbau vum Clierfer Lycée ze ginn, an ech wënschen dem Clierfer Lycée an dem Sproochenhaus am Numm vun der CSV ganz vill Chance.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet den Här André Bauler.

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dir stëmmt géint de Regierungsprogramm.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

25-mol Jo, 35-mol Neen. Domat ass déi éischt Motioun net ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Marc Angel), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zu där zweeter Motioun iwwergoen. Den Här Roth, wann ech gelift.

Motion 2

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...mir stellen also fest, dass hei d'Majoritéitsparteie géint den eegene Regierungsprogramm gestëmmt hunn.

(Interruptions)

Bei där éischter Motioun. Okay? Dont acte!

Déi zweet Motioun, bon, dat ass déi Diskussioun, déi mer haten, dass d'CSV der Meenung ass, dass d'Charge-socialle vun de Fonctionnairen an den Employé-publicken net sollen iwwert de Wee vun enger Gesamtenveloppe ofgezu gi vun deem, wat de Stat dem Gemengesecteur wëllt ginn, mä dass dat soll au prorata ofgerechent gi vun deene Fonctionnairen, déi all Gemeng fir sech huet.

Mir sinn der Meenung, dass all Gemeng muss fir hiert Personal a fir hir Astellungspolitik selwer responsabel sinn. Dat anert féiert zu engem Deséquiliber zuongonschte vun deene Gemengen, déi manner Fonctionnairen hunn, an zugonschte vun deene Gemengen, déi der méi hunn. Déi Kleng finanzéieren also hei déi Grouss mat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Minister.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Bon, ech mengen, et ass schonn e bësse komesch, dass mer elo grad e Gesetz gestëmmt hunn, wou mer de Contraire vun deem festgehalen hunn, wat elo d'CSV an enger weiderer Motioun hei freet. Ech mengen, an der Logik vun deem, wat mer virdru gestëmmt hunn, ass och dës Motioun ofzeleenen.

(Interruption)

An ech mengen, d'Argumentatioun hunn ech virdrun op der Tribün geliwwert. Ech mengen, domadder wär déi Diskussioun eriwwer.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Neen, neen,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Roth.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Also, ech sinn awer e bëssen erstaunt, well näämlech dat hei, dat steet net an deem Gesetzesprojet hei, Här Kersch an Innenminister Kersch, mä Dir sidd Member vun der Regierung an dat ass den Artikel 26 vun der Loi budgétaire, déi Der och als Member vun der Regierung mat déposéiert hutt.

Une voix.- Et ass en Offenbarungseid!

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, et ass nach fir en Amendement zum Budget 2017.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Fir en Amendement zum Budget.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Voilà!

Une voix.- Et ass eng Motioun!

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass nach Zäit, et ass nach Zäit.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An an där Logik vu virdrun: Et ass effektiv richteg, dass déi heite Motioun de Budget betrëfft, wéi Dir richteg gesot hutt. Et ass en Artikel...

Une voix.- Den Här Wiseler huet eppes anneres gesot.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ma neen. Ech hunn...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- …en Amendement zum Budgetsgesetz.

(Interruptions diverses)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Huelt se un an da maache mer en Amendement!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also Dir kuckt ganz erstaunt. Ech hunn Iech just recht ginn, dass et en Artikel aus dem Budgetsgesetz ass.

(Interruptions diverses)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President, Dir sidd méi laang an der Chamber wéi ech, mä näischt hënnert awer eng Fraktioun, eng Motioun ze déposéieren, déi e Gesetzesprojet betrëfft, quitte dass se formell herno hiren Néierschlag an dem Budgetsgesetz fënnt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ma an dësem Fall, Här Roth, wëll ech Iech just soen, dass ech dat iwwerhaapt net contestéiert hunn.

Une voix.- Da si mer eis jo eens.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà! An dofir, mir kënnen dann awer ofstëmmen. Et kann ee se abréngen, et kann een dann awer och gläichzäiteg doriwwer ofstëmmen. An dat maache mer elo.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo direkt eriwwer.

28-mol Jo, 32-mol Neen: Domat ass d'Motioun 2 verworf.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

A mir sinn um Enn vun eisen Diskussioune vun haut ukomm. Ech wëll Iech Merci soen a Rendez-vous ass muer um zwou Auer. Kommt gutt heem!

(Fin de la séance publique à 18.22 heures)

SÉANCE 11 MERCREDI, 7 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Heure de questions au Gouvernement

Question n°232 du 6 décembre 2016 de M. André Bauler relative à la qualité des matériaux d'isolation dans les maisons passives, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

- *M. André Bauler - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*

Question n°233 du 7 décembre 2016 de M. Jean-Marie Halsdorf relative au plan d'action européen de la défense de la Commission européenne, adressée à M. le Ministre de la Défense

Question parlementaire écrite n°2616 du 5 décembre 2016 de M. Marc Angel relative au plan d'action européen de la défense, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État, à M. le Ministre des Finances et à M. le Ministre de la Défense

- *M. Alexander Krieps*
- *M. Jean-Marie Halsdorf - M. Marc Angel - M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense (intervention de M. Jean-Marie Halsdorf)*

Question n°234 du 2 décembre 2016 de M. Roger Negri relative à l'introduction d'une nouvelle desserte ferroviaire entre Luxembourg et Düsseldorf sans rupture de charges, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Roger Negri - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°235 du 7 décembre 2016 de M. Fernand Kartheiser relative à l'étude PISA, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Question n°236 du 7 décembre 2016 de M. Claude Lamberty relative aux résultats des élèves luxembourgeois au test PISA, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- *M. Fernand Kartheiser - M. Claude Lamberty - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*

Question n°237 du 7 décembre 2016 de M. Gérard Anzia relative à la mise en œuvre de l'infrastructure publique liée à la mobilité électrique, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Gérard Anzia - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie*

Question n°238 du 7 décembre 2016 de M. Marc Spautz relative au nouveau commissariat «Porte du Sud», adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure

- *M. Marc Spautz - M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure*

Question n°239 du 6 décembre 2016 de M. Gusty Graas relative à l'échangeur de Hellange et la future voie d'accès sur la A13 au niveau de Frisange, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Gusty Graas - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°240 du 7 décembre 2016 de M. Marco Schank relative à l'évolution touristique future du site des Ardoisières à Haut-Martelange, adressée à Mme la Secrétaire d'État à l'Économie

- *M. Marco Schank - Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*

Question n°241 du 6 décembre 2016 de Mme Taina Bofferding relative aux résultats de l'enquête Eurobaromètre au sujet de la violence à l'égard des femmes, adressée à M. le Ministre de la Justice

- *Mme Taina Bofferding - M. Félix Braz, Ministre de la Justice*

Question n°242 du 7 décembre 2016 de M. Claude Adam relative au manque de remplaçants dans l'enseignement fondamental, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- *M. Claude Adam - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*

3. 6530 - Projet de loi

concernant la gestion du domaine public fluvial et portant

a) modification

* de la loi modifiée du 28 juillet 1973 portant création d'un service de la navigation,

* de la loi modifiée du 31 mars 2000 concernant l'administration et l'exploitation du port de Mertert,

* de la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau,

* de la loi modifiée du 14 juillet 1966 sur l'immatriculation des bateaux de navigation intérieure et l'hypothèque fluviale, et

* de la loi modifiée du 28 juin 1984 portant réglementation de la police de la navigation intérieure, des sports nautiques et de la natation; et

b) abrogation

* des articles 1er, 2 et 5 de l'arrêté du Directoire exécutif du 13 nivôse an V (2 janvier 1797) sur la navigation et les chemins de halage;

* de la loi du 6 frimaire an VII de la République une et indivise (26 novembre 1798) relative au régime, à la police et à l'administration des bacs et bateaux sur les fleuves, rivières et canaux navigables;

* de l'arrêté royal du 3 mai 1817 concernant la navigation et le flottage sur les rivières du Grand-Duché; et

* de la loi du 29 janvier 1890 concernant l'aliénation des terrains faisant partie du domaine public dans la Moselle et la partie navigable de la Sûre, ainsi que des anciens lits de ruisseaux abandonnés

- *Rapport de la Commission du Développement durable: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Roger Negri, M. Gilles Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 7019 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 16 août 1968 portant création d'un centre de logopédie et de services audiométrique et orthophonique;

2. de la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée;

3. de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire;

4. de la loi modifiée du 1er décembre 1992 portant 1. création d'un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue;

5. de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

6. de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

7. de la loi modifiée du 22 mai 2009 portant a) création d'un Institut national des langues; b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise;

8. de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Claude Lamberty*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen (dépôt d'une motion), M. Claude Lamberty (intervention de Mme Martine Hansen), M. Georges Engel, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (intervention de Mme Martine Hansen)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Fernand Kartheiser*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

5. 7085 - Projet de loi portant modification de l'article L. 222-9 du Code du travail

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Marc Spautz (interventions de M. Gast Gibéryen, M. Georges Engel et M.*

Yves Cruchten), M. Claude Lamberty, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum (dépôt d'une motion)

- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire (interventions de M. Gast Gibéryen et M. Marc Spautz)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée), M. Marc Spautz*
- *M. Georges Engel (interventions de M. Michel Wolter et M. Marc Angel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Nicolas Schmit, M. Félix Braz, M. François Bausch, M. Claude Meisch, Mme Carole Dieschbourg et M. Marc Hansen, Ministres; Mme Francine Closener, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.04 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtteg! Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen direkt d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Neen, dat ass net de Fall, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir gesitt awer esou frou aus.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Ech sinn ëmmer frou.

(Hilarité)

2. Heure de questions au Gouvernement

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Regierung. A mir géifen dann direkt zum éischte Punkt vun eiser Dagesuerdnung vun de Mëtten iwwergoen, eng Froestonn un d'Regierung. Dir kennt d'Regelen: D'Froesteller hunn zwou Minutten, d'Regierung huet véier Minutten Zäit.

A vu dass d'Haaptauer um Riednerpult e bësse méi komplizéiert ass fir ze ersetzen, well et eng Spezialufäerdegung ass, wëll ech Iech nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass uewen op deem grousse Schierm d'Auer ofleeft. Op där enger Säit gesitt Der, wat nach iwwreg bliwwen ass, an op där anerer Säit gesitt Der, wat schonn ofgelaf ass. Bon, just fir déi, déi géife soen, dass d'Auer net fonctionnéiert: Si fonctionnéiert, si ass just e bësse méi kleng wéi soss.

Da géife mer direkt mat de Froen ufänken. Déi éischt Fro kënnt vum Här Bauler, riicht sech un d'Ëmweltministesch an dréit ëm d'Qualitéit vum Isolatiounsmaterial bei Passivhaiser.

- Question n°232 du 6 décembre 2016 de M. André Bauler relative à la qualité des matériaux d'isolation dans les maisons passives, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

M. André Bauler *(DP).*- Här President, vum 1. Januar u musse Passivhaiser hei zu Lëtzebuerg gebaut ginn. Et gëtt akzeptéiert, datt dësen energetesche Standard erreecht gëtt, och wann Isolatiounsmaterialie benotzt ginn, déi der Ëmwelt schuede kënnen. Mir wëssen och, datt Dämmfassade riskéieren, no enger Rei Joren entsuergt mussen ze ginn, ofgesinn dovunner, datt si no enger kuerzer Zäit trotz chemescher Behandlung Älge bilden an och zu Pilzproblemer féieren, Schimmelproblemer, le cas échéant, déi asthmakrank kënne maachen.

Jo, an etlechen Haiser huet een d'Gefill, an enger Plastikstut ze sëtzen! Och de wirtschaftleche Schued ass an dësem Kontext net ze ënnerschätzen. Et gëtt zwar mëttlerweil op aner Materialien zréckgegraff, wéi zum Beispill de Poroton, de Bisotherm oder d'Steewoll. Mä mir wëssen, datt dat éischter d'Minoritéit vun de Gebaier betrëfft. Kee Wonner, datt d'Santé e Baubiolog agestallt huet, dee sech mat dëser Problematik befaasst.

Dir hutt, Madamm Minister, op verschidde Froen an dësem Kontext geäntwert, wat Gëftstoffer ubelaangt oder d'Flammschutzproblematik. Ech wollt awer just nach e puer zousätzlech Froe stellen.

Gitt Dir Iech mam Gedanken of, fir de breeden Zougréff op Styrodur zréckzeschrauwen? Misst net bei all Neibau eng Aart Ekobilanz a priori opgestallt ginn, fir datt d'Bauhäre korrekt informéiert sinn, och a grad wat d'Risike vu verschiddene Materialien ugeet? Misst net och virun allem geschwënn eng konsequent Sensibiliséierung kommen, fir d'Leit opzeklären, wat eigentlech e gutt Passivhaus ass? Féiert déi onëmgänglech Erneierung vu Styrodurfassaden net zu weideren Ëmweltproblemer a souguer bis hin zu Altersaarmut?

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bauler. An d'Wuert huet direkt d'Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert, fir d'Éischt emol e ganz grousse Merci dem Här Bauler fir déi Froen. Dat gëtt mer näämlech d'Méiglechkeet, nach eng Kéier op de Pak anzegoen, deen d'Regierung proposéiert huet, nohaltegt Wunnen a Klimabank, wat, mengen ech, e ganz grousse Pak ass vu Mesuren, dee genau op déi dote Froen ageet.

Et ass näämlech effektiv esou, dass mer eis däers bewosst sinn an dass mer frou sinn, dass de Wirtschaftsministère - an den Etienne Schneider sëtzt jo och hei - ab dem 1.1.2017 de Virreider ass, andeems mer hei zu Lëtzebuerg just nach effizient Haiser bauen an domadder och kënnen e gudde Bäitrag leeschten, fir eis Klimaziler ze erreechen.

Doniewent ass et awer, an ebe well mer ab dann nëmmen nach effizient Haiser bauen, néideg gewiescht, de Paket PRIMe House, dee bis ewell just op Effizienz baséiert huet, ze remodelléieren, ze reforméieren a grad och nohalteg Baumaterialien unzegoen an en Ureiz ze schafen, dass d'Leit dès le début, ab hirer Planungsphas begleet ginn.

Dofir maache mer jo och d'LENOZ-Zertifizéierung. D'LENOZ-Zertifizéierung ënnert dem Lead vum Logementsministère, déi begleet d'Leit vun Ufank un, fir hinne schonn am Ufank ze erméiglechen, op méi nohalteg Materialien zréckzegräifen, déi op richtege Kritäre baséieren, déi en Indicateur environnement hunn, wou de ganze Liewenszyklus vun dëse Materialie gekuckt gëtt.

Do zesummegräifend hu mer d'PRIMe House reforméiert. A genau dat kucke mer: wéi eng Materialien och an hirem gesamte Liewenszyklus besser sinn. Mir bevorzugen an där Hisiicht an zwou Etappe fir d'Éischt déi mineralesch, déi, déi recyclabel sinn, an dann natierlech och déi, déi aus nohaltege Materialie kommen, wat jo och fir eis Lëtzebuerger Wirtschaft immens wichteg ass, dass mer och der Landwirtschaft zum Beispill do d'Chance ginn, fir nohalteg Materialie mat eranzebréngen. Déi kréien nach eng Kéier en Top-up an der zweeter Phas. A mir hoffen esou, dass mer deen néidegen Ureiz gi mat engem Instrument, wat d'Leit kënne fräiwëlleg maachen, wou se eng fräiwëlleg Zertifizéierung hunn, wou se awer de ganze Prozess begleet ginn.

Datselwecht iwwregens gëllt och fir d'Sanéierung. Grad do ass et wichteg, dass een no an no méi nohalteg Materialien - genau wéi Der et sot! - an d'Spill bréngt. A mir denken, dass déi héich finanziell Ureizer, wou mer wierklech en héijen Top-up ginn, do d'Leit wäerten zum Iwwerleeë bréngen, fir dass mer net nëmme Geld spueren, andeems mer keng Energie méi verbëtzen, mä dass mer och nach herno, wa mer eppes erëm ofbauen, Materialien hunn, déi eiser Gesondheet net schueden, déi eiser Ëmwelt net schueden. Do soll d'Rees higoen, dat à ce stade mat fräiwëllege Mesuren,...

(Interruption)

...wou ee kann engersäits d'Zertifizéierung maachen, anerersäits Bäihëllefe kréien, déi wierklech substanziell sinn.

An da wëll ech awer och op Är drëtt Fro agoen. Natierlech wäerte mer eng Sensibiliséierungscampagne maachen. Mir haten elo déi lescht zwee Joer ëmmer de Secteur mat derbäi. Mir sinn zu véier Ministèrë concernéiert. Dee ganze Paket wëlle mer natierlech mam Logement, mam Finanzministère, mat der Ekonomie an zesumme mam Secteur och promouvéieren, well nëmme wa mer alleguerten op dee Wee ginn, kënne mer hei zu Lëtzebuerg méi nohalteg bauen an eppes fir eis Ëmwelt, awer virun allem fir eis Gesondheet an eist Wuelbefannen an eisen Haiser maachen.

Ech soen Iech villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Ëmweltministesch.

Bei där zweeter Fro hu mer direkt zwou Froen, déi ëm deeselwechte Sujet dréien, eng, déi an der Rei vun der Froestonn erakomm ass, an eng, déi gläichzäiteg schréftlech erakoum a mat der Demande, als Question urgente behandelt ze ginn. D'Urgence ass net zréckbehale ginn, mä vu dass se quasi gläichzäiteg erakomm sinn, traitéiere mer déi zwou bei der Heure de questions.

- Question n°233 du 7 décembre 2016 de M. Jean-Marie Halsdorf relative au plan d'action européen de la défense de la Commission européenne, adressée à M. le Ministre de la Défense

- Question parlementaire écrite n°2616 du 5 décembre 2016 de M. Marc Angel relative au plan d'action européen de la défense, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État, à M. le Ministre des Finances et à M. le Ministre de la Défense

M. Alexander Krieps *(DP).*- Här President, ee Moment! Kann ech Iech eng Fro stellen? Ech kréie gesot, et wären dräi Deeg tëschent deenen zwou Froen Ënnerscheed gewiescht. A mir hunn haut an der Froestonn zweemol zwou Froen, wat déi nämlecht sinn. Mir hunn an de schréftleche Froen un d'Parlament all Kéiers déi nämlecht Froen, déi erëmkommen. An do sinn ech awer ganz gespaant, wéi et dann an den Äntwerten ass, well da wäert ech dorobber nach zréckkommen. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Bon. Ech kann Iech...

(Interruption)

...just soen, Här Krieps, dass eist Reglement just beseet, dass eng Fro, déi schonn eng Äntwert kritt huet, net kann nach eng Kéier gestallt ginn.

M. Alexander Krieps *(DP).*- War dat dann de Fall?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Déi ass net beäntwert. Sou ass dat hei absolutt an der Rei. An et si keng dräi Deeg Ënnerscheed, esou wéi ech dat gesinn. Si ass jiddefalls net mat dräi Deeg Ënnerscheed hei an d'Administratioun erakomm. Déi eng, déi ass de Méinden erakomm, an déi aner ass den Dënschden erakomm. An ech gesinn och net de Problem, dass ee se kann hei matenee beäntwerten. Ech ginn och net dovun...

M. Alexander Krieps *(DP).*- Dir sidd ganz gentil.

Une voix.- Den Här Krieps ass jo guer net concernéiert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah, ech mengen, d'Reglement ass op eiser Säit, da musse mer bal gentil sinn. Also den...

M. Alexander Krieps *(DP).*- Ech hunn net gutt geschlof hënt, mä...

(Hilarité)

Une voix.- Dir och net?

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, Dir misst Iech jo awer ze hëllefe wëssen! E bësse Baldrian, da geet et besser.

(Hilarité)

A wann net, Här Krieps, da kënnt Der Iech un deen nächste Froesteller riichten, dee kennt och eppes vu Baldrian.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Bei Baldrian kommen d'Kazen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou. Voilà. Da géife mer...

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Bei Baldrian kommen d'Kazen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Da géife mer elo zu där éischter Fro kommen, déi vum Här Halsdorf un eng Rei vu Ministere geet, mä wou awer den Här Verdeedegungsminister drop wäert äntwerten. Si dréit ronderëm den Aktiounsplang fir Verdeedegung bei der EU. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Merci, Här President. Eis EU lieft an engem komplexen internationale Spannungsfeld. Op där enger Säit hu mer eng grouss EU-Skepsis - Stéchwierder si Flüchtlingskris, de Brexit, d'Englänner, déi eis also verloossen, oder Groussbritannien, den italienesche Referendum, de Rietspopulismus, dee sech ëmmer méi verbreet -, op där anerer Säit ginn op eisem Kontinent eis Relatioune mat Russland a Richtung Kale Krich.

An déi Verhandlunge mat de Russen, déi ginn iwwert d'NATO gemaach. D'NATO ass also eist Haaptsécherheetsstandbeen. An d'Fro, déi sech opwerft, dat ass, ëmsou méi, well den Donald Trump seet: „Europa muss an Zukunft selwer fir seng Verdeedegung a Sécherheet suergen": Muss Europa net seng Verteidegungsstrategie iwwerdenken?

Déi Fro ass, mengen ech, berechtegt. Muss Europa net méi autonom ginn am Beräich vun der Défense an der Sécherheet, eng méi staark, eegestänneg aussepolitesch Kraaft kréien an am Fong geholl mat senge Partner, den USA a Russland, op enger Aenhéicht verhandelen?

Wann dat esou ass, muss Europa léieren, ouni NATO auszekommen. Wat awer net heescht, dass d'EU net méi op d'NATO zréckgräife wäert. Ech mengen, mir brauche Komplementaritéit tëschent der EU an der NATO, a keng Konkurrenz! An ech mengen, och an deem Esprit muss een déi Démarche vun der EU-Kommissioun verstoen, fir en Aktiounsplang „Plan d'action européen de la défense" virzestellen, deen éischtens am Beräich Recherche vun der Verdeedegung an och zweetens dann am Beräich Zesummesetze vu militäresche Capacitéite geschafe soll ginn, e sougenannte Verdeedegungsfong.

Dat mécht Sënn, well haut hu mer schonn eng Agence européenne de défense, déi awer wéineg Moyenen huet an am Fong geholl als Instrument existéiert, awer net ka richteg benotzt ginn. D'ailleurs hu wärend deene leschte Joren a Jorzéngten eis brittesch Frënn do ëmmer gutt blockéiert, well si der Meenung sinn, Europa bräicht just ee Standbeen an der Défense, an zwar d'NATO. Gutt.

Gutt, den nächste Conseil, deen ass elo de 15. a 16. Dezember an dat soll am Fong geholl laut EU-Kommissioun eng entscheedend Etapp sinn, fir ze kucken, wéi et weidergeet an der Défense. Well wa mer esou e Fonds européen de la défense aféieren, gesinn ech dat als éischte Schrëtt - als éischte Schrëtt - a Richtung vun enger europäescher Arméi. Mä eng europäesch Arméi gesinn ech awer eréischt nach a villen, ville Joren, also laangfristeg.

Dat heescht, Europa géif sech e Profill ginn, eng Nues ginn an deem Beräich. An ech mengen, dat wär sënnvoll, justement well mer déi EU-Skepsis hunn, well de Bierger kee richtegt Bild huet vun eiser Communautéit. Duerfir meng véier Froen un de Minister:...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir musst se awer ganz schnell stellen,...

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Maachen ech.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ... well Dir sidd scho bei 2 Minutten 38.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Ech si ganz séier. Ech soen Iech Merci, Här President, dass Der esou nosiichteg sidd. An dat kënnt jo net oft vir, dass ech iwwert d'Zäit ginn.

Mä haut véier Froen: Wéi positionéiert eis Regierung sech zum europäesche Verdeedegungsfong?

Zweetens: Mat wéi enge Moyene soll dat finanzéiert ginn?

Drëttens: Wär d'Regierung d'accord, hiren Effort de défense vun 0,6% a Richtung 2% vum PIB ze erhéijen?

A véiertens: Begréisst de Minister d'Schafe vun enger europäescher Arméi à long terme?

Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An dann huet d'Wuert direkt hannendrun den Här Marc Angel.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Merci, Här President. Här Minister, Dir Léif alleguer, dat hei gëtt mer d'Geleeënheet, eng éischt Äntwert vum Défenseminister ze kréien op eng Fro, déi ech virun zwee Deeg un de Premier-, un den Défense- an un de Finanzminister gestallt hunn.

Wéi gesot, d'Europäesch Kommissioun huet dee Plan d'action européen de la défense virgestallt, deen de 15. an de 16. Dezember um

Conseil européen soll diskutéiert ginn. Dëse Plang gesäit dee Fonds européen de la défense vir, mat deem d'Recherche militaire an och militäresch Capacitéite kofinanzéiert solle ginn. D'Dépensen, déi an dee Fonds ginn, solle laut der Propos vun der Kommissioun dann och déductible sinn am Kader vum Pacte de stabilité et de croissance. Dat géif heeschen, dass d'Ausgabe vun den EU-Staten am militäresche Beräich net méi an déi 3% bezéiungsweis 60% Budgetsdefiziter, déi an de Maastricht-Kritäre virgesi sinn, agerechent ginn.

Ech sinn doriwwer bass erstaunt, iwwert déi Propos, well wann een d'Opweiche vun de Maastricht-Kritären am Kader vu Sozialpolitik leider net zouloosse wëllt, da kann et net sinn, dass dat bei Militärausgabe gemaach gëtt!

Dofir wëll ech de Minister froen, wat seng Meenung zu dësem Virstouss vum Här Juncker a vu senger Kommissioun ass.

Zweetens proposéiert d'Kommissioun och, dass d'Memberstate vun der EU d'Regele fir d'Investitioune vun der Europäescher Investitiounsbank ännere sollen. D'BEI däerf am Moment net a militäresch Projeten investéieren, wat ech och richteg fannen. Genau dat wëllen awer den Här Juncker a seng Kommissioun elo änneren. D'BEI soll an d'Rüstungsindustrie investéieren. Dat gesinn net nëmmen ech kritesch, mä och de President vun der BEI, den Här Werner Hoyer, well och vill vun hiren Investisseuren net a militäresch Projeten investéieren däerfen.

Dat huet zur Folleg, ech zitéieren den Här Hoyer: „Wenn wir unser erfolgreiches Geschäftsmodell aufgeben und in die Finanzierung von Rüstung einsteigen, verlieren wir diese Investoren und unsere Kredite für den Mittelstand und die Industrie würden teurer."

Dofir meng zweet Fro un de Minister: Wéi gesäit hien, net nëmmen als Défenseminister, mä och als Ekonomieminister, dëse Virschlag? A wat kéint dat fir Répercussiounen op ons lëtzebuergesch PMEen hunn?

Ech wëll drop opmierksam maachen, dass de Minister jo de 16. Januar bei eis an d'Kommissioun kënnt, fir iwwert d'Observation aérienne ze schwätzen. An ech hunn och de Punkt vun dësem Plan d'action européen de la défense op den Ordre du jour gesat. Da kréie mer méi laang Zäit, fir mam Minister an d'Detailer vun deem Projet ze goen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Angel. An d'Wuert huet den Här Verdeedegungsminister, den Här Etienne Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Défense.*- Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, da géif ech probéieren, op déi Froe vun den honorabelen Deputéierte Marc Angel a Jean-Marie Halsdorf ze äntwerten.

Éischtens emol dann, wat de Plan d'action européen de la défense ugeet. Ech mengen, vum Prinzip hier kann ee soen, dass et eng gutt Iddi ass, fir esou eppes ze maachen, dass et richteg ass, fir eis Défense-Investitiounen an der Europäescher Unioun ze koordinéieren.

Et gëtt oft a laang doriwwer geschwat, dass mer sollen ophalen, ze investéieren an domadder double Emploien ze maachen, well all Land onofhängeg vun deem aneren a militärescht Équipement investéiert a mer dann oft eng Rei Materialien, eng Rei Équipementer hunn, déi mer am Iwwerfloss hunn, an anerer, déi eis feelen. Dofir probéiere mer och, an de Ministerréit zesummen ze koordinéieren, wéi een dat dote ka besser maachen.

Eng aner Saach ass natierlech déi vun dem gemeinsamen Akaf vu Material. Och dat ass absolutt sënnvoll, fir doduerjer natierlech besser Präisser kënnen ze verhandelen an domadder natierlech manner Drock op eis Budgeten ze kréien.

Dee Fong, deen hei proposéiert gëtt, deen huet zwee grouss Voleten: Éischtens d'Investitiounen an d'Recherche, Développement, Innovatioun am Beräich vun der Défense, an deen aneren ass eben deen, an d'Capacitéiten ze investéieren. Pour le reste muss een awer soen, dass et nach relativ vag ass an dass mer selwer nach musse kucken, wat dat am Detail alles bedeit.

Zu der Fro vum Här Marc Angel iwwert de Pacte de stabilité, also der Propos vum Kommissiounspresident, fir ze soen: Majo, wann an d'Défense investéiert gëtt oder méi investéiert gëtt, da gëtt dat aus dem Pacte de stabilité (veuillez lire: erausgeholl), do gëtt et also net considéréiert - dat fannen ech, éierlech gesot, allerhand! Fannen ech éierlech gesot allerhand!

Mir hunn esou vill Besoinen op alle Säiten, sief dat am Sozialen, sief dat am Beräich vun der Éducatioun, sief dat am Beräich vun der Immigratioun, wou mer déi Diskussioune permanent hunn, ob mer eis mussen da wierklech esou enk un dee Pacte de stabilité halen. A speziell Länner, deenen et net gutt geet an déi iwwer Joren enorm Sacrificë bruecht hunn, fir hire Pacte de stabilité kënnen anzehalen, deene soe mer bei allem „njet", bei all Ausgab „njet", esou sënnvoll wéi se och wier. An da solle mer elo soen: Bei der Défense, do kënnt Der maachen, wat Der wëllt, dat gëtt Iech net ugerechent!

Do mengen ech kënnen am Numm vun der ganzer Regierung ze soen, dass dat doten definitiv net vun eis gedroe gëtt...

(Interruption)

...an dass een, au contraire, soll dee ganze Pacte de stabilité eng Kéier a Fro stellen. An ech mengen och verstanen ze hunn, dass d'Kommissioun selwer amgaang ass, sech Froen ze stellen, ob hir Politik an deene leschte Joren, wat dat dote betrëfft, ob dat déi richteg Politik ass.

Dofir e ganz klore Statement dozou: dass dat do fir mech net a Fro kënnt. Da musse mer fir d'Éischt iwwer aner Saache schwätzen.

Wat d'BEI ugeet, mengen ech och dem Här Hoyer recht ze ginn, dass e Forcing, fir dass d'BEI och muss elo a militäresch Projeten investéieren, dem Geschäftsmodell vun der BEI net entgéintkënnt an dass dat definitiv kann negativ Auswierkungen hunn op aner Projete respektiv op d'Entreprisen, déi de Moment vun deenen Énnerstëtzunge vun der BEI, vun deene Prête profitéieren, well dann eng Rei Geldgeber hiert Geld wäerten zréckzéien an domadder d'Konditiounen natierlech fir déi, déi dovu profitéieren haut, méi schwéier respektiv méi schlecht wäerte ginn.

Dann hunn ech nach Froe vum Här Halsdorf. Also éischtens emol: Wéi eng Moyene gëtt Lëtzebuerg do dran? Et ass ze fréi, Här Halsdorf, fir elo do dat kloer ze soen. Vläicht kënne mer do méi prezis drop agoen, wa mer eis Interpellatioun, déi Der jo ugefrot hutt zu deem Sujet - ah neen, dat war den Här Kartheiser, dee se ugefrot huet zu deem Sujet -, wa mer déi am Januar, Februar hei maachen.

De Sujet vun der europäescher Arméi: Bon, ech kann Iech just soen, zënter dass ech derbäi sinn, diskutéiere mer iwwer esou Saachen. Diskutéiere mer emol einfach nëmmen drëm, dass mer sollen iergendwéi zesummeschaffen, wa mer dat scho géife fäerdegbréngen, wär scho vill geschitt! Dofir gesinn ech déi europäesch Arméi nach wäit ewech.

An dann hutt Der mech gefrot, Här Halsdorf, ob d'Regierung der Meenung ass, dass se hiren Effort de défense vun 0,6% op 2% sollt an d'Luucht hiewen. Dat géif bedeiten, dass mer vun haut ronn 300 Milliounen Euro d'Joer erop op 1,1 Milliarden Euro d'Joer an d'Défense missten investéieren. Also ech si kloer der Meenung, dass mer dat net solle maachen an dass mer weiderhi solle probéieren, mat aneren Argumenter, zum Beispill deenen, dass mer dat Land sinn, wat am meeschten an d'Kooperatioun investéiert, wat och friddensförderend ass a friddenserhalend wierkt, dass mer domat solle weider plaidéieren.

Natierlech, wann den Drock vun der NATO méi grouss gëtt duerch Aussoe vum Här Trump, da muss ee kucken, wéi een domadder ëmgeet. Ech weess net, ob ech do de Sukkurs hu vun der CSV, fir bei eisen 0,6% ze bleiwen, oder ob d'CSV éischter a Richtung 2% wëllt goen. Här Halsdorf?

Une voix.- ...ass eng Fro.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass eigentlech eng Froestonn.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Et ass jo kloer, wann een...

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Défense.*- Majo, dofir hunn ech jo eng Fro gestallt!

(Hilarité générale et brouhaha)

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Et ass jo kloer, dass mer haut eng Situatioun hunn, wou d'Agence européenne de défense keng Moyenen huet. Mir hunn „pooling and sharing", wéi Der gutt gesot hutt. Dat heescht, mir deele Saachen, mä op engem ganz klengen Niveau. An hei geet et jo drëm, fir dat auszebauen. A wa mer dat ausbauen, brauche mer Moyenen. An da geet et automatesch: Da musse wahrscheinlech déi eenzel Länner méi an d'Dëppe geheien, soss geet et net duer!

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Défense.*- Neen, bei eis ass et esou, dass mer elo jo bei 0,4%, 0,45% sinn, dass mer also nach vill Sputt hunn no uewen. Dat heescht, mir mussen net mat eisem Effort de défense an d'Luucht goen, fir herno an esou e Fong kënnen anzebezuelen. Wann dat fir Iech esou an der Rei ass, da géife mer dat esou maachen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Verdeedegungsminister. Mä et sief nach eng Kéier drun erënnert, dass hei eng Fro gestallt gëtt an eng Äntwert gi gëtt. Well wa mer ufänken, hei ze dialogéieren, da gëtt datselwecht vun den Deputéierte gemaach. An dat wär net an där heiter Form.

Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, vu dass mer elo just aus der Assemblée nationale komm sinn, dass et do vill méi strikt ass mat de Riedezäiten: No zwou Minutte geet de Mikro aus.

(Interruptions diverses)

An, Här Angel, gitt mam gudde Beispill vir!

M. Marc Angel *(LSAP).*- Ech war et net!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, neen!

(Brouhaha)

Dat gesot, huet den Här Roger Negri d'Wuert an d'Fro riicht sech un den Här Nohaltegkeetsminister an dréit sech ëm déi nei Zuchverbindung tëschent Lëtzebuerg an Düsseldorf.

- Question n°234 du 2 décembre 2016 de M. Roger Negri relative à l'introduction d'une nouvelle desserte ferroviaire entre Luxembourg et Düsseldorf sans rupture de charges, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Eng ëmsteigfräi Eisebunnsverbindung vu Lëtzebuerg op Düsseldorf, dat wär eng super Saach. Dat huet eise Verkéiersminister François Bausch virun e puer Deeg ugekënnegt. An et gesäit een och, dass an Däitschland an deem Sënn Efforte lafe vun der rheinland-pfälzescher Ministerpresidentin Malu Dreyer, déi och gesot huet, dass et wichteg wär, dass eng Schnellzuchverbindung, fir dat op Lëtzebuergesch ze soen, an d'Rheinland erëm néideg wär.

Dofir wollt ech de Minister froen, wann een nääämlech kuckt, ech hu mer dat erausgedréckt vun den Tableauen, wéi ICE-Verbindungen an d'Schnellzuchverbindunge bis 2030 sollen ausgesinn - Här President, ech kann Iech déi vläicht iwwerginn -,...

(M. Roger Negri dépose une documentation.)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Ech loossen dem Här Minister och eng Kopie hei leien.

...da gesäit ee ganz kloer den Zoustand bis 2030, dass do eng Verbindung vun Tréier awer net gestrichelt iwwert d'Land eraus vu Lëtzebuerg aus geet. Dofir fannen ech déi Initiativ do wierklech elo gutt, dass mer eis do matzäit zesumme mat eisen Nopere vu Rheinland-Pfalz do drusetzen, fir endlech besser Verbindungen ze kréien.

Hei ass jo ugeduecht, wann ech dat richteg verstanen hunn, dass mer vu Lëtzebuerg-Tréier-Koblenz dann iwwer Köln an Düsseldorf direkt dohinnerfueren. Wann ee weess, dass Köln en Haaptknotenpunkt ass, fir haaptsächlech a Richtung Norde vun Däitschland ze kommen, sprëch Hamburg, sprëch Berlin, da fannen ech dat eng super Saach.

Dofir wollt ech de Minister an deem Sënn froen, wéi mer do virukommen. Dat soll jo am Dezember 2017 dann ugoen. Dat soll da mat Lëtzebuerger Zich gemaach ginn, déi sougenannte KISS, déi dann och déi sougenannt ICE-Sëtzer hunn, dat heescht also ganz komfortabel sinn. An ech mengen, géif Lëtzebuerg sech eventuell dorunner bedeelegen?

Firwat ech déi Fro stellen? Dat ass aus engem Artikel vun dem „Volksfreund" vun Tréier, wou do gesot gëtt, dass ëmmer e bësse Retizenze waren, dass och Rheinland-Pfalz sech un esou enger Fernverbindung géif mat bedeelegen. An dofir wollt ech froen, wéi dat bei Lëtzebuerg ausgesäit.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Merci och dem Här Negri fir déi Fro.

Et ass esou, datt, wann een d'Présidence huet vun der Europäescher Unioun, dann handelt ee jo natierlech am Intérêt da vun der Europäescher Unioun. Mä iwwert déi Présidence kritt een e gewëssene Stellewäert an da kann een awer och ënner Divers a verschiddene Regiounen dat heiansdo och emol notzen, fir verschidden aner Themen, déi méi eng national Bedeitung hunn, mat op den Ordre du jour ze kréien. An dat hunn ech gemaach.

Wärend der Présidence hat ech e Gespréich mat der Deutschen Bundesbahn, mam Här Pofalla, deen op Lëtzebuerg komm ass, ënner anerem am Kader vum Paquet ferroviaire. An um Schluss hunn ech dunn en Divers dropsetze gelooss. An dat war ënner anerem d'Streck vu Lëtzebuerg iwwer Tréier-Koblenz respektiv virun allem iwwer Koblenz eraus.

An du sinn éischt Gespréicher un d'Lafe komm. Entre-temps hu mer eis véiermol gesinn, déi leschte Kéier nach zu Berlin am September. An do si mer eis definitiv eens ginn, datt een dat soll maachen, an zwar am Stonnentakt, dee mir de Moment hunn am Rheinland-Pfalz-Takt, eng Koppel, also moies eng Kéier dohinner an och am Nomëtteg eng Kéier zréck, op Düsseldorf ee vun eise KISS-Zich, Automotricen, duerchfueren ze loosse bis op Düsseldorf, an zwar och an engem Sënn, datt deen dann natierlech och manner ënnerwee hält, fir datt en och e bëssen un Zäit gewënnt.

Et ass och esou, datt den éischte Jet vum Fahrplan steet. Deen ass zwar nach net ganz definitiv, wäert sech awer bis Abrëll d'nächst Joer klären. Dat wär, datt mer géifen zu Lëtzebuerg um 6.12 Auer fortfueren, mat Arrivée zu Köln um 9.42 Auer, also ouni ëmzesteigen 3,5 Stonnen, an dann Arrivée zu Düsseldorf um 10.08 Auer, dat heescht e bësse méi spéit. An da mëttes kéim den Zuch zréck um 13.50 Auer, Arrivée zu Lëtzebuerg 17.48 Auer.

Firwat ass dat esou wichteg? Majo, dat ass, well mer emol domadder en Duerchbroch kritt hunn. Well Dir musst wëssen, wéi ech dat do ugefaangen hunn ze diskutéieren, just zu där nämlechter Zäit hu mer déi lescht Zich ofgeschaaft, déi international waren, vun Norddäitschland op Lëtzebuerg. A vu datt ech jo vun deene Pläng, wou Dir de Plang elo verdeelt hutt, wousst, hunn ech mer gesot: Et ass extrem wichteg, datt mer e Fouss an d'Dier kréien en vue vun deenen Diskussiounen, déi duerno kommen, nääämlech en vue vun 2030, woubäi ech wëll betounen, datt fir mech 2030 vill ze laang ass.

An dee Plang wäert mat Sécherheet och virgezu ginn, well d'Deutsche Bundesbahn entretemps och feststellt, datt se ze vill gesat huet op den nëmme reng internationale Verkéier an datt d'Regiounen als Zoubrénger insgesamt vernoléissegt gi sinn.

An dat huet sech iwwregens och virgëschter bestätegt op enger Debatt, wou ech war zu Tréier, op Invitatioun vun engem däitsche Bundestagsabgeordneten, wou den Här Pofalla och do war an d'Madamm Modert iwwregens och do war vun der Lëtzebuerger Chamber. Do huet sech erausgestallt, datt och an der Regioun natierlech keen zefridden ass a souguer den Här Pofalla selwer der Meenung ass, datt dat emol en Horizont ass, mä datt een dat éischter muss e bësse virzéien.

Dat bedeit awer, datt natierlech eben dat ganzt neit Konzept, wat d'DB wëllt ausschaffe fir de Regionalberäich als Zoubrénger zum ICE-Netz, fir do eng besser Integratioun ze kréien, dat heescht, datt dat muss wäit iwwert dat erausgoen, wat mir elo hei maachen. Dat, wat d'nächst Joer am Dezember, am Prinzip beim Fahrplangwiessel den 10. Dezember d'nächst Joer wäert ulafen, dat ass scho gutt a flott fir eis, well mir kommen erëm op d'Landkaart vum ICE-Netz an Däitschland an da musse mer do derbäibleiwen, fir datt mer och besser berücksichtegt ginn en vue vun dann der mëttelfristeger Integratioun vun de Regiounen an d'ICE-Netz.

Deen Aarbechtsgrupp, dat hate mer och zu Tréier, virun zwee Deeg ass dat undiskutéiert ginn. Menger Meenung no soll deen Aarbechtsgrupp, deen elo besteet, weiderfunktionéieren. Et ass natierlech net deen Aarbechtsgrupp, deen déi Froen do all ka léisen, mä vun do kënnen awer weider Impulser kommen, fir datt mer an deem Ganzen do matabezu ginn.

Mir wëllen och versichen an deem Zuch do, d'Streck..., also deen Zuch, dee mir elo wäerten asetzen, dat ass Lëtzebuerger Material, wat do gefuer gëtt. Dat fiert dann awer zum Deel natierlech vu Koblenz virun allem op Düsseldorf am Kader vum internationalen DB-Verkéier. Dat heescht, et ass net esou einfach, do muss ee finanziell Froe klären an et muss een och oppassen, datt dat alles mat EU-Regele kompatibel ass.

Do gëtt et awer ganz sécher Léisungen derfir. Mä et ass Lëtzebuerger Material. A mir wäerten dat och esou équipéieren, dat heescht, datt och Verfleegung dran ass, mat engem Chariot mat Gedrénks a Kaffi an esou, datt et och e gewëssene Standard huet, deen deem entsprécht, wat een haut op esou Strecke brauch.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci fir d'Prezisioune mat Kaffi a Kuch.

(Hilarité)

An da géife mer d'Wuert weiderginn un erëm eng Kéier zwee Auteuren, den Här Fernand Kartheiser an duerno den Här Claude Lamberty, iwwert d'Resultater vun där neister Editioun vun der PISA-Etüd. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

- Question n°235 du 7 décembre 2016 de M. Fernand Kartheiser relative à l'étude PISA, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Question n°236 du 7 décembre 2016 de M. Claude Lamberty relative aux résultats des élèves luxembourgeois au test PISA, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, mir hunn elo an deene leschten Deeg éischt Reaktiounen héieren op d'Publikatioun vun deene rezente PISA-Resultater. Et ass sécher nach ze fréi, fir eng definitiv Analys ze maachen, mä ech mengen, et muss een awer e puer Froe stellen.

Dat Éischt ass, mir hu medioker Resultater an deenen Tester. Et ass net déi éischte Kéier, mä et ass vläicht déi éischte Kéier, wou och schonn Inzidenze kënne gemooss gi vun deene Schoulreformen, déi hei am Land gemaach gi sinn. Mir hunn zënter 2009 hei d'Delvaux-Reforme gehat; en Deel vun deene Schüler, déi haut 15 Joer al sinn, wore scho betraff. A mir hu gemierkt, datt op jidde Fall emol keng Verbesserung vun de Resultater do war. Et muss ee sech also och d'Fro stellen: Wéi eng Konsequenzen huet dat do op eis national Schoulpolitik?

Mir hunn elo gesinn a leschter Zäit, datt mer schonn eng éischt Distanz geholl hunn doduerch, datt mer zréck bei e Benoutungssystem komm sinn nodeem d'Punkten ofgeschaaft gi waren**.** An déi éischt Fro un d'Regierung ass: Musse mer net méi wäit goen a méi ännere vun deem, wat an deene leschte Joren an eise Schoulen agefouert ginn ass?

Déi zweet Fro: Et ass gesot ginn, et hätt vill mat Migratioun ze dinn. Ech mengen, dat muss ee ganz differenzéiert gesinn. Mä an deem nächste PISA-Test 2018-2021, ass gesot ginn, no eise Projektiounen a wann d'Evolutioun esou weidergeet, wéi mer se am Ableck hunn an der Demografie, wäerte mer eng ausländnesch Bevëlkerung vu 60% deen Ableck hunn, déi mat an der Schoul sinn, déi also mat gemooss ginn. An dat stellt natierlech fundamental Froen un d'Méiglechkeeten, un d'Integratiounsméiglechkeeten an d'Leeschtungsméiglechkeete fir d'Integratioun vun eisem Schoulsystem.

Ech mengen, mir missten eng Debatt hunn iwwert d'Natur vun der Lëtzebuerger Schoul, wéi mer kënnen integréieren, ob mer eis do net kënne verbesseren, wéi mer mat der Heterogenitéit vun eiser zukünfteger Schoulpopulatioun optimal ëmginn, ouni den Usproch ze verléieren, d'Leit an dësem Land zesummenzeféieren.

An dat Drëtt ass: Et gëtt ganz vill Fuerderungen elo, no deene PISA-Debatten, fir den Niveau vum Franséischen an deem Sënn nach méi erofzeschrauwen, datt verschidde Sproochen - och hei an der Chamber hu mer dat rezent héieren -, verschidden Zäitformen net méi sollen enseignéiert ginn an de Schoulen: Passé simple, Passé composé, Plus-que-parfait an anerer si souguer hei am Sall genannt ginn an enger rezenter Debatt.

Ass et d'Intentioun vun der Regierung, den Niveau vum Franséischen an de Primärschoulen nach méi erofzeschrauwen, datt mer schlussendlech nëmmen nach e Rumm-Franséisch de Kanner vermëttelen, wëssend, datt mer scho ganz vill Problemer hu bei deene Leit, déi eng Première hunn an och dacks kee gutt Franséisch méi kënnen?

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet den Här Claude Lamberty.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Här President, säit dem Joer 2000, dem éischte PISA-Schock souzesoen, komme se regelméisseg, déi PISA-Rankings. An ech gi säit 15 Joer, oder elo 16 Joer d'Gefill net lass, et wär eng Etüd, wou een eenzeg an eleng d'Endplatzéierungstabell kuckt! Äänlech e bësse wéi een all Samschdeg d'Bundesligatabell kuckt oder eng Hitparad opstellt. Et ass quasi en „PISA-Rankingswahn", wann ech dat elo als Bild dierf dobausse verbreeden.

De Bildungssecteur ass awer keng Ranglëscht an e kann och a keng gepresst ginn. Natierlech ginn et och inhaltlech Opschlëss an der PISA-Etüd. Just, déi Fro, déi sech stellt: Kann een e Land wéi Lëtzebuerg mat knapp 50% Migratiounshannergrond vergläiche mat Länner, déi 3% oder 4% Migratiounshannergrond hunn?

An deem Kontext vläicht eppes, wat Iech iwwerrascht: Lëtzebuerg ass an enger PISA-Etüd den absolutte Spëtzereider, an zwar mat 49% Migratiounshannergrond, op der zweeter Plaz d'Schwäiz mat 31%, op der drëtter Kanada mat 30% an op der véierter d'USA mat 23%. An et ass eben dat, wou ech soen: Kann een Äppel mat Bire vergläichen?

Meng Froen un de Minister wären: Wär et also net méi sënnvoll, Etüden ze maachen, fir objektiv Daten ze kréien, déi konkret Opschlëss gi fir eise Schoulsystem?

Zweet Fro: Wär et machbar, eis Situatioun mat anere Länner, Regiounen oder Stied ze vergläichen, déi ähnlech opgestallt sinn, déi eng äänlech Struktur hu wéi mir, statt se mat Länner ze vergläichen, déi ganz aner Strukturen hu wéi mir?

Drëtt Fro: Géif et, de Fall gesat, iwwerhaapt Méiglechkeete ginn, aus PISA erauszeklammen?

A véiertens, wann net a wa PISA weider soll goen, ass et net méiglech, vläicht aner Kritären afléissen ze loossen, déi eis Situatioun och berücksichtegen?

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Lamberty. An d'Wuert huet elo den Erzéiungsminister, den Här Claude Meisch.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, mir hate jo de Moie schonn an der Kommissioun d'Geleeënheet, eis doriwwer auszetauschen. Déi zwee Deputéiert mussen der Meenung gewiescht sinn, datt déi Explikatiounen esou interessant wären, datt déi ganz Chamber sollt och an de Genoss dovunner kommen. Ech kann dat eigentlech och nëmme gutt novollzéien.

Ech kann awer net novollzéien, datt mer generell eis Resultater bei der PISA-Etüd als medioker duerstellen. Mir hunn eng Moyenne. Mä wann een eng Moyenne rechent, da kënnt et och drop un: Wéi wäit sinn déi eenzel Resultater gespreet? A mir wëssen, datt déi ganz wäit gespreet sinn hei zu Lëtzebuerg. Dat geet vu wierklech Topschüler, déi och op all Universitéit ganz gutt ukommen am Ausland, bis hin zu Schüler, wou mer wëssen, datt se ofgehaange sinn.

A mir wëssen, an dat ass net nei an dat ass ee vun deenen zentrale Constaten, deen hei nach eng Kéier widderholl ginn ass, datt mer d'Elterenhaus an awer och de Migratiounshannergrond als zwee zentral Facteuren hunn, déi matbestëmmen, wat fir eng Bildungschancen een dann elo huet. An Dir wësst, datt dat d'Regierung net zefriddestellt.

Dir wësst, datt d'Regierung och eng Politik do schonn, och virun dëser PISA-Etüd, lancéiert huet, fir dorobber kënnen anzewierken duerch eng intensiv Fréiförderung, wou mer dovunner ausginn, datt mer doduerjer déi Heterogenitéit, déi duerno an d'Schoule kënnt, an déi éischt Zykle vun der Grondschoul kënnt, datt mer déi e Stéck wäit méi kleng kréien duerch awer och eng Diversifizéierung vun der Offre scolaire, fir duerch d'schoulesch Offer der Heterogenitéit, déi och uewenaus, an den ieweschte Klassen nach ëmmer besteet an och ëmmer bestoe wäert bleiwen, méi staark kënne Rechnung ze droen.

Dat ass déi Konklusioun, déi net nei ass, déi opgrond vu leschte PISA-Etüde gemaach ginn ass, opgrond vum Bildungsbericht 2015 gemaach ginn ass, déi an eisem Regierungsprogramm steet, déi hei éischter nach eng Kéier ganz kloer confirméiert ginn ass duerch dat, wat PISA 2015 eis rapportéiert huet.

Ech wëll awer och nach eng Kéier kloer ënnersträichen, datt mer e klore Jo wëlle maachen, e kloren Zousproch wëlle weiderginn zu Bildungsmonitoring. Mir brauchen Zuelen, mir brauche Chifferen, mir brauchen Donnéeën, op deene mer eng Bildungspolitik kënnen opbauen. Mir brauchen eng „evidence based policy", wou mer kucken: Dat, wat mer maachen, gëtt dat gedroen och duerch Chifferen, och duerch konkret Resultater?

Duerfir ass nom éischte PISA-Schock aus dem Joer 2000 an deene Joren duerno jo och d'Konklusioun hei zu Lëtzebuerg gezu ginn, datt mer en eegene Bildungsmonitoring brauchen, dee mer elo kloer an eng Struktur och agebett hunn op der Uni Lëtzebuerg, de sougenannte LUCET-Zentrum, deen opbauend op standardiséierten Épreuven, déi vum éischte Schouljoer bis op Neuvième gemaach ginn, do wierklech Donnéeë beieneefëiert, fir herno och kënnen ze kucken, wat fir eng schoulesch Projeten, wat fir eng schoulesch Modeller, wat fir eng Initiativen dann och wat fir eng Konklusioune kënnen zouloossen, a fir dorop och herno eis Bildungspolitik kënnen opzebauen.

Ech sinn, gradesou wéi de Claude Lamberty, der Meenung, datt een dee System nach muss ausbauen, well PISA eis eigentlech bäi Wäitem net alles beäntwert vu Froen, déi mer eis hei zu Lëtzebuerg stellen. Mir musse vill méi an d'Déift goen. Mir musse vill méi iwwert d'Zesummenhäng och nodenken a fuerschen, den Zesummenhang zum Beispill tëschent enger sozioökonomescher Defavoriséierung an engem Migratiounshannergrond.

Mir wëssen, datt e groussen Deel vun deenen, déi an der PISA-Etüd als sozioökonomesch defavoriséiert duergestallt ginn, och e Migratiounshannergrond hunn. Wéi hänkt dat eent mat deem aneren zesummen? Wéi wierkt béides sech zesummen herno a wat fir enger Gewiichtung op d'schoulesch Resultater an d'schoulescht Virukommen aus?

Dat ass just en Deel vun deem, wou ech wierklech mengen, datt mer et selwer mussen an d'Hand huelen, well PISA eis et nimools wäert liwweren.

Et wär schued, wa mer déi international Vergläichbarkeet géife verléieren, wa mer net méi bei PISA derbäi wären, dat ass wouer. Mä och do bitt PISA awer eng ganz Rei vu Kritikpunkten, déi bis haut net beäntwert sinn.

Et kann een net Lëtzebuerg mat iergendengem anere Land vergläichen. Mir hunn 49% Kanner mat Migratiounshannergrond an deem Échantillon. Mä deen Échantillon, dat ass déi ganz Schoulpopulatioun mat 15 Joer vun eisem Land. Et gëtt kee vergläichbart Land. Et géife vläicht vergläichbar Regioune ginn, vergläichbar Stied, Quartiere vu Groussstied, wou mer déi doten Hyper-diversity hunn, déi mer zu Lëtzebuerg momentan fannen a wou mer och nach amgaange sinn, dran eranzewuessen an eis an déi dote Richtung ze entwéckelen. Da kënne mer eis net mat Flächelänner vergläichen.

An do, denken, ech muss ee kucken, mat der OCDE ze diskutéieren, awéiwäit de PISA-Prozess och esou enge Kritäre ka méi staark Rechnung droen, wéi dat haut ass. Et ass nëmmen ee Beispill. Et gëtt aner Beispiller, wou ech denken, datt mer ganz kloer bei PISA haut Defiziter hunn.

Vill Kompetenze vun de Schüler moosst PISA guer net, virun allem eis Friemsproochen, déi mer hunn. Eis aner Sproochen, nieft der Testsprooch, déi mer zu Lëtzebuerg vermëttelen an déi och all 15-Järegen op engem gewëssenen Niveau beherrscht, ginn eigentlech guer net gemooss. An do, denken ech, muss d'OCDE och bereet sinn, mat op e Wee ze goen, soss mécht fir Lëtzebuerg PISA net méi ganz vill Sënn.

A parallell, denken ech, muss een awer kucken, wann ee géif erausklammen: Wéi kann een eng international Vergläichbarkeet an Zukunft assuréieren a wou fanne mer vläicht Regiounen, Stied, Quartieren, déi bereet wären, op e Wee matzegoen, an en eegene System eranzeklammen, deen opbauend op eisem Monitoring vun eisem Bildungssystem dann eng international Vergläichbarkeet mat enger komparabeler Schoulpopulatioun géif assuréieren? Do hätte mer sécherlech eng aner Basis, fir schoulpolitesch Diskussiounen ze féieren an awer och dann eng Evaluatioun vun eiser Schoulpolitik kënnen ze maachen.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Gérard Anzia un den Nohaltegkeetsminister iwwert déi ëffentlech Strukture fir Elektromobilitéit. Den Här Anzia huet d'Wuert.

- Question n°237 du 7 décembre 2016 de M. Gérard Anzia relative à la mise en œuvre de l'infrastructure publique liée à la mobilité électrique, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech hat d'Fro u sech gestallt un de Wirtschaftsminister, well ech der Iwwerzeegung gëschter nach war aus sécherer Quell, dass eisen Infrastrukturminister krank wier. Ech sinn also frou, dass en hei ass an dass en u sech op déi Fro, déi awer sécherlech un hie gestallt ass, och dann däerf äntwerten a kann äntwerten.

Energie, Kommunikatioun an Elektromobilitéit, oder Mobilitéit am Groussen, dat sinn dräi Vektoren, op déi d'Rifkin-Etüd opbaut an achséiert ass. An d'Elektromobilitéit niewent dem ëffentlechen Transport ass dobäi ganz wichteg, och an deem Zesummenhang d'Installatioun vun engem Réseau vu Bornen, fir kënnen déi Autoen opzelueden. An net méi spéit wéi de 24. November si jo och déi éischt zwou Bornen zu Lëtzebuerg hei ageweit ginn.

Dofir wollt ech folgend Froen dann un eisen Infrastrukturminister stellen, an zwar betreffend de Fortgang beim Installéiere vun dëse Bornen, virun allem och wat den Norden ugeet. Vu dass ech gëschter mam Auto déi Kéier awer ënnerwee war an et esou kal war an ech nach en Elektroauto vun der éischter Generatioun hunn, dee méi eng begrenzt Reichwäit huet, huet dat op eemol awer matgespillt, fir sech déi Fro ze stellen. An du sinn ech zu dëser Fro komm.

Also éischtens: Wéi gesäit et aus mam Avancement vun dësem Projet, well jo bis d'Joer 2020 sollen 800 där duebeler Bornen opgeriicht ginn?

Wivill Gemengen hunn zwëschenzäitlech da schonn en Emplacement eragereecht? Do war jo e Circulaire un d'Gemenge komm vum 7. Juli vun dësem Joer.

An déi drëtt Saach: Gëtt et do e groussen Ënnerscheed an den Äntwerten, dat heescht am Interessi un dem Ausweise vun dëse Borne vun dem rurale Beräich, wëll heesche vum ländleche Beräich, vis-à-vis vun deene städtesche Beräicher?

Dat wieren also meng Froen, awéifern mer do „on track" leien, wou mer do dru si mat den Installatioune vun dëse Bornen.

Ech soen Iech Merci.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, si riicht sech, géif ech soen, éischter un den Ekonomiesminister wéi u mech.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Fro war eigentlech un den Ekonomiesminister geriicht...

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Duerfir géif ech proposéieren, datt mer zu zwee dann äntwerten.

(Hilarité)

Mir hu jo och zu zwee déi éischt Born ageweit d'lescht Woch. Mä ech mengen, mir schaffe jo hei enk zesummen tëschent dem...

M. Alexander Krieps *(DP).*- Op eng Fro gitt Der elo zwou Äntwerten?

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Neen, neen!

(Brouhaha)

Also mir zwee sinn net bekannt, datt mir zwou verschidden Äntwerten zu deenen nämlechte Froe ginn.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ganz richteg.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Neen, mir schaffe jo och enk zesummen an där ganzer Affär vun der Installatioun vun den Elektrobornen, de Ministère de l'Économie an de Ministère vum Développement durable. A mir hu jo och déi éischt Bornen ageweit bei der Creos viru Kuerzem. An ech ka just soen, mir sinn de Moment am Timing. Bis d'Fréijoer d'nächst Joer stinn déi éischt sur place. Ënner anerem komme mat déi éischt bei mäi Ministère op de Kierchbierg stoen an den ëffentleche Raum. Do gesitt Der jo, datt mer mam gudde Beispill wëlle virgoen.

An da geet et zügeg weider, am Ufank op de Pôle-d'échangen. Mir war et wichteg, datt mer d'Pôle-d'échangë fir d'Éischt équipéieren, well dat am meeschte Sënn mécht, well do natierlech d'Park & Riden hikommen, ausgebaut ginn, do d'Autoen de ganzen Dag stinn an dat deementspriechend do dann am meeschten och gefrot ass. An duerno kënnt et eréischt an den ëffentleche Raum.

Ech kann Iech just soen, laut deem, wat ech weess vun de Gemengen, sinn d'Emplacementer, déi d'Gemengen ugefrot hunn..., déi meescht Gemengen hunn dat scho gemaach. Et ass souguer esou, datt d'Demandë méi grouss sinn a vill Gemenge selwer nach Efforte wëlle maache par rapport zu deem, wat proposéiert ginn ass. Dat ass jo och méiglech. Dat gëtt dann an engem Worf gemaach, soudatt mer wierklech gudder Déng sinn, datt mer dat, wat mer eis zum Zil gesat hunn, och herno kënnen ëmsetzen.

Voilà, méi ass vu menger Säit aus net dozou ze soen. Ech mengen, den Här Schneider kann och nach e puer Wuert dozou soen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci, Här President. Jo, et ass e bëssen Huddel, wann d'Fro eigentlech un de falsche Minister gestallt gëtt. Mä et ass awer net dee falschen, well mir et effektiv zesumme gemaach hunn. Mä de Projet war um Wirtschaftsministère ausgeschafft ginn, dofir vläicht just nach zwou Prezisiounen.

Éischtens emol ass gekuckt gi mat de Gemengen zesummen, wou déi Borne sollen hikommen. An do ass e Verdeelungsschlëssel opgestallt ginn op Basis vun der Gréisst vun der Gemeng, vun der Awunnerzuel, vun den Emploien, déi an der Gemeng sinn, natierlech och vun der Ubannung un d'Stroossennetz.

Et ass och esou, dass 400 Borne bei Park & Ridë respektiv bei Garen opgeriicht ginn an déi aner 400 iwwer Land, do op Plazen, wou vill lass ass.

Vläicht fir op déi prezis Fro dann zréckzekommen: All Gemeng ass am Juli ugeschriwwe ginn, fir eis ze soen, wou se wéilt déi Bornen hunn. Si hunn am November e Rappel kritt, zumindest déi, déi eis net geäntwert hunn. An et ass esou, dass fir 65 Gemengen d'Emplacementer elo alleguer fixéiert sinn. An dann ass et esou, dass speziell elo, wat déi méi bevëlkerungsaarm Gemengen am Éislek ugeet, do zwee Drëttel vun de Gemenge sinn, mat deene mer elo kloer sinn. Fir een Drëttel bleiwen nach déi final Emplacementer ze décidéieren.

Mä wéi de François Bausch richteg gesot huet: Dee System, dee mir elo hei opriichten, dat sinn elo 800 Borne mol zwee Uschlëss, sinn also 1.600 Uschlëss, mä et ass op fir all weider Born. Dat heescht, all Gemeng, déi méi wëllt hunn, ka selbstverständlech méi kréien. Mä net nëmme Gemengen, net nëmmen de Secteur public, och de Secteur privé ka sech hei drunhänken. Natierlech muss een da kucke mat de Käschten, wéi een dat mécht. Mä op alle Fall ass dat doten den Ufank an definitiv ausbaufäeg.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och deenen zwee Ministeren.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Marc Spautz, riicht sech un de Minister fir bannenzeg Sécherheet an dréit ëm deen neie Kommissariat „Dier vum Süden".

- Question n°238 du 7 décembre 2016 de M. Marc Spautz relative au nouveau commissariat «Porte du Sud», adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure

M. Marc Spautz (*CSV*).- Här President, Här Minister, am Kader vun der Policereform sinn d'Kommissariater aneschters strukturéiert ginn. An de Kommissariat «Porte du Sud» soll de Pilotprojet sinn, wat den 28. November gestart ass. Beim Kommissariat «Porte du Sud» handelt et sech ëm d'Zesummeleeung vun de Kommissariater vu Schëffleng, Monnerech, Reckeng a Leideleng.

Den 22. November war eng grouss Opklärungsversammlung, wou déi véier Gemengen informéiert gi si vun der Policedirektioun an de Schäfferéit, wéi et soll mat dem Kommissariat ugoen, wat den 1. Dezember och ugefaangen huet. Elo ass awer d'Fro am Sall gewiescht, wéi et wier mam Kommissär. An do ass matgedeelt ginn, dass de Kommissär déi nächst Deeg géif genannt ginn.

An ech wollt de Minister froen, ob et net besser gewiescht wier, wann een dat Ganzt gestart hätt, wann den Numm an den Titel vum Kommissär - also net den Titel, well deen ass bekannt -, wann dat mam Kommissär geklärt gewiescht wier.

An ech wollt hie froen, ob bis den 13. Dezember, wou hie jo selwer invitéiert huet op d'Inauguratioun vum neie Kommissariat, ob dann och d'Leit, déi dovu betraff sinn, wëssen, wie Chef gëtt vun deem Kommissariat, oder ob dat weiderhi vun Esch gefouert gëtt.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An den Här Minister fir déi bannenzeg Sécherheet, den Här Etienne Schneider, huet d'Wuert.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Merci, Här President. Als Äntwert op dem honorabelen Här Spautz seng Fro wëll ech emol fir d'Éischt meng Verwonnerung ausdrécken, dass mer elo hei iwwer personalpolitesch Froe bei der Police an der Chamber diskutéieren. Wa mer awer elo iwwer all Nominatioun, déi bei der Police virgeholl gëtt, hei eng Question parlementaire kréien, da kréie mer nach vill Freed hei!

Ech mengen, dat, wat richteg ass, dat ass, dass mer e Pilotprojet lancéiert hunn, dee Commissariat «Porte du Sud» heescht, wou d'Gemenge Monnerech a Schëffleng hir Kommissariater zesummeleeën, déi dann och nach fir Reckeng a Leideleng zoustänneg sinn. Dee Kommissariat ass ugelaf den 28. November a gëtt, wéi Der richteg gesot hutt, den 13. Dezember ageweit. An deem Kommissariat schaffen dann elo zwielef Agenten, an zwar an Zukunft op zwou Schichten an net op enger Schicht, wéi et de Fall gewiescht wär, wann déi Gemengen eenzel bliwwe wieren, wat ebe just dat bewierkt, wat mer wollten hunn, näämlech méi Präsenz um Terrain, méi Leit op engem Koup hunn, dass een och ka sécherstellen, dass permanent Leit um Terrain ënnerwee sinn an och de Büro kann zu gewëssenen Zäiten op sinn.

Wat ass geschitt, wat déi Nominatioun ugeet? Ech muss Iech dat jo awer dann elo beäntwerten, wann Der dat esou frot. Et ass esou, dass eng Ausschreiwung innerhalb vun der Police gemaach ginn ass fir deen neie Kommissariat, deen et awer legal eigentlech nach net gëtt, well mer mussen dat neit Gesetz, wat jo an der Prozedur ass, ofwaarden, fir ee kënnen op esou e fusionéiert Kommissariat dann ze setzen.

Also ass d'Situatioun legal einfach déi, dass de Kommissär, deen zu Schëffleng ass, a Pensioun geet, dass de Kommissariat zu Monnerech zougeet, dass déi Leit transferéiert ginn op Schëffleng an dass folglech just eng Ausschreiwung muss gemaach gi fir en neie Kommissär fir de Commissariat de proximité vu Schëffleng soulaang wéi, wéi gesot, dat neit Gesetz nach net gestëmmt ass.

A fir kee Formfeeler ze maachen, ass dofir déi Nominatioun innerhalb vun der Police nei ausgeschriwwe ginn, näämlech als Nominatioun fir de Kommissariat vu Schëffleng, soit dass dat dann elo e fusionéierten ass a wou méi Leit schaffen.

An dann, fir dann nach eng Kéier op Är Fro ze äntwerten: Maacht Iech keng Suergen, bis den 13. Dezember, wa mer de Kommissariat aweien, ass och déi Personalfro geklärt an de Kommissär genannt!

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister.

An déi nächst Fro kënnt vum Här Gusty Graas, riicht sech un den Nohaltegkeetsminister an dréit ronderëm den zukünftegen Accès op d'A13 bei Fréiseng.

- Question n°239 du 6 décembre 2016 de M. Gusty Graas relative à l'échangeur de Hellange et la future voie d'accès sur la A13 au niveau de Frisange, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Här President. Här Minister, den 10. Juli 2014 hu mer hei e Gesetz gestëmmt, op dat mer alleguerte laang gewaart haten, an zwar ass et jo do ëm den Échangeur Helleng gaangen, wou jo iwwer eelef Joer e Bypass huet misse fonctionnéieren. Ech wëll elo net méi déi leideg Geschicht nach eng Kéier hei oprullen. Entre-temps hu jo d'Aarbechten och ugefaangen. Dat ass och eng ganz gutt Saach. Et mierkt een natierlech, datt déi Aarbechten do zu enger Rei Nuisancen am Verkéier féieren, wat awer och ze verstoen ass.

Ech wollt awer an deem ganze Kontext do e puer Froen hei stellen. Éischtens emol, sinn d'Aarbechten de Moment nach am Délai? Et waren do am Gesetzesprojet deemools ronn 550 Aarbechtsdeeg virgesinn.

An dann hu mer nach ëmmer de leidege Problem zu Fréiseng - eng zweet Fro -, do geet et ëm d'Opfaart fir a Richtung Mondorf, déi jo nach ëmmer zou ass, och scho jorelaang zou ass. Do schéngt jo - wéi soll ech soen? - en „Problem bis" sech unzekënnegen. Ech hunn allerdéngs elo héieren an deene leschten Deeg, datt do an deen Dossier Bewegung komm ass. Dowéinst wier ech frou, vläicht vum Minister gewuer ze ginn, wat konkret sech do deet.

An da wëll ech nach op en drëtten Aspekt och hiweisen. Mir haten deemools an der Kommissioun och diskutéiert an nieft deem Réaménagement vun der N13 a Richtung Helleng war dunn awer och d'Fuerderung komm, fir e selwechte Réaménagement a Richtung Beetebuerg-Parc merveilleux ze maachen. Deemools ass allerdéngs gesot ginn, mir géifen dat net an dee Gesetzesprojet integréieren, well et soss fir deen heite Gesetzesprojet zu Verzögerunge gefouert hätt. Dat hätte mer jo och alleguerten net gewollt.

Ech hat entre-temps och do eng Question parlementaire de 17. September 2014 gestallt, wat deen aneren Aspekt, wéi gesot, vum Réaménagement vun der N13 ubelaangt. Deemools ass mer geäntwert ginn, datt Etüden en cours wären. Vläicht kann den Här Minister mer och do soen, wéi wäit datt dee Projet fortgeschratt ass.

Da vläicht eng lescht Fro nach: Et mierkt een an deene leschten Deeg, Wochen, wou jo elo zumindest a Richtung Lëtzebuerg déi zwou Bunne fäerdeg sinn, datt do awer scho vun der A13 op d'A3 eriwwer regelméisseg e Stau ass. Ass dat elo eng normal Situatioun bedéngt duerch d'Chantieren, oder riskéiere mer net do och an Zukunft elo nach méi Problemer ze kréien, wann den Échangeur Helleng respektiv de Rond-point Helleng definitiv op ass?

Ech soen Iech Merci fir d'Äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An den Här Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, Merci och dem Här Graas fir déi Froen. Fir d'Éischt emol ass ze soen, datt, wat den Échangeur Helleng ubelaangt an och virun allem d'Suppressioun vun deem klenge Rond-point, dee bis elo provisoresch do bestanen huet, dat eréischt konnt gemaach ginn, nodeems mer eng Mise en service haten, also nodeems mer erëm d'Autobunn op haten, also dat heescht de Bypass suppriméiert war. Éischter konnt dat net gemaach ginn. Duerfir konnten och keng Aarbechten am Virfeld do gemaach ginn.

Dann ass et elo esou, do sinn nach eng Rei Terrassementsaarbechten um Lafen, sinn amgaang gemaach ze ginn a wäerten och nach geschéie mat och Assainissementer vun Terrainen. Dat wäert dauere bis de Summer d'nächst Joer, dann ass dat alles fäerdeg ofgeschloss.

Da bleift d'Section courante vun der A13 tëschent Fréiseng an Helleng, haaptsächlech och déi Fro, déi Der opgeworf hutt: de Réckstau an d'Problemer vu Konflikter mat der A13 Richtung Péiteng an an Direktioun Schengen. Do mussen och nach eng Rei Caniveauen assainéiert ginn op der lénker Säit an do wäerten och an deenen nächsten zwou Wochen nach eng Rei Aarbechte gemaach ginn. Duerch déi Chantieren huet dat sécherlech och zu Perturbatiounen nach gefouert. Déi wäerte sech awer dann duerno besseren, wann all déi Aarbechten do ofgeschloss sinn.

Wat d'Fro ubelaangt ab der N13 zum CR161 zu Beetebuerg selwer, also d'N13 vum Krakelshaff, do si Luuchte virgesinn, esou wéi mer dat jo eng Kéier diskutéiert haten zesummen. An do ass de Soumissiounsdossier fäerdeg. Mir wäerten deen an den nächste Woche lancéieren. Da wäerten déi och bis de Summer installéiert ginn.

An dann natierlech déi berüümt Bretelle op der A13 Richtung Däitschland, also zu Fréiseng. Ech mengen, Dir wësst, datt mer do e Problem hu mat Terrainen, déi mer net kritt hunn. Awer de Projet ass an der Expropriatioun. Also dat heescht, et ass beim Geriicht. A mir ginn dovun aus, datt mer elo gläich wäerten eng Kéier do en Uerteel kréien. An da kënne mer och do expropriéieren an da wäerte mer déi Aarbechten och kënnen ufänken.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Marco Schank, riicht sech un d'Statssekretärin an der Ekonomie an dréit ronderëm d'Zukunft vun dem Schifermusée zu Uewermaartel.

- Question n°240 du 7 décembre 2016 de M. Marco Schank relative à l'évolution touristique future du site des Ardoisières à Haut-Martelange, adressée à Mme la Secrétaire d'État à l'Économie

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, heimat wollt ech eng Fro un d'Madamm Statssekretär Francine Closener, zoustänneg fir Tourismus, stellen. An zwar sinn d'Leekolle vun Uewermaartel mat hiren 22 Gebaier, mat net manner wéi 60 Vestigen op engem Terrain vun zirka 8 Hektar een authenteschen Industriepatrimoine, e Site, vun deem een ouni ze iwwerdreiwe ka soen, datt en eenzegaarteg an Europa ass, a sengem Ensembel, a senger Kohärenz am Kontext vum Ofbau vum Schifer am 19. Jorhonnert an deelweis laang virdrun.

Den absolutten Highlight sinn natierlech déi ënnerierdesch Kummeren, eng 23 um Stéck, mat deelweis risegen Dimensiounen - eng, déi iwwer 160 Meter déif ass, wou een eng Kathedral kéint carrément drasetzen. Déi Kummere goufen am Géigesaz zum Ausland ni verfëllt. An dat, mengen ech, wier och wierklech d'Aushängeschëld vun enger potenzieller Notzung.

D'Leekolle vun Uewermaartel waren, muss een derbäisoen, uganks vum 20. Jorhonnert déi zweetwichtegst Industrie am Lëtzebuerger Land no den Eisenäerzgrouwen, no de Schmelzen am Süde vum Land. An am touristesche Kontext kann ee soen, datt d'Leekollen och de Pendant zu der Eisenäerzmillen am Süde sinn an, mengen ech, och sënnvoll wieren, fir de Weste vun eisem Land touristesch ze valoriséieren.

Här President, d'Madamm Statssekretär war virun zimlech genee enger Woch oder viru genee enger Woch zu Uewermaartel op Besuch an ech wollt duerfir zwou, dräi Froe stellen.

Wéi huet Äre Ministère wëlles, Madamm Statssekretär, ënner anerem och am Zesummespill mat der Kultur, d'Notze vun deem enormen touristesche Potenzial weider an d'Wee ze leede respektiv weiderzefëieren, an zweetens, hei virun allem d'Viraussetzungen ze schafen, datt d'Leekollen och zumindest am Ufank emol an der Haaptsaison kënnen all Dag oder zumindest eng Partie Deeg an der Woch opmaachen, och fir den individuellen Tourist?

An drëttens: Wéi gedenkt de Ministère dee staarke Bénévolat, dee Gott sei Dank um Site existéiert, zousätzlech ze ënnerstëtzen?

Merci fir d'Äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Schank. An d'Wuert huet d'Madamm Statssekretärin Francine Closener.

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- Merci, Här President. D'Leekolle vun Uewermaartel haten effektiv an der leschter Woch an och dës Woch hu se eng wichteg Plaz ageholl a mengem Agenda. An ech mengen, dat ass och ganz zu Recht, well dee Projet effektiv ganz villverspriechend ass. Ech war d'lescht Woch de Site op Uewermaartel besichen, dee vun där Asbl „Frënn vun der Lee" géréiert gëtt, eng Associatioun, déi sech, mengen ech, mat ganz vill Häerzblutt ëm d'Erhalen an d'Valoriséiere vun deem Schiferpatrimoine këmmert. An dat ass och ganz gutt esou.

An der Suite dovunner hunn ech mech gëschter mam Statssekretär vun der Kultur zesummegesat, well, wéi Dir richteg gesot hutt, d'Kultur zesumme mat der Ekonomie a speziell dem Tourismus natierlech e groussen Interessi un deem Projet huet. De Site ass klasséiert vu Sites et monuments, déi och scho viru sechs Joer e Masterplang ausgeschafft haten, wou d'Potenzial vum Site evaluéiert gouf. Leider ass aus deenen ënnerschiddlechste Grënn dee Projet duerno awer net weidergedriwwe ginn.

Aus der Siicht vu mengem Ministère interessséiert natierlech dat touristescht Potenzial, dat, wéi mer gesot hunn, mer scho ganz héich aschätzen. Schifergrouwe sinn een Deel vun eisem industrielle Patrimoine, dee mer sollen an och wëlle promouvéieren, ganz äänlech wéi de Musée des mines zu Rëmeleng oder och d'Kofferminn zu Stolzebuerg.

Déi Responsabel vun der Asbl schätzen d'Potenzial vun dësem Industriesite Uewermaartel op 80.000 bis 90.000 Visiteure pro Joer. Dat ass ganz vill. Am Verglach: D'Veianer Schlass huet all Joer ronn 130.000 Leit, déi et besiche kommen an ass domadder eng vun eise gréissten Touristenattraktiounen aus dem Land. Et ass also e grousst Potenzial do zu Uewermaartel, mä fir dat auszeschëpfen, muss ganz seriö investéiert ginn.

Et ass e grousst Areal. D'Gebaier sinn zum groussen Deel erhalen, mä awer net onbedéngt an deem allerbeschten Zoustand. An do muss een eben och kucken, wéi wäit datt ee sech och drëms këmmert, fir eben déi Kummeren, déi Grouwen auszepompelen. Do steet d'Waasser jo ganz héich. Dat bedeit e gewëssenen Invest an och dat muss een dann a Considératioun huelen.

Mä et geet awer net nëmmen ëm déi baulech Moossnamen. Et muss een och an engems - an dat betounen ech wierklech - an net eréischt duerno e globaalt Konzept ausschaffen.

Wat soll dem Visiteur gebuede ginn? Wéi soll déi Mise en scène vun deene Grouwen definéiert ginn? Wéi kann een och e valabelen Accueil garantéiere fir d'Leit? Wéi ass et mat enger gudder Restauratioun? Wéi ass et och mat Hébergementsméiglechkeete ronderëm, ebe mat Gîten, déi net wäit ewech kéinte sinn?

Bref, fir deenen heitege Standarde vun enger attraktiver Tourismusoffer gerecht ze ginn, musse mer och heirobber Äntwerte fannen, an déi hunn natierlech och hire Präis. An et ass esou, fir dat alles do ze stemmen, dat geet, mengen ech, iwwert dat eraus, wat de Bénévolat ka maachen, also iwwert deem seng Grenzen eraus. An trotz aller Motivatioun vun den „Frënn vun der Lee" - an déi gesinn dat och esou - musse mer do awer kucken, fir déi Froen ze beäntwerten, wéi wäit mer de Bénévolat mat professionellem Fulltime-Personal do kënnen ënnerstëtzen, fir datt mer dee Site kënnen touristesch exploitéieren.

An déi Fro do, déi stellt sech jo net nëmmen hei. Déi stellt sech iwwerall do, wou d'Bénévolat net alles ka maachen. Dat ass eng aner Diskussioun, déi awer ganz wichteg ass fir d'Weiderentwécklung vum ganze Secteur.

Derbäi kënnt dann och, datt, wann de Stat elo bei esou Attraktiounen an och bei esou enger Exploitatioun vun esou Attraktioune seng Responsabilitéit iwwerhëlt, da muss awer och de lokale Partner respektiv d'Gemeng hire Bäitrag leeschten. An dat ass hei de Fall. Doriwwer sinn ech och ganz frou. D'Gemeng huet eis dat nach eng Kéier sur place d'lescht Woch confirméiert, datt och si bereet ass, hiren Deel do ze leeschten.

Wéi geet et elo virun? Abee, de Kultur- an de Wirtschaftsministère si sech eens, d'Regierung an deenen nächste Woche mat deem ganzen Dossier ze saiséieren, fir datt mer e kënne relancéieren. De Guy Arendt an ech hunn dat gëschter esou festgehalen. Da loosse mer deen ale Masterplang nach eng Kéier aktualiséieren an dat touristescht Konzept dann och am Detail definéieren. An da wësse mer och, wat gegebenenfalls am Statsbudget muss gefrot ginn, fir dee Projet ëmzesetzen, a Phase wuelverstanen, well mir wëllen esou séier wéi méiglech virukommen, fir dee Site esou séier wéi méiglech kënne besser touristesch ze erschléissen.

D'Leekolle vun Uewermaartel sinn e Stéck Lëtzebuerger Industriegeschicht. Et war an der Zäit déi zweetwichtegst Industrie am Land. A grad wéi d'Eisenäerzminnen am Süde vum Land gehéiert de Site zu eisem Patrimoine, deen a mengen Aen net dierf an de Vergiess geroden, fir datt mer net vergiessen, wou mer hierkommen.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Statssekretärin.

Mir wären eigentlech elo um Enn vun eiser Froestonn ukomm. Wann d'Chamber awer d'accord ass, géife mer déi zwou Froen, déi nach iwwreg sinn, nach huelen.

Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Merci. Da maache mer dat esou.

Déi nächst Fro kënnt vun der Madamm Taina Bofferding a riicht sech un de Justizminister an dréit ëm d'Resultater vum Eurobarometer iwwert d'Gewalt géint Fraen.

- Question n°241 du 6 décembre 2016 de Mme Taina Bofferding relative aux résultats de l'enquête Eurobaromètre au sujet de la violence à l'égard des femmes, adressée à M. le Ministre de la Justice

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Genau, Här President. Um internationalen Dag géint d'Gewalt u Frae gouf d'lescht Woch en Eurobarometer am Optrag vun der Europäescher Kommissioun publizéiert. Dës representativ Ëmfro, déi sech mat der geschlechtsspezifescher Gewalt auserneesetzt, wërft effektiv eng Partie Froen op. Betreffend Lëtzebuerg si 86% der Meenung, dass häuslech Gewalt géint Frae muss bestrooft ginn, leider awer keng 100%. Besonnesch a sech huet et awer d'Fro, ob Geschlechtsverkéier ouni Awëllegung vum Géigeniwwer ënner bestëmmten Emstänn gerechtfertegt kéint sinn: Ëmmerhi 27% vun den Europäer a souguer 38% vun de Lëtzebuerger stëmmen deem zou.

D'Froe vun der Kleedung an dem Alkoholpegel schéngen och eng Roll ze spillen. Sex ouni Awëllegung ass fir 19% vun de Männer a fir 15% vun de Fraen novollzéibar, wann déi betraffe Persoun „ze liicht" ugedoen ass. Fir 17% vun de Frae respektiv 16% vun de Männer ass et novollzéibar, wann d'Persoun ze vill Alkohol intus huet oder Droge consomméiert. Amplaz géigesäitege Respekt a Gläichheet zielt anscheinend fir eng Partie Leit de Prinzip: „Dee Stäerkere setzt sech duerch", dofir elo meng Froen un de Justizminister.

Éischtens: Wéi interpretéiert Dir dës Ëmfro? An iwwerraschen déi Aussoen lech och genausou wéi mech?

Zweetens: War dës Ëmfro eventuell en Thema an der Regierung?

Elo zu Ärer Campagne géint d'Traite. Gesitt Der vläicht hei och d'Noutwendegkeet, fir de Volet vun der Sensibiliséierung an der Opklärung géint sexuell Gewalt an och vum Viol ze verstäerken?

Drëttens: An der Ëmfro hu souwuel 15% Frae wéi och vun de Männer uginn, dass Geschlechtsverkéier an der Rei wär, wann een net kloer Nee seet oder sech net kierperlech wiert. An Däitschland gëtt et dozou jo scho méi laang eng Debatt. A si hu jo och kierzlech an hiert Strofrecht de Prinzip „Neen heescht Neen" opgeholl. Hei wëll ech eben da vum Minister wëssen, wéi kloer eise Code pénal op dësem Punkt ass a wat d'Rechter vun den Affer sinn.

A passend zum Thema meng véiert an domadder och lescht Fro: Wou si mer eigentlech mat der Istanbuler Konventioun drun, déi och dëse Sujet couvréiert?

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Bofferding. An d'Wuert huet de Justizminister, den Här Félix Braz.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Merci och der honorabeler Madamm Bofferding fir hir Froen. D'Äntwerten op hir Froe sinn zum Deel am Kompetenzberäich vun der Chancëgläichheetsministesch. Ech wëll lech awer trotzdeem och do meng Impressioun ginn.

Dir verweist op déi rezent Ëmfro am Eurobarometer. Ech muss soen, ech hunn déi Resultater mat... jo, mat bal..., ech si bal erschreckt, wéi ech se gelies hunn! Dat gëllt net nëmme fir Lëtzebuerg. Mä et gëllt och fir Lëtzebuerg. Dat si ganz héich Pourcentagen, an Dir hutt se genannt. Déi Ëmfro ass ganz bedenklech. An et ass e Phenomeen, dee vum Viol, wou et a mengen Ae keng Toleranz däerf ginn. An dofir ass et kloer, dass een op deem dote Punkt weiderhi ganz wuechtsam muss bleiwen.

Dir hutt d'Fro gestallt no enger Campagne. Ech wëll do der Äntwert vun der Madamm Mutsch net virgräifen. Ech wëll just drop verweisen, dass aus hirem Ministère eréischt virun e puer kuerze Joer eng Campagne op genau där doter Fro komm ass. Dofir weess ech net, inwieweit dass et haut Iwwerleeunge gëtt, fir eng nei Campagne do drunzehänken.

Wat d'Strofrecht betrëfft, Är drëtt Fro, an Dir verweist op Däitschland, do muss een awer scho soen, dass Däitschland a senger Gesetzgebung bis elo net esou komplett war wéi déi Lëtzebuerger Gesetzgebung. An Däitschland ass vu Viol geschwat ginn am Kontext ëmmer nëmmen och vu Gewaltuwendung, Sex mat Gewalt oder Sex mat Gewaltundroung. An dofir ass och an Däitschland d'Noutwendegkeet do, fir d'Gesetzgebung virunzëentwéckelen.

Zu Lëtzebuerg si mer an enger anerer Situatioun. Bei eis seet de betreffenden Artikel vum Code pénal, den Artikel 375, ganz kloer, dass de Viol ginn ass, „si la personne n'y consent pas". An engem einfache Saz sinn all Fäll ëmfaasst, ob dat mat Gewalt ass oder net. Well oft kann nach eng Fra oder och e Mann, well Viol gëtt et och an déi Richtung, och wann et natierlech vill manner heefeg ass… Wann also eng Persoun vläicht esou terroriséiert ass, dass se sech net méi ka wieren an esou iwwerhaapt keng Gewaltuwendung muss geschéien, fir dass de Viol ka vollzu ginn, da war dat bis elo an Däitschland net strofbar. Zu Lëtzebuerg war dat nach ëmmer - an ass et och haut - ganz kloer strofbar.

An déi Fäll, déi de Code pénal erwäänt, dat ass nëmmen eng indikativ Lëscht. Dofir steet och d'Wuert an deem Artikel dobäi: „notamment" déi dote Fäll. Mä ganz generell gëllt: Wa kee Consentement do ass, ass et e Viol, an engem Saz wéi an honnert, dofir mengen ech net, dass mer do eis missten un déi däitsch Gesetzgebung upassen.

Wat d'Rechter vun de Victimme betrëfft, do si mer amgaangen, déi europäesch Direktiv iwwert d'Victimmen ëmzesetzen am Kader vun der Transpositioun vun de sougenannten „ABC-Direktiven". Dat wäert ufanks Januar an der Commission juridique mam Vott vum Rapport kënnen ofgeschloss ginn, wou den Alex Bodry jo Rapporteur ass. Do si mer also ganz no bäi, déi Direktiv do ëmgesat ze hunn.

Wat d'Istanbul-Konventioun betrëfft, do ass et esou, dass d'Regierung en Aarbechtsgrupp agesat hat, fir d'Transpositioun vun der Direktiv (veuillez lire: vun der Konventioun) ze maachen. Eng éischt Reunioun war am Abrëll 2016 an dunn huet d'Europäesch Kommissioun sech zu Wuert gemellt a befonnt, eigentlech wier dat eng Konventioun, déi an der exklusiver Kompetenz vun der Unioun géif leien, a si wéilten déi selwer ratifizéieren, wat geheescht huet fir déi Länner, déi nach net ratifizéiert haten, dass se et net méi sollte maachen, wat eis da bei eiser Aarbecht blockéiert huet.

Déi Positioun huet awer elo rezent erëm geännert. Enn Oktober huet d'Kommissioun matgedeelt, en fait wäre se elo der Meenung, et wier keng exklusiv Kompetenz vun der Unioun, mä et wär eng Compétence zum Deel partagée. Et gëtt also en Deel, dee Compétence exclusive ass vun der Unioun, et gëtt en Deel, dee Compétence nationale ass, an et gëtt en Deel, dee Compétence partagée ass. Dat ass mëttlerweil gekläert, wat d'Compétence vun der Unioun ass. Et ass och kloer gekläert, wat d'Compétence nationale ass. Et ass just nach de Volet Compétence partagée, wou d'Diskussiounen am Moment nach lafen, wat eis dozou bruecht huet als Regierung, deen Aarbechtsgrupp, wou eng Rei Ministèren drasëtzen, erëm ze relancéieren.

Déi nächst Reunioun ass an enger Woch, de 14. Dezember. A mir schaffen also elo intensiv drun, fir deen Deel, deen national Kompetenz ass bei der Istanbul-Konventioun, ganz séier an deenen Aarbechtsgruppen, déi mer wäerten asetzen, Sous-Aarbechtsgruppen, fir déi Iwwerleeungen do kënnen ofzeschléissen, an dass mer da kënnen hoffentlech ganz séier dann deen Deel, deen national ass, hei zu Lëtzebuerg ratifizéieren.

Wéi gesot, mir hätte gären op dat Joer Retard a Verzuch verzicht. Dat ass awer eng Responsabilitéit, déi d'Kommissioun huet duerch hir Falschaschätzung nodréiglech, dass et eng exklusiv Kompetenz vun der Unioun wier. Mir sinn op jidde Fall prett, Demandeur a wëllens, ganz séier deen Deel, deen an eis Kompetenz fält, an d'Chamber zum Vott ze bréngen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. An déi lescht Fro fir de Mëtte kënnt vum Här Claude Adam, riicht sech un den Erzéiungsminister an dréit ronderëm e Mangel vu Remplaçanten an der Grondschoul.

- Question n°242 du 7 décembre 2016 de M. Claude Adam relative au manque de remplaçants dans l'enseignement fondamental, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Jo, wéi all Joer ëm dës Zäit feelt et u Remplaçanten an eise Schoulen. An ech mengen, besonnesch an der Grondschoul ass dee Mangel ganz grouss. Dat huet bestëmmt eng Rei Ursaachen, ënner anerem, datt mer e Stage do agefouert hunn, ënner anerem och, datt mer eng Formation en cours d'emploi fir Remplaçanten ubidden, déi da manner kënnen an der Schoul sinn.

Déi éischt Reaktiounen, déi ech dann esou matgedeelt kréie vum Terrain, gefale mer eigentlech gutt. Wann dat stënterlech geschitt, da gëtt recommandéiert, fir d'Klass opzedeelen. Dat ass, wa méi Klasse vun engem Cycle do sinn, mengen ech, och pädagogesch eng sënnvoll Mesure. Wann dat natierlech en Dauerzoustand gëtt, dann ass et eng Plo fir all Bedeelegt. Natierlech ass et och wichteg, datt déi materiell Viraussetzunge gestallt sinn. Net all Klassesall ass grouss genuch fir zousätzlech Schüler respektiv huet genuch Bänken.

Meng Fro un Iech, Här Minister: Ass dat kloer, datt dat awer vun der Assurance aus ofgeséchert ass, datt déi Schoulen, déi dee Wee ginn, am Recht sinn?

Eng aner Mesure ass ugefouert. Och d'Uni Lëtzebuerg huet am Mount November vill Stagiairen an de Schoulen. Do ass et och ausnamsweis da méiglech, fir kënnen ersetzen ze goen. Dat ass a mengen Aen eng gutt Saach. Dat léist mat Sécherheet de Problem net, mä do wier och nach e bësse Flexibilitéit eventuell dran. Ech kéint mer virstellen, datt besonnesch an deene leschte Stagen all Student emol kéint roueg een, zwee Deeg eleng virun enger Klass stoen. Wann dat e feste Bestanddeel wier vum Stage, do kéinten déi Betraffe villes léieren.

An dann eng lescht Remarque. Ech sinn och vu pensionéierten Enseignantë gefrot ginn, ob et net fir si awer méi flexibel kéint sinn, fir och emol ersetzen ze goen an der Schoul. Dir wësst, datt et do Antikumulbestëmmunge gëtt. Déi fannen ech och ganz korrekt. Et soll och net sinn, datt een an der Pensioun op eemol eng Pai als Pensionär huet an eng Pai, well ee schaffe geet. Dat wëll ech wierklech net. Wann een dat awer géif e bësse méi flexibel gestalten, datt een zum Beispill dat net géif op de Mount kucken, mä op d'Joer, da kéint dat fir all Betraffen interessant sinn.

Duerfir froen ech mech, wa mer beim Stat vill méi Flexibilitéit hunn - mir kënne vill méi flexibel Tâchë kréien, mir kënnen och méi flexibel de Wee an d'Pensioun fannen -, ob et hei net eventuell méiglech wier, e bëssen drop ze reagéieren.

An zum Schluss, Här Minister, ech hat et net an d'Fro gestallt, mä ech muss et awer och soen: An der Édiff ass de Mangel nach méi grouss. Do gëtt heiansdo iwwerhaapt net méi ersat, oder meeschtens iwwerhaapt net méi ersat. Dat fannen ech och relativ bedauerlech.

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Adam. An den Här Erzéiungsminister, de Claude Meisch, ass scho prett.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, also, ech kann effektiv déi Situatioun do confirméieren, déi de Claude Adam hei geschildert huet. Fir quasi all Rentrée, déi éischt Woche vun engem Schouljoer stellt déi Situatioun sech. Et ass dës Kéier effektiv nach e Stéck wäit méi prononcéiert, aus zwou Ursaachen. Déi eng huet de Claude Adam genannt, dat ass, datt mer e Stage agefouert hunn, och an der Grondschoul, wou d'Stagiairen déchargéiert ginn, fir hire Stageaktivitéite kënnen nozegoen. Do falen dann deementspriechend Stonnen och ewech.

Et sinn och Begleeder, experimentéiert Enseignanten, déi och déchargéiert sinn, fir dann déi nei Stagiairen ze encadréieren. Och do fale Stonnen ewech. Dat heescht, de Besoin u Schoulpersonal ass méi grouss ginn.

An dat anert, wat nach dozou gefouert huet, dat ass, datt mer net manner wéi 73 Persoune regulariséiert hunn, déi esou kleng Ersatzkontrakter iwwer Joren eigentlech ëmmer assuréiert hunn an elo e feste Kontrakt hunn als Chargé an deementspriechend och manner fir déi temporär a limitéiert Ersatzaufgaben do zur Verfügung stinn.

Beim Claude Adam, mengen ech, gesäit een, datt en de Secteur an d'Grondschoul ganz besonnesch gutt kennt, well en huet sech iwwerluecht: „Wéi kéint een do remédiéieren?" An en ass eigentlech op déiselwecht Äntwerten och komm, op déi mir am Ministère komm sinn. Natierlech hu mer fir d'Éischt gekuckt, éier datt iergendzwousch iwwerhaapt emol eng Unterrechtsstonn géif ausfalen, datt d'Situatioun mat där enger oder anerer Iwwerstonn vun aneren Enseignantë kéint geregelt ginn.

Natierlech hu mer och d'Instruktioun nach eemol verstäerkt op den Terrain ginn, fir ze soen: „Kuckt iergendwéi an de Schoulen, och d'Kanner emol am Cycle opzedeelen, fir do eigentlech ganz normal mat der Parallellklass kënne weiderzefueren! An et ass awer och ganz kloer, datt dat dann och vun all den Assurancë mat ofgedeckt ass. Dat ass jo eng ganz normal schoulesch Aktivitéit do an näischt aneres, an dee Moment och ofgedeckt duerch sämtlech Assurancen.

Mir hunn awer och gekuckt, fir dee Pool vu Personal, wou mer dann Ersatzkontrakter drop kënne maachen, erëm ze verbreederen, fir datt mer einfach moies, wa mer mierken, do sinn esou vill Absencen, do brauche mer elo Leit, déi haut oder wärend e puer Deeg ersetze kommen, dann erëm wëssen, wou mer uruffen an den Inspekteschbüroe queesch uechtert d'Land.

Mir hunn och do mat der ADEM geschwat, ob si eventuell Leit an hire Regësteren hätten, déi eng Première hunn. Mir wëssen och duerch Diskussiounen, déi den Aarbechtsminister op dëser Plaz, op anere Plaze féiert, datt mer och do e gewëssent Potenzial vu Leit hunn, déi e Bac hunn, eng Première hunn, theoretesch kënnen ersetze goen an op der Sich no enger Aarbecht sinn. Do hu sech eng ganz Rei vu Leit och interesséiert gewisen. A mir hunn zanter der Rentrée awer elo net manner wéi 286 Demanden, Demandes d'autorisation gehat, fir kënnen ersetzen ze goen. A mëttlerweil hunn ech och 45 Leit autoriséiert, fir kënne Remplacementskontrakter unzehuelen, nodeems se déi Formatioun gemaach hunn, soudatt mer do awer schrëttweis, denken ech, och elo an den nächste Wochen nokommen a sécherlech am zweeten Trimester eng aner Situatioun wäerten hunn, fir datt dat doten net méi sou schnell virkënnt.

Déi Iwwerleeung, déi Der opwerft, ob eventuell pensionéiert Enseignantë kéinten och do asprangen, ass natierlech eng ganz sympatesch. Ech fanne gutt, datt déi Leit soen: Ech hu meng Erfahrung an ech wëll déi eigentlech och nach weiderhin an den Déngscht vun der Schoul stellen.

D'Limitt hutt Der eigentlech och direkt gesot. Mir kënnen net engem herno am Cumul vun esou enger Pensioun an deem, wat en nach derbäiverdéngt, méi ginn wéi de Grondsalaire, deen en hat, op Basis vun deem déi Pensioun gerechent ass. An dat ass dann eben och do, wou d'Regelen an der Fonction publique esou sinn, wéi se sinn.

An ech mengen, dat versti mer awer och, datt een net herno zweemol ka bezuelt ginn, eng Kéier mat der Pensioun an eng Kéier nach e reguläre Salaire derbäi. Dat gëllt virun allem, bis ee 65 Joer huet. No 65 Joer oder ab 66 Joer ass dat erëm aneschters. Dat heescht, do huet ee vill méi Flexibilitéit. Déi Remarque, déi Der maacht, ob dat dote vläicht op d'Joer kéint gekuckt ginn an dann e bësse méi Stonne Spillraum eigentlech dra wären, well d'Schoulvakanzen da jo net drafalen an een déi Stonne kéint aneschters verdeelen, dat ass eng Saach, déi ee mat dem Kolleeg Dan Kersch misst

kucken am Ministère vun der Fonction publique, ob een net do kéint Léisunge fannen.

Ech huelen dat dote gäre mat, well et ass eigentlech eng Iwwerleeung, wou een net nëmmen am Fondamental, mä och am Secondaire d'ailleurs an och an der Édiff, wéi Der zu Recht bemierkt, heiansdo kéint Léisunge fannen, déi mer haut vläicht esou net hunn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Minister.

Domat si mer um Enn vun eiser Froestonn, wat scho bal eng annerhallef Froestonn war, ukomm. A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6530 iwwert d'Gestioun vun de Flossgebidder. An d'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Henri Kox.

3. 6530 - Projet de loi

concernant la gestion du domaine public fluvial et portant

a) modification

*** de la loi modifiée du 28 juillet 1973 portant création d'un service de la navigation,**

*** de la loi modifiée du 31 mars 2000 concernant l'administration et l'exploitation du port de Mertert,**

*** de la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau,**

*** de la loi modifiée du 14 juillet 1966 sur l'immatriculation des bateaux de navigation intérieure et l'hypothèque fluviale, et**

*** de la loi modifiée du 28 juin 1984 portant réglementation de la police de la navigation intérieure, des sports nautiques et de la natation; et**

b) abrogation

*** des articles 1er, 2 et 5 de l'arrêté du Directoire exécutif du 13 nivôse an V (2 janvier 1797) sur la navigation et les chemins de halage;**

*** de la loi du 6 frimaire an VII de la République une et indivise (26 novembre 1798) relative au régime, à la police et à l'administration des bacs et bateaux sur les fleuves, rivières et canaux navigables;**

*** de l'arrêté royal du 3 mai 1817 concernant la navigation et le flottage sur les rivières du Grand-Duché;**

et

*** de la loi du 29 janvier 1890 concernant l'aliénation des terrains faisant partie du domaine public dans la Moselle et la partie navigable de la Sûre, ainsi que des anciens lits de ruisseaux abandonnés**

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President. Dëst ass e wichtegt Gesetz fir eis Flëss, wou ee mat engem gréissere Schëff kann driwwerfueren. An dovunner hu mer bekanntlech nëmmen een. Dofir geet et hei drëms, en ausféierlechen neie gesetzleche Kader ze bilden, fir d'Musel ze reglementéieren.

D'Gesetz, wann Der den Intitulé kuckt, ännert näämlech net manner wéi fënnef aner Gesetzer an et schaaft och gläichzäiteg véier, soe mer „Directoiren" (veuillez lire: dräi Artikele vum Arrêté du directoire) of aus dem Nivôse, An V, an d'Loi du 6 Frimaire, An VII vun der Franséischer République. Dat heescht, et si véier Dekreter, Reglementer, déi mat dësem Gesetz dann ofgeschaaft ginn.

Et steet jo a villen Zeitungen „malerische Mosel", sou wéi vun den Däitsche gesot gëtt, déi ass e wichtegt Verbindungssteck tëschent Koblenz a Metz ginn, net nëmme fir d'touristesch oder mëttlerweil haut Hotelschëffer, mä fir den internationalen Transport op enger „Waasserstrooss", sou wéi déi Däitsch dat och nach nennen. Och an der Vergaangenheet, scho virun deene Reglementer am Mëttelalter, nach wäit virdrun, ass d'Musel ëmmer e Verbindungs-, en Handelswee gewiescht, wéi vill Flëss an Europa och. An d'Siidlungen hu sech jo bekanntlech och ëmmer laanscht d'Flëss gemaach.

Dat éischt gesetzlecht Reglement oder den éischten Édit vum Louis XIV iwwert d'Musel, wéi se geregelt gouf, ass vum 13. August 1669. Dat war déi éischte Kéier, wou d'Musel u sech erwäänt ginn ass, fir se ebe besser ze regelen. Et ass dofir wichteg gewiescht, dass endlech och hei dat konnt opgeschafft ginn an an engem neie Kader gemaach ginn.

D'Musel huet awer am 18., ufanks 19. Jorhonnert (veuillez lire: am 19., ufanks 20. Jorhonnert) Retarde kritt, wat den Transport ubelaangt, well den Zuch ëmmer méi opkomm ass. An et ass eréischt mat der Muselkanalisatioun, mat der Konventioun vum 27. Oktober 1956 zu enger regelrechter Relève komm, wéi den däitschen, de lëtzebuergeschen an de franséische Stat eben d'Konventioun gemaach hunn, fir d'Musel ze kanaliséieren. An et muss een awer wierklech soen, wéi se kanaliséiert gouf, de 26. Mee 1964, dass dat e grousse Meilenstein war fir d'Verbindung, fir déi franséisch an däitsch „Aussöhnung", wéi gesot ginn ass, soudass duerch Lëtzebuerg och e wichtege Pas do matgeliwwert ginn ass. Dofir war et wichteg, eng Kéier kuerz op d'Geschicht anzegoen, well d'Musel awer déi Vëlker ëmmer matenee verbonnen huet.

En éischt Gesetz gouf den 28. Juli 1973 gemaach, dat war de Service de la navigation, deen hat u sech just de Rôle, fir d'Infrastruktur Musel e bëssen an der Rei ze halen, fir alles ze kucken, dass d'Borden net futtigemaach géifen. An dat war déi éischt Reglementatioun.

Dat geet awer bei Wäitem net méi duer. Et huet missen eng komplett Iwwerschaffung gemaach ginn. An et war u sech schonn déi viregt Regierung ënnert dem Här Wiseler, déi den 21. Januar 2013 dann e komplett iwwerschafft Gesetz déposéiert huet, an datselwecht Joer nach eng Kéier, den 19. Juni 2013, dat mat neien Amendementer nach zousätzlech verbessert huet. An den 20. Februar 2013 gouf mäi Kolleeg, den deemolegen Deputéierte Lucien Clement, als éischte Rapporteur genannt. No der Zesummesetzung vun der neier Chamber am Joer 2013 gouf ech dann de 7. Januar 2014 als neie Rapporteur genannt.

Wat regelt dat Gesetz? D'Gesetz huet éischtens emol e Statut fir d'Musel gemaach. huet. D'Zesummesetzung stellt et vir, wat u sech d'Prinzipie vun der Gestioun vun der Musel ubelaangt, d'Utilisatioun, d'administrativ Modalitéiten an natierlech d'Protektioun. Ech ginn elo net op d'Detailer an. Am Gesetz an am schréftleche Rapport ass dat jo ausféierlech beschriwwe ginn.

Dann ass en zweet wichtegt Element awer och d'Iwwerpréiwung vun deem, wat sech do alles op der Musel beweegt, ob alles sech och un d'Normen hält. Dofir ass dat och zousätzlech an d'Gesetz erakomm. Wann een „Iwwerpréiwung" seet, da muss een och Sanktioune kënnen duerchféieren. An dofir ass dat och eragefloss.

Da gouf d'Gesetz vum Service de la navigation, wéi gesot, och iwwerschafft mat deenen neie Reglementatiounen, dass eben d'Surveillance vun den Infrastrukture ganz wichteg ass, déi op der Musel sinn, mä dass natierlech déi Gefierer, déi do fueren, och deen néidege Contrôle eben hunn. A well de Service de la navigation net déi néideg fachlech Kompetenzen och huet - an dat ass eng Direktiv, déi gläichzäiteg ëmgesat gouf -, gouf heimat agefouert, dass och d'Klassifikatioun vun deene Gefierer a Sociétéiten iwwer en Outsourcing ka gemaach ginn.

D'Gesetz vum 14. Juli 1966 iwwert d'Immatrikulatioun vun de Banneschëffer gouf och iwwerschafft mat dësem Gesetz, dass insbesondere do awer d'Exigencë vun Europa och méi streng gi sinn, dass et net e Reproche vun dem Pavillon de complaisance soll sinn, mä dass och hei déi Schëffer, déi hei immatrikuléiert sinn, déi néideg Assurancen hunn, Assurance responsabilité civile an esou weider, an dass och d'Konditiounen déi richteg sinn.

Och de Mäerterter Hafen huet och e Gesetz, dat huet och missen ugepasst ginn, soudass eng ganz Rei weider Elementer derbäikomm sinn.

En éischten Avis vum Statsrot ass den 12. Juli 2013 komm. Do waren eng Rei Opposition-formellen derbäi, am Ganzen zéng. Ech ginn och do net op den Detail an. Firwat war et esou komplex? Majo, et huet een engersäits déi franséisch Legislatioun gehat, awer och eng däitsch Legislatioun, déi an dësem Gesetz hu misse fusionéieren.

Firwat eng däitsch Gesetzgebung? Well duerch d'Kanalisatioun mer e sougenannten „Condominium" hunn, dat heescht, eng Souveraineté partagée op der Musel. An doduerch war och eng däitsch Legislatioun schonn do an déi huet missen an dësem Gesetz verschafft gi mat där franséischer. Dat huet dozou gefouert, dass mer eng Rei Oppositioune kruten, deene mer awer an engem éischte Jet den 28. Januar 2016 mat enger ganzer Rei vun Amendementer konnten aus de Féiss goen, soudass mer en éischten Avis complémentaire kritt hunn. Do gouf och dat Meescht akzeptéiert.

Awer well mëttlerweil och erëm eng Direktiv ënnerwee war iwwert d'Sécherheet an de Contrôle oder, besser gesot, iwwert d'Passagéier op engem Touristeschëff, sief et um Mier oder um Bannefloss, fir dass déi natierlech och déi néideg Sekuritéit an déi néideg Assurancen hunn an och kënne reklaméieren, wann eppes net an der Rei ass, gouf dat dann an deem Avis (veuillez lire: an deenen Amendementer) och nach eng Kéier ageschafft. An dat huet dem Statsrot awer net… bon, et war net prezis genuch, soudass mer e weidert Amendement oder Amendementer hu missen nach eraschécken, soudass den zweeten Avis schlussendlech vum Statsrot dann awer akzeptéiert gouf (veuillez lire: soudass dat duerch den zweeten Avis complémentaire vum Statsrot dann awer akzeptéiert gouf), soudass mer schlussendlech den 1. Dezember elo dat Gesetz konnten eestëmmeg an der Développementskommissioun unhuelen.

Ech mengen, dass et fir d'Waasserstrooss Musel, wéi se am däitsche Gebrauch genannt gëtt, e wichtegt Gesetz ass. Et ass net nëmmen och fir Lëtzebuerg eng Sécurité juridique do doduerch, dass sämtlech Reglementer elo emol ugepasst ginn. Dofir war et vill Aarbecht fir d'Mataarbechter, de Mataarbechter aus dem Ministère, deen hei ganz gutt mat der Kommissioun zesummegeschafft huet, fir dat ëmzesetzen.

D'Waasser huet och…, oder d'Musel huet e risegt Potenzial. Dir hutt vläicht matkritt, dass jo och de sougenannten „Schleusenausbau" am däitsche Gewässer an der Diskussioun ass, net nëmmen an der Diskussioun, mä den däitsche Stat huet iwwer 600 Milliounen zougestanen, fir d'Musel weider auszebauen, fir dass déi Waasserstrooss wierklech am Transport, am ekologeschen Transport weiderhin eng grouss Zukunft huet, well och d'Container mëttlerweil an d'Binnenschifffahrt erakomm sinn, soudass de Mäerterter Hafen an der Containerpolitik, am Transport eng Zukunft wäert hunn. An dofir wäert deen Ausbau vun der Musel och weiderhi seng Wichtegkeet hunn.

Am Ënnerscheed zwar zu der éischter Kanalisatioun, muss ee soen - dat war innerhalb vu siwe Joer geschitt, dat war e Wahnsinnsprojet a relativ séier -, ass hei den Ausbau vun de Schleisen op zwou Kummeren awer elo geplangt bis 2036, offiziell. Si wëllen awer bis 2030 dat duerchkréien, soudass eben d'Musel weiderhin an dem Transport vu Gidder, awer och allgemeng fir d'Schëfffahrt, den Tourismus e ganz wichtegt Element weiderhi wäert sinn.

An dofir sinn ech fäerdeg mam Rapport an ech gi gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den Här Aly Kaes.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun der CSV-Fraktioun dem Rapporteur e ganz grousse Merci soe fir deen detailléierte Rapport. Wann een en héieren huet, da gesäit een, datt e ganz verbonnen ass mat deem Waasser, wat jo heiansdo iwwert d'Sträng schléit an där Lokalitéit, wou e Buergermeeschter ass. Wann een also vun der Blees kënnt, da moosst ee sech net un, nach iergendeppes zousätzlech zu deem ze soen, wat de Rapporteur iwwert d'Musel gesot huet.

Duerfir géif ech mer erlaben, den Accord vun der CSV-Fraktioun ze ginn. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Kaes. Den Här Negri huet d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Jo, villmools Merci, Här President, an och villmools Merci un de Rapporteur Henri Kox fir säi flotten Exposé. Ech wëll just nach eng Kéier vläicht zwou Saache ganz kuerz ernimmen. Ech mengen d'Wichtegkeet vun dem Mäerterter Hafe fir eist Land, ekonomesch awer och mat der Interface op den Zuch, déi eis vill Méiglechkeete gëtt, a wéi de Rapporteur och elo grad gesot huet, virun allem a Bezuch op deen neie Projet, deen zu Beetebuerg stattfënnt, vum neie Containerterminal. Doduerch kritt och de Mäerterter Hafen zousätzlech weider Importenz, soudass och deen Hafen do muss gutt gefleegt ginn.

Dat Zweet, wat ech nach vläicht wëll soen, ass: Aus dem interregionale Parlament gëtt och ëmmer drop higewisen, dass deen Ausbau vun de Schleise ganz wichteg ass. Awer och en anere Problem, deen dobäi ëmmer net dierf vergiess ginn, dat ass dee vun der Ëmwelt, well bei de Schleise sammelt sech ganz vill Dreck, wann een esou ka soen, ganz oft Schwéiermetall. An do ass et och ganz wichteg, dass do den Entretien gemaach gëtt.

An deem Sënn géif ech den Accord gi vun eiser Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Negri. An d'Wuert huet den Här Gilles Baum.

M. Gilles Baum *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een un de Wuerentransport hei am Land denkt, da fält engem als Éischt emol de Findel an, an duerno, denken ech, de Projet vum Multimodal zu Beetebuerg, un deem jo am Moment ganz vill geschafft gëtt.

De Wuerentransport iwwert d'Musel ass awer net manner wichteg fir eist Land, besonnesch, well et sech ëm eng méi ëmweltfrëndlech Aart a Weis handelt, fir Wueren ze transportéieren.

Ee klenge Verglach: Fir eng Tonn Fracht ee Kilometer wäit ze transportéieren, stéisst e Fliger an der Regel 740 g Kuelendioxid aus. Dëse Wäert läit bei 59 g fir den Transport iwwert d'Strooss, 21 g beim Transport iwwert d'Schinnen an nëmmen 10 g fir de Wuerentransport iwwert d'Waasser.

Natierlech kënnt een net iwwerall mat engem Schëff hin, mä och hei soll een, wann d'Méiglechkeet besteet, konsequent op d'Multimodalitéit setzen an d'Schëffer do fuere loossen, wou et Sënn mécht.

D'lescht Joer sinn iwwer sechs Milliounen Tonne Wueren iwwert d'Musel transportéiert ginn. Et handelt sech besonnesch ëm Produiten aus der Land- an der Forstwirtschaft, Kären, awer och Kuel, Pëtrol a Produiten aus der Siderurgie.

Zu Mäertert um Hafe sinn d'lescht Joer 226 Schëffer belueden a 437 Schëffer entluede ginn. Ech mengen, dës Zuele weise ganz kloer, dass eis Musel e ganz wichtegen Träger ass fir de Cargotransport an et och weiderhi bleift. Besonnesch soll een awer och wëssen, dass mir ganz vill Wueren iwwert de Wee vum Mäerterter Hafen an iwwert d'Musel exportéieren. An ech wëll dës Kéier an op dëser Plaz ganz kloer soen, dass et op der Musel net nëmmen de Wäibau gëtt, och wann dee mir, esou wéi anere Kolleegen heibannen, ganz besonnesch um Häerz läit.

Besonnesch um Häerz läit mer awer och en anere Projet, op dee mer op der Musel laang gewaart hunn, an dat ass dee vun der Kläranlag. Abee, Enn 2017 soll déi Kläranlag endlech a Betrib goen an d'Ofwaasser aus de Gemenge Mäertert-Waasserbëlleg, Gréiwemaacher, Wuermer, Lenneng a Stadbriedemes klären. An ech mengen, domat wäert och d'Waasserqualitéit vun eiser Musel däitlech besser ginn.

Aner Projeten, wat de Persounentransport ugeet, si schonn oft beschwat gi respektiv an der Ëmsetzung. Ech denken hei un de Park & Ride zu Mäertert, awer och un e Projet vum Moselaufstieg, deen elo kuerz beschloss ginn ass an deen derfir wäert suergen, dass manner Autoen duerch d'Dierfer vun der Musel wäerte gondelen. Weider Park & Ride-Méiglechkeete mussen un der Grenz an awer och an Däitschland entstoen.

Och wat d'Waasser respektiv d'Ofwaaser ugeet, do gëtt scho méi laang grenziwwerschreidend geschafft. A mäi Kolleeg Lex Delles sot mer elo, dass just virun zwou Wochen en Accord vum Waassersyndikat ënnerschriwwe ginn ass, fir eng Noutwaasserleitung tëschent Däitschland, der Gemeng Perl, an dem Waassersyndikat vun de Gemenge Munneref a Schengen ze leeën.

Här President, hei am Land gëtt et nach ëmmer keng richteg legal Basis, wat de sougenannten „domaine public fluvial" ugeet. An de Mëtte geet et drëms, dëse legale Kader ze schafen, wat de Statut an och d'Gestioun vun eise Gewässer ugeet. Et geet drëms, de Wuerentransport iwwert d'Waasser nohalteg ze gestalten an och Sanktiounen auszeschwätzen, wa verschidde Leit sech net sollten un dat halen, wat se misste maachen.

Wat déi juristesch Detailer ugeet, verweisen ech op deen exzellente Rapport vum Kolleeg Henri Kox. An et ass richteg an et ass och wichteg, dass mer elo geschwënn eng zolidd gesetzlech Basis hunn, wat de Wuerentransport iwwert d'Waasser ugeet.

Dat gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zum virleienden Text. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Baum. Ech hunn am Moment keng weider Wuertmeldungen. Dann huet den Här Nohaltegkeetsminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, Merci dem Rapporteur an allen Deputéierte fir hir konstruktiv Bäiträg haut a virun allem och an der Kommissioun an deene leschte Méint zu deem Projet. Ech wëll déi schéin Harmonie hei net méi laang stéieren a soen, datt d'Regierung sech freet driwwer, datt dee Projet unanime ugeholl gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem François Bausch. A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6530.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6530 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hunn 59 Participatiounen um Vott an 59-mol Jo. Domat ass de Projet 6530 eestëmmeg ugeholl.

Ass d'Chamber bereet,…

(Interruption)

Jo, 60 Jo-Stëmmen, Merci. Domat hu mer d'Unanimitéit vun allen Deputéierten.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Mergen), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen zum nächste Punkt iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7019, deen eng ganz Rei vu Gesetzer an der Éducation nationale adaptéiert un d'Reforme vun der Fonction publique. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Claude Lamberty.

4. 7019 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 16 août 1968 portant création d'un centre de logopédie et de services audiométrique et orthophonique;

2. de la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée;

3. de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire;

4. de la loi modifiée du 1er décembre 1992 portant 1. création d'un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue;

5. de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

6. de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

7. de la loi modifiée du 22 mai 2009 portant a) création d'un Institut national des langues; b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise;

8. de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Claude Lamberty *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President,…

(Problème de sonorisation)

D'Reform vun der Fonction publique, déi d'lescht Joer a Kraaft getrueden ass, huet eng Rei Verännerunge mat sech bruecht, déi awer net einfach eent zu eent am Enseignement ëmzesetze waren.

D'Ziler vun där Reform deemools, déi ware relativ kloer. D'Fonction publique sollt méi modern opgestallt an der heiteger Zäit ugepasst ginn. D'Gestioun vum Personal grad wéi och de Bewäertungssystem fir all eenzelne Beamten an Administratioune ware Schlësselelementer vun där Reform. An deem Kontext ass de System vun der Gestion par objectifs agefouert ginn. Dëse System gëtt de Verwaltungen zousätzlech Moyenen, fir sech organisatoresch besser opzestellen an d'Personal ze encouragéieren, sech weider ze professionaliséieren.

Eng detailléiert „job description" definéiert d'Missioune vun all eenzelnem Beamten an no der Période de référence vun dräi Joer gëtt de Bilan vu senger Aarbecht gezunn. Dozou gehéiert dann och en individuellt Gespréich tëscht dem Beamten a sengem Virgesetzten. Duerch deen neie Système d'appréciation des performances professionnelles si véier Niveaue geschaaft ginn, fir d'Beamten no hirer Leeschtung ze bewäerten.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Erreecht de Fonctionnaire zum Beispill den Niveau 4, sou kritt hie fir seng gutt Aarbecht dräi Deeg Congé zousätzlech guttgeschriwwen. Ma och wann de Beamten dëse Sockel net erreeche sollt - dat ka jo emol sinn -, ass en awer frou ze wëssen, wou en drun ass a wat en an Zukunft ka besser maachen.

Dir gesitt, d'Reform ass wuel e Fortschrëtt, mä leider sinn déi nei Organigrammen, Programmes de travail an Eenzelgespréicher, déi am Kader vun där Reform opgetaucht sinn, net ganz einfach eent zu eent an der Schoul ëmzesetzen.

Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stëmmen dofir haut iwwer e Gesetzestext of, deen zwar d'Grondiddi vun där Reform bäibehält, mä einfach duerch spezifesch Mesuren de Beruffer am Enseignement Rechnung dréit.

Schonn duerch d'Gesetz vum 6. Februar 2009 gouf am Fondamental e sougenannten „PRS", e Plan de réussite scolaire, agefouert, deen déi mëttelfristeg Ziler vun der Schoul festleet. Dëse kann een duerchaus als Virreider vun den Aarbechtspläng gesinn, déi jo sechs Joer méi spéit duerch d'Reform vun der Fonction publique entstane sinn.

Net nëmmen am Fondamental, mä och a verschiddene Lycéeë goufen äänlech Pläng ausgeschafft. Am Ënnerscheed zum Fondamental oder dem Institut national des langues beispillsweis hunn dës Initiativen allerdéngs nach keng gesetzlech Basis gehat a waren éischter fräiwëlleger Natur. Dat gëtt mat dësem Projet de loi geännert.

An Zukunft sollen näämlech net nëmmen d'Lycéeën, mä och de Service vun der Édiff, de Centre de logopédie, de Centre nationale de formation professionnelle continue esou e Plang ausschaffen, fir sech ebe besser ze strukturéieren a sech selwer festgeschriwwen Ziler ze setzen, déi de jeeweilege Besoine vun de Strukturen ugepasst sinn.

Och wann dës Pläng deelweis am Projet de loi anescht genannt ginn, zum Beispill PDC fir e Plan de développement du centre oder PDI fir den Institut des langues, sou deele se awer all déi nämlecht Objektiver. Si ginn dann, wéi gesot, den Equivalent zu den Aarbechtspläng, déi am Rescht vun der Fonction publique gëllen.

Déi interessant Fro ass elo: Wourëm handelt et sech ganz genee bei dëse Pläng? An dëse Pläng - am Fall vun de Lycéeë PDS oder Plan de développement de l'établissement scolaire genannt - sollen d'Profiller vun de Schoulen dokumentéiert an och développéiert ginn. Si droen deene spezifesche Besoine vun all eenzelner Schoul Rechnung. Si leeë mëttelfristeg Ziler fest a beschreiwen och, mat wéi enge Moyenen de Lycée oder aner schoulesch Strukturen dës Ziler an Zukunft wëllen a kënnen erreechen.

D'PDS, also déi Pläng iwwert den Développement vun der jeeweileger Schoul, gëllen iwwer en Zäitraum vun dräi Joer a gi vun der neier Cellule de développement scolaire a vum Conseil d'éducation ausgeschafft. No der Ausschaffung gi se vun der Conférence du lycée aviséiert a mussen da vum Direkter approuvéiert an zum Schluss vum zoustännege Minister arrêtéiert ginn.

Fir déi Pläng esou participativ wéi méiglech op d'Been ze stellen, ginn déi Cellules de développement scolaire an d'Liewe geruff. Dës Cellule setzt sech aus Memberen aus der Direktioun a Membere vun der Conférence du lycée zesummen. D'Missioune besti gréisstendeels doranner, déi schoulesch Donnéeën ze analyséieren, se ze interpretéieren, d'Besoine vum Lycée ze determinéieren, Strategien auszeschaffen, eng Charte scolaire an e kloert Profill vum Lycée ze definéieren, d'Kommunikatioun no bannen an awer och no baussen ze assuréieren an d'Schwéierpunkter vun der Formation continue an de jeeweilege Gebaier ze definéieren.

Et ass also kloer e Schrëtt an déi richteg Richtung, fir de Schoulen hir Autonomie ze stäerken, fir ënnerschiddlech Schoulgebaier fir ënnerschiddlech Schüler ze kréien.

Eng weider Upassung vun dësem Projet de loi betrëfft d'Eenzelgespréicher mam Virgesetzten, déi ech virdrun ugeschwat hunn. Vu dass d'Schoulen net mat klassesche Servicer vum Stat vergläichbar sinn, déi reng administrativer Aarbecht noginn, gëtt proposéiert, dës Entretiens individuels duerch en Entretien collectif am leschte Joer vum PDS ze ersetzen. Do dernieft kéint ee sech schwéier en Direkter virstellen, deen all dräi Joer Eenzelgespréicher mat allen Enseignanten an de Schoule géif halen, well ech mengen, dat géif extrem vill Zäit kaschten, déi verluer wär, fir kënnen aner Aufgaben an der Schoul ze iwwerhuelen.

Här President, ech hunn och virdrun de Bewäertungssystem ugeschwat, wou ee jee no Leeschtung a Bewäertung als Fonctionnaire jo zousätzleche Congé ka guttgeschriwwe kréien. Och dës Ännerung ass schwiereg am Enseignement ëmzesetzen, well d'Enseignantë jo mat festgeluechten Tâchë schaffen a sech net einfach kënnen zum Beispill matzen an der Woch eng Kéier en Dag Congé huelen. D'Schüler géif et vläicht freeën, mä et wär sécherlech net am Sënn vun der Schoulorganisatioun.

Fir d'Enseignanten awer net ze benodeelegen, setzt de Projet de loi dofir de gesetzleche Kader, fir dass och am Enseignement e Méchanisme de reconnaissance a Kraaft kann trieden. Dëse gëtt duerch e Reglement festgehalen a wäert aus zousätzlechen Déchargë fir d'Beamte kënne bestoen.

Madamm Presidentin, fir weider Detailer zu dësem Projet de loi verweisen ech gären op mäi schréftleche Rapport. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Rapporteur Claude Lamberty. Als éischt ageschriwwe Riednerin hunn ech d'Madamm Martine Hansen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin, an och Merci dem Här Lamberty fir den ausféierleche Rapport. Mat dësem Projet de loi gëtt sech elo am Beräich vun der Éducatioun mat der Reform an der Fonction publique konform gesat.

Ech fänken emol mat deem Punkt un, dee mir als CSV begréissen. D'Schoulentwécklung kritt mat dësem Projet de loi eng gesetzlech Basis. De Schoulentwécklungsprozess ass absolutt noutwendeg fir d'Qualitéitssécherung an d'Qualitéitsentwécklung an de Schoulen, a virun allem wa mer wëllen de Schoule méi Autonomie ginn.

Schoulentwécklung muss u sech ëmmer en dynamesch lafende Prozess sinn, well wann ee bis eemol domadder ophält, dann ass et esou, wéi wann ee géif géint de Stroum rudderen. Da gëtt ee relativ séier zréckgedriwwen.

Schoulentwécklung kann och net vun uewen erof diktéiert ginn. Si muss an der Schoul selwer geschéien. D'Leit aus der Schoul musse sech mat hirem Schoulentwécklungsplang identifizéieren an esou och d'Verantwortung dofir droen. An deem Sënn ass et ze begréissen, datt en Entwécklunsprozess an alle Schoulen, Lycéeën, Centrë soll institutionaliséiert ginn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, da kommen ech zu deene Punkten, déi eis net esou staark begeeschteren, wou mer awer wëssen, datt si zum Deel Bestanddeel vum Accord mat der Féduse an dem SNE sinn.

Éischtens, an der Éducatioun gëtt deen an der Fonction publique virgesinnenen Entretien individuel duerch en Entretien collectif am leschte Joer vum Plan de développement scolaire - ech nennen et elo emol einfach esou, en heescht jo heiansdo anescht -, deen dräi Joer leeft, dann ersat. Sou eng Conférence spéciale u sech mat deenen eenzelne Fachberäicher ass et schonn ëmmer ginn.

Dann, fir déi berufflech Performancë vum Enseignement ze appréciéieren, ass et laut Ministère, wéi gesot, net méiglech, regelméisseg eenzel Mataarbechtergespréicher ze féieren, sou wéi dat am Allgemengen an der Fonction publique elo wäert üüblech sinn. Den Enseignant gëtt dann zweemol a senger Carrière evaluéiert, eng Kéier no zwielef an eng Kéier no zwanzeg Joer. Dës zwou Kéiere sollen dann och Entretien-individuelle stattfannen. Also all dräi Joer en Entretien collectif an zweemol an der ganzer Carrière en Entretien individuel mat uschléissender Bewäertung.

Dir Dammen an Hären, et ass zimlech fragwürdeg, ob esou en anstännege Personalmanagement méiglech ass. Deen ass awer an eise Schoulen, Lycéeën, Instituter an esou weider genausou wichteg wéi an anere Betriber. De Statsrot huet sech ënner anerem gefrot, wéi dann den Enseignant kéint opgrond vu kollektive Gespréicher beuerteelt ginn. An ech wëll lech aus Erfahrung soen, datt et, au contraire zu deem, wat am Projet de loi als Erklärung steet, ganz wuel méiglech ass, regelméisseg Mataarbechtergespréicher ze féieren, an dat och net, esou wéi den Här Lamberty gesot huet, verlueren Zäit ass. Et ass duerchaus sënnvoll an noutwendeg, fir där Mataarbechtergespréicher ze féieren.

D'Zil vun esou engem Entretien soll jo schliisslech d'Qualitéitsentwécklung sinn an et soll keng Strof fir den eenzelne Fonctionnaire sinn an et soll och net als dat empfonnt ginn.

Dir Dammen an Hären, als CSV si mer also net ganz begeeschtert vun dësem Projet de loi, mä mir sinn eis, ech hunn et scho gesot, bewosst, datt et en Accord ass mat de Gewerkschaften. Mir kënnen akzeptéieren, datt den Enseignantsberuff e spezifesche Beruff ass an datt et schwéier ass, regelméisseg Entretienen duerchzeféieren. Dofir hate mer och de Rapport gestëmmt.

Mä et ass awer schwiereg ze verstoen, datt dat administratiivt Personal an de Schoulen, den Instituter, der Édiff, och ënnert dës Ausnam fält. Am Projet de loi steet näämlech, datt den Entretien individuel duerch en Entretien collectif géif ersat gi fir den «personnel enseignant, socio-éducatif et administratif». Dat ass mer eréischt elo opgefall, dat ginn ech gären zou, do fält mer keen Zack aus der Kroun, well ech hu keng un.

Et stelle sech do awer eng Partie Froen: Wéi en Ënnerscheed gëtt et tëschent der Aarbecht vun der Sekretärin an de Schoulen, dem Huissier an de Schoulen an deenen a soss enger Verwaltung? D'Fonction publique wäert och do keen Ënnerscheed gesinn: Si hunn näämlech dës Aarbechtspläng schonn an d'Schoule geschéckt als Basis fir déi individuell an net déi kollektiv Gespréicher. Wéi sollen déi och kollektiv oflafe mat ënnerschiddlechen Aarbechtspläng?

Ass et net konträr zum Prinzip vun der Egalitéit, wann dat administratiivt Personal aus de Schoulen anescht behandelt gëtt wéi dat administratiivt Personal a soss enger Verwaltung? Wat geschitt mam technesche Personal? Gëtt dat dann an de Schoulen elo anescht behandelt wéi dat administratiivt Personal an de Schoulen? Well fir déi ass keng Ausnam virgesinn.

Den Här Minister sot de Moien awer: „Mir wëllen d'Schoul als Ganzt gesinn." Als Erklärung fir d'Ausnameregelung bei der Ëmsetzung vun der Reform gëtt och ëmmer nëmmen déi speziell Situatioun vum Enseignant genannt. Vun deem anere Personal geet ni rieds.

E puer Beispiller: Am Exposé des motifs steet, datt den Entretien individuel sech géif perfekt eegne fir e Fonctionnaire mat enger administrativer Tâche, mä awer nëmme schlecht mat der Tâche vun engem Enseignant machbar wär. Am Rapport zum Projet de loi steet, well fir den Enseignant kee Plan de travail individuel existéiert, muss d'Mataarbechtergespréich ersat ginn duerch en Entretien collectif. Aus dem Procès-verbal vum 18. Oktober: D'Contributioun vum Enseignant zum Programme de travail vu sengem Gebai kann net appréciéiert ginn, duerfir gëtt den Entretien individuel duerch en Entretien collectif ersat. Also ëmmer nëmmen d'Erklärung fir den Enseignant.

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt keng aliichtend Erklärung, firwat och fir dat administratiivt Personal am Enseignement mussen Ausname

gemaach ginn. Entweder mir stinn hannert dem Prinzip vun de Mataarbechtergespréicher an der Evaluatioun - an da wann ech gelift iwerall do, wou et machbar ass -, oder ebe mir stinn net dohannert. Mä ech hoffe jo, datt d'Majoritéit och nach hannert der Reform vun der Fonction publique steet.

Wa mer dat also fir den Enseignant kënnen akzeptéieren, esou kënne mer dat net fir de Rescht vum Personal! An dofir stëmme mer géint dëse Projet de loi.

Well ech awer dovunner ausginn, datt de Projet de loi trotzdeem gestëmmt gëtt, a well mer dovunner iwwerzeegt sinn, datt de Personalmanagement wéi och de Schoulentwécklungsprozess e wichtegen Deel vum Schoul- a Qualitéitsmanagement sinn, dofir déposéieren ech am Numm vun der CSV eng Motioun, an där mer d'Regierung opfuerderen, fir souwuel de Schoulentwécklungsprozess, d'Instrumenter an esou weider, wéi och den Evaluatiounsprozess vun de professionelle Kompetenzen ze evaluéieren a gegebenenfalls Verbesserungsvirschléi ze maachen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que les écoles, les lycées, l'Institut national des langues, les services de l'Éducation différenciée, le Centre de logopédie et le Centre national de formation professionnelle continue doivent s'engager dans un processus continu de développement de la qualité scolaire à travers un plan pluriannuel;

- convaincue que le développement continu de chaque établissement constitue un élément primordial pour pouvoir garantir et améliorer la qualité de l'enseignement;

- notant que la gestion du personnel est un élément clé de la gestion des établissements scolaires;

- considérant que le présent projet de loi n°7019 précise que pour l'article 4 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État, les entretiens individuels sont remplacés par un entretien collectif ayant lieu pendant la dernière année scolaire de la réalisation du plan de développement scolaire, plan qui correspond à la période de référence de trois années;

- constatant que selon le procès-verbal de la réunion de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, en date du 18 octobre 2016, Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale fait savoir qu'un agent de l'Éducation nationale est, au cours de sa carrière, sujet à deux procédures d'évaluation des compétences professionnelles, en plus de l'entretien collectif susmentionné, et ce après douze ans et vingt ans d'ancienneté respectivement;

invite le Gouvernement

- à procéder à une évaluation du processus de développement de la qualité scolaire (instruments et moyens mis à disposition, impact, etc.);

- à procéder à une évaluation du processus d'évaluation des compétences professionnelles du personnel dans les écoles, les lycées, l'Institut national des langues, les services de l'Éducation différenciée, le Centre de logopédie et le Centre national de formation professionnelle continue (entretiens collectifs, entretiens individuels, critères d'évaluation, etc.);

- à présenter, le cas échéant, des propositions d'adaptation.

(s.) Martine Hansen

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Madamm Hansen. Ech hunn elo hei den Här Lamberty nach op der Lëscht. Här Lamberty, intervenéiert Dir nach eng Kéier elo?

M. Claude Lamberty *(DP), rapporteur.*- Jo, ech wollt just eng Kéier vläicht dat preziséieren zu deem, wat d'Madamm Hansen elo gesot huet: Ech hunn net gesot, oder ech hunn op jidde Fall net geduecht - ech hoffen, Dir hutt dat net esou verstanen -, dass mer domadder verlueren Zäit hätten, mä dass dat ganz vill Zäit anhëlt, déi verluer geet, fir aner Saachen an der Schoul ze maachen. An ech mengen, genee Dir wësst jo, wéi vill Aufgaben an der Schoul och eng Direktioun muss maachen.

Also, ech wëll dat ganz kloer nach eng Kéier preziséieren, dass déi Zäit soll agesat ginn, fir kënnen déi deeglech Aufgaben an der Schoul ze iwwerhuelen, an net déi vill Zäit, déi dropgeet, wann ee mat all Enseignant - a besonnesch a grousse Gebaier sinn dat der wierklech vill - misst der asetzen, fir den Entretien individuel ze maachen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Gutt. Merci, Här Lamberty.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech muss aus Erfahrung soen, datt et eppes bréngt an datt et keng verlueren Zäit ass!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Okay, Madamm Hansen. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Georges Engel.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mir géifen den Accord hei gi fir dëse Gesetzesprojet.

Et ass eng Adaptatioun, wéi dat virdrun och gesot ginn ass, vun aacht Gesetzestexter. Et ass en Accord och mat de Syndicaten op dësem Punkt do. Et sinn eng Rei vun Dispositioune fir d'Aarbecht an de Schoulen - fir d'Bilanen ze maachen, fir d'Gestion par objectifs ze maachen, fir d'Appréciatioun vun deenen eenzelne Leit ze maachen -, wat awer eng aner Situatioun ass wéi vläicht an deenen anere Fonctionnairesberuffer.

An dofir stëmme mer deem heite Projet zou. Dat wäert eng Vereinfachung ginn an deem sief dann och hei Rechnung gedroen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Här Engel. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Mir hunn et, wéi den Här Engel grad richteg gesot huet, eigentlech mat enger Loi ze dinn - intern, mengen ech, ass se „loi fourre-tout" genannt ginn -, wou ganz...

Une voix.- Jo.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- ...wou ganz vill Klengegkeeten ugepasst ginn un d'Reform, déi mer an der Fonction publique haten. Ech hat och d'Chance, wéi mer doriwwer diskutéiert hunn, d'Kommissioun ze presidéieren. Ech war esou eppes wéi en Alterspresident, well souwuel de President wéi de Vizepresident entschëllegt waren. Ech muss awer da soen, den Alterspresident bezitt sech op d'Déngschtjoren hei am Haus, net onbedéngt just op den Alter, soss hätt ech vläicht net gewonnen.

Mir bréngen och den Accord zu dësem Projet de loi. Ech wëll och dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Ech ginn op e puer eenzel Punkten an.

Op d'Wichtegkeet vun engem PRS oder PDS, wéi een en ebe wëllt nennen, ass scho vu menger Virriednerin, vun der Madamm Hansen, higewise ginn. Et kann ee sech eigentlech froen, wéi d'Schoul an der Zäit fonctionnéiert huet, wéi mer nach kee Plan de développement scolaire haten. Ech mengen, datt et logesch ass fir all Betrib, deen en dynameschen Organismus ass, datt ee sech Leit dohinnerstellt a fir d'Eischt emol analyséiert, wat ee mécht an a wéi eng Richtung datt et geet.

Ech hu mech fir d'Éischt e bësse gewonnert, datt de Centre de logopédie e PDS kréich an net e PRS. Ech mengen, d'Erklärung ass awer och relativ einfach, well de PRS an der Primärschoul ass an am Centre de logopédie gi Schüler selbstverständlech vun allen Altersschichte betreit, vun der Spillschoul bis an de Lycée eran. Mä déi meescht ginn awer, besonnesch och wat den Dépistage ugeet, an der Spillschoul gekuckt. Dat sinn iwwregens iwwer 6.000 Schüler an engem Joer, déi d'Professeren aus dem Centre de logopédie betreien.

Ech mengen awer verstanen ze hunn, datt de PRS souwisou och allgemeng ëmgeännert gëtt an e PDS. An et mécht och Sënn, datt net e Centre de logopédie oder all Centre d'éducation différenciée nach eng aner Form vu Plan de développement scolaire mécht. Duerfir wäerte mer iergendwann eng Kéier an noer Zukunft allgemeng op de System vum PDS erauskommen. An ech mengen, datt dat och gutt ass a wichteg ass.

Et ass hei ugeschwat ginn, wat d'Mataarbechtergespréicher ugeet. Ech mengen, Mataarbechtergespréicher si wichteg. An ech verstinn dat och net esou, datt, wa mer hei net festhalen, datt se musse mat jiddwerengem Eenzelne gefouert ginn, mengen ech, zweifelt awer keen heibannen drun, datt ee selbstverständlech och als Direktioun emol kann e Mataarbechter, besonnesch dann, wann et néideg ass, zu engem Mataarbechtergespréich invitéieren a mat deem iwwert déi Punkten diskutéieren, déi ze diskutéiere sinn.

En aneren Aspekt, dee mir an deem Gesetz hei och wichteg ass: Mir maachen eigentlech och nach eng Dier op fir de Professeur en pédagogie spécialisiée. An do ass e bësselche meng Fro, mir hu jo de Professeur d'enseignement logopédique, ob mer dann och déi aner Professeren... Ginn dat elo just Professeren, déi eng Spezialitéit hunn, oder nenne mer déi Spezialitéit och no deem, wat se kënnen? Mir brauchen e Professeur spécialisé en déficience visuelle oder déficience caractérielle oder déficience mobilité. Oder bleiwe mer just bei deem engen Uewerbegréff: wéi mer de Professeur de langues hunn, hu mer de Professeur spécialisé?

Et wier op alle Fall flott, wa mer géifen do e Gläichgewiicht kréien, wa mer alleguerten déi Leit, déi eng spezialiséiert Tâche kréien, och géifen d'selwecht behandelen, net datt mer op eemol déi eng Säit Professeurs d'enseignement logopédique hunn an dann déi aner sinn einfach just Professeurs spécialisés. Et wier scho flott, wa mer do eng Linn géifen drakréien an drabehalen.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Adam. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Madamm Presidentin. Och Merci un den Här Rapporteur, den Här Lamberty, deen eis hei de Projet presentéiert huet.

Ech hu mech gewonnert, datt d'Demokratesch Partei dëse Projet presentéiert, well an dësem Projet ass eigentlech iwwerhaapt näischt liberal, mä et ass alles sozialistesch! Et ass e Projet, deen op de Wee geet vum Kollektivismus, vu Bürokratie, vun Ongerechtegkeeten, vu Gruppendenken do, wou den Individuelle soll zielen. An et ass eigentlech alles wéi net liberal, alles wéi net déi Philosophie, déi déi Demokratesch Partei u sech soll vertrieden.

Ech wëll ufänke mat vläicht engem Kommentar iwwert d'Bürokratie. Mir hunn hei e Plan de réussite scolaire, e Plan de développement scolaire, alles pluriannuel, schwéier bürokratesch Prozeduren, déi hei ageféiert ginn. Eng Schoul, déi sech wëll entwéckelen, brauch kee Gesetz, fir hir ze soen, wéi ee Plang oder wéi eng Démarche se soll aschloen, fir hir Qualitéit oder fir hiert Konzept ze entwéckelen. Dofir brauch ee kee Gesetz, dofir brauch een e motivéierte Corps enseignant! An ech mengen, domadder wär et gedoen.

Mä mir hunn hei och ëmmer méi e grousse Waasserkapp am Ministère de l'Éducation nationale. Mir hunn eng Agence de qualité, déi déi Pläng da kuckt, an da muss dat vum Minister approuvéiert ginn. Elo schwätze mer iwwer en Observatoire national de la qualité scolaire. Alles dat dréit bäi zu enger Entwécklung vun engem risege Waasserkapp! Mä a Wierklechkeet: Wat kënnt dobäi eraus?

Mir hate virdrun iwwer - an eisen Aen op jidde Fall, Här Minister - eng Médiocritéit bei de PISA-Resultater geschwat. Mir hunn zënter Joren en Nivellement vers le bas an eise Schoulen. A mir kënnen administrativ Waasserkäpp bauen an der Éducation nationale, mä dorëm geet et net. Et geet drëm, datt mer endlech eis jonk Leit esou gutt wéi méiglech op d'Liewe virbereeden. An dëst Gesetz dréit näischt dozou bäi!

Dat Zweet, wat mer musse soen, ass déi Approche vum Kollektivismus. Dann ass hei déi Iddi ageféiert ginn - d'Virriedner hu se beschriwwen, ech wëll et net widderhuelen -, datt eigentlech kaum méi individuell mat den Enseignantë geschwat gëtt - zweemol an enger ganzer Carrière! - an dann déi kollektiv Gespréicher ageféiert ginn.

Dat erënnert mech un d'Kulturrevolutioun a China, un aner Saachen, déi mer kannt hunn an der Geschicht. Mä et ass op jidde Fall net de Prinzip vum Respekt virum Eenzelnen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

A wann den Här Adam och seet: „Natierlech kann en Direkter en Eenzelnen nach invitéiere fir e Mataarbechtergespréich", do si vläicht Eenzelner, déi sech do a legisteschen oder anere juristesch Considératiounen och refugiéieren, fir dat vläicht net ze wëllen. Tatsaach ass, datt och deen eenzelnen Enseignant fir sech e Plan de travail mécht. Tatsaach ass, datt deen Eenzelne muss d'Geleeënheet kréien, iwwer seng Leeschtung mat sengem Direkter oder Inspekter ze diskutéieren.

A wann deen Direkter oder Inspekter sech enger Kollektivitéit géintiwwer gesäit, dann ass vläicht gruppendynamesch scho virprogramméiert, datt en déi besonnesch gutt bewäert, well e wëll sech jo wahrscheinlech net den Onwëlle vun dem ganze Corps enseignant, Corps administratif an aneren an der Schoul zouzéien!

Soudatt eleng schonn aus deenen Iwwerleeungen eraus muss virausgesat ginn, datt wahrscheinlech déi Bewäertungen ëmmer um Niveau 4 mat der Zäit wäerte landen, well et kaum anescht geet, wann ee wëllt nach mat Leit zesummeschaffen, an datt also eigentlech d'Iddi selwer vum Mataarbechtergespréich hei ënnerhielegt gëtt duerch e Belounungsmechanismus, duerch eng Kollektivitéit, déi par nature ongerecht ass: Well dee Schwaachen oder Onwëllege gëtt matgeschleeft, an dee Gudden, deen Exzellenten, dee gëtt net méi esou considéréiert oder belount, wéi en et eigentlech verdéngt.

An domadder wäre mer scho bei där nächster Considératioun, bei der Belounung. Ass et dann net widdersënneg, datt en Enseignant, dee besonnesch gutt Schoul hält, dee besonnesch gär Schoul hält, deen dat esou mécht, datt en en Niveau 4 géif verdéngen, och nach doduerch - an Anführungsstréicher - „belount" gëtt, datt en da manner Schoul soll hale wéi virdrun? Wëll en dat iwwerhaapt? Ass dat dann déi Belounung, déi ee sech fir sech virstellt, wann ee besonnesch motivéiert ass? A geet dee Genre Belounung net schlussendlech op Käschte vun de Schüler, wann eigentlech dann d'Tâche vun deene reduzéiert gëtt, déi besonnesch exzellent sinn?

Dat ass e Modell, deen administrativ gebuer ass, mä deen dach vu sengem Konzept hier net kann iwwerzeegen!

Wann een da wëllt higoen: Firwat dann net eng aner Form vu Belounung erfanne wéi ausgerechent eng, déi dat soll reduzéieren, wat am beschte gemaach gëtt?

An dann och d'Terminologie! Natierlech si mer frou, datt e Pädagog, also d'Pédagogie spéciale hei nach eng Kéier opgewäert gëtt. Dat kann a viller Hisiicht ganz wichteg an nëtzlech sinn.

Mä op anere Plaze féiere mer awer och hei eng Terminologie an, déi och an eise Gesellschafte kaum hir Plaz huet: „Comité de la conférence du Lycée". Ech géif dem Här Minister dann direkt recommandéieren, den Zentralcomité vun de Schoulen anzeféieren, well esou vill Sozialismus wéi an dësem Projet, dat hu mer scho laang net méi an dëser Chamber gehat!

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet den Éducatiounsminister d'Wuert, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, also wann dat heiten elo den Anzoch vum Sozialismus an eis Schoulen ass, Här Kartheiser, da kann ech Iech soen, da sinn ech eben och Sozialist bei dësem Gesetz.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.- Dë*st ass en, dëst ass en...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Endlech gitt Der et zou!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, da sinn ech fir haut de Mëtteg da Sozialist, an dozou...

(Brouhaha)

...stinn ech och. A firwat stinn ech dozou an dësem Kontext? Ech si fir d'Alleréischt frou, datt et méiglech war, hei eng Schoul net als eng normal Verwaltung ze gesinn. D'Schoul ass en Deel vun der Fonction publique. Déi allermeescht Leit, déi an der Schoul intervenéieren, fonctionnéieren no de Regele vun der Fonction publique. Trotzdeem hu mer ganz aner Zilsetzunge wéi aner Verwaltungen. Awer grad, wann et dann drëms geet, ëm Evaluatioun, ëm d'Performance ze moossen, musse mer, denken ech, do och aneschters kënne virgoen.

Ech si frou, datt mer et fäerdegbruecht hunn, datt hei och an der Schoul weiderhi pädagogesch Iwwerleeungen dominéieren an net verwaltungstechnesch Iwwerleeungen, déi eigentlech an enger Steierverwaltung an an anere Verwaltunge vläicht absolutt Sënn maachen, hei eent zu eent transposéiert gi sinn.

Da sinn ech frou - an da komme mer zum Sozialismus, Här Kartheiser -, datt mer et fäerdegbruecht hunn hei, fir wierklech eng „whole school approach" hinzekréien, datt mer net an de Schoule lauter Ich-AGen hunn, wou jidderee fir sech schafft, jidderee just seng Aarbecht gesäit, mä datt mer och do dat Ganzt gesinn, wou mer gesinn, wéi eng ganz Schoul sech

kann entwéckelen, an datt och jidderee säint dozou bäizedroen huet, den Enseignant, dat edukatiivt Personal, e SPOS an och en administratiivt respektiv technescht Personal, wat och iergendzwousch do mat säint muss leeschten, datt dat eben net nëmmen den eenzelnen Enseignant viru senge Schüler, viru senger Klass ass, mä eng ganz Schoul, déi sech kollektiv dann och Ziler setzt.

Well mir hätte gären, datt e Schoulentwécklungsprozess breet gedroen ass, datt net jidderee säin eegene Schoulentwécklungsprozess huet, mä datt dat eng Diskussioun ass tëschent deenen, déi dozou professionell musse bäidroen, den Enseignanten an deem anere Personal, mat anere Schoulpartner zesummen, sécherlech enger Direktioun, den Elteren an och virun allem de Schüler, datt ee sech do zesummen Ziler setzt an och zesummen da kuckt, déi Ziler do ze erreechen a wärend dräi Joer dohinnerzeschaffen.

Dat ass op jidde Fall meng Virstellung vu Schoulentwécklung. Dat anert kann ech mer net virstellen, datt jidderee weider just fir sech seng Ziler setzt a jiddereen an déi Richtung geet, wéi en dat dann nun ebe grad emol fir richteg fënnt. Do komme mer sécherlech als ganz Schoul net virun.

Duerfir sinn ech frou, datt mer d'Geleeënheet konnten notzen, wéi äänlech Entwécklungsprozesser an der gesamter Fonction publique elo agefouert goufen, déi eigentlech och als Basis ze huele fir Entwécklungsprozesser, déi och am Secondaire scho bestanen hunn, näämlech de Plan de développement scolaire, och iwwert d'Organisatiounsform vun der Cellule de développement scolaire do kloer ze regelen, datt mer net herno zwou verschidde Base-légallen hätten, zwee verschidde Prozesser niewenteneen hätten, mä datt mer déi hei an ee Prozess kënnen eraféieren.

An do maache mer hei eppes, wat eigentlech elo eng „simple transposition" vun enger Reform an der Fonction publique an den Domän vun der Éducatioun wäit iwwerschreit!

Mir kënnen eis jo awer nach un déi Diskussiounen erënneren, déi mer virun enger Rei vu Joren haten iwwert d'Secondairesreform. Do war dat heiten, d'Notioun vun der Schoulentwécklung an och d'Struktur, déi mer der Schoulentwécklung ginn am Secondaire, an den eenzelne Lycéeën, awer e grousse Punkt, deen och zu Konflikter gefouert huet an dee laang ëmstridde war. An dat féiere mer awer elo heimadder an. Dat ass eigentlech e Kärstéck vun der Reform am Secondaire, déi mer de Mëtteg hei stëmmen, a bei Wäitem eben net nëmme méi just eng Transpositioun vun enger Reform an der Fonction publique an eis Lycéeën eran.

Mir féieren dann och mat dësem Gesetz e wichtegt Instrument an, wat d'Autonomie vun de Schoulen, de Lycéeën an och deenen aneren Instituter, déi direkt hei am Gesetz matbehandelt goufen, soll strukturéieren, op eng ganz kloer Basis setzen, d'Responsabilitéit vun deenen Autonomieprozesser och nach eng Kéier kloer soll definéieren, wie wat zu wat fir engen Décisioune soll kënne bäidroen.

Ech bleiwen och duerfir der Meenung - well ech soen, eng ganz Schoul soll sech entwéckelen -, datt et hei méi wichteg ass, datt d'Schoul d'selwecht behandelt gëtt an d'Personal vun der Schoul d'selwecht behandelt gëtt, egal ob een elo Enseignant ass, ob een Éducateur ass, ob een am SPOS schafft oder an enger technescher, administrativer Équipe.

Duerfir mengen ech, datt et wichteg ass, datt mer do net nach eng Kéier iergendzwousch eng kënschtlech Trennung gemaach hunn a gesot hunn: „Déi dote sinn dann éischter fir pädagogesch Iwwerleeungen an Aarbechten zoustänneg, déi éischter fir administrativ Aarbechten." Och déi sinn direkt mat responsabel, fir datt d'ganz Schoul fonctionnéiert, an och déi hunn hir Aufgab ze iwwerhuelen, fir datt e Plan de développement scolaire ka réusséieren, an och déi gi mat consultéiert an der Opstellung vun deem Plan de développement scolaire. Dat huet also hei absolutt seng Kohärenz.

An ech denken net, datt een hei elo nach eng Kéier queesch duerch d'Schoulen zwou Kategorië vu Personal muss definéieren: eng, déi nom Schoulrhythmus leeft, an eng, déi an engem administrative Rhythmus an och am Bewäertungsrhythmus leeft.

Une voix.- Et sinn awer verschidde Métieren!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Wéi déi Gespréicher do stattfannen, denken ech, datt mer dat an den nächste Méint musse kucken. Mir ginn dovunner aus, datt, och wann dat Gesetz hei de Mëtteg gestëmmt gëtt, d'Schoulen eng Virlafzäit hunn nach iwwert dat ganzt nächst Schouljoer eraus, datt mer eréischt bei der Rentrée 2018 d'Plans de développement scolaire wäerte virleien hunn, déi dann an d'Ëmsetzung kommen, an datt dann och deen Evaluatiounsprozess hei wäert ulafen.

Da si mer och en ligne an en phase mat deem Dräijoresrhythmus, deen och an den aneren Administratioune generell an der Fonction publique gëllt. An do wäert all Direkter vun de Schoule respektiv vun den Instituter natierlech kucken, wéi e sech do an esou engem Gebai och wäert organiséieren.

Ech mengen net, datt déi kollektiv Gespréicher alleguerten esou musse sinn, datt do vum Rengegungspersonal bis hin zum Attaché à la direction jiddereen zesummen an engem grousse Sall muss sëtzen. Ech denken och, datt een do Gespréicher ka féieren, déi zwar nach ëmmer kollektiv sinn, mä mat eenzelne Gruppe vum Personal. Dat, denken ech, ass alles méiglech, och mat dësem Gesetz. Mä do muss een awer och e bëssen de bon Sens an d'Responsabilitéit vun den Direkteren, mengen ech, mat considéréieren.

An och, wa mer hei festschreiwen, wéini Evaluatiounsgespréicher, och individuell Evaluatiounsgespréicher stattzefannen hunn, fir dann och ze kucken, an där virgeschriwwener Evaluatiounsprozedur do eng Bewäertung ze maachen, déi jo och positiv Konsequenzen herno fir den eenzelnen Agent kann hunn, entbënnt dat sécherlech net den Direkter, fir mat senger ganzer Équipe ze communiquéieren, ze schwätzen.

Ech ka mer net virstellen, datt een als Direkter sech a säi Büro sëtze geet a just waart: „Wéini ass den nächsten Zäitpunkt, wou ech en Evaluatiounsgespréich mat engem vun den Agente ka féieren? Ah, et sinn nach zwee Joer! Da muss ech elo waarden, bis ech em dat dote ka soen." Dat ass jo sécherlech net dat, wat heimadder gemengt ass!

Mir hunn da gesetzlech virgeschriwwen Terminer an der Evaluatiounsprozedur. An et ass eng vum Direkter senge Kärresponsabilitéiten, fir och eng Inspektioun vu sengem Personal ze maachen, fir och emol heiansdo an de Klassesall era kucken ze goen an dann och dozou seng Meenung ze äusseren, wéi d'Stonn gehale ginn ass, an natierlech och Ried an Äntwert ze stoen, wann en Agent, sief dat e Professer oder en aneren, emol eng Kéier eng Fro huet. Dat gehéiert dozou, wann een eng Schoul wëllt dirigéieren. Duerfir soll keen esou maachen, wéi wann dat elo heimadder absolutt net méi méiglech wär. Dat war gewënscht virun haut de Mëtteg, a wäert och, wa mer dat Gesetz hei stëmmen, duerno nach gewënscht sinn.

D'CSV huet eng Motioun erabruecht. Ech hätt verstanen, datt ee vläicht gesot hätt: „Mir stëmmen dat dote Gesetz. Mir wären awer frou, wa mer do nach iergendzwousch duerno nach eng Kéier kéinten driwwerkucken: Wéi gëtt et dann och ëmgesat?" D'CSV seet awer: „Mir stëmmen dat dote Gesetz net. Mir mussen awer dann nach eng Motioun erabréngen." An ech fannen eigentlech an där Motioun elo näischt, wat wierklech hei d'Chamber nach eng Kéier muss fuerderen.

Ënner anerem hu mer e Gesetzesprojet hei an d'Haus abruecht fir en Observatoire de la qualité scolaire, dee sech sécherlech och wäert der Aufgab vun de Prozesser an der ganzer Éducatioun unhuelen, och den Evaluatiounsprozesser, iwwerhaapt der Qualitéit och vun all deem, wat an a ronderëm d'Schoule geschitt, sech wäert unhuelen. An natierlech wäert deen och eng Aufgab hunn, fir ze kucken, ob déi heite Prozesser esou oflafen, wéi se geduecht sinn, an dann och Recommandatioune formuléieren, déi och hei an d'Haus kommen a public wäerte sinn, wa sech dorunner eppes sollt änneren a wann och do politesch sech misst nach eng Kéier eppes bewegen, fir datt dat herno kéint nach méi performant gemaach ginn.

Duerfir gesinn ech eigentlech net an, firwat een déi Motioun do soll stëmmen, well alles dat, wat drasteet, gëtt souwisou gemaach respektiv ass virgesinn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Ma Dir kënnt och d'Wuert froe bei der Motioun. Dat géif eigentlech vläicht méi Sënn erginn.

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Also zur Motioun. Ech mengen, déi ass relativ kloer formuléiert. Mir wënschen eis vun der Regierung eng Evaluatioun vum Schoulentwécklungsprozess bei deenen eenzelne Schoulen, Instituter an esou weider, an eben och vum Prozess vun der Evaluatioun beim Schoulpersonal. An ech sinn net sécher, datt den Observatoire pour la qualité scolaire dat kann iwwerhuelen.

Dann hätt ech awer och nach eng Fro. Den Här Minister sot, datt en u sech keng individuell Gespréicher wéilt an där ganzer Schoul. Domadder sinn ech jo net averstanen. Mä dat ass dann och nach egal. Mä da verstinn ech net, firwat datt dat technescht Personal hei erausgeklammert gëtt, well den Entretien collectif ass fir de Personnel enseignant, socio-éducatif et administratif. An „administratif" ass definitiv eppes aneschters wéi technescht Personal.

Merci.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Also ech denken, ech brauch do net méi drop ze äntweren. Ech hunn dozou alles gesot. Ech sinn der Meenung, datt den Observatoire de la qualité scolaire déi Aufgab do soll mat wouerhuelen, fir den Evaluatiounsprozess vun de Schoulen a vun den Enseignanten och mat ze suivéieren an och d'Schoulentwécklung ze suivéieren, ob se zu deem féiert, wéi mer se gären hätten, an och, ob de legislative Kontext deen ass, wéi mer e gären hunn. Dat ass d'Käraufgab herno vun deem Observatoire.

Fir mech gëtt et eigentlech keen direkten Ënnerscheed tëscht administrativem Personal an techneschem Personal, soudatt ech scho mengen, datt dat doten eent wéi eent muss gehandelt ginn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen. Mir kënnen zum Vote iwwert den Ensembel vum Projet de loi 7019 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7019 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59 Participatiounen um Vott, 34-mol Jo, 25-mol Nee. Domat ass de Projet de loi 7019 majoritär ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7019 est adopté par 34 voix pour et 26 voix contre.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Marc Angel), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zur Motioun iwwergoen. Ech ginn dovun aus, dass se motivéiert ass. Nach Wuertmeldungen zur Motioun?

(Négation)

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun…

(Interruption)

Ah, entschëllegt, Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

Motion 1

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Villmools Merci, Här President. Jo, ech wollt just fir d'ADR soen, datt mer der CSV Merci soen, der Madamm Hansen, datt se déi Motioun hei presentéiert huet. An de Considérante gëtt sech op dat Gesetz bezunn, wat mer elo gestëmmt hunn. Dat ass nun eemol e Fakt, och wa mir mam Inhalt vun deem Gesetz, wéi mer et elo duerch eise Vott ausgedréckt hunn, net d'accord sinn. Mat den Invitte kënne mir awer d'accord sinn.

Et schéngt eis e bëssen aussergewéinlech ze sinn, datt den Här Minister hei argumentéiert, mir kréiche jo elo en neit Gesetz iwwert den Observatoire vun der Qualité scolaire, dofir bräichte mer dat hei net. Mä dat Gesetz gëtt et nach net!

Et schéngt mir awer e bëssen iwwerraschend ze sinn, datt mer hei als Chamber net sollen e Wonsch däerfen ausdrécken, well e Projet de loi vun der Regierung virläit, iwwert deen dëst Haus iwwerhaapt nach net befonnt huet. Dat schéngt mer net den néidege Wee ze sinn, fir dëst Parlament ze respektéieren. Aus deem Grond fanne mir, datt et absolutt legitimm ass, datt d'Parlament dëse Wonsch äussert. A mat dem Contenu vun deenen Invitte si mir och d'accord, well et dem gesonde Mënscheverstand entsprécht. Dofir wäert d'ADR dës Motioun matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och. An da géife mer zum Vott iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 29-mol Jo an 31-mol Neen.

(Brouhaha général et interruptions diverses)

Ech mengen, et gëtt sech ëmmer…, et gëtt sech heiansdo op deenen zwou Säite geiert. Ech huelen d'Deklaratioun vum Här Negri zur Kenntnis.

Plusieurs voix.- Aah!

(Hilarité et brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Ass dat registréiert? Merci.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 32 voix contre 28 voix.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, an zwar dem Projet de loi 7085, d'Adaptatioun vum Mindestloun un d'Lounentwécklung. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabele Georges Engel.

5. 7085 - Projet de loi portant modification de l'article L. 222-9 du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zil vun dësem Projet de loi ass eng Adaptatioun vum Mindestloun vun 1,4%, fir deen un d'Entwécklung vum Duerchschnëttsloun wärend deenen zwee leschte Joren, 2014 an 2015, unzepassen, an dat dann ab dem 1. Januar 2017.

Déi lescht Upassung, vun där ech och d'Éier hat, de Rapport ze maachen, dat war eng Upassung vun 0,1%, wat dach dann awer déi lächerlech Zomm vun 1,93 Euro am Mount ausgemaach huet. Dat war fir den 1. Januar 2015. Et war awer eng Upassung un de Rhythmus vun der Lounentwécklung an duerfir konnt een déi Upassung och do vertrieden.

Haut stëmme mer eng Augmentatioun vun 1,4% a ronn 45.000 Leit sinn direkt concer-

néiert. Fir si ginn et dann elo ronn 30 Euro respektiv 32 Euro méi an der Pai all Mount. De soziale Mindestloun klëmmt vun 1.922 op 1.949 Euro, deemno wéi et ass dann, an d'Luucht. Dat bedeit eng Méiausgab fir d'Entreprisen hei zu Lëtzebuerg vun 19,4 Milliounen Euro.

De Kontext gesat: Mir hunn eng Croissance vu méi wéi 4% vum PIB iwwer 2014 an 2015, d'Consommatioun vun de Ménagen ass ëm 3,7% am Joer 2014 an 0,1% am Joer 2015 an d'Luucht gaangen. Virun der Unhiewung vun den TVA-Tauxen huet de Konsum nach eng Kéier ugezunn an d'Ausgabe goufen du virgezunn a sinn dunn 2015 erofgaangen.

Den Aarbechtsmaart huet eng Croissance vum Emploi salarié vun 2,5%. Mir hunn eng Reduktioun vum Chômage. Ënner 7% vun der Populatioun läit de Chômage, vun der Population active natierlech, wat och en Zeeche duerfir ass, dass d'Reformen an d'Moossnamen, déi de Minister Nicolas Schmit a senger Qualitéit als Aarbechtsminister ageleet huet, natierlech hir Wierkung weisen. Natierlech net vläicht alles, wat geschitt ass, ass duerch déi Reformen ze erklären oder déi Moossnamen, déi ageleet goufen. Mä sécherlech hunn déi dozou bäigedroen, dass mer haut an der Situatioun vun ënner 7% Chômage leie bei der Population active.

Mir hunn eng Inflatioun vun 0,6% an 0,5% am Joer 2014 an 2015 gehat. An deene leschten zwee Joer sinn d'Salairë manner séier geklomme wéi nach virdrun: plus 2,9% am Joer 2014 a plus 1% am Joer 2015.

Wat ass d'Methodologie? Wéi gëtt dat gerechent? Déi detailléiert Informatioun, déi fannt Der am Exposé des motifs an a mengem schrëftleche Rapport.

Am Résumé kann een awer soen, dass d'Salairen, an do ginn alleguer d'Zorten och vun de Gratifikatioune matagerechent, bis zu siwemol de soziale Mindestloun - dat ass de Plaffong vun der Population de référence -, do matagerechent ginn. D'Population de référence, dat sinn alleguer d'Salariéen tëschent 20 a 65 Joer, déi à titre obligatoire bei der Pensiounskeess ugemellt sinn. Erausgerechent ginn déi 20% niddregst Salairen an déi 5% héchste Salairë, well dat géif d'Resultat verfälschen.

Wat ass d'Populatioun, déi vun dëser Mesure betraff ass? Et sinn d'Salariés rémunérés au voisinage du salaire social minimum. Dat sinn déi Salariéen, déi de Salaire horaire kréien, deen tëschent 100% an 102% vum Mindestloun ass. Dat waren 2016 12,4%.

Salariés rémunérés au voisinage du salaire social minimum: Dovunner wunnen der 60,8% hei zu Lëtzebuerg. Dat ass also e groussen Deel vun deenen, déi de soziale Mindestloun kréien. Et ass also net esou, dass déi alleguerten am noen Ausland wunnen. Neen, dovunner wunne 60,8% hei zu Lëtzebuerg. A wann ee weess, dass dee soziale Mindestloun zwar wuel deen héchsten an Europa ass - an awer net esou héich ass, wéi ee sech dat vläicht kéint wënschen -, da muss een och wëssen, dass déi Leit net ëmmer a ganz gudden Dicher sinn an och sécherlech net mat Zoossissen ugestréckt sinn.

Am meeschte betraff sinn d'Aktivitéitssecteure vum Hébergement a vun der Restauratioun, vun der Agriculture, vun der Sylviculture a vun der Pêche, an déi vum Commerce, an do sécherlech, jo, do sécherlech ganz vill Fraen.

Dat hei ass eng ganz wichteg Upassung vum Mindestloun. Leit mam Mindestloun hunn, wéi ech virdru gesot hunn, oft Problemer, fir d'Enner zesummenzekréien, an dat besonnesch wéinst eisen extrem héije Liewenskäschten hei zu Lëtzebuerg, an do virun allem d'Wunnengskäschten. Et ass wierklech immens schwéier, hei zu Lëtzebuerg mat dem Mindestloun ze iwwerliewen, wann d'Wunnengskäschte 50 an nach méi Prozent vum Loun ewechhuelen.

Dës Upassung vum Mindestloun ass wichteg, fir d'Forschett tëschent den héijen an deene manner héije Paien net uwuessen ze loossen. Et ass eng Fro vu sozialer Kohäsioun an et hëlleft och, dem Phenomeen vun den „working poor" entgéintzewierken. Ech kennen dat allze gutt aus menger Erfahrung als Sozialaarbechter, wou eng ganz Partie Leit, déi schaffe gaange sinn, 40 Stonne schaffe gaange sinn d'Woch, et awer net fäerdegbruecht hunn, fir d'Enner zesummenzekréien. An dat ass ganz tragesch.

Ech wéilt och betounen, dass et absolutt positiv ass, dass elo eng zousätzlech Upassung vum soziale Mindestloun mat enger Reform vun de Steiere wäert goen an dass déi Leit do och vun der Steierreform wäerte profitéieren; dat ënner anerem och wéinst dem Crédit d'impôt.

Derbäi kënnt dann héchstwahrscheinlech nach eng Indextranche vun 2,5%, an dann nach eng Kéier eng Erhéijung vun 1,4%, soudass et fir déi Leit, déi wierklech um ënneschten Niveau si vun eiser Gehälterskala, déi et wierklech am schwéiersten hunn, awer eng massiv Verbesserung an den nächste Woche gëtt. An ech mengen, dass et eiser - menger! - Partei, pardon, der LSAP, gutt zu Gesiicht steet, dat heiten och ganz positiv ze ernimmen. An ech wéilt dat duerfir och ganz positiv hei nach eng Kéier ervirsträichen.

Fir d'LSAP ass et och wichteg, dass parallell zur Unhiewung vum Mindestloun...

Une voix.- Sidd Der Rapporteur?

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Jo.

…dass parallell zur Unhiewung vum Mindestloun hei och den RMG ugepasst gëtt, nodeems déi zwou leschte Kéieren dës Upassung vum RMG net geschitt ass. Also fir d'Lescht goufen d'Barèmë vum RMG 2011 ugepasst.

D'Regierung huet dee Parallelismus vun der Unhiewung vum Mindestloun a vum RMG hei erëm hiergestallt. Dat ass absolutt ze begréissen, well soss déi Ënnerscheeder och do ze grouss géife ginn. Derbäi muss ee soen, dass den Ënnerscheed nach ëmmer substanziell ass. Den RMG fir eng Persoun läit aktuell bei 1.348 Euro, wat also awer nach ëmmer eng Differenz vu 574 Euro ass par rapport zum Mindestloun an nach ëmmer 170 Euro Differenz fir déi, déi fir den RMG eng Mise au travail maachen, also déi och awer ëmmerhi 40 Stonnen d'Woch schaffe ginn.

Mä déi Leit, déi den RMG hunn - dat hunn ech virdrun och gesot -, si sécherlech net mat Zoossiss ugestréckt; et sinn déi Schwaachst aus der Gesellschaft. An et steet eis alleguerten hei ganz gutt zu Gesiicht, och un déi ze denken, deenen et an eiser dach esou gutt gestallter Gesellschaft net esou gutt geet.

Mir waarden alleguerte ganz ongedëlleg op eng Reform vum RMG, déi jo dann esou munches och wäert änneren.

Als Fazit wéilt ech soen, dass d'Upassung vum Mindestloun eng gutt Mesure ass. 1,4% méi fir iwwer 45.000 Leit, dat ass eng gutt Saach, ronn 30 Euro respektiv 32,28 Euro méi an der Pai all Mount. De Mindestloun klëmmt wéi gesot vun 1.992 (veuillez lire: 1.922) op 1.949. An derbäi komme jo dann och nach déi 1,4% vum RMG, deen och an d'Luucht geet. Dat ass fir eis déi richteg Richtung.

Ech wëll der Regierung och félicitéieren, dass se, wéi ech scho virdru gesot hunn, um Prinzip festhält, dass de Mindestloun ugepasst gëtt un d'Lounentwécklung, eng Upassung, déi gesetzlech net muss onbedéngt geschéien, well am Gesetz, do steet: «Le niveau du salaire social minimum est fixé par la loi» an «À cette fin, toutes les deux années, le Gouvernement soumettra à la Chambre des Députés un rapport sur l'évolution des conditions économiques générales et des revenus accompagné», an da kënnt d'Wuert oder da kommen dräi Wierder: «le cas échéant, d'un projet de loi portant relèvement du niveau du salaire social minimum.»

Dat gesäit an dësem Land net jiddwereen esou, dass déi Upassung do soll geschéien. Ech sinn awer frou, dass mer hei an der Chamber mat grousser Wahrscheinlechkeet eng grouss Majoritéit wäerte fanne fir déi Erhéijung hei. An ech ginn domadder den Accord vun der sozialistescher Partei an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. Wann ech richteg verstanen hunn, huet de Rapporteur de Rapport virgedroen an en huet och am Numm vu senger Fraktioun geschwat. Ech géif e bieden, an Zukunft…

(Interruption par M. Georges Engel)

…an Zukunft dat vläicht méi kloer ze trennen. Merci.

Da géif ech elo d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner ginn. Dat ass den Här Marc Spautz fir d'CSV.

Discussion générale

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt hunn ech elo e Problem: An der Documentation parlementaire steet, dass de Mindestloun ëm 26,92 Euro an d'Luucht geet. Den Här Engel huet elo ëmmer geschwat vun 30. Et ass jo awer esou, dass et nach ëmmer dat Dokument ass, wat mer kritt hunn, mam Commentaire des articles, dass et dee Chiffer ass, deen zielt, an net 30, mä dass et 26,92 ass? Oder ass den Tableau falsch am Projet?

Et ass näämlech wichteg, dass mer eis doriwwer eens sinn, wat mer näämlech heibannen...

Une voix.- Ech hunn och elo grad…

M. Marc Spautz *(CSV).*- ...wat mer näämlech heibanne stëmmen. Net dass mer hei dat eent soen an dat anert stëmmen. Et ass just dofir, Här President, wou ech op déi Remarque awer och wëll hiweisen.

D'CSV ënnerstëtzt de Projet 7085, deen d'Lounsituatioun verbessert vu ronn 46.000 schaffende Leit an hire Familljen. A mat Ausnam vun deem Rechepunkt géif ech dem Här Engel och gär Merci soe fir seng ausféierlech Erklärungen, déi e gemaach huet.

De qualifizéierten an och den net qualifizéierte Mindestloun klëmmt, an dat mécht ronn 1,4% fir d'Leit aus. D'CSV begréisst dat. D'CSV stellt sech awer - ausser dat vum RMG, wou den Här Engel drop agaangen ass - d'Fro: Wéi ass et mat Lehrlingsentschädegungen? Dat gehéiert net direkt an de Projet vum Mindestloun mat eran. Mä d'selwecht wéi beim RMG ass do ëmmer e Parallélisme gewiescht, heiansdo ass ugepasst ginn an heiansdo ass net ugepasst ginn, an dofir wier et och interessant - ech weess zwar, dass et net den Aarbechtsminister ass, deen dofir zoustänneg ass -, fir awer ze wëssen, ob prinzipiell och do déi Upassung fir déi Leit kënnt, déi an enger Léier sinn.

Et dréit sech och drëm, dass ee kuckt, wat bei deem Mindestloun geschitt ass. Dat si 46.000 Leit, déi do derfir schaffen. An den Här Engel huet et ënnerstrach, en huet et gesot, bei der Steierreform kënnt och nach eppes do derbäi wéinst dem Forfait, deen e gesot huet. Mä et muss ee sech d'Fro stellen, ob een dat Ganzt, Mindestloun a Steierreform, net misst als ee Package kucken, an dann hätt een och kënnen den Agangssteiersaz vill méi héich an d'Luucht setzen. Den Agangssteiersaz méi héich an d'Luucht setzen, hätt d'Betriber an domadder d'Kompetitivitéit net a Fro gestallt, mä et hätt de Leit awer ënnert dem Strëch méi bruecht.

Wann een näämlech den Agangssteiersaz an d'Luucht setzt, da sinn d'Steieren ewech an et ass gläichzäiteg de Package vun de Solidaritéitssteieren ewech. A mir sinn als CSV där Meenung - awer et ass jo nach ëmmer méiglech, d'Regierung kënnt jo eréischt d'nächst Woch mat der Steierreform -, dass een deen Agangssteiersaz misst an d'Luucht setzen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- De Kleesche war gëschter.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Da belaascht een net, da belaascht een näämlech net…

(Interruptions diverses)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, de Kleeschen ass gëschter komm!

Une voix.- Si hunn ugefaangen!

(Hilarité et interruptions)

Une autre voix.- Dir schwätzt vum Houseker!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Wien huet d'Wuert, Här President?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et huet just een d'Wuert, Här Spautz.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Okay, Merci, Här President.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir schwätzt net!

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ech wollt dofir nach eng Kéier soen: D'Regierung huet jo d'Méiglechkeet, d'nächst Woch nach Amendementer ze maachen an den Agangssteiersaz méi an d'Luucht ze setzen, fir dass déi Leit, déi de Mindestloun hunn oder bis 120% vum Mindestloun hunn, kënne vun der Steier befreit ginn. Datselwecht spillt bei der Solidaritéitssteier. Dat géif sécherlech dozou bäidroen, fir déi Famillen nach zousätzlech ze entlaaschten, an et géif d'Betriber net belaaschten. Well näämlech de Problem jo do war bei deem Zukunfts- oder Spuerpak - deemno wéi een et seet -, mat der Erhéijung vun der TVA, mat der Sträichunge vun den Allocatiounen, déi alleguerte stattfonnt hunn, dass et virun allem déi kleng Leit sinn, déi verluer hunn. Et si virun allem déi kleng Leit, déi et am meeschte getraff huet. An dofir si mir der Meenung, dass een och iwwert dee Wee dat nach kéint redresséieren.

Et muss ee jo och kucken, wann ee vu sozialer Gerechtegkeet schwätzt, wat dat ass. An ech kommen do op dem Här Minister seng Servicer, déi hu jo d'lescht Woch zesumme mam Statec eng Analys erausginn, déi huet geheescht Rapport „Travail et cohésion sociale", an do gesäit ee jo och, wéi vill Leit dovu betraff sinn a wat fir eng Leit dovu betraff sinn an dass een och do weider néideg hätt, deene Leit ze hëllefen, well déi Leit hunn net vun der wirtschaftlecher Entwécklung profitéiert wéi all déi aner. Wann een do kuckt, gesäit een, dass déi 10% vun deene räichste Stéit 22,7% vun de Revenuen hunn an déi 10% um Wupp nëmmen 3,5%. An dann ass et kloer, dass fir déi Stéit a Familljen, déi mam Mindestloun liewen, hei hätt misse méi dra sinn! Besonnesch, an ech widderhuelen et, well grad déi Kategorie vun der Populatioun an der éischter Halschent vun dëser aktueller Legislaturperiod vill zougemutt kritt huet a ganz vill verluer huet, a well dat am Prozentsaz vis-à-vis vun deenen anere vill, vill méi ass an déi dat och vill méi spieren.

Et muss ee jo och wëssen, och wann, wéi den Här Engel hei ënnerstrach huet, se elo de Mindestloun kréien an e bësse bei de Steiere kréien a se och nach den Index kréien: Ma den Index kritt all Mënsch, an deen Index ass näischt, wat elo eleng deenen heite Leit zousteet, mä alleguerten de Leit. Dofir fannen ech et net gutt, wann een hei Mindestlounpolitik an Indexpolitik zesummen an een Dëppe mécht, well den Index ass eppes, wat all Mënsch kritt, an de Mindestloun hei u sech ass eppes, fir deenen ënneschte Schichten ze hëllefen. Et spillt och herno an de Plaffonge bei der Sozialversécherung, jo, mä et geet awer och virun allem drëm, deene Leit, déi ënne sinn, ze hëllefen!

Et geet drëm, fir deene Leit d'Kafkraaft ze garantéieren, d'Kafkraaft, well et sinn déi Leit, déi déi Suen, déi se bäikréien, och an d'Wirtschaft droen; et sinn déi, déi se an de Commerce droen, also wier dat och e Gewënn fir jiddwereen, an et sinn net grad déi Stéit, déi mam Mindestloun liewen, déi am Floribus liewen! Mä et wier gutt gewiescht, wann do eppes geschitt wär.

Déiselwecht Fro kann ee sech stellen, an ech hat dem Här Minister se scho gestallt an der Kommissioun, an dofir erënneren ech och nach eng Kéier drun: Am Budget 2017 ginn 72 Milliounen net méi abezuelt vun der Regierung an de Fonds pour l'emploi, well näämlech genuch iwwer aner Weeër an de Fonds pour l'emploi kënnt - dat ass am Budgetsprojet 2017 nozeliesen -, an do hätt ee sech och do kënnen d'Fro stellen, ob een net en Deel dovunner hätt awer kënnen deene klenge Leit zoukomme loossen iwwert de Wee vun der Solidaritéitssteier.

Dann hätt ee gesot: Mir maachen eng aner Ëmverdeelung an et ass net de Stat, deen déi 72 Millioune sträicht, mä mir maachen eppes bei deenen ënneschte Schichten. Mat der Steierbefreiung, weess ech jo, bezuele se automatesch keng Solidaritéitssteier méi. Dann hätt een alles dat kënne mat berücksichtegen. An ech ginn nach ëmmer dovun aus an ech hoffen nach ëmmer, dass, wéi den Här Engel et virdru gesot huet, d'Sozialistesch Aarbechterpartei deen néidege Rééquilibrage ka maachen. Dat ass jo d'nächst Woch bei der Steierreform méiglech, dass et do dann zu engem Rééquilibrage kënnt, an dat och am Interesse vun deene klenge Leit.

Well ech wëll drun erënneren, 2010 hunn d'Betriber 50 Millioune Solidaritéitssteier bezuelt an d'Personne-physiquë 50 Milliounen. 2014 hunn d'Betriber 100 Millioune bezuelt an d'Personne-physiquen 300 Milliounen! Dofir war et dann och méiglech, elo am Budget déi Kierzung ze maachen. Mä et hätt ee se jo net misse maachen. Et hätt ee se och kënne bei de Leit maachen, et hätt ee se och kënne bei deene Schichte maache bis 120% vum Mindestloun, dass déi keng Steiere méi ze bezuelen hätten.

An iwwregens, déi Iwwerleeung maachen ech jo net eleng! Déi Iwwerleeung gëtt jo och nach vun anere Leit gemaach! Net nëmmen d'CSV brëngt déi Iwwerleeung! Mä ech liesen am „Tageblatt", dass den OGB-L och d'Fro opgeworf huet, an dat an enger Pressekonferenz vum Här Roeltgen den 10. November 2015, wou den Här Roeltgen och déi Fro do gestallt huet, ob een dat net kéint esou regléieren. Dofir nach eng Kéier mäin Appell: D'Regierung huet jo nach d'Méiglechkeet, dat ze maache bis d'nächst Woch, fir dat och an d'Wee ze leeden.

Elo kann een natierlech soen, an ech ginn dovun aus, dofir huelen ech dem Här Schmit dat scho virewech, e seet: „Majo, mir hunn awer zesummen nach eng Kéier décidéiert, d'Solidaritéitssteier unzehiewen an der viregter Legislaturperiod." Jo, mä do hate mer awer eng aner finanziell Situatioun! Do hate mer eng ganz aner finanziell Situatioun an do hu mer net ugefaangen, iwwerall lénks a riets auszedeelen, mä do hu mer alles gemaach, fir d'Finanzen zesummenzekréien a fir am Fonds pour l'emploi och déi néideg Suen ze hunn, fir dat ze maachen. An dat huet jo geännert! Well soss kéinte mer jo net gläichzäiteg all déi Reforme maachen, wou mer elo op eemol de Leit erëm alles dat wëllen erëmginn, wat mer hinnen deemools geholl hunn. Da wier och hei eng Méiglechkeet gewiescht, bei der Solidaritéitssteier de Leit dat erëmzeginn, wat mer hinne geholl hunn.

Et muss ee sech jo d'Fro stellen: Maache mer nach méi eng grouss Zweedrëttelgesellschaft - zwee Drëttel, deenen et gutt geet, an een Drëttel, dee struewelt? Well dat Ganzt betrëfft jo net nëmmen d'Leit mam Mindestloun! Dat betrëfft jo och déi Leit, déi wunnen! Well dee gréissten Deel vum Loyer jo och doriwwer berechent gëtt. Dat betrëfft déi Elengerzéiend.

An ech wëll drun erënneren: Virun dräi Joer ass heibannen eng grouss Debatt gefouert ginn, dass ee misst eppes maachen, fir deenen Elengerzéiende massiv kënnen ze hëllefen, an do géifen Akzenter gesat ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, et si méi wéi zwee an en halleft Joer bis elo vergaangen. Vun deenen Akzenter fir déi Elengerzéiend hunn ech nach näischt gesinn! Mä et ka jo sinn, d'nächst Woch - also ech gleewe jo un alles -, dass d'nächst Woch bei der Steierreform och do nach Méiglechkeete kommen, fir dass mer och deene Leit, deenen Elengerzéier, majoritär Fraen, déi Hëllef kënne ginn, déi si brauchen.

Et ass datselwecht bei Jonken, déi an enger prekärer berufflecher Situatioun sinn. Et ass och bei de Laangzäitchômeuren iwwer 45 Joer, un deene jo vill Betriber, wou mer alleguerte wësse firwat, net méi grad interesséiert sinn. Mä och déi mussen da mat deem Loun weider liewen! An och do gëtt de Réemploi an alles dat, wat mer jo nach hunn, respektiv wat mer aneres wäerten an Zukunft hunn, och ëmmer am Verglach zum Mindestloun gestallt.

Ech kéint elo nach weiderfueren an nach vill Opzielunge maachen. Mä ech wëll dat net, well mir gesinn eis jo nach d'nächst Woch an d'iwwernächst Woch bei deene verschiddensten Themen dozou erëm.

Ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer Etüde maachen, dass mer „space mining" maachen. Wou ass Lëtzebuerg drun? Wou leien eis Kompetenzen? Mä mir sollen awer och, an dat huet eis an der Vergaangenheet ëmmer guttgedoen, net eleng nëmmen no de Stäre gräifen, mä mir mussen och kucken, fir deene Leit, déi an deenen ënneschte Schichte sinn, ze hëllefen. An dat, hunn ech d'Gefill bei dësem Projet bis elo - mä d'nächst Woch kënnt jo nach -, vergësst d'Regierung. Et ass jo Sputt do, fir Rééquilibrage ze maachen, a mir wiere frou gewiescht, wann dee Rééquilibrage gemaach gi wier!

Mä elo, wat de Projet hei elo eleng u sech ubelaangt, wäert d'CSV de Mindestloun matstëmmen. A mir si frou, dass domadder emol 46.000 Leit gehollef gëtt. A mir sinn dovun iwwerzeegt, dass jo da mat där Hoffnung, déi mer hunn, d'nächst Woch déi nächst Etapp och fir déi kleng Leit wäert nokommen, dass se och nach do da bei dem steierleche Wee mat entlaascht ginn an dass se domadder nach eng zousätzlech Kafkraaft kréien, déi iwwert déi 1,4% erausgeet an déi gläichzäiteg d'Kompetitivitéit vun de Betriber net a Fro stellt. Well et ass och wichteg, dass mer kompetititv Betriber behalen an dass mer och do net all déi Belaaschtungen op eng Säit drécken. Mä iwwert de Wee vun den direkte Steiere wier dat sécherlech méiglech.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Spautz, erlaabt Der, den Här Engel wollt eng Fro stellen?

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ah, den Här Cruchten, mengen ech, hat och eng gestallt.

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Ech wollt just, Här President, de Kolleegen heibannen an dem Här Spautz soen, dass hie ganz recht huet mat deem, wou e mech drop opmierksam gemaach huet an d'Leit heibannen drop opmierksam gemaach huet, dass et net 30, mä 26,9 ass. Dat muss mech gëschter am Kader, wou ech meng Ried geschriwwen hunn, bei där Freed, déi ech hat, dass et de Kleeschen awer nach gëtt, dat muss mech esou perturbéiert hunn, dass ech do direkt eng Oprënnung gemaach hu vu 26,9 op 30.

Et ass awer richteg, wéi Dir gesot hutt: Et ass 26,9 an net 30, wéi ech a menger Ried gesot hunn.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Maacht Dir dann elo den Ënnerscheed…, deelt Dir elo den Ënnerscheed bei deene 46.000 Leit aus, jo!?

Den Här Cruchten hat och eng Fro gestallt.

(Interruption par M. Georges Engel)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech gesinn, dass Dir domat d'accord sidd, dass en eng Fro stellt. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

M. Yves Cruchten *(LSAP).*- Jo, Merci, Här President. Här Spautz, ech wollt Iech froen, well ech Iech net richteg verstanen hat: Ganz am Ufank hutt Der gesot, et hätt ee jo kënnen, wann een elo net de Mindestloun gehéicht hätt, hätt een dat kënnen apaken an eng weider Reform vun de Steieren, et hätt een do kënnen am Fong de Géigewäert, deen een elo am Mindestloun gëtt, hätt ee kënnen iwwert d'Steiere redistribuéieren, dann hätt dat d'Entreprisen och manner kascht. Oder hunn ech Iech do net richteg verstanen?

M. Marc Spautz *(CSV).*- Do hutt Der mech da falsch verstanen, Här Cruchten. Ech hu genau gesot, dass een iwwert d'Erhéijung vum Mindestloun eraus, iwwert déi 1,4%, déi ee mécht, och nach zousätzlech kéint iwwert de steierleche Wee eppes maachen, doduerch dass een den Agangssteiersaz hieft. Dann ass gläichzäiteg do keng Solidaritéitssteier méi geschéllt, soudass iwwert dee Wee d'Leit och an deenen ënneschte Schichten nach méi Sue kréien. Mä dofir muss een den ënneschten Agangssteiersaz an d'Luucht setzen, fir dass d'Leit zousätzlech kënnen do driwwer profitéieren.

Mä wann Är Propos sollt sinn, mir géife bis 120% vum Mindestloun den Agangssteiersaz op null setzen, also, da musst Der et soen! Mä de Moment ass dat net virgesinn. Et sief dann, muer kéim nach en Amendement. Mä do si jo aner Leit heibannen, déi besser Bescheed wëssen an der Steierreform wéi ech, dass mer dann den ënneschten Agangssteiersaz an d'Luucht setzen.

(Brouhaha)

Nach een? Wann net, dann nach eng Kéier Merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha général et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Spautz. An eng gutt Gesondheet!

(Interruption)

Une voix.- Merci!

Une autre voix.- Dat ass d'Klima.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Lamberty fir d'DP.

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Nach e Sozialist.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass un lech.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Här President, léif Kolleegen, de gesetzleche Mindestloun huet zu Lëtzebuerg eng grouss a laang Tradition. Et kënnt net vun ongeféier, dass mir den héchste Mindestloun a ganz Europa hunn. Mir erfëllen an deem Sënn och eng Zort Virbildfunktioun. Mëttlerweil hunn 21 vun den 28 Memberstaten an der Europäescher Unioun e gesetzleche Mindestloun. Och Däitschland ass dat lescht Joer nogezunn. An en éischte Bilan ass, wéi et schéngt, ganz positiv an dee vu verschiddene Säite gefaarten negativen Effet op déi däitsch Wirtschaft oder op den däitschen Aarbechtsmaart ass ausbliwwen.

Wann ech soen, dass 21 vun 28 EU-Memberstaten e Mindestloun hunn, dann heescht dat net, dass d'Salariéen an engem Mindestlounland et iwwerall d'nämlecht gutt hunn. Ech denken do u Beispiller wéi Rumänien oder Bulgarien, wou ronn een Euro d'Stonn bezuelt gëtt.

Jo, eise Mindestloun zu Lëtzebuerg ass immens héich am europäesche Verglach. De Montant vun an Zukunft 11,27 Euro d'Stonn relativéiert sech awer e bëssen, wann een, éischtens, d'Liewenskäschte mat virop dem Logement zu Lëtzebuerg a Betruecht zitt, an zweetens de Mindestloun a Relatioun mat der allgemenger Lounentwécklung stellt. Effektiv ass d'Unhiewe vum Mindestloun jo direkt un déi allgemeng Lounentwécklung gebonnen. Och wann dat keen direkten Automatismus ass, géif ech dës Virgoensweis trotzdeem als net politesch qualifizéieren.

D'DP steet zum Prinzip, dass ee vu senger Aarbecht muss kënne liewen. Mir wëssen alleguer, dass dat mam Mindestloun zu Lëtzebuerg net ëmmer einfach ass. Grad dofir ass et esou wichteg, dass d'Gefäll tëscht der genereller Lounentwécklung zu Lëtzebuerg an dem Mindestloun net weider klëmmt.

Ech erënneren un e wichtegen, elementaren Ënnerscheed: De Mindestloun zu Lëtzebuerg ass Lounpolitik, den RMG ass Sozialpolitik! An deem Kontext wëll ech dann och nach eng Kéier rappeléieren, dass och den RMG un d'Augmentatioun vun der Lounentwécklung ugepasst wäert ginn, eppes wat déi lescht zwou Kéieren net de Fall war. Et ass gutt a richteg, dass dat elo erëm geschitt, fir ze verhënneren, dass den Écart tëschent Mindestloun an RMG weider auserneegeet, well och wa mir der Meenung sinn, dass schaffe goen ëmmer méi rentabel muss si wéi net schaffe goen, kann et ëmmer eng Kéier enger Persoun geschéien, dass si an eng Noutsituatioun geréit a mam RMG iwwert d'Ronne muss kommen.

D'Demokratesch Partei stoung a steet fir sozial Gerechtegkeet, geneesou wéi och fir Leeschtungsgerechtegkeet. Am allerléifsten hätte mir jo, wa mer kee Salarié zu Lëtzebuerg hätten, dee just deen onqualifizéierte Mindestloun géif verdéngen. Dofir wëllt d'DP och weiderhin Initiative förderen, déi et onqualifizéierten Employéen erméiglechen, sech an hirem Beruff weiderzebilden.

Muncheree gesäit de Mindestloun als Belaaschtung u fir d'Kompetitivitéit vun eise Betriber. Ech wëll net behaapten, dass en héije Mindestloun ëmmer zum Virdeel vun all Betrib ass. Et muss een awer op där anerer Säit soen, dass d'Erfollegsrezept vum Lëtzebuerger Modell nach ni op sozialem Dumping baséiert huet, an dat wëlle mir och an Zukunft net.

Ech wëll an deem Kontext och eng Kéier ganz kloer soen, dass de Standuertvirdeel fir Lëtzebuerg duerch en attraktiivt steierlecht Ëmfeld mat dozou bäidréit, dass mer esou en héije Mindestloun kënnen hunn. Dofir sinn d'Steiererliichterungen am Kader vun der Steierreform och net als Kaddo fir d'Patronat ze bezeechnen, wéi dat emol deen een oder anere ganz gäre gesäit. Et muss een ëmmer déi zwou Säite vun der Medail betruechten, an d'Demokratesch Partei steet zu deenen zwou Säiten.

Mäi gudde Kolleeg, den Alexander Krieps, huet op dëser Tribün eng Kéier Folgendes gesot, an elo passt gutt op: „D'Adaptatioun vum Mindestloun ass de Kollektivvertrag vun deene Leit, déi keen esou e Vertrag hunn."

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption par M. Alexander Krieps et hilarité générale)

M. Claude Lamberty *(DP).*- Ech fannen dat eng ganz gutt Analogie.

(Interruption et hilarité)

Ech fannen dat eng ganz gutt Analogie, déi et derwäert ass ze widderhuelen. Duerch dat regelméissegt Upasse vum Mindestloun profitéieren also bei erfollegräiche Kollektivverträg betreffend Gehaltsupassungen net nëmmen d'Employéen, déi ënnert dee Vertrag falen, mä indirekt och all déi Salariéen, déi ënner kee Kollektivvertrag falen an de Mindestloun kréien.

D'Demokratesch Partei huet sech där Virgoensweis nach ni verweigert a wäert haut och net domat ufänken. Ech ginn domat hei den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei a wëll dem Rapporteur, dem Här Engel, Merci soe fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Lamberty. An d'Wuert huet direkt den Här Anzia fir déi gréng.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Här President, fir d'Éischt emol e grousse Merci un de Rapporteur, den Här Georges Engel, deen dat am Detail hei virgedroen huet. An ech wéilt och nëmme ganz kuerz mech zu deem Projet de loi hei äusseren, dee mer och haut elo hei zum Vott hunn. Duerfir sinn ech e bësse verwonnert iwwer mäi Virvirriedner, deen u sech relativ wäit ausgeholl huet a schonn e bësse virgegraff huet op déi Debatten à voir, op déi, déi nächst Woch komme respektiv déi Woch duerno eben am Kader vum Budget.

De Mindestloun ass ugepasst ginn a soll ugepasst gi mat dësem Gesetzestext un d'Entwécklung vun den allgemenge Gehälter, an zwar ëm 1,4%. Deene Gréngen ass dat ganz wichteg, dass dat geschitt. Et ass scho virdru gesot ginn, dass et net onbedéngt eng Mussesaach ass, mä dass et awer ganz normal ass, wann een och soziale Fridde wëllt halen, dass een u sech de Mindestloun, also de Loun vun deenen, déi am mannsten hei zu Lëtzebuerg verdéngen, eropsetzt an upasst.

Et betrëfft, et ass och scho virdru gesot ginn, ëmmerhi bal 9% vun de Salariéen aktuell, an zwar 46.000 Leit. Duerfir mengen ech, dass dës kleng Steigerung och deene Leit wäert hëllefen, fir hir Situatioun, och wann dat nëmme marginal ass an nëmme ganz ageschränkt ass, ze verbesseren.

A mir verstinn duerfir als Gréng och net d'Positioun vun der Chambre de Commerce, déi se an hiren Avis ofginn huet, fir ze soen, dass se dësem Projet de loi an dëser Adaptatioun vum Mindestloun net kéint zoustëmmen.

Déi Zoustëmmung vun de Gréngen ass ëmgekéiert proportional zu der Längt vu menger Ried, an zwar ass se ganz grouss zu dësem Projet de loi, an ech géif den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Anzia. An nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen fir d'ADR.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass regelméisseg, datt mer hei an der Chamber eng Diskussioun féieren iwwer e Projet de loi fir d'Upassung vum soziale Mindestloun. Zum Beispill bei de Renten hu mer déi Diskussioun ofgeschaaft. Do geschitt et automatesch. Mä ech fannen et awer wichteg, datt mer fir de Mindestloun all Kéiers e Projet de loi maachen, well et wichteg ass, datt mer och hei an der Chamber méi oft iwwert de Mindestloun schwätzen.

De Mindestloun geet elo den 1. Januar 2017 ëm 1,4% an d'Luucht, an dat betrëfft, et ass gesot ginn, 46.000 Leit. Den normale Mindestloun geet ëm 26,9 Euro erop an de qualifizéierte Mindestloun ëm 32,28 Euro. Mir schwätzen hei vu Bruttochifferen. Dat heescht, déi Leit kréien dat net eraus. Do ginn nach d'Soziallaaschten of, Krankekeess, Fleegeversécherung a minimal, jee nodeem, och nach Steieren.

Et kann een also net vun enger massiver Erhéijung schwätzen, well Leit herno 22 bis 23 Euro netto de Mount bäigesat kréien. An de Kolleeg Georges Engel, deen hei gesot huet, dat géif de Sozialiste gutt zu Gesiicht stoen, an deen ëmmer vun 30 Euro geschwat huet: Dat ass wahrscheinlech éischter dat schlecht Gewësse gewiescht, wat do zum Ausdrock komm ass fir déi minimal Augmentatioun, déi dat heiten ausmécht, well en huet näämlech nach d'Steierreform derbäigezielt an nach den Index derbäigezielt, fir datt et iwwerhaapt eppes Sichtbares soll ginn.

Den Här Engel huet gesot, dat géif de Sozialiste gutt zu Gesiicht stoen. Bon, mir hu virun e puer Deeg en Accord salarial an der Fonction publique ausgehandelt, dat war och e sozialistesche Minister. Do setze mer 1% bäi, mir setzen 1,5% bäi an d'Allocation de repas, déi geet vun 110 op 144 erop, also 33 Euro geet déi erop, méi wéi de Mindestloun geet d'Allocation de repas erop. An et ass kee Brutto-, mä et ass en Nettochiffer, well do gi keng Steieren drop bezuelt. An och déi kréien den Index, an och déi kréien d'Steiererliichterung, an och déi kréien déi 0,5% Krisesteier nogelooss, déi déi aner net nogelooss kréien, well se net drënnergefall sinn.

Also wa mer déi zwee matenee vergläichen, da verstinn ech, datt e Sozialist hei e schlecht Gewëssen huet, fir ze soen, datt de Mindestloun ongeféier netto 23 Euro an d'Luucht geet.

Et muss een also gesinn, wa mer hei elo esou maachen, wéi wa mer Gott weess wat fir déi Leit do géife maachen, dann ass dat eng gewëssen Heuchelei, well mer gesinn, wat mer alles hei am Land ausdeelen, an eis dann heihinner bretze kommen an esou maachen, wéi wa mer elo wierklech emol eppes fir déi dote Leit gemaach hätten. Dat ass eng Drëps fir déi Leit! Well wat kann ee sech fir 22 Euro de Mount weider leeschten!?

A wa mer bedenken, datt dës Regierung eng TVA-Erhéijung gestëmmt huet, wou déi Leit hei voll getraff gi sinn, an an der Regierungskoalitioun sëtzen zwou Parteien, déi gréng an d'Sozialisten, déi an hire Wahlprogrammer geschwat hu vun där onsoziaalster Steier, déi et géif ginn: d'TVA. An dat Éischt, wat se gemaach hunn, wéi se an d'Regierung komm sinn, ass, se hunn déi onsoziaalst Steier, d'TVA, erhéicht, vun där déi heite Leit, laut hirem Wahlprogramm, am meeschte getraff ginn. Dat hu se gemaach. An déi Leit hunn duerch d'TVA-Erhéijung vill méi Ausgabe kritt wéi déi Grimmel, déi se elo hei bäikréien!

Duerfir solle mer wann ech gelift mat de Féiss um Buedem bleiwen! Et ass gutt, datt mer en upassen, mä ëm Gottes Wëllen, kommt net heihinner a klappt Iech op d'Schëller, wéi wann Der eppes Grousses hei gemaach hätt! Da setzt dat emol an de Gesamtkontext vun Ärer Politik, da musst Der Iech schummen, wat Der hei fir déi kleng Leit am Land maacht!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir stellen och fest generell - et ass elo net mam Mindestloun -, datt d'Léin hei am Land zréckginn, datt mer ëmmer méi Leit hunn, déi um ënneschten Niveau ugesidelt ginn. Wa mer d'Konte kucke vun dësem Joer, an dat hu mer déi leschte Kéier an der Finanzkommissioun gekuckt, gesi mer, datt mer manner Lounsteier erakréie wéi déi Jore virdrun. An op d'Fro, wéi mer d'Analys an der Finanzkommissioun gemaach hunn, huet de Finanzminister eis gesot: „Jo, mir hu wuel 15.000 Leit an engem Joer méi beschäftegt, mä mir hu manner Lounsteier erakritt, an zwar sinn déi Leit mat héije Léin, déi an d'Pensioun gaange sinn, duerch Leit mat niddrege

Léin an der Regel ersat ginn." Dat heescht, datt generell e Loungefäll no ënnen ass, well soss hätt ee misse bei 15.000 neien Astellunge pro Joer jo och méi Lounsteier erakréien. Mä et ass e massive Réckgang, deen et bei dem Loun gëtt.

Et ass richteg, wat hei gesot ginn ass vu mengem Virriedner - den zweete Virriedner, mengen ech, war et -, datt et wichteg ass, datt mer de Mindestloun hunn. Mir bräichte kee Mindestloun ze hunn, wa mer am ganze Land flächendeckend Kollektivverträg hätten. Mä mir hunn net iwwerall Kollektivverträg. Mir hu grouss Secteuren, wou mer Kollektivverträg hunn. Mä mir gesinn awer, datt 46.000 Leit ënnert de Mindestloun falen, also gëtt et zumindest 46.000 Leit, déi ënner kee Kollektivvertrag falen. An duerfir ass et gutt, datt mer d'Gesetz vum soziale Mindestloun hunn, well dat ass, wéi richteg gesot ginn ass, am Fong de Kollektivvertrag fir déi Leit, déi kee Kollektivvertrag hunn, deen tëschent Patronat an de Gewerkschaften ofgeschloss ginn ass.

Mir mussen also wëssen, datt mer hei eng Erhéijung maachen, bei där wuel duerch d'Gesetz geregelt ass, wéi se berechent gëtt an een och net kann elo eppes anescht rechnen. Mä näischt verhënnert, datt een higeet an datt ee seet: „Mir erhéije méi wéi dat, wat sech aus där Rechnung erginn huet." Mä hei gëtt also just dat gemaach, wouzou mer duerch d'Gesetz verflicht sinn, mä et ass kee politesche Geste, deen hei derbäikënnt.

An duerfir, wéi gesot, wäert d'ADR dëse Projet stëmmen. Mir soen awer ganz kloer: Et soll kee sech heibanne bretzen, datt mer haut de Mindestloun erhéicht hunn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Gibéryen. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum fir déi Lénk.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Wa mer haut hei iwwert de soziale Mindestloun schwätzen, da schwätze mer iwwert de Loun, fir deen hei zu Lëtzebuerg knapp 50.000 Leit all Dag schaffe ginn. Hannert där plakeger Zuel verstoppe sech awer ganz dacks kierperlech an och psychesch ganz penibel Aarbechtsrealitéiten. An et handelt sech bei deene Salariéë ganz dacks ëm Leit, déi schwéier schaffe musse fir e Loun an dobäi eben an der Gehälterskala ganz ënnen ugesidelt sinn. Et sinn och zum Deel visibel Aarbechtsrealitéiten, well Leit, déi fir de Mindestloun schaffen, leeschten an der Regel Servicer, déi déi allermeescht vun eis dobaussen alleguer all Dag an Usproch huelen, vläicht oft, ouni sech däers esou bewosst ze sinn, datt déi Leit, déi déi Aarbechte maachen, de Mindestloun kréien.

Och d'Chamber, eis Chamber hei hëlt Aarbecht vu Leit, déi fir de Mindestloun schaffen, an Usproch, sief et duerch Salariéen, déi all Dag d'Gebai propper maachen an d'Büroe botzen, oder déi, déi elo grad amgaange sinn, d'Fënsteren an de Fraktiounen ze botzen. Et sinn awer och Leit, déi bei Privatfirme schaffen, déi ënner deelweis ganz komesche Bedéngungen uechter d'ganzt Land Päck liwweren. An zu de Mindestlounempfänger gehéieren och ganz dacks privat Sécherheetsbeamten, déi nuets oppassen, och elo grad, datt hei um Chrëschtmaart déi eis alleguer esou wichteg Krëppchen net geklaut gëtt.

An all déi Leit hunn déi lescht Jore fir e Vollzäit-Mindestloun vun 1.922 Euro geschafft, wat netto net vill méi wéi 1.700 Euro sinn. A si wäerte mat der Upassung, iwwert déi mer elo diskutéieren, an Zukunft 1.949 Euro brutto de Mount verdéngen. Dat si 26,9 Euro de Mount an 1,4% méi, eng Erhéijung, déi opgrond vum geklommenen Duerchschnëttsloun errechent gouf.

Dat ass kee grousse Sprong, dat ass richteg, an et geet an eisen Aen och net wäit genuch. Mä mir sinn awer och net déi Eenzeg, déi mengen, datt et net wäit genuch geet. Dat soen och d'Gewerkschafte scho méi laang, datt de Mindestloun zu Lëtzebuerg ze niddreg ass. Och d'Caritas seet dat. An och d'Salariatskummer huet an hirem Avis zu dësem Projet nach eng Kéier dorobber higewisen.

Et ass awer nawell eng ganz bescheide Verbesserung, an deementspriechend stëmme mir dat Gesetz hei natierlech och mat.

D'Philosophie, déi hannert dem Gesetz hei steet, d'Logik, déi hannendrun ass, beseet eigentlech, datt deen ënneschten Niveau vu Loun ugepasst gëtt un déi allgemeng Entwécklungen. Et ass also e relative Wäert an eng relativ Upassung vum Mindestloun. Et ass och eng Upassung, déi nodréiglech stattfënnt, also d'Lounentwécklung ass déi zwee Joer fest, zwee Joer virdrun huet se sech entwéckelt, si gëtt festgestallt an de Mindestloun gëtt deementspriechend ugepasst.

Fir eis stelle sech awer och an deem heite Kontext eng Rëtsch fundamental Froen am Bezuch op de Mindestloun an iwwerhaapt d'Entlounung vun der Aarbecht, déi mat dëser Upassung vum Mindestloun net komplett beäntwert kënne ginn, mä déi mer awer eescht diskutéiere missten a wou mer och hoffen, datt mer dat an Zukunft hei an der Chamber och nach maache wäerten. Froen ewéi: Wéi evoluéieren d'Léin par rapport zu de Benefisser an de Kapitalrevenuen? Wéi en Impakt hunn déi grouss Lounënnerscheeder an den déiwe Montant vum Mindestloun op Inegalitéiten an eiser Gesellschaft? A wéi héich misst oder muss e Loun iwwerhaapt sinn, fir hei zu Lëtzebuerg anständeg oder dezent liewen ze kënnen?

Am Rapport iwwert dëst Gesetz gëtt de wirtschaftleche Kader vun der Mindestlounerhéijung kuerz ëmrass. 2014 an 2015 ass déi lëtzebuergesch Ekonomie ëm 4,1% respektiv 4,8% gewuess. An därselwechter Zäit ass dann den Duerchschnëttsloun, deen hei als Grondlag fir d'Augmentatioun vum Mindestloun geholl gëtt, ëm 1,4% geklommen.

E wirtschaftleche Wuesstum vun 9% an en duerchschnëttlechen Zouwuess vum Loun ëm 1,4%: Den iwwergroussen Deel an deene leschten zwee Joer vun deem erschaffte Wuelstand ass also net an d'Léin gaangen. Déi Leit, déi vun hirem Loun liewe mussen, kréien also just e klengt Stéck vun deem Kuch mat. An et ass och dës ongerecht primär Opdeelung vum Räichtum tëschent Aarbecht a Kapital, déi an eisen Aen den Humus ass fir d'Ongläichheet an eiser Gesellschaft.

Duerfir menge mir och net, datt d'Léisung an éischter Linn doranner besteet, eng weider Steierentlaaschtung ze maachen op 120% vum Mindestloun, wéi dat, wann ech dat richteg verstanen hunn, vun der CSV proposéiert ginn ass. Mä si besteet an enger Lounerhéijung vun deem ënneschten Niveau. Well et ass och just déi Lounerhéijung, déi et méiglech mécht, datt d'sozial Kotisatioune kënnen erhuewe ginn. Vun enger Steierentlaaschtung gi keng sozial Kotisatiounen erhuewen an och keng sozial Rechter fir déi Zäit, wou ee keng Aarbecht huet oder méi huet, wéi zum Beispill an der Pensioun.

Wa mer elo awer an der Analys nach e Schrëtt weiderginn an ee sech d'Ënnerscheeder an der Lounentwécklung ukuckt, da stellt een och fest, datt déi Ënnerscheeder insgesamt an der Lounentwécklung klammen. D'Chambre des Salariés huet an hirem leschte „Panorama social" gewisen, datt déi héich Léin an deene leschten 20 Joer ëm 70% geklomme sinn, déi mëttel ëm 64% an déi niddreg ëm 47%.

Och am Rapport, deen dësem Gesetzesprojet bäiläit, kann een déi Tendenz weider erkennen. E Salarié, dee sech mat sengem Loun an deenen ieweschte 5% vun der Lountabell befënnt, verdéngt haut véiermol esou vill wéi e Salarié, dee sech an deem ënneschte Fënneftel vun der Tabell befënnt. An deen Écart geet weider erop.

Wann ee sech schliisslech de Wäert vum Mindestloun ukuckt, da verschäerft sech de Constat vun der Ongläichheet weider. Der rezentester Berechnung vun der OECD no war de Mindestloun zu Lëtzebuerg emol net d'Halschent vum Duerchschnëttsloun. Dat Verhältnis ass effektiv iwwert d'Joren onverännert bliwwen, mä huet sech besonnesch an deene leschte Joren zuongonschte vum Mindestloun entwéckelt.

Déi Entwécklungen, déi mer effektiv zënter Jorzéngten an Europa an och an deene leschte Jore verstäerkt zu Lëtzebuerg gesinn hunn, hunn effektiv desastréis Konsequenze fir de sozialen Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft. Eng an déi wahrscheinlech schlëmmste Konsequenz ass déi wuessend Aarmut.

An am Kontext vun dëser Debatt: d'Aarmut vun de Leit, déi schaffen. Leit also, déi mat hirem erschaffte Loun, och wa se eng voll Tâche hunn, kaum oder schlecht iwwert d'Ronne kommen. An do affichéiert Lëtzebuerg mat bal 11% deen héchsten Taux vum Risk, datt een, och wann ee voll schafft, nawell et net packt, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, deen héchsten Taux am Europa vun deene 15 - also vun deem alen Europa, wann een esou soe kann - vun „working poor".

Natierlech ass de Loun net deen eenzege Kritär, an den Här Engel huet dat och virdru gesot, deen et ausmécht, ob een en „working poor" ass. Mä nawell ass et e Kritär, deen entscheedend ass, an et ass deen Hiewel, deen een eigentlech am direktste misst usetzen, fir ze verhënneren, datt Mënschen, déi schaffen, an d'Aarmutsfal ofrutschen, respektiv fir iwwerhaapt et erëm ze erméiglechen, do erauszekommen. An dozou gehéiert eben d'Lounpolitik.

An och do setzt déi Motioun, déi ech elo dem Här President déposéieren, an. Wann ech gelift.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

1) que le nombre des salariés rémunérés au voisinage du salaire social minimum s'élève à 12,4%, ce qui correspond à 45.204 personnes;

2) que les modulations de l'indexation des salaires depuis 2006 ont considérablement dévalué le pouvoir d'achat de tous les salariés au Luxembourg et que les salariés rémunérés au salaire social minimum légal en sont particulièrement concernés;

3) que le Luxembourg a ratifié la disposition 4-1 de la Charte sociale européenne qui engage le Luxembourg à reconnaître le droit des travailleurs à une rémunération suffisante pour leur assurer, ainsi qu'à leurs familles, un niveau de vie décent;

4) que le Comité européen des droits sociaux du Conseil de l'Europe, qui statue en droit sur la conformité des situations nationales avec la Charte sociale européenne, établit que la situation est conforme à la Charte lorsque le salaire net le plus bas est supérieur à 60% du salaire net moyen;

5) que le Comité européen des droits sociaux conclut dans son rapport d'activité de 2014 «... que la situation du Luxembourg n'est pas conforme à l'article 4-1 de la Charte de 1961 au motif que le salaire minimum applicable aux travailleurs du secteur privé ne suffit pas à assurer un niveau de vie décent»;

6) que le Luxembourg affiche avec 10,8% en 2015 le taux de risque de pauvreté laborieuse le plus élevé parmi les pays de l'UE-15;

invite le Gouvernement

- à mettre la situation luxembourgeoise en conformité avec la Charte sociale européenne en augmentant le SSM dans les meilleurs délais à un niveau assurant aux salariés, ainsi qu'à leurs familles, un niveau de vie décent;

- à présenter à la Chambre des Députés un plan d'action afin de lutter contre le phénomène de la pauvreté laborieuse («working poor»).

(s.) Marc Baum, David Wagner.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- D'Grondzich vun deem, wat ech elo gesot hunn, fanne sech näämlech am Artikel 4 Paragraf 1 an der Europäescher Sozialcharta vum Europarot erëm, dee seet: «En vue d'assurer l'exercice effectif du droit à une rémunération équitable, les Parties s'engagent: 1. à reconnaître le droit des travailleurs à une rémunération suffisante pour leur assurer, ainsi qu'à leurs familles, un niveau de vie décent;».

Lëtzebuerg huet dës Dispositioun vun der Sozialcharta ratifizéiert an de Comité européen des droits sociaux vum Europarot, deen d'Konformitéit vun de Situatiounen an deene jeeweilege Länner par rapport zu där Charta iwwerpréift, huet de Mindestloun zu Lëtzebuerg an de leschte Joren awer als net konform zu dëser Dispositioun erklärt. Ech zitéieren aus dem Rapport vun 2014 vun deem Comité européen des droits sociaux. D'Konklusioun ass: «La situation du Luxembourg n'est pas conforme à l'article 4 paragraphe 1 au motif que le salaire minimum applicable aux travailleurs du secteur privé ne suffit pas à assurer un niveau de vie décent.»

An dëser Motioun fuerdere mer d'Regierung op, den Niveau vum Mindestloun konform zu där Charta ze setzen, wat an der Praxis eng Augmentatioun vum Mindestloun bedeit, déi iwwert dat erausgeet, wat hei proposéiert gëtt, an anerersäits fir de Phenomeen vun den „working poor" e Plan d'action ze développéieren, fir géint dee Phenomeen vun den „working poor", dee besonnesch staark zu Lëtzebuerg développéiert ass, virzegoen.

Här President, de Stat oder d'ëffentlech Hand huet am Allgemengen dräi Méiglechkeeten, dräi direkt Moyenen, fir op déi allgemeng Lounpolitik an domat op déi primär Verdeelung vu Loun an Aarbecht anzewierken.

Déi éischt a banaalst ass déi, wéi e seng eege Beamten a seng eege Salariéë bezuelt. Onofhängeg vun der Signalwierkung, déi dat am positive Fall kann hunn, och op d'Privatwirtschaft, huet et eng direkt Auswierkung op d'Léin, wéi och de Rapport, dee mer hei virleien hunn, weist. Well doduerch, datt an der Vergaangenheet de Punktwäert geklommen ass, huet dat och dozou gefouert, datt d'Evolutioun vun de Mindestléin ugepasst ginn ass no uewen. Dat heescht och, datt, wann een am Service public, der Fonction publique d'Léin weider an d'Luucht setzt, dann huet dat och eng konkret Auswierkung op déi ënnescht Léin.

Deen zweete Mechanismus ass den Index, deen e Kafkraaftverlosch ausgläicht. An deen drëtten ass de Mindestloun, deen den eigentleche Garant misst sinn, fir datt d'Leit, déi Vollzäit schaffen, net dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn. Duerfir menge mer, datt nach Sputt no uewen ass beim Mindestloun, a fuerderen d'Regierung op, dee Sputt ze notzen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Baum. An d'Wuert huet elo den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport, an och all deene Riedner virdrun, déi sech an déi Debatt hei abruecht hunn.

Eigentlech wollt ech meng Ried och mat där berüümter Formel vum Här Krieps ufänken. Mä dat ass jo elo scho gesot. Ech géif derbäisetzen, datt effektiv de Mindestloun de Kollektivvertrag vun all deenen ass, déi keen hunn, mat engem groussen Ënnerscheed, datt si eigentlech dee Kollektivvertrag net négociéieren, datt an onsem System, esou wéi en existéiert, déi Ziffer, déi do erauskënnt, eigentlech d'Resultat ass vun all deenen aneren Négociatiounen, well dat reflétéiert jo d'Evolutioun vun de Salairen am Land.

Ech soe ganz éierlech: Jo, déi 1,4%, fir déi klappen ech mer absolutt net op d'Schëller. Well ech géif soen: C'est dû, c'est dû, et ass einfach geschëllt! An duerfir maache mer dat emol an enger éischter Phas, wat geschëllt ass, a mir ginn deene Leit déi 1,4%, déi se absolutt zegutt hunn.

Elo muss een natierlech beim Mindestloun jo nach awer eng kleng Distinctioun maachen, emol éischtens: Mir hunn zwee Mindestléin, vläicht souguer dräi. Vun deem drëtte schwätze mer elo net. Mä mir hunn der op jidde Fall emol zwee.

Mir hunn den net qualifizéierte Mindestloun, dee par ailleurs fir vill Berechnungen à la base ass an onsem Sozialsystem. A mir hunn natierlech och de qualifizéierte Mindestloun. Wa mer also vu 46.000 Leit schwätzen oder eppes iwwer 46.000 Leit, déi um Seuil si vum Mindestloun, da menge mer domat à la fois déi Leit, déi den net qualifizéierte Mindestloun hunn, an déi, déi de qualifizéierte Mindestloun hunn, deen 20% iwwert dem net qualifizéierte läit.

Déi, déi den net qualifizéierte Mindestloun hunn, dat sinn der à peu près, loosse mer soen, tëschent 27.000 an 28.000. Déi aner 18.000, 19.000 sinn déi Leit, déi 20% driwwer leien, also de qualifizéierte Mindestloun hunn.

Dat muss een awer distinguéieren, well déi 20%, dat ass jo awer en Ënnerscheed, deen net total négligeabel ass. An ech soen: Mir sinn dat eenzegt Land - dat eenzegt Land! -, wat iwwerhaapt esou en Ënnerscheed mécht. All déi aner Länner, déi e Mindestloun hunn, an dat ass jo virdrun elo gesot ginn, hunn ee Mindestloun, basta! Do gëtt net vu qualifizéiert an net qualifizéiert geschwat. Éischte Punkt.

Deen zweete Punkt ass: Ech hunn elo héieren, d'Zuel vun de Leit, déi um Mindestloun leien, déi géif dauernd steigen. Dat hunn ech an deene Rapporten net erausfonnt. Et ass éischter de Contraire. An ech begréissen dat.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann Dir erlaabt, Här Minister?

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech wollt dem Här Minister soen, wann e mech domat gemengt hat, dat hat ech net gesot. Ech sot, d'Léin géifen erofgoen an ech hunn net gesot, d'Mindestléin géifen an d'Luucht goen. D'Masse salariale, déi besteierbar Masse salariale ass global zréckgaangen.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Jo, awer eng Evolutioun vun de Léin vun 1,4% no uewen. Dat ass vläicht eng Augmentatioun, déi manner rapid ass, wéi mer et emol schonn haten, dat ginn ech lech gären zou, mä trotz allem ass global gesinn d'Lounentwécklung nach positiv. Dat war net de Fall bei der leschter Adaptatioun vum Mindestloun. Do hate mer eng Augmentatioun vun 0,1% - an ech ka mech gären un Är Remarquen erënneren -, dat war eigentlech d'Stagnatioun vun de Léin.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Dat war eng Stagnatioun vun de Léin. Elo hu mer eng liicht Evolutioun no uewen - 1,4% - vun de Léin, vum Duerchschnëttsloun,...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Richteg!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- ...an op där baséiert jo déi Adaptatioun vum Mindestloun.

Mä wichteg ass: Wéi vill Leit leien da ronderëm de Mindestloun? An déi Zuel geet momentan éischter erof wéi erop. An ech begréissen dat! Éischtens weist dat trotz allem, datt ënnen am Segment vun de Léin awer eng Tendenz no uewen ass, wat positiv ass. An zweetens weist dat, datt mer eben e Land sinn, wat ëmmer méi an d'Qualifikatioun vu senge Salariéë muss investéieren. An duerfir mussen d'Léin och éischter iwwert dem Mindestloun leie wéi ronderëm de Mindestloun.

Elo liesen ech a ville Rapporte vun den Employeuren, jo, dat wier e grousse Problem, well effektiv géif de Mindestloun dozou féieren, datt mer géife manner Aarbechtsplaze schafen, besonnesch am Segment vun der net qualifizéierter Aarbecht.

Ech mengen, et huet schonn een hei bemierkt - ech weess elo net méi, wien dat war -, datt déi Horrorzeenarien, déi ëmmer ronderëm de Mindestloun gezielt ginn: „Wann een de Mindestloun eropsetzt, dann ass dat eng Zerstéierung vun Aarbechtsplazen", datt dat bis elo néierens kloer bewise ginn ass.

An dat lescht Land, wat bewisen huet, datt deen Horrorzeenario net agetrueden ass vun enger massiver Augmentatioun vun der Aarbechtslosegkeet, ass Däitschland. Déi hate kee Mindestloun. Si hunn de Mindestloun kritt - deen ënner onsem läit, muss ech awer bemierken -, mä deen Horrorzeenario, datt elo massiv Aarbechtslosegkeet agetruede wier, ass net agetrueden. En revanche si Leit aus dem wierklech niddregen, total niddrege Lounsecteur an de Mindestlounsecteur eragefouert ginn.

Mä wichteg ass natierlech, datt mer probéieren, déi onqualifizéiert Aarbechter besser ze qualifizéieren. Dat ass den Challenge, dee mer mussen unhuelen. Et ass net eng mechanesch Vue, fir ze soen: Eigentlech hu mer dach scho kapituléiert, d'Leit kréien de Mindestloun, dee geet an d'Luucht, da gi manner Leit mat Mindestloun agestallt.

Neen, mir mussen derfir suergen, datt d'Produktivitéit am Land eropgeet, datt mer an d'Mënschen, an d'Leit investéieren an datt mer doduerch eigentlech e méi héijen Niveau vu Salairë kënnen erlaben a besonnesch ënnen an der Salaire-Skala méi héich Salairë kënne bezuelen. Dat ass déi richteg Approche, an net ëmmer déi Approche vum Minimum, deen eigentlech sollt dann den Aarbechtsmaart beliewen.

E Punkt, deen och ugefouert ginn ass, ass effektiv de Punkt vun den „working poor". An et ass richteg, datt, och wa mir zu Lëtzebuerg deen héchste Mindestloun an der Europäescher Unioun hunn, an ech mengen, deen zweet- oder drëtthéchsten op der Welt - ech mengen Neuseeland, wann ech mech gutt erënneren, huet nach méi en héijen -, dann ass dat net eng Garantie, datt domat d'Leit och dee beschte Liewensstandard hei zu Lëtzebuerg hunn.

A mir wëssen alleguer, a vill hunn et gesot, datt eleng mam Mindestloun iwwert d'Ronnen ze kommen, dat ass net esou eng ganz einfach Geschicht. An duerfir musse mer eis natierlech doriwwer Gedanke maachen an net soen: „Bon, Lëtzebuerg huet deen héchste Mindestloun, duerfir ass alles perfekt." Neen, mir musse kucken: Wéi stellt sech dee Mindestloun duer par rapport zum allgemenge Liewensstandard a besonnesch zu de reelle Käschten, déi e Mënsch, eng Famill huet, wann se hei zu Lëtzebuerg lieft? Dat ass déi richteg Approche, déi mer mussen hunn.

An da musse mer feststellen, datt natierlech de Mindestloun, esou wéi en hei fixéiert ass, an déi normal Entwécklung vun de Léin a besonnesch de Salaire médian, wa mer vun deene 60% ausginn, wou de Seuil de pauvreté ass, datt de Mindestloun ganz no do dru läit an datt also d'Aarmutsgrenz an de Mindestloun no beienee leien.

An dat däerf ons net einfach egal sinn, well grad do fënnt sech de Problem vun der Kohäsioun vun enger Gesellschaft! Well dat heescht, datt déi Leit, déi schaffen, déi all Dag opstinn an déi Aarbechte maachen, déi net ëmmer déi einfachst sinn, grad déi fänken un ofzefale vum normale sougenannten Trend vun der Gesellschaft. An do stellt sech d'Fro vun der Inégalité fondamentale an enger Gesellschaft! An do stellt sech de Problem vun der Kohäsioun vun enger Gesellschaft.

An dat ass also eng Fro vum Mindestloun, vun dem Loun en général, dee mer musse kucken. An duerfir soen ech: Jo, dat ass derwäert, sech doriwwer Gedanken ze maachen. An ech proposéieren hei, datt mer de Conseil économique et social domat befaassen - déi lescht Kéier war dat 2004 -, eng Studie, eng Etüd ze maachen, fir ze kucken: Wéi sti mer mat deem Mindestloun do par rapport zur genereller Lounentwécklung, Käschtenentwécklung an dësem Land? Natierlech andeem mer ekonomesch Aspekter kucken, mä awer och déi fundamental sozial Froen net ausser Uecht loossen.

Ech wëll also proposéieren, datt mer déi Etüd maache loossen an datt mer déi nächst Kéier - dat ass an zwee Joer -, wann erëm hei iwwert de Mindestloun diskutéiert gëtt, op jidde Fall dann déi Etüd hunn an da kënnen driwwer décidéieren, ob et just einfach eng Transpositioun ass vun der allgemenger Lounentwécklung oder ob mer mussen iwwer eng strukturell Adaptatioun vum Mindestloun diskutéieren an déi och eventuell ëmsetzen.

Hei geet et iwwert de Mindestloun, hei geet et net ëm d'Steieren. Ech verstinn, datt natierlech alles matenee liéiert ass. Ech wëll awer eng Remarque maachen. Et ass gesot ginn: „Majo dann hätt Der sollen eigentlech den Niveau, wou een ufänkt, Steieren ze bezuelen, eropsetzen. Dann hätt Der jo och den..."

Mir hunn deen eropgesat, Här Spautz! Ech versti jo ganz gutt, datt Dir elo d'Steierreform nach net am Fong duerchgekuckt hutt. Mir hunn de Crédit d'impôt massiv..., mir hunn e verduebelt, an dee profitéiert also fundamental deenen ënneschte Gehälter.

Dat, wat Dir proposéiert, andeem Der jo sot, Dir wäert fir déi kleng Leit: Neen, et ass esou, datt, wa mer dee Barème eropgesat hätten, dee Seuil eropgesat hätten, dann hätt jiddweree bis op deen, deen 20.000 Euro de Mount an driwwer verdéngt hätt, och nach vun där Adaptatioun profitéiert.

An dat war jo net onst Zil. Well mir sinn higaangen an der Steierreform... Mä ech loossen dat sinn, ech wëll elo net d'Steierreform hei kommentéieren. Mir hunn d'Taux marginaux uewen eropgesat op 41% an 42%, wat an anere Konstellatiounen, wou ech jo och emol war, mat deenen deemolege Finanzministeren net esou einfach war. Do ass et och ëm déi Kleng an déi Déck gaangen. Do war et net méiglech, déi Tauxen op deen Niveau ze setzen. Dat ass an där heiter Steierreform gemaach ginn!

(Brouhaha)

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- An déi heite Reform, och mat deem Crédit d'impôt, déi profitéiert genau deenen ënneschten, a besonnesch deenen ënneschten, an net deenen, déi souwisou dat net onbedéngt brauchen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, den...

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Elo nach ee Punkt zum Impôt de solidarité. Ah, den Här Spautz wëllt eppes soen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà! Et ass genee dat, wat ech Iech wollt soen.

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Also, Här Minister,...

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Jo?

M. Marc Spautz *(CSV).*- ...ech wëll just soen, ech hunn d'Steierreform gelies! An déi 11.000 an e puer Zerquetschter, wou et elo lassgeet mat engem Joresgehalt, déi kann een awer roueg an d'Luucht setzen!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Oh, et kann een ëmmer alles!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Déi kann een awer roueg an d'Luucht setzen. Da kann ee jo uewen nach eppes maachen. Mä mir schwätze jo haut net iwwert d'Steierreform,...

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Neen, neen!

M. Marc Spautz *(CSV).*- ...well ech hu mer jo scho misse vum Här Anzia virwerfe loossen, datt ech mer erlaabt hunn, doriwwer ze schwätzen!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här Spautz, net ech hu vun der Steierreform...

M. Marc Spautz *(CSV).*- Neen, ech!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Dir hutt mir hei gesot,...

M. Marc Spautz *(CSV).*- Jo, majo richteg.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- ...fir de Mindestloun nach ze héijen, hätte mer sollen d'Steierentrée nach eropsetzen. Ech hunn Iech gesot, mir hunn dat gemaach mam Crédit d'impôt.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Mä nach méi.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Dee profitéiert besonnesch de Mindestlounempfänger an deenen aneren. Bon.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Jo, mä mir hätten awer och nach kënnen de Mindestloun...

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Do hu mer..., ech muss nach eppes...

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ech wollt nach eng Fro awer stellen.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Jo?

M. Marc Spautz *(CSV).*- Mä da sot mer awer wéinstens - ech hunn och gefrot -, firwat Der dann aus dem Statsbudget vum Emploi déi 72 Milliounen...

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Jo, do kommen ech och drop. E bësse Gedold, Här Spautz!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ah, do kommt Der drop. Merci!

(Brouhaha)

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Ech hunn Iech dat schonn eemol explizéiert. Da maachen ech dat eben och nach eemol hei virun de Kolleegen.

Mir hunn effektiv haut eng besser Marge am Fonds pour l'emploi. A firwat hu mer eng besser Marge am Fonds pour l'emploi? Majo, well de Chômage erofgeet, Här Spautz! De Chômage geet erof, de Chômage partiel geet erof, also hu mer eng gewësse Loft am Fonds pour l'emploi. Mir sinn also higaangen an déi Dotatioun, déi mer all Joer an de Fonds pour l'emploi hu misse ginn, well deen normale Finanzement vum Fonds pour l'emploi net duergaangen ass - an deene vergaangene Joren, dat wësst Dir och nach, dat wësst Der, hu mer ëmmer missen nach aus dem Budget en Transfert maachen -, déi konnte mer erofsetzen. Éischtens!

Dat Zweet ass, wa mer global d'Steierlaascht erofsetzen, da geet natierlech iwwert dee Wee och den Impôt de solidarité erof, mechanesch. Well den Impôt de solidarité ass en Impôt sur l'impôt. Also geet deen och erof.

An da soen ech Iech: Mir kucken elo, wéi déi Evolutioun weidergeet am Fonds pour l'emploi. Wann déi Entwécklung esou positiv bleift an déi Transferten net méi musse gemaach ginn, da kann een driwwer diskutéieren, d'nächst Joer oder d'Joer drop - mä firwat net d'nächst Joer? -, iwwert den Niveau vum Impôt de solidarité.

Mir wëllen ons awer net ze vill séier do avancéieren. Mir wësse jo net, wat fir eng aner Surprisen nach kënne kommen. Mir wëllen och weider eng aktiv Beschäftegungspolitik maachen aus deene Grënn, déi ech virdru gesot hunn, dat heescht, an d'Aarbecht investéieren a besonnesch an d'Qualifikatioun vun de Leit investéieren. Dat ass de fundamentalen Aspekt.

Mäi leschte Punkt, wou Der mech och schonn drop ugeschwat hutt, dat ass d'Indemnité d'apprentissage. Ech hu kee Problem, déi un den Index unzepassen, mä ech hätt am léifsten, wa mer...

Une voix.- Un de Mindestloun.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Un de Mindestloun, pardon, un den Index ass se jo ugepasst. Hoffentlech kënnt dee jo och. Ech hoffen et also. Mä wat mir um Häerz läit: datt mer eemol dee ganze Problem vun den Indemnités d'apprentissage neiuerdnen. Dat ass näämlech net optimal, esou wéi dat momentan besteet. Mir mussen, wa mer wëlle méi jonk Leit an den Apprentissage kréien - an ech mengen, dat muss onst gemeinsamt Zil sinn, fir jonk Leit erëm an den Apprentissage ze kréien -, da musse mer allgemeng iwwert déi Indemnités d'apprentissage diskutéieren.

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Voilà!

Mäi leschte Punkt. Mir setzen also...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Spautz nach eng Kéier.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ech wollt just soen, Här Minister, bei deenen 72 Milliounen hätt awer och d'Regierung eng aner Décisioun kënnen huelen a soen: „Déi 72 Milliounen, déi bis elo aus dem Statsbudget bezuelt ginn, déi bleiwen erhalen." A mir hätten d'Solidaritéitssteier bei de Leit erofgesat, och dat wier e Moyen gewiescht. An dann hätt och de Lëtzebuerger Stat...

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Mir hu jo d'Solidaritéitssteier bei de Leit erofgesat, andeem mer d'Steiere bei de Leit erofsetzen.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ma neen. Dir hätt awer den Taux kënne ganz erofsetzen an déi 72 Milliounen nach ëmmer huelen. Mä ech verstinn Iech awer och: Iech ass et jo egal, vu wou se kommen, vun där enger Säit oder vun där anerer Säit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Neen! Ech hunn am léifsten, datt mer esou mann Suen ausgi mussen am Fonds pour l'emploi wéi méiglech, well dat heescht, datt mer de Chômage erofkréien. Dat heescht, datt mer kee Chômage partiel hunn. Dat heescht, datt d'Leit eng sécher Aarbechtsplaz hunn. Dat ass dat, wat mech interesséiert! Dat wat ech wëll, dat ass, datt mer d'Fongen, d'Suen am Fonds pour l'emploi besonnesch fir Aarbecht investéieren an net, fir Chômage ze bezuelen.

Fir ze résuméieren: Éischtens, mir setzen also déi 1,4% an d'Luucht, dat ass mechanesch. Okay, d'Leit hunn dat zegutt. Mä ech wëll, datt mer eng Iwwerleeung, eng seriéis Analys maachen iwwert d'Situatioun vum Mindestloun am Kader zum Beispill vum Conseil économique et social, fir datt mer d'nächst Kéier kënnen en connaissance de cause doriwwer diskutéieren an och kucken, ob net aner Upassungen, eventuell eng strukturell Upassung noutwendeg ass.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Mir sinn domat um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir géifen iwwert den Ensembel vum Gesetzesprojet 7085 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7085 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo - huet jiddwereen ofgestëmmt? - eriwwer.

60 Participatiounen un der Ofstëmmung: 60-mol Jo. Domat ass de Projet betreffend d'Adaptatioun vum Mindestloun unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Marc Angel), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir sinn um Enn...

Une voix.- Mir hunn nach d'Motioun ze stëmmen.

Motion 1

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah jo, Dir hutt recht. Sorry, ech war e bëssen ze vill

presséiert. Mir hunn nach d'Motioun vun de Kolleege vun déi Lénk. Ech mengen, si ass presentéiert. Sinn nach Wuertmeldungen dozou?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da géife mer iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

56 Participatiounen: 3-mol Jo, 32-mol Neen an 21 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: M. Marc Baum, Mme Françoise Hetto-Gaasch et M. David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Yves Cruchten), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir sinn elo um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Här Spautz?

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ech wollt d'Justifikatioun ginn, firwat mer eis bei där Motioun enthalen hunn. Et si verschidde Punkten dran an där Motioun, déi eis ganz, ganz sympathesch sinn. Dat ass zum Beispill, dass endlech dat mat der Charte sociale géif hei zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn. Eis Vertrieder am Europarot, déi trëppelen normalerweis... Eemol d'Joer gi se virstelleg, fir ze soen, dass et wichteg wier, dass d'Ratifikatioun vun der Charte sociale...

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Vum Zousazprotokoll!

M. Marc Spautz *(CSV).*- ...vum Zousazprotokoll géif gemaach ginn. Duerfir sinn och verschidde Punkten dran, déi eis ganz sympathesch waren. Et sinn awer aner Punkten, mat deene mer eis net konnten identifizéieren. Duerfir hu mer eis enthalen.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Engel, zu wat?

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Och zu der Motioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Och zu der Motioun.

M. Michel Wolter *(CSV).*- De Vott ass eriwwer, Här Engel.

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Jo, mä da war e virdrun och eriwwer. E war virdrun awer och eriwwer.

(Brouhaha)

M. Marc Angel *(LSAP).*- Hien huet seng Enthalung motivéiert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, neen. Hei ass d'Motivatioun vun der Abstentioun.

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Okay. Neen, et ass gutt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm.

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Ech hätt kënne soen, firwat mer dergéint gestëmmt hunn. Mä et ass egal.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo. Merci gesot. Domat ass d'Sëtzung eriwwer an ech ginn lech Rendez-vous muer um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 17.32 heures)

SÉANCE 12

JEUDI, 8 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Changement de composition d'une commission parlementaire
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Débat de consultation sur la croissance économique et la compétitivité au Luxembourg

Interpellation de M. Laurent Mosar sur les perspectives de développement de l'économie luxembourgeoise
- *Exposés: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, M. Laurent Mosar (interventions de M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie) (dépôt de douze motions)*
- *Débat: M. Félix Eischen (dépôt d'une demande d'interpellation), M. Franz Fayot (interventions de M. Laurent Mosar), Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia (intervention de Mme Octavie Modert), M. Roy Reding, M. Marc Baum (intervention de M. Gast Gibéryen), M. André Bauler*
- *Prises de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie (interventions de M. Marcel Oberweis, M. Laurent Mosar et Mme Octavie Modert), M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de M. Laurent Mosar, Mme Octavie Modert, M. Gilles Roth, M. Alexander Krieps, Mme Nancy Arendt, M. Gast Gibéryen, M. Eugène Berger, M. Laurent Mosar, M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, Mme Nancy Arendt, M. Gast Gibéryen)*
- *Motions: M. Laurent Mosar, M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Votes sur les motions 1 à 7 (rejetées)*
- *Votes sur les motions 8 et 9 (adoptées)*
- *Votes sur les motions 10 à 12 (rejetées)*

4. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Pierre Gramegna, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen d'Sëtzung op. An ech mengen, ech brauch net ze froen, ob Matdeelunge vun der Regierung kommen.

(Négation)

Déi wäerten direkt anschliissend kommen. Ech huelen dat dann zur Kenntnis. Merci.

2. Changement de composition d'une commission parlementaire

Ech wollt da just d'Chamber informéieren, dass et op Wonsch vun der liberaler Fraktiouun zu enger Ännerung an enger parlamentarescher Kommissioun kënnt. An der Santés-, Égalitéits- a Sportskommissioun ersetzt den Här Claude Lamberty den Här Alexander Krieps fir de Volet Sport.

(Brouhaha)

Ass d'Chamber mat där Ännerung averstanen?

(Assentiment)

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun de Mëtten iwwergoen, enger Konsultatiounsdebatt iwwert de Wuesstum an d'Kompetitivitéit zesumme mat der Interpellatioun vum Här Laurent Mosar iwwert d'Entwécklungsperspektive vun eiser Ekonomie. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Vu dass mer déi zwou Initiative matenee verschmëlzen, wäert d'Regierung elo als Éischt eng Deklaratioun maachen, gedeelt tëschent dem Finanzminister an dem Wirtschaftsminister, an da kënnt den Interpellant drun an duerno eng gemeinsam Diskussioun.

Voilà. Wie fänkt bei der Regierung un?

Den Här Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider.

3. Débat de consultation sur la croissance économique et la compétitivité au Luxembourg

Interpellation de M. Laurent Mosar sur les perspectives de développement de l'économie luxembourgeoise

Exposés

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Gudde Mëtteg, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech géif vläicht virausschécken, dass, vu dass mer haut an der Situatioun sinn, dass mer en Débat, eisen traditionellen Débat iwwert d'Kompetitivitéit, kombinéiere mat enger Interpellatiounsufro vum honorabelen Deputéierte Laurent Mosar an d'Regierung elo fir d'Introduktioun insgesamt eng hallef Stonn just zegutt huet, dat heescht eng Véierelstonn fir mech an eng Véierelstonn fir de Finanzminister, probéieren ech, mech wierklech op de Minimum ze reduzéieren. Dat heescht, ech ginn net a grouss Chifferen an. Dir hutt d'Dokumenter zougestallt kritt, dofir wäert ech mer erlaben, dat ewechzeloossen a mech op eng Rei méi sommaire Analysen hei ze beschränken, fir herno och kënne méi Zäit vläicht ze hunn, fir am Débat ze diskutéieren.

Ech wëll awer och virausschécken, dass ech gelies hunn haut, dass den Interpellant, den Här Mosar, haut zwielef Motioune wëllt presentéieren, fir d'Ekonomie „ze relancéieren". Do war ech e bëssen erstaunt. Ech hu geduecht, mat bal 5% Wuesstum misst een näischt méi relancéieren. Mä ech sinn dann emol gespaant ze héieren, wat dann do kënnt, d'autant plus, wou jo awer op där anerer Säit an der CSV gefuerdert gëtt, dass mer manner schnell solle wuessen. Dofir weess ech elo net, wéi déi awer e bësse schizophreen Positioun soll iwwereneebruecht ginn, op där enger Säit d'Ekonomie nach iwwer 4%, 5% eraus wuessen ze loossen an op där anerer Säit awer manner Wuesstum ze kréien. Ech weess net wierklech, wéi Der dat wëllt erklären.

(Interruptions et brouhaha)

Ech wäert ganz gespaant haut ofwaarden, och mat Ären Iddien, fir d'Betribsbesteierung erofzesetzen, virgëschter, wéi vum Här Halsdorf ugedeit, d'Défenseausgaben eropzesetzen, gläichzäiteg awer en équilibréierte Budget ze fuerderen. An awer, dat Ganzt soll kee Wuesstum bedeiten, wann ech dem Här Spautz nolauschteren, méi Wuesstum bedeiten, wann ech dem...

(Interruption)

...wann ech dem... Mä Dir héiert mech jo, Dir héiert mech jo!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, wann ech gelift!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Op alle Fall sinn ech gespaant, wéi Der d'Quadratur vum Krees dann hei fäerdeg kritt.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...krut nach näischt vum Kleeschen.

(Hilarité)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Et ass gutt. Do halen ech mech eraus.

Une voix.- Do musst Der vum Houseker schwätzen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Do halen ech mech eraus. Ech wëll just ufänken, andeem ech soen, dass d'Situatioun, d'ekonomesch Situatioun vum Land eng ganz gutt ass, speziell wann ee bedenkt, a wéi engem onsécheren internationale Kontext mer eis awer hei befannen, mat engem Brexit, mat enger Wahl vun engem Donald Trump, wou een net weess, wat dat alles wäert bedeite fir d'Weltekonomie, mat enger Krisesituatioun elo erëm an Italien, mat allen Inzidenzen, déi dat wäert hunn op d'Ekomomie, op d'Wärung, op eis gemeinsam Wärung, et cetera.

Dat alles gesinn, ass et also ëmsou méi remarkabel, dass mir hei eng Croissance hunn, déi extrem héich ass, déi permanent neien Emploi schaaft, wou de Chômage regelméisseg erofgeet, déi eis elo erlaabt, eng Réforme fiscale d'nächst Woch hei ze stëmmen, déi de Leit méi Kafkraaft wäert ginn. D'Revaloriséierung vum Mindestloun, déi Der gëschter gestëmmt hutt, gëtt de Leit méi Kafkraaft. Dann, d'Revalorisatioun vun de Rente gëtt de Leit méi Kafkraaft. An dann och deen Index, dee mer jo elo erëm ganz knapp verpasst hunn, deen awer dann iergendwann elo wäert kommen, gëtt och de Leit erëm méi Kafkraaft. Alles dat wäert natierlech och d'nächst Joer positiv Inzidenzen op d'Bannennofro hei zu Lëtzebuerg hunn an domadder dann och op d'Ekonomie.

Déi gutt Situatioun, déi gutt ekonomesch Situatioun, déi mer hunn, déi erlaabt eis dofir och, e laangen Débat kënnen ze féieren iwwert de qualitative Wuesstum, respektiv e largen Débat iwwert de qualitative Wuesstum kënnen ze féieren. De François Bausch huet eng Rei Diskussiounsronnen ageleet gehat virun dräi Wochen. Doropshin ass d'Presentatioun komm vum Rifkin, vun der Rifkin-Etüd, déi ëmmerhi 475 Säiten Analysen a gutt Iddien entwéckelt huet, an dat zesumme mat 300 Experten hei aus dem Land, fir ze kucken, wéi mer eis Ekonomie méi nohalteg kënnen opstellen a wéi mer dee Wuesstum besser géréiert kréie respektiv an déi richteg Bunne kënne féieren.

Déi Etüd, déi ass awer elo net um Enn. Dat heescht, den Débat ass virun allem net um Enn. Dat, wat mer jo gär hätten, dat ass, dass mer elo weiderdiskutéieren, dat souwuel um Niveau vum Conseil économique et social, mä och op aneren Niveauen, wéi zum Beispill am Conseil national du développement durable (veuillez lire: Conseil supérieur pour un développement durable), mam Jugendparlament, mat de Schoulen, mat de Lycéeën, der Uni, well et jo hei ëm d'Zukunft geet vun deene jonke Leit. An dofir ass et extrem wichteg, dass mer mat hinnen diskutéieren a mat hinnen zesumme kucken, wéi mer eis Ekonomie, wéi mer eist Land wëllen op d'Zukunft preparéieren.

Ech wëll och haut elo keng Rifkin-Diskussioun hei lasstrieden. Ech huelen un, dass eng Rei vun Ären Interventiounen zwar wäerten an déi Richtung goen. Mä ech mengen, dat, wat wichteg ass, dat ass, dass mer elo emol déi Diskussiounsprozesser am Land breet weiderféieren. An da kommen ech jo mat de Kolleege vun der Regierung zréck an d'Chamber, an dat soll jo am Prinzip am Summer sinn, fir dann d'Konklusiounen ze zéien no all deenen Débaten, déi mer haten, fir dass mer dat alles afléisse loossen an eng gemeinsam Trame, wéi mer Lëtzebuerg iwwert déi nächst Joren oder Jorzéngten eraus wëllen developpéieren, an dat nohalteg.

Ech mengen, dass mer an deem Kader - fir nach eng Minutt beim Rifkin ze bleiwen - villes schonn en place gesat hunn an dass dat d'ailleurs och den Här Rifkin dovun iwwerzeegt huet, fir mat Lëtzebuerg zesummenzeschaffen, dass mer villes en place scho gesat hunn, fir déi Transitioun a Richtung vun enger nohalteger digitaler Ekonomie kënnen ze réusséieren, dass mer dat schonn en place hunn! Wann ech bedenken, dass mer ICT-Infrastrukturen hunn, wéi Der se néierens op der Welt wäert fannen, dass mer den „smart metering" schonn amgaange sinn an all Haushalt ze implementéieren, dass mer amgaange sinn, d'Elektromobilitéit iwwert d'ganzt Land auszebauen, andeem mer d'Bornen amgaange sinn opzestellen, alles dat bis 2020 flächendeckend fäerdeg.

Just fir Iech ze soen, wat d'Elektrobornen ugeet: Ech hu viru Kuerzem mat engem ungaresche Kolleeg geschwat, deen huet mer gesot, ganz stolz, si géifen elo 500 Bornë fir Elektroautoen an Ungarn opriichten. Ech mengen, dass Ungarn e bësse méi grouss ass. Mir bauen der 800 mat zwee Steckeren, dat heescht 1.600. Dat heescht, et ass scho konsequent, wat mer hei maachen.

Mir sinn amgaangen, um „driverless driving" ze schaffen, fir Lëtzebuerg zu engem Testbett ze maachen, d'„circular economy" hélt ëmmer méi e wichtege Stellewäert och zu Lëtzebuerg an. Dat heescht, eng ganz Rei Argumenter, firwat déi Iddien, déi an deem Prozess do opbruecht sinn, firwat déi zu Lëtzebuerg kënne realiséiert ginn, an dat och mat Succès!

D'Regierung huet déi doten Initiativ, déi „Initiativen" scho fréi geholl: Näämlech 2014 hu mer ugefaangen, eis Gedanken ze maachen, wéi mer dann eist Land wëllen développéieren, wéi mer eis Ekonomie wëllen développéieren. A mir hunn net gewaart, fir eis déi Gedanken iwwert d'Zukunft vum Land ze maachen. Dat erlaabt eis eben haut, op Basis vu ronn 500 Säite Propositioune kënnen ze diskutéieren an Décisioune kënnen ze huelen.

Mä gläichzäiteg handele mer, fir eist Land och méi effizient opzestellen an och fir eis an den internationale Benchmarken nach besser opzestellen. Mir sinn a ganz ville Benchmarke weltwäit Leader oder wéinstens an den Top Dräi oder den Top Ten, mä mir sinn nach amgaangen, eis permanent weider ze verbesseren. Et ginn och Benchmarken, wou mer net onbedéngt wëllen op d'Kriticken agoen, well se aus ganz berechtegte Grënn esou sinn, wéi se de Moment zu Lëtzebuerg sinn.

Ech wëll awer hei nach eng Kéier virausschécken, dass déi heite Koalitioun och eng ganz Rei Initiative geholl huet, fir eis Situatioun, fir eis Kompetitivitéit nach weider ze verbesseren.

Dat Omnibusgesetz, wat ech gläich schonn net méi kann héieren, well mer ëmmer net virukommen, oder immens laang blockéiert gi waren duerch en Avis vum Statsrot, deen net erbäikomm ass, mä ëmmerhi wäert dat Gesetz ronn 30 Vereinfachungen elo mat sech bréngen um administrative Plang. Eleng a mengem Ministère hu mer ronn 17 Mesuren nach développéiert, fir d'Simplification administrative fir d'Betriber kënnen ze realiséieren. An déi Mesuren, déi nei 17 Mesurë plus eng ganz Rei aner Mesurë vun anere Ministèrë wäerten deemnächst vum Minister, deen zoustänneg ass fir d'Simplification administrative, publizéiert ginn, an da gitt Der do den Detail gewuer. Dofir ginn ech net weider méi dorop an.

Mir hunn de Guichet unique agefouert, fir alle Leit, déi sech wëlle selbststänneg maachen, déi wëllen eng kommerziell Aktivitéit maachen, fir deenen d'Liewen ze vereinfachen, dass se net mussen op honnert Administratioune lafen. Mir hunn d'Sàrl simplifiée gegrënnt, déi ab Mëtt Januar 2017 wäert a Kraaft trieden, dat heescht an engem gudde Mount vun elo un.

Mir hunn d'Reform vun der Promotion économique vum Land reforméiert, andeem mer Luxembourg for business mat Luxinnovation fusionéiert hunn, fir eis méi effikass kënnen no baussen duerzestellen. Mir hunn den Nation Branding gemaach, deen ech hei speziell nennen, well et eben och eng Form vu Kompetitivitéit ass, fir Lëtzebuerg als e bëssen eppes méi duerzestelle wéi just d'Finanzplaz. Ech mengen, dass do ganz vill Leit och dru geschafft hunn an dass mer dat elo wäerte weider duerch d'Welt promouvéieren, also eisen Image an der Welt wëlle weider verbesseren.

Mir hunn d'Initiativ „Digital Lëtzebuerg" geholl, fir de ganzen IT-Secteur ze fëderéieren an nei Iddien auszeschaffen. A mir hunn, wat d'Clusterpolitik ugeet, eng ganz Rei Initiative geholl, récemment natierlech och wat de Cluster automobile ugeet, fir deen dote Secteur, dee fir d'Lëtzebuerger Ekonomie awer wichteg ass, weider ze développéieren.

Ech géif awer och nach e Wuert wëlle soen zu der Diversifizéierungspolitik vun der Regierung, fir e kuerze Bilan do ze zéien. Ech mengen, Dir wësst alleguerten, dass mer virun enger Rei Joren décidéiert hunn, Beräicher wéi Logistik, ICT, Biotech, Ekotechnologien an den Espace - domat war ëmmer haatpsächlech zu där Zäit eis Satellittenindustrie an alles, wat ronderëmschwirrt, geduecht - ze förderen. Mir hunn déi lancéiert an déi hu sech net all d'selwecht schnell entwéckelt an och net all mat deeneselwechte Konsequenzen, positive Konsequenzen op eis Ekonomie.

Mä generell kann ee soen, dass an der Period vun 2011 bis 2014 dës fënnef Secteure ronn, also méi wéi 20% vun der Valeur ajoutée vun de Secteurs non financiers hei zu Lëtzebuerg ausgemaach hunn. Dat heescht, d'ganz Ekonomie ausserhalb vun der Finanzplaz, do hunn déi dote fënnef nei Secteure ronn 20% vun der Valeur ajoutée hei zu Lëtzebuerg ausgemaach, wat immens vill ass. A wann een dat ëmrechent op d'gesamt Valeur ajoutée vun der gesamter Lëtzebuerger Ekonomie, da sinn dat ëmmerhin 11%, wat, mengen ech, net wéineg ass!

Et ass awer och kloer, dass eis Diversifikatiounspolitik regelméisseg muss adaptéiert an ausgebaut ginn. Fakt ass natierlech, dass mer ëmmer nach ze vill ofhängeg si vum Finanzsecteur, dass et awer och net ëmmer evident ass, fir manner ofhängeg ze ginn. Op där enger Säit wëlle mer jo de Finanzsecteur a mir wëllen e jo weider développéieren. Op där anerer Säit ass et awer esou, dass mat deem Développement natierlech eis Ofhängegkeet vun deem Secteur ëmmer méi grouss gëtt respektiv zumindest stabel bleift, wann ech kucken, dass mer jo op där anerer Säit awer ganz villes erreechen, wat eis diversifizéiert Secteuren ugeet.

Dofir hu mer och viru Kuerzem eng nei Initiativ lancéiert, näämlech déi vun de SpaceResources.lu, eng Initiativ, déi am Ufank, ech soen elo emol, deelweis fir Gelächter gesuergt huet. Mä ech mengen awer entre-temps kënnen ze soen, dass dee Succès, dee mer schonn eleng emol hunn op internationalem Plang, all déi Medie weltwäit, déi doriwwer berichten, all deen Intérêt, déi Blécker, déi op Lëtzebuerg geriicht sinn, well mer dat dote wëllen développéieren, all déi Länner, déi eis entre-temps kontaktéiert hunn, fir kënnen an där Initiativ matzemaachen... An net zulescht ass et esou, dass mer, zënter mer déi Initiativ elo lancéiert hunn, jo zwee grouss Leaderen aus deem Beräich hunn, déi zu Lëtzebuerg sinn elo, wou och de Lëtzebuerger Stat zum Deel Aktionär ass. Mä mir hunn nach méi wéi 50 Entreprisen a Fuerschungsinstituter weltwäit an der Pipeline, déi wëllen op Lëtzebuerg kommen an déi sech eben u Lëtzebuerg interesséieren, un eiser Initiativ interesséieren.

An ech mengen, och dat ass, déi do Initiativ ass eng gutt Initiativ och am Kader vum Nation Branding. Mä virun allem geet et eis natierlech drëm, déi ganz Fuerschung an Entwécklungsaarbecht, déi an deem doten Domän gebraucht gëtt, fir déi op Lëtzebuerg unzezéien. An ech sinn iwwerzeegt, dass et e Secteur ass, deen eis zwar kuerzfristeg wäert e gewëssene Montant un Investitiounen ofverlaangen, mä deen awer mëttel- a laangfristeg mat Sécherheet grouss positiv Influenzen op eis Ekonomie an op eise Statsbudget wäert hunn.

Ech wëll awer trotzdeem och drun erënneren, dass ech mech an deene leschte Méint hei net just beschäftegt hu mam Espace - wou verschidde Leit mech jo hiwënschen -, mä ech hu mech och weiderhi ganz staark engagéiert fir d'Industrie, fir déi klassesch Industrie hei zu Lëtzebuerg weider auszebauen. Do wëll ech just erënneren un all déi Investissementer, déi an deene leschte Méint annoncéiert gi sinn, sief dat den Ausbau vun Euro-Composites, sief dat déi nei Tyvek-Produktiounslinn vun DuPont de Nemours, sief dat eng nei Molkerei vu FAGE, sief dat Avery Dennison zu Rodange, Faymonville zu Lenzweiler oder Carlex zu Maacher, déi substanziell Montante wäerten an hir Betriber investéieren, wat ronn 600 Milliounen Euro ausmécht an och vill nei Aarbechtsplaze wäert ausmaachen.

Voilà, ech géif zu enger Konklusioun kommen, well et mer wierklech drëm geet, Är Remarquen ze héieren an herno dorobber nach eng Kéier kënnen ze reagéieren. Ech menge kënnen ze behaapten, dass eis ekonomesch Situatioun zu Lëtzebuerg eng ganz zolidd ass, dass mer och, wat eis Diversification économique ugeet, do um gudde Wee sinn, dass mer déi aktuell gutt wirtschaftlech an och finanziell Situatioun vum Stat ebe kënnen a sollen a mussen notzen, fir ënner anerem mat Hëllef vun engem Rapport Rifkin en neie Wirtschaftsmodell fir Lëtzebuerg ze développéieren, deen opzebauen, e Wirtschaftsmodell, deen nohalteg ass, dee Croissance erlaabt ouni negativ Niewewierkungen op Ëmwelt oder Liewensqualitéit. Well vun engem sinn ech iwwerzeegt: D'Croissance brauche mer!

De Lëtzebuerger a generell de Bierger ass, mengen ech - net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä och soss -, net d'accord, fir ouni Croissance ze liewen. Dat hu mer gesinn. Mir hunn d'Expérience grandeur nature gemaach, wéi mer no der Finanz- a Wirtschaftskris hei e puer Joer kee Wuesstum haten, mat allen Aschnëtter, déi dat um Budget mat sech bruecht huet, mat allen Aschnëtter, déi dat bei de Leit mat sech bruecht huet. An Dir wësst jo selwer alleguerten, wéi d'Reaktiounen dobausse waren an deenen Zäiten, wou et näischt méi bäiginn ass an de Paitute respektiv wou de Stat net méi dat konnt finanzéieren, wat e bis elo finanzéiert hat.

Dofir mengen ech, dass mer net laanscht e Wuesstum kommen, mä mir sollen en esou organiséieren, dass en net verbonnen ass mat méi zousätzleche Belaaschtunge fir eis Liewensqualitéit a fir eis Ëmwelt. An ech sinn och iwwerzeegt, dass mer dat absolutt fäerdegbréngen. Mir brauchen deemno a mengen Aen absolutt keng Angscht virun der Zukunft ze hunn. An ech géif och jiddweree warnen, fir de Leit Angscht ze maache mat Schlagwierder. Ech ginn net méi drop an, mä ech fannen, dass een dat net soll maachen.

Mir hunn all Trëmp an der Hand an dësem Land, fir eng Ekonomie opzebauen, déi weider wiisst an dat op eng nohalteg Aart a Weis. An ech sinn iwwerzeegt, dass mer an deenen nächste Wochen a Méint nach vill Débate wäerten an déi dote Richtung hunn, fir dann - hoffentlech! - am Kader vum Débat Rifkin hei an der Chamber an der Mëtt vum nächste Joer kënne Konklusiounen ze huelen, wuer mer wëlle mat der Lëtzebuerger Ekonomie higoen.

Voilà, dat gesot, si meng 15 Minutten ëm an ech géif dann d'Wuert ofginn. An ech mengen, et ass um President, fir et weiderzeginn. Merci villmools.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir gitt mir et an ech ginn et da weider un de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna. Merci.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre Deputéiert, ech wäert meng Interventioun natierlech konzentréieren op all déi Aspekter, déi mat der Finanzplaz a mat der Reputatioun vun eisem Land ze dinn hunn. An ech wäert op véier Punkten agoen: éischtens, éischte Punkt, d'Finanzpolitik vum Land, d'Durabilitéit, d'Stabilitéit vun eise Finanzen, zweete Punkt, eng responsabel Steierpolitik, drëtte Punkt, eng kompetitiv Finanzplaz, déi sech diversifizéiert, an e véierte Punkt, d'Défien.

Fir d'Éischt emol d'Stabilitéit vun de Finanzen: Lëtzebuerg huet den Triple-A an ass dat eenzegt Land an der Eurozon, wat nach deen Triple-A huet, zesumme mat Däitschland. An et gëtt nach just eng Dose Länner an der Welt, déi deen Triple-A hunn.

Wann dës Regierung keng Mesurë geholl hätt, fir eis Statsfinanzen ze sanéieren am Ufank vun hirem Mandat, dann hätte mer deen Triple-A verluer. An zweetens, wa mer keng Mesurë geholl hätten, an ech ginn net an d'Detailer an, mir kréien aner Geleeënheeten an aneren Débaten, fir dat ze maachen, da wäre mer vum Bras préventif vum Pacte de stabilité ewechkomm. Dat wär fir d'Éischt an eiser Geschicht gewiescht. An et ass och gutt, dass mer dat konnte verhënneren. An dat hu mer verhënnert an doduerch si mir dat eenzegt Land an Europa, wat de Pacte de stabilité et de croissance op der ganzer Period ëmmer agehalen huet. Hätte mer, wéi gesot, näischt gemaach, wier dat net de Fall gewiescht.

Den Triple-A ass immens wichteg fir d'Kredibilitéit vun eisem Land an ass natierlech och en Deel vum Image vun eisem Land, e positiven Deel.

Zweete Punkt, eng responsabel Steierpolitik, „responsabel" wëll ech erklären: Mir haten eng Steierpolitik an eng Kultur vum Secret, déi als Steierpolitik op den internationale Marchéë vläicht ganz attraktiv war, mä déi an alle Länner vun der Welt kritiséiert ginn ass, wat natierlech ganz negativ war fir eisen Image. Mir hunn do missen, wéi mer am Dezember 2013 an d'Responsabilitéit komm sinn, ganz séier a ganz vill agéieren, fir deem entgéintzewierken.

Zwou grouss Initiativen hu mer do geholl. Dat Éischt ass gewiescht, dass mer et fäerdegbruecht hunn, an engem Joer all eis Legislatiounen ze änneren, fir vun der schwaarzer Lëscht ewechzekommen, op där mer stoungen. De Global Forum hat eis näämlech do dropgesat, well mer net méi kompatibel waren mat den internationale Regelen. Dat war e richtegen Défi, fir dat an engem Joer ze maachen. Dat huet och keen anert Land esou séier fäerdegbruecht wéi Lëtzebuerg!

Dat Zweet war, dass mer du wierklech eis Attitüd changéiert hunn: Vun där traditioneller Approche vum Secret bancaire si mer op den Échange automatique vun Informatiounen eriwwergaangen. Mir ware mat bei deene Länner, déi als Éischt d'Berliner Konventioun ënnerschriwwen hunn am Hierscht 2014, an domat ware mir am Peloton vun deenen Éischten. Dat huet ganz vill gehollef, fir eisen Image opzepoléieren, fir dass och glafwierdeg dobausse gesi ginn ass: Lëtzebuerg changéiert.

An den drëtte ganz wichtege Punkt ass natierlech d'lescht Joer gewiescht wärend eiser Présidence, wéi mer beim Échange automatique vu Rulingen ënner onser Présidence et fäerdegbruecht hunn, dass elo déi Donnéeën iwwert d'Rulingen an Europa zesummen ausgetosch ginn. Ech soen heiansdo mat e bëssen Humor: „Ech freeë mech op d'nächst Joer, wann dat näämlech de Fall ass, well da sinn net nëmmen d'Rulinge vu Lëtzebuerg um Internet consultabel wéinst dem LuxLeaks, mä déi vun deenen anere Länner dann och!"

Mir suergen awer dofir och derfir, dass déi Efforten, déi mer maachen an der Transparenz op där enger Säit, an déi Efforten, déi mer maachen, fir BEPS ëmzesetzen, déi Initiativ vun der OCDE, déi d'Landschaft vun de Steiere komplett ännert, do passe mer awer och op, dass déiselwecht Regele weltwäit sollen agehale ginn.

Mir hunn eis agesat an der Unioun, fir dass d'Kommissioun an de Conseil solle kontrolléieren, dass alleguerten d'Länner, déi entwéckelt Länner haaptsächlech an der OCDE, sech un d'Spillregelen halen, dass eben déiselwecht Spillregele weltwäit gebraucht ginn. Dat ass, wat een op Englesch den „level playing field" nennt. Do ass et dann och esou, dass mer oppassen, dass Lëtzebuerg awer kompetitiv bleift. Wa mir also an Europa Saachen diskutéieren an nei Mesuren huelen, ass Lëtzebuerg -zesumme mat nëmmen e puer anere Länner -, si mir déi, déi ëmmer oppassen, dass Europa och nach ëmmer fir d'Investisseuren attraktiv bleift.

Ech confirméieren do vläicht gären eppes, iwwert dat mer scho laang net méi geschwat hunn, dat ass d'Financial Transaction Tax. Dat ass déi Tax op den Transactions financières, wou zéng Länner aus der Europäescher Unioun eng Coopération renforcée gestart hunn, fir esou eng Tax op Transaktiounen anzeféieren. Si si sech awer nach ëmmer net eens, déi zéng Länner. Dat si mer och virgëschter nach am ECOFIN gewuer ginn. An ech kann och nëmme confirméieren, dass Lëtzebuerg net zu där Initiativ wäert derzoustoussen an dass mer dat och als eng ganz schlecht Initiativ ugesinn, well et natierlech Europa géif schwächen!

Zur responsabeler Fiskalitéit hunn ech elo dat Wuert „responsabel" erkläert. Elo wëll ech iwwert d'Fiskalitéit zu Lëtzebuerg soen: Mir hunn eng attraktiv Fiskalitéit zu Lëtzebuerg! Déi gëtt nach doduerch gestäerkt, dass mer d'nächst Joer natierlech eng Steierreform maachen, wou fir d'Entreprisen den Taux vun 21% op 19% erofgeet fir d'nächst Joer, 2017, an am Joer 2018 geet deen Taux op 18% erof.

Ech wëll och ënnersträichen, dass mir keng extra Taxen hu fir d'Banken. Ech kréie ganz oft gesot, dass d'Taxen e bësse méi favorabel sinn an England. Mä mir wësse jo, dass se an England elo ganz aner Suergen hunn. Mä an England hu se extra Steiere fir Banken, d'„bank levy"! All déi Saachen hu mir zu Lëtzebuerg net.

E Rapport, deen d'Weltbank ganz rezent erausginn huet, deen heescht „Paying Taxes 2016",

klasséiert Lëtzebuerg als dat zweetattraktiivst Land an Europa fir d'Entreprisen. Dat éischt Land ass Kroatien mat 20% Prélèvement obligatoire. Lëtzebuerg ass dat zweet Land mat 20,1%. Interessant ass vläicht ze kucken, wéi déi aner Länner do ofschneiden: D'Schwäiz ass net ganz wäit ewech, mä huet schonn 28,8% Prélèvement obligatoire, England 32%, Däitschland 48,8%, Belgien 58,4% a Frankräich 62,7%. Mir hunn also mat 20% praktesch déi zweet Plaz, net wäit vun der éischter, déi vu Kroatien gehalen ass; wierklech vill besser wéi d'Konkurrenz.

Et ass awer och esou, dass mer och an den indirekte Steieren attraktiv sinn a bleiwen. Mir hunn nach ëmmer deen niddregsten Taux vun der TVA trotz der Erhéijung vu 15% op 17% am Zukunftspak. Mir hunn natierlech och den niddregen Taux vun 3% bäibehalen.

An dann nach e wichtege Punkt: Mir hu jo gesinn, dass déi Initiativ vun der OCDE gestart ginn ass, fir dass d'Multinationalle solle gerecht Steiere bezuelen: déi Initiativ BEPS. Dat geschitt de Moment um europäeschen Niveau. Mir hunn am Juni d'Anti-tax-avoidance-Direktiv adoptéiert. Et kënnt och elo nach eng zweet ATAD derbäi. Mir suivéieren dat ganz no. A wann doduerch - an dat ass bal sécher - en Élargissement vun der Base fiscale wäert kommen, si mir zu Lëtzebuerg net op additionnell Ressourcen ugewisen, well mir hunn en équilibréierte Budget a mir wäerte capabel sinn, dat ze kompenséieren.

Mäin drëtte Punkt ass eng gesond an diversifizéiert Finanzplaz. Den Haut comité de la place financière taagt regelméisseg, fir dat ze monitoren. Mir haten nach haut de Moien eng Reunioun, wou mer ganz vill Sujeten ugeschwat hunn a wou mer natierlech och d'Strategie vu Lëtzebuerg regelméisseg ënnert d'Lupp huelen. Mir hunn elo e permanent Sekretariat och ronderëm den Haut comité de la place financière geschaaft.

Mir hunn eis eng Strategie LUXFIN 2020 ginn, déi artikuléiert sech ronderëm dräi Prioritéiten: Eis Expertise am Internationalen, am Grenziwwerschreidenden, dat ass dat Éischt. Dat Zweet ass, dass mer nach ëmmer eng Plattform am Häerz vun Europa sinn, en Headquarter, e Sprangbriet. An do ronderëm développéiere mer eis Servicer an dat ass och am Kontext vum Brexit elo ganz wichteg. An déi drëtt Achs vun där Strategie ass alles, wat da ronderëm d'Digitalisatioun vun der Ekonomie ass an en fait dat, wat FinTech genannt gëtt.

Wann ech dann elo e puer konkret Beispiller géif huelen, wéi d'Kompetitivitéit vun der Finanzplaz ass, géif ech se esou résuméieren - dat si siwe Punkten, Här President:

Eis Place financière ass um Rang Nummer 12 an der Welt. Dat ass am Index, deen heescht Global Financial Centres Index. Mir waren do op der 14. Plaz, sinn also dëst Joer zwou Plazen no vir geréckelt. A mir sinn do déi éischt Finanzplaz um europäesche Kontinent an déi zweet an Europa, natierlech no London.

Wann ech elo d'Fongenindustrie kucken, haut dee bekanntesten a wahrscheinlech dee wichtegste Pilier vun eiser Finanzplaz, do hu mer souwuel am August wéi am September Rekordziffere geschriwwen, soudass d'Aktiva ënner Management iwwer 3.600 Milliarden Euro sinn! Doriwwer kann ee sech freeën. Mir haten am Ufank vum Joer e bëssen eng Baisse, well och d'Bourssen erofgaange waren. Mä elo stinn d'Bourssen erëm besser do, soudass mer aus deem Grond besser stinn, awer och nach ëmmer vill nei Part-de-marchéë kréien. Mir hunn eis och nei Instrumenter ginn an der Fongenindustrie, an dat ass de Reserved Alternative Investment Fund, dee ganz vill Intérêt fënnt. Deen hutt Dir hei an der Chamber am Juli gestëmmt.

Wann ech elo de Private Banking kucken, also Gestion de fortune kucken, zwou Zifferen: Do hate mer virun der Kris 270 Milliarde ronn als Aktiva, dat war gefall op 225 Milliarden 2008. Mir stinn haut op 350 Milliarden! Dat ass en Accroissement vu 50%. Ech fannen dat scho remarkabel, dass mer dat fäerdegbréngen. Also Chapeau fir déi, déi an deem Métier sinn, well mir hu jo de Secret bancaire an der Tëschenzäit opginn mam Échange international. An trotzdeem si mer nach ëmmer attraktiv fir Private Banking!

An engem Wuert hunn ech dat emol och am Ausland gesot: Mir si vun enger Kultur vum Secret eriwwergaangen op eng Kultur vum Service.

Den Assurancësecteur steet sech gutt, haaptsächlech an der libre Prestation de service. Ech ginn net méi an den Detail an. Ech hat jo och ganz vill am Kader vun de 60 Joer ACA erzielt, d'Perspektive sinn do och ganz positiv.

Fir weider Siègë vun Entreprisen en général a vu Banke speziell op Lëtzebuerg unzeéien, wësse mer, dass mer do weider Succès hunn. Ech freeë mech, dass mer éischtens emol 2014, do hate mer nach dräi chineesesch Banken, haut hu mer der sechs! An no menger Rees de leschte Mount a China hat ech jo déi gutt Noriicht matbruecht, dass mer der zwou wäerten derbäikréien, mir wäerten also relativ séier aacht chineesesch Banken hei hunn.

Dat sinn déi aacht gréisst. Domat si mir ganz kloer de Point de repère, an ech géif soen, de Point de repère an d'Plattform, déi d'chineesesch Autoritéiten an d'chineesesch Banke gewielt hunn. An der Internationalisatioun vum Renminbi si mer och Nummer 1 an Europa. Ech halen dat alles ganz kuerz, fir méi séier virunzekommen. Mir kréie vläicht d'Geleeënheet, méi an den Detail ze goen.

Ech géif gär der Bourse de Luxembourg félicitéiere fir d'Evolutiounen an de leschten zwee, dräi Joer, wou ganz vill innovéiert ginn ass. Mir si scho laang d'Nummer 1 am Cotéiere vun Obligatiounen. Mä do si ganz vill Innovatioune geschitt, wat mer erlaabt och, als siwenten a leschte Punkt vun der Diversifikatioun oder vun der Modernisatioun vun eiser Finanzplaz iwwer „gréng Finanzen" ze schwätzen.

Gréng Finanzen ass eppes, wat extrem wichteg ass, net nëmmen, well dat gutt ass, fir de Klimaschutz an eis Engagementer vun der COP21 seriö ze huelen, mä well et natierlech och eng Méiglechkeet ass, nei Diversifikatiounen op eiser Finanzplaz fäerdegzebréngen. Mir hunn elo schonn déi meeschten Obligatiounen, déi gréng sinn, op eiser Bourse cotéiert. Dat ass schonn haut de Fall. Mä d'Bourse de Luxembourg huet jo virun zwee Méint annoncéiert, dass se géif eng Green Exchange lancéieren, wou exklusiv Obligatioune cotéiert ginn, déi Kritären vun Environnement oder vu Klimawiessel anhalen. An dat ass eng grouss Innovatioun, déi an der Welt ganz vill geschätzt gëtt, an ech konnt dat och op menger Rees a China feststellen.

En zweeten Aspect ass, dass mer als Stat mat der BEI eng Plattform, fir Projeten ze ënnerstëtzen, ënnerschriwwen hunn, an zwar Projeten, déi fir de Klimaschutz sinn, wou de Stat zesumme mat der BEI eng Joint Venture mécht. Dat ass eng éischte Kéier souwuel fir d'BEI wéi och fir Lëtzebuerg, fir dat ze maachen. An da schlussendlech: LuxFLAG huet e Certificat Climate Change virun e puer Méint lancéiert.

Véierte Punkt, d'Défien: Ech géif soen, éischtens emol, wann ee makroekonomesch kuckt, hunn d'Banken zwee riseg Défien. Deen éischten ass, well natierlech d'Zënsen esou déif sti weltwäit. Dat ass fir d'Banken a fir d'Assurancen eng grouss Schwieregkeet, well doduerch ginn hir Profitter staark erof. Dofir ass en immensen Drock op de Banken, fir Margen ze retten oder déi op d'mannst net ze vill falen ze loossen. Dat si ganz grouss Efforte vu Rationalisatioun. Dat geschitt net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä weltwäit, mir sinn eis däers bewosst.

Den zweeten Défi sinn d'Ressources humaines, net nëmmen, well mir nach weider Talenter mussen unzéien a wäerten unzéien, an et geléngt eis och gutt. Et gëtt och do verschidde Klassementer, déi weisen, dass Lëtzebuerg do guer net esou schlecht steet, wéi mir dat ëmmer mengen. Mä mir mussen zwou Saache fäerdegbréngen:

Dat eent ass Formation continue, well d'Bankplaz changéiert. Dat heescht, do sinn Aarbechtsplazen an deene 44.000, déi mer haut hunn, déi wäerten immens séier wiessele wéinst der Digitalisatioun. An déi Leit mussen ëmgepoolt ginn. Dorunner schaffe mer zesumme mam House of Training.

Dat Zweet ass eng Kooperatioun mat der Uni, déi vill méi dense gëtt, fir och derfir ze suergen, dass vun deene 6.000 Studenten, déi op eiser Uni sinn, en Deel vun deene souguer am Bachelor Modulle kënne proposéiert kréien, dass se solle relativ séier op eiser Finanzplaz kënnen eng Plaz fannen.

Den drëtten Défi ass ganz kloer d'Digitalisatioun. D'Digitalisatioun vun der Ekonomie a vun der Finanzplaz changéiert alles, mä mir mussen eis dorunner upassen. D'Akteure selwer mussen dat maachen; mir kënnen dobäi hëllefen. Mä et ass net nëmmen dat, wat geschitt. Et ass och esou, dass ganz vill nei Akteuren op de Marché kommen. Dat sinn déi faméis FinTech-Gesellschaften, déi Start-uppen, déi doranner täteg sinn. Mir hunn zum Beispill an deem Domän schonn iwwer 150 Firmaen zu Lëtzebuerg. Vun enger rezenter Enquête wësse mer dat, an do kommen der nach vill derbäi.

D'Zuel vun den Etablissementer, déi elektronesch Geld proposéieren, huet sech an de Joren zwëschen 2012 an 2015 verdräifacht. A mir sinn de Leader, wat d'Monnaie-virtuellen ubelaangt, well mer do schonn e puer Akteuren hunn, déi dat ubidden. Dofir hu mer jo och d'Luxembourg House of FinTech virun e puer Méint an d'Liewe geruff, eng Initiativ, wou déi Kleng an déi Grouss, déi Nei an déi Al an deem Domän sech kënne begéinen.

Ech géif gären och nach e Wuert soen zur Modernisatioun, ganz kuerz, zu der Modernisatioun vum Bankgeheimnis oder vum Secret professionnel. Doriwwer ass vill geschwat ginn an de leschte Méint. Ech wëll just dozou soen, dass mer onbedéngt mussen derfir suergen, dass eist Bankgeheimnis evoluéiert, dass et moderniséiert gëtt. Et huet jo säin Haapteffet, deen eng gewëssen Étanchéitéit par rapport zum Ausland mat sech bruecht huet, verluer, mä mir hunn et awer nach ëmmer fir d'Transmissioun vun den Donnéeën, fir d'Beaarbechtung vun all den Donnéeën, déi d'Banken hunn.

Do musse mer méi Flexibilitéit erakréien, fir éischtens de Banken ze erlaben, méi effizient ze schaffen, zweetens fir Outsourcing ze erlaben, mä awer e kontrolléierten Outsourcing, wou d'Securitéit geséchert ass. Mä an engems, wa mer do moderniséieren, kréie mer och nei Projeten op Lëtzebuerg vun Entreprisen a vun Akteuren, déi dann näämlech Lëtzebuerg eraussichen, fir vun do aus alleguerten hir Donnéeën ze beaarbechten. An dat ass am Kontext Brexit ganz wichteg.

An d'Konklusioun, Här President: Eiser Finanzplaz geet et gutt. Mir hunn e Programm vu Missiounen am Ausland, dee méi intensiv ass wéi jee, well mer och eng Rëtsch Opportunitéiten hunn am Kontext Brexit. Ech mengen, eise Motto, dee mer eis ginn hunn als modernt Lëtzebuerg, wat dynamesch, oppen a fiabel ass, dat spigelt sech och op der Finanzplaz erëm. An dat ass am Kontext vum Brexit particulièrement wichteg. Ech wäert och den nächste Méinden erëm eng Kéier zu London sinn, fir mat verschiddenen Akteuren ze schwätzen a sécherzestellen, dass dat, wat mer scho säit e puer Méint soen, stëmmt: dass Lëtzebuerg en natierleche Partner vu London an deem Kontext ass.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Éischten ageschriwwene Riedner an Interpellant ass den Här Laurent Mosar fir d'CSV.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir Häre Ministeren, wéi mer fir d'leschte Kéier an dësem Haus iwwert d'Kompetitivitéit geschwat hunn, war dat am Dezember 2014, also viru genau zwee Joer. An do ware mer nach alleguerten ënnert dem Schock vu LuxLeaks, deen eist Land a ganz besonnesch eis Finanzplaz jo virun där Zäit uerdentlech gerëselt hat an deem seng Nobiewen, an de Finanzminister ass dunn drop agaangen, nach haut spierbar sinn.

Säitdeem ass vill Waasser d'Musel erofgelaf an déi meescht Noriichten, déi mer säithier aus der Wirtschaft kritt hunn, weise ganz kloer, datt d'Luuchten erëm op gréng geschalt sinn. Net nëmmen déi europäesch Wirtschaft huet erëm ugezunn, mä och ganz besonnesch hei am Land si mer erëm amgaangen, en Niveau beim Wirtschaftswuesstum ze erreechen, vun deem mer virun dräi, véier Joer nëmme konnten dreemen.

An ech wëll och do direkt dem Wirtschaftsminister soen, datt mer bien entendu ganz frou sinn, datt mer entre-temps erëm praktesch op 5% ukomm sinn. Mä ech mengen, déi zwee Ministere si mat mer d'accord: Et geet net drëm, déi eng Kéier ze erreechen, mä mir mussen och kucken, datt mer mëttel- a laangfristeg dee Wirtschaftswuesstum stabiliséiert kréien.

An ech mengen, och dës positiv Zuele sollen eis net vergiesse loossen, datt trotzdeem e puer méi däischter Wolleken um Himmel hänken: op där enger Säit, an de Finanzminister ass schonn drop agaangen, de Brexit, deem seng mëttel- a laangfristeg Konsequenze fir d'europäesch, awer och fir eis Wirtschaft am Moment nach net definitiv ofzeschätze sinn, souwéi awer och déi allgemeng geopolitesch Risken, wéi nach ëmmer déi ganz onsécher Situatioun am Noen Osten, de Konflikt mat Russland an der Ukrain an och d'bevirsteeënd Wahlen an zwou ganz grousse Wirtschafte vun der EU, näämlech an Däitschland a Frankräich. An och wësse mer nach net, wat fir Konsequenzen dat negativt Resultat vum Referendum an Italien mat wahrscheinlech enger neier Regierung a virgezunnenen Neiwahle finalement op d'Eurozon, den Eurogroup wäert an deenen nächste Méint a Joren hunn.

Mir wären duerfir, Dir Häre Ministeren, gutt beroden, wa mer alleguerten, d'Regierung, awer och d'Oppositioun, net géifen an Euphorie verfalen, mä weider eis Hausaufgabe maachen an eis Wirtschaft fit maache fir déi kommend Erausfuerderungen, déi och an den nächste Jore wäerten op eis zoukommen.

Här President, wann een iwwer Kompetitivitéit schwätzt, kënnt een net derlaanscht, sech och heiansdo mat deene verschiddene Kompetitivitéitsindexen ze beschäftegen. Ech wëll mech haut dorop beschränken, just mat engem vun deenen Indexe mech ze beschäftegen, vläicht och deem wichtegsten - en ass och virdru scho vum Finanzminister ugeschwat ginn -, näämlech deem vum World Economic Forum. Dee gesäit am Moment eist Land onverännert op der 20. Plaz vun 138 Länner. Ugefëiert, an ech mengen, dat ass awer och net onwichteg, dat nach eng Kéier ze preziséieren, gëtt dëse Ranking scho säit enger ganzer Rei vu Joren - nach ëmmer - vun der Schwäiz, engem Land, an dat mécht jo och dee Ranking interessant, dat trotz héije Léin nach ëmmer de Weltmeeschter an der Produktioun vu Gidder mat enger héijer Valeur ajoutée ass.

Wat un dësem Index, am Géigendeel awer zu villen aneren, besonnesch interessant ass - dat soen ech besonnesch à l'attention vum Wirtschaftsminister -, ass, datt en zu engem groussen Deel gefiddert gëtt aus de Meenungen an den Aschätzunge vun de sougenannten Décideur-économiquen, Leit - an ech mengen, do si mer alleguerten domat averstanen -, déi sécherlech net op enger Wollek liewen, mä déi ganz no bei der Realitéit um wirtschaftlechen Terrain sinn an déi och wëssen, vu wat se schwätzen.

Wat bedeit, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Ranking eng 20. Plaz? Oder aneschters formuléiert: Ass d'Glas hallef voll oder hallef eidel? Hei wëll ech nach eng Kéier drop insistéieren - an ech mengen, do si mer eis och eens -, datt eist Land dee gréissten Deel vu senge wirtschaftlechen Échangen nach ëmmer mat de Partnerlänner aus der Europäescher Unioun ofwéckelt. An hei kënnt een dann awer net derlaanscht, Dir Häre Ministeren, festzestellen, datt aacht vun deene Memberländer vun dëser Unioun, also aacht direkt Konkurrenten och vun eisem Land, an dësem Ranking virun eis leien! An dorënner si Länner wéi Däitschland an Holland, déi mer gewinnt sinn ëmmer op de Spëtzeplaze vun all deenen Indexen ze fannen, mä awer och all skandinavesch Länner, Schweden, Finnland an Dänemark, wéi souguer eist Nopeschland Belsch, wat eng knapp Nueslängt viru Lëtzebuerg...

(Interruption)

...an deem Index läit. A wat nach méi erstaunlech ass: Just eng Nueslängt hannendru läit e Land wéi Frankräich, wat jo nu wierklech net als e Modell vu grousser wirtschaftlecher Performance dobausse gëllt.

Wat sinn also déi haaptsächlech Grënn vun dësem Status quo? Wann een do e bësselche méi genau an den Detail geet, stellt ee fest, datt mer eis bei ville Kritären net verschlechtert hunn, Dir Häre Ministeren, mä mir sinn awer ewell manner gutt wéi anerer, déi also besser gi si wéi mir.

(Interruption par M. Etienne Schneider)

Mir sinn also hei stoe bliwwen a mir hunn op enger ganzer Rei vun Terrainen den Uschloss trotzdeem no vir verpasst.

Här President, ech gehéieren, wéi déi Häre Ministere bestëmmt och, sécherlech net zu deenen, déi de Wäert vun esou Kompetitivitéitsrankingen iwwerbewäerten. Nach bestätegt awer dat Klassement, wéi iwwregens eng Rei och äänlech Klassementer vun aneren Indexen, datt mir als Land mat eiser Ekonomie net méi am Spëtzepeloton vun den europäesche Memberlänner sinn, dat zumindest an enger Rei vu Beräicher.

Wéi ech mech op meng Interventioun vun haut de Mëtte virbereet hunn, sinn ech dann och nach eng Kéier duerch d'Riede vun deene verschiddenen Orateuren an der Kompetitivitéitsdebatt vum Dezember 2014 gaangen. An hei stellen ech fest, egal ob dat elo d'Aussoe vun deenen Häre Ministere respektiv vu mir selwer sinn, datt nach vill vun deenen Aussoen, déi si an ech elo wäerte maachen, haut nach ëmmer genau déiselwecht sinn an op enger ganzer Rei vun Terraine mer nach net wesentlech weiderkomm sinn.

Här President, d'Kompetitivitéit vun engem Land, vun enger Wirtschaft a vu sengen Entreprisen ass kee Selbstzweck, mä et ass eent vun den Instrumenter, fir Wuesstum an engem Land ze schafen an domadder de Wuelstand an deem Land mëttel- a laangfristeg ofzesécheren. An duerfir bleift och fir meng Fraktioun a fir mech selwer déi absolutt prioritär Fro, an den Här Wirtschaftsminister ass virdrun drop agaangen: Wivill Wuesstum brauche mer a wëlle mer an Zukunft fir dëst Land?

Wëlle mer virun op e Wirtschaftswuesstum vu 4% a 5% an driwwer setzen, fir eis Sozialsyste-

mer ofzesécheren an domadder de Wuelstand an dësem Land weider op engem héijen Niveau ze garantéieren? Nëmme wa mir eis alleguerten eens sinn an dëse fundamentale Froe fir d'Zukunft vun eisem Land, kënne mir och zesummen eng kloer a prezis Kompetitivitéitsstrategie fir eis Wirtschaft entwéckelen.

Ech bedaueren duerfir nach eng Kéier, datt d'Regierung net eis Propositioun, déi vu mengem Kolleeg Marc Spautz, CSV-President, vun engem Zukunftsdësch, opgegraff huet, déi op all dës Froen zumindest hätt kënnen eenzel Elementer vun Äntwerte bäidroen.

Déi aner Fro, déi sech awer stellt, an déi ass gradesou aktuell: ob all déi Exigenze vun engem Wuesstum vu véier a méi Prozent och mat de Prinzipie vun der sougenannter drëtter industrieller Revolutioun vum Här Rifkin iwwerhaapt kompatibel sinn.

De Mëtte sollt mäi Fraktiounschef, de Claude Wiseler, zum Rifkin-Rapport Stellung huelen. Leider Gottes läit e mat enger ganz strammer Gripp doheem, kann also leider dat de Mëtten net maachen. Dat wäerte mer duerfir da bei enger nächster Geleeënheet nohuelen.

Här President, ech wëll an deenen nächste Minutte versichen, e kuerze Bilan ze maache vun all deem, wat d'Regierung a puncto Kompetitivitéit och virun zwee Joer an Aussiicht gestallt huet, an e bësselche kucken, wat dovunner ëmgesat ginn ass a wat net dovunner ëmgesat ginn ass.

Wann ee vu Kompetitivitéit schwätzt, ginn et eng Rei vu moossbare Kritären, déi en direkten Impakt op déi Kompetitivitéit hunn, an ech wëll aleedend zu menger Interventioun nach eng Kéier op déi fënnef fir mech wichtegst Kritären agoen.

Deen éischten, dee besonnesch an engem klenge Land absolutt prioritär ass, ass dee vun ausgeglachenen ëffentleche Finanzen. Dës Regierung hat sech dann och den Équiliber am Zentralstat op de Fändel geschriwwen. An erlaabt mer hei, vläicht mat engem Zitat justement aus enger vun deene Riede vu virun zwee Joer unzefänken, an ech zitéieren: „Mä et ass awer ganz kloer, datt dës Regierung de Rééquilibrage vun de Statsfinanzen als eng grouss Prioritéit gemaach huet, fir 2018 erëm am Équiliber ze sinn, och am Zentralstat, wou mir keen Équiliber hunn. Wa mer näischt géife maachen, hätte mer iwwer eng Milliard Schold den am Zentralstat an all Joer, an dat ass jo net haltbar."

(Interruption)

„Dat wär ganz schlecht fir eis Indépendance de décision par rapport zu Bréissel an et wär ganz schlecht fir eis Kompetitivitéit."

Déi Ausso, déi ech iwwregens mat zwou Hänn géif ënnerschreiwen an also och hätt kënne vu mir gemaach ginn, staamt awer aus dem Mond vun eisem Finanzminister Pierre Gramegna, deen also virun zwee Joer dësen Équilibre budgétaire als e wesentleche Peiler vun enger nohalteger Finanzpolitik, déi noutwendeg ass fir eng besser Kompetitivitéit, duergestallt huet.

Haut, zwee Joer méi spéit, Här President, presentéiert deeselwechte Finanzminister e Budget, deen eng Milliard Defizit am Zentralstat virgesäit! Wéi kënnen e Finanzminister an e Wirtschaftsminister an eng Regierung innerhalb vun zwee Joer esou fundamental hir Meenung änneren an dës 180-Grad-Kéier dann och nach duerstellen als eng virsiichteg Finanzpolitik am Interessi vun der Kompetitivitéit vun dësem Land? A wann ech dann, Dir Dammen an Dir Hären, och...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Mosar!

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Här President, ech wär awer frou, wann ech kéint... Ech hunn och de Minister...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir hutt ganz alleng d'Wuert. A wann den Här Minister d'Wuert wëllt, da freet en et.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- E ka ganz gär mer à tout moment eng Fro stellen, mä...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech hunn eng Fro.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà, „à tout moment", dann hutt Dir d'Wuert, Här Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci, Här President. Ech wollt den Här Mosar just froen, wann en elo seng Fro gestallt huet: Wéi kann dann d'CSV innerhalb vun dräi Méint soen, dass mer manner Wuesstum brauchen, well mer soss zu engem 1,1-Milliounen-Awunner-Stat ginn, wat mer alleguer net wëllen, an da parallell awer d'Betribsbesteierunge wëlle weider erofsetzen, fir méi Wuesstum ze kréien? Kënnt Der eis dat dann am gläiche Moment erklären, wann ech gelift?

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Majo, Här Schneider oder Här Gramegna, wann Dir mer emol géift op meng éischt Fro äntwerten,...

Plusieurs voix.- Aah! Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- ...äntwerten ech Iech och op Är! Mä esou laang dat net de Fall ass, erlaabt mer, elo emol virunzefueren!

Une voix.- Très bien!

(Hilarité et brouhaha)

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Ech wëll also op den Avis vun der Zentralbank agoen. Mir wäerten déi nächst an déi iwwernächst Woch nach méi am Detail dorop agoen, mä do ass awer een Element, wat och engem Finanzminister ganz besonnesch, awer och engem Wirtschaftsminister misst ze denke ginn: Do ass näämlech eng Hypothees vun enger sougenannter Schocksituatioun mat Chiffere festgeluecht ginn. A mir hunn alleguerte gesinn, datt, wann et esou zu engem Schock géif kommen - an ech wëll just drun erënneren, datt mer schonn eng Kéier esou eng Schocksituatioun 2012 haten, wéi mer hu missen zwou Banke retten -, da wären eis ëffentlech Finanzen an engem katastrophalen Zoustand, Dir Häre Ministeren, an da brauche mer guer net méi vu Kompetitivitéit ze schwätzen! An och dat schéngt mer e wesentleche Punkt ze sinn!

Ech kommen zu engem zweete Kritär, deen och wichteg ass - a mäi gudde Fraktiounskolleeg Félix Eischen wäert herno am Detail dorobber eragoen -, dat ass dee vun der Simplification administrative. An do muss ech awer soen, Här Wirtschaftsminister, d'Simplification administrative, dat ass eppes wéi d'Monster vu Loch Ness: Jiddweree schwätzt dovun, besonnesch d'Regierung, an et huet nach keen et gesinn! Ech wëll hei nach eng Kéier drun erënneren, datt déi viregt Regierung scho vun engem Omnibusgesetz geschwat huet. Du koum dës Regierung, där ass dat net schnell genuch gaangen. Dir hutt du gesot, mam Omnibus géif et net duergoen, mir missten op den TGV ëmklammen. Mir gesinn am Moment: Mir hu weder en Omnibus nach en TGV,...

(Interruption)

...mä mir sinn erëm am Postkutschenzäitalter ukomm, Här Minister, an d'Postkutsch ass nach iergendwou ënnerwee hänkebliwwen, well säit 2014 ass um Niveau vun der Simplification administrative guer näischt geschitt!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Mosar, Dir wësst jo, wou se hänkt! Net bei der Regierung.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Här Wirtschaftsminister, Dir hutt se virun zwee Joer hei schonn an Aussiicht gestallt! Mir stelle just fest, datt bis elo mer nach kee Millimeter virukomm sinn!

Eng drëtt wesentlech Bedéngung ass, an ech mengen, och do besteet e ganz grousse Konsensus, och wann ech den Här Rifkin héieren hunn, bei deem all Wuert oder all zweet Wuert praktesch datselwecht war, näämlech d'Digitaliséierung vun eiser Wirtschaft. Och do, mengen ech, si mer eis alleguerten eens, datt ouni déi Digitaliséierung vun eiser Wirtschaft mer um Niveau vun der Kompetitivitéit net wäerte wesentlech virukommen.

Wann ech awer elo do kucken, Här Wirtschaftsminister, wat mer entre-temps do erreecht hunn, dann hunn ech heiansdo d'Gefill, datt mer do praktesch nach gradesou wäit ewech si wéi vun Áren „space resources", déi Der jo och wëllt an deenen nächste Joren eng Kéier an Ugréff huelen.

An erlaabt mer do trotzdeem, op e konkret Beispill vun de leschte Wochen anzegoen, näämlech de Projet de loi 7024, deen net nëmmen en Outsourcing vu gewëssene Bankeservicer virgesäit, mä deen doriwwer eraus och nach en Outsourcing vu Bankdonnéeë virgesäit. An hei, Här President, hunn ech wierklech Problemer, fir kënnen nozevollzéien, datt an engem Land, dat sech wëllt „centre d'excellence" nennen, dat bewisenerweis op déi bescht a kompetentst Datenzentre kann zréckgräifen, Banken, déi hei sinn, hir Daten net hei wëlle stockéieren, mä dat ausserhalb vun eise Grenze maachen!

An ech wëll Iech direkt soen, ech maachen emol net onbedéngt deene Banken duerfir e Reproche, soen ech och hei à l'attention vum Finanzminister. Wann dat déi eenzeg Méiglechkeet ass, fir kompetitiv ze bleiwen, kann ech dat novollzéien. Mä da musse mer eis awer, Här Wirtschaftsminister, d'Fro stellen, firwat datt dat esou ass. An do de deux choses l'une: Entweder bidden d'Akteuren am ICT-Beräich keng valabel a kompetitiv Produkter an deem Secteur un oder awer d'Präisser sinn am Vergläich mam Ausland net kompetitiv. An an deenen zwee Fäll musse mer eis hannerfroen, firwat datt dat esou ass!

An an deemselwechte Kontext, Här Wirtschaftsminister, wëll ech hei op en Interview vum Här Jean Diederich verweisen, President vum der APSI, där Associatioun, déi sech ëm déi ganz Informatikfirme këmmert, dee ganz genau op dës grouss Defiziter higewisen huet, déi Akteuren an deem dote Secteur hunn, déi am Moment einfach net performant a kompetitiv genuch sinn.

An ech maachen elo net der Regierung do e Virworf, well ech weess och, datt d'Regierung net och nach kann zoustänneg si fir d'Kompetitivitéit vun hiren Entreprisen an deem Secteur, nach, mengen ech, musse mer eis bewosst sinn, datt hei nach ganz vill Efforten ze maache si vun der Regierung, awer och ganz besonnesch vun den Akteuren am ICT-Beräich, wa mer wëllen net nëmmen e Centre d'excellence ginn, mä och e Land - an ech deelen eigentlech déi Ambitioun, Här Wirtschaftsminister - vun de Start-uppen.

Wann ech da vun Digitaliséierung schwätzen, Här President, kommen ech net derlaanscht, och drop hinzweisen, datt et a ville Regioune vun eisem Land nach kee schnellen Internet gëtt. Och dat ass e Punkt, deen eng wirtschaftlech Diversifikatioun schwéier mécht, wa mer wëssen, datt op verschiddene Plaze Firmen emol keen Accès op dee schnellen Internet hunn. An ech wäert och dozou herno eng Motioun déposéieren.

Ech weess, datt d'Ambitioun do ass an d'Objektiv bei der Post, fir 2023 op 80% schnellen Internet an eisem Land ze kommen. Ech sinn awer der Meenung, datt dat net duergeet! Wa mer wierklech hei wëlle virukommen, muss dat do vill méi schnell sinn. An et kann net sinn, datt mer am Norden entre autres an am Oste vun dësem Land, wat deen dote Punkt ubetrëfft, nach ganz wäit ewech sinn!

Véierte Kritär: d'Wichtegkeet vun den Investitiounen a Recherche an Entwécklung. Och do sinn déi lescht Zuelen, déi vun Eurostat publizéiert gi sinn, wäit ewech vun deem, wat eigentlech misst sinn. Mir investéieren - an ech zitéiere just déi Zuelen - hei just 1,31% vun eisem PIB an der Recherche an der Innovatioun, souwuel natierlech staatlech wéi Privatwirtschaft. Am Verglach mat anere Länner wéi Südkorea: 4,29%, Japan: 3,59%, USA: 2,73%, China: 2,05% leie mer also ganz wäit ewech. Awer och par rapport, an dat ass méi grav, vun der Strategie „Europa 2020", déi eng Augmentatioun vun dësen Investitiounen an der EU op 3% bis zum Joer 2020 virgesäit, si mer nach ganz, ganz wäit ewech.

Ech weess och, datt do net nëmmen d'ëffentlech Hand gefuerdert ass, mä och de Privatsecteur ass hei sécherlech net proaktiv genuch, wat sech awer entre autres och, Dir Häre Ministeren, doduerch erkläre léisst, datt déi steierlech Incitativen einfach net duerginn, fir Investitiounen an deem Beräich ze encouragéieren. Ech weise just op ee Punkt hin, ech kommen herno nach eng Kéier drop zréck, dat ass d'Ofschafe vum 50bis, ouni Ersatz, wat och ab dësem Punkt eng ganz Rei vun negative Konsequenzen huet.

Last but not least, Här President, hu mer natierlech de Kritär vum Know-how a vun der Qualifikatioun vun deene Leit och hei am Land, déi ganz besonnesch an deenen neien innovative Secteuren an Technologië solle schaffen. An och do muss ech soen, datt déi Zuelen, déi mer virun zwee Deeg vun der OECD am Kontext vun de PISA-Tester kritt hunn, een net ganz besonnesch optimistesch stëmmen. An dat huet nun iwwerhaapt näischt ze di mat soziologeschen oder aneren Elementer, well een einfach hei muss constatéieren, datt eise Schoulsystem generell leider net genügend Fachkräften ervirbréngt, déi sech an deenen dote Beruffer kënnen etabléieren!

An erlaabt mer, vläicht eng Kéier hei den Henry Ford ze zitéieren, dee gesot huet, datt d'Wettbewerbsfäegkeet net an der Fabrik oder am Fuerschungslaboratoire entsteet, mä am Klassesall. Och dat soll ee wëssen, wann ee vu Kompetitivitéit schwätzt. Ech weess, datt ech deen Appell éischter hei misst un den Éducatiounsminister riichten, mä ech huelen un, datt Dir em de Message mathuelt.

Här President, ech hu virdru gesot, ech wéilt hei och e bëssen de Bilan zéie vun deem, wat an de leschten zwee Joer geschitt ass a wat fir eng Mesuren, déi och ugekënnegt gi ware vum Här Schneider, entre-temps realiséiert gi sinn a wat fir eng bis elo nach am Tirang leie bliwwe sinn.

Ee Projet, deen entre-temps gestëmmt ginn ass, dat ass virdrun och schonn ugeschnidde ginn, ass dee vun der Een-Euro-Gesellschaft, eng gutt Saach, déi, huelen ech och un, zu enger Diversifikatioun wäert féieren, och interessant ass fir Start-uppen.

Eng aner Initiativ, déi mir begréissen, dat ass déi vum Space mining, d'Space Resources, a mir gi gär zou, datt de Minister do mat engem gewëssene Courage hei virgeet. A mir deelen och net déi Kriticke vu Leit, déi hei wëllen d'Regierung oder de Minister lächerlech maachen. Mir fanne schonn, datt dat doten en interessanten, innovative Secteur ass, a mir sinn duerfir och hannert dem Minister. An en huet et och hei fäerdegbruecht, dat muss een objektiv feststellen, datt eist Land op d'Weltkaart komm ass och an deenen dote Secteuren, an dat ass u sech ze begréissen.

Mir fannen och, datt de Minister eng gutt Aarbecht mécht um Niveau vun de Prospektiounsreesen. En ass vill ënnerwee. Et konnt een an de leschten Deeg eng Kéier en direct iwwer Twitter verfollegen, wou en do iwwerall esou dru war. Mir fannen awer, datt dat eng gutt Saach ass. D'Entreprisë kommen net nëmme méi automatesch heihinner, et muss een Efforte maachen, fir se sichen ze goen. An ech fannen also, datt déi Prospektiounsreesen an déi richteg Richtung ginn.

Mir wären natierlech och gespaant, de Minister huet do op Twitter ugekënnegt, en hätt eppes „ganz Grousses" un der Aangel, e géif an den nächsten zwee Méint dovunner schwätzen. Ech weess net, ob den Här Minister e Fëscher ass, ech si keen, mä et gëtt emol esou e Spréchwuert, wat seet: „Déi déckste Fësch sinn déi, déi een ni un der Aangel huet."

(Hilarité)

Duerfir hoffen ech, Här Minister, datt dat heiten dann awer vläicht da kee ganz groussen ass, mä datt Der en awer zumindest un der Aangel wäert hunn.

Här President, erlaabt mer, awer och nach ee Moment bei de Mëttelstand ze kommen an op ee Punkt do anzegoen, mat deem Der Iech och virun zwee Joer beschäftegt hat, näämlech mat den Éffnungszäiten am Commerce. Do hat Der eis fir 2015 eng Evaluatioun an Aussiicht gestallt an am Kader vun där Evaluatioun sollt nach eng Kéier analyséiert ginn, ob een a Richtung vu méi Flexibiliséierung misst goen, eng Fro, déi Ärer Meenung no - an iwwregens och eiser Meenung no - och nach eng Kéier sollt prioritär mat de Sozialpartner diskutéiert ginn.

Ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, datt et fir den Handel en net onwesentleche Punkt ass. An ech wär frou, wann den Här Minister eis vläicht herno kéint soen, wou déi Evaluatioun drun ass. Ech weess net, ob ech se iwwersinn hunn, net gesinn hunn. Mä ech ka mech elo net erënneren, datt et eng gëtt an datt déi zumindest an der Éffentlechkeet och mat de Sozialpartner in extenso diskutéiert gi wier.

Här President, ech wëll dann elo, wéi ech dat och ugekënnegt hunn, op eng Rei vu konkrete Virschléi agoen, well mir eis Kriticken, déi mer virbréngen - ech mengen, zu Recht virbréngen -, awer och wëlle mat eegene Propositiounen ënnermolen.

Mir wäerten duerfir och zwielef Motiounen déposéieren. An ech wëll direkt hei soen, Här Minister, datt déi Motioune relativ méi vag gehale sinn, well mir och net mengen, datt mir elo onbedéngt hei d'Wourecht gepacht hätten, an et eis ëm d'Saach geet a mir duerfir hei einfach wëllen och eng Rei Denkustéiss un d'Regierung liwweren. An da muss ee kucken, wéi et mat deenen Denkustéiss virugeet, wéi een déi eventuell och an d'Praxis kann ëmsetzen, an do si mir natierlech ganz gär bereet, dat zesummen an deenen dofir zoustännege Kommissiounen ze kucken.

Mä mir fannen, datt mer eis hei, an dat wäert Der gesinn, relativ vill Aarbecht gemaach hunn. Dir gesitt och, datt do eng ganz Rei vu flotte Propositiounen derbäi sinn.

Eng éischt Fuerderung, dat ass awer eng, déi scho méi bekannt ass: Dir wësst, datt mer proposéieren, à long terme den Taux d'affichage vun am Moment nach praktesch 30% op 15% erofzesetzen. Dat allerdéngs... - an ech wëll dat och direkt soen, Här Wirtschaftsminister, well Der jo virdru gesot hutt, d'CSV géif just ëmmer nëmme Mesurë virschloen, déi e steierlechen Impakt hätten -, mir proposéiere bien entendu dës Mesure mat gläichzäiteger Verbreederung vun der Base!

A mäi Fraktiounskolleeg Gilles Roth huet scho virun e puer Deeg hei am Kontext vun enger anerer Debatt gesot, an dat wëll ech hei nach eng Kéier widderhuelen, datt mir der Meenung sinn, datt déi global Betribsbesteierung..., an do muss ech soen, ech sinn net ëmmer ganz eens mat deem Bild, wat och hei de Finanzminister moolt, fir ze soen: „Voilà, mir setzen elo

d'Betribsbesteierung erof op 19% respektiv 18%."

Dir Häre, Dir wësst dach ganz genau, datt mer reell op 26%, 27% sinn! A wann Dir, Här Wirtschaftsminister, an Dir, Här Finanzminister, an d'Ausland gitt an da froen d'Betriber Iech: „Wat musse mer da vu Betribssteiere bezuelen?", kann een net soen 18%, 19%, mä da musst Der soe 26%, 27%. Mä wann ech gelift, kommt mir halen op, ëmmer do mat Montanten ze kommen, wou mer wëssen, datt et jo net dat ass, wat d'Betriber interesséiert! Well d'Betriber wëlle wëssen: Wat ass de globalen Taux, dee se hei bezuelen? An dem Betrib ass dat egal, ob dovun en Deel un d'Gemenge geet an en Deel bei de Stat geet! Si wëlle ganz einfach nëmmen e globalen Taux. An duerfir proposéiere mir, well mer gesinn, wéi dat am Moment och am Ausland ass, datt mer mëttelfristeg op ënner 20% erofginn.

Mir plädéieren awer och, Här President, nach aus engem anere Grond dofir, an dat hunn ech och schonn e puermol gesot an dat kann den Här Finanzminister sécher confirméieren: Mir steiere wierklech um europäeschen Niveau ëmmer méi a Richtung vun där harmoniséierter Base. Den Här Moscovici schéngt relativ gutt do virunzekommen, soudatt mer einfach mussen eis bewosst sinn, datt an der Steierpolitik herno d'Konkurrenz just nach wäert méiglech sinn iwwert d'Tauxen. An duerfir hu mer wierklech all Intérêt drun, Här Finanzminister, datt mer déi Tauxen esou schnell wéi méiglech un den Niveau vun eisen direkte konkurrenzielle Länner upassen.

Une voix.- Här President!

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Eng zweet...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Mosar,...

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Ja?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ...d'Regierungsmemberen hunn eng Prezisioun ze maachen, wann Der erlaabt?

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Da kann ech e Pättchen drénken. Jo.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci, Här President. Merci, Här Mosar, dass Der déi Interventioun nach erlaabt. Vläicht just virausgeséckt: Mir ginn natierlech net duerch d'Land a maache Promotiounspolitik mat falschen Tauxen! Ech mengen, déi Entreprisen, mat deene mir schwätzen, déi wëssen natierlech och, wat Saach ass, a si kommen trotzdeem, trotz eisem méi héije Steiersaz wéi an anere Länner, soss hätte mer jo net dee Wuesstum, dee mer elo haut hunn.

Ech wëll Iech awer zwou Saache soen, éischtens emol Är Propositioun, fir ze soen: „Ma mir gi mam Taux d'affichage erof a mir verbreederen d'Base." Dat ass jo eng Propositioun, vun där ech am Ufank, muss ech soen, wéi ech Wirtschaftsminister gi sinn, och gemengt hunn, dass dat eng gutt Iddi wier an dass een dat misst maachen. Et féiert awer dozou, dass mer dann eng ganz Rei Abattementer, déi mer haut kënnen den Entreprisë proposéieren an domadder och kënne guidéieren, wéi eng Entreprisen dass mer wëllen op Lëtzebuerg a wéi eng dass mer net wëllen, dass déi dann ewechfalen, fir kënnen e banale Flat-Rate-Taux ze proposéieren.

Dat heescht am Kloertext: Fir dat ze maachen, wat Dir wëllt, misste mer all déi Avantagen, déi mer elo hunn a mat deene mer d'wirtschaftlech Entwécklung vum Land steieren, déi misste mer opginn, fir herno eng Flat Rate ze hu vun ebe 15% oder wivill och ëmmer. Dat heescht, do huele mer eis ee wichtegt Instrument awer aus der Hand, zemol an dem Kader vun den Diskussiounen, déi mer jo haut féieren, vun engem nohaltege Wuesstum! Do musse mer jo vill méi Steierungsinstrumenter kréien, fir Entreprisen, déi mer eventuell net wëllen heihin unzéien, fir déi och ewechzehalen. Dofir géif ech Iech dat just nach eng Kéier mat op de Wee ginn als awer net onwichtegt Argument.

(Interruption par M. Pierre Gramegna)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann Der erlaabt, Här Mosar? Mä ech mengen, d'Regierung huet och d'Geleeënheet, fir herno ze äntwerten.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Jo, well dat do war elo keng Fro méi, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Richteg!

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Also ech si ganz gär bereet..., well elo äntwerten ech Iech jo. Dir erwaart jo, datt ech eng Äntwert ginn. Da ginn ech och erëm hei ënnerbrach an dann dauert dat alles vill méi laang.

Natierlech, Här Wirtschaftsminister, an dat wësst Der, datt dat an eiser Propositioun dran ass, dat wäert Der och nach eng Kéier herno an eiser Motioun erëmfannen, datt mir natierlech do en Iwwergangssystem proposéieren, well mer wëssen, datt een dat net vun haut op muer ka maachen, well ee riskéiert, do eng Rei vu Betriber ze penaliséieren. Allerdéngs wësst Dir awer och, datt den Zuch an déi dote Richtung zu Bréissel fiert an datt dat do an zwee oder dräi Joer oder véier Joer d'Realitéit wäert sinn! Kommt, mir maachen awer net d'Ae virun der Realitéit zou! Ech mengen, et ass wichteg, datt mer hei pragmatesch sinn. An ech weess, Dir allenzwee, Dir sidd och pragmatesch Politiker. Also kommt, mir versichen, do awer net an Illusiounen ze bleiwen, wou mer wëssen, datt dat doten d'Realitéit net méi erëmgëtt!

Eng zweet Propositioun, déi ech och schonn déi eng oder aner Kéier hei virbruecht hunn - dat ass eng, déi sech éischter un de Finanzminister adresséiert -, dat ass, datt mir der Meenung sinn, datt een Direktive soll a minima an net a maxima ëmsetzen.

Mir wëllen nach eng Kéier hei soen, ënner viregte Regierunge war déi Politik, déi seet: «toute la directive, mais rien que la directive», an ech fannen eigentlech, datt dat och haut nach ëmmer richteg ass. Ech ginn Iech och e Beispill, Här Finanzminister, dat ass déi Direktiv vun den Dépôts de garantie, iwwert déi mer virun engem Joer hei geschwat hunn. Do hu mir als eenzegt Land - als eenzegt Land ënner 28! - deen Taux verduebelt - deen Taux verduebelt! - an domadder alleguerten eis Banken, besonnesch déi kleng an déi mëttel, an eng konkurrenziell schwiereg Situatioun eragedréckt!

An ech muss Iech soen, dat ass net glécklech, besonnesch awer an Zäiten, an do si mer eis bestëmmt och alleguerten eens, wou d'Banken duerch eng schwiereg Zënssituatioun et schonn net ëmmer einfach hunn, och duerch extrem grouss Compliance-Departementer extrem héich Fraisen hunn, an da gi mir och nach dohinner a mir ginn eigentlech ouni Nout hei quasiment dat Duebelt maache vu villen anere Länner!

Ech wëll elo net nach eng Kéier dorop agoen, mir haten dat jo d'lescht Joer in extenso gemaach. Ech fannen dat just net glécklech. An ech géif duerfir nach eng Kéier den Appell hei widderhuelen: Kommt, mir bleiwe wierklech derbäi, datt mer - wann ouni wierklech extrem pertinente Grond - déi Direktive just a minima an Zukunft ëmsetzen. Ech wäert och dozou eng Motioun déposéieren!

En anere Punkt an eng aner Propositioun, déi och schonn e puermol hei thematiséiert ginn ass, déi och virdru vum Finanzminister ugeschwat ginn ass, ass déi vun den europäeschen Headquartere vu groussen Entreprisen.

Ech mengen, ganz besonnesch d'Noutwendegkeet heivunner ass nach eng Kéier nom Brexit gewuess, well an der Zwëschenzäit net nëmmen, mä awer och ganz vill Entreprisen aus dem Finanzsecteur justement iwwerleeën, vun der City of London fortzezéien an aner europäesch Stied. An ech mengen, datt mir do wierklech déi eng oder aner gutt Kaart ze spillen hunn. An de Finanzminister huet et zu Recht ënnerstrach, mir gesinn et: Mir hunn elo aacht chineesesch Banken hei, déi ganz grouss, och entre-temps déi e bësse manner grouss. Et sinn der anscheinend nach déi eng oder aner an der Pipeline. Do gesäit een also, datt dat ka fonctionnéieren.

Ech hat schonn, wéi mer déi Interpellatioun haten iwwert d'Finanzplaz, eng Motioun déposéiert, wou ech gefrot hat, datt mer dee sougenannten „legal framework" misste kucken, ob dee misst adaptéiert ginn. Dir hat, Här Finanzminister, déi Motioun deemools ugeholl. Ech hunn awer entre-temps näischt gesinn, datt do iergendeppes erfollegt wär. Duerfir géif ech se haut nach eng Kéier déposéieren, mä an deem Kontext awer och nach eng aner Propositioun maachen, Här Finanzminister, well Der och dovunner virdru geschwat hutt, an dat huet mat där ganzer BEPS-Diskussioun ze dinn.

Ech mengen, Dir wësst, Här Finanzminister, datt déi ganz BEPS-Direktive jo a Richtung ginn, datt ee muss kucken, Entreprisë mat Substanz heihinnerzekréien, ewech vun de Bréifboîtten, ech mengen, dat ass och schonn e puermol ugeklongen. De Problem ass just deen, datt nach ëmmer keng kloer Kritären definéiert sinn, wat dann elo „Substanz" bedeit. An dat ass natierlech problematesch, wann een elo an d'Ausland wëllt goen, wéi Dir dat jo oft maacht, et wëllt een Entreprisen unzéien, et seet een: „Dir braucht awer eng gewësse Substanz", da froen déi Entreprisen: „Wat ass déi Substanz?", an dann hu mer do keng kloer Kritären, déi mer deenen Entreprisë kënne ginn.

Mir haten - do waart Dir net derbäi - virun enger Rei vun Deeg an enger Finanzkommissioun déi dote Fro opgeworf mat der zukünfteger Madamm Directrice vun der Steierverwaltung a si huet eis du gesot, déi Kritäre géife plus ou moins vaguement an enger Circulaire vun der Steierverwaltung stoen. Do soen ech Iech awer direkt, ech fäerten - ech hoffen awer gär, datt ech mech iren -, datt et an Zukunft, och mat deene ganzen Transparenzobligatiounen, net méi wäert duergoen, esou wichteg Kritäre just an eng Steiercirculaire ze setzen!

Ech fäerte ganz, Dir Dammen an Dir Häre, an haaptsächlech Dir Häre Ministeren, datt mer net derlaanschtkommen, dat doten an e Gesetz ze schreiwen. An duerfir wäert ech och nach do eng Motioun hei déposéieren, wou mir gär hätten, éischtens, datt déi Kritären eng Kéier géifen definéiert ginn a wa méiglech och eng gesetzlech Basis géife kréien. Well ech mengen, et huet keen dorunner Intérêt, datt mer muer erëm zu Bréissel Problemer kréien, well gesot gëtt: „Dat do ass an enger Circulaire, do gëtt iergendwéi eppes gedeichselt a gedréit." Kommt, mir maachen hei eng korrekt, konkret, propper Aarbecht a mir setzen déi Kritären an e Gesetz!

Här President, en anere Volet, deen elo méi d'mëttelständesch Entreprisë betrëfft, ass dee vun de Successiounen an den Transmissioune vun Entreprisen. Hei geet et, Här Wirtschaftsminister, eigentlech ëm zwee verschidde Voleten: Nääмlech deen een ass dee vun der Verierwung vu Betriber an deen aneren ass dee vun der Iwwerdroung vu Betriber.

Wat deen éischte Punkt ubetrëfft, déi richteg Successioun, huet d'Regierung eng punktuell fiskalesch Mesure am Kader vun der Steierreform virgeschloen, déi mir par ailleurs ënnerstëtzen, duerch déi d'Immeublen, déi an engem Betrib sinn, dee weiderverierft gëtt, esou laang steierlech neutraliséiert ginn, wéi dës Immeublen am Betrib bleiwen oder net aneschters affektéiert ginn. Mir fannen dat eng ganz gutt Mesure, mir ënnerstëtzen déi och.

Mir mengen allerdéngs, datt een déi Mesure och hätt kënne weider ausdeenen op déi Situatioun, wou et ëm méi Ierwe geet. Well op meng Fro an der Finanzkommissioun hunn ech vun der, wéi gesot, vun der zukünfteger Madamm Steierdirectrice geäntwert kritt, dat géif just spillen, wann et ëm een Ierwe géif goen, deen dee ganze Betrib mat deenen Immeublë géif kréien. Et ass eis dunn awer gesot ginn, et géif iwwerluecht ginn, am Kader vläicht vun anere steierleche Mesuren dat ze änneren. Och do wäre mir frou - an duerfir wäerte mer och do eng Motioun déposéieren -, wann een déi dote Mesurë géif méi generell viruféieren.

En anere Volet ass awer dee vun der Transmissioun vun Entreprisen. An do ginn ech, Här Wirtschaftsminister, d'Gefill net richteg lass, datt dës Transmissioun vun Entreprisen e bëssen „de parent pauvre" net vun Iech, mä iwwerhaapt vum Entrepreneuriat ass. An hei muss ee wëssen, datt et an den nächsten zéng Joer hei zu Lëtzebuerg 1.500 Betriber wäert ginn, déi net vun iergendengem Member vun der Famill wäerten iwwerholl ginn a wou se drop ugewise wäerte sinn, iergendwéi eng aner, eng drëtt Persoun ze fannen, déi dës Entreprisen iwwerhëlt. A wann dat net de Fall ass, verschwannen déi Entreprisen, mat alle Konsequenzen, déi do drunnerhänken.

A wann een e bëssen - an ech hu mer d'Méi gemaach, mech fir déi doten Thematik e bësselche méi intensiv ze interesséieren -, wann een do Statistiken an Etüden iwwert déi Transmissioun vun Entreprisë kuckt, stellt ee fest, datt ganz, ganz oft esou Entreprisë méi Salariéë beschäftegen, méi héich Investissementer virhuelen an och méi héich Rentabilitéitstauxen hu wéi nei gegrënnten Entreprisen! Et ass also net esou, datt nëmmen Entreprisen, déi gegrënnt ginn, e grousst Potenzial hunn, mä ganz oft sinn et Entreprisen, déi iwwerdroe ginn, déi eigentlech vill besser Resultater hu wéi nei gegrënnten Entreprisen.

Duerfir, mengen ech, wär et wichteg, wann hei d'Regierung méi proaktiv och deen dote Volet vum Entrepreneuriat géif ugoen, well mir si wierklech der Meenung, datt do ganz vill broochläit a mat enger anstänneger Kommunikatiounscampagne een och vläicht déi Transmissioun vun Entreprisë kéint méi attraktiv maachen, zum Beispill och iwwer eng méi héich Bedeelegung oder och iwwerhaapt eng Bedeelegung vun der SNCI. Do ginn et eng ganz Rei vu Weeër. Mir wäerten op jidde Fall och dozou eng Motioun déposéieren.

Här President, eng aner Moossnam, déi ech géif an de Kontext vun der Simplification administrative vu villen Entreprisë stellen, ass déi vun deem sougenannten „régime d'unité TVA" op Échanges de services intracommunautaires. Dat, wat hei eigentlech ganz komplizéiert kléngt, ass u sech eng Steierunitéit, déi de fait zwësche physeschen oder moralesche Persoune besteet, déi zwar juristesch onofhängeg sinn, mä déi ënnerenaner staark wirtschaftlech, finanziell an organisationnell Lienen hunn. Dat, wat u sech hei...

Här Wirtschaftsminister, ech wär zwar frou, wann Der vläicht... D'Regierung schéngt net interesséiert ze sinn!

(Interruption par M. Etienne Schneider)

Wat hei proposéiert gëtt, Här Wirtschaftsminister, ass eng sougenannt „unité entrepreneuriale", déi als eenzegen Assujetti vis-à-vis vun der Administration de l'enregistrement considéréiert géif ginn. Et geet net..., fir Iech direkt ze berouegen, hei géife keng Déchets fiscaux kommen - well Der jo wësst, datt eng Entreprise déi TVA bezilt, déi aner se kann ofsetzen -, et geet eigentlech hei just nëmmen ëm eng einfach Simplification administrative. Dëst ass e System, deen an deene meeschten europäesche Länner fonctionnéiert, deen also iwwerhaapt keng Froe par rapport zu Bréissel opwerft. An et geet eigentlech och hei drëm, fir eng Alternativ ze schafen zum GAP, zum Groupement autonome de personnes. An ech sinn iwwerzeegt, datt déi do Mesure, déi eis steierlech net vill géif kaschten, enger ganzer Rei vun Entreprisen hiert alldeeglecht Liewe wesentlech géif vereinfachen.

Eng nächst Propositioun ass déi vum Accès op de Risikokapital, och eppes, wat bei eis am Land leider keng Traditioun huet. Ëm wat geet et hei? Hei geet et virun allem ëm Kleng- a Mëttelbetriber, ganz oft Start-uppen, déi a ganz innovative Secteure sinn, déi iwwert déi traditionell Kanäl bei Banke sech net kënne finanzéieren, mä op privat Investitiounen ugewise sinn. Ech weess, datt den Här Schneider déi Thematik do och gutt kennt.

Hei geet et eigentlech dorëm, fir ze kucken, wéi een den Investissement vun de Privatspuerer iwwert de Wee vu steierlechen Incitatioune ka favoriséieren. Ech weess, datt et do eng ganz Rei vu Modelle ginn. Ech menge ganz besonnesch, wa mer wëllen dat Objektiv erreechen, wat jo och den Här Wirtschaftsminister ëmmer erëm ënnersträicht, nääмlech d'Land vun de Start-uppen ze ginn, komme mer net derlaanscht, hei iergendee Mechanismus ze schafen.

Ech wëll elo net op den Detail agoen, et gëtt do dee Modell vun den „business angels", Dir Häre Ministeren, dee Modell kennt Der. Eis geet et just drëm, datt mer géife versichen, iergendwéi e Modell do en place ze setzen, well ech soss mengen, datt et ganz schwéier gëtt, innovativ Entreprisen, besonnesch Investitioune fir esou innovativ Entreprisen unzezéien.

Wann ech dann, Här President, bei de Start-uppe sinn, géif ech och derfir plädéieren, datt mer e steierleche Regimm en place setzen, fir dës jonk, innovativ Firme ganz besonnesch an deenen éischte Jore vun hirer Existenz steierlech ze entlaaschten. Och hei wësst Der, datt a Frankräich, an England, an Irland déi Entreprisë guer keng Steiere bezuelen an den éischten zwee, dräi Joer. Mir géifen och proposéieren, op esou e Wee ze goen. Ech wëll och direkt soen, do si jo keng Déchets fiscaux. Et geet hei ëm Entreprisen, déi mer wëllen an Zukunft unzéien. Déi steierlech Exonératioune sollen natierlech nëmme bis op e gewëssene Seuil goen.

An deemselwechte Kontext, an ech hat et virdru schonn ugeschwat, muss ech dann nach erëm eng Kéier hei bekloen, datt mer nach ëmmer kee Système de remplacement vum Artikel 50bis iwwert déi sougenannt „patent boxes" en place gesat hunn. Och do géif ech besonnesch nach eng Kéier den Här Finanzminister bieden, datt mer endlech do géife virukommen, well mer soss och e risege Problem kréien um Niveau vun Investitiounen an d'Recherche an d'Innovatioun. Den Här Wirtschaftsminister wénkt mam Kapp, ass also och do menger Meenung. Och do wäerte mer eng Motioun driwwer deponéieren.

Ech wëll iwwregens zu deem dote Punkt nach eppes soen, wat de Finanzminister och weess, dat ass, datt an den Diskussiounen iwwert déi sougenannten ACCIS, déi Base harmonisée fiscale, et awer elo virgesi gëtt, datt déi eenzeg Steiererliichterungen, déi quasiment nach virgesi sinn, déi Investitioune sinn, déi a Recherche an Innovatioun ginn. An do ass souguer d'Intentioun vun der Europäescher Kommissioun, dat massiv ze ënnerstëtzen. Dat heescht, mir musse wëssen, datt dat do wahrscheinlech déi eenzeg Méiglechkeet gëtt, fir an Zukunft iwwerhaapt nach kënnen ze profitéieren. An duerfir - ech gesinn déi zwee Ministere wénke mam Kapp, dat kënnt manner oft vir, da wénke mer allen dräi mam Kapp -, dat ass also eppes, wou mer solle gemeinsam kucken, och eis Instrumenter ze ginn, fir do wierklech e Meter virunzekommen.

Dann, Här President, erlaabt mer, op eng aner Moossnam anzegoen, wou ech och weess, datt ech och wäert op den Accord vum Här Wirtschaftsminister kommen. Dat ass eng, déi ganz vill Bedeitung huet fir Kleng- a Mëttelbetriber, besonnesch am Secteur vum Handel, an do geet et ëm den „géoblocage".

Ech hunn och mat grousser Satisfaktioun festgestallt, datt den Här Minister - ech weess net, ob en dat méi oft mécht, mä hei huet en et emol eng Kéier gemaach - mat der Fauscht op den Dësch geschloen huet, well en zu Bréissel e Projet de directive net matgedroen huet, well e fënnt, datt deen net wäit genuch geet an dee besonnesch och am Desinteresse vu klenge Länner ass. Mir ënnerstëtzen natierlech déi Démarche.

Ech wollt awer haut op en anere Punkt vum Géoblocage agoen, deen eis alleguerte gradesou vill Problemer mécht, deen dem Minister och net onbekannt ass. Dat ass déi Situatioun, wou mer hei ganz vill Betriber hunn, déi sech net kënnen direkt beim Fournisseur approvisionnéieren, well se gezwonge ginn, iwwer Bréissel ze fueren, wat dozou féiert, datt déi Produite fir déi Commerçanten an déi Entreprisë wesentlech méi deier ginn, wat dann och herno dozou féiert, datt och déi eenzel Consommateure vill méi musse bezuelen an déi potenziell Clienten also léiwer an d'Ausland déi dote Produite bezéie ginn.

Ech mengen, dat doten ass alles gewosst, mir hunn och e puermol intervenéiert. Den Här Wirtschaftsminister hat scho virun enger Rei vu Joren, ech mengen, et war nach ënnert der viregter Regierung, gesot, e géif sech beim Här Barnier do staark maachen. Or, mir constatéieren nach eng Kéier, datt mer awer leider Gottes hei net wesentlech virukomm sinn. Och do maachen ech elo net der Regierung deen allergréisste Virworf, well ech och weess, datt dat do muss zu Bréissel eng Kéier geregelt ginn, nach fannen ech awer, datt mer do e bësselche méi proaktiv sollte ginn.

Mir proposéieren u sech do elo zwee Punkten och an enger Motioun: Mir mengen näämlech, datt ee soll dohinnergoen an all déi Plainten, déi do kommen, déi sollten iergendwéi zentraliséiert gi beim Ministère de l'Économie, well ech hunn zum Beispill héieren, datt ganz oft d'Beamte soen: „Jo, da gitt eis emol esou Beispiller eran, mir wëssen déi net", datt wéi gesot do zentraliséiert gëtt an datt dann d'Regierung, de Wirtschaftsministère och systematesch déi Entreprisen ënnerstëtzt, fir bei der Europäescher Kommissioun ze reklaméieren.

Well mir sinn eis jo alleguerten eens, Här Wirtschaftsminister: All déi Praktiken do verstousse jo awer géint d'Regele vum Marché intérieur! Firwat ginn d'Entreprisen net op Bréissel? Mä ganz einfach, well se sech dat finanziell net kënne leeschte respektiv well se net d'Zäit hunn, fir sech domadder ze beschäftegen. Duerfir menge mir, datt et wichteg wär, datt se och do en Appui logistique géife vun der Regierung kréien.

An ech sinn iwwerzeegt, datt, wann do eng Kéier oder zwou Kéiere vun der Kommissioun géif, esou wéi dat am Finanzsecteur üüblech ass, eng Enquête diligentéiert ginn, da wär dee Spuk do schnell eriwwer an da géifen och déi Praktiken ophalen. Och do, wéi gesot, déposéiere mer eng Motioun, well mir och fannen, datt mer och do musse kucken, deene Betriber ënnert d'Äerm ze gräifen.

Här President, ech hat virdru vun der Noutwendegkeet geschwat, datt mer eist Land misste fit maache fir de schnellen Internet, deen eiser Meenung no esou schnell wéi méiglech eng Gesamtcouverture vun eisem Land muss kréien. Laut engem Zwëschebilan si mer leider Gottes nach wäit dovun ewech, déi Objektiver do erreecht ze hunn. An ech hunn et virdru scho gesot, a verschiddenen Deeler vun dem Land gëtt et dee schnellen Internet nach net. A wa mer wëllen eng Diversification économique och ganz besonnesch - ech kucken hei d'Kolleegen aus dem Norden oder aus dem Osten -, wa mer wëllen do Betriber ulackelen a mir wëllen och eventuell do innovativ Betriber, wéi wëlle mer déi dohinnerkréien, wa mer emol kee schnellen Internet do hunn?!

Mir wäerten also och do eng Motioun deponéieren, wou mer nach eng Kéier d'Regierung froen, hire Plang ze iwwerkucken an ze versichen, datt mer méi schnell do mat deem schnellen Internet virukommen.

Ech kéim dann, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zu menger leschter Propositioun, déi sech elo haaptsächlech un de Finanzminister adresséiert, déi u sech mam Fongegeschäft ze dinn huet an déi vun enger relativ grousser Aktualitéit ass. Mir haten och virun e puer Deeg an der Finanzkommissioun doriwwer geschwat.

Et geet eigentlech hei drëms, datt am Kader vun den Duebelbesteierungsofkommessen en Deel vun de Fongen, déi passiv géréiert haaptsächlech, riskéieren..., oder net méi am Moment an déi Duebelbesteierungsofkommessen do erakommen, wat ufänkt, e ganz groussen Nodeel ze gi par rapport zu anere konkurrenzielle Standuerten, haaptsächlech awer Irland.

Ech hu gesot, bis elo war et ëmmer esou, datt mir hei zu Lëtzebuerg haaptsächlech eis mat aktive Fonge beschäftegt hunn. Allerdéngs ass et elo esou, datt ëmmer méi Investisseuren och sech op déi sougenannt passiv géréiert Fonge konzentréieren. An do riskéiere mer, mëttelfristeg e ganz grousse Problem ze kréien, well mer hei just eng Taxe d'abonnement hunn a well déi Fonge keng Kierperschaftssteier bezuelen, oder keen Impôt sur le revenu, an domadder ebe keen Accès op d'Duebelbesteierungsofkommessen hunn.

Mir mengen, eng Solutioun kéint dora bestoen - an déi iwwerhuele mer hei och an enger Motioun -, datt een niewent der Taxe d'abonnement - well contrairement zu deem, wat den Här Wirtschaftsminister gemengt huet, wëlle mir hei net d'Taxen ofschafen, mir bleiwen also der Meenung, et soll een d'Taxe d'abonnement bäibehalen -, mä datt een niewent der Taxe d'abonnement eng minimal Kierperschaftssteier op verschiddenen Aktivitéite vun dëse Fonge géif aféieren, déi domadder wahrscheinlech géif en Zougang zu deenen Duebelbesteierungsofkommessen erlaben.

Ech géif och do d'Propositioun maachen, Här Finanzminister, ier mer dat dote géifen décidéieren, sollt ee vläicht eng Notifikatioun vun esou enger Mesure op Bréissel maachen, fir och sécher ze sinn, datt se do wäert ugeholl ginn.

Mir wëssen och, datt am Moment iwwert déi LT-Fonge geschwat gëtt. Och do stellt sech e bësselchen deeselwechte Problem. Ech wëll och nach eng Kéier hei soen, datt fir dëst - an Dir wësst dat gradesou gutt an nach besser wéi ech - och eng grouss Demande vum Secteur virläit, fir iergendwéi och do Solutiounen ze fannen. Mir wäerten, wéi gesot, eng Motioun och déposéieren, déi an déi Richtung geet, déi ech och elo am Moment do explizéiert hunn.

Dat Allerlescht: Ech hat déi bal vergiess, do weess ech och elo net..., de Minister huet virdrun dovunner geschwat, dat ass, datt mer och iergendwéi eng Plaz fannen, wou mer kënnen den Entreprisen hëllefen. Dir hutt gesot, de Guichet unique, dee wär am Moment do. Dir hutt wahrscheinlech vun der Maison de l'entrepreneuriat geschwat.

Ech wëll lech awer soen, datt mer am Moment - an ech schwätzen do erëm ënnert dem Contrôle vun de Kolleegen aus dem Norden, déi mer dee System grouss gelueft hunn -, mir hunn am Moment schonn esou e Guichet am Norde vum Land, deen näischt mat der Maison de l'entrepreneuriat ze dinn huet, vun deem ech gesot kréien, datt deen exzellent géif fonctionnéieren. Dee gëtt zesumme mam LEADER, mat de Gemenge géréiert. An dat ass eigentlech eng superflott Saach fir all d'Entreprisen aus dem Norden.

Mir géifen eis eigentlech wënschen, datt mer en äänleche Guichet unique och fir den Zentrum a fir de Süde géife kréien, oder eppes Complémentaires vun der Maison de l'entrepreneuriat. Ech wäert, wéi gesot, och dozou eng Motioun deponéieren.

Här President, wéi Der gesitt, hu mir als Fraktioun eis also ganz vill Gedanke gemaach a puncto Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft, awer och wéi een dës Kompetitivitéit vun eise Betriber generell kéint verbesseren. Ech hunn et gesot, mir déposéieren dofir zwielef Motiounen. An ech hat et och scho virdru gesot, Dir wäert gesinn, datt mer déi Motiounen, wéi gesot, relativ méi vag libelléiert hunn, net well mer se net och hätte kënne méi prezis maachen, mä well mer einfach hei wëllen och zesumme mat der Regierung kucken, wéi een op deene verschiddene Punkte virukënnt.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le Gouvernement a procédé à une réforme fiscale pour 2017,

- considérant que l'abaissement du taux d'affichage tel que proposé par le Gouvernement est insuffisant pour améliorer la compétitivité de l'économie du pays,

- considérant que les derniers développements au niveau de l'Union européenne et de l'OCDE recommandent que le Gouvernement procède de manière anticipative à une réforme de la fiscalité des entreprises,

- considérant que pour améliorer la compétitivité du pays le taux d'imposition affiché devrait être substantiellement abaissé et parallèlement la base d'imposition élargie,

- considérant que ce nouveau système d'imposition devrait coexister de manière transitoire avec le système d'imposition actuel et que les entreprises devraient pouvoir opter pour l'un ou pour l'autre système,

invite le Gouvernement

- à baisser, à moyen terme, le taux d'affichage global en matière d'imposition des sociétés endessous de 20%, accompagné d'un élargissement parallèle de la base d'imposition inspirée, le cas échéant, de la proposition de directive relative à l'introduction de l'ACCIS, tout en prévoyant une période transitoire permettant à l'ensemble des sociétés de s'y adapter.

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que le législateur national dispose d'une marge de manœuvre plus ou moins importante dans le cadre de la transposition des directives européennes,

- considérant qu'il s'agit de limiter la complexité réglementaire au strict nécessaire,

- considérant que la transposition des directives européennes «a minima» est une mesure de simplification administrative et de compétitivité, avant tout pour les petites et moyennes entreprises luxembourgeoises,

invite le Gouvernement

- à se doter d'une approche générale de transposition des directives européennes «a minima» dans la mesure du possible et dans le sens d'une meilleure compétitivité du Luxembourg.

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant que la facilitation de la création de valeur ajoutée par les petites et moyennes entreprises (PME) stimule l'activité économique et contribue à la croissance de l'économie nationale,

- considérant que la création d'un guichet unique comme unique interface des PME avec l'administration contribue à la facilitation de la création de valeur ajoutée,

- considérant qu'au nord du Luxembourg, un guichet unique régional PME existe déjà sous forme d'une structure locale s'adressant aux communes participant au projet,

- soulignant que ce guichet unique PME régional couvre les secteurs de l'artisanat, du commerce, de l'industrie, et de l'Horeca et offre des conseils individualisés aux entreprises en vue de renforcer le dynamisme régional,

- notant que ce guichet unique PME collabore avec les différents acteurs institutionnels tels que la Chambre des Métiers, la Chambre de Commerce, les syndicats communaux, les communes, le Ministère de l'Économie et l'Agence pour le développement de l'emploi pour répondre aux demandes de tous les concernés,

- considérant que la demande aux services de ce guichet unique PME est en constante croissance et que l'année 2015 a été celle avec l'affluence la plus importante depuis sa création en 1996,

invite le Gouvernement

- à mettre en place un guichet unique national qui assistera à la création d'entreprises, par exemple via l'octroi d'autorisations d'établissement ou l'immatriculation à la TVA dépassant le simple accès aux formulaires, et qui supportera les PME tout au long de leur vie entrepreneuriale,

- à se concerter avec les communes, les syndicats communaux, l'Agence pour le développement de l'emploi, la Chambre des Métiers et la Chambre de Commerce pour une coopération étroite.

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- considérant que le Luxembourg est localisé au centre de l'Union européenne et offre des infrastructures de qualité, la proximité avec les marchés voisins et un environnement cosmopolite,

- considérant que le Luxembourg héberge déjà les quartiers généraux (headquarters) de nombreuses entreprises internationales,

- considérant que ces quartiers généraux (headquarters) constituent un élément constitutif du développement et de la diversification active du tissu économique,

invite le Gouvernement

- à renforcer les efforts pour attirer les entreprises désirant centraliser au Luxembourg leurs fonctions de quartiers généraux (headquarters),

- à analyser les chances et les risques et, le cas échéant, à adapter le cadre légal et réglementaire s'appliquant auxdits quartiers généraux (headquarters),

- à définir des critères de substance économique, notamment en fonction de l'investissement, du capital et de l'emploi de ces entreprises.

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Motion 5

La Chambre des Députés,

- considérant que l'innovation est à la fois un processus majeur qui induit l'évolution économique et un moteur de la croissance économique,

- considérant que le capital-risque joue un rôle particulier et grandissant dans le processus d'innovation en tant qu'investissement de long terme,

- considérant que les États-Unis sont reconnus comme le pays le plus innovant avec des moyens investis dans le secteur de la haute technologie (technologies de l'information et de communication, santé, biotechnologies) neuf fois plus importants que ceux des Européens,

- notant que le poids des business angels est bien plus faible en Europe qu'aux États-Unis alors qu'il s'agit d'un facteur important pour l'innovation, en apportant de l'expérience, de la compétence et des réseaux professionnels,

- notant que l'incitation publique en faveur du capital-risque aux pays anglo-saxons est favorable avec des mesures telles que le Small Business Act aux États-Unis ou le Seed Enterprise Investment Scheme au Royaume-Uni, un système de défiscalisation qui permet à l'investisseur de récupérer 50% de son investissement dans une start-up en réduction d'impôts, plaçant Londres comme capitale européenne des créateurs d'entreprise,

- soulignant que le secteur du capital-risque au Luxembourg connaît des difficultés à lever des fonds alors qu'il constitue un enjeu fondamental pour favoriser l'apparition de jeunes entreprises, innovantes, qui seront la croissance du Luxembourg,

invite le Gouvernement

- à étudier la mise en place des incitations fiscales en faveur des investisseurs privés de capital-risque afin de créer petit à petit une nouvelle culture de l'investissement et de transformer le Luxembourg en «start-up nation».

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Motion 6

La Chambre des Députés,

- considérant que l'unité TVA est une unité fiscale de fait entre des entreprises ou personnes physiques luxembourgeoises juridiquement indépendantes mais ayant des liens économiques, financiers et organisationnels étroits,

- considérant que son effet principal est de considérer ladite unité entrepreneuriale comme un seul assujetti vis-à-vis de l'administration,

- considérant que l'unité TVA, toujours optionnelle, constitue une simplification administrative,

- considérant que l'unité TVA n'établit plus qu'une seule déclaration de TVA,

- considérant que les opérations intra-unité ne sont plus soumises à la TVA ce qui peut réduire les charges administratives et réaliser des économies d'échelle importantes,

- notant que de nombreux États européens disposent déjà d'un tel instrument, tels que l'Allemagne, la Belgique, les Pays-Bas, le Royaume-Uni, l'Autriche, le Danemark, l'Estonie, la Finlande, l'Irlande, l'Italie et la Suède,

- notant qu'il s'agit d'une alternative au groupement autonome de personnes (GAP) améliorant à la fois la compétitivité des grands groupes et des groupes de PME,

invite le Gouvernement

- à étudier la mise en place d'un régime d'unité TVA sur l'échange de services intragroupe.

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Motion 7

La Chambre des Députés,

- considérant que l'une des mesures les plus efficaces pour attirer les entrepreneurs et les entreprises innovantes est la mise en place d'une politique fiscale «pro start-up»,

- considérant que de nombreux États avec un écosystème start-up important tel que le Royaume-Uni offrent divers dispositifs pour alléger les fiches d'impôt des jeunes entreprises,

- notant que les charges fiscales pèsent lourd notamment sur les entreprises innovantes avec succès,

*- considérant que le paysage fiscal d'un État est un critère important pour les créateurs d'entreprises lors de leur choix d'*établissement,

invite le Gouvernement

- à étudier la mise en place d'une exonération d'impôt à 100% sur les bénéfices des start-ups innovantes pendant les trois premières années de leur constitution ou de leur établissement au Luxembourg, à condition que le bénéfice ne dépasse pas un certain seuil,

- à établir des critères clairs et précis afin de limiter ce dispositif aux entreprises réellement innovatrices et dont les activités de substance se trouvent au Luxembourg.

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Motion 8

La Chambre des Députés,

- considérant qu'en automne 2015, la fin du régime d'exonération sur les droits de propriété intellectuelle a été annoncée, jugé incompatible avec les règles de l'OCDE sur la substance,

- considérant qu'après l'abrogation du régime de l'article 50 bis de la loi de l'impôt sur le revenu, avec une période de transition jusqu'au 30 juin 2021 pour les bénéficiaires existants, il n'y a plus de dispositif fiscal pour la promotion de la recherche et du développement,

*- considérant que d'autres États concurrents, comme les Pays-Bas, l'Irlande ou l'Italie, sont déjà en train de préparer une législation fiscale favorable à la recherche et au développement et tenant compte de l'action 5 du projet BEPS (l'*érosion de la base d*'imposition et le transfert de bénéfices) et du nouveau «level playing field»,*

- considérant que la Commission européenne propose des déductions importantes pour ceux qui investissent dans la recherche et l'innovation dans le cadre du projet de l'assiette commune consolidée pour l'impôt des sociétés,

invite le Gouvernement

- à étudier la mise en place de régimes fiscaux incitant l'investissement dans la recherche et l'innovation et tenant compte du critère du lien entre le bénéfice de mesures incitatives et l'activité réelle de recherche et du développement.

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Motion 9

La Chambre des Députés,

- considérant que les petites et moyennes entreprises (PME) sont des acteurs clés de notre économie,

- considérant que ces dernières années, les PME ont créé des centaines de milliers d'emplois en Europe et représentent 99,8% de toutes les entreprises et 69,73% des emplois en Europe,

- considérant qu'environ un tiers des chefs d'entreprises au Luxembourg ont passé le cap des 55 ans et sont à la recherche d'un successeur,

- précisant que dans les dix années à venir, environ 1.500 entreprises artisanales se trouveront confrontées à des problèmes de succession,

- considérant que la recherche d'un successeur peut s'avérer extrêmement difficile pour des raisons de marché, de compétences mais aussi de financement,

- considérant que la cession d'une entreprise sous forme de société de capitaux n'a pas d'impact fiscal immédiat pour le repreneur ou pour la société qui reste propriétaire de ses avoirs,

- notant que le repreneur ou la société peuvent être ultérieurement confrontés à une imposition sur la plus-value de cession éventuelle,

- considérant que cela s'avère davantage compliqué pour les cessions d'activités d'entreprises en cas de succession avec plusieurs héritiers ou de transmission à une personne tierce,

invite le Gouvernement

- à analyser le régime fiscal en place applicable aux reprises des PME et le cas échéant à étudier la mise en place des améliorations afin d'encourager davantage la reprise des activités entrepreneuriales.

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Motion 10

La Chambre des Députés,

- considérant que de nombreuses entreprises luxembourgeoises, peu importe leur taille, font face à des problèmes récurrents pour s'approvisionner librement auprès du fournisseur de leur choix au sein du marché intérieur de l'Union européenne,

- considérant que la situation actuelle entraîne une double pénalisation, en matière de prix (impossibilité de s'approvisionner aux meilleurs prix) et en matière d'offre (disponibilité limitée de produits),

- notant que ces contraintes sont source de surcoût pour les différents distributeurs nationaux,

- considérant que la concurrence est en effet biaisée par cette pratique et que ce sont les consommateurs qui souffrent d'une offre réduite et des prix plus élevés,

- considérant que les initiatives au niveau du Benelux pour s'attaquer au problème d'approvisionnement des distributeurs luxembourgeois n'ont jusqu'à présent pas abouti à une solution,

invite le Gouvernement

- à mieux supporter les entreprises luxembourgeoises face aux problèmes du libre approvisionnement,

- à mettre en place un système de réclamation en ligne ouvert aux entreprises luxembourgeoises affectées concrètement par un problème d'approvisionnement afin de dénoncer les fournisseurs allant à l'encontre du principe du libre accès aux réseaux d'approvisionnement,

- à vérifier et à transmettre ces réclamations à la Commission européenne aux fins de recours contre les fournisseurs dénoncés.

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Motion 11

La Chambre des Députés,

- considérant que la taxe d'abonnement contribue d'après les estimations gouvernementales à hauteur de plus d'un milliard aux recettes du budget de l'État,

- considérant que le Luxembourg a jusqu'à présent surtout misé sur les fonds d'investissement gérés activement,

- que la demande des investisseurs se dirige de plus en plus vers des fonds dits passifs,

- relevant que le différentiel d'imposition sur ce type de fonds au détriment du Luxembourg et en faveur de pays concurrents résulte principalement de l'absence d'accès des fonds luxembourgeois aux conventions de non double imposition,

invite le Gouvernement

- à étudier la possibilité de mettre en place un système d'imposition des fonds d'investissement concernés combinant d'une part, la taxe d'abonnement à prélever sur les avoirs nets des fonds, et d'autre part, un impôt minimal sur le revenu des collectivités grevant seulement certaines activités des fonds.

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Motion 12

La Chambre des Députés,

- considérant que l'accès à un «internet rapide» est une condition sine qua non pour le développement des entreprises et par conséquent pour le développement économique du pays,

- que le Gouvernement précédent s'était donné une stratégie nationale pour les réseaux à ultra-haut débit,

- que suivant le bilan intermédiaire présenté en 2015 par le Gouvernement actuel les objectifs de cette politique ont dans une large mesure été atteints,

- qu'en termes de déploiement des raccordements physiques de la fibre optique, des différences notables par région et commune peuvent cependant être constatées,

- vu que, dans un souci de décentralisation intelligente et bien comprise des activités économiques et dans l'optique également d'un développement régional équilibré du pays, toutes les entreprises doivent être mises sur un pied d'égalité,

- qu'il est dès lors essentiel de faire bénéficier les entreprises et exploitations à travers tout le pays d'une connexion internet ultra-haut débit,

- qu'il est à cet égard difficilement concevable que 80% de couverture du territoire national soit atteint en 2023,

invite le Gouvernement,

- à présenter dans les meilleurs délais un plan d'action pour donner accès à des connexions ultra-haut débit dans toutes les régions du pays.

(s.) Laurent Mosar, Félix Eischen, Léon Gloden, Octavie Modert, Gilles Roth.

Här President, ech kommen domadder zu menger Konklusioun. D'Entwécklung vum Wirtschaftsmodell Lëtzebuerg hänkt wesentlech dovun of, wéi en d'Erausfuerderung vun der Digitalisatioun an deenen nächste Méint a Jore wäert ëmsetzen. D'Ëmstellung vun enger manueller op eng digital Wirtschaft wäert eis alleguerten, a ganz besonnesch d'Wirtschaft, virun ëmmer erëm nei Erausfuerderunge stellen a wäert och - loosse mer eis näischt do virmaachen! - zu Changementer an der Aarbechtswelt féieren.

Déi digital Wirtschaft, an ech mengen, och do si mer eis eens, wäert awer och eng Rei vu Chancen opmaachen. An déi Chancë si jo och zu engem Deel an der Etüd Rifkin opgefeiert ginn.

Ech soen awer och direkt - wéi gesot, leider konnt de Claude Wiseler haut de Mëtten net dozou schwätzen -, datt eiser Meenung no déi Etüd ganz vill Schwaachpunkten huet. An nëmmen ee vun deene Schwaachpunkten ass deen, datt se eiser Meenung no de Spezifissitéite vun der lëtzebuergescher Wirtschaft net genuch Rechnung dréit.

Niewent den Erausfuerderunge vun dëser Digitalisatioun bleiwen awer och d'Simplification administrative, op déi de Kolleeg Félix Eischen wäert agoen, an de sozialen Dialog, iwwert deen ech net vill de Mëtte konnt schwätzen, zwou vun deene wesentlechsten Erausfuerderungen un dës, awer och natierlech un déi nächst Regierungen.

Meng Interpellatioun, dat wëll ech och nach eng Kéier ënnersträichen, huet net d'Ambitioun, op all dës Froen Äntwerten ze ginn. Mä mir wollten de Mëtten emol Froe stellen a mir wollte Léisungsvirschléi der Regierung mat op de Wee ginn, fir zumindest kuerz- a mëttelfristeg kënnen derzou bäizedroen, d'Kompetitivitéit an d'Wirtschaft an engem méi schwierege konkurrenziellen Ëmfeld ze verbesseren.

Ech wéilt schléissen, well ech vu Froe geschwat hunn, mat engem Zitat vum franséischen Analyst an Ekonomist Patrick Lagadec, dee gesot huet: «Les crises de demain sont souvent le refus des questions d'aujourd'hui.»

Nëmmen, Dir Dammen an Dir Hären, Dir Häre Ministeren, wa mer et fäerdegbréngen, haut déi richteg Froen ze stellen an dorobber ze versichen, Äntwerten ze fannen, wäerte mer et och an Zukunft fäerdegbréngen, hei zu Lëtzebuerg e kompetitive Wirtschaftsmodell ze halen, wat och mëttel- a laangfristeg eise Sozialmodell wäert ofsécheren.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Interpellateur. Just zur Informatioun vun der Chamber: Den Interpellateur huet vun där Regel gebrauch gemaach, dass dee Surplus vu Riedezäit, déi e gebraucht huet, op seng Fraktiounszäit affektéiert gëtt. Wat d'Riedfolleg ugeet, ass bei der Interpellatioun näischt Spezielles virgesinn. Also ass deen normalen Turnus an den Här Félix Eischen huet dann als éischte mandatéierte Spriecher d'Wuert.

Débat

M. Félix Eischen *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir liewen an enger Welt vu rapide gesellschaftleche Changementer. Gefuerdert ass méi wéi jee en innovativen, oppenen a kreative Geescht. A méi wéi jee ass jiddwer Eenzelne gefuerdert, sech ze bewegen, ze schaffen, sech ze entfalen a mat sengen Iddien dozou bäizedroen, eis Gesellschaft esou no vir ze bréngen, dass et eis haut besser geet wéi gëscht a muer besser wéi haut.

Brénge mer dat fäerdeg? Ma mir hu kee Choix! Mir hunn op jidde Fall kee Choix, emol dorunner ze schaffen, soss gi mer vu riets a vu lénks iwwerholl. D'Wettbewerbsfäegkeet gekoppelt mat engem gescheite Wuesstum ass deen Challenge fir déi nächst Jore fir jiddwereen, well d'Kompetitivitéitsdebatt däerf net nëmmen heibannen, mä muss och dobaussen am Alldag gefouert ginn, bei jiddwerengem, op der Schaff, doheem an de Familljen, an der Schoul an och an der Press.

Eng kompetitiv Gesellschaft, och eis multikulturell, op déi mer zu Recht houfreg sinn a mat där mir eis jo och kënnen a sollen an der ganzer Welt bretzen, zeechent sech am Prinzip doduerch aus, dass et eng ass, déi wëllt schaffen. Wann een awer elo weess, dass vun den 20.500 Plazen, déi an de leschten zwee Joer am Privatsecteur geschafe goufen, knapp 10% - ech soen: 10% - vu Lëtzebuerger besat gi sinn, wann ee weess, dass dräi Véierel vun de Créateurs d'entreprise Auslänner sinn, da muss ee sech awer och d'Fro stellen, ob dat dann elo deen Esprit d'entreprise ass, dee mir hei wëllen hunn a weider wëlle fleege queesch duerch eis Gesellschaft.

Et kann net sinn, dass d'Finalitéit, well mir si jo e Land, wat ëmmer ugewise war op auslännesch Mataarbechter an och op auslännescht Kapital, mä mir sinn de Moment do an enger Disharmonie, géif ech emol soen, an et ka jo och dann net sinn, dass d'Finalitéit déi ass, vun der Landsfra oder vum Landsmann déi ass, wéi gesot, just an de staatlechen oder kommunale Servicer wëllen ënnerdaach ze kommen. Mä wann een d'Lounschéier kuckt, déi awer net méi kleng gëtt, dann ass dat net verwonnerlech! An dësen Ëmstand rifft no enger Diskussioun, där ee sech och hei an der Chamber eng Kéier muss a soll stellen.

Eng Kompetitivitéit, Dir Dammen an Dir Hären, geet sécher awer och nëmmen an d'Luucht, wa probéiert gëtt, déi aktiv Populatioun esou effizient wéi méiglech anzesetzen, spriech déi richteg Leit op déi richteg Plaz ze kréien. Fir kompetitiv ze sinn, brauch een Know-how, an dat geet scho fréi un. Grad bei der Jugend a fréie Jore muss den Hiewel ugesat ginn, fir se an déi Richtungen ze drainéieren, wou se sech erëmfannen, wou se matzäiten hir Motivatioun fannen, an net, wann dann näischt méi geet, de leschte Wee dann eventuell nach d'Handwierk ass.

Mir kënnen eis hei des Breeden an des Laangen driwwer opreegen, dass de Schüler keng Ausbildungsplaz fënnt, dass d'Betriber sech och nach schwéierdoen, nei Léierkontrakter auszestellen. Mä da versetzt Iech emol eng Kéier an dem Patron seng Situatioun, dee leider ze dacks op jonk Leit stéisst, déi éischter a säi Betrib d'Zäit doutschloe kommen, wéi dass se d'Impressioun ofginn, dass se eppes wéilte léieren! Mä dat ass net onbedéngt de Kanner hir Schold.

Wichteg ass et, fréi am Elterenhaus, mä och an der Schoul dat doten ze diskutéieren. Jonk Leit motivéiert ee fréi, wat éischter, wat besser! Et ass keng Schan, och nom sechste Schouljoer, nom Fondamental eng technesch Ausbildung unzegoen. Mir brauchen exzellent Leit an der klassescher Formatioun. Mir brauchen awer och exzellent Leit an der technescher Ausbildung, wou s de herno och dee ganze Wee kanns maache bis bei e Bac+.

Mir jäize scho jorelaang no Ingenieuren. Firwat fanne mer keng? Mir sinn dach net méi domm wéi déi aner. D'Fro kann ee sech stellen, ob mir net méi Leit am Enseignement missten hunn, déi vum Terrain kommen. Dat kann een deelen. Ass dat net an der Beruffsausbildung inévitabel? Firwat gi mir engem jonke Mënsch net schonn an der Primärschoul geziilt a mat System Ableck an dat, wat dobausse leeft? Virstellungen, Dreem an d'Loscht, sech ze realiséieren, an eng Richtung ze goen, déi gi scho mat zéng, zwielef Joer un, an net eréischt mat 15 oder 16.

Et feelt also nach zu Lëtzebuerg un der Valorisatioun vum Entrepreneursgeescht. Dee musse mer stëppele bei den Eltere mat ganz sécher engem Mentalitéitswiessel, bei de Jonken, dat heescht, Talenter förderen, an der Schoul geziilt op d'Schüler agoen, fir se an hirer Kreativitéit ze ënnerstëtzen an ze motivéieren, eegestänneg ze sinn an och Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an dann och bei den Entreprisë méi responsabiliséieren, fir Verbindunge mat de Schoulen opzebauen.

Ech mengen, et kéint ee sech also heibannen eens sinn, an ech mengen, och dobaussen, dass ee fréi, dass ee ganz fréi de Kanner soll weisen, wat méiglech ass. Et soll een driwwer nodenken, de Kanner den Drock dach vun de Sproochen ewechzehuelen. De Manktem an enger Sprooch däerf net ze vill Dieren zoumaachen. Eise System ass ze vill op Sproochekompetenze fokusséiert. Doduerch ginn dacks Schüler ausgeschloss, déi net kënne mathalen.

An eisem duale System, do ass nach Loft no uewen. Ech géif lech och do proposéieren, e Sujet ze kucken op der Tëlee elo dëser Deeg, wou eng Rëtsch jonk Leit bei den EuroSkills zu Göteborg matgemaach hunn. Et ass e ganz interessante Reportage och mat ganz flotten Aussoe vu jonke Leit, à recommander! Dir fannt dat um Internet.

De gesamte System vun der Orientation scolaire sollt een iwwerschaffen. Dat ass de Moment am Gesetz vun der Maison de l'orientation net genuch de Fall an hëlleft net virun.

Da muss et fir e jonke Mënsch, wann e sech da fir de Wee an d'Privatwirtschaft décidéiert an eventuell och prett ass, sech selbstständeg ze maachen, interessant sinn, dëst ze maachen. Dëst wëllt soen: Et soll iwwerhaapt méiglech sinn, natierlech emol finanziell. Och mussen d'Reprisë frei virbereet ginn. Honnerte Betriber sichen e Repreneur schonn zënter Joren.

E Patron muss och konstant a säi Betrib investéieren a kucken, dass säi Betrib um aktuelle Stand bleift respektiv och no vir an Zukunft ausgeriicht gëtt, sprech e kompetitiv halen. Am Horeca-Secteur, fir just dësen ze zitéieren, ass dat sécher an de leschte Joren a Jorzéngten net genuch gemaach ginn. Wann e potenzielle Repreneur gesäit, dass e fir d'Éischt muss Onzom-

men investéieren, da léisst en et léiwer sinn. Och d'Mataarbechter sollen éischter fréizäiteg un d'Entreprisë gebonne ginn; do gëtt et eng sëlleche Modeller am Ausland.

Jo, wou ginn d'Betriber dann hin? Wéi baue se sech aus? Wou kënne se sech nidderloossen? Wou solle se sech implantéieren? Et sollt verstäerkt dezentraliséiert ginn, gëtt gesot. De Speckrimm ronderëm d'Stad ass zimlech voll an d'Autobunne ronderëm och. Et wier och gutt, wann dat schaffend Vollek - och doriwwer sollt ee sech Gedanke maachen - esou no wéi méiglech bei senger Aarbechtsplaz kéint wunnen.

Fréier huet d'Stolindustrie fir Wunnenge gesuergt. Hautzudaags ass dee Business - oder iwwerhaapt de Business - zimlech lassgekoppelt vum Wunnen. Et sollt ee versichen, déi ekonomesch Aktivitéiten erëm méi um Logement participéieren ze loossen. Kommt, mir setzen eis zesummen, fir do no Léisungen ze sichen!

Fir d'Salariés hautement qualifiés et spécialisés, d'High Earners oder d'hauts Cadres ginn et Allocations de logement, Agences de relocation, déi sech dann ëm alles këmmeren, administrativ Démarchen, Schoulen an esou weider. Och ginn et fiskal Avantagen, fir d'Plënneren als Frais professionnels vun de Steieren ofzesetzen. Si kënne souguer hir Heemechtsresidenz vun de Steieren ofsetzen. Mä déi Jonk awer, d'Stagiairen, déi qualifizéiert oder och déi netqualifizéiert, kréie keng oder quasi keng Hëllef. Déi musse sech eleng um Wunnengsmarché zurechtfannen. Och do muss een no Remedur froen.

Jo, an dann d'Simplification administrative - mäi Kolleeg Laurent Mosar huet et schonn e puermol ugeschwat; och de Minister ass drop agaangen: Ech weess net, ob ech soll vill dozou soen. „D'Simplification administrative ass e wichtegt Instrument, fir d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie ze verbesseren. Et muss een an deem Kontext d'Prozedure vun de Gesetzer esou optimal an effizient wéi méiglech maachen an en Équiliber tëscht de Flichten an de Rechter vun de Betriber an dem Intérêt public fannen." Dat ass net vu mir; dat hunn ech net gesot. Dat ass och keng nei Ausso, mä déi Ausso gëtt schonn zanter Joer an Dag mat zwou Hänn ënnerschriwwen.

Déi administrativ Vereinfachung ass, wéi de Minister dat mat Recht och scho gesot huet, e Prozess, deen ni ophält. Et ass och esou, dass zanter Jore schonn deen Terrain ganz konkret an engagéiert beaarbecht gëtt mat ënner anerem 2004 dem Comité national pour la simplification administrative. Esou ass jo och 2008 vun den deemolege Ministere Wiseler a Krecké e virtuelle Guichet fir Bierger a Betriber opgemaach ginn, wou een dann iwwert de Guichet.lu sämtlech Informatiounen, Formulairen, Demanden an esou weider ka kréien.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Dat, wat dës Regierung sech zum Zil gesat huet, dat ass jo dann dat ominéist Omnibusgesetz. De Minister huet virdru gesot: „Ech kann et scho bal net méi héieren." Ech verstinn en och, et ass nach ëmmer net do. Et ass virun zwee an engem hallwe Joer déposéiert ginn an et berout och u sech schonn op enger Viraarbecht aus der leschter Koalitioun. Leider waarde mer nach ëmmer drop. Och wann et elo net onbedéngt der Regierung hir Schold ass, dass et nach net do ass, si mir awer net frou, dass et nach net do ass. Et ass sengerzäit och als TGVs-Gesetz vermaart ginn a mir waarden drop, dass et endlech kann ëmgesat ginn.

An deem Projet stinn eng ganz Rei vu wichtege Mesuren dran, sief et fir déi dach relativ komplex a laangwiereg Prozedure vum PAG méi einfach a méi séier ze gestalten, fir dass d'Betriber eng besser Planungssécherheet kréien och an ëmwelttechnesche Froen, fir dass d'Projeten net onnéideg laang blockéiert sinn an iwwerflësseg Geneemegungen, respektiv där, déi haut net méi opportun sinn, aus dem Wee ze raumen.

Deen ominéisen Artikel 17, Dir Dammen an Dir Hären, ass net méi an deem Omnibusgesetz dran. Dat bedauere mer. Mir sollen déi Vereinfachung dann elo am Naturschutzgesetz erëmfannen. À voir. À voir dann och, wéini dass den Omnibus kënnt.

Dës Regierung huet och eng Initiativ gestart, fir d'Bierger selwer ze froen, wat hir Iddie sinn, fir d'Prozeduren ze vereinfachen. Um Site www.vosidees.lu kann een hei sengen Iddie fräie Laf ginn. Mir fannen dat eng ganz sympathesch Iddi. Mä ass dann och eppes Konkretes doraus geschitt? Wéi vill Propositioune si vu Bierger gemaach ginn? Wéi vill dovunner si realisabel a ginn och tatsächlech ëmgesat? Et wier gutt, och eng Kéier hei e Bilan ze kréien. Ech hu mer awer d'Freed gemaach de Moien, um Site ze kucken, a bis ewell si knapp 200 Iddien erakomm an de leschten zwee Joer, déi lescht am Juli 2016.

Hyperaktivitéit, léif Frënn, gesäit anescht aus. De Minister Kersch huet dann an engem Summerinterview gesot, hie géif am Hierscht dëst Joer, 2016, de Programm „Einfach Lëtzebuerg" virstellen. Dëse Programm soll eng ganz Rëtsch vu Vereinfachungen an alle Ministèren a Verwaltunge beinhalten, an de Minister erwaart sech hei en „grousse Worf"!

Et geet hei, an ech huelen déif Loft, ëm eng Ëmsetzung vun enger Politique réglementaire, déi d'Zil verfollegt, déi administrativ Prozeduren ze vereinfachen an d'Chargen, déi domadder verbonne sinn, ze reduzéieren. De Stat soll heiduerch méi performant, einfach an och méi duerchsiichteg fir Betriber a Bierger ginn. Déi bestoend Legislatioun soll strategesch a selektiv nogepréift ginn. Et soll eng effikass a pragmatesch Qualitéitskontroll gemaach gi fir méi Transparenz. A via Consultatioune soll derfir gesuergt ginn, d'Prozeduren op eng intelligent a strategesch Aart a Weis ze digitaliséieren an déiselwecht Prinzipie wéi am Ausland ze applizéieren. Omnibus bis XXL!

Dat kléngt alles gutt an ass och begréissenswäert, mä wou si mer domadder drun? Den Hierscht ass scho laang amgaangen, de Wanter steet virun der Dier a vun „Einfach Lëtzebuerg" kann een net ganz vill héieren.

(Interruption)

Den Här Rifkin huet dëst och a senger fantastescher Show gesot. Lëtzebuerg einfach. Ab 2025 solle mer elektresch fueren: tipptopp. Gëschter hu mer héieren, dass déi 800 Bornë solle kommen: très bien! Hoffentlech och mat genuch gréngem Stroum.

(Interruption)

Nëmmen: très bien!

Eng Fro an deem Kontext wier: Wéi reagéieren eis Zouliwwererbetriber fir d'Autoindustrie zum Beispill hei zu Lëtzebuerg, wann déi ganz Elektrifikatioun an der Autosbranche sollt kommen? - Dir wësst, dat ass kee Secteur, deen hei ze négligéieren ass. - Dat géif mech interesséieren.

Da gouf och gesot: Mir bauen a wunnen anescht an der Zukunft. Den Här Schneider sot, Lëtzebuerg géif do eng Virreiderroll spillen. Zu Freiburg an och zu Hamburg ginn et där Modeller. Ech weess elo net, ob den Här Rifkin och do seng Fangeren am Spill hat. Bref, ech hunn och elo net méi d'Zäit, dorobber anzegoen. Sécher ass dat alles net falsch an net vun der Hand ze weisen. Mä déi ganz Rifkin-Diskussioun féiere mer jo zu engem spéideren Zäitpunkt.

Dir Dammen an Dir Hären, am Résumé: Kompetitivitéit ass Kompetitioun. Lëtzebuerg muss d'Konditiounen esou opstellen, dass et an där Kompetitioun vir ka matmëschen am Respekt vun der Cohésion sociale. D'kompetitiv Gesellschaft ass déi, déi schafft an och Plus-valuë schaaft. Plus-valuë mussen awer vun der ganzer Gesellschaft queesch duerch de Gaart geschafe ginn. D'Kompetitivitéit freet no Know-how. Jonk Leit musse fréi op dee richtege Wee gesat ginn. Mir brauchen eng praxisbezunnen transparent Beruffsausbildung. D'Handwierk däerf net dee leschten Auswee sinn, wa soss näischt méi geet. D'Zesummenaarbecht tëscht Schoul, Fuerschung an Aarbechtsmaart ass onëmgänglech.

Kompetitivitéit rifft no engem einfache schlanke Stat ouni ze vill administrativ Barrièren. De Verwalter an deen, dee verwalt gëtt, mussen eng harmonesch a konstruktiv Bezéiung mateneen hunn. Kompetitivitéit ass net nëmmen d'Heihinnerlackele vu groussen Entreprisen, wéi déi virdrun ugeschwaten „déck Fësch", mä si gehéiert och hei an den Traditiounsbetriber gefleegt, virun allem an den iwwer 3.000 Kleng- a Mëttelbetriber, wou iwwer 70% - 70%! - vun der nationaler Valeur ajoutée géréiert ginn a wou joeran a joeraus Aarbechtsplaze geschafe ginn. Digitalisatioun ass sécher hei eng vun den Erausfuerderunge fir déi nächst Joren, an do ass och sécher nach ganz vill Loft no uewen.

Den Entrepreneursgeescht, Dir Dammen an Dir Hären, gehéiert ënnerstëtzt. An den nächste Jore sichen Honnerte Familljebetriber ee Successeur. Ecotech, Biotech, IT, Logistik: Ech mengen, mir sinn net schlecht opgestallt. An ech woen och ze behaapten, dass mer do an de leschte Joren den Zuch net verpasst hunn. Mä mir sollten ëmmer erëm wëssen, dass mer auslännescht Kapital brauchen. Lëtzebuerg huet nach ëmmer mat auslänneschem Kapital fonctionnéiert.

Kompetitivitéit geet Hand an Hand mam soziale Fridden a mat engem niddrege Chômage. Mir denken drun, dass et besser ass, Aarbecht ze subventionéiere wéi de Chômage. Et ass wichteg, och déi netqualifizéiert Leit zu Lëtzebuerg ënnerdaach ze kréien. Och de Kombiloun ass en Thema, iwwert dat een hei eng Kéier sollt méi intensiv schwätzen.

Kompetitivitéit ass Mobilitéit, Kompetitivitéit ass Wunnraum zu abordabele Präisser, Kompetitivitéit ass nohalteg Energieversuergung a Kompetitivitéit ass gesonde Wuesstum am Respekt vun den nächste Generatiounen.

Dëst sollten nëmmen e puer Iwwerleeungen oder en Iwwerschlag si vun eenzelne Punkten, déi virun allem och de Mëttelstand betreffen, de Mëttelstand, deen de Mëtteg hei net genuch zur Geltung konnt kommen.

An dofir froen ech dann eng Interpellatioun un - Madamm Presidentin, ech ginn Iech se,…

(M. Félix Eischen dépose une demande d'interpellation.)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci.

M. Félix Eischen *(CSV).*- …wann ech gelift -, fir eng Kéier den Istzoustand iwwert dësen enorm wichtege Secteur hei an der Chamber ze diskutéieren. Et ass net vu Muttwëll.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Eischen. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, léif Membere vun der Regierung, et ass eng spannend Zäit, fir iwwer Wuesstum a Kompetitivitéit ze schwätzen. Et ass awer och nawell keng einfach.

All Beräicher, déi mat Wuesstum ze dinn hunn, sinn am Embroch. De Finanzsecteur, eise wichtegste Wirtschaftsberäich, ass säit der Finanzkris vun 2008 am Wandel a konstanten neien europäesche Regelen ausgesat. An der Landesplanung huet de Bauteminister François Bausch ufanks November dëst Joer eng Diskussioun lancéiert iwwert de qualitative Wuesstum an d'Wiel vun engem territoriale Wuesstumsmodell. D'Preferenz vun der Regierung geet an d'Richtung vun enger organiséierter an harmoniséierter Entwécklung ronderëm dräi grouss Achsen: am Norden, Zentrum a Süden.

De Professer Ewringmann huet d'lescht Woch eng Etüd iwwert den Tanktourismus virgeluecht, deen dee Modell offen a Fro stellt. Virun e puer Wochen hate mer hei en Débat iwwert d'COP21 an hir Suitten. D'lescht Woch koum de Rapport vun der IGSS iwwert de Pensiounssystem a méiglech Reformbesoinen. Mir krute virun zwou Wochen d'Etüd iwwert déi drëtt industriell Revolutioun ënnert dem Pilotage vum Jeremy Rifkin virgestallt. Dës Woch hu mer eng Gemengefinanzreform gestëmmt an dës Woch koum och de PISA-Rapport iwwert d'schoulesch Leeschtungen zu Lëtzebuerg eraus.

Virum Enn vum Joer stëmme mer viraussiichtlech eng ëmfaassend Steierreform, déi och ambitionnéiert, d'Land méi kompetitiv ze maachen. A mir stëmmen de Budget 2017 an de Pluriannuel 2017 bis 2020.

All dës Beräicher hu mat Wuesstum, hu mat Kompetitivitéit ze dinn. Et ass e bëssen, Madamm Presidentin, wéi wa mer heibannen e permanente Wuesstumsdébat géife féieren. Eng gutt Kompetitivitéit ass d'Viraussetzung fir e staarke Wuesstum, an e staarke Wuesstum déngt dem Erhale vun eisem Sozialstat.

Ech mengen, et kann ee soen, dass mer an eisem Land e Konsens hunn iwwer eise Sozialstat. Mir sinn eis iwwer all Bänken, mengen ech, eens, dass mer weider eng gutt Krankeversécherung, eng gerecht Pensioun fir jiddwereen a sozial Transferte fir déi sozial schwaach Leit wëllen. Net méi spéit wéi gëschter hu mer eng Erhéijung vum Mindestloun ëm 1,4% beschloss fir déi 46.000 Leit hei am Land, déi am Mindestloun sinn. An och do ware mer eis bal all eens, dass dat eng gutt Saach ass.

Déi eenzeg Fro, iwwert déi mer eis net komplett eens waren a wou de Minister Nicolas Schmit gären de Conseil économique et social dermat befaasst, ass d'Fro, ob den Niveau vun dem Mindestloun duergeet, fir d'Leit, déi e kréien hei am Land, aus der Aarmut erauszehalen, also ob een eng Kéier muss eng strukturell Reform vum Mindestloun maachen.

Dass mer iwwert déi Froen esou e Konsens hunn a souguer a Wirtschaftskreeser déi Froen net kontestéiert ginn, ass eng gutt Saach. Dat ass net iwwerall esou. An doriwwer solle mer eis freeën. An ech mengen, dat kënnt doduerch, dass realiséiert gëtt, dass dee soziale Fridden, dee mer hunn, d'Viraussetzung ass fir politesch Stabilitéit an dass och dat e ganz wichtege Kompetitivitéitsfacteur ass.

Do, wou et e bësse manner Konsens gëtt, ass iwwert de Wuesstum selwer an iwwert de wirtschaftleche Modell, fir en ze erreechen. Dass mer do net all d'Levieren an der Hand hunn, ass kloer. An der Budgetssaison gëtt et engem ëmmer erëm bewosst an nach méi kloer, wéi staark eis Ekonomie vun externe Facteuren influenzéiert gëtt, an éischter Linn vun de Pëtrolspräisser, mä och vun de Bourssen, well eis Ekonomie staark vun der Finanzplaz ofhänkt. An d'Finanzplaz ass ebe mat der Bourse corréléiert.

Mir hunn natierlech och keng Influenz op déi weltwäit Großwetterlage an eng ganz begrenzt op déi europäesch. Eise Spillraum op der Finanzplaz, insbesonnesch a steierleche Froen, hänkt vun deem of, wat zu Bréissel décidéiert gëtt an zusehends och vun deem, wat bei der OCDE décidéiert gëtt. Aus enger Partie Grënn, och wéinst där Aart a Weis, wéi mer eis Finanzplaz an der Vergaangenheet opgestallt hunn, ass dëse Spillraum quasi inexistent ginn. Dass déi nei Regierung dobäi resolutt op d'Kaart vun der Transparenz gesat huet a weider setzt, begréisse mir als LSAP ausdrécklech.

Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Wuesstum gëtt et net zum Nulltariff.

Une voix.- Très bien!

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Wann ee wëllt d'Sozialleeschtunge vum Stat um selwechten Niveau halen, ouni dass eis Wirtschaft wiisst, da muss ee mer erklären, wéi dat soll goen. Sécher, mir musse virsiichteg mat eisen öffentleche Finanzen ëmgoen an eis Dépensë kontrolléieren. Mir brauchen och eng Reflexioun iwwert d'Zukunft vun eisem Pensiounssystem. An de Minister Romain Schneider wäert do opgrond vun deem Rapport vun der IGSS Aarbechtsgruppen asetzen, fir iwwert d'Reformpisten nozedenken an deenen nächste Méint. Mä mir brauchen och eng Reflexioun iwwert den zukünftege Wuesstum an eisem Land.

Ech hat a mengem Budgetsrapport fir 2015 - ech zitéiere mech elo léiwer selwer, ier iergenden aneren dat mécht - gesot, dass d'Wuesstumspotenzial fir Lëtzebuerg verschiddene Studien no bei 2% oder souguer manner héich läit à long terme. Dëst ass d'Répercussioun vun enger ekonomescher Theorie, där vun der „säkularer Stagnatioun", wou et eng Iddi gëtt, dass déi westlech Wirtschaften, net nëmme Lëtzebuerg, mä all déi westlech Wirtschaften, ënner enger Baisse vu Produktivitéit leiden an iwwer laang Zäit just nach moderat géife wuessen.

Och am PNR, am Plan national de réforme, vum Abrëll 2016 heescht et, an ech zitéieren: «Néanmoins, la croissance potentielle s'est affaissée et le pays connaît une évolution faible de sa productivité.» An och de Rifkin-Rapport mécht en äänleche Constat, wann e seet, dass d'Produktivitéit an de leschte Joren ofgeholl huet an et héich Zäit gëtt, an nei Infrastrukture vun der neier Ekonomie ze investéieren an an d'Formatioun vun de Leit, wat mer jo glécklecherweis schonn ugefaangen hunn, ze maachen.

Wat heescht dat am Kloertext? Ma dat heescht entweder, dass mer de Rimm deemnächst eng Kéier méi enk mussen zéien, oder awer, dass mer d'Äerm eropstréppe mussen an eng nei Dynamik schafen, sou wéi mer dat an der Vergaangenheet schonn des Éftere fäerdegbruecht hunn.

Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, laang Zäit war d'Wuesstumsdiskussioun eng Discussion à sens unique. Mä d'Leit fänken och un, déi negativ Säite vun eiser ganz staarker Croissance besser ze mierken. Mir sti vill am Trafic, jo, mir sinn zu méi am Land, d'Wunnkäschte ginn an d'Luucht, de marginale Benefiss vum Räichtum, dee mer schafen, kënnt net méi esou schnell bei de Leit un.

Dee Constat hutt Dir och, Här Minister Schneider, gemaach an der Table ronde no der Presentatioun vum Rifkin-Rapport, wéi Der gesot hutt, dass d'Revenue bei de Leit manner schnell wuessen an dass d'Leit d'Nuisancë vun eiser Croissance manner gutt acceptéieren.

Den Jeremy Rifkin selwer huet vun engem „change of metrics" geschwat, d'Iddi, dass de Wuesstum, deen neie Wuesstum, dee geschafe gëtt an enger drëtter industrieller Revolutioun, sech net méi alleng duerch de PIB moosse léisst. Elo si mer dann erëm bei Iddien iwwert de PIBien-être, wou mer jo och dru schaffen, an déi, mengen ech, och hir Plaz an enger drëtter industrieller Revolutioun fannen.

D'Transitioun a Richtung vun enger dekarboniséierter Gesellschaft, wou manner a méi lokal produzéiert a consomméiert gëtt, mat manner Offall verbonnen, fënnt een och am Programm vun der drëtter industrieller Revolutioun erëm. D'Économie circulaire an d'Économie du partage ginn och an déi Richtung. Mä et muss een de Constat maachen, dass dëst eng Transitioun

gëtt an dass déi meescht Leit elo nach net prett dofir sinn.

Här Minister, Dir hutt dat selwer elo just constatéiert, d'Leit wëllen ëmmer nach Croissance. Mir sinn nach an deem ale System an där Hisiicht, a mir mussen, wa mer wëllen dovunner ewech, d'Leit lues a lues mat op dee Wee huelen a mir dierfen dobäi keen op der Streck loossen.

Madamm Presidentin, et ass elo dräi Wochen hier, säit mer d'Etüd iwwert déi drëtt industriell Revolutioun presentéiert kruten. Mir sinn nach alleguer dobäi, dat ze verdauen. Et ass eng inspiréierend Lektür, mä et ass eréischt den Ufank vun engem Prozess. Ob mer dat elo gär hunn oder net, d'Welt an d'Wirtschaft sinn am digitale Wandel. Mir kënnen dat als Chance gesinn oder mir kënnen et iwwer eis ergoe loossen. De Rifkin-Rapport gesäit et ganz kloer als Opportunitéit un a mir bei der LSAP gesinn dat och esou.

Dee Rapport huet de grousse Meritt, dass e Megatrends opzeechent, déi weltwäit constatéiert ginn, an Aktiounspisten opweist. Elo geet et drëms, dës Pläng ëmzesetzen. Eent zu eent wäert dat héchstwahrscheinlech net geschéien. Mä mir sollten un engem Konsens schaffen, engem Strang, un deem mer all zéien, net nëmme politesch, mä och mat der Zivillgesellschaft an de Sozialpartner.

Fir dass dës ekonomesch an technesch Visioun akzeptéiert gëtt vun de Leit, dass se an d'Politik afléisst, brauch et eng breet Diskussioun. Mir aus der Chamber, d'Regierung, mussen de Leit erklären, wéi dat soll fonctionnéieren a wat dat fir si bedeite wäert. Dofir muss et méi konkret ginn an et muss och eng Zäitschinn ausgeschafft ginn. Dofir brauche mer och e Konsens mat der Zivillgesellschaft an de Sozialpartner. Och d'Gewerkschafte mussen elo agebonne ginn.

Madamm Presidentin, et ass ze bedaueren, dass d'Tripartite an deem lethargeschen Zoustand ass, an deem se säit 2010 sech befënnt, soss wier si eiser Meenung no déi ideal Plaz, fir dee Plang ze verdéiwen an duerno en Accord doriwwer ze treffen.

Dass mer esou Rapporte vu bausse kënnen ëmsetzen, hu mer bewisen. Et muss een eng Zäit zréckgoen, an d'Joren 1959-1960, wou d'Lëtzebuerger Regierung beim Professor Henri Rieben vu Lausanne de Rapport iwwert d'Rentabilitéit vun der Siderurgie zu Lëtzebuerg bestallt huet, fir e Konflikt tëscht der Regierung an de Gewerkschaften ze léisen. Dëse Rapport ass am Viraus akzeptéiert ginn, och vun de Gewerkschaften, an dat huet zu engem Kollektivvertrag an dem famousen „Franc Rieben" gefouert, dee mat sech bruecht huet, dass ee Frang méi op der Pai vun de Siderurgiste bezuelt ginn ass. Dat war a gewëssenem Mooss de Prédécesseur, de Précurseur vum Comité tripartite vum Enn vun de 70er Joren.

De Rifkin-Rapport kann eng Chance ginn, wa mer eis all domat auserneesetzen, wa mer e liesen, diskutéieren, erklären an dorobber agéieren. Mä virun allem - nach eng Kéier - musse mer d'Leit mathuelen! Wann een d'Leit freet, e grousse Sprong ze maachen, een, dee vläicht och ustrengend ass, muss een hinnen och erklären, firwat een dat mécht.

Mir mussen och, wa mer iwwer Wuesstum a Kompetitivitéit hei am Land schwätzen, Courage hunn, eng Portioun Audace, jo, och eng Portioun Abenteuerlust. Mir hunn dat schonn e puermol an der Vergaangenheet gemaach, zulescht deslescht mat der SES, mat de Satellitten. Dat war eng Success Story. De Projet Space Resources, op deen de Minister Schneider schonn agaangen ass, geet an déiselwecht Richtung. An och dee Projet ass villverspriechend, well ee gesäit, dass elo scho potenziell Investisseuren an Entreprisë sech dofir interesséieren.

Madamm Presidentin, mir mussen och verstäerkt an d'Recherche an d'Innovatioun investéieren. An hei ass ee vun de Punkten, wou ech mat mengem Virriedner Laurent Mosar d'accord sinn. D'Stoussrichtung, déi de Projet „Troisième révolution industrielle" virgëtt, confirméiert dat méi wéi jee. Mir kënne keng Hightechwirtschaft ginn, wa mer net déi néideg Recherche an Innovatioun förderen. Mir gesinn awer, dass eise Budget fir Recherche, développement et innovation ënnert der Moyenne vun der OCDE an och ënnert der Moyenne vun der Europäescher Unioun läit. Dat muss sech änneren!

Et gëtt oft gesot, dass déi privat Recherche hei am Land net nozitt. Eise gesamten Invest an R&D louch 2015 bei 1,24%, dovun 0,73% ëffentlech Recherche. Zum Verglach sief gesot, dass, Eurostat no, Schweden Spëtzereider an der RDI ass mat bal 3,3% vum PIB. Duerno kënnt Éisträich mat 3,07% an Dänemark mat 3,03%. Mir leien also wäit ënnert der EU-Moyenne. Mir mussen eis do verbesseren.

Mir mussen eis bewosst sinn, dass a verschiddene Secteuren d'Recherche fondamentale nach méi ënnerstëtzt muss ginn, fir dass Start-ups a privat Investisseuren dorauser kommerziell Applikatioune kënne maachen.

E gutt Beispill dofir ass de Beräich Bio- a Medical Tech. Hei maachen de Professer Balling a seng Équipe vum LCSB um Belval zënter fënnef bis sechs Joer eng formidabel Aarbecht. Och aner Instituter wéi den IBBL an d'CRPe leeschte gutt Aarbecht hei. Mä et kann ee soen, dass en neien Niveau d'excellence erreecht ginn ass mam Centre interdisciplinaire vum Rudi Balling op der Uni Lëtzebuerg.

Ech hat d'Chance, am Kader vun deem „pairing scheme", deen den FNR tëschent der Chamber a verschiddene Chercheure gemaach huet, en Dag am LCSB ze verbréngen. An ech konnt mech selwer iwwerzeegen, wéi spannend a villverspriechend déi Recherche ass, déi do gemaach gëtt. Ee vun hire Projeten, den HuMiX, e kënschtlechen Daarm, stéisst iwwregens elo scho bei internationale Konferenzen op groussen Interessi bei Entreprisen an anere Rechercheinstituter.

Mä fir dass en Ekosystem an deem Beräich entsteet, muss nach weider investéiert ginn, mussen déi Instituter, déi gutt schaffen, méi Moyene kréien, fir ze wuessen, och Accès kréien zu klineschen Daten, Kollaboratioune mat Spideeler musse gemaach ginn. Mir mussen eis och d'Moyene ginn, och aarbechtsrechtlech, fir déi gutt Chercheure bei eis ze halen a se net no fënnef Joer an d'Ausland ze verléieren.

Une voix.- Très bien!

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Eréischt da gëtt och de Biotech zu enger Success Story. An da kann dës Recherche, déi och a Richtung Sécurité sociale Applikatioune fënnt, och praktesch Applikatioune fannen. Den LCSB denkt elo schonn iwwer Produiten no am Beräich vum Diagnostic, vun „smart sensing", vu Wellness. Dat sinn alles och potenziell nei Wirtschaftsbranchen. An do si mer och schnell beim Beräich vun der Silver Economy, dee mengem Fraktiounspresident deier ass an deen effektiv e prometteure Beräich ass, d'autant plus dass et ee vun de wéinege wirtschaftleche Beräicher ass, deen net vu Roboteren ersat ka ginn, well mer hei ganz vill am Care ënnerwee sinn, an dat ass ee vun de Beräicher, wou de Mënsch onersetzlech ass.

Madamm President, de Laurent Mosar ass schonn drop agaangen: Et gëtt nach weider Iwwerleeungen am Beräich vun der Recherche a vum Développement, fir och finanziell de Start-uppen ënnert d'Äerm ze gräifen duerch verschidde Steierincentives. Den Här Mosar huet de Modell vun den „business angels" genannt. Ech mengen ze wëssen, dass am Ekonomiesministère - mä den Här Minister ka vläicht dorobber agoen - un engem Modell geschafft gëtt, fir nei Finanzementer un d'Start-uppen ze kréien, vläicht mat engem fiskalen Incitatif. Mä vläicht kann den Här Minister kuerz dorobber agoen a senger Interventioun.

Ech ginn Iech och recht, Här Mosar, dass ee bei der nächster „patent box", dem Ersatz vum Artikel 50bis vum Steiergesetz, muss nodenken iwwer e Modell, dee sécher konform muss si mat der Approche vum „Modified Nexus" vun der OCDE. Dat heescht, dee muss konform sinn zu de Bréisseler an den OCDE-Virgaben, mä dee virun allem den Avantage mat sech bréngt, dass en exigéiert, dass d'Breveten hei zu Lëtzebuerg mussen ausgeschafft ginn, wat erëm eng Kéier der lokaler Recherche zeguttkéim.

Madamm President, Här President, ech gesinn, hei ass och eng Transitioun amgaangen.

(Brouhaha)

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et ass eng „transition" amgaangen, e fliegender Wechsel.

(Interruption par M. Alex Bodry)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- E fliegende Wiessel.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- E Wiessel.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Loosst Iech net oflenken!

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Wourëm geet et, Här President,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo?

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- ...wann ee vun technologescher an digitaler Revolutioun schwätzt?

Wéi wärend deenen zwou industrielle Revolutioune virdru ginn et gréisser Changementer bei der Aart a Weis, wéi mer an Zukunft produzéieren. Dobäi wëll ech awer ënnersträichen, dass déi Changementer global gesi positiv waren an d'Liewe fir déi meescht Leit méi einfach gemaach hunn. Dat muss och bei der nächster industrieller Revolutioun de Fall sinn.

Op där enger Säit gi mer ëmmer méi a Richtung vun enger Ekonomie vum Wëssen, opgebaut op Servicer. Dee Phenomeen ass net nei a schonn zënter Jorzéngten erkannt ginn an amgaangen. Op där anerer Säit iwwerhuelen intelligent Roboteren Aarbechten, déi den Ament nach vu Leit gemaach ginn. Deen Dag, wou Autoen a Camionen ouni Chauffeuren op eise Stroosse fueren - an de Minister huet jo schonn indiquéiert, dass deen Dag net méi esou wäit ewech ass -, kënnt also schnell op eis zou. Amazon zum Beispill huet haut scho Pläng, fir de Courrier an d'Päck an Zukunft mat Drone bei d'Dier vun de Clienten ze liwweren.

De weidere wichtege Changement, deen op eis duerkënnt, ass déi ëmmer méi grouss Vernetzung tëschent allméigleche Beräicher. Sou wäerte mer et an Zukunft zum Beispill fäerdegbréngen, eise Stroum méi effizient ze verdeelen. Hausapparater denken an Zukunft souzesoe mat, fir dann Elektresch ze verbrauchen, wann et am gënschtegsten ass.

Och eis Gesellschaft verännert sech. D'Aart a Weis, wéi mer matenee kommunizéieren, ass haut schonn net méi déiselwecht, wéinst de sozialen Netzwierker. Net ëmmer zum Positiven, dat muss een och hei soen. Iwwerall wäerten an Zukunft déi nei Technologien eng ëmmer méi grouss Roll spillen: an eise Stied, op eiser Aarbechtsplaz a bei ons doheem.

Här President, eng vun de groussen Ängschte vun de Leit haut ass d'Globaliséierung. De Brexit an d'Wahl vum Donald Trump an den USA sinn zum Deel Expressioune vun där Angscht. Nieft der Globaliséierungsangscht riskéiere mer, och nach mat enger Digitaliséierungsangscht konfrontéiert ze ginn.

Ech mengen, et soll een de Leit näischt virmaachen an hinnen éierlech klore Wäin ausschëdden. Natierlech wäerte sech vill Saachen änneren. Et muss een déi Ängschten och eescht huelen, am beschten, wann een éierlech mat hinnen iwwert déi digital Zukunft schwätzt a se preparéiert. Wa mer sécherstellen, dass jiddwereen um Enn vun deene Progrèse profitéiert, dann, mengen ech, ass dat déi bescht Aart a Weis, fir deenen Ängschten do virzebeugen. Dat gëtt net einfach. Mä mir däerfen och net de Feeler maachen, d'Chancen, déi déi nei Evolutioune mat sech bréngen, net ze notzen.

Mir kënnen eise Sozialsystem festege mat Hëllef vun den neien Technologien, d'Digitaliséierung an déi technologesch Avancen asetzen, fir eis Gesondheetssystemer méi effizient ze maachen an d'Preventioun am Gesondheetsberäich ze förderen. Mir kënnen eis Transportnetzer besser matenee verbannen an esou besser notzen. Mir schafen nei Energiesourcen, nohalteg Sourcen, andeems mer zum Beispill eege produzéiert Elektresch an eise Réseau aspeisen. Mir maachen et iwwer verschidden digital Plattforme méiglech, eis Ressourcë méi effizient an nohalteg anzesetzen.

Här President, wa mer dat alles fäerdegbréngen, da brauche mer eis och net méi sou vill Suergen ze maachen iwwer e méiglechen 1,1-Milliounen-Awunner-Stat oder doriwwer, wéi vill eis Wirtschaft soll wuessen. Da léise mer déi Froen doduerch, dass mer eisen aktuelle Wuesstum duerch e qualitative Wuesstum ersetzen.

Wa mer wëssen, dass déi zukünfteg Wirtschaft zum Deel grouss Changementer wäert mat sech bréngen an der Aart a Weis, wéi mer haut schaffen, da musse mer dee Changement an der Aarbechtswelt preparéieren a begleeden.

Eng Suerg, déi mir als LSAP hunn, ass, dass eng Rei Aarbechte just nach temporär wäerte sinn oder dass ëmmer méi Leit sech musse selbstständeg maachen. Mir gesi schonn haut, wéi Gesellschafte wéi Uber oder Airbnb den etabléierten Akteuren hir Geschäftsmodeller auserneenhuelen, munchmol muss ee soen, muss een och gestoen, well se einfach e bessere Service ubidden. Mir mussen eist Aarbechtsrecht iwwerdenken, mä mir musse verhënneren, dass Aarbechter méi oder manner gutt geschützt sinn, nëmme well se en anere Statut hunn, awer déiselwecht Aarbecht maachen.

Wa mer vun den Ännerunge vun den Aarbechtsforme schwätzen, da musse mer déi digital an technologesch Revolutioun notzen, fir den Télétravail auszebauen. Domat droe mer ënner anerem dozou bäi, de Verkéiersproblem ze reduzéieren, andeems d'Leit d'Méiglechkeet kréien, vun doheem aus ze schaffen. Mir ginn de Leit awer och d'Méiglechkeet, hir Aarbecht an hiert Familljeliewe besser mateneen ze verbannen. An deem Kontext musse mer, mengen ech, och d'Reflexioun féieren iwwert d'Modulséierung an d'Reduktioun vun den Aarbechtszäiten. Et ass virauszegesinn, dass mat Hëllef vun den neien Technologien d'Produktivitéit allgemeng verbessert gëtt an d'Leit éischter manner schaffe mussen an Zukunft.

An Zukunft wäerten och ëmmer méi Aarbechten, déi op fossillen Energiequellen opbauen, duerch Aarbechten am ekologesche Secteur ersat ginn. Mir mussen dofir d'Leit ausbilden op déi nei Beruffer, déi an Zukunft entstoe wäerten.

Här President, dat bréngt mech op dee fir eis LSAP wichtegste Punkt an dëser ganzer Diskussioun iwwert den zukünftege Wirtschaftsmodell a wéi mer et fäerdegbréngen, kompetitiv ze bleiwen. Wéi ech virdru scho sot, déi digital an technologesch Evolutioune sinn amgaangen. Fir eng kleng an oppen Ekonomie wéi eis geet et also drëm, eis beschtméiglech dorop ze preparéieren. An dat fänkt an der Schoul un.

Mir mussen an eise Bildungssystem investéieren an deen esou ausriichten, fir eis Jonk op déi Zukunft ze preparéieren. Jonk Leit mussen eis Schoul verloosse mat den néidege Qualifikatiounen am Beräich vun den neien Technologien. Déi Jonk vun haut si sougenannt „digital natives". Si wuesse mat Computeren, Smartphones an Tabletten op. Wann ech e Problem mat mengem iPhone hunn, froen ech mäin 12-järege Bouf. Dee kann dee besser léise wéi ech.

Mä mir mussen eis och froen, wat fir Programmer mir de Schüler an der Schoul ubidden, fir se fit ze maache fir déi nei Jobben. Ech mengen, dass haut keng Schoul méi derlaanscht kënnt, fir Computercoursen unzebidden. A mir begréissen an deem Sënn och déi geplangt Lycéesreform, mat där eng Informatik- a Kommunikatiounssektioun agefouert gëtt. Mir mengen awer och, dass schonn am Fondamental den Internet an den Emgang mat neie Medien a mat neie Kommunikatiounsformen e Sujet muss sinn.

Erlaabt mer an deem Kontext, och dem Éducatiounsminister - deen zwar net hei ass, mä ech stelle se dann à l'occasion oder seng Kolleege ginn em se weider - d'Fro ze stellen, wéi dat vum Jeremy Rifkin ausgeschafft Konzept iwwert déi drëtt industriell Revolutioun säi Wee an d'Schoul fanne wäert. Wat mécht d'Regierung konkret, fir d'Schüler op déi technologesch an digital Beruffer virzebereeden?

An, Här President, et ass och gewosst, dass eng Base, fir gutt Informatiker ze kréien, e staarke Mathematikscours ass. Ee vun deene Grënn, firwat ganz vill Start-uppen a Betriber am Beräich vun den ICT hir Programmateuren an d'Ukrain siche ginn oder an Osteuropa, ass, well et traditionell an deene Länner ganz staark Mathematikscoursë gëtt an doduerch och gutt forméiert Mathematiker. A mir sollten eis iwwerleeën, wa mer eis Programmer iwwerdenken, sollte mer net vergiessen, och iwwert d'Mathematikscoursen nozedenken, och an Hisiicht op déi nei Technologien.

Här President, eng aner Suerg, déi mer als LSAP hunn, ass, dass Bierger, Regiounen a Betriber op der Streck bleiwen, well se den Iwwergang an déi nei digital Welt net gepackt hunn. Dofir musse mer nieft der schoulescher Ausbildung och verstäerkt op d'Formation continue setzen. Och do wéilt ech gäre vun der Regierung héieren, wat se op deem Punkt gedenkt ze maachen. Mir sinn iwwregens och der Meenung, dass d'Betriber selwer hei eng grouss Responsabilitéit hunn, fir hir Salariéen op d'Erausfuerderunge vu muer ze preparéieren.

Mir hunn als Land eng ganz gutt Ausgangspositioun, fir d'Chancë vun der digitaler Revolutioun ze notzen, well mer et näämlech fäerdegbruecht hunn, an deene leschte Jorzéngten eis Wirtschaft ze diversifizéieren, andeems mer op den ICT-Beräich gesat hunn, andeems mer mat déi Éischt waren, déi e ganz schnellt Breetbandnetzwierk fir den Internet geluecht hunn, andeems mer op Bio- an Ekotechnologië gesat hunn, andeems mer och hei am Land Datenzentre gebaut hunn, déi haut vu performanten Entreprisen an deem Beräich genotzt ginn.

Erlaabt mer, just e puer Zuelen hei ze nennen: Dem Rapport vum Observatoire de la compétitivité vun 2015 no goufen et 2012 hei zu Lëtzebuerg 1.838 Entreprisen, déi am Beräich vum ICT täteg waren. 2005 waren et der just 1.357. Deemno ass d'Zuel vun Entreprisen all Joer ëm méi wéi 5% geklommen. 2012 hu schonn eng ronn 15.000 Persounen an dësem Beräich geschafft. De Secteur war also och net weider vun der Finanz- a Wirtschaftskris betraff. Dat ass eng vun de Konklusioune vun deem Rapport.

D'Valeur ajoutée vum Secteur zu der Ekonomie hei am Land louch bei 7,3% vum PIB, wat ronn 2,8 Milliarden ausgemaach huet. Mir sinn also elo schonn net schlecht preparéiert op déi digital Revolutioun. Dat Potenzial musse mer elo notzen, fir eise Wuelstand hei am Land ze festegen a weider Aarbechtsplazen ze schafen.

Ech hunn et scho gesot, nieft der Bildung an der Formatioun ass dofir d'Recherche e ganz wichtege Beräich. Wa mir et packen, eis an deene Schwaachpunkte substanziell ze verbesseren, der Schoul an der Recherche, dann hu mir all d'Kaarten an der Hand, fir eng Virreiderroll ze spillen. Mir mussen der Evolutioun hei also e Schratt viraus sinn.

Aner Variabele spillen och dobäi eng wichteg Roll. D'Fiskalitéit ass esou eng. De juristesche Kader fir Entreprisen ass och eng aner Variabel. Den Accès zu de Finanzementer fir Betriber, eis Transportinfrastrukturen, déi ëffentlech Finanzen - de Finanzminister huet et gesot: Mir hu gesond ëffentlech Finanzen, mir hunn en Triple-A, an dat ass och en Atout fir Lëtzebuerg -, an natierlech och déi Beräicher, déi eis Liewensqualitéit ausmaachen, d'Kultur - an hei ass de Wonsch, dass mer vläicht iergendwann eng Kéier déi Lat vun engem Prozent vum PIB fir de Kulturbudget knacken; d'Tendenz ass no uewen an dat ass gutt, mä mir sinn nach e Stéckchen dovun ewech -, och d'Sportsinfrastrukturen, d'Fräizäitaktivitéiten: Alles dat si Puzzlestécker, déi zesummepasse mussen, fir eng kompetitiv Ekonomie ze behalen.

Här President, et ass dëser Regierung héich unzerechnen, dass se Initiativen hëlt, wéi d'Etüd ronderëm den Jeremy Rifkin, dass se sech och Gedanke mécht, wéi et mam Tanktourismus soll weidergoen, an dass mer versichen, d'Diversifizéierung vun eiser Ekonomie weiderzedreiwe mat zukunftsorientéierte Secteure wéi dem „space mining", dem ICT-Beräich oder der Bio- a Medtech.

Här President, ech wëll och e puer Wuert zu der Finanzplaz soen. Ech hunn dat schonn des Éftere gesot a viregten Debatten, mä ech widderhuelen et gär nach eng Kéier: Mir kënnen eis et net méi erlaben, op Souveränitéitsnischen ze bauen. Mir mussen hei am Land och am Finanzsecteur op Kompetenznische bauen. Ech mengen, de Finanzminister huet näischt aneres elo éineschters a senger Ried gesot.

D'Zäit vun de Steiernischen ass definitiv eriwwer an d'Zukunft vum Land läit sécher net an engem Monaco-Modell vun niddrege Steieren a vu Paradis fiscal fir grouss Privatfortunnen, wéi den Här Mosar dat nach 2005 a sengem Budgetsrapport opgezeechent huet fir d'Zukunft vum Land. Mä...

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Dierf ech eng Fro stellen?

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Natierlech.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Ech wollt den Här Fayot froen, dee Projet de loi, dee mer wahrscheinlech net méi virun der Vakanz, awer duerno wäerte verabschiden, wou mer Leit, déi wëllen hei op Lëtzebuerg komme mat grousse Verméigen, Autorisation-de-séjoure ginn, ob deen net an déiselwecht Richtung geet.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Ech mengen, dat ass eng Diskussioun, déi mer dee Moment féiere mussen, mä ech mengen net, dass dat genee an déiselwecht Richtung geet.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Ooh!

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Jo, sécherlech ass dat eng Accélératioun fir eppes, wat déi Leit souwisou scho kënnen haut maachen. An dat ass net comparabel, mengen ech, Här Mosar, mat deem, wat Dir 2005 gefuerdert hutt.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Et ass genau dat, wat ech deemools proposéiert hunn, wat d'Regierung elo mécht a wat mir och ënnerstëtzen.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Ech mengen dat net, Här Mosar, mä de Rapporteur Marc Angel wäert en temps voulu op déi dote Froen äntwerten.

(Hilarité)

Ech géif och nach gären eppes soen zu dem Här Mosar senge Bemierkungen zu deem Projet de loi, wou mer de Secret bancaire weider aschränken, fir den Outsourcing méiglech ze maachen. Den Här Mosar contestéiert dee Projet de loi oder fënnt deen net gutt. Ech muss dem Här Mosar soen, dass eben dee ganz strikte Secret bancaire, dee mer nach hunn am Artikel 41 vum Bankegesetz, justement fir de Moment e Facteur ass vun Netkompetitivitéit, fir eng Partie Leit, eng Partie Akteuren hei unzeéien.

De Finanzminister huet et gesot, de Brexit huet do eng Partie Opportunitéiten opgemaach fir eist Land an et ass mir zu Ouere komm, dass eng ganz Rei Banken interesséiert sinn, op Lëtzebuerg ze kommen, mä ofgeschreckt ginn duerch déi Onméiglechkeet, fir Outsourcing an hirem Grupp ze maachen, wat et soss an Europa néierens gëtt. Dat heescht, wann ech Iech richteg suivéieren, Här Mosar, da wäert Dir bereet, fir do eng ganz Rei Aarbechtsplazen net hei zu Lëtzebuerg ze wëllen, well Der weiderhin un engem strikte Secret bancaire festhaalt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Fayot, den Här Mosar wëllt eppes dozou soen.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Här Fayot! Ech muss dorop reagéieren, well den Här Fayot do Saache seet... Ech hunn iwwerhaapt net iwwert de Secret bancaire geschwat, Här Fayot, wann Der gutt nogelauschtert hutt. Ech hunn eng Suerg ausgedréckt, dass hei Transferte vun Donnéeën an d'Ausland ginn, obscho mir wëllen, an dat ass eng Ambitioun vum Här Wirtschaftsminister, e Centre d'excellence vu Conservatioun vun Donnéeë ginn. Dat ass meng Suerg an dat huet strictement näischt mam Bankgeheimnis ze dinn.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Dont acte. Et ass nawell eng Dispositioun am Gesetz iwwert de Secteur financier, wou et ëm de Secret bancaire geet. Dat ass absolutt de Sujet.

Op alle Fall, Här President, wat elo de Finanzsecteur ugeet, wëll ech nach just soen, dass e weidere prometteure Beräich, wa mer iwwer Diversifizéierung a villverspriechend Beräicher hei zu Lëtzebuerg schwätzen, dee vun der FinTech ass, wou et jo schonn eng gewësse Masse critique hei zu Lëtzebuerg gëtt. Och de Beräich vun der Blockchain technology ass interessant, an de Rifkin-Rapport geet jo och op dee Beräich an.

Här President, Lëtzebuerg kënnt net derlaanscht, fir sech am internationale Verglach gutt ze positionéieren. D'Investisseure liesen nämlech déi verschidde Kompetitivitéitsstudien, op déi ech elo net wëll am Detail hei agoen. Mä et gëllt do, e Constat ze maachen, nämlech dass souwuel um Niveau vum G20, der OECD, mä och der Europäescher Kommissioun ëmmer méi Initiative geholl ginn, fir aggressiv Steieroptimiséierungsméiglechkeeten ze ënnerbannen. Dat ass an eisen Aen och richteg, bréngt awer nëmmen déi erhoffte Friichten, wann de Prinzip vum „level playing field" respektéiert gëtt, wann also jiddweree sech un déi nämlecht Regelen hält.

Ech géif hei gär eng Fro stellen, an dat ass eppes, wou de Wirtschaftsminister drop agaangen ass. Och wa mer vum Prinzip hier mat der sougenannter „ACCIS-Initiativ" d'accord sinn, wéilte mer awer vum Finanzminister wëssen, ob dës net och de Risiko duerstellt vun enger Course no ënne bei de Steiersätz fir Betriber a verschiddene Länner. Wa mer nämlech op de Wee ginn, fir Déductiounen, Abattementer an Exemptiounen ofzeschafen, da bleift just nach d'Schrauf vum Taux, fir drun ze dréien, mam Risiko, dass een ëmmer méi déif usetze muss, fir nach Entreprisen unzeéien. Mir fannen dat als LSAP keng gutt Evolutioun a mir wären interesséiert awer ze héieren, wat de Finanzminister doriwwer denkt.

Här President, en anere Beräich, op deen ech kuerz wollt agoen, dat sinn d'Ramebedéngungen am juristesche Beräich. Do hu mer zwou Schwächten, un deene mer nach musse schaffen. Zum engen ass et de Reproche, dass et bei eis ze laang dauert, fir eng Gesellschaft ze grënnen. Dozou wëll ech ënnersträichen, dass mer dëst Joer virum Summer dat Gesetz iwwert d'Een-Euro-Gesellschaft gemaach hunn. Ab dem 16. Januar d'nächst Joer kënnen Een-Euro-Gesellschafte gegrënnt ginn, an dat ass sécher och eppes, wat der Start-up-Ekonomie zeguttkënnt.

Deen anere Beräich an deen anere Kritikpunkt, dee mer heiansdo héieren, ass dee vun eisem Insolvenzrecht. Et ass gewosst, dass mer e vereelzt Faillittegesetz hunn. Mir sinn amgaangen, dorunner ze schaffen. Mir sinn amgaangen, dat ze reforméieren. Et ass méiglech, dass mer dëst Joer d'Barre vun den dausend Faillitten duerchbriechen. Dat sinn der immens vill, mä mir sinn amgaangen, un enger Moderniséierung vun deem Gesetz ze schaffen, wat e System mat sech bréngt, wou mer Clignotant-d'alerten aféieren, dat heescht, wou mer méi frëi gesinn, wa Betriber an d'Schiflag geroden, a wou mer op där anerer Säit et och méiglech maachen, fir Betriber besser ze reorganiséieren an ze restrukturéieren. Dat ass eng Reform, déi och iwwerfälleg ass an un där mer fir de Moment aktiv schaffen.

Här President, ech kommen zu engem Schluss.

Une voix.- Aah!

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Et sinn nach eng Rei aner Saachen, op déi ech wollt agoen, mä op déi ech keng Zäit hunn anzegoen. Fir d'LSAP gëtt et eng Rei fundamental Froen am Kader vun dëser Wuesstums- a Kompetitivitéitsdebatt, déi sech nei stellen am Kontext vun der Digitaliséierung an der drëtter industrieller Revolutioun. Fir eis ass et zentral ze wëssen, wat mam Mënsch geschitt an enger digitaler Wirtschaft.

Une voix.- Très bien!

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Wat ass virun allem d'Plaz vum schaffende Mënsch? Wat fir eng Gesellschaft kréie mer? Wéi liewe mer zesummen an Zukunft?

Dëse Froe musse mer eis offensiv stellen an déi musse mer an aller Transparenz an an aller Offenheet diskutéieren. Mir musse se mat de Leit diskutéieren, mat de Sozialpartner, mat der Zivillgesellschaft. D'Objektiv soll sinn, fir de gudden techneschen Usaz vum Rifkin-Rapport zu engem konsensfäege Modell fir en dauerhaften an inklusive Wuesstum ze maachen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Fayot. An nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Joëlle Elvinger fir d'DP.

Mme Joëlle Elvinger *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, et gouf déi lescht Wochen a Méint vill iwwert de qualitative Wuesstum geschwat. Ech wëll elo hei net méi op dës Diskussioun zréckkommen, mä ech kann awer eng Parallell zéien, well ech sinn der Meenung, dass Lëtzebuerg eng qualitativ Kompetitivitéit brauch.

Wat ass eng qualitativ Kompetitivitéit? Et gëtt Länner, déi si konkurrenzfäeg, well ee bei hinnen en T-Shirt fir manner wéi een Euro produzéiere kann. Do ass et net d'Qualitéit vum Produit, déi ausschlaggebend ass, mä d'Käschte vun der Produktioun stinn am Vierdergrond. Well jiddweree weess, dass een zu Lëtzebuerg keen T-Shirt fir een Euro ka produzéieren, ass dat sécherlech net dee Wee, dee mir goe kënnen.

(Brouhaha et interruption par la présidence)

Dat ass net déi Kompetitivitéit, déi mer brauchen, an och net déi Kompetitivitéit, déi mer wëllen. Lëtzebuerg kann nëmme kompetitiv sinn a Beräicher, wou Qualitéitsproduiten oder qualitativ héichwäerteg Servicer ugebuede ginn, déi eng héich Plus-value generéieren. Dat ass och näischt Neies, well an deene Secteuren, wou hei zu Lëtzebuerg investéiert gëtt, steet d'Qualitéit am Vierdergrond, sief dat an der Automotive-Branche, am Bankesecteur, dem Fongemanagement, der ICT-Branche oder och an der Fuerschung. Mä anerersäits muss de Stat de Kader setzen, fir dass eis Entreprisen déi beschtméiglech Bedéngungen hunn, fir sech kënnen zu Lëtzebuerg ze entfalen.

An och hei gëtt voll a ganz op Qualitéit gesat: D'Qualitéit vun eise Statsfinanzen - Stéchwuert Triple-A -, d'Qualitéit vun eisen Infrastrukturen - Stéchwuert Datazentren -, d'Multimodal-Plattform an de Flughafen an d'Qualitéit vun eise Schoule beweisen, dass de Kader, deen een zu Lëtzebuerg fënnt, dach zimlech interessant ass.

Den Tableau de bord, deen de Wirtschaftsminister eis virgeluecht huet, weist, dass mir awer a verschiddene Beräicher besser kënne sinn. Mir däerfen eis net op deem, wat mer erreecht hunn, ausrouen, mä mir mussen eis stänneg weiderentwéckelen an ambitiéis Ziler hunn.

Här President, wéi kompetitiv si mer dann eigentlech, wann een elo den Tableau de bord analyséiert? Wou sti mer dann de Moment par rapport zu deenen anere Länner, an, wat vläicht nach méi wichteg ass, wou sinn dann nach fir eis Elementer, wou mer eis nach besser kënnen opstellen?

Ass eist steierlecht Ëmfeld nach ëmmer interessant fir auslännesch Investisseuren? Bilden eis Schoulen eis Kanner esou aus, dass si an de kommende Jore gutt Chancen um Aarbechtsmaart hunn? Bitt eist Land sengen Awunner och weiderhin eng héich Liewensqualitéit? Dat si Froen, op déi mer probéieren, Äntwerten ze fannen am Kader vun dësem Débat de consultation.

Wann et drëms geet, ze kucken, wou ee steet, da kuckt ee sech déi verschidde Klassementer oder sougenannten „benchmarks" un, souwuel déi vun den internationalen Instituter wéi och déi vun den nationalen Akteuren. Wéi ee Ranking een elo hëlt, spillt u sech keng esou grouss Roll. Mä wat mir wichteg ass, ass, dass een d'Aen net zoumécht par rapport zu deem, wat aner Natioune maachen. Et kann een ëmmer nach eppes bäiléieren an e gesonde Konkurrenzkampf fërdert jo bekanntlech d'Innovatioun.

Mir mussen och net iwwerall den Éischte sinn. Wat awer wichteg ass, ass, dass mer op kengem Indicateur richteg schlecht dostinn. De Package muss ebe stëmmen, a genau dorëms geet et haut de Mëtteg. Mir mussen zemools kucken, dass mer do besser ginn, wou et Sënn mécht a wou nach Potenzial ass, fir besser ze ginn.

Wann ee sech elo den Tableau de bord national ukuckt an déi rezent politesch Mesuren am Kapp huet, déi ëmgesat goufen, da gesäit een, dass a ville Beräicher scho Verbesserunge festzestelle sinn.

Ech wëll op dëser Plaz op zwee Beräicher agoen: op eist steierlecht Ëmfeld an op d'Bildung an d'Weiderbildung.

Här President, souwuel d'Privatpersoune wéi och d'Entreprisë brauchen e steierleche Kader, dee se bei hiren Aktivitéiten ënnerstëtzt. Dofir sinn ech frou, dass ab dem nächste Joer d'Steierreform a Kraaft trëtt a fir méi Kafkraaft fir eis Stéit suergt. Eng Ekonomie kann nëmme fonctionnéieren, wann eng zolidd intern Demande fir Produiten a Servicer besteet, an dofir ass et richteg, dass dës Steierreform iwwer en neie Barème a sozial selektiv Steierkreditter fir méi Kafkraaft suergt.

De Statec huet ausgerechent, dass d'Stéit am Schnëtt 1,2% méi an der Täsch wäerten hunn. Dëst wäert sech och op de BIP auswierken, dat mat enger Hausse vun 0,2 Prozentpunkten. Och den Emploi wäert ëm 0,1 Prozentpunkten an d'Luucht goen. Et gesäit een also däitlech, dass d'Steierreform och am Kader vun der Kompetitivitéit vun eisem Land ze bewäerten ass.

Och wäert d'Erhéije vun der Valeur faciale vum Chèque-repas vun 8,4 op 10,6 Euro eiser lokaler Gastronomie zeguttkommen, also klengen a mëttelstännege Betriber.

(Brouhaha et interruption par la présidence)

Mir schwätzen hei vu 60.000 Leit, deenen hir Kafkraaft esou däitlech erhéicht gëtt. Dës Sue fléissen an den Horeca-Secteur, e Secteur, dee jo déi lescht Jore ganz besonnesch gelidden huet.

Här President, eis Betribsbesteierung ass bei Wäitem net déi attraktiivst europawäit. Am Ranking beleeë mer just déi 22. Plaz vun 28. Et muss een awer wëssen, dass eist Steierrecht jo awer och iwwer speziell Dispositioune verfüügt, déi den Entreprisë bei hirer Steierlaascht entgéintkommen. D'Lag ass also bei Wäitem net dramatesch.

En plus wäert dat internationaalt Steierëmfeld an de kommende Jore sech radikal änneren. Ech denken do besonnesch un d'Initiativen am Kader vu BEPS, mä och an der Europäescher Unioun ginn am Moment nei Besteierungsregele beschwat. Et leeft drop eraus, dass d'Besteierungsbasis méi breet gëtt, dat heescht, dass et manner spezifesch Regele gëtt, wat d'Ausnamen ugeet. Wann de Kuch awer elo méi grouss géif ginn an den Taux deeselwechte géif bleiwen, da géifen och eis Entreprisë méi staark besteiert ginn.

Fir dës Evolutioun auszegläichen, gëtt duerch d'Steierreform den Taux vum IRC, also der Kierperschaftssteier, fir d'Éischt elo emol vun 21 op 19% fir 2017 an am Joer 2018 op 18% erofgesat. Et wier näämlech net richteg, wann d'Entreprisë méi Steiere bezuele missten ewéi virdrun.

Besonnesch wichteg fannen ech et, dass souwuel de Premier Xavier Bettel wéi och de Finanzminister Pierre Gramegna ugekënnegt hunn, déi international Evolutiounen am Bléck ze behalen a weider Upassungen net auszeschléissen, wann dës dann noutwendeg sinn. Et soll ee sech elo also net nervös maache loossen, well eis englesch Kolleegen drastesch Kierzunge vun hirer Betribsbesteierung ukënnegen.

Jo, eng interessant Steierpolitik ass wichteg, mä wann ee mengt, et kéint ee seng Ekonomie vun haut op muer duerch esou Mesurë fit maachen, da kuckt een awer wierklech net wäit genuch. Kompetitivitéit ass méi wéi just niddreg Steieren!

Et gi Stëmmen, déi soen, et hätt een elo scho misse méi wäit goen, wat den IRC ugeet. Mir si vläicht net dat Land, wou een déi mannste Steiere bezilt, mä bei eis kritt een awer och eppes fir säi Geld. Wann een décidéiert, op Lëtzebuerg ze kommen, da kritt een e Package, deen interessant ass. Zu dësem Package gehéiere sécherlech en interessante Steiersaz, mä och niddreg Lounniewekäschten. Fir Entreprisen ass dat net oninteressant, wa si héich qualifizéiert Personal wëllen op Lëtzebuerg kréien. Den Netto, deen ee bei eis herno an d'Täsch kritt, ass méi héich wéi an eisen Nopeschlänner.

Mä och eis modern Infrastrukture gehéieren zu deem Package. Ech denken do un eise Fluchhafen, dee mer ausbauen, un eist Stroossennetz, eisen ëffentlechen Transport, mä och un eis exzellent Strukturen, wat den „ultra haut débit" ugeet, en Element, wat fir vill Entreprisë besonnesch wichteg ass. Net ze erwäne brauch ech eis politesch Stabilitéit. Dëst bedeit fir en Entrepreneur Previsibilitéit, dat heescht den A an den O, fir eng laangfristeg Strategie festzeleeën.

Dat alles gehéiert zu engem Package, e Package, deen net fir näischt ass, mä dee qualitativ sengesgläichen op dëser Welt sicht. Fir dëse Package dobaussen an der Welt mat enger

Stëmm ze verkafen, gouf jo elo eng nei Lëtzebuerger Signature an d'Liewe geruff. D'Demokratesch Partei huet scho laang gefuerdert, dass een op Wirtschaftsmissioune mat enger Stëmm schwätzt an dass d'Promotiounsaarbecht vun eisem Standuert méi koordinéiert misst geschéien. An ech sinn iwwerzeegt, dass dëst mat eiser neier Signature eist Land dobaussen nach méi visibel wäert maachen.

Här President, Dir gesitt, Lëtzebuerg huet vill Atouten, fir kompetitiv ze sinn. Mä wéi een an deene verschiddene Rankingen awer gesäit, besteet och nach Potenzial, nozebesseren.

Aus dem Tableau de bord geet zum Beispill ervir, dass eis Betriber relativ wéineg an d'Recherche investéieren, och wann déi ëffentlech Hand jo weiderhin d'Investissementer op engem ganz héijen Niveau hält. Mir wëssen, dass d'Recherche an den Développement vun haut de Gewënn vu muer sinn. Well fir déi héich Qualitéit u Produiten ze halen, mussen d'Betriber sech ëmmer weider entwéckelen, fir mat der staarker internationaler Konkurrenz mathalen ze kënnen. Ech si mer och sécher, dass de Gesetzesprojet 6853 och dozou bäidroe wäert, fir d'Investissementer besonnesch an der Recherche an an der Innovatioun ze förderen.

Och d'Steierreform setzt déi richteg Akzenter, andeems gläich dräi verschidde Bonifications d'impôt pour investissement eropgesat ginn. Doduerch stäerke mer weider d'Innovatiounspotenzial vun eise Betriber, wat och eiser gesamter Ekonomie zeguttkënnt.

Här President, 99,6% vun eise Betriber zu Lëtzebuerg si kleng a mëttelstänneg Betriber, oft Familljebetriber an zweeter oder an drëtter Generatioun. Dat ass scho ganz aussergewéinlech, verglach mam Ausland. Mir hunn iwwer 30.000 PMEen, déi iwwer 70% vun den Aarbechtsplazen ausmaachen an 72% vun der nationaler Valeur ajoutée produzéieren. Ech mengen, dës Zuele weise kloer an däitlech, dass mer all Intérêt hunn, och Efforten ze maachen, dass dës Entreprisen och weider gutt schaffe kënnen.

Et gëtt geschat, dass an deenen nächste Joren all Joer 200 vun dëse PMEen e Repreneur brauchen. Heibäi geet et ëm 7.000 bis 8.000 Aarbechtsplazen, déi um Spill stinn. E Repreneur fannen ass net ëmmer esou einfach. Et misst jo awer och fir e Jonken interessant sinn, fir eng Entreprise ze iwwerhuelen, déi scho leeft. Et muss een net ëmmer d'Rad nei erfannen.

Et ass awer dacks net einfach, e Betrib zesummenzehalen, wa keen aus der eegener Famill d'Nofolleg untriede wëllt. Dofir ass et wichteg, dass an der Steierreform virgesinn ass, dass bei enger Transmissioun vun enger Entreprise d'Besteierung op der Plus-value vun den Immobilien däitlech décaléiert gëtt an der Zäit, wann déi nächst Generatioun iwwerhëlt. Ech mengen, dat ass eng wichteg Mesure, déi eise Lëtzebuerger Betriber entgéintkënnt an eis national Ekonomie esou weider stäerkt, dat nieft dem Steiertariff vu 15 amplaz 20% fir Betriber mat engem Imposabel vun ënner 25.000 Euro d'Joer, an net 15.000 Euro, wéi et virdru war.

Här President, aus dem Tableau de bord liest een och eraus, dass Lëtzebuerg am Verglach mat deenen anere Länner iwwerduerchschnëttlech vill Schoulofbriecher huet. An enger Zäit, wou et ëmmer méi wichteg ass, eng gutt Ausbildung ze hunn, kënne mir eis et net erlaben, dass esou vill Jonker eise Schoulsystem verloossen, ouni eppes an der Täsch ze hunn. Dëst sinn éischtens emol Eenzelschicksaler, déi mer als Politik verhënnere mussen, et sinn awer och Talenter, déi eiser Ekonomie laangfristeg feelen. Dofir sinn ech frou, dass den Éducatiounsminister Claude Meisch och an dësem Beräich ugesat huet a verschidde Mesurë fir d'Bekämpfe vum Décrochage scolaire agefouert huet.

Besonnesch an der Éducatioun muss een déi rezent Entwécklungen ënnersträichen, déi all als Zil hunn, eiser heterogener Schülerschaft eng qualitativ Éducatioun kënnen unzebidden. Ech denken hei un déi international Schoul zu Déifferdeng, déi e ganz grousse Succès ass, dat, well hei de Programm vun den Europaschoulen ugebuede gëtt. Wann een eis Populatioun iwwert déi lescht Joren analyséiert, da stellt ee fest, dass se ëmmer méi heterogen gouf, an esou ass et nëmme richteg, dass d'Schoul mat dëser Entwécklung mathält.

Et ass dat, wat ech am Ufank gesot hat, wéi ech vum Package geschwat hunn: Mir mussen de Schoulsystem un d'Schüler, awer och un d'Aarbechtswelt upassen, a genau dat geschitt am Moment. De Multilinguismus ass zënter Laangem eng reell Stäerkt vun eisem Land an e wäert och weiderhin en Element vun eiser Kompetitivitéit bleiwen.

En anert Beispill ass déi nei Sektioun I an de Lycéeën ab der Rentrée 2017. Informatiker ginn haut gesicht méi wéi jee, an dat a ganz verschiddenen Domänen. Dann ass et also nëmme responsabel, dass d'Politik och esou Coursen ubitt, fir eis Jonk op den Aarbechtsmaart vu muer virzebereeden.

Et huet mech och gefreet, wéi ech gesinn hunn, dass de Bildungsminister, zesumme mam Wirtschaftsminister, ab der Rentrée 2017 an dräi Lycéeën e Pilotprojet lancéiert, wou de Kanner Loscht um Entrepreneuriat gemaach gëtt. An dësem Sënn ass et och ze begréissen, dass den Éducatiounsminister méi Autonomie fir d'Lycéeën afëiere wäert, dat, fir méi eng divers Schouloffer ubidden ze kënnen.

Op där enger Säit kënne sech d'Schüler esou op hir Stäerkte konzentréieren, op där anerer Säit gi si awer och op Beruffer virbereet, déi um aktuellen Aarbechtsmaart gesicht ginn. Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler, fir esou méi geziilt d'Talenter vun de Schüler ze förderen. Mir brauchen näämlech Schoulen, esou ënnerschiddlech wéi d'Talenter vun eise Schüler.

Ech si mer sécher, dass all dës Mesuren och derzou bäidroe wäerten, dem Décrochage scolaire entgéintzesteieren. Wann ee vun Éducatioun schwätzt, muss een och vun der Formation professionnelle schwätzen. Mir sinn eis alleguerten eens, dass mir hei e schlecht Gesetz geierft hunn, mat deem de betraffene Schüler net gehollef ass. Et ass also immens wichteg elo, dass bei der Formation professionnelle nogebessert gëtt.

En anere Volet ass d'Weiderbildung. Wann ech gesinn, wéi vill Coursen am House of Training ugebuede ginn a wéi vill Leit sech hei weiderbilden, da sinn ech zouversiichtlech fir eis Zukunft. An dësem Zesummenhang sinn ech awer och frou, dass de Bausecteur mam IFSB eng ganz performant Plattform huet, déi op d'Bedürfnisser vun der Branche ageet an esou e wichtegen Deel zur Kompetitivitéit vun eise Betriber bäidréit.

Ech sinn och immens frou, dass mir am kierzlech ageweiten neien House of Entrepreneurship endlech en „one-stop shop" hunn, dee säin Numm och verdéngt. Dat neit Gebai um Kierchbierg regruppéiert op enger Plaz net nëmmen d'Chambre de Commerce an de Wirtschaftsministère, mä och d'Chambre des Métiers, Luxinnovation, d'ADEM, den Technoport, Nyuko, den Hub 1535°, den Institut de la propriété intellectuelle Luxembourg, d'Divisioun vun der Protection alimentaire, de Ministère vun der Fonction publique an och d'Mutualité de cautionnement et d'aide aux commerçants hu Vertrieder am neien House of Entrepreneurship.

Dass esou vill Akteuren ënner engem Daach sëtzen, wäert deenen, déi sech trauen, hir eegen Entreprise op d'Been ze stellen, oder déi sech weiderdéveloppéiere wëllen, bedeitend hëllefen. Si mussen elo net méi vun A op B lafen, fir gehollef ze kréien, an dës Simplification administrative ass am Sënn vum Entrepreneuriat a vum Entrepreneursgeescht.

Mir sinn also elo endlech um richtege Wee, e Wee, fir dee sech d'DP zënter Jore staarkgemaach huet, well Kompetitivitéit heescht, e kreativen an innovative Milieu ubidden, an deem sech nei Iddien entwéckele kënnen an ee Geschäftsiddie schnell an unbürokratesch ëmsetze kann.

Här President, ech hat virdrunner gesot: Lëtzebuerg muss e gudde Package ubidden. Besonnesch eis Finanzplaz bitt elo schonn en attraktive Package un. Iwwer Joren hu mir op eiser Bankeplaz Know-how opgebaut, an dësen zitt nach ëmmer Akteuren op Lëtzebuerg, wéi déi rezent Usidelung vun alle grousse chineesesche Banke beweist - an et ass schonn hei gesot ginn. Eis Bankeplaz huet et och verstanen, sech ze adaptéieren a sech weiderzeentwéckelen. Besonnesch hei ass et d'Qualitéit vum Personal an den ugebuedene Servicer, déi eis konkurrenzfäeg mécht.

Mam Ewechfale vum Bankgeheimnis hu verschidde Leit den Däiwel un d'Mauer gemoolt. Et ass dunn awer anescht komm, well duerch eis pragmatesch Approche an eis jorelaang Erfahrung huet eis Finanzplaz et gepackt, sech unzepassen, an de Geschäftsmodell, den aktuellen Demandë Rechnung ze droen. Ech denken do un de Beräich vum FinTech mat dem Luxembourg House of Financial Technology, un d'Initiativ vun der Bourse um Niveau vun de Green Bonds, un d'CSSF, déi als éischt Finanzkontrollautoritéit d'Bitcoins als Wärung acceptéiert huet.

Besonnesch am Beräich FinTech huet Lëtzebuerg erkannt, dass an dësem Secteur nach immens vill Potenzial stécht. D'Leit froe sech ëmmer, wat FinTech iwwerhaapt ass, dobäi ass et awer eppes, wat eis alleguerte betrëfft. Vill Leit bezuelen nëmmen nach mat Contactless, a wann een engem muss e puer Suen iwwerweisen, da benotze mer d'Digicash-App. A verschiddene Restaurante kann ee jo och mam Handy bezuelen, andeems een einfach nëmmen de QR-Code op der Rechnung scannt.

All dës nei Bezuelmethode gehéieren zum FinTech. FinTech ass also eppes, wat een upake kann a wat jiddweree vun eis benotze kann, fir säi Liewe méi einfach ze maachen. An ech hunn och d'Gefill, dass mir an deem Beräich eisen Nopere schonn e gutt Stéck viraus sinn. Mäi Kolleeg, den André Bauler, wäert herno nach a senger Interventioun méi genau op d'Initiativ „Digital Lëtzebuerg" agoen.

Här President, Lëtzebuerg hat an huet och nach ëmmer de Virdeel, dass mir ganz séier Entscheedunge kënnen treffen, fir eis där ëmmer méi séierer Entwécklung vun der Wirtschaft unzepassen. Wann ee kompetitiv bleiwe wëllt, däerf een den Zuch vun der Weiderentwécklung net verpassen. Well mir kënne besser sinn, et muss ee just ëmmer ambitiéis bleiwen.

Ech wëll elo kuerz e puer Pisten opzielen, wou ech der Meenung sinn, dass nach Potenzial besteet, fir dass mer eis do besser opstellen.

Eis Liewenserwaardung geet weider an d'Luucht an dacks gi Leit an d'Pensioun, déi awer nach gäre weider schaffe wéilten. Et ass schued, dass esou Leit mat jorelaanger Erfahrung hiert Wëssen net un déi jonk Generatiounen iwwerdroe kënnen. Dofir sollt een iwwer e weidere Modell vun der Flexirent nodenken, esou dass erfahre Mataarbechter d'Méiglechkeet kréien, hir Nofolger lues a lues unzeléieren. Ech mengen, dat wier fir déi zwou Säiten eng Beräicherung.

En anert Element, wou mer nach méi maache kënnen, sinn déi erneierbar Energien. Lëtzebuerg huet jo kierzlech den Accord vu Paräis ënnerschriwwen, dee ganz ambitiéis Ziler opweist. Elo heescht et, national Mesuren ëmsetzen, fir eise Bäitrag zum Klimaschutz ze liwweren. Ech denken hei och un d'Klimabank - ech kucken do besonnesch op mäi Kolleeg, de Max Hahn -...

Plusieurs voix.- Aah!

Mme Joëlle Elvinger *(DP).*-...eis Klimabank, déi ganz konkret hei am Land zu méi Sanéierunge féiere wäert. Mir mussen awer och nach aner Optiounen an d'A faassen, fir konsequent op erneierbar Energien ze setzen, dat och, well mer esou en Know-how an eisen nationale Betriber opbauen, op dee mer laangfristeg setze kënnen. Well e qualitative Wuesstum bedeit Produktivitéitswuesstum, deen net op d'Käschte vun de Salariéë geet. Dësen erreecht een, andeems ee manner ressourcenintensiv schafft, sief et mat manner Energie oder mat manner Leit.

Ech wëll op dëser Plaz elo net op d'Rifkin-Etüd agoen. Ech mengen, dass dat de Mëtte scho genuch hei gemaach ginn ass. Mä och hei spigele sech interessant Weeër erëm, déi et elo gëllt, ze studéieren. Ech denken do u Shared Economy, Circular Economy an och am Allgemengen, wéi mer méi ressourcëschounend produzéiere kënnen.

Här President, mir si kompetitiv, well mer eis selwer ëmmer a Fro stellen, well sech selwer a Fro stellen, wéi mir dat de Mëtteg hei maachen a wéi mir dat och maache mat eisem Statsbudget, mat eiser Steierreform, mat eiser Finanzplaz a mat eisem Bildungswiesen, dat ass déi gréisst Stäerkt vun eisem Land. Dëse Package, deen eist Land ubitt an deen an éischter Linn op Qualitéit opgebaut ass, muss stänneg adaptéiert ginn, fir dass mir och kompetitiv bleiwen.

Jo, Kompetitivitéit ass e Konzept mat ville Facetten, mä schlussendlech kann nëmmen eng kompetitiv Wirtschaft laangfristeg eise Wuelstand an eise Sozialstat ofsécheren. Eise qualitative Wirtschaftsmodell muss net exklusiv op e Populatiounszouwuess setzen, fir sech weiderzeentwéckelen.

Et gouf déi lescht Jore schonn u ville wichtege Schrauwe gedréit. Besonnesch an de Beräicher Steieren a Bildung hunn déi respektiv Ministere gutt Aarbecht geleescht, fir eise Gesellschafts- a Wirtschaftsmodell un d'Realitéiten unzepassen. Elo gëllt et, an Zukunft méi ressourcëschounend ze liewen an ze schaffen. Dëst ass och deen eenzege Wee, wéi mir eis Produktivitéit steigere kënnen, ouni op eis Acquise missen ze verzichten.

Do ass nach ganz vill Potenzial, mä ech mengen, mir sinn do schonn um richtege Wee, well vill Mesuren - ech denken do un d'Elektromobilitéit an de Smart Metering - ginn ëmmer méi konkret. An de kommende Jore wäerten nach vill Erausfuerderungen op eis duerkommen a mir wäerten eis weider beweise missen. Mä mat enger Politik, déi d'laangfristeg Interesse vum Land am A huet, sinn ech zouversiichtlech, dass mer d'Success Story vun eisem Land och an der Zukunft weiderschreiwe kënnen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Elvinger. An den nächste Riedner, dee scho prett ass, ass den Här Gérard Anzia fir déi gréng.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Här President. De Laurent Mosar hat virdru gesot, dass mer déi lescht Debatt iwwert d'Kompetitivitéit...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Roueg an der zweeter Rei!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- ...an de Wuesstum hei 2014 haten, dass e seng Notten nogekuckt huet, wat ech och gemaach hunn, dass e vill Saache fonnt huet, déi nach d'selwecht misste gesot ginn, an déi probéieren ech dann hei natierlech, haut net nach eng Kéier ze soen. Dozwësche sinn awer vill Saache geschitt. De Brexit ass do, et si Wahlen an Amerika gewiescht an zu Lëtzebuerg ass awer och eppes presentéiert gi virun zirka dräi Wochen: Dat war de Rifkin-Rapport. An ech mengen, dass deen eben zu Recht dann och a mäin Débat hei wäert mat afléissen.

Et geet also haut hei drëm, e bëssen esou eng Roadmap ze entwerfen, wéi déi verschidde Parteie se gesinn, e Plang also, fir Lëtzebuerg opzestellen, fir eis Wirtschaft an och fir eis Leit. déi gréng hunn esou ee Plang fir Lëtzebuerg, wouvun ech de Mëtteg hei awer nëmmen een Deel virstellen, an zwar an de Beräicher Energie, Mobilitéit, Aarbechtsplazen a Finanzen, mat Prioritéit op Klima, Ëmwelt, Waasserschutz, fir méi Liewensqualitéit fir all d'Leit mat enger nohalteger Landwirtschaft, enger anerer Mobilitéit an och neien Aarbechtsplazen.

Mä: Kee Plang fir Lëtzebuerg vun der CSV an dëse Beräicher, fir et elo emol hei op de Punkt ze bréngen.

An et ass schued, dass de Spëtzekandidat Claude Wiseler elo leider krank ass - vun hei aus och dann déi beschte Geneesungswënsch, dass en erëm soll bei eis kommen -, well e jo och wollt den zweeten Deel vum Débat hei maachen, an zwar deen Deel, dee méi dann zu der Rifkin-Etüd-Strategie Aussoe gemaach hätt. Mä mir komme jo nach eng Kéier op deen Débat zréck.

Ech hunn hei fënnef Haaptpunkten a menger Interventioun haut de Mëtteg, wou ech all Kéiers probéieren, eng Visioun, déi méi laangfristeg ass, vun deene Gréngen opzeweisen an och awer unhand vu konkrete Beispiller schonn d'Ëmsetzung elo um Terrain unzeginn.

Dat sinn: éischtens, d'Energie an d'Digitaliséierung - déi gehéieren zesumme wéi Dupond et Dupont; zweetens, d'Mobilitéit; drëttens, d'Liewensmëttel an d'Landwirtschaft, Klima-, Waasser- an Ëmweltschutz; véiertens, nei ekonomesch Modeller, se si scho genannt ginn: Sharing economy, Économie circulaire, awer och - fir mech ganz wichteg - Économie solidaire et sociale. A bei deem Ganze vergiessen ech awer och net d'Handwierk an d'PMEen, déi och heivun natierlech betraff sinn a wou et och nei Modeller gëtt. An zum Schluss d'Finanzen, déi mussen derfir suergen, dass mer nohalteg Wirtschaftsmodeller kënnen hei opstellen, déi dem Sënn an dem Geescht vun der COP21 a méi Klimaschutz gerecht ginn.

An zum Schluss ginn ech dann nach e puer Bemierkunge vun deene Gréngen zu dem „Plang fir Lëtzebuerg" vun der CSV, dee jo all Mënsch haut de Moien oder gëschter a senger Bréifboîte hat och, wou mer haut... Bon, mir schwätze jo net exklusiv iwwer Rifkin. Ech wäert awer deen notzen, well e ganz interessant Weichen hei stellt, an e geet fir déi gréng an déi richteg Richtung. De Rifkin-Bericht, dat ass jo net un deem Mann festzemaachen, deem eelere Mann mat Schnutz, mä och un deenen 300 Akteuren hei vu Lëtzebuerg, déi matgeschafft hunn, fir dass e Bezuch zu Lëtzebuerg entstanen ass, deen dann déi bal 500 Säiten do gefëllt huet.

Une voix.- Très bien!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Et ass keng Bibel. Et ass keng gréng Bibel. Mä et geet, wéi gesot, an déi richteg Richtung an dat wäert och a weideren Aarbechtsgruppen nach ausdiskutéiert ginn, verfeinert ginn a wäert och ganz kuerz- a mëttelfristeg zu Moossnamen hei um Terrain féieren.

Éischte Punkt: Energie. Bon, 100% erneierbar Energie, dat ass keng gréng Utopie, mä dat ass een Deel, fir aus der Klimaerwäermung erauszekommen, eng Verflichtung, déi mir u sech hunn an op der COP21 och mat ënnerschriwwen hunn an där mer mussen nokommen. Wat gëtt elo konkret scho gemaach?

Wandparken hei zu Lëtzebuerg, déi elo a Planung si respektiv elo schonn ageweit goufen,

déi wäerten an den nächste Jore gradesou vill u Produktioun hunn, wéi de ganze Bestand vu Wandparken an de leschten 20 Joer.

Holz spillt eng Roll. An Dir wäert gesinn, an all deene Beräicher gëtt et Verflechtungen. Et gëtt ëmmer Verflechtungen, an eng einfach ass zum Beispill déi Firma KioWatt. Déi baut um Rouscht oder produzéiert um Rouscht Pellets, déi revaloriséiert Holz a si speist domadder, killt domadder u sech den Datacenter vu LuxConnect, dee grad den Highspeed Internet opbaut. Et gëtt eng Verbindung.

Energiespäicherung um Netz ass den nächste Volet. Wa mer keng Vernetzung hunn, dat heescht deen Internet net hunn, fir u sech eis Produktiouns- a Consommatiounsanlage mateneen ze verstrécken, dann ass een Netz, wat op 100% erneierbar Energien opgebaut ass, natierlech net méiglech, wéi och elo bei fossillen Energieträger an atomaren Energieträger et absolutt net méiglech ass, ouni Späicher auszekommen.

A wann ech dann nach eng Kéier eng Klammer opmaachen: Ëmmer wa vun Atomenergie geschwat gëtt, dass déi onerlässlech wier, da muss een awer wëssen, dass et en technesche Volet ass, deen absolutt net steierbar ass, an dass Fluktuatioun natierlech de Verbrauch ass, deen d'Wirtschaft an d'Privatleit ëmmer hunn. An da gëtt ëmmer geschwat vum Nodeel vun erneierbaren Energien, dass se eng fluktuéierend Produktioun hätten! Wat wichteg ass an deem Kontext, dat ass, Produktioun a Consommatioun musse beieneebruecht ginn.

An da kommen ech och op den Elektroauto. Dee kann an engem vernetzte Bornësystem och dozou bäidroen, dass d'Energiefluktuatiounen am Netz opgefaange ginn, andeem dass se als Energiespäicher do kënne wierken. Elo schonn hu mer jo eng nei Gesetzgebung, e Règlement grand-ducal, deen et erlaabt, Energiekooperativen am Stroumberäich bis 200 kW an enger kooperativer Form dann eben och hei un d'Netz ze bréngen. Dat ass en Novum, deen elo seng Friichte wäert an den nächste Joren droen.

An dann ass eng aner Initiativ déi vun der Lëtzebuerger Regierung, konsequent op den ëffentleche Gebaier och Solarstroumanlagen opzeriichten, fir esou och hire Bäitrag ze liwweren zu deem Zil vun den 100% erneierbaren Energien. An dat gëtt eng Win-win-Situatioun, well a) déi Produktioun natierlech vun Handwierksleit och hei opgeriicht gëtt, also Aarbechtsplaze séchert. Duerfir iwwerhaapt, déi Visioun vun 100% erneierbar Energien ass e Créateur vun Emploi, deen hei geschitt, deen net enzwousch anescht geschitt, well et muss hei gebaut ginn.

Une voix.- Très bien!

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- An zum Zweeten ass et esou, dass natierlech d'Fotovoltaik grad als Technik, déi ëmmer als iwwerdeiert duergestallt ginn ass, esou am Falen ass am Präis, dass se absolutt an de wirtschaftleche Beräich erakënnt a méi wirtschaftlech ass wéi atomar Energie.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Een anere Volet, wou och dës Regierung drop schafft - deen ass den 29. November virgestallt ginn -, ass de Wood Cluster, wou et virun allem drëm geet, Holz aus eise Bëscher ze valoriséieren, net nëmmen als Energieliwwerant, mä virun allem am Bau, am Holzbau, also am Gebaibau respektiv och natierlech als Wäertholz an der Schräinerei.

A wann ech all déi Saachen do opzielen, da passt och an den Energiesecteur natierlech de Volet vun der Ausbildung, vun der Weiderbildung an de Schoulen an am Handwierk an op der Universitéit, wat d'Fuerschung ugeet.

Ee praktescht Beispill, dat hunn ech elo de Moien eréischt fonnt - duerfir ass et ëmmer flott, wann een nach e bësse spontan u senge Riede schafft -, dat ass Indien. Indien ass am Moment dee gréisste Bedreiwer vun engem Solarfotovoltaikpark, an zwar ass dat zu Kamuthi, eng Solarplant vu 648 MW_p. Bon, dat ass natierlech eng risegrouss Anlag. Mir kënnen ëmmer soen: „Dat kënne mer och net zu Lëtzebuerg bauen!" Ech wëll dat och net zu Lëtzebuerg hunn. Déi bedeckt eng Surface vun 10 km².

Firwat mécht Indien dat? Bon, déi maachen dat sécherlech net, well se mengen, dass dat hip wier, dass dat modern wier, dass dat interessant wier, mä déi maachen dat, well se e risege Problem hu mat hirer fossiller Energieversuergung, déi zu 80% ganz einfach op Uelech opgebaut ass, an déi e risege Problem natierlech och vu Smog a vu Liewensqualitéit an hire Groussstied hunn. Si sinn domat déi Eischt viru China, virun den USA, wat déi installéiert Solarleeschtung ugeet. Mir hunn also als Europäer eis de Schneid ofkafe gelooss an de leschten zwanzeg Joer an dësem Beräich. An ech froe mech awer wierklech, firwat, well déi éischt Fuerschunge ware ganz kloer hei an Europa. A mir hunn u sech d'Technik mat dem Know-how exportéiert an dës Länner.

Ech kommen op de Punkt 1b, dat ass den Deel Kommunikatioun. Ech hat et scho gesot: Déi Highspeed-Data-Netzer, déi sinn absolutt noutwendeg, d'Vernetzung vu Produktioun a Consommatioun. Zu Lëtzebuerg ass et jo och eng Initiativ, déi vun der Regierung ënnerstëtzt gëtt iwwer LuxConnect, fir de Glasfaser ze bedreiwen. Virdrun ass gesot ginn: „Dee muss och an den Norde verluecht ginn!"

Ech ginn eng Pist weider un den Ekonomieminister, wéi een u sech den Highspeed-Data-Internet och uewen an den Norde kritt. Et soll ee ganz einfach déi besteeënd Antennenanlagen, Gemeinschaftsantennenanlagen notzen. Dat ass e Breetbandkabel, op deen ee ganz héich Débite ka weiderverdeelen. Da brauche mer just nach Konnektivitéit op déi Aspeisepunkte vun dëse Gemeinschaftsanlagen an dann hu mer och den Highspeed-Internet a verschiddenen anere Lokalitéiten, wou esou Initiativen a verschiddene Gemengen och scho lafen an ëmgesat ginn. An ech muss soen, a menger Gemeng ass dat och scho gemaach ginn.

Dann ass et natierlech kloer, d'Mobilfunknetz fonctionnéiert nach am Moment mat dem 4G. Sécherlech gëtt et do jo och nach en Ausbau, wou heiansdo ee sech freet: Ass et elo méi interessant, fest um Netz verbonnen ze sinn, oder ass et méi interessant an der Datevitesse, eben iwwert de mobillen Netz ze kommunizéieren? Dat ass eng Opportunitéit, déi an Zukunft natierlech och ee Volet wäert sinn.

D'Compteurs intelligents si scho virdru genannt ginn, natierlech souwuel am Stroum-, am Gasberäich, awer och fir d'Consommatioun ze erfaassen a fir d'Produktioun an d'Consommatioun beieneenzekréien. An och an deem Vecteur brauche mer ee ganze Volet an der Ausbildung an der Schoul respektiv op der Universitéit.

Ech kommen zu mengem zweete Punkt, zur Mobilitéit. Méi ëffentlechen Transport, manner Stauen, manner Wirtschaftsleeschtungsverloscht a méi Liewensqualitéit. Den Duerchschnëttswäert, deen ech erlies hunn an de Statistike vu Lëtzebuerg, wären 32 Stonne pro Persoun pro Joer, déi mer u sech am Stau géife verléieren. Dat ass natierlech och verlueren Aarbechtszäit. Et ass och e Verloscht u Liewensqualitéit. An duerfir si mer als Gréng der Meenung, dass mer musse verstäerkt investéieren an den ëffentlechen Transport, sief et Schinn, Zuch, Bus an Tram.

D'Reorganisatioun vum RGTR steet un. Déi wäert déi nächst Joren…, se gëtt dat nächst Joer mat de Gemengen diskutéiert. Si wäerte mat kucken: Wou mussen dann déi nei Linne mat Schnellbussen hikommen? An da wäert et zur Ausschreiwung kommen am Joer 2018, an déi nei Linne wäerten dann operationell sinn am Joer 2019.

D'Tanktourismusetüd weist och, dass Transport a Liewensqualitéit, Loftqualitéit mateneen ze dinn hunn. Do gëtt och ugestouss, an et wäert och misse sinn, dass eng Entdieselung kënnt vum Lëtzebuerger Fuerpark, well déi Problematik vun de Stickoxider an natierlech de Feinstaubpartikelen eng real ass.

Nei Weeër an der Mobilitéit bréngen och awer en Deel d'Informatik mat neien Applikatiounen, sief et elo fir Carsharing, Carpooling, awer och Beruffbussystemer ze organiséieren. De leschte Weekend krut ech vun engem Bekannten e Link geschéckt, wou u sech eng Privatinitiativ leeft, fir ee Bus ze organiséieren, fir dass d'Leit mat méi Confort hiren Auto stoe loossen an iwwer esou ee Sammeltaxisystem eben dann op hir Aarbechtsplaz gefouert ze ginn.

An da muss een och wëssen an och sech am Hannerkapp behalen: Am Moment ass fir eis Generatioun - an ech wëll elo net déi e bësse méi Jonk ausschléissen - den Auto nach ëmmer e wichtege Statussymbol. Bei de Jonken ass dat awer scho manner de Fall. Si hu manner Ängschten, fir u sech keen Auto selwer ze hunn, mä an e Sharingsystem eranzekommen. An ech mengen, dass dat ee vun de Punkte wäert sinn, fir dass mer an der Mobilitéit och weiderkommen.

Mäin drëtte Punkt, deen ech hei wëll ugoen, dat ass de Punkt Emwelt a Liewensmëttelproduktiounen. Emwelt, do wäert Dir soen: „Wat huet dat hei mat wirtschaftlecher Entwécklung ze dinn?" Méi Biodiversitéit, méi Liewensqualitéit ass gutt fir de Mënsch, fir seng Gesondheet. Ee gesonde Mënsch schafft besser an ass och méi produktiv.

A wann ech Liewensmëttelproduktioun soen, da si Waasserschutzzonen a Waasserqualitéit e wichtege Facteur, well wann ech mäi Geméis mat Waasser netzen, wat net propper ass, da bréngen ech a mäi Liewensmëttelcircuit natierlech och entspriechend déi Schadstoffer eran. An datselwecht gëllt fir eis Béischten, déi och entspriechend natierlech wäerte proppert Drénkwaasser ebe brauchen, fir dass se kënnen opgezu ginn.

Och Natura 2000-Gebidder hunn ee Volet, dee mat Wirtschaftlechkeet ze dinn huet. Firwat? Ma ganz einfach: Ee Vecteur, deen zu Lëtzebuerg dacks vernoléissegt ginn ass, deen awer muss a wäert ugekuerbelt ginn, dat ass dee vum Tourismus, och engem aneren Tourismus. A wa mer flott Naturraim hunn, dann hu mer och do Erhuelungsraim, wou Leit higinn, wou se gär hikommen. Et kënnt keen Tourist, ech soen elo emol, an de Spëtzestonnen - fir elo kee rosen ze maachen - op Réimech, fir u sech sech do eng Packung Ofgasen eventuell eranzehuelen. Deen hätt gär och Erhuelungsraim. Duerfir ass dee ganze Volet Loftqualitéit, Liewensqualitéit, Naturerhuelungsraim mateneen verbonnen.

Deen anere Volet ass dee vun de Liewensmëttel selwer. 100% Biolandwirtschaft bis 2015 (veuillez lire: bis 2050), ass dat eng reng Visioun? Ass dat eng Utopie? Sécherlech, mengen ech, ass et emol en Zil, wou een emol soll drop histeieren, fir méi Eegeversuergung hei am Land ze hu mat Produkter, déi och hei direkt gebraucht ginn, fir méi Qualitéit, fir manner Ofhängegkeet u sech vun Importer trotzdeem vun Zousazfuddermëttel. Do hu mer also ee Volet solidaresch Landwirtschaft, en neie Modell. Mir schwätze jo haut nei Pisten, nei Modeller u fir déi verschidde Wirtschaftszweiger.

Fir mech ass och d'Landwirtschaft e Wirtschaftszweig. An dat ass een Deel am „Plang fir Lëtzebuerg" vun der CSV, wou ech hinne ganz gär recht ginn. Et geet iwwerhaapt net drëm, Bio- a konventionell Landwirtschaft géinteneen ze stellen. Fir mech gëtt et eng Landwirtschaft an et gëtt verschidde Modeller, wéi ech se um Terrain ausféieren. An dann, mengen ech awer ganz kloer, a volkswirtschaftlech gekuckt, ass d'Biolandwirtschaft déi, déi mëttel- a laangfristeg u sech méi bëlleg gëtt, wéi déi konventionell Landwirtschaft.

Une voix.- Absolutt!

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Manner Belaaschtungen, méi Liewensqualitéit, an da schwätzen ech awer och vu Produkter, also Qualitéitsprodukter, fir an ëffentlech Kantinne mat eranzebréngen, an d'Maison-relaisen. Virun zwee Joer, wéi ech och déi Ried fir déi gréng Fraktioun hei gehalen hunn zu dem Débat vun der Kompetitivitéit an der ekonomescher Entwécklung vu Lëtzebuerg, hat ech och eng Pressekonferenz mam Claude Turmes zesummen, fir ze soen: Maja, eng Visioun vun de Grénge wär 30% Bioprodukter an eise Maison-relaisen, an eisen ëffentlech Kantinnen. An ech mengen, dass dat eben och en Zilwäert ass, deen ee soll roueg ustriewen. Wann ech eng Landwirtschaft mat enger Visioun 2050 op 100% Bio wëll ëmbauen, dann ass och en Zwëschenzil, mengen ech, vun 30% Bioprodukter an ëffentleche Kantinnen, an ëffentleche Restauratioune keng Utopie.

De véierte Punkt: méi allgemeng Ekonomie. Mä do mengen ech méi ekonomesch Wirtschaftsmodeller, well alles, wat ech bis elo gesot hunn, huet mat Ekonomie ze dinn. Ech mengen awer, dass een dat, wat ee klassescherweis ënner Ekonomie versteet, soll méi nohalteg opstellen, well et ganz einfach nei Aarbechtsplaze schaaft. An et gëtt eng Partie Wirtschaftsmodeller. Den Här Thelen vun der Chambre de Commerce hat gesot: „D'Rifkin-Etüd, dat ass eng Toolbox, aus där mer verschidde Saache sollen eraushuelen." Majo, fir mech sinn do och verschidde Wirtschaftsmodeller dran, déi ee soll eraushuelen, déi ee soll probéieren, an ech weisen och drop hin, dass verschidde Modeller och schonn ëmgesat ginn.

Ee Volet, deen huet domat ze dinn, dat ass d'Reglementatioun, déi mer hunn an eise Gebaier. D'Energieeffizienz ass en Triple-A. Dat ass äänlech wéi mer eist Land elo hei duerstelle mat engem Triple-A am Finanzsecteur. Mir sollen och am Gebaiesecteur stolz sinn op eisen Triple-A, well et ganz einfach fir eis Handwierksleit hei et fäerdegbréngt, dauerhaft Aarbecht ze verschafen an e Virsprong vis-à-vis vun dem noen Ausland, déi eben nach keng esou eng Wärmeschutzveruerdnung hunn.

Une voix.- Très bien!

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- En nächste Volet gëllt nohaltege Materialien. Och do, dee wäert d'nächst Joer op d'Schinn gesat ginn, de LENOZ. Och do kënnt erëm e Vecteur dran, wou eist Handwierk, eis PMEen eng Opportunitéit kréien, fir zousätzlech u sech ze schaffen an ze weisen, dass si den Know-how hunn. An entspriechend musse se sech natierlech och iwwert de Lifelong Learning, wat keng eidel Floskel ass, opbauen.

D'Handwierk an d'PMEe sinn zu Lëtzebuerg den Jobmotor an dat solle se onbedéngt och bleiwen, och wann ech elo méi ausféierlech iwwer aner Wirtschaftsmodeller hei schwätzen.

Sharing economy, herno ginn ech e Beispill aus der Landwirtschaft. Am „cradle to cradle" oder der Économie circulaire ass et awer bezeechnend, dass an dëser Regierung zwee Ministèren zesummeschaffen, de Wirtschaftsministère an de Ministère fir nohalteg Entwécklung, fir u sech zesummen dësen Dossier unzegoen, wéi se och verschidde Clusteren zesummen uginn. De Wood Cluster war scho virdru genannt ginn. Deen heite Cluster, dat ass den EcoInnovation Cluster, fir méi Économie-circulairen net nëmmen an d'Industrie, mä och an d'PMEen ze kréien, och an d'Zones d'activités économiques vun de Gemengen ze kréien, och bis an déi eenzel Handwierks- a Klengbetriber.

Een anere Volet ass natierlech, den Entrepreneurship zu Lëtzebuerg férderen als aneren alternative Modell zu séchere Plaze bei Gemengen a beim Stat. Ech mengen, dass et gutt ass, dass mer do ganz verschidden Initiativen zu Lëtzebuerg gestart hunn am Start-up-Beräich. Dat ass jo dann esou en Thema, wat ëmmer erëm geholl gëtt. Start-up ass awer just ufänken an déi musse begleet ginn. Dat gi se zum Beispill am 1535, se gi begleet um Belval vum Technoport. An dat muss esou sinn.

Wann ech näämlech eng gutt Iddi hunn, wëllt dat nach net heeschen, dass ech duerfir domat glécklech ginn, dass ech dat ëmgesat kréien a Wirtschaftsleeschtung a sécher Aarbechtsplazen. Do brauch ech eng Ënnerstëtzung, fir dass mäi Projet ronn gëtt, dass mäi Projet sech och kann droen. Mir mussen also fir d'Eischt de Leit d'Loscht vermëttelen op nei Ekonomieszweiger. Mir brauchen den Tutorat, d'Begleedung vun dësen Entreprisen. Mir brauche gënschteg Loyere fir Entreprisen; 1535 hat ech genannt.

All eis Gemengen, déi Zones d'activités économiques opstellen, sinn och gutt beroden, dass déi Loyeren oder eben deen Droit de superficie an engem gënschtege Beräich ass, fir dass se kënnen nei Iddien entwéckelen. Ech denken awer och do u kleng Bürosraimlechkeeten, déi een a gemengeneegene Gebaier kann entwéckelen, wéi dat och bei eis respektiv am Réidener Kanton an op anere Plazen, ville Plaze geschitt op Gemengeninitiativ hin.

Une voix.- Très bien!

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- An et muss een op d'Tutorat bauen, d'Begleedung also vun dësen Entreprisen.

An zum Schluss, um fënnefte Punkt, kommen ech och op d'Finanzéierung zréck, well et geet net duer, eng gutt Iddi ze hunn, e Modell ze maachen, sech begleeden ze loossen, et muss een och Suen hunn, fir dëse Modell kënnen ëmzesetzen.

Ech hat zwar gemengt, ech géif elo net nach eng Kéier widderhuelen, wat ech virun zwee Joer gesot hunn. Mä trotzdeem, a virdrun ass et och scho gesot ginn, et ass awer extrem wichteg: D'Reprise vun de klengen a mëttlere Betriber an och vun den Handwierksbetriber ass ee reale Problem! An och do muss een äänlech wéi fir Start-uppen u sech en Tutorat, eng Begleedung schafen, fir dass ee Leit fënnt, déi an e besteeënde Modell eraginn, sech do engagéieren an eng Entreprise iwwerhuelen, also dat Wagnis aginn, sech an dem wirtschaftleche Beräich ze engagéieren.

Wood Cluster hat ech scho gesot, ech ginn net méi dorop an. Een anere Volet war virdru genannt gi vum Wirtschaftsminister, dat ass den Automotive Cluster respektiv den Automotive Campus um Rouscht. An och do denken ech, dass an esou engem Campus mussen Iwwerleeungen ugestouss gi fir eng aner Mobilitéit. Virdrun ass gesot ginn, déi Iddi vun engem Auto, vun engem Bus ouni Chauffeur, dat si sécherlech Modeller, déi mer haut nach net direkt prett hunn, déi awer sécherlech an nächster Zukunft wäerte méiglech sinn. An duerfir brauch ee souwuel eng Digitaliséierung, eng Vernetzung, an et brauch een awer och d'Iwwerleeungen, fir ëmzeschalten.

Et gi ganz sécher op klassesche Beruffszweiger Aarbechtsplaze verluer. A mäin Noper, mäi Vis-à-vis doheem, wou ech wunnen, ass ebe Garagist. En hat dann déi schlecht Iddi fir hien, fir mech ze iwwerrieden oder fir einfach mer eng Okkasioun Elektroauto ze fannen. Just hat en elo Pech, en huet mech säit annerhallwem Joer net méi am Garage gesinn! Dat ass also ganz kloer en Embau vun der Gesellschaft oder vun den Aarbechtsplazen, dee geschitt.

Mä et gëtt och nei Opportunitéiten. An ech mengen, deen Automotive Cluster respektiv méi genau den Automotive Campus um

Rouscht, déi mussen och Ideeëngeber sinn, fir grad an deem Beräich nei Pisten opzeweisen, fir eis Leit, déi elo eng héich Qualifikatioun an dem Automobillsecteur hunn, fir déi ebe mat eropzehuelen, eriwwerzehuelen op aner Technologien.

Bon, dezentral Aarbechtsplazen. Dat ass ëmmer ee Volet, wou och d'Gemenge vill kënne mat dozou bäidroen an net ëmmer musse kloen, dass hir Leit dauernd mussen an d'Stad oder an d'Ballungszentre fueren. Si kënne mathëllefen der schafen an hire Gebailechkeeten, wat natierlech manner Verkéier gëtt, méi héich Liewensqualitéit.

An och, wat kloer ass, de Volet vum Télétravail ass een, dee wäert missen ugaange ginn, deen ee muss vläicht emol reglementéieren, wann et noutwendeg ass, deen awer och Opportunitéite gëtt, fir net all Kéiers musse sech wäit ze déplacéieren.

Ech muss e klengen Zant zouleeën, fir hei e bësse weiderzekommen. An domat géif ech dann emol just nach eng Saach soen zur... Ech hat virdru gesot, ech géif eppes zur Agrarwirtschaft soen. Kommt, ech soen awer ganz kuerz, Sharing economy gëtt et scho jorelaang, jorzéngtelaang; de Maschienenring ass e gutt Beispill. Net all Bauer keeft déi leschte Maschinn, mä se di sech zesummen iwwer eng Genossenschaft, déi fir si fiert a mat deene Maschinne vill méi effikass dann eben an den Asaz kënnt.

Kreeslafwirtschaft, e flott Beispill. Haut war et erëm um Ticker vun RTL ze liesen. Tarkett - ech kennen déi Firma zwar scho méi laang, déi stellt Buedembeläg hier, si stellt iwwerhaapt och de Buedembelag hier fir an den Tram -, déi hunn ee Modell, dee se scho méi laang am Betrib hunn. Dat ass, hir Handwierksbetriber oder déi, déi u sech hir Buedembeläg verschaffen, déi huelen hir Offäll, den Zouschnëtt, dee se maachen, d'Offäll direkt zréck. An der Iwwerleeung vun: „Wann ech déi Produkter zréckhuelen, déi ech selwer kreéiert hunn, da weess ech, wat dran ass, also sinn ech à même, fir se ze recycléieren an a mäi Produktiounsprozess erëm direkt eranzehuelen."

A si ginn e Schrëtt méi wäit, an zwar zesumme mam Finanzsecteur bidde se e Leasing u vun Teppechbelag. Ech kucken elo grad viru mech mat deem Teppechbelag vun der Chamber, da géif een dee leasen, an zwar, ech soen elo emol op zéng Joer, dann hätt och den zweeten Duerchgang vun deene Leit, déi hei sëtzen, e bëssen en anert Bild ënner sech, an da géif deen Teppechbelag erneiert ginn.

Dee géif awer, well et jo bekannt ass deem, deen en hiergestallt huet, wat dran ass, en hëlt e komplett eran a säi Produktiounsprozess. E kuckt och, dass déi Kliewer esou organiséiert sinn, dass et erëm kann erausgeholl ginn, de Produkt. An dann hunn ech u sech e Méiwäert, ouni mussen e Produkt hei ze verschaffen, wou ee vläicht no zéng Joer awer seet: „Et géif heiansdo guttdinn, wann een eng aner Tapéit..." - neen, ech wollt op dem Teppech bleiwen,...

(Interruption)

...ech wollt um Teppech bleiwen -, „wann een en aneren Teppech ënner sech hätt."

(Interruptions diverses)

Eng Iddi... Voilà, ech fannen hei e groussen Accord, dat ass jo schéin.

Une voix.- Et sinn der vill a Vertrag.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Eng aner Iddi, d'Goodyear ass jo eng Firma, déi Pneuen hierstellt. Och déi kéinte vläicht sech e Geschäftsmodell mat hire Geschäftsclienten, Camionen ukierpen, undenken, dass se soen: „Mir ginn d'Pneuen an de Leasing." Dat hätt fir si de Virdeel, dass se géifen hir Clientë fidéliséieren. De Produkt géife se eent zu eent erëmkréien, dee si verschafft hunn. Si wëssen, wat dran ass. Och do ass dann e Réusage vill méi einfach méiglech vun deem Produkt an d'Liewensdauer gëtt doduerch u sech verlängert respektiv de Client huet de Virdeel, dass en ëmmer dee beschten an dee richtege Pneu huet, de Wanterpneu, de Summerpneu, wat ëmmer grad noutwendeg ass.

Ech iwwersprangen emol hei e puer Säiten, déi schonn erwäänt gi sinn.

(Hilarité)

Well mer jo schonn e bësse méi laang amgaange sinn, fir awer et nach eng Kéier ze nennen.

Une voix.- Mengt Dir?

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Jo. Dat ass okay. Ech kommen dann zu de Finanzen. Alles, wat elo net gesot gëtt, gëtt da gesot, wa mer da just exklusiv iwwert de Rifkin-Prozess schwätzen. An do geet mer wierklech d'Matière net aus.

Ech hat scho gesot, den Triple-A ass wichteg fir Lëtzebuerg. Et ass och wichteg, dass d'Finanzplaz Lëtzebuerg Green Bonds, „green" Fongen hei opstellt a seet: „Dat sinn Instrumenter, an déi Richtung wëlle mer goen."

Mä gradesou wichteg ass fir Lëtzebuerg, dass mer nach dee Volet fëllen, deen nei Modeller vun Entrepreneuriat, Sharing economy, Startuppe brauchen, dat ass d'Finanzéierung vun Iddien. Den LSDFP ass esou eng Iddi. Dat ass elo bal wéi LSAP, awer dat kennt Der. Gëschter huet schonn e Minister sech geoutet, dass en och Sozialist wier. Ben, wann ech déi do Iddi...

Une voix.- Et gëtt ëmmer een!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Jo, dat wëll ech elo net soen, well et ass jo net LSAP, mä et ass LSDFP, et ass Luxembourg Sustainable Development Financing Platform. Verlëtzebuergt ass dat eng Finanzplattform fir nohalteg Entwécklung vun Entreprisen. Wat ass d'Iddi?

D'Leit komme mat enger Projetsiddi dohinner, déi an den nohaltege Vecteur erapasst, déi an de soziale Vecteur erapasst. Do nennen ech zum Beispill eben och dee Volet, dee mer opgemaach hunn iwwert d'Société d'impact sociétal. Si komme mat där Iddi; dat kënnen ONGe sinn, dat kënne PMEe sinn, dat kënnen awer och déi SISe sinn, et kënne Privatleit sinn. Si kommen also mat engem Projet, awer virun allem fir d'PMEen a fir Entreprisen. Si gi begleet, de Projet gëtt begutachtet, e gëtt op seng Schwaachstellen analyséiert an e gëtt duerno verbessert. Da kënnt en dohinner als méiglechen, finanzéierbare Projet an dës Plattform eran.

Et gëtt gekuckt, e Crowdfunding ze maachen, also Sue sichen ze goe bei privat Investisseuren, bei aner Entreprisen och vläicht, déi soen: „Déi do Iddi gefält mer, déi leien honnertprozenteg richteg an ech investéiere meng Suen an dee Beräich eran." An da gëtt mat deene Suen, déi Projetssuen, déi gi beieneegefouert an da gëtt domat dee Projet dann och schlussendlech realiséiert.

Natierlech brauch een, fir déi Plattform en place ze setzen, Ufankssuen, Seed money, „geséinte Suen", oder wéi soll een dat iwwersetzen? Mäin Englesch ass net esou gutt. Dat mécht näischt. Et mussen e bësse Suen agesat ginn, fir dass et méiglech ass, aner Suen ze fannen a fir déi Plattform ze organiséieren. An dat wier de Moyen, dee mer brauchen, fir u sech déi vill gutt Iddie vun aneren Ekonomiesformen och a Musek ëmzesetzen.

Eng Iddi, d'Finanzplaz Frankfurt... Oder et ass vläicht Zoufall, dass dat zu Frankfurt ass. Ma déi hunn den 8. an 9. Mäerz 2017 en Austausch iwwer esou Iddien: Clean Energy Finance Europe. Do gëtt d'Musek scho gemaach! An ech géif mer wënschen, esou Aktivitéiten, déi wieren net zu Frankfurt, mä déi wieren hei, déi Aktivitéiten, fir ze kucken, Gréng-Fongen-Finanzéierungen op d'Been ze stellen.

Ech kommen op de Punkt!

Une voix.- Aah!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Vill Leit haten haut an der Boîte...

Une autre voix.- Hutt Der dee gelies?

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Ah ben jo, esou sinn ech! Mä ech muss awer soen,...

(Interruption)

...ech hat dat scho gelies, ausser där éischter Säit. Mä déi zwou bannescht Säiten, déi hat ech scho gelies. Ganz kuerz, en „Plang fir Lëtzebuerg" vun der CSV, gëschter oder haut an der Boîte.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Ech war verwonnert iwwert dat..., bon, awer och iwwert dat, wat do drastoung. Ech war awer virun allem verwonnert iwwert dat, wat net drasteet!

Vun deenen 18 Punkten, déi schonns an deemselwechte Pabeier stoungen - duerfir soen ech, et war net nei -, an deemselwechte Pabeier vum Spëtzekandidat Claude Wiseler also, Pabeier vum Konvent, deen den 8. Oktober der Press virgeluecht ginn ass - ech hunn deen och gelies -,...

Une voix.- Très bien!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- ...do hunn e puer Punkte gefeelt. Déi hunn ech vermësst. An déi wëll ech Iech hei eng Kéier kuerz virdroen, déi Saachen, déi ech vermësst hunn.

Den „Plang fir Lëtzebuerg" vun der CSV huet kee Punkt zu den erneierbaren Energien, zur Energiefro vu Lëtzebuerg. Den „Plang fir Lëtzebuerg" vun der CSV huet kee Punkt zum Klimaschutz a Klimawandel, kee Punkt zum Waasser- an Ëmweltschutz, kee Punkt zum Ëmbau vun der Landwirtschaft op Biolandwirtschaft. Ech maachen d'Klammer op, et ass ee Volet dran, Landwirtschaft, Biolandwirtschaft, an do sinn ech honnertprozenteg hirer Meenung, dass een net mengt, Géigesätz opzeweisen, mä dass ee muss ee Modell fanne fir eng Transitioun.

An d'Jongbaueren, déi si schonn e Schratt méi wäit! Ech war op hirem Dag, dat war den 20. November, wann ech mech net iren, wou si eng Partie politesch Fuerderungen haten, dat, wat mer kennen: Wéi kréie mer den Heckeschnëtt ewechgeholl ganz? Wéi kréie mer eis Capacitéit fir d'Gülle erhéicht vu sechs op néng Méint, fir dass mer anescht kënnen düngen, fir dass mer kënnen eng besser Qualitéit am Drénkwaasserschutz kréien? Awer och ware si déi, déi gesot hunn: „Mir hunn och d'Rifkin-Etüd gelies a mir sinn als Akteur prett, fir mat op de Wee ze goen." Ech muss soen, d'Jongbauere sinn do méi wäit wéi d'CSV!

Zur Mobilitéit. Zur Mobilitéit, dee Punkt ass dran, mä kee Wuert zum Tram, zum Zuch, kee Wuert zum Carsharing, zum Carpooling. An déi éischt Ausso, déi ech fannen ënnert deem Punkt Mobilitéit, dat ass den Ausbau vun der Autobunn op sechs Spuren. Also vum Stau vu véier op sechs Spuren.

Une voix.- Huet den Här Bausch dat geschriwwen?

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Oder solle mer net och eventuell nach d'N6, d'N7, pardon, ech muss jo e bëssen Nordkolorit hei erabréngen, solle mer...

Une voix.- Et ass eng Ënnerstëtzung fir den Här Bausch!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Et ass nëmmen een, dee schwätzt, wann ech gelift!

(Brouhaha)

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Ech wollt nach eng Kéier e bëssen Nordkolorit drabréngen. Solle mer net och an där Iwwerleeung vläicht d'N7 op sechs Spuren ausbauen?

(Brouhaha général)

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Sidd Dir d'accord domadden?

Une voix.- Ënnerstëtzt do emol eng Kéier den Här Bausch!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Et ass nëmmen een, dee schwätzt, wann ech gelift! Här Anzia, wann ech gelift!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech stelle mir duerfir d'Fro, ob et an der Vollekspartei CSV zu deenen elo grad genannten Theme keng Lobby gëtt. Fir déi gréng, do gëtt et awer kee Plang fir Lëtzebuerg...

(Interruption)

Fir déi gréng gëtt et kee Plang fir Lëtzebuerg ouni Emwelt- a Waasserschutz. Et gëtt kee Plang fir Lëtzebuerg ouni Klimaschutz, ouni erneierbar Energien, ouni eng aner Mobilitéit...

Une voix.- Très bien!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- ...an dat am Sënn vum Schutz vum Mënsch a senger Ëmwelt fir méi Liewensqualitéit fir all Bierger zu Lëtzebuerg.

An ech soen Iech e grousse Merci fir déi vill Gedold fir d'Nolauschteren!

(Brouhaha)

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Déi war néideg, déi war néideg!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci.

Den nächste Riedner ass den Här Reding, wann ech gelift. An et ass just den Här Reding, deen elo d'Wuert huet!

Une voix.- Jo, Här President.

(Brouhaha)

M. Henri Kox, *Président de séance.*- An et ass just den Här Reding, deen elo d'Wuert huet.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, Här President.

M. Roy Reding *(ADR).*- Dir maacht dat ganz gutt, fir dat scho virauszeschécken. Merci.

Ech wëll mech op Theme ronderëm d'Kompetitivitéit konzentréieren. Eng gutt Kompetitivitéit ass jo och d'Basis fir en normalen a gesonde Wuesstum. Ob awer elo dee Wuesstum, deen dës Regierung usteiert, normal a gesond ass, dat woe mir als ADR ze bezweifelen. Déi zwou nächst Woche wäerte mer am Kader vun der Steierreform a vun de Budgetsdebatten d'Geleeënheet kréien, fir méi am Detail op déi Wuesstumsvirstellunge vun dëser Regierung anzegoen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Elo just esou vill: Zunächst zum Minister Schneider a senge Space Resources, sengem Space Mining. Dat huet mech erënnert un déi Zäit, wou mer hei zu Lëtzebuerg Satellittepolitik gemaach hunn: de Pierre Werner an de Jacques Santer.

De Jacques Santer sot an engem „Wort"-Interview den 9. Dezember 2013 - dat war de 25. Joresdag vum Lancement vun eisem éischten Astra-Satellitt: «Les socialistes étaient opposés au projet.» Deemools war also déi Partei engem gudden, flotte Projet opposéiert. Haut ass se da selwer innovativ oder wëllt et sinn.

Mir haten...

(Interruption)

Jo. Mir haten zu Lëtzebuerg an deem Beräich allerdéngs Geschicht, vum éischte private Radio 1930 bis zum éischte privaten Téleessender 1955. Virun allem awer hate mer eng Saach, näämlech hate mer d'Vëlkerrecht op eiser Säit, well mer als souverän Natioun Usproch haten op geostationär Positiounen. Dank dem Astra-Projekt vun de Visionäre Pierre Werner, Candace Johnson - och dat sollt een hei ernimmen - a Jacques Santer konnt Lëtzebuerg an der Agence spatiale européenne eng grouss Roll spillen an och am Galileo-Projet matmaachen.

Wa mer elo de Space-Mining-Projet kucken, do, muss ech soen, hu mer awer gréisser vëlkerrechtlech Bedenken. Gehéieren déi Ressourcen eenzelne Länner, eenzelne Gesellschaften, oder gehéieren déi Ressourcen der Mënschheet? Et gëtt e relevanten internationalen Traité, an dee seet zu Recht, fannen ech: „Outer space, including the Moon and other celestial bodies, is not subject to national appropriation by claim of sovereignty, by means of use or occupation, or by any other means."

Mir investéieren also haut 200 Milliounen Euro an e Projet, dee vëlkerrechtlech bedenklech ass, géint deemools 90 Milliounen Euro an en Astra-Projet, deen eisem Land grousse Prestige a grousst Akommes bruecht huet.

Eiser Regierung hir Tendenz zu Elektroautoen, just e kuerzt Wuert dozou: Dir hutt Iech dermat gebretzt, datt zu Lëtzebuerg elo esou vill méi Elektrostatioune kéime wéi an Ungarn zum Beispill. Soulaang wéi mer net nohalteg Stroum produzéieren, muss ee jo awer soen: „At the end of the day" kënnt de Stroum aus Atomkraaftwierker oder aus Kuelekraaftwierker, an da muss ee Mënsch mer elo emol erklären, wou do dee grousse Schrëtt ass fir Lëtzebuerg an den Elektroauto.

Ech ginn net op aner Saachen an, wéi de Gadget vum Nation Branding, mä kommen zum Här Gramegna sengen Aussoen zum Triple-A an esou weider. En huet recht! En huet recht, de Pierre Gramegna: Den Triple-A ass fir eis Finanzplaz vu quintessenzieller Wichtegkeet. Mä mir däerfen doriwwer awer dann d'Leit net beléien. Gëschter um Christmas Lunch vun der American Chamber of Commerce sot de Pierre Gramegna dräimol - dräimol! -, eise Budget wier am Equiliber a mir hätten „room for manœuver". Ass dat esou?

Une voix.- Jo!

M. Roy Reding *(ADR).*- Oder hu mer e Statsbudget, deen eng Milliard am Defizit ass? A firwat soe mer dat dann net? An ech hunn et ganz flott fonnt, datt de Kolleeg Mosar dat doten zitéiert huet. Et ass net dee richtege Wee, op esou eng Defiziter ze goen. Mä och an där doter Fro komme mer dann an der Steier- a Budgetsdiskussioun zréck.

Zu den Etüden: Hei ass Rifkin zitéiert ginn, den Tanktourismus. Den Dan Kersch sot op RTL zum SYFEL sengem Avis vum Dokter Delpérée, dem Verfassungsrechtler - ech zitéieren elo de Minister Kersch: „Een, deen eng Etüd bestellt a bezilt, dee kritt dat Resultat, wat e gären hätt."

(Interruption)

Ma esou wäert et och bei der Rifkin-Etüd gewiescht si vum Minister Schneider a bei der Tanktourismus-Etüd vum Minister Bausch!

Mä komme mer elo zur Realitéit vun der Kompetitivitéit. D'Joëlle Elvinger sot mat Recht, et misst een net iwwerall den Éischte sinn. Dat ass ganz richteg. Hei goufen x Rankingen opgezielt, wou mer dann elo an der Kompetitivitéit dru wieren.

Et gëtt ee Ranking, dee gemaach gëtt vun der Weltbank. Do gëtt et déi bescht Länner „to start a business" an déi bescht, „the easiest places to do business". Do fënnt een an den Top 10 bei deenen enge Länner wéi Neuseeland, Kanada, Hongkong, Singapur, Irland, a bei deenen aneren Neuseeland, Singapur, Hongkong, UK, US.

Wat gëtt do gemooss? Do gëtt gemooss, wéi laang d'Prozedure sinn, fir e Business unzefänken. De Kolleeg Franz Fayot huet hei gesot, et géif ëmmer erëm opgeworf ginn, et géif ze laang daueren. Dat ass ee Punkt, wou Lëtze-

buerg schnell ass, an net wéinst den Een-Euro-Gesellschaften - guer net! -, mä ganz einfach, well een hei ka bannent 48 Stonnen eng Firma grënnen an déi Firma besteet duerch Grënnung an net duerch iergendeng Androung an den Handelsregëster, contrairement zu enger Een-Euro-Gesellschaft, déi ech jo eréischt ka grënnen, nodeem ech eng Autorisatioun hunn, dat heescht um Enn vun engem administrative Prozess.

Et geet drëm: Wéi séier kann ech bauen? Wéi sinn déi Prozeduren? Kréien ech Elektresch - dat ass a ville Länner e grousse Problem - a wéi séier? Wéi sécher ass d'Registréierung vu Landeegentum? Wéi kann ech Kreditt kréien? Wéi héich sinn d'Steieren? Dat ass een Element. Awer och zum Beispill esou witzeg Saachen ewéi: Wéi séier kréien ech d'TVA rembourséiert? Dat bescht Land do ass Éisträich mat dräi Wochen. Do kéinte mer eis emol e Beispill huelen. Wéi ass et mat Export an Import? A wéi ass et virun allem och mam Justizsystem? Dat bescht Land doranner ass Singapur, wou een an 120 Deeg en endgültegt Uerteel huet an der Moyenne. Ech mengen, zu Lëtzebuerg hu mer do nach ganz vill Retard.

Wou läit Lëtzebuerg an deem dote Ranking mat all deenen dote Kritären an och nach vill méi? Ma mir leie ganz genau op der 59. Plaz hanner esou flotte Länner wéi Albanien, Chile, Ruanda, Peru, Mexiko, Russland - Russland ass op der 40. Plaz -, a souguer Frankräich huet et gepackt, besser ze si wéi mir. Mä ëmmerhi kommen och Länner hanner eis wéi Griichenland oder d'Mongolei.

Jo, mir maachen et hei am Land den Entrepreneuren net einfach. Mir maachen hinnen d'Liewe schwéier. Dat ass einfach net nëmmen déi gefillten, mä déi geliefte Realitéit. Sief et duerch Nationalgesetzer - an do sinn ech ganz frou, datt de Kolleeg Mosar dorobber higewisen huet -, sief et duerch „iwweriwwersaten", transposéiert Direktiven hu mer iwwerdriwwe vill, iwwerdriwwe lues, iwwerdriwwe komplizéiert Geneemegungsprozeduren an alle méigleche Beräicher.

Ech wäert Iech elo net fir déi x-te Kéier opzielen, datt mer hei e Gesetz gestëmmt hunn iwwert d'phytosanitär Produite bei de Bauerebetriber, wou zéng verschidden Autoritéiten Dag an Nuecht kënnen duerch OPJ Kontrolle maachen, an och net méi dervu schwätzen, datt d'Sammelen, d'Transportéieren a Stockéiere vun ale Kleeder hei zu Lëtzebuerg eng Activité de transport, de traitement, de stockage ou de déchet ass, wou ech eng ganz komplizéiert Kommodo-Inkommodo-Prozedur brauch. Ech brauch och net drop hinzeweisen, wéi laang datt et hei zu Lëtzebuerg dauert, bis ee ka bauen. Ech muss net d'Beispill nenne vum Verband, deen zu Pärel elo schonn am x-te Joer - am drëtte Joer, mengen ech - produzéiert an een anere Projet, dee gläichzäiteg ugestouss gouf zu Lëtzebuerg, ass nach net ugefaangen.

Ech wollt hei just agoen op zwou zousätzlech Antientrepreneursmoossnamen, déi dës Regierung wëlles huet an déi d'Kompetitivitéit ganz bestëmmt betreffen. Dat eent ass: An der Steierreform gëtt eng perséinlech Responsabilitéit vum Gérant oder vum Administrateur agefouert fir d'Netofliwwere vun TVA. Dat kléngt op den éischte Bléck ganz gutt, well ee seet: „Ma dee kritt jo Suen, déi him net gehéieren, da soll en déi gefällegst viruginn!"

De Problem ass, e muss d'TVA deklaréieren, ier e se kritt huet. Dat heescht, wann en déi TVA net kritt, da muss e se awer ofliwweren. En huet vill Aarbecht, fir déi Deklaratiounen ze maachen, Aarbecht, fir déi en net rémunéréiert gëtt. Wann en eng Kéier seng TVA-Deklaratioun net zur Zäit ofgëtt, gëtt en iwwerdriwwen héich taxéiert. Och dat ass ganz einfach eng Realitéit: iwwerdriwwen héich taxéiert! An dann ass en zu gudder Lescht, wa seng Firma Faillite mécht, well en e puer Clienten huet, déi net bezuelen, dann ass en esou gutt an hie leet aus senger eegener Täsch och nach d'TVA bäi, déi en ni kritt huet an déi säi Betrib ni kritt huet.

Am Faillittegesetz - de Kolleeg Franz Fayot huet mat Recht drop higewisen, datt een do amgaangen ass, drun ze schaffen, e méi neit a méi modernt a méi flott Faillittegesetz ze maachen; dat ass och ganz gutt -, do ass e Comblement de passif virgesi fir Faute de gestion, sief et och eng grav Faute de gestion. Dat heescht, et ass virgesinn, datt iergendwann, wa meng Firma scheitert, op Demande vum Procureur Riichteren driwwer befannen, ob eng Décision de gestion, déi ech iergendwann eng Kéier geholl hunn, gutt war oder net gutt war, ob déi fautive war oder net fautive war oder ob ech ganz oder deelweis de Passif muss combléieren.

Et deet mer leed, mä datt gréng oder mengetwegen och nach rout Kolleege mat esou Topechkeete sech kënnen iergendwéi - wéi soll ech soen? -...

Une voix.- Sot et léiwer net!

(Interruptions diverses)

M. Roy Reding *(ADR).*- ...ufrënden, dat verstinn ech jo nach, mä datt eng blo Partei esou Topechkeete matmécht, dat bleift mir onverständlech.

Eng Relance vun Entrepreneurship erreecht een net duerch Mediecampagnen, erreecht een net duerch Gadgete wéi Een-Euro-Gesellschaften. D'Statec-Etüd vun 2013 seet: 40% vun den Aarbechtsplazen hei am Land si vu klenge Betriber. Déiselwecht Etüd seet iwwert d'Propensity - wëlle Leit Business maachen oder wëlle Leit Entrepreneur ginn? -, datt 43% vun de Leit sech dat kéinte virstellen. Et sinn der awer nëmme siwen, déi et schlussendlech maachen. Firwat? Stellt lech déi Fro: Firwat?

Am Rame vum Brexit war eng ganz flott Etüd an der Zeitung „Delano", wou gesot ginn ass: Aus London erausgoe fir Lëtzebuerg bréngt „more hassles". An dat ass ganz richteg. Frankfurt oder Dublin sinn einfach Plazen, wou alles vill méi einfach ass wéi bei eis. Si sinn och méi bëlleg. Si sinn och méi bëlleg! D'Liewenshaltungskäschten zu Lëtzebuerg si méi héich wéi déi zu Amsterdam, Dublin, Paräis oder souguer London.

Zu London sinn d'Liewenshaltungskäschten hallef esou héich wéi hei. Wat mir brauchen, si radikal Mesuren, fir administrativ Démarchen op e Minimum ze reduzéieren, méi einfach a méi schnell ze maachen, fir Leit, déi eppes riskéieren, net an eng perséinlech Responsabilitéit ze dreiwen, wou se riskéieren, ni méi draus erauszekommen. Een, deen haut e Geschäft opmécht, muss kautionéieren, fir déi Prêten ze kréien, fir säi Betrib ze starten. Wann e muer och nach responsabel ass net nëmme fir Steieren, fir d'TVA, mä dann och nach fir e Comblement de passif, fir Faute de gestion, wéi soll dee Mënsch do jeemools eng Kéier erauskommen? A mir si wäit ewech vun deene Geschichte vun den amerikaneschen Entrepreneuren, déi véier-, fënnef-, siwemol Faillite gemaach hunn, ier se da Succès hate mat engem Betrib, wéi zum Beispill de Ford oder de Walt Disney.

Administrativ Hürde sinn och Autorisatiounen. Dir wësst, datt ech e Verfechter dervu sinn, fir dee System ofzeschafe vun der Autorisation de commerce an op eng Deklaratioun ze limitéieren. E ganz gutt Beispill rezent war de Coffee-Bike, dee jonke Mann, dee sech selbstänneg gemaach huet mat sengem Vëlo, sengem nohaltegen, net mat Bensin bedriwwene Gefier, an do Kaffi verkaaft huet.

Mir brauchen e positivt Ëmfeld. Et ass hei gesot ginn, mat Recht: Mir brauche Liewensqualitéit, mir brauche Sécherheet, mir brauche Mobilitéit. An do muss ech deene grénge Kolleegen, dem Här Anzia, widderspriechen: Mir brauche Mobilitéit och fir den Auto. En huet mat Recht gesot, datt den Auto, deen am Stau steet, Käschte verursaacht fir de Patron, fir deen, dee selwer am Stau steet, a virun allem och ganz vill Nerve kascht. Mä et gëtt ebe Leit, déi hu keen anere Moyen. A bei allem ëffentlechen Transport, kommt mir ginn dach einfach dervun aus, datt et Leit gëtt, déi mam Auto musse kommen, an och déi Leit hunn en Urecht op Mobilitéit!

Une voix.- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).*- Mir brauchen e frëndlecht, mir brauchen e proaktivt administratiivt Ëmfeld, mir brauchen e loyaalt Behuele vun de Behërden. An ech hunn hei schonn ee Beispill genannt, dat sinn déi Iwwertaxatiounen. Datt een eng Taxatioun kritt, well een eng Erklärung net gemaach huet, dat kann all Mënsch novollzéien, mä si däerf net ëm dat Duebelt iwwert deem leien, wat geschëllt ass.

Mir brauche vill manner Bürokratie, manner Gesetzer, manner Strofen, manner Contrôle à gogo, mir brauche manner Europa - Här Mosar, Dir hutt ganz recht - a virun allem brauche mer keng Kompetitivitéitsdebatt hei an der Chamber, mä eng real Kompetitivitéitspolitik am Alldag.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Reding. An nächste Riedner ass den Här Marc Baum fir déi Lénk.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Här President, déi Debatt, déi mer hei féieren, dréit, wéi jo och der Ukënnegung no ze héiere war, ëm dräi zentral Begréffer, déi am Verständnis vu praktesch alle Virriedner enk matenee verbonne sinn an déi souguer een zu deem anere féieren.

D'Suite - esou gëtt eis oder esou ass eis oft erkläert ginn, och nach elo just - wier esou, datt, wat mer méi kompetitiv sinn, mer méi Wuesstum kréien, a Wuesstum schaaft Perspektiven, déi, wa mer déi Perspektive richteg notzen, eis nach méi kompetitiv maachen an doduerch och weidere Wuesstum kreéiert gëtt. Dat ass e gedanklechen Zierkelschloss, deen an eisen Ae gefeierlech ass, well en éischtens vu falsche Prämissen ausgeet, zweetens blann ass vis-à-vis vun der Realitéit, och der erfuerener Realitéit vun eiser eegener Vergaangenheet, an drëttens Gefor leeft, genee dat ze verfeelen, wat en eigentlech erreeche wëllt, näämlech de Mënschen hei am Land nei Perspektiven opzemaachen.

Ugefaange beim Begréff vun der Kompetitivitéit, dee fir eis problematesch ass, well hannert där Notioun, déi esou sportlech dohierkënnt, stécht an der Praxis rose wéineg Fair Play. Dobäi wier et net d'office problematesch, verschidde Länner, verschidden ekonomesch Beräicher mateneen ze vergläichen an ze kucken, wou ee selwer steet. An enger oppener Wirtschaft wéi Lëtzebuerg kënnt een net derlaanscht, de Verglach mam Ausland ze sichen.

Problematesch gëtt et dann awer, wann dat Konzept vun der Kompetitivitéit selektiv interpretéiert gëtt a wa seng Bedeitung bewosst iwwerbewäert gëtt, fir eng bestëmmte politesch Agenda duerchzesetzen.

Wann d'Regierung an och d'CSV- an d'ADR-Riedner hei vu Kompetitivitéit schwätzen, dann interpretéiere si dat Konzept esou, wéi d'Investisseuren an d'Aktionären dat Konzept interpretéieren. Et geet zentral ëm niddreg Betribssteieren, niddreg Lounkäschten, flexibel Aarbechtsmäert an dee sakrosankten Triple-A. Et gëtt sech bei der Kompetitioun déi Elementer erausgepickt, déi derzou déngen, fir eng bestëmmte politesch Agenda ze rechtfertegen: déi vum Ofbau vum Sozialstat an déi vun de Steiersenkunge fir Entreprisen; eng Agenda, déi zousätzlech virun allem op eppes erausleeft, näämlech en héije quantitative Wuesstum.

Dobäi besteet d'Kompetitivitéit vun engem Land jo net ausschliisslech aus deenen Elementer. De sougenannten „tableau de bord", deen déi national Kompetitivitéit soll moossen, enthält jo och eng ganz Rei vu sozialen an Ëmweltkritären. An do kann een dës eesäiteg Fixéierung vun der Regierung an natierlech och vun der Virgängerregierung kloer opweisen. Et ass jo och keen Zoufall, datt de Wirtschaftsminister an deenen zwou Regierungen deeselwechte war. An et ass och eng Erklärung derfir, firwat et der CSV esou schwéierfält, d'Wirtschaftspolitik eigentlech am Fong ze kritiséieren.

Jo, mir stinn effektiv besser do wéi déi meeschten aner EU-Länner, wat bestëmmt wirtschaftlech Indicateuren ugeet: PIB, Wuesstum, Produktivitéit, et cetera. Par contre sti mer schlecht do oder méi schlecht do wéi anerer oder éischter méi mëttelméisseg do wéi anerer, wann et ëm sozial Indicateure geet: Chômage, Aarmutsrisiko, „working poor". Mir hate gëschter hei rieds, datt 11% - 11%! - vum Salariat hei zu Lëtzebuerg „working poor" sinn. Do si mer un der Spëtzt vun deem alen Europa, vun deem Europa vun de 15.

Och am Beräich vum Schoulofbroch sti mer net gutt do. Datselwecht gëllt bei Ëmweltkritäre wéi Energieeffizienz oder dem Prozentsaz vun erneierbaren Energien, wou dës Regierung jo och frou ass, ze soen, datt se d'Ziler, déi déi al Regierung sech ginn huet, eventuell awer erreeche kann, Ziler, déi ganz bescheide sinn am europäesche Verglach.

Déi Zuelen, och wann een dës Indicateure mat Virsiicht genéisse muss, weisen awer an eng Richtung. D'Fixatioun vun der Politik op de quantitative Wuesstum, dee mer déi lescht 20, 25 Joer hei zu Lëtzebuerg haten, féiert net automatesch zu enger Erhéijung vun der Liewensqualitéit a féiert och net zu engem Ofbau vun den Inegalitéiten. D'Erfahrung an d'Experienz vun deene leschte Jore weisen eis éischter an eng géigendeeleg Richtung.

Dat selektivt, also politesch motivéiert Erauspicken an Iwwerbewäerte vu verschiddenen Indicateuren ass ee Problem, dee mir mat deem Begréff vun der Kompetitivitéit hunn. Et gëtt awer nach en zweeten, vill méi fundamentale Problem. An dat ass deen, datt dat Konzept direkt mat nationalen Egoisme verbonnen ass. Et féiert zu enger iwwerdriwwener Rivalitéit a Konkurrenz tëschent de Länner, déi am Endeffekt zu enger genereller Verschlechterung vu Liewenskonditiounen iwwerall féieren.

De Versuch, een deen anere stänneg ze ënnerbidden, setzt eng fatal Spiral no ënnen a Gank. D'Kompetitioun an d'Konkurrenz tëschent den EU-Länner beherrsche mëttlerweil déi europäesch Agenda op eng Aart a Weis, datt se d'Notioune vu Solidaritéit a Kooperatioun praktesch komplett verdrängen, Notiounen, déi ech och bis elo an der Debatt net dacks héieren hunn.

Well fir hir Kompetitivitéit ze erhéijen, geet d'Regierung haaptsächlech un déi Schrauwen dréien, déi am Kontext vun enger restriktiver Budgetspolitik am einfachste sinn. D'Kompetitioun ëm déi niddregst Betribssteieren, déi eigentlech de Staten d'Mëttel huelen, fir laangfristeg Investissementer ze maachen, sinn déi Schrauwen, déi iwwer kuerz oder laang zum Aushieleche vun de Sozialsystemer an zum Ofbau vum Sozialstat féieren.

(Interruption par M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie)

Här Schneider, Ären éischte Spuerpak war näischt anescht wéi Ofbau vum Sozialstat. Dat soen awer nun definitiv net nëmme mir, mä dat soen eng ganz Rëtsch aner gesellschaftlech Akteuren, déi déi doten Analys gemaach hunn, och. Ech kommen awer nach weider zu Ärer Fiskalpolitik, wou Der jo probéiert, dann erëm Grimmelen zréckzeginn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat weess den Här Schneider och.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Loundumping, Sozialdumping a Fiskaldumping, dat ass dat, wat schlussendlech an esou enger Konstellatioun erauskënnt. Den Norde vun der EU dréckt mat där doter Zort Kompetitivitéit de Süde vun Europa un d'Mauer, eng Kompetitivitéit, déi extrem schiedlech ass. A wat sech méi dorobber konzentréiert gëtt, wat déi zerstéireresch Konsequenzen ëmmer méi néfaste ginn.

Wann d'Europäesch Unioun do net ganz geschwënn eng 180-Grad-Kéier hileet, wa se et net fäerdegbréngt, gemeinsam Lounstandarden, gemeinsam Sozialstandarden a gemeinsam Fiskalstandarden anzeféieren, dat heescht déi hemmungslos Konkurrenz tëschent eis Europäer an deene Beräicher anzeschränken, da wäert se an noer Zukunft un deenen internen Inegalitéiten zerbriechen. Well wien déi Zort Kompetitivitéit an ekonomesch Orientéierung weiderdreiwe wëllt, dee mécht sech zum eigentlechen Doudegriewer vun der EU, méi schlëmm nach, net nëmme vun der politescher Konstruktioun Europäesch Unioun, mä vun Europa tout court.

Well Europa huet sech no zwee schreckleche Kricher, déi den Déifpunkt vun der Zivilisatioun ausgemaach hunn, net ronderëm d'Konkurrenz opgebaut. Europa konnt sech just opbauen an e jorzéngtelaange Fridde garantéiere ronderëm e Projet vu Solidaritéit a Kooperatioun, e Projet vu spierbarem soziale Fortschrëtt fir d'Leit, déi sech nach viru Jore krigeresch géigeniwwergestanen hunn.

An dat Ganzt kann ee weiderféieren, natierlech och op Weltniveau. An et ass och déi aggressiv Handelspolitik, an där d'Europäesch Unioun ee vun deenen Akteuren ass, déi en iwwerdriwwene Konkurrenzkampf och an déi lescht Ecker vun der Welt exportéiert. Well déi Handelsaccorde wéi CETA sinn eis jo och ënnert dem Sigel vun der Kompetitivitéit verkaaft ginn.

An esou wéi bei eis ëmmer méi schwaach Mënschen ofgehaange ginn, esou wéi an Europa déi méi schwaach EU-Memberlänner ofgehaange ginn, esou ginn an der Mondialisatioun ganz Kontinenter ofgehaangen. An et ass e Mythos, wa gesot gëtt, de Konkurrenzkampf wier gutt fir jiddwereen, well bei der Kompetitioun, do ginn et Gewënner an et gi Verléierer. An zurzäit gesäit et esou aus, datt et wesentlech méi Verléierer gi wéi Gewënner.

Mä déi Gewënner, déi ginn et: Et sinn d'Aktionäre vu Betriber, déi ëmmer manner Steiere bezuele mussen. Dat sinn d'Gewënner! An den Här Gramegna huet virdrun d'Paying-taxes-Etüd genannt, wou mer mat 20,1% deen zweetniddregste realen, effektiven Taux an Europa hunn. Just Kroatien ass nach virun eis. Mä ech froe mech: Si mer da mat Kroatien an engem direkte Fiskalwettsträit? Firwat senke mer d'Betribssteieren zu Lëtzebuerg nach weider an engem Moment, wou mer esou eng grouss Croissance an esou e groussen Nohuelbedarf un ëffentlechen Investitioune gesinn?

(Interruption par M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie)

Här President, wann ee vu Perspektive fir déi lëtzebuergesch Ekonomie schwätzt, muss een dës zwee fundamental Problemer an den Zentrum vun de politeschen Iwwerleeunge stellen: Engersäits musse mer ee fir alle Mol ewechkomme vun der Iddi, datt Wirtschaftswuesstum automatesch zu méi Liewensqualitéit féiert. An op där anerer Säit musse mer konsequent den Impakt vun eise Politicken op déi aner Länner am A behalen. Eréischt dann, awer och nëmmen eréischt dann, ass esou eppes wéi eng nohalteg Entwécklung iwwerhaapt denkbar. Vun esou enger Entwécklung sollt Lëtzebuerg de Motor sinn, net vun enger europäescher Konkurrenz vum Steierdumping.

D'Debatt iwwert de Wuesstum zu Lëtzebuerg ass lancéiert, och an der Bevëlkerung. An et ass och kee Wonner, well d'Leit zu Lëtzebuerg kréien déi negativ Auswierkunge vum Wuesstum all Dag ze spieren.

Mir hunn zu Lëtzebuerg eng manifest Wunnengskris. D'Präisser, fir ze lounen an ze kafen, sinn astronomesch an et gëtt net dee klengsten Indice, datt dat sech an nooster Zukunft ännere wäert. D'Verkéierssituatioun zu Lëtzebuerg gëtt vun Dag zu Dag méi schlëmm; mir hunn net nëmme méi verstoppte Stroossen, mä entre-temps och scho verstoppten Zich. Lëtzebuerg steet virun engem Verkéierskollaps, an och do gesäit ee wéineg Liicht um Enn vum Tunnel, mat all deene Konsequenzen, déi dat bedeit vu Verschmotzung, a Gesondheetsproblemer, déi dat mat sech bréngt.

An och an anere Beräicher wéi Schoulen oder Spideeler a Kläranlagen hippe mer Joren hannert der eigentlecher Entwécklung an den eigentleche Besoinen hannendrun. Mir kréien dëse Retard awer net opgefaangen, wa mer einfach esou weiderfueren, wa mer den „business as usual" weidermaachen. Mir kréien dat Lach, wat mer elo schonn hunn, nëmmen zou, wa mer de Wuesstum effektiv a kontrolléiert ofbremsen. An eis Reflexioune missten an der Entwécklung vun Exit-Strategië bestoen, Exit-Strategië vun engem ongehemmten an onkontrolléierte Wuesstum.

Eist Land bräicht scho laang massiv Investitiounen an d'Infrastrukturen, an déi finanzéiere mer eis net, andeem mer d'Steieren op de Benefisser erofsetzen, fir doduerch méi Betriber aus anere Länner a Géigenden ofzewerben an domadder weider infrastrukturell Besoinen ze schafen hei am Land. An dat ass och den eigentleche Paradox vun der CSV an och vun der ADR, deen den Här Schneider och erwäänt huet a wou eigentlech och keng Äntwert komm ass. Et kann een näämlech net gläichzäiteg en onendleche Wuesstum vum BIP fuerderen an op där anerer Säit sech wëlle mobiliséieren oder wiere géint d'Visioun vun engem Eng-Milliioun-Awunner-Stat. Dat geet net zesummen, déi Gedanken.

Do sinn d'LSAP an d'DP sech scho méi konsequent, och wann ech net d'accord si mam Här Fayot senger Analys, dee gesot huet, datt mer eis Sozialsystemer just iwwer Wuesstum kéinte finanzéieren. Well éischtens, wann een déi Logik géif weiderdreiwen, wou wiere mer dann an honnert Joer? An zweetens menge mer, datt eis Sozialsystemer, an dat soen och d'Gewerkschaften, net eleng iwwer Wuesstum kënne finanzéiert ginn, mä iwwer Ëmverdeelung, an datt een och kann un deene Schrauwen dréien, amplaz just un deene vum quantitative Wuesstum.

Här President,...

(Interruption)

Jo. Wann een op Wuesstum setzt, bedeit dat jo net ëmgekéiert, datt ee soss näischt méi erakritt.

Här President, mir missten eis asetze fir Mindeststandarden iwwerall, fir en Ophiewe vun der restriktiver Budgetspolitik a fir en Ëmdenken an der Handelspolitik. An dëst Ëmdenke misst sech och an eiser Finanz- a Wirtschaftspolitik erëmspigelen. An dat bedeit awer och, datt mer mussen zumindest op deen zerstéirereschen Deel vun eise Souveränitéitsnische verzichten, deen Deel, mat deem sech eng Minoritéit hei am Land onberechtegt op d'Käschte vun anere beräichert.

Här President, wat mer brauchen, ass eng ekonomesch, ekologesch a sozial Transformatioun vun eiser Gesellschaft. Fir dorobber ze kommen, hätt een och kee Rifkin gebraucht. Fir dorobber ze kommen, brauch een eigentlech just d'Agenda 2030 duerchzedeklinéieren. De fundamentale Broch, dee mer als Éischt vollzéie mussen, ass dee vun der politescher Approche. Bis haut ass deen eenzege Fixstär um Himmel vun der Regierung, an effektiv nach vill méi vun deene Regierunge virdrun, de BIP - Bruttoinlandsprodukt. Dee muss wuessen, esou heescht et, an de ganze Rescht gesi mer da méi spéit.

Dat ass awer eng Approche aus dem leschte Jorhonnert, déi eis riicht an d'Mauer féiert. Mir missten am Géigendeel vun de reelle Besoine vun de Leit ausgoen, an dat géif bedeiten, d'Liewensqualitéit an de soziale Fortschrëtt an den Zentrum vun den ekonomeschen Iwwerleeungen ze stellen.

Wa mer driwwer schwätzen, de Wuesstum ofzebremsen, da komme mer awer och net laanscht deen Elefant, dee matzen am Gank steet, näämlech d'Finanzplaz, well et ass d'Finanzplaz, déi responsabel ass zu engem groussen Deel fir déi héich Wirtschaftstauxen. Et ass d'Finanzplaz, déi eng Diversifikatioun vun der Wirtschaft schwéier mécht. Et ass d'Finanzplaz, déi de gréisste Fiskalschued am Ausland produzéiert an och de gréissten Imageschued fir eist Land. An et ass och d'Finanzplaz, déi zu dem Uwuesse vun den Inegalitéiten hei am Land bäidréit.

Eréischt wa mer bereet sinn, doriwwer ze schwätzen, kann een eng positiv Transformatioun vun der lëtzebuergescher Wirtschaft ugoen. Dat heescht awer net, datt mer d'Finanzplaz musse vun haut op muer ofschafen, mä et heescht, datt mer déi Margen, déi mer hunn, an notamment déi Steiermargen, déi et ginn, no uewen notzen, fir zumindest der weiderer Expansioun vum Finanzsecteur entgéintzewierken.

Well déi Expansioun ass duebel gefäierlech, éischtens well eis gesamt Ekonomie ëmmer méi an hir Ofhängegkeet geréit, ekonomesch, fiskal, awer och sozial a landesplaneresch. Alles, wat mer bis elo héieren hunn, leeft awer an eng aner Richtung. Stéchwuert: Finanztransaktiounssteier, wou Lëtzebuerg ebe just net de Motor wëllt sinn an Europa vun enger méi solidarescher a méi gerechter Besteierung vu Kapitalflëss.

Eréischt wa mer deen Elefant uginn, kënne mer iwwerhaapt sënnvoll iwwer Diversifikatioun schwätzen. Well am Moment ass jo all Ustrengung, fir aner Secteuren opzebauen, am beschte Fall dozou bestëmmt, just d'Ofhängegkeet vun der Finanzplaz manner schnell klammen ze dinn.

An dat sollt eis och ze denke ginn: D'Gewiicht vun der Finanzplaz bedeit och demokratesch Problemer. Well wann ee bestëmmte wirtschaftleche Lobbygrupp, näämlech d'ABBL - d'Associatioun vun de Banken a Banquieren -, an engem vu senge Promotiounsvideoe vum Wirtschaftsminister, deen do schwätzt, als „premier conseiller de Gouvernement" genannt gëtt, da stellt sech effektiv d'Fro, wien hei am Land d'Soen huet.

Generell, Här President, si mer der Meenung, datt mer mussen dat internt an endogeent Potenzial hei am Land mobiliséieren, datt mer musse kleng Betriber guidéieren a förderen, fir datt se kënne qualitativ héichwäerteg Aarbechtsplaze schafen. Dat ass eng fundamental aner Approche, wéi just mat Steier- a Souveränitéitsnischen no auslänneschem Kapital ze fëschen.

D'Regierung huet duerchaus verschidde Beräicher fir d'Diversifikatioun identifizéiert, déi mer och ënnerstëtze kënnen, zum Beispill déi zirkulär Ekonomie oder d'Construction énergétique, oder - den Här Anzia huet virdrun en anert Beispill ginn - déi rezent Initiativ fir den Opbau vun enger nohalteger Holzfilière. Dat si Beräicher, déi reell Aarbechtsplaze schafe kënnen an alle Bildungssegmenter an doriwwer eraus och nach eppes brénge kënne fir d'nohalteg Entwécklung an d'Liewensqualitéit vun de Bierger hei am Land.

Leider hu mer awer allze dacks d'Gefill, wéi wann dat just eidel Këschten ouni décken Inhalt wieren, wou e schéinen engleschen Numm dropgesat gëtt, eng Pressekonferenz gemaach gëtt an da war et dat.

Déi Budgeten, déi duerfir agesat ginn, stinn a kengem Verhältnis zu anere Budgeten. Mir mengen, datt dat grad déi Beräicher wieren, wou mer massiv missten an d'Fuerschung an an d'Ausbildung investéieren. A mer mengen, datt de Stat déi Initiative vill méi staark finanziell misst begleeden, amplaz all d'Energie an eng Kasino-Wirtschaftspolitik mat Space Mining ze stiechen, wou mer eng héich riskant Wett op eng imaginär Zukunft maachen, déi just e Finanzkonglomerat op Lëtzebuerg zitt an eventuell e puer pensionéierten ESA-Beamten de Portmonni fëllt.

Mir hätte besser, an déi Zukunft ze investéieren, déi virun eiser Nues läit, amplaz an eng Zukunft, déi an de Stäre steet. Ech hunn Är Initiativ vum Space Mining net belächelt, wéi Der uganks gesot hutt, well d'Visioun, datt eventuell an iergendenger Zukunft Millionäre sech selwer op de Mount schéissen, ass mir eventuell souguer nach sympathesch.

(Hilarité)

Ech maache mer awer éischter Suergen driwwer, Här Schneider, wéi d'Lëtzebuerger Regierung hei versicht, mat enger Zort Ingénierie juridique internationaalt Recht ze verdréien a Ressourcen, déi am Moment der gesamter Mënschheet gehéieren, ze kommerzialiséieren a private Gewënninteressen ze iwwerloossen.

Här President, mir mengen, datt déi zentral Begréffer vun dëser Debatt, Kompetitivitéit a Wuesstum, datt mer dës Begréffer prinzipiell hannerfroe missten, op eng Aart a Weis, fir dem Land a virun allem de Mënschen am Land erëm eng wierklech Perspektiv ze bidden. Den „business as usual", wéi e bis elo gelaf ass, féiert just an d'Sakgaass.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Baum. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler.

M. André Bauler *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer als Lëtzebuerger Land an dëser ëmmer méi komplexer Welt bestoe wëllen, wa mer kompetitiv wëlle bleiwen an eis sozial Errungenschaften och an Zukunft verdeedege wëllen, da musse mer eis effektiv all Dag nei erfannen.

Dat heescht och, datt eis Wirtschaft muss diversifizéiert ginn, en Exercice, deen eist Land scho länger an Ugréff geholl huet, mä deen natierlech nach laang net ofgeschloss ass. D'Diversifizéierung ass näämlech e Must, fir e Standuert - besonnesch hei de Standuert Lëtzebuerg - attraktiv ze halen. Mir wëssen awer, datt mer sécherlech net op allen Hochzäiten danze kënnen. Et muss ee sech e puer Branchen eraussichen, an deenen ee wëllt Exzellenz an Know-how opbauen an an deenen ee wëllt kompetitiv sinn, fir ee vun de wichtegen Akteuren an der globaliséierter Welt ze sinn.

Et erhéicht och d'Visibilitéit vun engem Standuert, wann ee sech op e Set vu Käraktivitéite beschränkt an an dës och konsequent investéiert an och do innovéiert. D'Regierung huet scho viru Jore prioritär Secteuren definéiert, an deene mer eis entwéckele wëllen. Denke mer virun allem un d'Ekotechnologien, un d'Logistik, den ICT-Secteur oder d'Fuerschung an d'Technologien am Gesondheetsberäich.

Et däerf ee weder d'Handwierk nach eis klassesch Industrie vergiessen, och wann et net ëmmer einfach ass, déi erfuerdert Plaz ze fannen, fir industriell Betriber ze implantéieren. Et wier dramatesch, wa mer keng Industrie méi zu Lëtzebuerg hätten. Ech sinn dofir zefridden, virun e puer Woche gelies ze hunn, datt eng Firma wéi Carlex um Potaaschbierg 25 Milliounen an eng nei Produktiounsschinn investéiert.

Dëst ass awer en Zeechen, datt sech och hei zu Lëtzebuerg industriell Branchë weider wëllen entwéckelen. Et sinn dat Aktivitéiten, wou e Produit hiergestallt gëtt, deen en héije Méiwäert ofwerft. D'Industrie am largë Sënn vum Wuert mécht hei zu Lëtzebuerg awer ëmmerhin nach bal 19% vum Emploi aus. Dëse Prozentsaz ass awer réckleefeg. An engem Land, wou den Terrain ëmmer méi knapp gëtt, ass et wichteg, Aktivitéiten unzezéien, déi eng héich Plus-value pro Aarbechtskraaft erméiglechen an natierlech manner Buedem verbrauchen. Mir sinn als Standuert Lëtzebuerg vill méi attraktiv fir Entreprisen, déi eng héich Produktivitéit opweisen, en héije Méiwäert generéieren, an dëst mat wéinegen, mä héich qualifizéierte Mataarbechter.

Dofir ass et esou wichteg, datt et eis hei zu Lëtzebuerg geléngt, en technologescht a steierlecht Ëmfeld ze schafen, wou sech fundamental an applizéiert Fuerschung op där enger Säit, a Betriber, ob industrieller oder net, op där anerer Säit begéinen, fir esou Innovatioun ze erméiglechen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Och am ICT-Secteur gouf am leschte Jorzéngt vill investéiert. Dëse Prozess dréit mëttlerweil éischt Friichten. Ech komme spéider a menger Ried dorobber zréck.

Et geet net ëmmer eleng drëms, nei Nischen ze sichen an ze förderen, mä et muss och gekuckt ginn, datt mer do, wou mer momentan gutt sinn, a fënnef, fofzéng Joer och nach gutt sinn. Eis Finanzplaz, a besonnesch eis Fongenindustrie, ass esou e Secteur, wou mir zu deene Weltbeschten zielen. Mir hunn do e beandrockenden Know-how am Laf vun der Zäit opgebaut, deen et eis erlaabt, trotz ëmmer méi restriktive Contraintë vu Bréissel a vun der OECD - nenne mer just d'Stéchwuert BEPS, dat vill zitéiert -, eis weider ze entwéckelen an esou kompetitiv ze bleiwen.

Et ass näämlech net nëmme wichteg, eis Ekonomie eleng ze diversifizéieren, mä och innerhalb vun enger Branche ass et wesentlech, ëmmer nees nei Produkter unzebidden, fir kënnen attraktiv ze bleiwen. Fréier war eis Finanzplaz, grad wéi d'Schwäiz, ënner anerem och bekannt wéinst hirem robuste Bankgeheimnis.

Haut hu mer en exzellente Ruff wéinst eiser diversifizéierter Fongenindustrie, de chineesesche Banken, déi sech hei no an no bei eis etabléieren, dem Renminbi, der islamescher Finanz an esou weider. Mat de Green Bonds wëlle mer och am Beräich vun den nohaltege Finanzprodukter zur Spëtzt gehéieren an esou eis Finanzplaz nach e Stéck besser maachen, besser opstellen, och a grad mat Bléck op déi Erausfuerderung am Beräich vun den alternativen Energien.

Elo scho si 50% vun de weltwäite Green Bonds zu Lëtzebuerg cotéiert. Dat wäert et eis och erlaben, an Zukunft e groussen Know-how ze entwéckelen, deen derfir suergt, datt mer anere Standuerter e Schratt viraus kënne sinn. Ech erënneren do am Fong geholl och un den Début vun eiser Fongenindustrie an den 80er Joren.

Eis Finanzplaz besteet net nëmmen aus Fongen a Banken, si berout och op engem ganzen Ekosystem, fir dat emol esou ze nennen. Denke mer nëmmen un déi spezialiséiert juristesch Beroder, Betriber oder un d'Versécherungs- a Réckversécherungsgesellschaften. Et ass grad dëse kompakten a villsäitegen Ekosystem, deen eis staark an attraktiv mécht.

Den Interpellant a fläissegen Twitterexpert Laurent Mosar huet d'Fro vun der Wettbewerbsfäegkeet opgegraff. Wat heescht et eigentlech, kompetitiv ze sinn? Kompetitiv sinn heescht, datt ee kapabel ass, sech géint déi auslännesch Konkurrenz duerchzesetzen, sief et um Niveau vum Präis oder op deem vun der Qualitéit.

Zu Lëtzebuerg berout eis Konkurrenzfäegkeet op der Tatsaach, datt mer eng héich Plus-value generéieren, sief dat am Serviceberäich oder an der Hightechindustrie. De Schlëssel zum Erfolleg fir eis Ekonomie läit doranner, datt mer kapabel sinn, dësen Know-how opzebauen. Well et awer ëmmer méi schwéier gëtt, Know-how ze importéieren, musse mer och heiheem Know-how opbauen. Dat fänkt an eise Schoulen un a muss op der Uni verdéift ginn. Dat Wëssen, dat geléiert gëtt, muss och eisem spezialiséierten Aarbechtsmaart ugepasst sinn.

Lëtzebuerg huet och iwwer Joren d'Fiskalitéit genotzt, fir kompetitiv ze sinn. Dat ass de Virdeel vun engem klenge selbstännegen a souveräne Land. Mä, wéi virdru scho gesot, si mer elo am Post-LuxLeaks-Zäitalter an d'Zukunft wäert éischter an d'Richtung vun enger europäescher Steierharmoniséierung goen, ouni elo d'Recht vun all Land, seng eege Steierpolitik ze maachen, komplett ze beschneiden. Mä den Drock vun der OECD, ech hunn et scho gesot, wäert derzou féieren, datt d'Assiettë méi breet ginn an datt den affichéierte Steiersaz méi déif läit.

Wann also an Zukunft d'Fiskalitéit net nëmmen en Haaptkritär wäert sinn, no deem Entreprisen hire Standuert eraussichen, wat sinn dann déi aner Facteuren, déi si a Betruecht zéien, wa se entscheeden, hei zu Lëtzebuerg ze investéieren?

D'Décisioun, fir op Lëtzebuerg ze kommen, hänkt natierlech haaptsächlech vun den Ziler am Aktivitéitsberäich vun de respektive Betriber of, mä et gëtt awer eng Rei Argumenter, déi ouni Zweifel an d'Woschuel falen, wann et heescht, sech fir oder géint e Standuert ze entscheeden.

Do wier emol fir d'Éischt d'Méiglechkeet, fir vu Lëtzebuerg aus déi europäesch Clientèle ze bedéngen. Dat huet mat eiser gënschteger geografescher Lag a Westeuropa ze dinn. E wesentlecht Argument fir Lëtzebuerg ass awer d'Qualitéit an d'Disponibilitéit vun eisen éffentlechen Infrastrukturen, besonnesch an den Telekommunikatiounen an am Beräich vun den Informatiounstechnologien. Denke mer u Stéchwierder - déi si virdru genannt ginn - wéi Datacenter, Sécherheet am Internet, Konnektivitéit.

Interessant ass och d'Argument vun de sougenannten „Incubateuren", also d'Méiglechkeet, fir Start-uppen eng éischt Implantéierung ze erlaben, wou se sech entwéckele kënnen. Denke mer un Ecostart oder un den Technoport. Datt dat net ouni spezialiséiert Aarbechtskräfte geet, ass eng grouss Erausfuerderung. Ech kommen nach eemol dorobber zréck.

Eng grouss Tromp fir Lëtzebuerg ass awer och eise Multilinguismus, dat heescht d'Méiglechkeet, fir d'Clienten an der Sprooch vun hirer Wiel ze bedéngen. Ech erënneren drun, datt op der Finanzplaz villfach dräisproocheg geschafft gëtt. Denke mer un de Prospekt bei de Fongen. Zu Paräis, zu Frankfurt an zu London ass dee just an enger Sprooch: an hirer Landessprooch.

Derniewent gëtt vun auslänneschen Investisseuren och eist allgemengt steierlecht, politescht a soziaalt Ëmfeld begréisst. Hei solle mer un eis niddreg Soziallaaschten erënneren, un d'Liewensqualitéit, déi mer a ville vun eisen Uertschaften dach awer nach Opweises hunn, un d'Proximitéit zu verschiddene Servicer oder och nach u schoulesch Infrastrukturen.

Madamm Presidentin, ee vun de Secteuren, op deen den Interpellant Laurent Mosar méi am Detail agaangen ass, ass d'Digitalisatioun vun eiser Ekonomie, déi sech kloer an de faméise Rifkin-Prozess aschreift. Ech wëll op dëser Plaz elo net méi op d'Detailer vun der Rifkin-Strategie agoen. Dat wäerte mer jo vläicht an Zu-

kunft nach eng Kéier maachen. Et ass awer interessant, datt all déi Akteuren aus eiser Ekonomie, déi un dësem Pabeier matgeschafft hunn, Pisten opgeworf hunn, vun deenen der e puer sécherlech derzou wäerte bäidroen, datt eis Wirtschaft an Zukunft manner ressourcenintensiv schaffe kann an esou méi wettbewerbsfäeg wäert sinn. D'Digitalisatioun spillt jo eng Schlësselroll an dësem Prozess.

Et ass awer net esou, datt mir dee Secteur duerch den Här Rifkin hei zu Lëtzebuerg eréischt entdeckt hätten. De Kommunikatiouns- a Medieminister huet scho virun enger Zäit eng Strategie an d'Liewe geruff, déi dëse Prozess strukturéiert begleet: d'Initiativ „Digital Lëtzebuerg".

D'Zil vun dëser Initiativ ass et, fir d'Chancen, déi eis déi nei Technologien offréieren, wouerzehuelen, soudatt jiddweree vun eis dovunner profitéiere kann: mir als Bierger, mä och de Stat selwer an zu gudder Lescht och d'Entreprisen. Andeems mer dat risegt Potenzial, dat eis déi nei Technologië bidden, voll ausschäffelen, kënne mer op der Welt als ultrakonnektéiert, modernt, dynamescht an innovatiivt Land wouergeholl ginn.

Dat bedeit natierlech och, datt ee sech d'Mëttel muss ginn, fir an d'Infrastrukturen ze investéieren. Stéchwuert: Datacenter an Ultra-hautdébit-Netzwierker. Dat ass d'Conditio sine qua non, fir datt esou eng Strategie ka fonctionnéieren. Besonnesch am Secteur vun den ICT gëllt et, um Ball ze bleiwen. D'Entwécklung ass enorm séier an et däerf een hei den Zuch net verpassen.

D'Stied Lëtzebuerg an Esch hate wärend der Présidence gratis Wi-Fi ugebueden; elo maache se dat dann definitiv. D'EU-Kommissioun wëllt, datt elo och EU-wäit a grousse Stied mat Wi-Fi geschafft gëtt. Mir sinn an deem Beräich e Virreider. D'Glasfasernetz wäert nach weider ausgebaut ginn. Eist Land ass eent vun deene Länner, déi am meeschten oder am beschte vernetzt schéngen ze sinn. Den Taux vu Leit an Entreprisen, déi Zougank op de ganz schnellen Internet hunn, ass besonnesch héich a wäert nach weider klammen, besonnesch wa mer un d'Erschléissung vun de ländleche Gebidder denken, wou sécherlech nach Sputt no uewe besteet. Et war virdrunner och ugedeit ginn.

D'ICT si vill méi breet opgestallt. Si si vill méi e breede Secteur wéi ee mengt. An dofir ass et wichteg, datt een och all Facetten dovunner entdeckt: Big Data, Cyber Security, Internet of Things, Cloud Computing an esou weider. An all deenen Domäne gëtt gekuckt, wou sech Opportunitéite fir eise Standuert erginn, fir dës esou séier wéi méiglech ëmzesetzen.

Madamm Presidentin, ech ka mech nach erënneren, wéi déi éischt Computeren hire Wee an all Entreprise fonnt hunn a vill Stëmme gejaut hunn, datt een an e puer Joer keng Mënsche méi bräicht, well d'Computeren hinnen d'Aarbecht géifen ofhuelen. Dës Leit haten awer ganz vergiess, datt et och ee muss ginn, deen de Computer versteet, de Computer programméiert oder benotzt. Wann een hautdesdaags Informatiker oder Programmateur ass, da kann ee sech sécher sinn, iwwerall op der Welt eng Plaz ze fannen.

Och Lëtzebuerg brauch Informatiker, brauch Programmateuren, mä well den ICT a bal all entwéckeltem Land als zukunftsorientéierte Secteur gepusht gëtt, ginn et einfach net genuch spezialiséiert Informatiker op dëser Welt. Déi gi mer och net an d'Groussregioun sichen. Gutt Informatiker gi weltwäit gesicht. E klengen Trouscht dobäi ass, datt et der Silicon Valley, dem Mekka vun den neien Technologien, net besser geet. Och si fannen net genuch héich qualifizéiert a spezialiséiert Informatiker.

An deem Beräich sinn ech frou, datt de Claude Meisch dem Digitalen an eise Schoulen eng grouss Prioritéit reservéiert huet. D'Strategie Digital°4°Education huet als Zil, d'Schüler besser op d'Erausfuerderunge vun den neien Technologië virzebereeden, sief dat duerch méi Informatikscoursen am Lycée, d'Ausbildung vu Programmateuren, mä och duerch d'Promotioun vun de Beruffer, déi sech an deem Secteur entwéckelen. A deem Kader si scho verschidde Projeten ugelaf: eduSphere, MathemaTIC - TIC mat Majuscullen -, BEE CREATIVE, fir der nëmmen e puer ze nennen.

Duerch Fit°4°Coding gi Leit, déi keng Aarbecht fannen, forméiert, fir an engem Beräich en Know-how ze kréien, an deem vill Leit gebraucht ginn. Den Atelier Digital ass eng Formatioun, déi de PMEen, déi sech nach net un déi nei Technologien ugepasst hunn, soll hëllefen, fir datt och hiert Geschäft vun de Méiglechkeete vum E-Commerce ka profitéieren.

Jiddweree vun eis weess, datt e Betrib, deen net op d'mannst eng Homepage huet an digital vernetzt ass, e Vull fir d'Kaz ass. Hautdesdaags hëlt ebe kee méi d'Lupp eraus, fir am Tëlefonsbuch eng Firma oder e professionelle Kontakt ze sichen, mä awer grad den elektronesche Commerce gëtt nach net vun all eise klengen Entreprisen als Opportunitéit wouergeholl, fir hiren Ëmsaz ze steigeren an och Clienten ze fannen, déi an engem ganz aneren Deel vun der Welt hire Produit an hire Service brauchen. Dat gëllt fir de Commerce, mä awer och fir vill vun eisen Handwierksbetriber, déi amgaange sinn, sech den digitalen Erausfuerderungen unzepassen.

Wann een un nei Technologien denkt, da kommen engem dacks Start-uppen an de Kapp. Dofir ass et och wichteg, datt mer dee richtege Kader geschaaft hunn, wou esou Start-uppen eng Plaz fannen, fir hir Iddien ze entwéckelen. Genausou wichteg ass et, fir dëse Start-uppen eng finanziell Hëllef ze gi wärend der Lancementsphas, wéi zum Beispill duerch Programmer wéi Fit 4 Start. Den Digital Tech Fund ass en anert Instrument, fir finanziell Ressourcen opzedreiwen a se Start-uppen am Beräich ICT zur Verfügung ze stellen.

Wichteg, jo entscheedend ass och de Rapprochement tëschent der akademescher Welt an dem Privatsecteur. Si mussen d'Talenter vu muer forméieren a besonnesch an deene Beräicher, wou d'Betriber Leit brauchen.

E Begréff, deen déi lescht Joren net méi ewechzedenken ass, wann ee vun ICT schwätzt, ass FinTech. Et ass jo nëmmen normal, datt esou eng grouss Finanzplaz wéi Lëtzebuerg och ewell mat den neiesten Technologië schafft, déi an hirem Secteur existéieren. Op verschiddene Konferenze gouf den Akteure vun der Finanzplaz gewisen, wat fir e grousst Potenzial am FinTech stécht. Dofir ass dëse Beräich och eng vun den Haaptprioritéiten an der Entwécklung vum ICT-Secteur zu Lëtzebuerg.

De Projet, fir en „Luxembourg house of financial technology" ze schafen, an deem sech net nëmmen d'Akteure vun dësem Secteur begéinen, mä och Start-uppe sech nidderloosse kënnen, gëtt all Dag méi konkret.

Zu gudder Lescht muss de Stat selwer derfir suergen, datt hien um neiste Stand vun der Technologie ass, Stéchwuert: eGovernance. De Stat ass amgaangen, derfir ze suergen, datt ëmmer méi Prozeduren online kënne bewältegt ginn, wou ee fréier huet misse Formulairen ausfëllen. Formulairen ausfëllen an aschécken ass haut einfach net méi zäitgemëiss. De Guichet.lu bitt iwwert den Interface MyGuichet all Joer méi Prozeduren un, déi den Entreprisen, mä och den einfache Bierger d'Liewe méi einfach maachen. An Zukunft wäert d'Offer u Prozeduren, déi online kënnen erleedegt ginn, nach weider ausgebaut ginn.

Madamm Presidentin, ob mir hei eng Diskussioun iwwer eis Kompetitivitéit féieren an déi domadder verbonnen Entwécklungsperspektive vun eiser Wirtschaft, mir lande letztlech ëmmer bei de Stäerkten a Schwächte vun eisem Standuert. De Standuert Lëtzebuerg fit maache fir d'Zukunft, dat ass eigentlech déi richteg Debatt, déi mer musse féieren. Dat ass en Débat mat Dosende vu Schattéierungen an Elementer.

An enger globaler (veuillez lire: globaliséierter) Welt kann een net méi soen, datt d'Kompetitivitéit vu bëllegen Aarbechtskräften, vun engem gudde Stroossennetz a vun niddrege Steieren ofhänkt. Wier et esou einfach, da kéint all Bananne republik zum attraktive Standuert vun haut op muer opsteigen. Wier et esou, da wier Irland mat enger Betribsbesteierung vun 12,5% e leedende Wirtschaftsstanduert an der EU.

Sou einfach ass et awer net! Et brauch een nääm lech e Mix un Trëmp, steierlecher, infrastruktureller, digitaler, technologescher, mënschlecher, schoulescher, natierlecher, kultureller. Lëtzebuerg huet eng ganz Rëtsch där Trëmp. An et ass un eis, derfir ze suergen, datt mer dës behalen, ausbauen an an e gutt Verhältnis zuenee bréngen.

E Standuert ouni gutt Schoulen, ouni kulturell Offer, déi deen Numm verdéngt, e Standuert ouni en agreabelt natierlecht Ëmfeld, an deem ee sech erhuele kann, e Standuert, dee kaum innovéiert a sech net ëmmer nees selwer nei erfënnt, dat ass keen attraktive Standuert. Et ass eben dat glécklecht Zesummespill tëschent villen Elementer, dat e Standuert attraktiv mécht. Dat sollte mer eis ëmmer virun Ae féieren, wa mer eis mat den Entwécklungsperspektive vu Lëtzebuerg a besonnesch vun eiser Wirtschaft befaassen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Bauler.

D'Lëscht vun den Deputéierten, déi d'Wuert gefrot hunn, ass elo épuiséiert. Ech géif dann elo d'Wuert zréckginn un d'Regierung. Wie fänkt un? Den Här Wirtschaftsminister Etienne Schneider. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

Prises de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci, Madamm Presidentin. Ech géif op e puer Remarquen nach just ganz schnell agoen an dann och op en Deel vun de Motiounen, déi vum honorabelen Deputéierte Mosar hannerluecht gi sinn. An duerno géif den Här Finanzminister dann op déi aner Motiounen zréckkommen, déi hie méi spezifesch concernéieren.

Vläicht eng éischt Remarque zu deem, wat gesot ginn ass vun e puer Riedner, haaptsächlech awer och vum Här Mosar, wat déi Kompetitivitéitsindexen ugeet, op deene mer weltwäit da figuréieren a wou Der gesot hutt, dass eigentlech eng Rei Länner a verschiddenen Indexe besser ofschneide wéi anerer. Dat ass richteg. Besser ofschneide wéi mir, pardon. Dat ass mat Sécherheet richteg, mä dat huet awer och mat de Kritären ze dinn, firwat déi Indexen esou si wéi se sinn.

Mir hu ganz oft Kritären, déi eis soen: Majo, wann Der weiderhin esou en héije Mindestloun hutt, da kommt Der net no vir an eisem Index. Wann Der weider esou eng restriktiv Aarbechtsgesetzgebung hutt, kommt Der net no vir op der Platzéierung an eisem Index. Wann Der weider Ären Index bäibehaalt, kënnt Der Iech net verbesseren an deem Index. Wann Der weider déi Betribsbesteierung hutt, déi Der hutt, kommt Der net virun an deem Index.

Mä dat ass awer eng Volonté politique, fir dat bäizebehalen. Dat ass eng Volonté politique vun der Regierung, fir derfir ze suergen, dass eis Mindestléin héich sinn. An Dir hutt hei alleguerte gëschter d'ailleurs zu 60 déi Augmentatioune gestëmmt. Et ass eis Politik, fir ze soen: Mir wëllen eng Aarbechtsgesetzgebung, déi den Arbeitnehmer ofséchert. A mir wëllen net, dass mer an eng Hire-and-Fire-Politik erakommen, et cetera.

Dat féiert natierlech dozou, wann een dat aus engem absolutt liberale Brëll kuckt, dass mer do eben a verschidden Indexen net esou gutt si wéi anerer.

Mä da wëll ech Iech awer och soen: All déi Länner, déi Dir genannt hutt, Här Mosar, do ass keent derbäi, dat méi Wuesstum huet wéi mir. Dat heescht, déi hunn dat doten alles opgelockert, souwuel hiert Aarbechtsrecht wéi keng Mindestléin respektiv keng automatesch Upassung, wat den Index ugeet, un d'Liewenskäschten. Déi hunn dat alles net. Mä dofir hu se awer net méi Wuesstum. Dofir, mengen ech, soll een dat net allze enk gesinn, déi Indexen.

Mir wäerten do, wou mer kënnen, Verbesserunge maachen. An do, wou se an eis Politik passen a wou se an eist Landschaftsbild passen, do maache mer dat natierlech. Dat maache mer permanent. Mä et gëtt einfach eng Rei Saachen, déi si fir eis en No-Go an dann huele mer eben a Kaf, dass mer net op der éischter Plaz sinn a verschidden Indexen, mä vläicht just op der drëtter, véierter, fënnefter oder enger anerer. Ech mengen, dat wollt ech emol gesot hunn.

Dann zur Simplification administrative. Dir wësst alleguerten, dat Omnibusgesetz, iwwert dat vill geschwat ginn ass, dass dat ganz laang hier ass, dass d'Regierung dat am Parlament déposéiert huet an dass mer enorm laang gewaart hunn op den Avis vum Statsrot. An et ass just dowéinst, wou mer esou spéit dru sinn. Et ass awer elo esou, dass mir gesot ginn ass, dass den Avis complémentaire vum Statsrot elo den 13., also nächsten Dënschdeg soll kommen. An deemno wat dann do drasteet, brénge mer et jo vläicht souguer fäerdeg, fir viru Chrëschtdag dat doten nach hei ze stëmmen. Et wär zumindest emol e Wonsch.

Dann hu mer eng Initiativ geholl, „Einfach Lëtzebuerg" heescht déi, an do wäert Der an den nächste Wochen och gewuer ginn, wat nach alles anescht gemaach ginn ass a gemaach gëtt um Niveau vun der Regierung, fir ebe just d'Simplification administrative weiderzebréngen.

Dann hat ech mer nach opgeschriwwen de Geoblocking, mä do kommen ech herno drop zréck, well et ass jo och eng vun Äre Motiounen.

D'Elektromobilitéit ass e puermol hei ugeschwat ginn, ënner anerem och vum Här Eischen. Also et ass ganz kloer esou, dass déi Elektrizitéit, déi mer an deenen Tanksailen ubidden, dass déi 100% gréng Elektresch ass an dass de But natierlech vun der Elektromobilitéit dee muss sinn, dass déi Autoen herno och mat gréngem Stroum fueren. Well, wann et Kuelestroum ass oder aneren, dann hu mer eigentlech just d'Emissioune verlagert, do wou de Stroum produzéiert gëtt, mä mir hunn awer soss net ganz vill geschafft. Dofir ass dat absolutt de But, dass dat och an Zukunft esou ass.

An dann, dat war eng vun Äre Froen, Här Eischen: Wat bedeit d'Elektromobilitéit fir d'Automobillzouliwwerer? Dat ass eng ganz wichteg Fro, well do wäerte ganz vill Géissereien an Zukunft Problemer kréien, well keng Motorbléck méi musse gegoss ginn. Do wäerten all déi Firmen, déi Autosboîtë produzéieren, Problemer kréien, well dat och an Zukunft an deenen Autoen an deem Sënn net méi gebraucht gëtt.

Mä ech mengen awer, elo fir op Lëtzebuerg ze kommen, dass et mir net baang ass fir eis Automobillindustrie, well mer éischtens an Domäner sinn, déi net betraff si vun der Elektromobilitéit: Dat sinn d'Pneuen, dat sinn d'Autosfënsteren, dat sinn d'Airbagen. Mä generell si mer an all deene Beräicher „High-tech" a permanent amgaangen, eis Evolutioun, pardon, eis weiderzëentwéckelen. An déi Firme sinn, mengen ech, gutt gerüst fir d'Zukunft.

Dann huet den Här Fayot och geschwat gehat vun de Start-uppen, vum Soutien vun de Start-uppen. Ech mengen, wat eng ganz richteg Remarque ass, op där mer schaffen a wou mer och - an do äntwerten ech dann an engems op d'Fro vum Här Mosar -, wou mer jo och probéieren, ze kucken: Wéi kréie mer déi „business angels" méi motivéiert, fir wierklech och Startkapital zur Verfügung ze stellen, fir ze investéieren? Wéi kréie mer dat hin, de Fall wou emol eng Kéier eppes schifgeet, dass se do eventuell e steierlechen Abattement kënne kréien? All déi Saache si mer amgaangen ze kucken. Ech huelen un, dass de Pierre Gramegna nach eng Kéier dorobber ageet.

Den Här Fayot huet dann awer och geschwat, am Kontext vu Rifkin, dass een och do d'Jugend muss mathuelen. An ech mengen, dat ass extrem wichteg. Wa mir dee Wirtschaftsmodell hei nei wëllen definéieren, dann ass en eigentlech fir eis Jugend, dann ass e fir déi kommend Generatiounen. An dofir hu mer och wëlles, an d'Lycéeën ze goen. Mir hunn elo am Februar schonn eng grouss Manifestatioun mat der „Interlycée", wou ronn 600 Schüler zesumme wäerte kommen, wou mer just iwwert deen dote Sujet wäerte schwätzen. Mir wëllen awer och generell an d'Lycéeë goen. Mir wëlle mat de Proffe schwätzen, fir dass dat preparéiert gëtt, dass mer do en Débat kréien. Mir wäerten dat och mam Jugendparlament maachen, et cetera.

Voilà, ech mengen, dat als eng Rei allgemeng Remarquen. Wollt Dir eng Fro stellen?

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Jo.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Jo, sécher.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Oberweis!

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech hunn elo de ganze Mëtteg, Här Minister, nogelauschtert an Dir hutt elo grad ee Wuert gesot gehat. Den Här Rifkin huet gesot: Iwwert d'Schoule gi mer elo bei déi jonk Leit. Elo ass et jo awer esou, wann ee jonk Leit seet, dat ass eis Zukunft, déi Generatiounen, déi no eis kommen. Ech kann net verstoen an ech kann net novollzéien, dass Der dauernd vun engem Wuesstum schwätzt vu 4% bis 5% am Land hei. Mir hu schonn zwee-, dräimol diskutéiert mateneen doriwwer. Deemools hate mer keen, haut hu mer es ze vill.

Erlaabt mer just ze soen als Wëssenschaftler, bei 4% Wachstumsrate hu mer an 18 Joer... hu mer a 14 Joer quasiment eng Verduebelung vun allem. Dat heescht, mir huelen einfach Gott gegeben alles un eis erun. Wéi wëlle mer dat da maache mam ganze Konsum, mam Verbrauch? Och dat musse mer diskutéieren. An enger endlecher Welt kënne mer net dauernd alles huelen!

Mir mussen och verstänneg sinn. Déi, déi no eis kommen, mussen och eppes behalen. Eleng Space Mining geet net duer. Dir wësst, ech si kee Frënd vun där Saach, awer op den Asteroide fannt Der et net.

Wann ech gelift, kommt mir halen op mat där riseger Wachstumspolitik hei! Dat kann net gutt goen. Dat endegt an engem Chaos!

Une voix.- Très bien!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech mengen, dat, wat Dir do sot, ass jo eigentlech net falsch. Mä och do gëtt et am Rapport Rifkin... An ech wëll soen, wann ech vum Rapport Rifkin schwätzen, da sinn dat 300 Lëtzebuerger Experten, déi ee Joer un deene Modelle geschafft hunn, déi 475 Säiten Iddien déposéiert hunn.

Do gëtt jo och ganz staark gesat herno op d'Économie circulaire. Do gëtt ganz staark gesat herno op d'„shared economy", also d'Économie partagée. Dat heescht, dass mer net méi musse wuessen, dass mer net méi mussen hi-

goen an eng Gesellschaft, wou alles benotzt gëtt an ewechgehäit gëtt.

Haut kënnt Dir - an ech mengen, den Här Anzia hat d'Beispill ginn -, haut kënnt Dir alles recycléieren. Dir hutt Beispiller gi vun Tarkett, déi dat maache mat den Tapis-plainen. Dat heescht, dee Ressourcëverbrauch, dee mer haut hunn, deen dierf et an Zukunft net méi ginn. A mat deenen neien Technologië kréie mer dat och hin!

An och de Fait, dass mer higinn, duerch zum Beispill eng „shared economy" beim Auto: Wann Der haut en Auto an der „shared economy" hutt, deen ersetzt aacht Autoen! Dat heescht, et brauch ee vill manner Material, et brauch ee vill manner eegen Autoen, wann een den Auto deelt. Well Dir wësst alleguerten, a jiddweree weess dat fir sech selwer, dass säin Auto 90%, wann net méi, vun der Zäit iergendwou steet ze hënneren.

Wa mer et also fäerdegbréngen, deen Auto als einfach nëmmen eng Source de mobilité ze gesinn, an Dir kënnt herno iwwert déi modern Technologien, iwwer Äre Smartphone soen, wéini Der gär wou en Auto hätt - an dee kënnt och nach „driverless" bei Iech gefuer, also ouni Chauffeur! -, dann hutt Der en Auto optimal agesat. Anstatt dass Der der aacht baut, fir dass jiddwereen zefridden ass, hutt Der een, dee permanent fiert, an dat och nach gréng, mat gréngem Stroum.

Also, wat ech wëll soen, et ginn esou vill Iddien...

M. Marcel Oberweis *(CSV).-* Dat ass e Prozess, dee laang dauert.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Jo, sécher ass et e Prozess, dee laang dauert. Mä dofir hu mir jo den Avantage, dass mer fréi ufänken. Mir sinn dat éischt Land, wëll ech hei awer soen, dat sech eng landeswäit Strategie wëllt ginn.

A mir sinn net nëmmen an enger theoretescher Diskussioun, well mer jo all déi Infrastrukture schonn amgaang sinn, en place ze setzen. Wann ech vun der Elektromobilitéit, vun de Bornë schwätzen, wann ech vum ICT-Secteur schwätzen, vun den Infrastrukture fir ICT, fir eben all déi Connexioune fäerdeg ze kréien, wann ech vum Energie-Internet schwätzen, wann ech vun de Smart-Metere schwätzen: Dat si mer jo schonn alles amgaang, en place ze setzen.

Ech mengen, mir si wierklech gutt opgestallt, éischtens, well mer villes schonn en place hunn oder amgaang sinn, en place ze setzen. Zweetens, well mer d'Suen hunn, fir et ze maachen.

Et ass gesot ginn am Rifkin-Rapport, dass mer ronn, wann ech et elo nach richteg am Kapp hunn, 50 Milliarde wäerte mussen investéieren, fir alles dat doten en place ze setzen, bis et fonctionnéiert an dass et fonctionnéiert.

Elo ass gesot ginn: Mä wéi solle mer dat da bezuelen? Mä dat ass absolutt keen Thema! Wann een dat dote rechent iwwert déi Joren, déi virgesi sinn, da wär dat en Invest vu ronn 1,7 Milliarden d'Joer, dee misst gemaach ginn, staatlech a privat.

Mir hunn eleng als Stat eng Investitiounsquot vu 500 Millioune méi héich, dat heescht vun 2,3 Milliarden. Dat heescht, dat schaaft eis eigentlech finanziell iwwerhaapt kee Problem, well mer souwisou déi Investitioune maachen. Dofir sinn ech wierklech gudder Déng, dass mer villes, wat do vun Iddie vun deenen 300 Leit ausgeschafft ginn ass an op deene jo elo weidergeschafft gëtt mat engem largen Débat public, dass villes dovu wierklech kann ëmgesat ginn an dass mer dann e Wuesstum kënnen hunn, dee ressourcëschounend an Zukunft ka sinn. Mä ech ginn Iech recht: Alles anescht féiert an en Desaster, wa mer dat net an de Grëff kréien!

Voilà, wann Der dann erlaabt, Madamm Presidentin, géif ech op e puer Motiounen agoen, déi mech elo direkt concernéieren, an duerno mengem Kolleeg Pierre Gramegna d'Wuert ginn.

D'Motioun N°2, Här Mosar, do frot Der, dass mer, wat d'Ëmsetzung vun den Direktiven ugeet, «la directive et rien que la directive» maachen. Ech kann Iech soen, dass dat Pratique courante an der Regierung ass. Mir hunn dat eemol net gemaach, an dat war am Dépôt vun de Garantië fir Banken. An dat hu mer gemaach, an den Här Gramegna ka gär och nach eng Kéier drop agoen, wéinst der Reputatioun vun der Lëtzebuerger Finanzplaz.

Mais pour le reste ass et ganz strikt den Uerder un d'Verwaltungen, bei Direktive gi just d'Direktiven ëmgesat an net nach vill Saache ronderëm brodéiert respektiv se ginn net nach méi streng gemaach wéi dat muss sinn. Dofir géif ech proposéieren, dass mer déi Motioun 2 ofleenen, well dat do Pratique courante zu Lëtzebuerg ass.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.-* Da kéint Der se jo unhuelen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Gelift? Majo, mä et ass Pratique courante. Firwat soll ech se dann nach unhuelen?

(Brouhaha)

Dann d'Motioun N 3. An der Motioun N 3 frot Der, dass mer e Guichet unique national en place setzen an dee soll och also d'TVA-Verwaltung derbäi hu respektiv aner Verwaltungen, also dass et net just Dokumenter sammelen ass, mä dass anerer derbäi sinn.

Ech wëll Iech soen, dass ebe just den House of Entrepreneurship, dee mer elo geschaaft hunn, do ass och d'ADEM dran, do ass och d'ITM direkt derbäi. Déi sinn direkt derbäi. Do ass de Ministère de l'Environnement direkt derbäi. Dat heescht, d'Leit ginn direkt berode sur place a se brauchen net iergendwellech Formulairen auszefëllen, mä se gi sur place guidéiert. Et ass och esou, dass de Ministère de l'Économie säi Guichet unique mat doran afléisse gelooss huet. Dat heescht, och de ganzen Know-how an d'Leit vum Ministère de l'Économie si mat dodran. Vun dohier, mengen ech, ass dee Punkt och erfëllt.

Da wëll ech awer nach soen, dass mer zousätzlech dernieft e Guichet virtuel geschaaft hunn, deen et also och erlaabt, déi ganz Saachen ze regelen, ouni sech iwwerhaapt mussen ze déplacéieren. Dir frot jo, dass et do Antennen nach soll ginn. Et gëtt e Guichet unique nach am Norde vum Land, deen och gesponsert gëtt vum Syvicol, vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers. Dofir géif ech wierklech och déi heiten net wëllen unhuelen, well mir hunn elo en Outil, deen elo just ugefaangen huet, dat House of Entrepreneurship, dat alles zesummebréngt.

Mir kréien dat net fäerdeg, dee Service kréie mer net geleescht, wa mer herno x Antenne mussen hunn, wou an all deenen Antennen da musse Leit vun all deene Verwaltunge sëtzen, wann emol deen een oder aneren dann op Besuch kënnt, fir eppes ze maachen. Dat kréie mer technesch net hin!

An ech mengen och, deejéinegen, deen e Problem huet, oder deejéinegen, dee seng Firma wëllt grënnen, huet och kee Problem, entweder dann am Norden an dat Haus ze goen oder am Zentrum an dat Haus ze kommen, wann e virun allem dann all seng Problemer geléist kritt sur place. Dofir géif ech och proposéieren, dat ofzeleenen, well mer, just wa mer dat konzentréiert maachen, eis kënnen erlaben, esou e Service ze bidden, wéi et elo virgesinn ass.

Da géif ech zur Motioun N°10 kommen. Do frot Der «à mieux supporter les entreprises luxembourgeoises face aux problèmes du libre approvisionnement» an «à vérifier et à transmettre ces réclamations à la Commission européenne», also déi da solle gesammelt ginn. Ech wëll Iech just soen: Ech kann d'Entreprisen net nach méi ënnerstëtzen doranner, wéi ech dat maachen! Ech si permanent amgaang, Dir hutt et selwer gesot, mam Michel Barnier, dee jo elo fir de Brexit zoustänneg ass, hunn ech dat verhandelt. Deen huet mer versprach, dee géif där Saach nogoen. Et ass awer ni eppes geschitt. Ech hoffen, dass e bei de Brexit-Verhandlungen do e bësse méi aktiv ass.

(Brouhaha)

Ech hunn et duerno mat senger Nofolgerin, der Madamm Bienkowska x-mol diskutéiert.

(Interruption)

Si sot och, jo, dat wär eng Sauerei, dat dierft net sinn; geschitt ass awer nach ëmmer näischt! Ech si regelméisseg amgaang, zu Bréissel dat do ze rappeléieren. Ech ginn Iech gären all meng Rieden, déi ech an deene leschte Méint zu Bréissel gehalen hunn.

(Interruption)

Et ass all Kéiers do dran. An dofir mengen ech, méi wéi dat kann ech net maachen. Et ass leider esou, dass et u Bréissel läit, dass Bréissel dat dote muss maachen, an ech sinn net deen, dee fir Saachen, déi e selwer net mécht, da Bréissel d'Schold gëtt. Mä et ass awer nun emol hei esou, dass Bréissel misst do intervenéieren.

Ech mengen, dat Eenzegt, wat eigentlech géif hëllefen, dat wär, wann eis Grande-surfacen, well meeschtens sinn et jo déi grouss Distributeuren, dass déi einfach déi Marke boykottéieren eng Zäit. Da géif et hinne wahrscheinlech opfalen an da géife se, och wa Lëtzebuerg e klenge Marché ass, da géife se awer denken: „Okay, vläicht musse mer dat doten änneren." Wann haut all Supermarchéen zu Lëtzebuerg net méi bei Vittel hiert Waasser kafen, mä bei engem aneren, zum Beispill zu Biekerech, da géif wahrscheinlech och do iergendwann een erwächen a soen: „Okay, Dir musst net méi iwwert den Distributeur vu Bréissel fueren an deem seng Marge och nach matbezuelen, mir liwweren Iech direkt."

Dofir, mengen ech, ass dat déi eenzeg Hëllef, déi ech elo nach gesinn, wann d'Kommissärin zu Bréissel sech net beweegt. Dofir entschëllegt mech, mä och dofir kann ech déi Motioun N°10 net unhuelen.

An dann déi Motioun N°12, wou Der frot «à présenter dans les meilleurs délais un plan d'action pour donner accès à des connexions ultra-haut débit dans toutes les régions du pays». Sorry, mä dat ass amgaang! Dee gëtt et, deen ass och scho presentéiert ginn. Et ass esou, dass op 2017 wäerte 60% vum Land mat Connexions haut débit versuergt sinn, a bis 2023 wäerten dat 80% sinn.

Am Ufank wollte mer 100% hunn, direkt 100% hunn. Dat géif awer esou en enormen Invest mat sech bréngen, fir herno wierklech op den entleeënsten, ech soen elo emol deen entleeënste Bauerenhaff nach eng Ultra-haut-débits-Leitung ze leeën, dass dat e Käschtepunkt wär, deen ëm Honnerte Millioune méi deier géif ginn, wéi elo ze soen: „Hei, mir maachen elo emol alleguerten déi, déi wierklech prioritär sinn a wou wirtschaftlech Aktivitéite sinn. An duerno maache mer et lues a lues, esou wéi souwisou d'Stroossen opgerappt ginn, fir an déi verschidde Géigenden, an déi verschidden Haiser ze kommen, da leeë mer et do natierlech mat." Et ass just aus Rentabilitéitsgrënn, wou mer soen: „Okay, mir probéieren dat do elo ze maachen, 80% bis 2023." An da soen ech Iech, da vergläicht eis mat all de Länner ronderëm eis, da leie mer dräimol méi héich wéi dat an deene Länner de Fall ass!

Här Mosar!

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.-* Jo, ech soe Merci fir d'Äntwert. Allerdéngs, ëm wat et eis geet: Dir hutt e Plang, dee geet bis 2023. Mir sinn elo geschwënn 2017. Mir fannen, besonnesch och am Kontext vun deenen Diskussiounen iwwert d'Rifkin-Etüd, iwwert d'Digitalisëierung vun deem Land, datt dat einfach ze laang ass! Duerfir fuerdere mer Iech nach eng Kéier op a mir sinn nach eng Kéier der Meenung - et geet elo net drëm, ob dat finalement herno 80% oder 90% oder 85% sinn -, mä mir mengen einfach, datt dat do ze laang dauert, déi sechs Joer, bis mer op deenen 80% sinn. Duerfir hätte mer dat gär an duerfir hu mer déi Motioun och déposéiert, datt Der eis nach eng Kéier sot, ob Der net och der Meenung wäert, datt een hei kéint e Gank méi aleeën.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Här Mosar, de Problem ass, wa mer dat dote wëlle maachen, esou wéi Dir et proposéiert, dann ass d'ganzt Land en eenzege Chantier! Da gëtt et keng..., neen, mir mussen all Strooss...

(Interruptions diverses)

...et deet mer leed, mir mussen...

(Brouhaha)

...mir mussen déi Leitungen iwwerall ënnerierdesch leeën. Dat heescht, mir rappen alles op! An dat a kuerzer Zäit? Ech wëll just dann Iech soen: All déi Buergermeeschteren an all déi Leit, déi musse Responsabilitéit huele fir all déi Chantieren - Dir wësst jo, wéi frou dass d'Leit da sinn!

(Interruptions)

Dofir hu mir eben eng duebel Strategie. Mir soen, dass iwwerall do, wou Prioritéite sinn, do leeë mer se direkt, onofhängeg dovun, ob d'Stroosse mussen opgerappt gi souwisou oder net. Mä all déi aner, déi maache mer au fur et à mesure wéi d'Gemengen hir Stroosse souwisou oprappen, fir de Gas, fir d'Elektresch, fir aner Saachen, fir d'Kanalisatioun neizemaachen. Do leeë mer se da mat dran.

Ech mengen, dass dat e Kompromëss ass, deen net dozou féiert, dass d'Land ënnergeet a Chantieren, deen awer trotz allem derfir suergt, dass Lëtzebuerg bäi Wäitem e Virreider ass, wat seng Connexiounen ultra-haut débit ugeet.

An da wëll ech Iech nach soen: Dat do ass en Investprogramm eleng bei der Post vu ronn 500 Milliounen Euro. Wa mer dat maachen, wat Dir proposéiert, da si mer bei ronn 200 Milliounen Euro méi Invest, fir awer kee Rendement ze kréien. Dir musst da Leitunge leeën, wou Der finalement een hannendrunhänken hutt. Dee rembourséiert Iech déi ni, dee rentabiliséiert Iech déi ni. An dat muss een natierlech och considéréieren, wann een esou Investitioune mécht.

Dofir, wéi gesot, proposéieren ech, och déi Motioun net unzehuelen, virun allem awer, well de Programm do ass. Dir kënnt elo net domat zefridde sinn, mä de Programm ass awer do an en ass och fixéiert.

Voilà! Domat wär ech um Enn...

Mme Octavie Modert *(CSV).-* Wéi ass et da mat der Mission de service public vun der Post?

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* ...an da géif ech fir déi aner d'Wuert zréckginn, fir dass Dir et da kënnt un den Här Finanzminister ginn.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.-* Hutt Der keng..., entschëllegt, Här Minister, hutt Dir keng Stellung zu der Motioun 5? Well Dir hutt näämlech virdrun doriwwer geschwat an Dir hutt awer elo näischt méi dovu gesot.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Dat mécht den Här Gramegna.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Okay. Merci, Här Minister. Elo ass et um Här Finanzminister Pierre Gramegna. Här Gramegna, Dir hutt d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.-* Merci, Madamm Vizepresidentin. Ech géif gären op zwee Sujeten e bësse méi laang agoen an dann herno op déi eenzel Motiounen, déi déposéiert gi sinn.

Déi éischt grouss Prioritéit, déi den Deputéierte Mosar opgeworf huet, ass déi vun de Finances publiques, vum Triple-A a vun der Nohaltegkeet vun eise Finanzen. Mir hate fir 2014, fir 2015 a fir 2016 virgesinn, fir Prêten ze maachen: ronn dräi Milliarden. Wivill Prêten hu mer gemaach an deenen dräi Joer? Keen! Dat heescht, dass mer doduerch, dass mer Mesurë geholl hunn, déi jo laang hei debattéiert gi sinn an déi och vun der Oppositioun net gestëmmt gi sinn, well se soi-disant net gutt wieren an hiert Ziel net géifen erreechen, domat hu mer ganz vill Mesurë geholl, déi hiert Zil nach besser erreecht hunn, wéi mer et geduecht haten, well mir hunn all Kéiers besser ofgeschloss wéi virgesinn.

Mir haten also an deenen dräi Joer 2014, 2015, 2016 praktesch en Équiliber am Zentralstat an e groussen Iwwerschoss am Gesamtstat. Dofir sinn eis Statsfinanzen haut gesond an dofir ass d'Schold haut am Absolutte méi niddreg wéi virun dräi Joer, well mer jo nach kee Prêt ugeholl hunn, mat Ausnam vum Sukuk, muss een ëmmer rappeléieren, 200 Milliounen Euro, dee mer gemaach hu fir d'Diversifikatioun vun der Finanzplaz. Mir hunn also keen Emprunt obligataire gemaach. Mir stinn also ganz gutt do. Eis Schold ass also an absolutten Terme méi niddreg wéi se war, an da par rapport zu eisem Räichtum, zu eisem PIB ass d'Schold vun 23,5% erofgaangen op 20%.

D'Regierung hat sech engagéiert, huet sech engagéiert, dass d'Schold à tout moment sollt ënner 30% falen. Elo si mer op 20%. Wat heescht dat? Mä dat heescht, dass mer eist Zil vun der Sanéierung vun de Statsfinanzen erreecht hunn! An elo kënnt en neie Moment! A wat ass deen neie Moment? Dës Regierung huet décidéiert, op zwou wichteg Saachen ze insistéieren, éischtens op den Invest, dass mer dee solle ganz héich halen, well eist Land sech séier entwéckelt a well mer dat fir d'Liewensqualitéit vun de Leit a vun den Entreprisë musse maachen. An zweetens hu mer décidéiert, d'Steieren erofzesetze fir d'Personnephysiquen a fir d'Entreprisen, well mer mengen, dass dat och kontinuéierlech eise Wuesstum wäert ënnerstëtzen.

Dës Regierung huet ni gesot, si géif ni erëm eng Schold maachen! Si huet gesot, si géif ënner 30% bleiwen, a si ass op 20% vum PIB. Dofir, mir sinn elo an engem neie Moment a mir mengen, dass et d'nächst Joer utile ass, d'Investissementen nach op Rekordniveau ze halen an zweetens déi Steiererliichterung ze maachen. Déi Steiererliichterung, dat soll och nach derbäigesot ginn, wäert och mat sech bréngen, dass d'Leit méi Kafkraaft hunn an dass et eisem Land nach weider besser geet. Dat ass eben e politesche Choix, dee vläicht Verschiddener net hei deelen, mä et ass deen, deen dës Regierung mécht, a mir sti voll hannert deem!

Ech wëll awer och ënnersträichen, dass mir net déi Eenzeg sinn, déi esou denken. De Fonds monétaire international seet genau datselwecht, dass déi Länner, déi Sputt hunn - an ech hu jo elo grad bewisen, dass mir Sputt hunn, well mer dräi Joer laang keng nei Schold gemaach hunn an elo méi Sputt hunn -, dass dee soll ausgenotzt ginn, fir méi Croissance ze kréien. Fir eng besser Croissance ze kréien!

Ech si ganz d'accord mat deenen, déi soen, mir sollten net egal wéi wuessen. Dofir hu mer jo, an ech hat dat a menger Budgetsried schonn hei erläutert, dorop insistéiert, dass mer qualitative Wuesstum maachen. A qualitative Wuess-

tum heescht ganz kloer, méi a besser investéieren.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Gramegna, erlaabt Der, dass den Här Mosar lech nach eng Fro stellt?

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Jo, natierlech.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Mosar!

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Här Finanzminister, Merci fir déi Explikatioun. Ech géif just eng Fro stellen, mat der Bitt ëm eng kloer Äntwert. Dir hutt virun zwee Joer wärend den Debatten iwwert d'Kompetitivitéit folgend Ausso gemaach: „Wa mer näischt géife maachen, hätte mer iwwer eng Milliard Scholden am Zentralstat an all Joer, an dat ass jo net haltbar. Dat wär ganz schlecht fir eis Indépendance de décision par rapport zu Bréissel an et wär ganz schlecht fir eis Kompetitivitéit." Mir stelle fest, mir hunn eng Milliard Scholden am Zentralstat am Budget 2017. Ass dat, wat Dir 2014 gesot hutt, nach ëmmer richteg, jo oder neen?

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ma ech hunn dach... Ech mengen, ech hunn net kloer Lëtzebuergesch geschwat! Well ech hat elo geduecht, ech hätt grad dorop geäntwert; dass mer dräi Joer laang hannerenee bal keen Defizit haten! A contrairement zu där Politik, wa mer déi weidergefouert hätten, wéi déi viregt Regierung se gemaach hätt, dann hätte mer '14 eng Milliard Defizit gehat, '15 eng Milliard Defizit a '16 eng Milliard Defizit! Dat ass elo net geschitt.

(Protestations)

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Mä virdru ware manner Recetten!

(Coups de cloche de la présidence)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- An dofir - an ech äntwerten lech -, dofir kënne mir eis en Defizit vun enger Milliard d'nächst Joer erlaben: well mer dee Sputt hunn! Dat hunn ech dach elo grad gesot!

(Interruptions diverses)

Ma natierlech ass et seriö!

(Interruptions diverses)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift! Also, den Här Gramegna huet elo eleng d'Wuert!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Dir kënnt lech doriwwer..., Dir kënnt lech doriwwer opreegen, mä eis Situatioun, eis Situatioun...

(Interruption)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Ee Moment!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- ...eis Situatioun erlaabt eis, elo Scholden ze maachen, well mer dräi Joer hannerenee jo iwwerhaapt keng gemaach hunn! Wou ass dann do de Problem?

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Wat Dir 2014 gesot hutt, ass elo net méi richteg?

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ech hunn...

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Jo, neen? Äntwert mat Jo oder mat Neen, Här Minister!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Mosar, Dir hutt d'Wuert net gefrot, also loosst wann ech gelift den Här Gramegna elo schwätzen!

(Brouhaha)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Also ech versichen, ganz fäin hei ze sinn.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Ee Moment, Här Roth, loosst den Här Gramegna elo emol äntwerten!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Also, ech versichen hei ganz fäin ze sinn an ech hunn elo schonn zweemol drop geäntwert...

(Coups de cloche de la présidence)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Et ass ze vill Kaméidi am Sall.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- ...an ech wäert elo net nach eng drëtt Kéier datselwecht widderhuelen. An ech fannen dat do einfach net fair, wann ee mécht,...

(Exclamations)

...wann ee mécht, wéi wann ech net...

(Interruption)

Ech loosse mech net hei... Ech widderhuelen et nach eng Kéier, fir d'Drëtt, fir d'Drëtt: D'Konjunktur ännert! An dofir war ech jo amgaang ze erklären, wéi Der mech ënnerbrach hutt, dass de Fonds monétaire international, d'OECD an - elo kënnt awer dat Allerwichtegst - d'Europäesch Kommissioun virun e puer Deeg nach eng Kéier gesot hunn: „Déi Länner, déi Sputt hunn, sollen eng Politique budgétaire expansionniste féieren" Dat huet d'Kommissioun virun dräi Joer eben net gesot, Här Mosar, well deemools d'Situatioun anescht war, well jiddweree méi eng héich Schold hat!

A si geet a ganz Europa erof, d'Schold, zu Lëtzebuerg geet se ganz séier erof. An dofir kréie mer vun allen internationalen Institutioune gesot, mir sollten dee Sputt ausnotzen, fir dass mer de Chômage a ganz Europa reduzéiere kënnen, fir dass mer d'Liewensqualitéit besser kënne gestalten. Well Europa ass déi Géigend an der ganzer Welt, déi am wéinegste gewuess ass an de leschte siwe Joer. An dofir soen ech nach eng Kéier: Mir hunn en Triple-A, eis Schold ass haut méi niddreg, an dofir kënne mir e Prêt maachen. An ech wëll hei keng...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Gramegna, erlaabt Der, dass den Här Roth lech nach eng Fro stellt?

(Brouhaha)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Neen, ech wëll keng! Ech hunn elo dräimol drop geäntwert.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Awer eppes anescht wéi dat, wat elo gefrot ginn ass, Här Roth,...

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ah neen, neen, neen, et geet mer elo duer!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- ...net erëm datselwecht. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Hien huet d'Wuert net! Firwat huet en d'Wuert kritt?

(Brouhaha général, interruptions et exclamations)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Ma neen, en huet..., neen, dat war den Här Mosar. Da waart, da loosst e fir d'Éischt emol froen. Här Gramegna, da loosst e fir d'Éischt emol seng Froe stellen!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Da kommt, mir ginn! Kommt, mir ginn!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Hien huet jo nach keng Fro gestallt. Här Roth, stellt Är Fro, wann ech gelift!

(Brouhaha général)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Also Madamm Presidentin, Madamm Presidentin, ech wëll de Finanzminister drun erënneren, dass hien hei am Parlament ass...

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...an dass den Här Finanzminister, dee sech kenger Wahl gestallt huet, dass deen net ka soen, dass hei en Deputéierten d'Wuert net am Parlament kritt!

(Interruption)

Ech stellen dem Finanzminister duerfir d'Fro...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift, da kommt elo zu Ärer Fro!

Une voix.- Dee Culot muss een hunn!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Dee Culot muss een hunn!

Ech stellen duerfir dem Finanzminister d'Fro, firwat dann an der Regierungserklärung, wéi Der ugetruede sidd, den Här Bettel ugekënnegt huet, d'Land hätt eng Milliard Schold am Zentralstat an duerfir misst en Zukunftspak, en „Bezuelpak" gemaach ginn. Firwat hutt Der deen da gemaach? Firwat hutt Der de Leit 2015 an 2016 fir d'Éischt emol honnert Milliounen aus der Täsch gezunn, fir en Impôt d'équilibrage budgétaire ze maachen? Wou Der gesot hutt, et wier fir d'gratis Kannerbetreiung, déi Der nach bis haut net gemaach hutt!

Firwat hutt Der d'TVA an d'Luucht gesat ëm 2%, wou d'DP, Dir, wou Der Finanzminister sidd, wou Der déi ni an Ärem Wahlprogramm ugekënnegt hutt a wou Der och nach d'Leit gedinn hutt, TVA ze bezuelen op dem Bau fir en éischt Eegenheem? Firwat hutt Der dat gemaach? Firwat hutt Der de Leit d'Suen aus der Täsch gezunn? An elo, alleguerten déi Précepter, déi Dir virgeluecht hutt, fir dass d'Leit dat hu misse bezuelen, elo sot Der: „Dat spillt elo net méi fir eis."

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ech répétéieren elo net nach eng Kéier...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift: Ech hätt gär Rou am Sall an den Här Gramegna huet elo eleng d'Wuert! Well hei uewen héiert een näischt, wat Der schwätzt!

(Interruption)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ech wëll elo just soen, dass ech an der ganzer Debatt keng...

(Interruptions)

Ech hu keng Interruptioun gemaach, Här Roth. Ech si ganz frou, dass Dir konnt Är maachen. Ech huelen déi zur Kenntnis. Ech si mat Ärer Analys absolutt net d'accord! A mir wäerte ganz vill Geleeënheet hunn, an der Budgetsdebatt drop zréckzekommen,...

(Brouhaha)

...an ech freeë mech op déi Diskussioun, well mir si ganz houfreg op eis Zifferen. Déi loosse sech weisen!

(Brouhaha)

A mir kréie vun der Kommissioun bescheinegt, dass mer gréng Luucht op alles hunn, wéi nëmme véier aner Länner an Europa. A wéi gesot, Europa seet de Länner, si sollen eng expansionistesch Politik hunn. Dat hu se ebe virun dräi Joer net gesot. An déi Schold, déi mer dann d'nächst Joer wäerten ophuelen, déi wäert eisem Land net schueden, déi kënnt eisem Land positiv zegutt.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Gramegna, den Här Krieps wollt och nach eppes froen.

(Brouhaha)

Här Krieps, wann ech gelift.

M. Alexander Krieps *(DP).*- Jo, Merci, Madamm Presidentin. Ech wollt am Fong de Minister froen - ech weess net, ob en d'Äntwert huet -, firwat d'Regierung 2011, '12 an '13 aacht an eng hallef Milliard geléint hat. Dat ass déi éischt Fro.

Déi zweet Fro: Ech ka mech erënneren, dass an der viregter Regierung bei der Lag vun der Natioun den Här Juncker annoncéiert hat, d'TVA ëm 2% ze hiewen. Dat kann ech mech op alle Fall gutt erënneren!

Une voix.- Ah sou?!

(Interruptions diverses)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Bon, wann ech gelift, dat do...

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Eisen aarme Jean-Claude kritt fir alles ëmmer d'Schold! Dat ka jo net sinn, dat doten!

(Interruptions diverses et brouhaha général)

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Wat bretzt Der lech dann domat, datt Der haut esou vill méi Recetten am Budget an eng besser Konjunktur...?

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Fir d'Banken ze retten iwwregens, soss hätte vill Leit hir Haiser misse verkafen.

(Coups de cloche de la présidence)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift! Dir musst elo roueg sinn, well hei uewe versteet een iwwerhaapt näischt. Ech géif elo ëm Rou bieden, an Här Gramegna, fuert virun! Wann ech gelift, all Mënsch roueg!

(Interruptions)

Wann ech gelift, Här Roth!

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Méi wéi just eng Blo.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Mir verléieren hei nëmmen Zäit! Mir mussen an esou vill Minutten hei eraus, well et muss schwaarz gemaach ginn.

(Protestations et interruptions diverses)

Neen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- ...Hei schwätze mer esou laang, wéi mer wëllen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Et ass gutt. Dir wësst, dass de Palais...

Une voix.- Décidéiere Grand-Ducs ewell eisen Ordre du jour?

M. Eugène Berger *(DP).*- Eng blo Bank, dat ass, wou den Här Frieden elo President ass.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- De Palais huet dat gefrot, net mir.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Sou, sidd Der elo vläicht roueg a loosst den Här Minister schwätzen?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Kréie mer elo schonn e Maulkuerf opgesat?

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Neen. Dir wësst ganz genau, dass de Palais gefrot huet.

M. Eugène Berger *(DP).*- Den Här Gibéryen war de ganze Mëtten an der Bar an elo kënnt en heihinner déck Bake maachen!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Also haalt wann ech gelift elo op, et ass wierklech ënner allem Niveau elo!

Une voix.- Dat sot Der gutt! Dat sot Der gutt.

Une autre voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Gramegna, Dir hutt elo eleng d'Wuert. An ech géif wierklech d'Kolleege bieden, fir elo e bëssen Disziplinn ze hunn!

Une voix.- Hutt Der héieren, Här Krieps?

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Gramegna. Da wann ech gelift, alleguer!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Mäin zweete Punkt ass iwwert d'Steierpropos, fir bei den Entreprisë vun 30% op 15% erofzegoen. Ech wëll dem Här Mosar hei ganz kloer soen: Firwat schwätze mir vun 21% an 19% an 18%? Well mir op dem Impôt sur le revenu des collectivités eppes maachen! Et ass deen, deen erofgeet. An dofir schwätze mer iwwert deen. De Gesamttaux ass natierlech deen, wann een d'Gemengesteier, den Impôt commercial communal, dozourechent. Un dee gi mer net, de Calcul gëtt zwar geännert, mä un dee gi mer jo net drun. An dofir schwätze mer vun deem (veuillez lire: vun deem aneren).

A fir et dann duerzestellen, wéi wa mer do keng éierlech Attitüd hätten, andeem mer net vum Gesamttaux schwätzen, dat fannen ech net an der Rei. Ech wollt dat hei riichtbéien. Mir schwätze vun deem Taux, dee mer änneren. An de Gesamttaux geet dann erof, de Gesamttaux vun deenen zwou Steiere geet dann erof vun 29% op 26%.

Ech géif ganz gäre méi maachen, Här Mosar. Mä ech packen dat budgetär net. A wann Dir esou hefteg hei kritiséiert, dass mir d'nächst Joer eng Milliard léine ginn, verstinn ech net, firwat Der esou insistéiert, dass ee fir d'Entreprisen Honnerten an Honnerte Milliounen nach méi misst maachen, well dat ass jo net ze conciliéieren.

An da wollt ech och nach derbäisoen, mir hunn déi Tauxen, déi mer hunn, mä mir wësse jo och, dass mer Taux-effectiffen hunn an dass mer eng ganz Panoplie vu Mesuren hunn, Abattementen an aner Saachen - Crédit d'investissement an aner Mesuren -, déi jo maachen, dass déi Tauxen en fait reduzéiert sinn, wat mat sech bréngt, dass mer en fait schonn haut relativ kompetitiv sinn.

An ech sinn net d'accord mat Ärer éischter Motioun, déi eis en fait e Carcan géif operleeën, wéi mir an Zukunft wëlle kompetitiv bleiwen.

Ech hunn hei Stellung geholl, andeem ech gesot hunn: „Mir maachen elo emol déi Reduktiounen, déi virgesi si fir d'nächst Joer fir d'Entreprisen, a fir de Rescht kucke mer, wéi déi ganz Emsetzung vu BEPS wäert an Europa geschéien." Dat ass haut an de leschte Méint a Wochen och geschitt an Europa. Do hu mer och eng Rëtsch Délaien. A wéi mer dorop äntwerten, fir dat ze kompenséieren, dat kann ee wahrscheinlech op eng méi nuancéiert Manéier maachen, wéi wann een einfach den Taux de l'impôt sur le revenu des collectivités drastesch erofsetzt.

Ech wëll och insistéieren, dass, wann een deen Taux géif spektakulär erofsetzen, mer eis domat klack op de Radar setze vun den internationalen Observateuren an dass mer genau déiselwecht Problemer vun Image géife kréie wéi déi, déi mer am Kontext vu LuxLeaks haten. An aus deem Grond wollt ech, wéi gesot, déi éischt Motioun net adoptéieren.

Ech wëll och soen, dass...

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Madamm Presidentin!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Jo, Här Mosar.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Ech hunn dem Här Finanzminister seng Explikatioun do gelauschtert. Ech wëll just nach eng Kéier kloer soen - an dat steet an eiser Motioun dran, ech hunn dat dräimol gesot -, datt mir net proposéieren, datt einfach nëmmen d'Kierperschaftssteier soll erofgesat ginn, mä mat

enger gläichzäiteger Verbreederung vun der Base! An Dir hutt selwer déi eng oder aner Kéier gesot an der Ëffentlechkeet oder an der Finanzkommissioun, datt mer, wann déi Verbreederung vun der Base géif kommen, missten erofgoen.

Dat heescht, mir proposéieren eigentlech genau datselwecht, just datt mer et elo par anticipation proposéieren. Sot also net ëmmer, Här Finanzminister, mir géifen einfach nëmmen hei eng Reduktioun froen! Mir soen: „mat enger gläichzäiteger Verbreederung", wat dann och net als Konsequenz hätt, datt do grouss Déchet-fiscalle wieren.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Firwat hutt Der da keen Amendement... gemaach?

(Interruption par M. Laurent Mosar)

Mä firwat maacht Der dann do keen?

(Interruption par M. Laurent Mosar)

Firwat maacht Der dann do keen?

(Interruptions diverses)

Gelift?

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Hei, wann ech gelift, net all duerjerneen!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech wëll en emol liesen!

Plusieurs voix.- Aah!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech wëll en emol liesen! Ech huelen dach näischt blann un!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Schneider, wann ech gelift, Dir musst Iech och un d'Chamber wennen an net elo mat dem Här Mosar diskutéieren. Den Här Gramegna kritt d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ech mengen, ech sinn haut net kloer a mengen Äntwerten.

(Hilarité et brouhaha)

Plusieurs voix.- Neen, neen!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Mä ech mengen, ech sinn awer kloer, dach! Mä dofir äntwerten ech nach eng Kéier, dann och fir d'Zweet och op dës Fro! Ech si jo d'accord: Mat der Evolution internationale wësse mer, dass d'Basis méi breet gëtt.

Une voix.- Voilà!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Do si mer eis eens. An do hunn ech jo och scho gesot, dass d'Regierung géif kucken, fir dat kënnen ze kompenséieren. D'autant plus well mer gesond Statsfinanzen hunn, kënne mer eis dat erlaben, soss kéinte mer dat wahrscheinlech net an der Zukunft.

An da soen ech awer - do ass awer en Ënnerscheed an eiser Appréciatioun! -, ech sinn net der Meenung, dass - oder ech sinn net der Meenung, dass eleng - mam Taux global muss geschafft ginn, mä dass mat anere fiskalesche Mesurë muss geschafft ginn, fir déi Kompensatioun ze maachen. Dat ass eng wichteg Nuance! An ech war jo amgaangen ze erklären: Wa mer géife spektakulär erofgoe mat eisem Taux nominal, vun 18% elo loosse mer soe 6% erof, da wäre mer op 12% oder..., jo, 18 minus 6: 12,...

(Hilarité et interruption)

...plus 6%, 7% ICC, da komme mer op 19%, 20%. Dat ass jo dat, wat Dir ustrieft.

Une voix.- Mëttelfristeg.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Mëttelfristeg. Mat 12% Impôt sur le revenu des collectivités si mir um Niveau vun Irland. Dat ass praktesch deen niddregsten, deen et an Europa an an der entwéckelter Welt gëtt. All Dag gëtt Irland wéinst deem Taux ugegraff! Mengt Dir da wierklech, dass dat eng intelligent Mesure wär, fir elo op deen aggressiven Taux erofzegoen? Ech soen Iech: Mir hätten d'ganz Welt, déi géif op eis kucken an eis géif kritiséieren!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- An ech spillen dat hei ni héich, mä Dir wësst jo, wéi et mat eiser Reputatioun war, wéi dës Regierung ugetrueden ass!

(Protestations et interruptions)

Une voix.- Très bien! Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Dir wësst et, Dir wësst et!

Une voix.- A wéi war se dann?

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Abee, si war...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Dir wësst genau, wéi se war!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Si war: Am November 2013 si mer vum Global Forum als non conforme agestuuft ginn, als non conforme agestuuft ginn...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- ...an dat war net agreabel. An net nëmme war et net agreabel, dat war ganz gefëierlech!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wéi ass d'Entwécklung vun de Rulingen?

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Zweet Plaz an de Rulingen, zweet Plaz!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Gramegna, fuert virun, well wann...

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Mä ech kréien déi ganz Zäit Froe gestallt.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Mä Dir frot d'Wuert net, Här Gibéryen! Wann ech gelift, esou kënne mer net fueren!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Entschëllegt.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Ja?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech wollt mech entschëllegen, Madamm President, datt ech d'Wuert net gefrot hunn, a soe gläichzäiteg ewell Merci, datt ech et elo kritt hunn. Ech wollt den Här Minister froen: Wéi ass dann déi aktuell Entwécklung vun de Rulingen?

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Voilà!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Majo, do ass eng Question parlementaire gestallt ginn, ech mengen, wann ech richteg informéiert sinn, haut. An do wäerte mer Iech informéieren. Also wa mer wëllen iwwert d'Rulingen hei schwätzen, also, do freeën ech mech awer wierklech, fir mat Iech iwwer Rulingen ze schwätzen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Da wier ech frou, wann Der Iech géift direkt freeën!

(Hilarité générale)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Gibéryen!

(Interruption)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Also iwwer Rulingen, jo.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Also wann ech gelift, Här Gramegna, kommt, loosst Iech net op en anere Wee brëngen, well mir musse virukommen!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Majo wann ech ëmmer ënnerbrach ginn!

Also ech géif och nach gären insistéieren, wat d'Fiskalitéit ubelaangt: Fir kompetitiv ze sinn, ass dat net dat eenzegt Element. Dat ass richtegerweis vun der Madamm Elvinger a vum Här Fayot ënnerstrach ginn. A mir hu ganz vill Elementer, déi eis kompetitiv maachen. A firwat hu mer esou vill Investissementer aus dem Ausland? Well mer eben attraktiv sinn.

Zu de Motioune vum Här Mosar, do fänken ech mat de gudden Noriichten un.

Une voix.- Ooh!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- D'Motioun 8 géif ech soutenéieren - dat ass d'Motioun iwwert den Investissement an der Recherche an der Innovatioun -, well do jo och en neit Element derbäikomm ass, dass d'Kommissioun dat jo ganz proaktiv ënnerstëtzt. A mir hate souwisou wëlles, mir hu wëlles, dat ze kucken, an dofir ënnerstëtze mer déi Motioun.

Mir ënnerstëtzen och déi Motioun N°9, wou et drëms geet, d'Successioun vun de PMEen an den Entreprisen en général nach méi am Fong ze kucken. Obwuel mer jo schonn eppes an dëser Steierreform gemaach hunn, fannen ech et e wichtege Sujet, fir dass een dee verdéift.

Op der Motioun 1 hunn ech en fait erklärt, firwat ech déi net kann ënnerstëtzen. Och d'Motioun N°4 kann ech net ënnerstëtzen. Mir sinn amgaangen, drop ze schaffen, op der Substanz, mä ech ka mat deem Wording, wéi en hei beschriwwen ass, net ganz gutt liewen. Et muss een hei Ënnerscheeder maachen tëschent Finanzgesellschaften an anere Gesellschaften. A mir sinn och amgaangen, drop ze schaffen.

Ech sinn mer och net sécher - ech soen „net sécher", well dat ass eppes, wou mer nach amgaange sinn, eis Gedanken ze maachen -, ob mer effektiv d'Substanz sollen an enger Circulaire beschreiwen, ob mer et sollen an e Reglement schreiwen, ob mer et sollen an e Gesetz schreiwen. Dës Regierung huet fir ganz vill Transparenz gesuergt, justement iwwer Rulingen hu mir dat, wat soss an enger Circulaire war, an d'Gesetz geschriwwen an hunn dat souguer décidéiert, ier de LuxLeaks-Skandal op d'Tapéit komm ass.

Zur Motioun N°5: Ech hunn net mam Prinzip selwer vun der Motioun e Problem, mä ech géif se net ënnerstëtzen, well mir sinn effektiv an engem Aarbechtsgrupp amgaangen, mat der UEL dat ze diskutéieren. Mir brauchen also dofir net hei déi Motioun extra unzehuelen.

A wat d'Motioun 6 ubelaangt, dee Regimm vun der Unicitéit oder vum Groupement de TVA si mer amgaangen ze kucken, mä och do wëll ech mech elo net op e Wording hei aloossen. Dat ass eng ganz komplex Matière. An ech wëll Iech just soen, Här Mosar, dass de Coût, deen domat verbonnen ass, relativ héich ass.

Zur Motioun 7, och do, déi wéilt ech och net unhuelen, well do si mer och amgaangen an deem Aarbechtsgrupp mat der UEL, fir e Regimm fir d'Start-uppen auszeschaffen, fir eis do och ze inspiréieren un deem, wat an eisen Nopeschlänner geschitt.

An de leschte Punkt, mengen ech, ass dann dee Punkt, déi 12., déi lescht Motioun, oder déi 11., pardon. Dat ass iwwert d'Mise en place - jo, do deelen ech d'Analys och net komplett.

D'Problematik vun der Besteierung vun den Investitiounsfongen, wéi Der richteg gesot hutt, fousst jo op der Taxe d'abonnement. An ech weess, dass verschidden Akteure vun der Plaz insistéieren, dass mer sollen eng Taxation - tëschent Guillemeten - „normale", also eng Taxation régulière mat engem IRC, dee ganz niddreg wär, maachen. Mä do sinn awer eng Rëtsch Experten, déi soen: „Wann Der dat maacht an dat ass dann e ganz niddregen Taux, da gëtt dat als «abusif» agestuuft an da gëtt et expressis verbis vun de Conventions de non double imposition ausgeschloss." Dofir, dat ass net eng Pist, op déi ee sech kann esou liicht beginn. An dofir géif ech och net recommandéieren, déi Motioun unzehuelen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Här Gramegna. Also mir géifen dann elo zu der Ofstëmmung iwwert déi Motioune kommen.

(Interruption par M. Laurent Mosar)

Motions

Här Mosar.

M. Laurent Mosar *(CSV), interpellateur.*- Zu de Motioune wollt ech awer nach eng Kéier Stellung huelen. Bon, ech soe fir d'Éischt dem Här Finanzminister Merci, datt en zwou Motioune vun eis akzeptéiert.

(Interruption)

Ech hunn allerdéngs e bësselchen e Problem elo mat der Argumentatioun, wou de Minister seet, e wär en gros mat deem, wat mer hei proposéieren, mat deene Piste kéint e sech averstanen erklären, just wat den Detail betrëfft, misst ee kucken. Ech wëll just nach eng Kéier drop opmierksam maachen, mir hunn ebe justement hei nëmmen drageschriwwen, ech hat dat och virdru gesot: «à étudier la possibilité». Mir hunn net drageschriwwen, dat misst muer realiséiert ginn, well mer eis bewosst sinn, Här Finanzminister, datt een do muss eng ganz Rei Aspekter mat kucken.

Duerfir, wann Der déi Motioune genau liest, gesitt Der ëmmer, datt nëmme vun «étudier la possibilité» geschwat gëtt. Ech muss Iech awer soen, et géif mer leed doen...

(Interruption)

b) de la loi modifiée du 10 août 1991 déterminant, pour la profession d'avocat, le système général de reconnaissance des qualifications professionnelles

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 06.12.2016

7101 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 12.12.2016

7102 - Projet de loi portant

1) transposition de la directive 2014/54/UE du 16 avril 2014 relative à des mesures facilitant l'exercice des droits conférés aux travailleurs dans le contexte de la libre circulation des travailleurs;

2) modification de la loi modifiée du 28 novembre 2006 portant

*1. transposition de la directive 2000/43/CE du Conseil du 29 juin 2000 relative à la mise en œuvre du principe de l'*égalité de traitement entre les personnes sans distinction de race ou d'*origine ethnique;*

*2. transposition de la directive 2000/78/CE du Conseil du 27 novembre 2000 portant création d'un cadre général en faveur de l'*égalité de traitement en matière d'*emploi et de travail;*

*3. modification du Code de travail et portant introduction dans le Livre II d'un nouveau titre V relatif à l'*égalité de traitement en matière d'*emploi et de travail;*

4. modification des articles 454 et 455 du Code pénal;

5. modification de la loi du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées

Dépôt: Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 13.12.2016

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Résolution relative à la proposition de directive du Parlement européen et du Conseil établissant le code des communications électroniques européen (COM(2016) 590)

- Art. 168 du Règlement de la Chambre

Da wollt ech lech opgrond vun enger Propositioun vun der Kommissioun vum Enseignement supérieur, vun der Recherche, de Medien an de Kommunikatiounen an dem Espace mat engem Avis politique saiséieren.

D'Kommissioun huet an hirer Reunioun vum 12. Dezember 2016 décidéiert, en Avis politique un d'Europäesch Kommissioun ze riichten, deen d'Dokument COM(2016) 590 vum Europaparlament a vum Conseil iwwert den Europäesche Kommunikatiounscode betrëfft. D'Kommissioun huet wuelverstane kee Problem, wat de Respekt vum Subsidiaritéitsprinzip ugeet, mä wollt politesch Bedenken zum Ausdrock bréngen, sou wéi et den nationale Parlamenter an där sougenannter Barroso-Initiativ erméiglecht ass.

D'Prozedur, déi applizéiert gëtt, ass geregelt am Artikel 168 vun eisem Chambersreglement. Den Avis politique vun der Héichschoulkommissioun ass lech a Form vun enger Resolutioun verdeelt ginn.

Résolution

La Chambre des Députés,

- considérant l'article 168 du Règlement de la Chambre des Députés,

- rappelant que la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace a été saisie d'une proposition de directive du Parlement européen et du Conseil établissant le code des communications électroniques européen (COM(2016) 590),

- constatant que la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace a adopté lors de sa réunion du 12 décembre 2016 un avis politique au sujet de l'initiative législative COM(2016) 590 précitée et relevant du contrôle du respect du principe de subsidiarité,

décide d'adopter le présent avis politique de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace ayant la teneur suivante:

La Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace de la Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg a examiné la proposition de directive du Parlement européen et du Conseil établissant le code des communications électroniques européen (ci-après désignée «la proposition COM(2016) 590»).

Cette proposition lui a été renvoyée afin que sa conformité au principe de la subsidiarité soit vérifiée.

Ce contrôle a permis de confirmer que la proposition de directive est conforme au principe évoqué. Néanmoins, certaines observations s'imposent.

*La proposition COM(2016) 590 vise à redéfinir le cadre réglementaire relatif aux télécommunications, ceci eu égard à la stratégie pour un marché unique numérique en Europe, présentée le 6 mai 2015 par la Commission européenne. La proposition COM(2016) 590 apporte des ajustements ciblés au cadre actuel afin de réagir aux évolutions du marché et des technologies et, notamment, à la nécessité de répondre, à l'*échelle de l'*Union européenne, au besoin de garantir la disponibilité et l'adoption généralisée de réseaux à très haute capacité qui servent de base à un marché unique numérique pleinement opérationnel.*

Il va sans dire que la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace soutient les objectifs de la proposition COM(2016) 590. En effet, le secteur des communications électroniques a considérablement évolué au cours des dernières années. Les structures du marché ont connu une

évolution caractérisée par une limitation croissante des monopoles tandis que la connectivité est devenue une caractéristique très répandue de la vie économique. La Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace reconnaît que, sans une connectivité omniprésente à très haute capacité, une part importante du capital humain du marché unique reste inexploitable.

La Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace encourage la démarche et les efforts visant à réduire les écarts très importants qui existent entre les États membres en matière de connectivité à ultra-haut débit. Elle reconnaît qu'à défaut d'action de l'Union européenne dans ce domaine, cette disparité de situations serait perpétuée et aurait des conséquences négatives sur le marché unique et les intérêts des consommateurs.

La Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace souligne les efforts entrepris par le Luxembourg en matière de connectivité à ultra-haut débit, notamment pour ce qui est du développement de nouvelles communications sans fil et mobiles et du déploiement du réseau à très hautes capacités, auquel toutes les localités du Grand-Duché sont connectées.

La Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace reconnaît les compétences de l'Institut luxembourgeois de régulation en tant qu'autorité de régulation nationale, qui garantit et supervise, dans l'intérêt du consommateur européen, le bon fonctionnement et la régulation des marchés dans le domaine des communications électroniques.

Pour ce qui est des questions liées au spectre, la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace souligne l'importance de la connectivité sans fil et du haut débit sans fil. Elle estime que le spectre est une ressource limitée qui appartient aux États membres et dont la gestion et l'attribution doivent tenir compte des spécificités et besoins nationaux.

La Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace se dit favorable au maintien du régime du service universel et souligne la nécessité de maintenir la gamme actuelle d'instruments régissant les obligations dudit service universel.

(s.) Simone Beissel.

Et ass proposéiert, e Vote sans débat ze maachen, an ech wollt d'Chamber froen, ob se domat averstanen ass.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert a mir ginn dann deen Avis politique weider.

4. Ordre du jour

Den Ordre du jour, sou wéi d'Presidentekonferenz e virgeschloen huet, ass lech bekannt.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat och esou décidéiert.

Mir géifen dann zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 7038 iwwert d'Solden an d'Stroosseverkeef. D'Riedezäit ass nom Basismodell geregelt. D'Madamm Tess Burton huet als Rapportrice d'Wuert.

5. 7038 - Projet de loi sur les ventes en soldes et sur trottoir et la publicité trompeuse et comparative

Rapport de la Commission de l'Économie

Mme Tess Burton *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech presentéieren Iech elo de Projet de loi mat der Nummer 7038, an deem et ëm d'Solden, de Verkaf um Trottoir an ëm d'irreféierend an d'vergläichend Publicitéit geet. De Projet de loi gouf den 31. August 2016 vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider déposéiert. Als Éischt koum den Avis vun der ULC den 11. August, duerno koumen d'Avise vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers. De Statsrot huet de 27. Oktober säin Avis zu dësem Projet de loi ofginn. E Mount drop hu mir de Projet de loi an der Wirtschaftskommissioun virgestallt kritt a mir sinn och dunn duerch all déi Avise gaangen.

Dëst Gesetz verfollegt méi Ziler. Zum enge soll dëst neit Gesetz, wat mir haut hei stëmmen, eis Legislatioun mat dem europäesche Gesetz konform setzen. Des Weidere gëtt mat dësem Gesetz eng Simplification administrative fir d'Commerçantë geschafen a mir wëlle mat dësem Gesetz de Commerçanten eng méi grouss Flexibilitéit géigeniwwer hire Konkurrenten erméiglechen. Mat dësem Gesetzesprojet gëtt dat besteeënd Gesetz vum 30. Juli 2002, wat verschidde kommerziell Praktiken, d'Concurrence déloyale an déi vergläichend Publicitéit reglementéiert, abrogéiert an duerch en neit Gesetz ersat.

Firwat? De Grond dofir ass, dass verschidden Dispositiounen am Gesetz vun 2002 net kompatibel si mat verschiddenen Artikele vun enger europäescher Direktiv, an där et ëm onfair an déloyal kommerziell Praktike geet. Eis Legislatioun geet méi wäit a gesäit och méi restriktiv Bestëmmunge vir, wéi dat an der Direktiv de Fall ass. D'Europäesch Kommissioun ass dofir zur Konklusioun komm, dass eis Gesetzgebung keng adequat Iwwerdroung vun der Direktiv ass an dofir net zu enger kompletter Harmonisëierung vum Maart féiert.

D'Europäesch Kommissioun huet dofir an engem Bréif am Juni 2016 Lëtzebuerg opgefuerdert, seng Gesetzgebung an deem Domän ze iwwerschaffen. Dat neit Gesetz limitéiert sech elo just nach op d'Solden an op de Verkaf um Trottoir souwéi op déi irreféierend a vergläichend Publicitéit. Eng Rei Elementer aus dem aktuelle Gesetz ginn also mat dësem Gesetz hei ofgeschaaft.

Wat gëtt elo genau ofgeschaaft? Dat sinn am Prinzip sechs Elementer aus deem aktuelle Gesetz vun 2002, déi elo net méi an dat neit Gesetz iwwerholl ginn.

Bei där éischter Dispositioun am aktuelle Gesetz geet et ëm de Verkaf a Form vun enger Liquidatioun. Laut där aktueller Gesetzgebung war et esou geregelt, dass beim Verkaf a Form vun enger Liquidatioun d'Autorisatioun vum Ministère des Classes moyennes gebraucht ginn ass. De Commerçant huet en plus missen de Verkafspräis uginn an de Verkaf vun de Saachen huet missen am Geschäft selwer stattfannen. Well dës Dispositioune méi wäit gi wéi d'Direktiv et virschreift, gëtt dësen Deel vum Gesetz vun 2002 net méi iwwerholl.

Allerdéngs bedeit dat net, dass et elo keng Bestëmmunge méi ginn, déi bei enger Liquidatioun mussen agehale ginn. Zum Beispill mussen d'Präisreduktioune weider konform sinn zu der Bestëmmung am Code de la consommation.

E weideren Artikel, deen aus där aktueller Gesetzgebung erausgeholl gëtt, ass den Artikel iwwert d'Vente à perte. Lëtzebuerg ass näämlech eent vun deene wéinege Länner an der Europäescher Unioun, wou d'Vente à perte verbueden ass. Et ass den Artikel 20 vun där aktueller Gesetzgebung, dee verhënnert, dass de Commerçant e Produit oder e Service ënnert dem urspréngleche Akafspräis verkafe kann.

De Verbuet vun der Vente à perte gëtt also mat deem neie Gesetz hei opgehuewen. Domat gëtt och e besseren Équiliber zwëschen de Commerçanten am stationären Handel souwéi deenen am Commerce électronique geschafen, well et dës Bestëmmung fir de Commerce électronique näämlech net gouf. Do konnt den Händler bis ewell och ënnert dem Akafspräis verkafen.

Komme mer elo zu engem drëtte Punkt aus där aktueller Gesetzgebung, dee mer mat dësem Gesetz abrogéieren! Hei geet et ëm d'gratis Lotterien, Gewënnspiller an Tombolaen, déi am Zesummenhang mat enger Reklamm vun engem Geschäft stattfannen. Déi aktuell Gesetzgebung huet hei relativ prezis a virun allem strikt Oplage gehat, fir kënnen déi Lotterien a Gewënnspiller an Tombolaen ze organiséieren. Dowéinst recommandéiert d'Europäesch Kommissioun och, fir dës Oplagen ze abrogéieren. Iergendwellech Abuse kënnen awer weiderhi sanktionéiert ginn unhand vun den Dispositiounen iwwer onfair kommerziell Praktiken, déi am Code de la consommation niddergeschriwwe sinn.

Eng weider Praktik, déi am Gesetz vun 2002 verbuede war, ass déi sougenannt „vente en chaîne". Hei geet et zum Beispill drëms, dass e Client en Artikel nëmme konnt kafen oder gratis kritt huet ënnert der Bedéngung, dass hien dem Commerçant en neie Client bruecht huet. Am aktuelle Gesetz gëtt dëse Phenomeen „la vente en boule de neige" genannt, oder och nach, wéi an der Direktiv steet, „système de promotion pyramidale", eben am Sënn vum Benefiss vum Client, deen ëmmer méi grouss gëtt, wann hien dem Commerçant eng Géigeleeschtung brëngt. Vu dass eis Legislatioun och hei iwwert d'Direktiv erausgaangen ass, gëllt et och, de Verbuet vun dëser Praktik an deem neie Gesetz opzehiewen.

E weidere Punkt, deen am aktuelle Gesetz reglementéiert war, war dee vun enger ëffentlecher Auktioun vun enger Wuer. Hei huet missen eng Autorisatioun beim zoustännege Ministère ugefrot ginn, an och hei gesäit d'Direktiv vir, dass eng ëffentlech Auktioun näischt aneres ass wéi och eng Aart Liquidatioun. An dofir ass och hei keng Autorisatioun vum Ministère méi néideg. Dës Dispositioun vun der Autorisatioun fënnt sech also och net méi an deem neie Gesetz erëm.

De sechste Punkt an domat och leschte Punkt, deen aus der aktueller Gesetzgebung net méi an déi nei iwwerholl gëtt, ass dee vum Acte de concurrence déloyale. D'Bestëmmungen am Code de la consommation an am Droit de la concurrence garantéiere schonn haut eng fair Konkurrenz. D'Direktiv iwwer onfair kommerziell Praktike gesäit eng detailléiert Lëscht vun onfaire kommerzielle Praktike vir, déi verbuede sinn. Et wäert also och weiderhin esou sinn, dass onfair an onéierlech Praktike vum Gesetz sanktionéiert sinn. D'Direktiv, déi am Code de la consommation transposéiert ass, schützt also net nëmmen de Konsument, mä och de Geschäftsmann.

Eis aktuell Gesetzer, déi mer am Beräich vun den onfaire kommerzielle Praktiken am Code de la consommation oder am Droit de la concurrence hunn, gesinn also genuch Mesurë vir, fir géint onfair an onéierlech Praktike virzegoen.

Souwuel d'Chambre de Commerce wéi och de Statsrot hu bei dëser Argumentatioun hir Bedenken zum Ausdrock bruecht. Mä och wann d'Notioun vum „acte de concurrence déloyale" suppriméiert gëtt, kënne mer den Entreprisë weiderhin eng gesond an effektiv Konkurrenz garantéieren. Den Artikel 320-2 vum Code de la consommation erlaabt et weiderhin all Persoun oder professionell Organisatioun, géint onfair, onéierlech an aggressiv Praktiken am Handel virzegoen. D'Prozedur ass déi nämlecht wéi déi am Gesetz vun 2002, dat haut abrogéiert gëtt. Eng Action en cessation, fir esou eng Praktik séier an effikass virum Bezierksgeriicht ze ënnerbannen, wäert also och an der Zukunft méiglech sinn. All kommerziell Praktik, déi onfair, onéierlech oder de Konsument an d'Ir féiert, bleift verbueden a gëtt vum Gesetz sanktionéiert.

Esou vill dozou, wéi eng Praktiken duerch dat neit Gesetz abrogéiert ginn. Komme mer elo zu de Bestëmmunge vum neie Gesetz, well dat neit Gesetz limitéiert sech just nach op zwou Praktiken, wéi et och am Titel steet, déi folgend sinn:

Dat éischt Kapitel vun deem neie Gesetz bezitt sech op d'Solden an op de Verkaf um Trottoir. Hei iwwerhëlt dat neit Gesetz zum gréissten Deel déi aktuell Gesetzgebung vun 2002. Sou bleift et, dass d'Solden net méi wéi zweemol am Joer kënne stattfannen an ni méi laang wéi ee Mount dierfen daueren. Déi Dispositioun, déi fortfält, ass déi vun der Publicitéit vun de Solden. Hei war et esou, dass just siwen Deeg virun de Solde Publicitéit gemaach konnt ginn. An Zukunft ginn et dozou keng Virschréfte méi.

Da bleift och weider déi Bestëmmung wéi an der aktueller Gesetzgebung, dass een am Kader vun de Solden op der Place publique seng Wuer verkafe kann an net nëmmen a sengem Geschäft. Dowéinst och den Ausdrock „vente sur trottoir". Hei muss de Commerçant awer weider eng Autorisatioun bei der Gemeng ufroen.

Komme mer elo bei dat zweet Kapitel vun dësem neie Gesetz, dat sech op déi irreféierend a vergläichend Publicitéit bezitt! Hei iwwerhëlt dat neit Gesetz och zum gréissten Deel déi aktuell Gesetzgebung vun 2002. Just eng Dispositioun gëtt net an dat neit Gesetz geschriwwen: An Zukunft muss eng Reklamm fir eng speziell Offer net méi de genauen Datum uweisen, wéini déi speziell Offer am Geschäft ze kafen ass respektiv wéi laang déi Offer wäert gülteg sinn. All déi Detailer mussen an Zukunft net méi considéréiert ginn.

Voilà, dëst gesot zu dem Inhalt vun dësem neie Gesetz. Fir all weider Detailer verweisen ech op mäi schréftleche Rapport an ech soen Iech Merci fir Äert Nolauschteren an ech ginn natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet dann direkt den Här Léon Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).*- Merci, Här President. Haut ass den Arsenal législatif, dee verschidde Geschäftspraktike verbitt oder verhënnert oder reglementéiert folgenden: Mir hu fir d'Éischt d'Gesetz vum 30. Juli 2002 iwwer verschidde Pratiques commerciales. Et ass dëst Gesetz, wat haut um Leescht steet. Dann hu mer de Code de la consommation, dee sech op d'Geschäftsrelatiounen tëschent Geschäftsleit a Konsumente bezitt. An drëttens hu mer d'Gesetz vun 2011 iwwert d'Konkurrenz, wou mer jo virun e puer Wochen hei en zousätzlecht Gesetz gestëmmt hunn, wat enger Victime am Kader vun engem Acte de concurrence (veuillez lire: Acte de concurrence déloyale), sief et en Abus de position dominante oder eng Entente, eng Action en dommages-intérêts erlaabt ënner vereinfachte Prozeduren.

Haut steet d'Gesetz vum 30. Juli 2002 op dem Leescht. Firwat? Ma mir kruten eng Mise en demeure vun der Europäescher Kommissioun de 16. Juni 2016, datt eng Rei Dispositiounen aus dësem Gesetz net konform wiere mat der Direktiv 2005/29 vum 11. Mee 2005 an och net konform mat der aktueller EU-Rechtsspriechung.

Duerfir, Här President, ginn elo aus dem Gesetz vun 2002 folgend Verbueter oder Prozedure gestrach - d'Madamm Rapportrice ass dorobber agaangen -: d'Vente à perte; d'Regelung, fir eng Lotterie, Tombola oder Jeux concours ze organiséieren; de Verbuet vun der Vente en chaîne gëtt suppriméiert; d'Modalitéiten, fir eng Vente sous forme de liquidation ze organiséieren an eng ëffentlech Stee vu Biens neufs ofzehalen, ginn och gestrach. An da gëtt och déi Notioun vun „concurrence déloyale" aus dem Gesetz vun 2002 gestrach. D'Reglementatiounen iwwert d'Solden an d'Publicité trompeuse gi vereinfacht. D'Rapportrice ass och dorobber agaangen.

Déi Fro, déi sech dann elo stellt, Här President, ass: Ass de Consommateur oder de Konkurrent manner geschützt? D'Äntwert ass Neen, well de Code de la consommation gesäit vir, datt eng Rei Akten oder Praktike vu Concurrence déloyale tëschent Consommateuren a Commerçantë verbuede sinn. Géif also zum Beispill e Commerçant eng Vente sous forme de liquidation maachen an de Client géif do am Kader vun där Operatioun bedru ginn oder e Schued erleiden, kann e sech op d'Dispositioune vum Code de la consommation bezéien, fir eng Aktioun géint de Commerçant ze maachen.

D'selwecht ass et, wann tëschent Konkurrente géif en Acte de concurrence déloyale geschéien. Da kann dee Konkurrent, dee sech léséiert fillt, opgrond vum Gesetz vun 2011 iwwert d'Konkurrenz eng Aktioun beim Conseil de la concurrence maachen, à condition, datt eben d'Konditioune vun enger Entente oder engem Abus de position dominante erfëllt sinn.

D'Chambre de Commerce kritiséiert, datt d'Notioun vun der Concurrence déloyale gestrach gëtt, well se der Meenung ass, datt am Code de la consommation net all déi Praktiken, déi elo gestrach gi sinn oder déi gestrach ginn, virgesi sinn.

Dëst ass, Här President, menger Menung no juristesch net ganz richteg, well de Code de la consommation, wéi gesot, éischtens eng Lëscht vu verschiddene Pratiques déloyales virgesäit, zweetens preziséiert, datt déi Lëscht net exhaustiv ass, an drëttens eng generell Definitioun vu Pratiques déloyales gëtt. Derbäi kënnt jo dann och nach, datt mer d'Gesetz vun 2011 hunn, fir d'Konkurrenz ze assuréieren tëschent Konkurrenten.

Duerfir, Här President, gëtt d'CSV den Accord zu dësem Projet de loi, an ech soen der Rapportrice Merci fir hire mëndlechen a schréftleche Rapport.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Gloden. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Simone Beissel.

(Interruption par Mme Simone Beissel)

Une voix.- Et ass d'Madamm Elvinger, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah, Dir hat mer awer just eppes aneres gemellt.

(Interruption)

Oh, dat do gëtt deier!

(Hilarité)

D'Wuert huet d'Madamm Joëlle Elvinger.

Mme Joëlle Elvinger *(DP).*- Merci, Här President, dass ech dann awer nach d'Wuert kréien.

(Hilarité)

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll emol als Alleréischt der Madamm Rapportrice Merci soe fir deen ausféierleche Rapport. Wann een et wëllt kuerzfaassen, da kann een dëse Projet de loi och esou résuméieren, dass am Fong d'Direktiv iwwert d'Pratiques commerciales déloyales vun 2005 am Bannemaart ee grousst Zil huet, an dat ass hei déi komplett Harmonisatioun an deem Beräich.

Et ass nun awer emol esou, dass verschidde Länner, an dozou gehéiert och Lëtzebuerg, verschidden Dispositiounen transposéiert hunn, déi méi streng si wéi an anere Länner, soudass et net zu der gewënschter Harmoniséierung

komm ass. Zu Lëtzebuerg zielt dat fir d'Vente sous forme de liquidation, fir d'Vente à perte, fir d'Lotterien, d'publicitaire Concoursen an Tombolaen, fir d'Vente en chaîne. A wéi mäi Virriedner och scho gesot huet, krut Lëtzebuerg dëst och an enger Mise en demeure dëst Joer am Juni vun der Kommissioun matgedeelt.

D'Resultat ass, dass mer haut all déi méi restriktiv Bestëmmungen an deene verschiddene Beräicher ofschafen. Interessant heibäi ass, dass mer domadder och de Verbuet vun der Vente à perte ofschafen. Et gouf haut schonn erwäänt, mä mir waren iwwregens eent vun deene wéinege Länner, déi dat iwwerhaapt nach verbueden hunn.

Ech wëll awer hei och berouegen: Den Abus vun der Vente à perte, fir zum Beispill e Konkurrent aus dem Marché ze drängen, bleift och nach ëmmer verbueden. Dës Praxis ass géint den Droit de la concurrence a kann och nach ëmmer bestrooft ginn. Erstaunlecherweis war d'Vente à perte beim E-Commerce net verbueden, wat jo och schonns zu engem Déséquiliber tëschent Onlinehandel an dem normalen Handel gefouert huet. Duerch dëse Projet erreeche mer dann och, dass dësen „level playing field" net nëmmen tëschent dem Onlinean dem normale Commerce geschafe gëtt, mä och fir all d'europäesch Länner.

Duerch all dës Ofschafungen a Vereinfachunge stinn an deem Gesetz, dat mir haut stëmmen, elo och nach Dispositiounen, déi d'Solden, d'Vente sur trottoir an d'Publicité trompeuse et comparative betreffen.

Heimat ginn ech dann och den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Elvinger. D'Wuert huet elo den Här Henri Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech mengen, et ass scho vun de Virriedner alles gesot ginn, soudass ech just nach den Accord vun der grénger Fraktioun bréngen. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci fir den Accord. Weider Wuertmeldungen?

Den Här Reding huet d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo, Merci, Här President. Mir liesen an dësem Rapport sou angeneem Wierder wéi „abrogé", „suppression", „abrogé", „abrogé", „pas lieu de maintenir", „abrogé", „ne reprend pas", also siwe gutt Grënn, fir fir dëse Projet ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Reding. Domat si mer um Enn vun der Riednerlëscht ukomm. An d'Wuert huet de Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Dir erlaabt, dass ech vun hei aus der Rapportrice, der Madamm Tess Burton, e grousse Merci soen. Ech mengen, dat Gesetz, wat mer hei…, oder wat Dir hei stëmmt haut, ass eigentlech e Gesetz, dat eis erlaabt, konform zum EU-Recht ze ginn an och eis Gesetzer dem Zäitgeescht unzepassen. An ech mengen, et ass vun allen Orateure gesot ginn: Och de Konsumenteschutz ass hei net a Gefor. An dofir mengen ech, dass dat heiten eng gutt Saach ass.

Ech soen der Chamber Merci fir den Accord.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wirtschaftsminister. Mir géifen dann direkt iwwert de Projet de loi 7038 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7038 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hunn 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen. De Projet de loi 7038 ass ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Wëllt een d'Abstentioune motivéieren?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Dann ass de Projet adoptéiert.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

6. Résolution relative à la proposition de directive du Parlement européen et du Conseil établissant le code des communications électroniques européen (COM(2016) 590)

- Art. 168 du Règlement de la Chambre (suite)

Ech wollt Iech just nach iwwert den Avis politique bieden, den Assentiment vun der Chamber och nach duerch en Handzeechen ze bekräftegen. Mir waren zwar domat d'accord.

Vote sur la résolution

Wie mam Avis politique d'accord ass, gëtt wann ech gelift en Handzeechen.

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Resolutioun ass unanime ugeholl. Villmools Merci! Domat si mer dann elo ganz korrekt.

Eisen nächste Punkt um Ordre du jour sinn d'Projeten 6965, 6981, 6902, déi mer zesumme wäerten diskutéieren, wou awer d'Rapporteuren noenee wäerten d'Projete presentéieren an dann eng Gesamtdiskussioun wäert stattfannen. D'Wuert zum éischte Projet huet de Rapporteur, den honorabelen Här Claude Haagen.

7. 6965 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché et le contrôle des explosifs à usage civil

6981 - Projet de loi relatif aux équipements marins

6902 - Projet de loi relatif aux bateaux de plaisance et aux véhicules nautiques

Rapport de la Commission de l'Économie sur le projet de loi 6965

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 6965 geet et ëm eng Harmoniséierung vu Rechtsvirschréften iwwert d'Bereetstellung vun Explosiounsstoffer an hir Kontroll op dem Maart. Et handelt sech hei ëm Sprengstoff, deen am ziville Kader ka benotzt ginn.

De Projet de loi ass de 7. Mäerz vun dësem Joer vum Wirtschaftsminister an der Chamber déposéiert ginn. Den éischten Avis vun der Handelskummer koum den 10. Mee eran an den Avis complémentaire den 20. Oktober. Den Avis vum Statsrot koum de 15. Juli an den Avis complémentaire de 27. Oktober vun dësem Joer eran. D'Ekonomieskommissioun huet de 6. Oktober déi entspriechend Amendementer un de Statsrot geschéckt.

De Projet de loi selwer gesäit vir, datt mir d'Direktiv 2014/28 vun der Europäescher Unioun transposéieren. D'Politik vun der Europäescher Unioun am Beräich vum Sprengstoff fir d'zivill Notzung huet sech dräi Haaptziler gesat: d'Ausschaffe vun engem EU-Bannemaart fir den Handel vu Sprengstoff fir zivill Zwecker, d'Harmoniséierung vun de Sécherheetsufuerderungen op engem héije Schutzniveau an d'Ausschaffe vun engem Gestiounssystem fir d'Iwwerwaachung vu Liwwerunge vun Explosiounsmaterial a Munitioun.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt dofir eng europäesch Direktiv ëmgesat, déi eng Harmoniséierung vun den europäesche Legislatioune virgesäit, an dëst am Beräich vun der Liwwerung an der Kontroll vun explosive Stoffer fir zivill Zwecker. Déi dräi Autoritéiten, déi hei am Land vun dësem Dispositif betraff sinn, sinn den ILNAS, d'ITM an de Justizministère. Et soll och gesot ginn, datt dës Direktiv net déi folgend Beräicher betrëfft: Explosiounsmaterial a Munitiounen, déi fir den Asaz vun der Police gebraucht ginn, pyrotechnesch Géigestänn wéi zum Beispill Freedefeieren an déi eenzel Iwwerwaachung vum Marché vun der Munitioun.

An der Direktiv ginn d'Obligatioune vun den Hiersteller, Importateuren an Händler, déi am kommerziellen Handel vu Sprengstoff täteg sinn, definéiert. Dës Direktiv ass och eng vun deenen aacht Direktiven „produits", wéi mer se nennen, déi duerch Gesetzestexter schonn hei an der Chamber transposéiert gi sinn. Wéi fir déi aner Gesetzestexter ginn hei och d'Ramebedéngungen an d'Verflichtungen, d'Obligatioune fir d'Hiersteller, d'Mandataires, d'Importateuren an d'Distributeure vu Sprengstoff, dee fir zivill Beräicher genotzt gëtt, festgehalen.

Vu datt et hei zu Lëtzebuerg am Prinzip keen Hiersteller vu Sprengstoff gëtt, sinn d'Iwwerwaachungsaarbechten hei um Terrain relativ minim. Déi, déi emol an d'Viséier géife kommen, si Leit mat engem Waffeschäin, déi hir eege Munitioun géifen hierstellen.

Dee Sprengstoff, deen hei zu Lëtzebuerg benotzt gëtt, gëtt am Prinzip vun auslänneschen an deem Beräich spezialiséierten Entreprisen importéiert a beim Tunnelbau oder bei Steegrouwen agesat. Dës Importatioune ginn a sinn natierlech och vun der ITM kontrolléiert.

Fir dës Direktiv ëmzesetzen, hu missen eng ganz Rei vun Ännerungen an der aktueller Reglementatioun virgeholl ginn. Dofir ass et méi einfach an och vill méi lisibel, fir de Règlement grand-ducal vum 24. November 2005 «relatif à la mise sur le marché et le contrôle des explosifs à usage civil» duerch dësen neien Text ze ersetzen, deen déi gesamt Dispositioun an deem Beräich zesummefaasst.

Sou wéi fir déi aner Projet-de-loien hu mir och fir dëse Projet de loi festgehalen, datt d'Englescht als Kommunikatiounssprooch zwëschen deene betraffene Verwaltungen an de Concernéierte ka genotzt ginn, dëst aus prakteschen Ursaachen a well d'Realitéit natierlech um Terrain schonn esou ass.

Zu den Avise vum Statsrot: Wat den éischten Avis vum Statsrot ubelaangt, do huet de Statsrot e puer Opposition-formellë formuléiert, wéi zum Beispill, datt d'Retroaktivitéit net méiglech ass. An deem Kontext soll awer och erwäänt ginn, datt dëse Projet de loi schonn hätt solle fir den 19. Abrëll 2016, also vun dësem Joer, transposéiert ginn. Och d'Netanhale vun der Hiérarchie des normes gouf am éischten Avis mat enger Opposition formelle beluecht. An de Statsrot huet och bedauert a mat enger Opposition formelle beluecht, datt déi net komplett Transpositioun vun der Direktiv gemaach gi wier.

Mat den Amendementer vun der zoustänneger Wirtschaftskommissioun vum 6. Oktober vun dësem Joer konnt allen Ufuerderunge vum Statsrot Rechnung gedroe ginn. All weider Detailer géif ech Iech bieden a mengem schréftleche Rapport nozeliesen.

An ech bréngen natierlech zu dësem technesche Projet och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun. Merci.

Une voix.- Exzellent!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Haagen. An d'Wuert huet elo fir d'Projeten 6981 a 6902 déi zweet Rapportrice, d'Madamm Tess Burton.

Rapports de la Commission de l'Économie sur les projets de loi 6981 et 6902

Mme Tess Burton *(LSAP), rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert Iech dann elo déi zwee nächst Projet-deloien hei hannerenee virstellen. Am éischte Projet de loi mat der Nummer 6981 geet et ëm d'Équipement vu Schëffer. Dëse Projet de loi ass den 21. Abrëll 2016 vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider déposéiert ginn. Den éischten Avis zu dësem Projet de loi koum de 25. Mee vun der Chambre de Commerce, an den 11. Oktober koum den Avis vum Statsrot.

De Projet selwer gouf den 13. Oktober an der Wirtschaftskommissioun presentéiert. No der Presentatioun vum Projet an der Analys vun den Avisen huet d'Kommissioun eng Lettre d'amendement un de Statsrot geschéckt, soudass duerno nach eemol zwee Avis-complémentairë vun der Chambre de Commerce an dem Statsrot komm sinn.

De Projet de loi, ëm deen et hei geet, gesäit vir, dass mer eng europäesch Direktiv ëmsetzen. Dës Direktiv abrogéiert eng bis dato bestoend Direktiv, well dës nei Direktiv soll näischt aneres wéi déi Defiziter vun där bestoender Direktiv verbesseren. Et geet hei drëms, fir e bessere gesetzleche Kader ze schafen, fir d'Sécherheet vum Schëffsverkéier ze garantéieren, an dobäi spillt d'Équipement vun de Schëffer eng wichteg Roll. Dat ganzt Équipement vun engem Schëff muss gewëssene Sécherheetsnormen entspriechen, fir eben esou d'Sécherheet vun de Leit ze garantéieren an och Accidenter an Ëmweltverschmotzung um Mier ze verhënneren.

Déi international Séischëfffaartsorganisatioun, d'Organisation maritime internationale, entwéckelt an aktualiséiert dofir gewësse Leeschtungs- a Préifnorme fir bestëmmte Schëffsausrüstungen a Form vu Coden, Resolutiounen a Circulairen. Esou sinn d'Schëffer eréischt konform mat deenen internationale Konventiounen an der EU-Gesetzgebung, wann hiert Équipement u Bord dësen Normen och entsprécht.

Well dës international Normen den Administratiounen an deene verschiddene Länner, ënnert deenen hire Fändelen déi jeeweileg Schëffer fueren, awer e gewëssene Spillraum bei der Iwwerpréiwung vun dëse Sécherheetsufuerderungen loossen, hu mer keen eenheetleche System bei der Certificatioun vun de Schëffséquipementer. An dëst verhënnert eng reibungslos Funktioun vum europäesche Bannemaart a kann zu engem Konkurrenzkampf bei der Entwécklung vum Équipement vun de Schëffer féieren.

An deem Kontext kënnt d'Europäesch Unioun an d'Spill, fir dës Prozeduren ze harmoniséieren. Sou gouf den 20. Dezember 1996 eng éischt Direktiv fir d'Équipementer vu Schëffer adoptéiert. Fir Differenze bei der Ëmsetzung vun den internationale Standarden ze verhënneren, goufe mat dëser Direktiv eenheetlech Regele festgehalen a kloer Ufuerderunge bei der Certificatioun vum Schëffsmaterial definéiert.

Hei zu Lëtzebuerg gouf d'Direktiv vun 1996 duerch e Règlement grand-ducal ëmgesat. An deem zoustännege Minister fir d'Affaires maritimes souwéi dem Commissaire délégué aux affaires maritimes goufe weider Kompetenzen zougesprach am Beräich vun der Iwwerwaachung an der Sécherheet vum Schëffsmaterial.

D'Schëffsmaterial gëtt scho wärend dem Bau an d'Schëff integréiert, an dat geschitt net um lëtzebuergesche Marché. Parallell zu der Iwwerwaachung vum Maart muss de Commissariat aux affaires maritimes derfir suergen, dass d'Schëffer, déi ënnert dem lëtzebuergesche Fändel fueren, de Sécherheets- an Ëmweltschutzobligatiounen entspriechen. Et gëllt also, souwuel de Stand vum Schëff wéi och d'Material ze kontrolléieren. Agreéiert Organer kënnen dofir Autorisatioune kréien, fir op d'Schëff selwer ze goen a sur place sech alles unzekucken an ze kontrolléieren.

D'Direktiv vun 1996 huet awer mëttlerweil gewisen, dass nach zousätzlech Moossnamen néideg sinn, fir e reibungslose Schëffsverkéier ze garantéieren, soudass eng Rei Adaptatiounen néideg gi sinn. Dës Adaptatioune fanne sech an der Direktiv vun 2014 erëm, déi elo d'Direktiv vun 1996 ersetze wäert, déi, wéi gesot, eng Rei Schwächten a Mängel opgewisen huet.

D'Direktiv vun 1996 war net ganz kloer am Beräich vun der Identifikatioun vun den technesche Kritären an den Evaluatiounsstandarden, an och sollen d'Kompetenze vun den zoustännege Kontrollorganer Prezisioune kréien, souwéi d'Iwwerwaachung vum Marché un d'Realitéit ugepasst soll ginn. An och d'Prozeduren, déi zum Schutz bäidroen, ginn hei festgehalen. D'Direktiv vun 2014 versicht also, déi Mängel ze eliminéieren. De Cadre juridique soll méi einfach gestalt ginn an och soll dës Direktiv sécherstellen, dass déi nämlecht Prozeduren an Normen an der ganzer EU agehale ginn.

Hei zu Lëtzebuerg huet niewent dem zoustännege Minister an dem Commissariat délégué aux affaires maritimes och nach e weideren Institut Kompetenzen am Beräich vun der Séifaart, an dat ass den ILNAS.

D'Ëmsetzung vun der Direktiv vun 2014 ass also elo och d'Méiglechkeet, fir d'Kompetenze vun de verschiddenen Akteuren nach eng Kéier op de Leescht ze huelen a fir am Beräich vun der Schëfffaart vun der Expertise vum ILNAS ze profitéieren. Gläichzäiteg erméiglecht et eis och, fir d'Dispositiounen am Beräich vun der Schëffsausrüstung zu engem Maximum nach op aner Produiten ze applizéieren.

Mat dësem Gesetzestext kréie mer also e Gläichgewiicht bei der Zesummenaarbecht tëschent dem ILNAS an dem Commissariat aux affaires maritimes, soudass jiddweree senge spezifeschen Aufgabe kann nogoen, mä awer

och vun der Expertise vun deem anere ka profitéieren.

Mir haten dëst Joer schonn e puer esou äänlech Projet-de-loien an der Chamber gestëmmt an an all deene Projet-de-loien hu mir, wéi och fir dëse Projet de loi, festgehalen, dass Englesch als Kommunikatiounssprooch zwëschen der Verwaltung an de Concernéierte ka genotzt ginn, dëst aus praktesche Grënn a well d'Realitéit um Terrain dësen Usus och scho widderspigelt.

Wéi fir déi aner Gesetzestexter och ginn hei d'Ramebedéngungen an d'Verflichtunge fir déi concernéiert Akteuren, wéi d'Fabrikanten, d'Importateuren an d'Distributeuren, festgehalen.

De Statsrot huet a sengem éischten Avis zwou Opposition-formellen opgeworf, éischtens iwwert d'Netanhale vun der Hiérarchie des normes an zweetens iwwer méiglech Restriktiounen, déi de fräien Handel beaflosse kënnen. Dëse Suerge konnt d'Wirtschaftskommissioun Rechnung droen, an des Weideren ass nach en Amendement vun der Kommissioun verfaasst ginn, fir am Gesetz nach op eng Direktiv ze verweisen. Doduerch koumen nach eng Kéier zwee Avis-complémentairen, ee vun der Chambre de Commerce an ee vum Statsrot.

Voilà, dat gesot zu deem Projet de loi. Da kommen ech elo zum Projet de loi mat der Nummer 6902.

An deem Projet de loi geet et näämlech ëm d'Sportsbooter, d'Waassermotorieder an nach aner motoriséiert Waassersportgeräter. Dee Projet ass den 12. November 2015 vum Wirtschaftsminister déposéiert ginn. Hei goufen et zwee Avise vun der Chambre de Commerce, een den 13. Januar an een de 4. Februar. An de Statsrot huet säin Avis, säin éischten Avis, de 15. Juli ofginn. De Projet de loi ass den 22. September 2016 an der Kommissioun virgestallt ginn, an där och eng Lettre d'amendement verfaasst ginn ass. Den zweeten Avis complémentaire vun der Chambre de Commerce koum dunn de 24. Oktober an dee vum Statsrot de 27. Oktober.

Voilà, komme mer zum Fong vun dësem Projet de loi. Och dëse Projet de loi gesäit vir, dass mer eng Direktiv ëmsetzen. Dës Direktiv hätt scho solle fir de Januar 2016 transposéiert sinn. Mir sinn also e bëssen en retard. Dës Direktiv wäert och eng besteeënd Direktiv, also déi besteeënd Direktiv zu de Sportsbooter an de Waassermotorrieder, ersetzen. Dës al Direktiv gouf mat engem Règlement grand-ducal hei bei eis ëmgesat. Dëst Reglement trëtt also ausser Kraaft mat dësem neie Gesetz, wat mer haut stëmmen. D'Zil vun dësem Gesetz hei ass, eng Harmonisatioun vun de Sportsbooter a Waassermotorrieder ze kréien, fir d'Sécherheet vun dësen an den EU-Länner ze garantéieren an och, fir e faire Konkurrenzkampf ze erlaben.

Dës Direktiv, déi mir hei ëmsetzen, ass och eng Direktiv vun der sougenannter „nouvelle approche", déi déi lescht technologesch Fortschrëtter encadréiert, dëst zemools an de Beräicher vun der Ëmwelt an der Sécherheet. Dëst Gesetz harmoniséiert och d'Verflichtunge vu privaten Importateuren, wat d'Evaluatioun vun der Konformitéit vun importéierte Produite betrëfft. Hei geet et ëm den Import vu Produiten aus Drëttlänner. An d'Direktiv schreift och vir, dass den Hiersteller vun engem Produit obligéiert ass, dass hie säi Produit esou hierstellt, dass dee sécher ass, net gefäierlech an domat konform ass.

Fir dass mir als Konsument gesinn, ob e Produit konform ass oder net, kann den Hiersteller d'CE-Zeechen opkliewen. D'Hiersteller kënnen dëst CE-Zeeche selwer op hir Produiten dropmaachen, mä dofir muss vun Zäit zu Zäit kontrolléiert ginn, ob dës Produiten och dem CE-Zeechen entspriechen, dat heescht, no de Regele produzéiert gi sinn an ebe konform sinn. Dat nennt een „surveillance des marchés". Dat heescht, dass Stéchprouwe geholl ginn an d'Produite kontrolléiert an analyséiert ginn.

Komme mer nach zum Avis vum Statsrot! De Statsrot huet a sengem Avis d'Retroaktivitéit vun dësem Projet de loi mat enger Opposition formelle verhënnert. Deem ass Rechnung gedroe ginn an d'Wirtschaftskommissioun huet nach eng Lettre d'amendement eragereecht, fir nach Prezisioune bei den Annexen ze maache souwéi fir och nach eemol drop hinzeweisen, wéi och scho bei deem viregte Projet de loi, dass déi englesch Sprooch soll bäibehale ginn.

Voilà, dëst gesot zu dëse ganz technesche Projet-de-loien, verweisen ech fir all weider Detailer op mäi schréftleche Rapport a ginn domader den Accord vun der sozialistescher Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Burton. Éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech emol deenen zwee Rapporteuren, dem Här Haagen an der Madamm Burton, e ganz häerzleche Merci soe fir hire kompletten - wierklech! - mëndlechen an och schréftleche Rapport.

Et sinn, wéi Der héieren hutt, dräi Projet-de-loien, déi eng Direktiv an nationaalt Recht ëmsetzen. Am 6965 geet et net ëm Sprengstoff, sou wéi e vun der Arméi a vun der Police benotzt gëtt, et geet och net ëm pyrotechnescht Material, mä et geet ëm Munitioun, ëm Sprengstoff an awer och den Transfer vu Munitioun à usage civil, also fir d'zivill Notzung, wou souwuel d'Hiersteller - an hei am Land hu mir zum Beispill Armurieren -, awer och d'Distributeure wéi och d'Importateure gläichermoossen eng ganz Partie vun Obligatioune kréien, woumadder se musse sécherstellen, dass dat Material och konform ass an dass d'Grondufuerderungen a puncto Gesondheet a Sécherheet och erfëllt sinn.

A wann ee jo bedenkt, dass mer a leschter Zäit e puermol Accidenter op Chantieren haten, sou kann een deem heiten nëmmen zoustëmmen, well dee Projet de loi ganz sécher zu méi Sécherheet op de Chantiere bäidréit. Ech denken an deem heite Fall ganz besonnesch u Sprengungen, déi gemaach ginn a Carrièren, oder awer och Sprengungen, déi erfuerdert sinn, wann en Tunnelbau gemaach gëtt.

Dann de 6981, do geet et drëms, wéi d'Madamm Burton och gesot huet, dass d'Länner responsabel si fir déi Schëffer, déi ënner hirer Flagg fueren, an zwar musse se kontrolléieren, dass déi Schëffer esou équipéiert sinn, dass se souwuel fir déi Mënschen, déi dorobber ënnerwee sinn, wéi awer och fir d'Emwelt sécher sinn. An hei zu Lëtzebuerg ass dann elo de Commissaire aux affaires maritimes zesumme mat dem ILNAS dofir zoustänneg an déi verschidden Organismes agréés, déi kréien d'Méiglechkeet, sur place op d'Schëffer, do wou se da grad leien, och kucken ze goen, fir hir Konformitéit ze iwwerpréiwen. A mir als klengt Land, als klengt Lëtzebuerg, hunn natierlech och all Interessi drun, dass déi Schëffer, déi ënner Lëtzebuerger Flagg fueren, och all Sécherheetsbestëmmungen erfëllen.

Juste pour info: Ënner eisem Fändel fueren 216 Schëffer mat engem Totalfrachtvolume vun 2,2 Tonnen. Dat ass de Stand vum leschte Juli.

An dann zu gudder Lescht de 6902, wou et nieft verschiddene Kontrollen awer ënner anerem ëm dee Marquage CE do geet, deen de Fabrikant och ewell muss op Sportsmotorbooter oppechen, awer och op déi Wassermotorräder, wat näischt aneres ass wéi Jetskier -…

(Interruption)

…an där hu mer en etlech op der Musel fueren, zur Freed vun deenen engen, zum Leed vun deenen aneren -, fir domadder och ze bescheinegen, dass den ëmwelttechneschen Exigenze Rechnung gedroe gouf. Dat heescht, déi Leit, ob dat dann elo den Distributeur ass oder Privatleit sinn, déi sech esou en Jetski elo vläicht fir Chrëschtdag wënschen oder och e Motorboot importéieren, déi mussen dann oppassen, dass dee Marquage CE do drop ass.

Dat gesot ginn ech zu deenen dräi Projet-de-loien den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. An nächst Riednerin ass d'Madamm Simone Beissel.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och virop den zwee Rapporteuren, dem Claude Haagen an dem Tess Burton, Merci soe fir hir exzellent schréftlech a mëndlech Rapporten zu dësen dach techneschen Texter.

Et geet drëm, déi dräi Direktiven ze transposéieren. Zu deem éischte Projet, zu den Explosifs civils wëll ech net weider eppes soen, well mer jo zu Lëtzebuerg u sech kee Producteur hunn. Mir sinn hei Importateur. Mir hunn och nëmmen eng limitéiert Mission de surveillance. An dofir, den Text ass gutt. Mir maache mat, fir eis international ze conformëieren.

Déi zwee aner Texter, Équipements marins an Navigation de plaisance, ech mengen, déi sinn extrem wichteg. D'Madamm Hetto huet et scho gesot: Mir sinn u sech elo entre-temps eng gréisser Seefahrernatioun ginn! Béis Zonge behaapten, wa mer nëmmen en Deel vun eiser Flott, déi ënner Lëtzebuerger Pavillon fiert, géifen op der Musel parken, dann hätte mer schonn e ganzen Deel zwësche Lëtzebuerg an Däitschland mat Lëtzebuerger Booter voll. Mir mussen also och maachen, dass mer fir international an national Uerdnung suergen.

Mä ech ginn Iech eppes aneres ze bedenken: Dir wësst alleguerten, dass d'Mëttelmier total verknascht ass, net nëmme vu Plastik, mä haaptsächlech vu Charge polluante, déi vum Diesel kënnt, vum Uelech an esou weider an esou virun. Mir kréien ëmmer mat, dass Schëffer do fueren, déi dem Numm vu Schëff iwwerhaapt net méi gerecht ginn, wat Wracke sinn, déi absolutt verrascht sinn, wou d'Motoren net an der Rei sinn.

Duerfir ass et extrem wichteg, dass um Niveau vun Europa - a mir maachen do mat - Uerdnung geschafe gëtt, dass déi Équipements marins immens gestrafft ginn, dass do Kontrolle kommen, dass Obligatioune si sougutt fir d'Sécuritéit vun de Leit, mä och haaptsächlech fir d'Ëmwelt, well do sinn esou Katastrophe geschitt. A wann do net agegraff gëtt, da gëtt dat ëmmer schlëmmer. Dofir ass et gutt, dass déi hei Direktiv transposéiert gëtt a Lëtzebuerger Gesetz.

Dat anert iwwert d'Navigation de plaisance, do hunn ech selwer d'Chance gehat, 1994 an enger anerer Fonctioun matzehëllefen, de Règlement grand-ducal auszeschaffen, well dat och Schëffer betrëfft, déi am Inland gefuer sinn. An hei gëtt och elo moderniséiert. Et gëtt alles harmoniséiert. A wat ganz wichteg ass, dat ass, dass sougutt Innenbordmotore wéi awer och d'Aussenbordmotoren elo de Label CE kréien, well do gëtt et och vun null bis honnert an der Qualitéit a vun der Sécherheet! A wann de Label CE drop ass, ass et esou, dass éischtens de Producteur wierklech muss bestëmmten Normen erfëllen, an et kënne regelméisseg Stippkontrollen gemaach ginn, well dat ass näämlech déi eenzeg Méiglechkeet, fir d'Charge polluante vun deene Moteuren ënner Kontroll ze kréien.

An dofir ass et och wichteg, dass mer dofir dësen Text an national Lëtzebuerger Gesetz eranhuelen. An ech ginn natierlech bien entendu gär den Accord vun der DP-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet den Här Henri Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Jo, Här President, Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Och hei gouf schonn alles vu menge Virriedner gesot, soudass ech och hei den Accord vu menger Fraktioun ginn. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Gëtt et keng weider Wuertmeldungen? Dann huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Ech wäert et dann nach eng Kéier kuerz maachen an de Rapporteure villmools Merci soe fir hir detailléiert Rapporten, wat mer erlaabt, elo net méi an den Detail anzegoen. Ech wëll Iech och net ophalen, well ech weess, dass Der nach ganz vill um Ordre du jour hutt. Dofir e grousse Merci fir d'Zoustëmmung hei am Parlament zu deene Gesetzer.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wirtschaftsminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert deen éischte Projet iwwergoen, de Projet 6965.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6965

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo gläich eriwwer.

59 Participatiounen um Vott, 59-mol Jo. Domat ass de Projet 6965 unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6965 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

D'Dispens géif ech herno zum Schluss froe fir déi dräi Projeten.

De Projet 6981 ass deen nächsten, iwwert dee mer ofzestëmmen hunn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6981

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo, domat ass de Projet 6981 unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir géifen zum drëtte Projet iwwergoen, dat ass de Projet 6902.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6902

D'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass och schonn eriwwer.

60-mol Jo. Domat hu mer d'Unanimitéit fir de Projet 6902.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Dispense du second vote constitutionnel pour les projets de loi 6965, 6981 et 6902

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens fir déi dräi Projeten unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7022, wann ech mech net iren. Neen, et ass also de Projet 7022 iwwert d'Abus de marché. An d'Wuert huet direkt eise Spezialist an deem Beräich, den Här André Bauler.

8. 7022 - Projet de loi relative aux abus de marché et portant:

1. mise en œuvre du règlement (UE) n°596/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 sur les

abus de marché (règlement relatif aux abus de marché) et abrogeant la directive 2003/6/CE du Parlement européen et du Conseil et les directives 2003/124/CE, 2003/125/CE et 2004/72/CE de la Commission;

2. transposition de:

a) la directive 2014/57/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relative aux sanctions pénales applicables aux abus de marché (directive relative aux abus de marché);

b) la directive d'exécution (UE) 2015/2392 de la Commission du 17 décembre 2015 relative au règlement (UE) n°596/2014 du Parlement européen et du Conseil en ce qui concerne le signalement aux autorités compétentes des violations potentielles ou réelles dudit règlement;

3. modification de la loi modifiée du 11 janvier 2008 relative aux obligations de transparence des émetteurs; et

4. abrogation de la loi modifiée du 9 mai 2006 relative aux abus de marché

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. André Bauler *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Loosse mer net iwwerdreiwen, mä loosse mer awer och net laang ronderëm de Bräi réieren: Bei dësem Gesetzesprojet geet et ëm Maartmëssbrauch, Abus de marché also, deen duerch Insiderwëssen entstoe kéint oder kann, Wëssen, dat dozou féiere soll, fir en Afloss op Entwécklungen ze huelen, zum Beispill op d'Präisser. Insiderwëssen iwwer Fakten a méiglech Bewegungen op de Finanzmäert ka bal all Persoun hunn, zum Beispill Statsbeamten, déi an deem Beräich schaffen a Verantwortung droen, awer och Politiker, déi a Kommissiounen Informatioune kréien, oder Banquieren a Fongmanager.

Här President, wann et drëm geet, e richtegen europäesche Bannemaart ze schafen, virun allem bei de Finanzservicer, dann ass et noutwendeg, derfir ze suergen, dass d'Integritéit vun dësem Maart garantéiert ass an dass Situatioune vu Mëssbrauch évitéiert ginn. Et geet, wéi gesot, heibäi ëm déi sougenannten Notioun vun „abus de marché".

Dëst geschitt, wa Finanzmarchéen aus hirem Équiliber kommen, wann also d'Prinzipie vun der Konkurrenz net méi spillen. Sou kënnt et dann zu suboptimale Resultater fir d'Majoritéit vun den Akteuren, dat, well e puer anerer sech net un d'Spillregelen halen. Dëst also si verschidden Akteuren, individuell oder am Grupp, déi en Afloss op de Präis hunn, dëst entweder, andeems si méi Informatiounen hu wéi anerer - hei schwätzt ee vun „insider trading" -, wa se falsch Informatioune probéieren ze verbreeden oder wa se sech mat aneren Akteuren ofschwätzen, wéi se sech um Marché verhale wäerten. Alles dëst sinn Abusen, déi dat fräit Spill vum Marché duerjernee maachen, grad well de sougenannten „level playing field" net respektéiert gëtt.

Här President, zu Lëtzebuerg gouf d'Direktiv vun 2003 am Joer 2006 transposéiert, an zwar an d'Gesetz vum 9. Mee 2006 iwwert d'Maartmëssbräich. Et gëtt awer elo en neie Regimm, dat besonnesch, well d'Finanzwelt sech an deene leschten zéng Joer verännert a weiderentwéckelt huet.

Déi nei Basis bilden zwee Texter, - elo gëtt et e bësse méi technesch -:

- d'Reglement 596/2014 vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 16. Abrëll 2014 iwwert d'Abus de marché, dat d'Direktiv 2003/6 vum Europäesche Parlament a vum Conseil wéi och d'Direktiven 2003/124, 2003/125 an 2004/72 vun der Kommissioun abrogéiert;

- dann d'Direktiv 2014/57 vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 16. Abrëll 2014 iwwert déi strofrechtlech Sanktiounen am Kader vu Maartmëssbräich, eng Direktiv, déi eigentlech scho fir den 3. Juli vun dësem Joer sollt ëmgesat ginn.

Dëse Projet huet als Zilsetzung, fir all déi noutwendeg Moossnamen ze huelen, fir d'Reglement 596/2014 an d'Dispositioune vun der Direktiv 2014/57 an déi vun der Directive d'exécution 2015/2392 ëmzesetzen. Et geet also drëm, den internen Droit un den neie Regimm, deen d'Abus de marché betrëfft, unzepassen. Dësen neie Regimm war noutwendeg, fir de gesetzleche Changementer Rechnung ze droe souwéi der Entwécklung op de Mäert an den technologeschen Entwécklungen, zemol well sech d'Landschaft vun de Finanzservicer spierbar verännert huet. D'Zil ass et, fir d'Uniformitéit vun de Regelen an och d'Kloerheet vun den Haaptkonzepter, déi benotzt ginn, ze garantéieren.

Här President, e puer Wuert zum Reglement 596/2014. Dëst Reglement verlaangt explizitt d'Adoptioun vun zousätzleche Moossnamen um nationalen Niveau, fir seng Applikatioun ze garantéieren. Den neie Regimm iwwert d'Abus de marché féiert e méi grousse Champ d'application an, dee méi op Produkter adaptéiert ass, déi an de leschte Joren entwéckelt goufen. Den neie Regimm huet och als Zil, géint déi gekräizten Abus de marché ze kämpfen, dëst op de Mäert vun den Derivater vu Matière-premièren an op de physesche Mäert, déi deenen ënnerleien. D'Reglement versicht, d'Pouvoire vun den administrativen Autoritéiten, déi d'Aufgab hunn, souwuel Mëssbräich ze iwwerwaachen, ze detektéieren an iwwer si ze enquêtéiere wéi och d'Sanktiounen an de Memberstaten ze harmoniséieren.

D'Direktiv 2014/57 gesäit strofrechtlech Sanktioune vir am Fall vun engem graven Abus de marché. Am Géigesaz zu den aktuellen Direktiven, déi sech domadder zefridde ginn hunn, effektiv, proportionéiert an ofschreckend Sanktiounen ze definéieren, ouni awer déi konstitutiv Elementer vu strofrechtlechen Infraktiounen ze definéieren oder d'Natur vun de strofrechtleche Sanktiounen ze fixéieren, definéiert d'Direktiv 2014/57 op detailléiert Manéier d'Infraktiounen, déi mat Mëssbräich ze dinn hunn, an hält och genee d'Natur vun de Sanktioune fest, déi d'Memberstaten a Kraaft setze mussen.

Här President, an deem neie Regimm vun den Abus de marché ass et esou, dass strofrechtlech Sanktioune mat administrative Sanktioune koexistéieren. Fir ze vermeiden, dass eng Persoun fir déiselwecht Faiten duebel poursuivéiert oder veruerteelt gëtt, iwwerhëlt dëse Gesetzesprojet ouni substanziell Ännerung de Mechanismus, deen am Artikel 33 Paragraf 4 vum modifizéierte Gesetz vum 9. Mee 2006 iwwert d'Abus de marché steet, e Gesetz, dat bis ewell gutt fonctionnéiert huet. Dëse Mechanismus huet als Zil, de Prinzip vum „non bis in idem" oder „ne bis in idem" ze respektéieren, andeems eng obligatoresch Konsultatioun tëscht der CSSF an dem Procureur d'État agesat gëtt, déi dann disposéiert, dass, wann eng Autoritéit poursuivéiert, dann déi aner Autoritéit dat net mécht.

Dëse Prinzip war schonn 2010 an d'Gesetz vun 2006 ageschriwwe ginn, dëst nodeem d'Europäesch Kommissioun kritiséiert hat, dass d'Direktiv 2003/6 net komplett a Lëtzebuerger Recht ëmgesat gi war, a fir och der Objektioun vum Statsrot Rechnung ze droen, déi dee schonn 2005 an 2006 formuléiert hat, ier d'Gesetz vum 9. Mee 2006 gestëmmt gouf.

Fir all aner Detailer verweisen ech Iech op mäi schréftleche Rapport, Här President. Souwuel an der Theorie wéi an der Praxis kann e Marché nëmme fonctionnéieren, wann d'Grondlage garantéiert sinn, an do hu Praktike vu Maartmëssbrauch näischt ze sichen.

Andeems mer haut eis Gesetzgebung op den neien europäesche Kader an dëser Matière upassen, droe mer dozou bäi, dass esou e Verhale verhënnert a bestrooft gëtt. Dat ass wuel eng technesch Affär, mä nëmme wa jiddwer Akteur um Marché sech un d'Regelen hält, dann ass d'Resultat och am Sënn vun eis alleguerten.

Dat gesot, soen ech Iech Merci, soen och Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun a ginn dann natierlech och den Accord vu menger Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An d'Wuert huet dann direkt den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, Merci eisem Rapporteur, dem Här André Bauler. Hien huet déi ganz gutt Ugewunnecht, eng komplizéiert Matière an einfache Wierder duerzeleeën. E mécht dat en plus op eng lieweg a flott Manéier. Duerfir bleift mir net méi vill derbäizefügen, ausser den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Laurent Mosar. An d'Wuert huet direkt den Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Merci, Här President. Och ech géif gär dem Rapporteur André Bauler Merci soe fir säi gudde Rapport. Hien huet erklärt, firwat dës Matière vum Abus de marché a vun de Manipulatioune vum Marché am Fong eng wichteg Matière ass, déi och zu Lëtzebuerg extrem wichteg ass, well mer eben och eng grouss Bourse hunn, déi e wichtegt Standbeen ass vun eiser Finanzplaz.

Obwuel mer eng relativ wichteg Bourse hunn, hu mer relativ wéineg Fäll vun Abus de marché gehat an der Vergaangenheet. An ee vun deene Grënn dofir ass, dass mer u sech wéineg Handel hunn op eiser Bourse. Et gëtt just ee Fall an der Lëtzebuerger Jurisprudenz vun engem Délit d'initié. Dee geet op d'Zäit vun 2001 zréck a war en rapport mat der Fusioun zwëschen Arbed, Usinor an Aceralia. Dat ass deen eenzege Fall vun enger Condamnation pénale wéinst Abus de marché, wéinst Délit d'initié.

A wann een de Rapport vun der CSSF kuckt, da gesäit een, dass 2015 dräi Enquêtë gemaach goufe wéinst Manipulation de marché, Abus de marché, an dass et awer trotzdeem, an dat ass dee wichtegsten Uwennungsberäich vun dëser Matière, eng 70 Ufroe vun auslänneschen Autoritéite gouf, déi dann un d'CSSF ginn. An d'CSSF muss dat verschaffen, fir dann déi Informatiounen ze iwwerliwweren un auslännesch Autoritéiten.

Et ass also wichteg, dass mer eise Kader un dat europäescht Recht upassen. De Rapporteur huet et gesot. Et gëtt eng Ausweidung vum Champ d'application engersäits op nei Plattformen. Dat hate mer bei eis scho gemaach. Mir hu säit 2006 och den Euro MTF, de Marché secondaire vun der Bourse, deen am Champ d'application ass vum Gesetz. Mä mir maachen och elo nei Produiten derbäi, nei Instrumenter, wéi Emissiounsquoten, och Indicen, nom LIBOR-Skandal ass dat derbäikomm, an eben och déi Abus croisés, déi de Rapporteur genannt huet, mat Derivater vu Matières premières.

En anere wichtege Punkt, dee mer aféiere mat dësem Gesetz, ass e Whistleblowing-Mechanismus. Dat ass jo och e Sujet d'actualité. Och hei wéi an anere Finanzsecteurlegislatioune kréie mer dee Mechanismus, wou dann eben Drëttparteien oder Employéé kënnen Abus-de-marchéen dénoncéiere bei der Autoritéit.

Här President, ofschléissend géif ech erëm eng Kéier gären eng Lanz briechen hei fir d'Loisanction. Well den Abus de marché ass e ganz wichtegt Gesetz, mä all déi Gesetzer sinn net vill wäert, wann d'CSSF d'Moyenen net huet, fir se seriö an op eng, jo, op eng contraignant Aart a Weis ze sanktionéieren.

Dofir géif ech dann nach eng Kéier gären en Appell maachen un de Minister, fir dat Gesetz schnell an d'Prozedur ze bréngen, well dat ass den eigentleche Gage de sérieux vun der CSSF, d'autant plus well, wéi de Rapporteur et sot, mer déi Regel hunn, wou u sech och déi Poursuitte kënnen administrativ gemaach ginn, wat oft méi effikass ass, mä och op enger penaler Base.

Dat gesot, géif ech gären den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Fayot. An d'Wuert huet den Här Henri Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Merci, Här President. Och hei ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Exzellent!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Finanzminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Ech géif gären dem Rapporteur André Bauler Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen, awer och schréftleche Bericht an enger Matière, déi vläicht e bësse komplizéiert ass, mä en fait och eng immens wichteg ass, wat d'Reputatioun vun de Marchéen ubelaangt an dann och d'Reputatioun vum Land.

Ech géif mech gären och bedanke beim Justizminister a senger Équipe, déi hei aktiv matgeschafft hunn.

Am Résumé, wat hei geschitt ass, ass, dass de Champ d'application vum Abus de marché méi breet gëtt, sou wéi d'EU-Direktiven an d'Reglementer dat virgesinn. Zweetens ginn d'Pouvoire vun der CSSF, vun eisem Régulateur-superviseur, hei adaptéiert, och méi breet gemaach. Mir kréien eng Harmonisatioun vun de Sanktiounen a vun de Mesure-administrativen a mir introduzéiere penal Sanktiounen, déi och ganz héich sinn, wat och soll dissuasif sinn.

Den Deputéierte Fayot huet ganz richteg ënnerstrach, dass dat heiten e wichtege Bestanddeel ass vun der Legislatioun fir eis Finanzplaz. Et ass esou, dass Lëtzebuerg eng ganz grouss an dynamesch Bourse huet. Mir sinn en fait de gréissten Émetteur vu Valeurs mobilières an Europa, soudass mir hei e wesentlechen Akteur sinn.

Wéi richteg ervirgestrach, ass et och esou, dass mir zu Lëtzebuerg ganz wéineg Délit-d'initiéen hunn oder Fäll vun Abus de marché. Doriwwer soll ee sech freeën. Mä an engems ass et och wichteg, dass eis Legislatioun ugepasst ass, fir dass mer och kënne mat auslännesche Regierungen a Länner kooperéieren, wat och oft de Fall ass an an Zukunft nach méi wäert sinn.

Richteg ass och ze ënnersträichen, dass mer d'ITM designéiert hunn als Autoritéit, fir ze iwwerkucken, dass déi Salariéen, déi Dénonciatioune maachen, protegéiert ginn. Dat ass en Deel vun der Approche, déi mer zu Lëtzebuerg hu vum Whistleblowing. Mir hu jo och eng generell Legislatioun zu Lëtzebuerg an deem Domän. A mir wëssen, dass um europäesche Feld dru geduecht gëtt, fir déi Protektioun och nach ze erweideren.

Ech freeë mech iwwert de Support vun alleguerten de Fraktiounen, déi sech hei ausgeschwat hunn. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Mir géifen dann iwwert den Ensembel vum Projet de loi 7022 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7022 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

(Interruption)

Jo, et ass notéiert. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59-mol Jo, dann ass et wahrscheinlech 60-mol Jo. Domat ass de Projet 7022 unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7022 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, de Projet 7031, d'Transpositioun vun enger Direktiv iwwert den automateschen Austausch vu steierlechen Informatiounen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet direkt den Här Rapporteur, den Här Eugène Berger, dee scho bei eis ass.

9. 7031 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2016/881 du Conseil du 25 mai 2016 modifiant la directive 2011/16/UE en ce qui concerne l'échange automatique et obligatoire d'informations dans le domaine fiscal et concernant les règles de déclaration pays par pays pour les groupes d'entreprises multinationales

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dëse Projet reit sech an an all déi Efforten, déi an deene leschte Jore

gemaach gi si vun der Regierung, fir den, ech soen emol „Standuert Lëtzebuerg" erëm méi transparent ze maachen, an och fir aktiv ze ginn, zesummen um europäesche Plang mat eisen anere Partner, fir géint d'Steierevasioun virzegoen, fir do ze handelen.

Ech mengen, dat ass e Sujet, deen eigentlech och ganz aktuell ass, wann een d'Noriichte gekuckt huet vu gëschter. Ech erënneren nëmmen un den Dossier LuxLeaks. Wéi gesot, an deene leschte Jore si mer bei den Aarbechten zu Bréissel, awer och op internationalem Parquet ganz aktiv gewiescht, praktesch ëmmer bei den „first-moveren" gewiescht, fir Dispositiounen oder nei Direktiven ëmzesetzen am Beräich vun der Transparenz.

Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, datt mer ënner anerem bei der Présidence den Dossier vum automateschen Austausch vun de Rulingen och décisiv virubruecht hunn.

Ëm wat geet et méi prezis hei bei dëser Direktiv? Bei dësem Projet de loi, do geet et drëms, fir méi Transparenz bei deene grousse Gesellschaften oder Gruppen ze kréien, wou de Chiffre d'affaires iwwer 750 Milliounen Euro läit. An dat si gewéinlech grouss Gruppe mat, et kann een och soen, méi komplexe Strukturen a verschiddene Länner. Et brauch een elo hei keng Nimm dropzesetzen, mä Dir kënnt lech alleguerten awer denken, wat fir eng Gruppen oder Gesellschaften dat kënne sinn.

An, bon, et ass och net ofzestreiden, dat ass jo och d'Experienz aus deene leschte Joren, Jorzéngten, datt gewéinlech esou Strukture vu grousse Gruppen och als Zil ënner anerem haten, fir eng optimal Besteierung ze erreechen, andeems een dann à la perfection all d'Méiglechkeeten aus deene verschiddenen Étatmemberen esou kombinéiert huet, datt een da jeeweils den niddregste Steiertaux konnt erreechen. Dat ass ganz oft geschitt iwwert déi sougenannten Transferten, déi innerhalb vun engem Grupp getätegt ginn, wou da mat Prixde-transferten dat ugerechent ginn ass mat Präisser, déi awer da gewéinlech ënnert dem Marchéspräis louchen.

Ech mengen, duerch dëse Mechanismus konnten da Revenuen jee nodeem an deem engen oder anere Land besteiert ginn, an et ass eben och da gekuckt ginn, fir den niddregsten Taux ze erreechen. Dat Ganzt, dat muss ee betounen, huet sech eigentlech ëmmer an engem legale Kader beweegt, wou déi eenzel Legislatioune respektéiert gi sinn. Mä duerch déi successiv Revelatiounen, ënner anerem eben och LuxLeaks, ass vill iwwert déi deontologesch Dimensioun an Aspekter diskutéiert ginn. An et ass ee sech awer och eens ginn, wann och déi Besteierunge legal waren an do net unzefechte sinn, datt ee sech awer iwwerluecht huet, ob dat schlussendlech am Sënn vu Steiergerechtegkeet ze gesinn ass.

D'Kommissioun an d'OECD wëllen also nei Weeër goen an deem Beräich, Weeër, déi dës Regierung zu honnert Prozent ënnerstëtzt. Wat sinn déi Weeër? Bon, an Zukunft soll d'fiskal Transparenz bei deene Gruppe voll spillen. An et gëtt och eng nei Approche bei der Besteierung, wou gekuckt gëtt, wou d'Haaptsubstanz vun engem Grupp oder enger Gesellschaft läit, wou hir Haaptaktivitéite leien, wou hir Personalsubstanz ass an nach aner Elementer.

Ech mengen, déi ganz Efforte sinn och an der Suite vun den Diskussiounen iwwer BEPS ze gesinn, mä besonnesch hei vun der Aktioun 13. An där Aktioun, do gi gemeinsam Norme virgeschloen, wéi esou eng Deklaratioun Land fir Land kéint ausgesinn. An déi europäesch Direktiv iwwerhëlt eigentlech dës Richtlinnen.

Wat ass dat dann elo konkret? Wéi gëtt dat dann elo an dësem Projet de loi ëmgesat? Majo, fir d'Transparenz ze erreechen, gëtt ebe fir déi Gesellschafte mat 750 Milliounen Émsaz den automateschen Échange vu Steierinformatiounen tëschent de Steierverwaltungen agefouert.

„Firwat nëmmen Entreprisë vun enger gewëssener Envergure?", kann ee sech froen. Ech hunn dat och scho virdrun erklärt, firwat ech mengen, datt eben déi grouss Gruppen, déi eng multinational Struktur hunn, hei viséiert sinn. Ech mengen, fir kleng Entreprisen, déi eng national Struktur hunn, méi e klenge Chiffre d'affaires hunn, ass dat souwisou net a Fro komm.

Wéi geschitt deen automateschen Échange? Ma dee fonctionnéiert iwwer eng „déclaration pays par pays", wéi een dat nennt. Also an all Land gëtt eng Oplëschtung gemaach vun den ekonomeschen Aktivitéite vun der Gesellschaft. An da gesinn déi eenzel Steierverwaltungen, wéi eng Aktivitéiten a wéi engem Land getätegt goufen, a kënnen dann och jee nodeem dann an hirem Land déi Aktivitéiten och no hire Legislatioune besteieren.

Praktesch gesinn ass et esou, datt all Joer déi grouss multinational Gruppen eng Lëscht mussen opstellen, wou se dann opweisen, wat se an all Land, an all Juridiktioun getätegt hunn, Benefiss virun de Steieren, Steieren um Benefiss, Unzuel vun de Leit, déi fir si an deenen eenzelne Länner schaffen, soziaalt Kapital, Natur vun den Aktivitéiten an de jeeweilege Länner an nach e puer Informatioune méi.

Konkret ass dat och hei zu Lëtzebuerg d'Steierverwaltung, déi do e spezielle Formulär ausgeschafft huet, deen dann déi grouss Gesellschaften och kënnen ausfëllen. An et ass dann d'Steierverwaltung, déi déi Donnéeë mat den Nopeschsteierverwaltungen - ech soen Nopeschsteierverwaltungen , mat de Steierverwaltungen an deenen aneren europäesche Länner dann austauscht. A mir kréien der dann natierlech och ëmgedréit aus dem Ausland vun deene Verwaltungen dann hei op Lëtzebuerg.

Déi Kommunikatioun vun de Gruppen, déi muss spéitstens 15 Méint nom fiskalen Exercice agereecht ginn. D'Gesellschaft huet zwielef Méint Zäit an dann hunn d'Administratiounen nach dräi Méint Zäit, fir dat da weider an d'Ausland ze ginn.

An dann och, well mer jo elo dann an engem neie System sinn, fir et emol esou ze soen, gëllt fir déi éischt Deklaratioun, dat wier den Exercice, deen elo den 1. Januar 2016 ugefaangen huet, en extraen Délai, fir datt sech déi Gruppe kënnen dorobber astellen, vun 18 Méint. Dat heescht, déi éischt Informatioune ginn da fir den 30. Juni 2018 échangéiert.

Et ass och virgesinn, dass, wann déi néideg Informatiounen net geliwwert ginn, et zu enger Amende bis 250.000 Euro ka kommen.

E klengt Wuert zum Avis vum Statsrot. Deen hat eng Opposition formelle zum Artikel 3 formuléiert, wou e gefrot huet, fir datt d'Obligatioune fir d'Entreprisen aus der Annex och kloer als Referenz an deen Artikel ageschriwwe ginn a wéi se kéinte sanktionéiert ginn, wa se hiren Obligatiounen net nokommen. D'Cofibu ass op alle Fall dem Wonsch vum Conseil d'État nokomm a mir hunn dat dann och esou doranner formuléiert.

Voilà a kuerze Wierder déi Haaptelementer vun deem Projet de loi. Weider Detailer fannt Der dann a mengem schréftleche Rapport. Ech mengen, als Konklusioun, et ass e wichtege Projet an eisen Efforte fir méi Transparenz a géint d'Steierevasioun. Ech hoffen op eng grouss Zoustëmmung. Ech bréngen op alle Fall och schonn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet hei an.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet direkt den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Jo, Merci och hei dem Rapporteur, deen, wéi gesot, nach eng Kéier eng komplizéiert Matière eigentlech ganz kuerz a flott duergestallt huet. Him duerfir e grousse Merci.

Ech mengen, et ass hei schonn ugeklongen, et geet bei dësem Projet de loi ëm d'Emsetzung vun där sougenannter „Country-by-country-Procédure". An ech wollt eigentlech do dem Minister eng Fro stellen an zwou Observatioune maachen. D'Fro, déi hat ech och scho gestallt an der Finanzkommissioun un d'Fonctionnairë vun der Steierverwaltung.

Et geet näämlech hei ënner anerem, Här Finanzminister, ëm d'Determinatioun vun den Transfertpräisser. An do ass mer geäntwert gi vun de Responsabele vun der Steierverwaltung, do géifen et Kritäre ginn, déi wären och festgeluecht. An ech hat eigentlech do gefrot, datt, ier mer géifen dëse Projet de loi stëmmen, mer eng Kéier géifen déi Kritären och iwwermëttelt kréien. Bis elo ass dat net geschitt. Ech hunn awer kee Problem, datt mer dat dann im Nachhinein kréien. Well ech fannen et awer wichteg, net nëmmen, datt mir, déi dat solle stëmmen, awer och wëssen, wat mer do stëmmen, mä haaptsächlech och de grand Public an déi Leit, déi all Dag mat deene Procéduren do ze dinn hunn, déi sollen awer wëssen, wéi déi Transfertpräisser do festgeluecht ginn.

Eng éischt allgemeng Iwwerleeung ass déi, an ech mengen, déi stellt sech hei, déi wäert sech awer och nach bei anere Projet-de-loie stellen ëmmer erëm am Kontext vun der BEPS-Procédure, an zwar geet et hei drëm ze wëssen, ob mir Definitioune vun zum Beispill Transfertpräisser, vu Substanz, wou mer d'lescht Woch hei driwwer geschwat hunn, ob mer déi nach wéi bis elo kënnen a Steiercirculairë festleeën oder ob mer net musse systematesch an d'Richtung vu Gesetzer goen. Mir wäerte muer eng Diskussioun hei iwwert d'Steierreform hunn, wou sech och esou e Punkt stellt.

Mir sinn hei nohalteg der Meenung, Här Minister, datt een dat doten esou wäit wéi méiglech soll a Gesetzestexter festleeën, éischtens wéinst der Procédure BEPS, fir och do all Zorte vu Risken ze évitéieren. Mä och allgemeng, mengen ech, ass dat vill méi transparent och dobausse fir d'Bierger, fir déi Leit, déi all Dag domadder ze dinn hunn, wann een dat a Gesetzer festschreift. Duerfir wollt ech lech do méi allgemeng d'Fro stellen, wéi Der dat do och an Zukunft gesitt.

Eng zweet méi allgemeng Iwwerleeung, déi hate mer och scho virun e puer Deeg an der Finanzkommissioun, déi wollt ech awer och hei nach eng Kéier widderhuelen. Mir sinn amgaangen, als Europäesch Unioun do wierklech wesentlech Schrëtt a Richtung BEPS ze maachen. Wann ech awer elo kucken, datt mer a manner wéi sechs Woche wäerten en neien amerikanesche President hunn, deen awer alles wäert maachen, fir an déi entgéintgesetzte Richtung ze goen, froen ech mech trotzdeem, wéi mer virufueren. Well et ka jo net sinn, datt mir herno an der gesamter Europäescher Unioun alles ëmgesat hunn, dee ganze BEPS, an datt dann all déi aner Länner an an éischter Linn d'Amerikaner déi Saachen net méi ëmsetzen, wou mer dann e grousse Problem kréien.

An ech mengen, den „level playing field" läit eis allen zwee, lech a mir och, Här Minister, ganz staark um Mo. An ech froe mech, wou deen „level playing field" dann nach wäert sinn, wann elo all déi aner Länner net méi mat sinn.

Duerfir mengen ech, datt et wichteg wär, an dat ass eigentlech och déi Observatioun, déi ech wollt maachen, wann esou schnell wéi méiglech - an och wann een elo gesäit, wéi déi éischt programmatesch Aussoe vum Här Trump a senger Administratioun par rapport justement zu där BEPS-Procédure sinn - vläicht och den EU-Conseil vun de Finanzministeren, den ECOFIN, sech awer elo emol eng Kéier géif domadder auserneesetzen, och fir ze kucken, wéi an Zukunft d'Politik vun der gesamter Europäescher Unioun och am Kontext vun der OECD wär.

Dat gesot, bréngen ech natierlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Mosar. An d'Wuert huet direkt den Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Och ech géif gären dem Eugène Berger, dem Rapporteur zu dësem Projet de loi, Merci soe fir säi gudde Rapport. Effektiv ass scho virgesot gi vu menge Virriedner, dass dat hei en „BEPS action point" ass, d'Aktioun 13 vu BEPS, dat ass den „country-by-country reporting".

Gradesou wéi déi Mesuren, déi mer viru Kuerzem diskutéiert hunn, CCTB, CCCTB, dat heescht d'Assiette commune vun de Betriber, ass dat hei och eng Mesure, déi net favorabel ass fir kleng Länner, en particulier an Europa an an der OCDE. Mä ech mengen, dat ass eppes, wat mer musse maachen, wat mer u sech och begréissen. Dat geet an d'Richtung vu méi Steiergerechtegkeet. Mä ech mengen, wa mer nach eng Kéier un déi Diskussioun komme vum CCTB an dem CCCTB, musse mer eis ganz seriö mat deem Volet auserneesetzen, well ech mengen, do hu mer alleguer verstanen, dass dat en zentrale Punkt fir eist Land och gëtt.

Dat gesot, géif ech gären den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi aginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Fayot. An d'Wuert huet den Här Henri Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Jo, Här President, och hei erëm den Accord vun der grénger Fraktioun, well et geet an déi richteg a wichteg Richtung fir méi Steiergerechtegkeet. Dofir natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci gesot. Den Här Wagner huet d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Also, déi „déclaration pays par pays", den „country-by-country reporting" op Englesch, ass e Konzept, wat schonn 2003 vum Richard Murphy, deen zu Lëtzebuerg war och nach dëst Joer, fir eng Konferenz ze halen, a vum John Christensen vum Tax Justice Network erfonnt gouf.

D'Iddi dohannert ass dann einfach a relativ effikass: Déi Multinational sollen hire Chiffre d'affaires, hir Revenuen an hir Steierzuelunge veréffentlechen, an zwar opgeschlësselt fir all Land an och fir all Filial. Dat soll et dann och erméiglechen, sech e bessert Bild iwwert d'Aktivitéite vun dësen ëmmer méi komplexen Entreprisen ze maachen an iwwert d'Relatiounen tëschent den eenzelnen Deeler vun de Konzerner, soudatt ee Mustere vun deene sougenannten aggressive Steieroptiméierungen oder vu Steierflucht vill méi einfach kann erkennen. Wann eng Multinational Milliounen u Gewënner a Steierparadäiser transferéiert an do, wou se hire Profitt mécht, praktesch guer keng Steiere bezilt, da kann een dat unhand vun deenen Donnéeën zimlech einfach erausliesen.

Mä obwuel déi Iddi mat engem minimalen Opwand en enorme Fortschrëtt a Saache Steiergerechtegkeet bedeite géif, huet et awer ëmmerhin zéng Joer gedauert, bis dat sech an der Politik konnt duerchsetzen. Dat huet och domadder ze dinn, datt géint déi Initiativ och eng intensiv Lobbyaarbecht geleescht gouf.

Mir wäerten dëst Gesetz also haut matstëmmen, well et e Fortschrëtt ass um Wee fir méi Transparenz, wat zu méi Gerechtegkeet am Prinzip och misst féieren. Mä dat heescht awer net, datt mer dës Virlag fir immens gelongen halen. Zum Beispill kënne mir net novollzéien, firwat déi Exigenzen nëmme fir Multinationaler gëllen, déi en Ëmsaz vu mindestens 750 Milliounen Euro hunn, dat heescht u sech och nëmme fir 10% vun alle Multinationalen. Dat ass onverständlech, zemools och, well d'Europaparlament eng vill méi niddreg Grenz gefuerdert huet.

Dat Gesetz, dat mer haut stëmmen, ka fir eis awer nëmmen en éischte Schrëtt sinn, well souwuel bei der Virlag vun der OCDE wéi och an där heiter Direktiv, déi mer haut transposéieren, ass dat zentraalt Element vun der urspréngleche Iddi net zréckbehale ginn: Dat ass d'Transparenz! Den „country-by-country" kann nëmme wierklech dann och seng Wierkung entfalen, wann déi Donnéeë vun de Multinationalen och public gemaach ginn, well nëmmen da kënnen Analysten, kënne Chercheuren, kënne Journalisten, kënne Membere vun der Zivillgesellschaft oder ganz einfach och einfach Bierger sech e Bild maachen an op Mëssstänn och vläicht hiweisen.

Doduerjer, datt déi Informatioune just de Steierverwaltungen zur Verfügung gestallt ginn, ass de Wäert vun dëser Initiativ vill méi geréng, well LuxLeaks a PanamaLeaks hu jo och gewisen, datt Steierverwaltungen deelweis och kënnen en Deel vum Problem sinn.

Et ass awer ze begréissen, datt d'EU-Kommissioun mëttlerweil op de Wee vun engem ëffentlechen „country-by-country" wëllt goen. Si huet jo och am Fréijoer eng Initiativ an déi Richtung gemaach. Allerdéngs ass och déi bei Wäitem net ambitiéis genuch, well do jo och net all d'Date musse veréffentlecht ginn, wat zu enger Rei vu Problemer kéint féieren. Virun allem brauche mer och d'Donnéeë fir déi Filialen ausserhalb vun Europa. Wann déi net opgeschlësselt ginn, dann ass och de Wäert fir d'Entwécklungsländer gläich null.

Iwwerhaapt geet d'Virlag vun der OCDE zum „country-by-country" net genuch op déi legitimm Interesse vun och den Entwécklungsländer an. Dës Länner leiden laut dem FMI dräimol méi ënnert der Steierflucht vun de Multinationalen a si ginn de facto vun der Initiativ och ausgeschloss.

Dësen ëffentlechen „country-by-country", dee mir als onëmgänglechen nächste Schrëtt ugesinn, ass jo och nach laang net duerch. Et gëtt do vill Widderstand. A wann ee verschiddene Presseartikelen och ka gleewen, da gëtt et och e Widderstand vu Lëtzebuerger Säit. Mir haten nach dem Här Finanzminister dozou eng parlamentaresch Fro gestallt. Dat war de 17. November. Mir sinn nach an der zäitlecher Limitt. Si ass nach en attente, d'Äntwert, mä vläicht huet den Här Finanzminister och schonn elo dozou eng Äntwert, an da wiere mir natierlech och frou, wann en dorobber kéint agoen.

Ech soen lech Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An den Här Finanzminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt géif ech gär dem Här Eugène Berger fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport villmools Merci soen, wou e jo och d'Objektiver vun dëser Emsetzung vun enger europäescher Direktiv gutt beschriwwen huet.

Mir sinn hei am Domän vun där internationaler Initiativ vun der OECD a vum G20, fir eng nei Steierlandschaft weltwäit op d'Been ze setzen. Dat ass déi Initiativ BEPS, Base Erosion and Profit Shifting, vun 2013, déi 2015 zu Lima hir Konklusioun fonnt huet, wou ech och als Vertrieder vum EU-Conseil als Présidence Lëtzebuerg dobäi war, wéi dat presentéiert ginn ass.

Do war eng grouss Ambitioun hannert deem Projet an dat ass och amgaangen, alles lues a lues ëmgesat ze ginn. Et ass esou, dass Europa do e Virreider ass, am Sënn, dass Europa déi Géigend an der Welt ass, déi dat am séiersten ëmsetzt.

Fir dat direkt virauszeschécken a well dat och vum Deputéierte Mosar ugeschwat ginn ass: Lëtzebuerg huet sech agesat am ECOFIN op eng regelméisseg Aart a Weis, fir dass Europa natierlech ka Virreider sinn oder e Pionéier, mä an engems och muss kontrolléieren, wéi déi aner Géigende vun der Welt dat ëmsetzen. An dat ass dunn am Juni vun dësem Joer geschitt op meng Propositioun hin, dass d'Kommissioun an de Conseil géife regelméisseg berichten, wéi déi aner Géigende vun der Welt déi ganz Initiativ vun der OECD a vum G20 ëmsetzen. A mir wäerte wahrscheinlech am Ufank vum nächste Joer déi gutt Geleeënheet hunn, och en État des lieux ze maachen, och am Kontext vun deem, wat an Amerika wäert geschéien. Wéi konkret den neie President säin Agenda fiscal wëllt ëmsetzen, ass nach net gewosst. Mä mir mussen dat natierlech ganz genau kucken.

Mir hunn also hei eng Direktiv, déi déi Initiativ vu BEPS - dat ass d'Aktioun 13 - ëmsetzt. Dat ass eng vun den Aktiounen, déi mat der Transparenz ze dinn hunn, dat heescht Échange d'informations. Mir kennen dat och an Europa an zu Lëtzebuerg an der Tëschenzäit ganz gutt. Déi Transparenz bréngt mat sech, dass mer méi Kloerheet kréien an doduerch méi Steiergerechtegkeet. D'Direktiv gesäit also vir, dass en „country-by-country reporting" gemaach gëtt, dat heescht, dass d'Multinationallen, déi e Chiffre d'affaires hunn iwwer 750 Milliounen, eng ganz Rëtsch Informatioune mussen uginn, hiert Kapital, hiert Resultat fir d'Joer - viru Steieren, no Steieren - den Ëmsaz, an dann och detailléiert mussen uginn, wéi vill Steiere se a welche Länner bezuelt hunn.

Et ass esou, dass d'Aktioun 13 vu BEPS, wou jo e Konsensus da vum ganze G20 a vun der OECD stattfonnt huet, en Échange d'informations virgesäit tëscht Administratiounen - tëscht den Administratiounen! An et ass effektiv och esou, dass d'Europäesch Kommissioun eng ganz Rëtsch Initiative geholl huet, fir deen Échange d'informations, deen elo hei an där heiter Direktiv jo limitéiert ass op d'Administratiounen, fir deen ze erweideren.

Dat stéisst op eng ganz Rëtsch Schwieregkeeten, ënner anerem, dass et iwwer BEPS ewechgeet. Et ass also net dat, wat um Niveau OECD a G20 ofgemaach ginn ass. Mir hu ganz kloer Indikatioune vu ville Länner baussent Europa, dass se deen Échange d'informations hei net wäerte public maachen. Wann also d'EU elo géif unilateral dat maachen, sti mer net nëmmen e bëssen eleng do, mä mir schueden natierlech der Kompetitivitéit vun den europäeschen Entreprisen.

Dofir huet Lëtzebuerg och d'Positioun ageholl, dass, soulaang kee Konsensus an deene meeschte Länner vum G20 a vun der OCDE besteet, fir dee public ze maachen, et keng gutt Iddi ass, fir deen Échange d'informations och um Niveau européen iwwert d'Administratiounen ewech auszedeenen. Domat, mengen ech, hunn ech dann och op d'Question parlementaire, déi gestallt gi war, geäntwert.

Mir hunn hei eng ganz Rëtsch Délaien, déi virun eis stinn. Deen Échange d'informations start eréischt den 30. Juni 2018, baséierend op Informatiounen, déi collectéiert ginn am Joer 2017.

Ech freeë mech, dass mer e grousse Konsens hei an der Chamber hunn, well d'Transparenz ass jo eppes, wat mir zu Lëtzebuerg eréischt an deene leschte Jore voll ënnerstëtzt hunn. Dat ass och eppes, wou dës Regierung ganz wesentlech Schrëtt gemaach huet.

A vu dass ech gëschter zu London war a vill Akteure vun der Finanzplaz London begéint hunn, kann ech lech nëmme soen, dass dat dee richtege Schrëtt war, dass Lëtzebuerg a Richtung Transparenz gaangen ass, well soss wäre mir kee Partner, an deen auslännesch Investisseure wéilten haut investéieren. De Fait, dass mer op kenger schwaarzer Lëscht méi sinn, dass mer e ganz kredibele Cadre juridique hunn, wat d'Supervisioun ubelaangt a wat d'Transparenz ubelaangt, ass en fait haut eng Stäerkt an net eng Schwächt.

Zum Ofschloss nach zwou Saache par rapport zu de Froen, déi den Deputéiere Mosar gestallt huet: Jo, ech kommen eng Kéier an d'Commission des Finances et du Budget, fir iwwert déi ganz Thematik Prix de transfert ze schwätzen. An deene leschten Deeg war einfach d'Zäit net, fir dat nozereechen. An et ass jo och esou, dass dat eng komplex Matière ass, an et muss een dat uerdentlech virbereeden, fir dass een dat uerdentlech zesumme kann diskutéieren.

Deen zweete Punkt iwwer Gesetz a Circulaire: Dës Regierung huet en fait a Saachen Transparenz bewisen, dass mer déi meescht Initiativen, déi mer huelen, iwwer Gesetz maachen. Ech deelen Är Analys, dass dat de préféréierte Wee soll sinn.

Mä ech mengen, mir sollen awer déi Method net ausschléissen vun der Circulaire, déi mer jo an der Vergaangenheet vill gebraucht hunn an déi mer och heiansdo nach haut gebrauchen, an déi net komplett aus dem Wee schafen. Mä ech deelen Är generell Approche, dass de Wee vun der Legislatioun och méi Transparenz bréngt, well een den Débat huet an d'Document-parlementairen. Mä heiansdo brauch ee Circulairen, fir déi néideg Interpretatiounen oder och Assurancen den Entreprisen ze ginn.

Ech soen Iech Merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Finanzminister. Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen iwwert de Projet 7031 ukomm a mir géifen direkt iwwert de Projet ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7031 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet 7031 ass mat 60 Stëmmen, also unanime, ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen iwwergoen zum Projet de loi 7067 iwwert de Journal officiel. D'Riedezäit ass nom Basismodell virgesinn. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler.

10. 7067 - Projet de loi concernant le Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. André Bauler *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 1842 ass dat jonkt Lëtzebuerg, dat duerch den éischte Londoner Vertrag 1839 en onofhängege Stat gouf, dem Däitschen Zollveräin, enger Union douanière, bäigetrueden. Dëst war e wichtege Schrëtt, well mer ouni Zollveräin als klengt Land op wirtschaftlechem Plang iwwerhaapt net hätte bestoe kënnen.

Duerch den Zollveräin ass däitscht Kapital op Lëtzebuerg komm. Duerch den Zollveräin gouf et méiglech, eis Stolindustrie lues a lues op d'Schinnen ze setzen. De Kinnek-Groussherzog Wëllem den II. war Lëtzebuerg gutt gesënnt. En huet eis net nëmmen den Embryo vun enger éischter Verfassung geschenkt, hien huet och déi éischt Gesetzgebungen an d'Wee geleet, wéi zum Beispill d'Gemengegesetzgebung vun 1843 oder d'Gesetz iwwert d'Reform vum Enseignement primaire aus deemselwechte Joer.

Ënner senger Herrschaft ass och déi liberal Verfassung vun 1848 ugeholl ginn, déi éischt Konstitutioun vum Grand-Duché, déi déi modern Fräiheeten definéiert huet. Kee Wonner, dass Stad a Land un hie mat enger Skulptur um Knuedler erënneren, wou de Wëllem den II. duerch eng Statu, e sougenannt „Reiterstandbild", also héich an houfreg zu Päerd, äänlech dem Louis XIV am Virhaff vum Versailler Schlass, geéiert gëtt a veréiwegt ass.

1842 ass awer och wéinst engem aneren internen Akt an d'Geschicht agaangen. Dat Joer ass nämlech deen allsäits bekannte Mémorial agefouert ginn. Effektiv, d'Veröffentlechung vun de legislativen Dispositiounen ass aktuell festgesat duerch de kinneklech-groussherzoglechen Arrêté vum 22. Oktober 1842, dee regelt, wéi d'Gesetzer publizéiert ginn. Dëse Regimm huet am Laf vun der Zäit verschidden Upassungen erlieft, virun allem duerch dat groussherzoglecht Reglement vum 9. Januar 1961 iwwert déi dräi Recueile vum Mémorial, sou wéi mer en haut kennen.

Déi legislativ Matière gëtt, mir wëssen dat, ëmmer méi komplex a méi voluminéis. Dës gesetzlech Komplexitéit oder „déi" gesetzlech Komplexitéit beréiert och déi wirtschaftlech Aktivitéit an ass d'Ursaach vun zousätzleche Chargen a Verflichtunge fir eis Bierger, fir eis Betriber a fir eis Gemengen.

D'Zil vun dësem Gesetzesprojet ass et, fir en elektronesche Journal anzeféieren, den „Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg", dee gratis accessibel ass an deen e gesetzleche Wäert huet, an dëst konform zur europäescher Direktiv 2003/98 vum Europäesche Parlament an dem Conseil vum 17. November 2003, déi sech mat der Neibenotzung vun Informatiounen am öffentleche Secteur befaasst.

Fir onnéideg juristesch Onsécherheeten ze vermeide sief nach gesot, dass déi besteeënd Reglementatioun vun der Veröffentlechung vu gesetzlechen an aneren offiziellen Texter zum Deel iwwert de Wee vun dësem Gesetzesprojet an zum Deel iwwer e groussherzoglecht Reglement ofgeschaaft gëtt.

Dëse Projet schreift sech an de Kontext vun der technologescher an der numerescher Entwécklung an. E beweegt sech och am Kader vun der Initiativ „Digital Lëtzebuerg".

De Gesetzesprojet, dee mer haut stëmme sollen, féiert och zu enger Reduzéierung vun de Budgetsdépensen, déi mat dësem Service ze dinn hunn, well den offizielle Journal vum Grand-Duché eben nëmmen nach just an Ausnamefäll op Pabeier gedréckt soll a wäert ginn. Déi sougenannten Abonnements publics ginn nämlech ofgeschaaft. Den Abonnement op d'Pabeierversioun vum Mémorial, wéi mer dëse Journal am Volleksmond nennen, bleift och weiderhi méiglech, muss allerdéngs vun den interesséierte Leit selwer bezuelt ginn, soudass d'Drockkäschten, déi ufalen, käschtendeckend sinn.

Laut der finanzieller Fiche, déi de Ministère dem déposéierte Projet de loi bäigefüügt huet, hu sech am Joer 2015 d'Drockkäschte vun de Mémoriallen A a B fir d'Abonnés publics op bal 360.000 Euro belaf. Déi géife jo dann ewechfalen. Amplaz vun dësen Onkäschte géif allerdéngs eng eemoleg Dépense vun 30.000 Euro ufalen, fir en elektronesche Certificat op d'Been ze stellen, deen eis garantéiere wäert, d'Authentizitéit vum Mémorial festzestellen.

De Paradigmewiessel, deen hei erbäigefeiert gëtt, besteet doranner, dass an Zukunft déi elektronesch Veröffentlechung där klassescher, also där ënner Form vu Pabeier, virgezu gëtt. Dat ass eng wichteg Entscheedung um Wee an eng legislativ Prozedur, déi haaptsächlech digital ëmrummt gëtt, an dat vum Ufank bis un d'Enn vum Prozess.

Dëse Projet gëtt motivéiert duerch der Regierung hire Wëllen, den Accès op Informatiounen ze vereinfachen, eng Modernisatioun erbäizeféieren, déi en net onbedeitenden Hiewel ass, wann et drëm geet, eiser Wirtschaft an eiser Gesellschaft insgesamt ze hëllefen, méi séier an also mat manner zäitlechem Opwand un Informatiounen ze kommen.

Mir sinn iwwregens net déi Éischt, déi op dëse Wee ginn. A Frankräich mécht een zënter 2015 gréisstendeels positiv Erfahrunge mat engem Journal officiel électronique - ënner elektronescher Form. De Statsrot weist iwwregens a sengem Avis drop hin, dass zu Lëtzebuerg laut enger Eurostat-Etüd eng grouss Majoritéit vun de Bierger, also 96%, Accès op den Internet hunn. Dat ass mat Holland den héchsten Taux an der Europäescher Unioun. De Statsrot seet weider, dass dësen héijen Taux et méiglech géif maachen, fir komplett op den elektronesche Journal officiel ëmzeklammen, well et weiderhi jiddwerengem méiglech wäert sinn, dëse Journal a seng Inhalter ze consultéieren, ëmsou méi, well och déi wéineg Leit, déi keen Accès op Internet hätten oder wëllen, sech nach ëmmer eng Kopie op Pabeier besuerge kënnen.

Och am Fall vun enger Ënnerbriechung am Internet, zum Beispill duerch eng länger Stroumpann, wäert eise System net zesummefalen. Och wann et deem engen oder aneren an deem Fall ganz schwéier wäert falen, fir eng Zäitchen op Facebook oder Twitter ze verzichten, kann ee sech och weiderhin an där Situatioun iwwert d'Publikatioun vun den normativen Akten informéieren. De Gesetzesprojet gesäit nämlech vir, dass an esou engem aussergewéinleche Fall eng Printversioun entweder an den Tribunaux d'arrondissement an op de Friddensgeriichter ausgehaange gëtt oder dem Public iwwert de Wee vun der Press zougänglech gemaach gëtt.

Den neie Journal officiel gesäit zwou Serië vir: de Mémorial A fir all gesetzlech a reglementaresch Akten an déi aner generell Akten, déi der Éffentlechkeet zougänglech gemaach musse ginn. De Mémorial B gesäit Texter vir, déi net d'Generalitéit vun der Éffentlechkeet betreffen. Déi gesetzlech a reglementaresch Akte sinn obligatoresch vum véierten Dag un, wou se am Journal officiel publizéiert goufen, ausser et wier anescht geregelt. Géif den automatesche System fir eng Zäit ausfalen, dann däerf den offizielle Journal, wéi scho gesot, ënner Pabeierform erauskommen.

Am Résumé kann ee soen, dass dëse Gesetzesprojet de legale Kader vum offizielle Journal vum Grand-Duché réviséiert an en un d'Exigenze vun der technologescher Entwécklung, der digitaler Entwécklung, wann een dat esou soe wëllt, upasst, andeems een d'Dispositiounen, déi aktuell iwwer méi Akte verdeelt sinn, an engem eenzegen Text regruppéiert.

Iwwert dëse Wee gëtt d'Veröffentlechung vun den normativen Akten aus der Ära vum Drock op Pabeier - et kann ee soen: der Gutenberg-Ära - an déi digital Ära eriwwergefouert. Et ass zwar keng kopernikanesch Revolutioun, ma duerfir awer e grousse Schrëtt um Wee an en digitaalt Lëtzebuerg, dat et de Bierger erlabe soll, méi séier a méi einfach un normativ Akten an u staatlech Informatiounen ze kommen.

Fir all Detailer verweisen ech op mäi schréftleche Rapport. Dëst gesot, soen ech Iech Merci fir Är Opmierksamkeet. Merci alle Kolleegen aus der Institutiounskommissioun fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht, besonnesch och hei dem Här President. An da ginn ech den Accord vu menger Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, der DP.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An déi éischt ageschriwwe Riednerin, d'Madamm Octavie Modert, ass scho prett. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Merci, Här President. Merci och dem Här Rapporteur fir säi geblummelte Rapport. Ech wär vläicht net gradesou wäit eropgeklommen, op e Reiterstandbild oder bis op Versailles. Mä sécherlech ass dat hei trotzdeem eng bedeitend Etapp an der Publikatioun vun eise Gesetzer. Et ass eng logesch Folleg vun Entscheedungen, déi scho 15 Joer laang zréckginn. An dofir, mengen ech, läit et an der Natur vun der Saach, fir elo dës Etappen an der Dematerialiséierung ze huelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 2002 ass de Legilux online gaangen an de Mémorial ass elektronesch ginn, digital ginn. An deemselwechte Joer 2002 an 2003 ass déi éischt Etapp geholl ginn, fir d'Dematerialiséierung vum Mémorial C ze maachen, deen iwwer 2009 an do bis déi lescht Etapp dëst Joer mam Projet de loi RESA dee Moment net méi gedréckt gëtt, mä nach just elektronesch disponibel ass. Dat ass also och déi gréissten Erspuernis an deem ganze Beräich vun der Dematerialiséierung an Digitaliséierung vun den dräi Mémoriallen, elo nach zwee. Dofir behaapten ech och am Géigesaz zum Rapporteur, datt Lëtzebuerg dat Éischt war, dat de Journal officiel elektronesch hat, jiddefalls Viretappen dovunner, nach virun de Fransousen.

Här President, et ass also déi logesch Folleg vun Entscheedungen, déi zanter Ugank vun den 2000er Jore geholl gi sinn. Dofir ass d'CSV och averstane mat dësem Gesetz, sou wéi de Rapporteur an an där Fassung, wéi den Här Rapporteur et och elo grad hei hannerluecht a virgestallt huet.

Dat Gesetz garantéiert och ee Punkt, dee ganz wichteg ass, wa mer iwwer Gesetzer schwätzen, nämlech d'Accessibilitéit zu de Gesetzer ze hunn, well mir kennen alleguer den Adage «Nul n'est censé ignorer la loi». Et ass also e wichtege Punkt, datt all Mënsch kann zréckgräifen op d'Informatioun, wat an deem Gesetz drasteet.

Dat geet iwwer e puer Aart a Weisen. Dat geet zum Beispill, andeem ee sech kann aschreiwen op eng Newsletter an domat da gewuer gëtt, wann en neie Mémorial, also en neit Gesetz, erauskënnt, eng Newsletter, déi et zanter 2012 gëtt. Dat kann een awer och maachen, andeem ee sech nawell nach op eng gedréckte

Versioun vum Mémorial abonnéiere kann, soudatt, mengen ech, déi wichteg Accessibilitéit garantéiert ass, sécherlech.

Wa mer vun Accessibilitéit schwätzen, dann hunn ech nach eng Fro, déi ech mer stellen, näämlech: Wéi gesäit dee Mémorial an Zukunft aus? Bleift en an der Form lieserlech? Gëtt en äänlech gemaach, wéi en elo ass? Gëtt en aneschters opgemaach? Bleift e lieserlech, well dat ass fir mech och eng Fro vun Accessibilitéit - lieserlech ass gläich accessibel?

Eng aner Fro kann ee sécherlech och nach stellen, wann ee weiderdenkt: Wéi ass et mat Circulairen? Där ginn et jo e ganze Koup, zum Beispill vun Établissement-publicken, mä awer och vu Verwaltungen, déi jo eng gewëssen normativ Valeur hunn. Kéint ee sech net virstellen, déi och op engem eenzege Site wéi zum Beispill dësem ze regruppéieren? Ech mengen, do ass nach Matière, fir weider nozedenken. Et ass och nach Matière do, fir eventuell virunzefueren an dësem Beräich.

Mir sinn also, Dir Dammen an Dir Hären, hei an enger logescher Suite, awer och am Geescht vun der Zäit, fir de Mémorial A a B, de Journal officiel also, elektronesch ze gestalten.

Ech muss awer soen, datt zwou Saache sinn, déi mech awer erstaunen hei. Dat Eischt ass, datt ech awer ganz erstaunt sinn, wéi spéit dëse Gesetzesprojet déposéiert ginn ass. Knapp dräi Méint sinn et hier, den Oktober 2016. Ech denken, dat hätt ee kënnen aneschters maachen. Dorobber huet ee sech jo sécherlech och virbereet gehat. Wann ee weess, datt e Kontrakt elo op den 1. Januar ausleeft, dann denken ech, ass dat jo eppes, wat net eréischt elo am Oktober opgefall ass, a grad bei deem Service do sinn ech e bëssen iwwerrascht, datt deen dat Gesetz esou spéit eréischt an der Chamber hannerluecht huet.

Dat Zweet, wat mech iwwerrascht, dat ass eigentlech, wéi den Text geschriwwen ass. Et ass keng gutt Légistique, sou wéi den Text gemaach ass, an dat iwwerrascht mech allerdéngs och gradesou vill, wann net nach méi bei dësem Service. De Statsrot huet ënner anerem véier Oppositions formelles ausgeschwat. Ech muss soen, legistesch ass dat do keng Stärestonn gewiescht, an do sinn ech schonn e bëssen iwwerrascht, grad fir dësen Service.

Mir hëllefen awer gär, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, alleguer heibannen, fir datt den Text op den 1. Januar 2017 a Kraaft triede kann. Dat geet jo elo nach just duer. A Gott sei Dank huet de Statsrot och en neien Textvirschlag gemaach, soudatt mer elo e propperen a klore Gesetzestext hunn. An dofir stëmmt d'CSV dëst Gesetz, et ass dat logescht Aboutissement vun enger Entwécklung, déi virun ongeféier 15 Joer ugefaangen huet.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Modert. D'Wuert huet den Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Virop och e Merci un de Rapporteur André Bauler fir säi gudden a komplette Rapport. Nom Ofschafe vum Pabeiersmémorial C duerch d'RESAs-Gesetz Ufank dëst Joer zéie mer dann elo haut no mam Ofschafe vum Mémorial A a B, wat duerch en elektronesche Journal officiel ersat gëtt.

Mir begréissen dat. Ech mengen, dat ass e Schrëtt an d'Richtung, fir d'Gesetzer méi schnell a méi lieserlech ze veröffentlechen. All Gesetz kritt elo säin eegene Mémorial A a gëtt doduerch méi lieserlech a méi einfach accessibel fir d'Bierger an och fir d'Juristen.

Dëst mécht och den Accès zu de Gesetzer méi einfach. Et huet haut jiddwereen Internetaccès, dorunner huet de Rapporteur nach eng Kéier erënnert. An déi Wéineg, déi keen hunn, déi kréien ëmmer nach e Pabeiersmémorial à disposition gesat, soudass effektiv den Adage «Nul n'est censé ignorer la loi» hei respektéiert ass.

Eppes, wat ech nach wollt ervirsträichen, an dat ass an den Diskussiounen an der Kommissioun och kloer gesot ginn, ass, dass dësen elektronesche Journal officiel och ze gesinn ass an enger méi breeder Reform vum elektroneschen Accès zu eiser Legislatioun. De Service central de législation ass amgaangen, eng nei Method vu Recherche op eis Gesetzestexter anzeféieren, déi se Recherche sémantique nennen. Dat ass am Fong äänlech wéi eng Googles-Recherche, wou duerch Lienen op verschidde Mot-cléen an „Taggen" kënnen Texter fonnt ginn an och Lienen ënner Texter gemaach ginn, soudass och do d'Hoffnung besteet, dass d'Gesetzestexter mat de Circulairen a mat de Reglementer kënne verbonne ginn an op eng lieserlech an einfach accessibel Aart a Weis de Leit zur Dispositioun gestallt ginn.

Mä, wéi gesot, dat hei ass, mengen ech, eng ganz gutt Saach am Sënn vun engem besseren Accès an enger besserer Lieserlechkeet vun de Gesetzer. An dofir si mir als LSAP natierlech och d'accord mat dësem Projet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Fayot. An d'Wuert huet den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Jo, d'Madamm Modert huet net ganz onrecht, wa se seet, datt mer hei ganz schnell geschafft hunn. Effektiv, d'Gesetz ass am Oktober déposéiert ginn, Ufank Oktober. Mir hunn den Avis vum Statsrot fir Niklosdag kritt. Den Avis vum Statsrot hat eng Rei Oppositions formelles, an ech sinn och der Meenung, datt mer an der Chamberskommissioun gutt geschafft hunn an datt d'Propositioune vum Statsrot, deene mer Rechnung gedroen hunn, pertinent waren, soudatt ech mengen, datt mer elo e besseren Text hu wéi mer en urspréinglech haten.

Eigentlech maache mer en historesche Schratt. Ech hat gemengt, de Rapporteur géif haut dat soen, wat en an der Kommissioun gesot huet: „Mir soen der Gutenberg-Ära Äddi a mir soen: Moien, digital Luxembourg!"

Et ass effektiv schonn e bedeitende Schrëtt. Mir maachen dat, wat mer a ganz villen anere Gebidder och erliewen. Dat heescht, mir ginn erof vun enger Publikatioun op Pabeier a mir ersetze se duerch eng Onlinepublikatioun. Ech mengen, datt mer och genuch Sécherheeten hunn, déi eis garantéieren, datt mer och déi richteg Texter kënnen op den offizielle Sitte kucken. An ech mengen och, datt et an Zukunft - ech mengen, den Här Fayot huet do eng Rei Beispiller opgezielt -, méi einfach dierft sinn, sech an den Dokumenter erëmzefannen an eppes erëmzesichen, wéi dat an der Vergaangenheet war. D'Dokumenter musse jo och net nëmmen den Datum vun der Publikatioun droen, mä och eng lafend Nummer.

An ech bréngen dann och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi. Mir maachen haut dat, wat duerch eng EU-Direktiv 2003 agelaut gouf, wat an eisen Nopeschlänner och geschitt. Ech wëll mech net an deen Discours amëschen, ob elo d'Fransouse vir waren oder ob mir vir waren. Op alle Fall zéie mer elo no.

Ech mengen awer, datt dëst Gesetz e weidere Grond ass, fir schnellstméiglech drop hinzeschaffen, datt all Mënsch zu Lëtzebuerg ka vu schnellen Internetkonnexioune profitéieren. Ob et dann elo 80%, 90% oder 96% sinn, ech mengen, mir mussen einfach op 100% hischaffen, well et ass jo esou, datt all Bierger virum Gesetz gläich ass. All Bierger soll déiselwecht Aarbechtskonditioune kréien. An hei kënnt och nach derbäi: «Nul n'est censé ignorer la loi.» Also musse mer och jiddwerengem déiselwecht Méiglechkeete ginn, fir sech ze dokumentéieren.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Adam. Ech hat allerdéngs matkritt, dass den Här Gutenberg net vergiess gi war.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Dann hat ech do ee Moment e Lapsus.

M. André Bauler *(DP), rapporteur*.- Dir hat do net richteg nogelauschtert. Et ass awer net schlëmm.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dat ass net schlëmm. Mä den Här Rapporteur hat en am Rucksak, also en ass hei zu Eiere komm. An d'Wuert huet direkt den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleeg André Bauler Merci soe fir säi Rapport an och dee geschichtleche Réckbléck, deen en eis ginn huet. Ech mengen, datt mer dee Schrack haut maachen, dat ass quasi an eiser Zäit vun haut eng Normalitéit, dat dee gemaach gëtt. Mir sinn an engem aneren Zäitalter ukomm an duerfir begréisse mer och als ADR, datt mer haut dat Gesetz hei virleien hunn, a mir wäerten dat Gesetz och duerfir stëmmen.

Ech mengen, et ass virdru vu menge Virriedner gesot ginn, datt mer mussen derfir suergen, datt all Bierger den Zougréff op d'Gesetzer huet. Et ass och gesot ginn, datt 96% vun de Leit hei am Land en Internetuschloss hunn. Nach bleiwen da 4%, 4%, déi keen Internetuschloss hunn, déi awer kënnen op den Internet zréckgräifen, wa se dermat eens ginn, sief et an Internetstuffen oder bei Frënn oder Famill, wou se dat kënne maachen, a sécherlech geet dann de Prozentsaz nach weider erof.

D'Fro stellt sech, ob ee fir déi puer Prozent, déi da bleiwen, déi och nach ëmmer d'Recht hunn, fir et an enger geprinter Form kënnen ze kréien, ob een duerfir awer och nach huet misse soen, datt déi eppes musse bezuelen. Ech mengen, déi Leit si jo wahrscheinlech Leit, déi sech net an deene moderne Kommunikatiounsmëttele doheemfannen. Et sinn och Leit, déi dann iergendwéi eng Démarche musse maachen, fir dat ze kréien. Et hätt ee sech kënne virstellen, datt een do eng vereinfacht Form gemaach hätt a gesot hätt: Jiddwereen, deen dat gären hätt, dee kritt dat. Et hätt een och vläicht eventuell kënne mat de Gemenge schwätzen, datt d'Gemengen, déi méi no bei de Bierger sinn, eventuell dat hätte gratis kënne maachen.

Et ass op jidde Fall ënnert dem Strëch awer eng gutt Saach, wat mer haut hei maachen. Ech mengen, mir wieren och elo vläicht do ukomm, datt ee kéint weiderdenken, an zwar datt, wann een de Mémorial huet oder d'Gesetzer an engem elektronesche Mémorial-Journal elo veröffentlecht, datt een och emol misst driwwer nodenken, ob een net kéint déi Gesetzer a méi enger vereinfachter Form duerstellen, zwar net all Gesetzer, mä déi Gesetzer, déi méi vun de Leit gebraucht ginn. Ech denken do un d'Familljerecht, ech denken un d'Aarbechtsrecht, ech denken un de Logement, wou d'Leit méi kucke ginn a wou déi normal Bierger sech ganz dacks net an de komplizéierte Gesetzestexter erëmfannen, ob een also net och kéint higoen an Texter a méi enger vereinfachter Form duerstellen. A firwat net och déi Texter eventuell an enger vereinfachter Form op Lëtzebuergesch duerstellen, fir datt och all Bierger am Land déi Gesetzer ka richteg verstoen, wéi se gemengt sinn, quitte datt dee franséischen Text nach ëmmer deen ass, dee juristesch zielt?

D'selwecht kann ee sech och emol Gedanke maachen iwwert d'Schreifweis, wéi een déi Texter, déi vereinfacht Texter da géif veröffentlechen. Mir hunn och Leit, déi Problemer hu mam Liesen oder en aneren Handicap hunn, wou et haut och Moyene gëtt, fir deene Leit a méi grousser Schrëft an an anerer Schrëft déi Texter zoukommen ze loossen.

Duerfir wier ech frou, wann d'Regierung sech géif doriwwer Gedanke maachen. Nodeem mer dëse Schrack gemaach hunn, mengen ech, géif et eisem Land och gutt zu Gesiicht stoen, wa mer da géifen eng méi vereinfacht Form presentéieren, wou all Mënsch, egal wéi säin Zoustand ass, Accès dozou hätt.

Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Gibéryen. An elo huet d'Regierung d'Wuert, de Minister Fernand Etgen.

Prise de position du Gouvernement

M. Fernand Etgen, *Ministre aux Relations avec le Parlement*.- Merci, Här President. Erlaabt mer, virop all deene Merci ze soen, déi un der Realisatioun vun dësem Projet de loi matgewierkt hunn, alle virop de Mataarbechter aus dem Service central de législation, där zoustänneger Chamberskommissioun a last but not least dem Rapporteur, deem ech wëll Merci soe fir säi prezise mëndlechen a schréftleche Rapport.

Ech mengen, déi vill Aarbecht an déi séier Aarbecht, déi gemaach ass ginn, déi erlaabt et eis, datt d'Gesetz, esou wéi dat geplangt war, fir den 1. Januar a Kraaft kann trieden. Den 30. Dezember 2016 wäert et dann déi leschte Kéier sinn, datt de Mémorial a Form vu Pabeier ausgedeelt gëtt. Et war de Samschdeg virun 174 Joer, wéi de Mémorial kreéiert ginn ass, an ab dem Januar 2017 gesitt Der dann déi nei elektronesch Fassung, déi elo amplaz vun der Pabeierversioun d'Valeur légale kritt. An dann, mengen ech, kënnt Der Iech iwwerzeegen, datt och eng Rei kleng lieserlech Adaptatiounen do virgeholl gi sinn, datt och dann de Mémorial an der Zukunft wäert eng lieserlech Form jiddefalls hunn.

Mir hunn op jidde Fall mat dësem Gesetz iwwert de Journal officiel e Quantesprong an d'21. Jorhonnert gemaach. Domadder si mer ganz an der Linn vum Regierungsprogramm. Ech zitéieren do: „(…) Digitaliséierung vum Statsapparat systematesch an Ugréff huelen, fir an Zukunft méi einfach, méi séier a méi transparent mat de Leit a Betriber schaffen ze kënnen. Mir wëllen de Bierger e sécheren, onkomplizéierten a selbstbestëmmten Émgang mat informateschen Donnéeë garantéieren."

An deem Sënn ass och, mengen ech, d'Décisioun geholl ginn, dëse Service vum Mémorial komplett ze internaliséieren. Dowéinst huet de Stat elo d'Kontroll iwwert d'legislativ Donnéeë vun der Konzeptioun bis zur Publikatioun, wat hautdesdaags ëmmer méi wichteg gëtt.

D'Sécurité juridique an d'Sécurité électronique ginn och an dësem ganze Prozess verbessert. Dës Donnéeë sinn ënnert der Form „linked open data" disponibel. Dat kléngt elo e bëssen technesch, mä dat ass déi modernsten Aart a Weis, fir Donnéeën ze publizéieren. Dat Format bréngt mat sech, datt d'Réutilisabilitéit an d'Interkonnexioun vun den Donnéeë méiglech gëtt. Ech mengen, esou kënnen zum Beispill nei Appe ronderëm d'Legislatioun vun innovative Leit entwéckelt ginn. An ech mengen, dat ass jo genau dat, wat den Här Fayot an den Här Gibéryen am Fong och gefrot hunn.

Ech mengen, vun eiser Säit ass jiddefalls virgesinn, datt schonn am éischte Semester vum nächste Joer ganz vill Neierunge fir de Legilux wäerten derbäikommen, e Prozess, deen, wéi d'Madamm Modert et gesot huet, schonn am Joer 2002 an d'Wee geleet ass ginn an deen duerch déi gesetzlech Dispositiounen, déi mer haut getraff hunn, duerch dee Wee elo ka konsequent jiddefalls ausgebaut ginn.

Duerch all dës Mesurë gëtt awer net nëmmen och d'Sécherheet garantéiert, mä duerch d'Internalisatioun gëtt och um Budget gespuert. Souwuel fir den interesséierte Bierger wéi och fir d'Leit am juristeschen a legislativen Domän, déi do schaffen, bleift awer den Accès zu der Lëtzebuerger Legislatioun gratis, en Accès, dee jiddefalls an der Zukunft méi performant a méi benotzerfrëndlech gëtt wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Ech soen Iech Merci fir eng breet Zoustëmmung.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Minister. Mir géifen dann iwwert de Projet de loi 7067 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7067 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo. Domat ass de Projet de loi 7067 unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun de Mëtten iwwergoen, dem Projet de loi 7073 iwwert d'Erweiderung vum schouleschen Ugebuet vum Lycée technique Michel Lucius. An de Rapporteur, den Här Lex Delles, ass scho bal prett. Dir hutt d'Wuert, Här Delles.

11. 7073 - Projet de loi concernant l'extension de l'offre scolaire du Lycée technique Michel Lucius et modifiant sa dénomination

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur*.- Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an deene leschte Wochen a Méint gouf hei an der Chamber vill iwwert d'Méisproochegkeet debattéiert. Et ass an deenen Diskussioune souwuel ëm déi Lëtzebuerger Sprooch wéi och ëm den Émgang mat de sougenannte Friemsproochen hei am Land gaangen.

Et goung och vill iwwert d'Heterogenitéit vun eise Schüler rieds an iwwert dee besonnesche Rôle, deen d'Schoul an eiser Gesellschaft anhélt, fir Kanner mat ganz ënnerschiddleche Kulturen a Mammesproochen zesummenzeféieren. Dass dat net ëmmer einfach ass, schéngt mer awer evident. Trotzdeem gëllt et och an Zukunft weiderhin ze kucken, wéi mer all de Kanner déi nämlecht Startchancë bidde kënnen, a kee wéinst enger anerer Mammesprooch hänken ze loossen.

Mir däerfen einfach net zouloossen, dass déi sproochlech Barrièren, déi sécherlech am Ufank fir eng Partie Schwieregkeete suergen, sech ewéi e roude Fuedem duerch dee ganze Schoulparcours vun engem Eenzelnen zéien an deem Schüler och nach spéider vill Steng an de Wee leeën.

Här President, och bei dësem Projet de loi spillen d'Sproochen duerfir erëm eng gréisser Roll, dës Kéier awer virun allem d'Englescht.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Dëse Projet de loi gesäit näämlech vir, fir ab der Rentrée 2017 d'Schouloffer vum Lycée technique Michel Lucius mat enger englescher Filière ze erweideren, enger sougenannter „International School Michel Lucius".

De Lycée selwer gëtt dann direkt mat ëmgedeeft an heescht an Zukunft just nach „Lycée Michel Lucius".

An där englescher Filière, déi op e Pilotprojet aus dem Joer 2011 zréckgeet, ginn da souwuel Schüler aus dem Enseignement primaire wéi och aus dem Enseignement postprimaire, also de Lycéeën, ënnerriicht. D'Langue véhiculaire ass a béide Fäll d'Englescht.

Esou eng international Komponent ass am Fong näischt Neies am Lëtzebuerger Schoulsystem. Schonn d'Gesetz vum 21. Juli 2006 huet et der deemoleger Regierung erlaabt, international Klassen ze schafen, déi op e Bac international preparéiert hunn. Och huet d'Gesetz vum 26. Februar 2016, mat deem d'École internationale publique vun Déifferdeng an d'Liewe geruff gouf, dozou bäigedroen, eis Schouloffer weider ze diversifiéieren an de linguistesche Realitéiten an Demanden zu Lëtzebuerg unzepassen.

Madamm Presidentin, d'Heterogenitéit vun eiser Schoulpopulatioun ass zwar ouni Zweifel eng grouss Chance fir eis Gesellschaft, ma se zielt awer zu deene gréissten Erausfuerderungen, deene mer hautdesdaags an eise Schoule begéinen. Duerfir hunn ech schonn deemools a menger Ried zur Internationaler Schoul vun Déifferdeng gesot, dass et dem Stat seng Verantwortung wier, den ëffentleche Schoulsystem esou auszeriichten, dass all Kand onofhängeg vu sengem sproochlechen oder kulturelle Background d'Chancë kritt, an eise Schoulen ze réusséieren.

Dëst ass, wéi gesot, scho schwéier genuch fir d'Kanner, déi hire ganze Schoulparcours hei zu Lëtzebuerg maachen. Mir wësse jo, dass ëmmer manner Kanner hei am Land scho vun doheem aus Lëtzebuergesch schwätzen. Duerfir gëtt sech opsäite vum Éducatiounsministère vill Méi gemaach, dee Retard esou séier wéi méiglech opzehuelen.

Et ginn awer och Schüler, déi komme vu méi wäit a bleiwen nëmme kuerz hei. Fir déi gëtt et ëmsou méi schwéier, sech an eiser méisprooocheger Grondschoul zurechtzefannen. Déi fréi Alphabetisatioun op Däitsch an d'Aféierung vum Franséische kann déi Kanner emol séier iwwerfuerderen, wa se virdrun nach guer kee Bezuch zu iergendenger vun deene Sproochen haten an da matzen am Cycle 3 oder 4 dermat konfrontéiert ginn. Ech denken dobäi virun allem un déi Kanner, déi am Moment Demandeurs de protection internationale sinn oder déi nëmmen eng kuerz Dauer hei zu Lëtzebuerg bleiwen. Fir déi mécht den traditionelle Schoulsystem mat senge Sprooche wéineg Sënn.

D'Mise en place vun esou enger anglofoner Filière, wéi se dëse Projet de loi virgesäit, ass also als e weidere Schrëtt a Richtung vun enger méi differenzéierter Schouloffer unzegesinn, déi de Realitéite vun haut och Rechnung dréit. Mat e bësse Recul kann een och soen, dass d'Offer vun internationale Schoulen en Atout fir de Standuert Lëtzebuerg ass. Eng breet opgestallte Schouloffer an differenzéiert Bildungsweeër ginn ëmmer méi en entscheedend Argument, wann et heescht, sech fir dat eent oder anert Land ze entscheeden.

Grad déi englesch Sprooch als Weltsprooch ass d'Mammesprooch vu villen auslännesche Matbierger, déi vu méi wäit op Lëtzebuerg schaffe kommen. Grad dës Eltere sinn op der Sich no ëffentleche Schoulen, déi hire Kanner en internationaalt Émfeld bidden an zugläich oppen a bezuelbar sinn. Op déi nei International School Michel Lucius trëfft béides zou. Et ass keng Elitteschoul fir Héichbegaabter oder Besserverdénger. Et ass eng ganz normal ëffentlech Schoul wéi all déi aner. Si huet just eben en anert Sproochekonzept.

Dass eng reell Demande un esou ëffentleche Schoule besteet, beweist och d'Unzuel vun den Inscriptiounen, déi ëmmer weider an d'Luucht geet. Sou war et 2011 am Michel Lucius nëmmen eng international Klass, déi virgesi war, mat 14 Schüler. D'Joer drop waren et schonn zwou Klasse mat 28 Schüler. Dës Rentrée zielt déi international Filière ganzer 16 Klasse mat ronn 400 Schüler.

Madamm Presidentin, den englesche Schoulsystem, esou wéi en och am Michel Lucius ugebuede gëtt, fousst op dräi Certificaten. De Schoulparcours gëtt souzesoen a verschidden Abschnitter agedeelt, um Enn vun deenen een da jeeweils een Diplom ka kréien. Et sinn der wéi gesot dräi: Den „General Certificate of Secondary Education", deen de Schüler hiert Wësse vu Septième bis Troisième sanktionéiert; da gëtt et den „Advanced Subsidiary Levels" an den „International Advanced Subsidiary Levels", genannt „A-Levels". Dës Diplomer ginn no der Deuxième ausgestallt. Zum Schluss kommen dann nach „A-Levels", dat ass den „General Certificate of Education Advanced Levels" an den „International General Certificate of Education Advanced Levels", déi een no der Première kritt.

Fir weider Detailer zu dësem interessante Schoulsystem...

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Et deet mer leed, et deet mer leed!

..verweisen ech gären op mäi schréftleche Rapport. Ech kéint nach eng Kéier vu vir ufänken.

Wichteg ze bemierken ass awer trotzdeem an dësem Projet, dass all dës Certificaten net nëmmen a Groussbritannien, mä och nach an 125 anere Länner ronderëm d'Welt unerkannt sinn. Dëst ass ëmsou méi wichteg, well mer jo wëssen, dass vill Schüler aus deene Klassen hire Schoulparcours aus diverse Grënn hei net ofschléissen. Duerch déi verschidden international unerkannt Certificate kënnen d'Schüler also an der neier Schoul direkt do usetzen, wou se hei zu Lëtzebuerg dann opgehalen hunn. De leschten Diplom, also den „A-Levels", ass souguer equivalent mat enger lëtzebuergescher Première, well dësen Diplom och ënnert d'Lissabonner Konventioun fält.

Madamm Presidentin, an der Kommissioun gouf d'Fro opgeworf, firwat d'Grondschoul an där neier Filière iwwer sechs Joer geet, wa se an den europäesche Schoulen nëmmen iwwer fënnef Schouljoer geet. Mir kruten doropshi vum Ministère geäntwert, dass et drëms géif goen, ebe just déi zwee Schoulsystemer esou vill wéi méiglech openeen ofzestëmmen. Zudeem géif och weiderhin d'Méiglechkeet bestoen, éischter an de Lycée eriwwerzegoen, wann d'Schüler da schonn esou wäit sinn.

Och gouf gefrot, wéi dann d'Kompetenzen tëschent der Direktioun vum Lycée an dem Inspektorat opgedeelt géife ginn. Ma do ass et ganz kloer, dass d'Personal vun der Grondschoul der Direktioun vum Lycée ënnerläit an dass den Inspekter sech ëm d'Enfants à besoins spécifiques këmmert.

Madamm Presidentin, de Moment, wou ech de Rapport geschriwwen hunn an en an der Kommissioun war, hate mer just den Avis vum Statsrot virleien, dee keng gréisser Bedenken zu dësem Projet de loi geäussert huet. Op Kleeserchersdag koum dunn nach den Avis vun der Chambre des fonctionnaires et employés publics. Och si sinn zefridde mat dësem Projet de loi, an deem ebe grad elo d'Base légale geschaaft gëtt, fir am Michel Lucius eng englesch Filière opzemaachen. Si maache sech allerdéngs e bësse Suergen, wat de Rekrutement vun den Enseignanten ugeet. Si sinn zudeem der Meenung, dass kee Fonctionnaire oder Employé dierf gezwonge ginn, an esou englesch-sproochege Klassen ze enseignéieren, ausser natierlech, wann et ëm d'Fach Englesch geet.

Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Rapporteur Lex Delles. Als éischt ageschriwwe Riednerin hunn ech d'Madamm Martine Mergen. Madamm Mergen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol vun der CSV-Fraktioun och en häerzleche Merci un den Här Lex Delles fir säin ausféierleche schréftlechen an och fir säi mëndleche Rapport.

Dëst Gesetz ass dat zweet, wat den Éducatiounsministère dëst Joer virleet, fir de Schüler an enger ëffentlecher Lëtzebuerger Schoul, also gratis, eng Alternativ ze bidden, deene Schüler, déi aus sproochleche Grënn an enger Lëtzebuerger Schoul Problemer hunn oder hätten.

De Besoin fir esou eng Offer läit op der Hand. Mir sinn e Land, wat mat oppenen Äerm a mat villen Atraiten och Mënschen aus der ganzer Welt unzitt. Dat spigelt sech an eisen Auslännerquoten zréck. Dës Leit kommen also entweder aus berufflechen Ursaachen op Lëtzebuerg, si kommen, well se bei ons op eng besser Zukunft hoffen, oder awer si kommen, well si wéinst Krich a Misär aus hire Länner verjot gi sinn.

D'Partikularitéit bei ons am Verglach zu eisen Nopeschlänner ass déi, dass keen - ech widderhuelen: keen! - vun deene Leit ons Mammesprooch schwätzt. Dat dierft a Frankräich, an Däitschland, an England schonn emol de Fall sinn. Wou hätte se och solle Lëtzebuergesch léieren? Dat ass e Problem, deen och wesentlech méi grouss ass wéi an onsen Nopeschlänner, well se nëmmen eng Sprooch an deene Länner musse léieren.

An enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro vun der Madamm Hansen huet de Minister Detailer ginn zum Ausmooss vun der Problematik. Nëmme ronn d'Halschent vun de Kanner am Secondaire kommen aus eesproochege Lëtzebuerger Familljen, 25% kommen aus Familljen, wou nëmme Portugisesch geschwat gëtt. Dann hu mer nach 5,6% franséisch Monolinguen, 5% südslawescher - dat entsprécht ongeféier Exjugoslawien -, déi aner Undeeler si méi geréng. 19% vun de Kanner sinn an engem zweesproochegen Émfeld opgewuess, woubäi hei an deene meeschten, awer net an alle Fäll Lëtzebuergesch eng vun deenen zwou Sproochen ass.

An där nämlechter Äntwert gëtt dann och op eng aner Etüd bei Entreprisen agaangen, eng Etüd, déi gemaach ginn ass bei Entreprisen, déi hei zu Lëtzebuerg usässeg sinn, bei hiren Employéen. Hei och eng Selektioun vun de Constaten: 27% vun de Leit hu bei dëser Émfro geäntwert, dass si sech fir d'Lëtzebuerger ëffentlech Schoul décidéiert hunn, an dat sinn der net vill! 60% sinn der Meenung, dass d'Offre scolaire kéint eng Ursaach sinn, fir sech net zu Lëtzebuerg néierzeloossen, 87% schätzen, dass onse Sproochesystem déi gréisst Schwieregkeet am Schoulcurriculum ass. Dat sinn der awer vill!

Zu dëse potenzielle Clientë kommen dann awer och nach all déi derbäi, déi an deenen zwee leschte Joer haaptsächlech als Flüchtlingen hei an d'Land komm sinn. Hei ass Englesch kloer déi am heefegste bekannte Sprooch, siefe se aus dem Irak oder aus Afrika. A souguer déi jonk, loosse mer se emol „Exjugoslawen" nennen, déi nach ëmmer dee gréisste Grupp vun Demandeur-d'asille sinn, schwätzen am heefegsten Englesch als zweet Sprooch. Souwäit dann zum Volet vun der Demande.

Wat d'Offer, déi bis ewell do ass, betrëfft, esou gëtt et schonn elo eng Rei Méiglechkeeten. Ech wëll mech awer op déi anglofon Offer limitéieren, well dat jo haut onse Sujet ass.

D'Europaschoul huet eng laang Traditioun hei zu Lëtzebuerg. Si ass ugesidelt ginn am Gepäck vun deenen éischten europäeschen Institutiounen. Si ass schonn an hirem drëtte Gebai a si huet nach ëmmer méi Kandidature wéi Plazen, obwuel dës Schoul net gratis ass. Si ënnerläit der Europäescher Kommissioun, d'Gebaier gi vun onsem Stat zur Verfügung gestallt an d'Éltere bezuele Minerval, ausser déi, bei deenen entweder eng europäesch Institutioun oder d'Firma de Minerval fir hir Employéen iwwerhélt. Den Ofschloss vun der Europaschoul ass e Bac européen.

Dëse Schoulsystem ass dann am Januar dëst Joer iwwerholl ginn an der Internationaler Schoul vun Déifferdeng. Dës - dat ass och kee Projet, mä dat ass e Fait - baséiert sech och op de Prinzip vun der europäescher Schoul, mat deem net onwesentlechen Ënnerscheed awer, dass se an dësem Fall gratis ass. Och e gratis internationale Bac kritt een hei an der Stad am Kolléisch. Och do gëtt et dat elo schonn, ech mengen, et ass elo vu Quatrième bis Première, wou d'Schüler kënnen e Bac-international-Curriculum suivéieren. Et ass awer, souwäit ech informéiert gi sinn, virgesinn, dass och hei bis op Septième soll e ganze Curriculum geschafe ginn.

Schonn am Joer 1963 ass de Virgänger vun der heiteger International School of Luxembourg entstanen, deemools als Betribsschoul vun Du-Pont de Nemours. Och si huet, obwuel och hei de Minerval net onwesentlech ass, e grousse Succès.

Schliisslech sollte mer awer nach eng aner Privatschouloffer net vergiessen, besonnesch net, well hire System wuel vun all deenen, déi ech elo zitéiert hunn, am nooste bei deem läit, deen am Michel Lucius soll offréiert ginn, an dat ass d'St George's School. Och si ass am Verlaf vun hirer Geschicht e puermol geplënnert. Si ass elo zu Hamm. Si steet mir besonnesch no, well ech mech als fréiere Schoulschäffe vun der Stad derfir agesat hat, dass mer sollten eng Plaz fir si an der Stad fannen. Si huet déi nämlecht enk Uleenung un den englesche Schoulsystem, wéi dat och beim Michel Lucius de Fall ass, a si huet exakt déiselwecht Akkreditatiounspartner am Vereenegte Kinnekräich. Si freet net onwesentlech „fees" vun den Eltere vun hire Schüler, mä si ass trotzdeem ëmmer ganz besat.

Am Resümee kann ee soen, dass eng Offer do ass, ma zum gréissten Deel ass dës Offer mat héije Käschte verbonne fir d'Elteren, dat besonnesch, wa si méi wéi ee Kand hunn. Et kann ee soen, dass an den ieweschte Klasse pro Joer a pro Kand tëschent 13.000 a 17.000 Euro ze bezuele sinn. Wann een zwee Kanner huet an et mécht een e ganze Secondairescurriculum an esou enger Schoul, dat gëtt ongefëier de Präis vun zwee Autoen, wann een dat esou däerf vergläichen.

Dat ass dann och déi éischt Ursaach, firwat mir als CSV dëse Projet hei ënnerstëtzen. Mir mengen, dass et am Sënn vun der Chancëgläichheet positiv ass, dass eng englesch Éducatioun vun der ëffentlecher Hand ugebuede gëtt, déi fir Matbierger aus alle soziale Schichten op ass. A loosse mer ons näischt virmaachen: Et ass eng englesch Éducatioun! Dofir sinn ech och net ganz mam Rapporteur d'accord, mat mengem Virriedner d'accord, dee gesot huet, dass deen eenzegen Ënnerscheed wier, dass et op Englesch wier. Et ass schonn e ganz anere Schoulsystem, wéi e bei ons am Secondaire normalerweis offréiert gëtt.

Et gëtt oft gesot, d'englesch Schoule wieren déi bescht vun der Welt. U wat läit dat? Firwat ass dëse Schoulsystem esou attraktiv? Et kann net nëmmen un Hogwarts leien, dass mer ons och hei am Land ëmmer méi fir den englesche System interesséieren. An et gi ganz sécher an de leschten 10 bis 15 Joer vill méi Lëtzebuerger Studenten an England op d'Uni, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Als éischt Ursaach kann ee sécher d'Langue véhiculaire selwer nennen. Englesch ass op d'mannst fir ons Europäer liicht ze léieren a gëtt och, wann net iwwerall, dann awer bal iwwerall verstanen a geschwat. Op internationale Meetinge gëtt ëmmer gesot, wa keen Iwwersetzer do ass: „The common language of this meeting will be bad English." An dat ass och esou de Fall. Englesch huet sech och mëttlerweil als international Sprooch vun de Wëssenschaften duerchgesat a gëtt och a Länner, déi eng aner Mammesprooch hunn, als Langue véhiculaire op der Uni benotzt. Si ass och d'Sprooch, an dat ass fir ons Jugend attraktiv, vun der Musek a vum Rock 'n' Roll.

Déi zweet Ursaach läit awer sécher am Schoulsystem selwer. An englesche Schoule gëtt de Curriculum vill méi flexibel un d'Schüler ugepasst. Si gi vun hiren Tuteuren duerch de ganze Curriculum enk suivéiert. Dës perséinlech Betreiung erlaabt et, Lacunnen zur Zäit ze erkennen an ze stoppen. Mat deem System gëtt et also kaum „failures", also kaum Versoen. De Frust vum Versoe fält fir d'Schüler ewech. Et ginn och kaum Redoublanten.

Ech hunn de Moie mam Direkter vu St George's geschwat. Hien huet mer Statistike gewise vun de Resultater, déi op engem Site ëffentlech zougänglech sinn. An hien huet, wéi e vun deene méi schlechte Schüler geschwat huet am Verglach zu deene ganz ville gudden a ganz ville mëttlere Schüler, net gesot: „Dat sinn ons schlecht Schüler." En huet gesot: „Dat do bedeit fir ons nach vill Aarbecht."

Dëse Verglach sollt ons a verschidden Hisiichten, mengen ech, ze denke ginn! Ech mengen, mir kéinten ons dach awer an Zukunft vläicht un engem Schoulsystem, deen international esou vill Succès huet, méi staark inspiréieren.

Mir sollten ons och froen, ob den englesche Curriculum, deen elo ugebuede gëtt, net och vläicht fir eng Rei Lëtzebuerger, lëtzebuergesch Lëtzebuerger, méi attraktiv kéint sinn, well de Bac geziilt op d'Uni preparéiert. Mat nëmmen dräi Fächer an der „A-Level", an der leschter Klass, ass den Niveau e ganz, ganz héijen a vläicht domat eng besser Viraussetzung fir e Studium, wann een da scho weess, wéi ee Studium ee wëllt maachen. Well et ass terribel spezialiséiert, et ass eng fréi Spezialiséierung, am Géigesaz, jiddefalls an hirem Ausmooss, vill méi fréi wéi bei ons an de Schoulen.

Bei engleschen Unien ass et haut schonn esou, dass den Niveau vun der Première an de Stu-

diefächer vun onse Schoulen esou just duergeet. Vläicht, an dat mengen ech awer als Boutade, vläicht huele jo deemnächst d'Lëtzebuerger am Michel Lucius den Auslänner d'Plazen ewech. Mä op de Punkt vun de Critères d'admission wëll ech nach méi spéit eemol zréckkommen.

Den Här Rapporteur huet schonn de Lycée an de Projet ausféierlech beschriwwen. Ech ka mech dofir dobäi kuerzfaassen.

Wat am Oktober 2011 als Experiment, als Projet ugefaangen huet, huet sech zu engem richtegen zweete Standbee vun dëser Schoul entwéckelt. An aus dësem Standbee wäert wuel iwwer kuerz oder laang déi richteg Vokatioun ginn, wann een déi rasant Entwécklung vun der Schülerzuel verfollegt. Et gouf also Zäit, dëse Projet ze institutionaliséieren, well d'Demande an den nächste Jore sécher net wäert ofhuelen, éischter zouhuelen. Dofir dëse Projet mat all sengen Neiegkeeten, déi de Rapporteur schonn ernimmt huet: en neien Numm, eng Ausweidung op de Fondamental, eng Opstockung vun den Effectiffen.

Mir wëllen zwou Zorte Bedenken zum Ausdrock bréngen. Mir stellen ons Froen iwwert d'Critères d'admission. Dat huet d'Madamm Hansen schonn an der Diskussioun gesot iwwert déi Déifferdenger International Schoul. Et solle keng geografesch Kritären hei gëllen, esou wéi dat allgemeng bei ons am Secondaire de Fall ass, wat jo eigentlech och normal ass, well d'Schüler, déi wierklech dréngend esou e Curriculum brauchen, komme jo net nëmmen aus der Stad. D'Fro ass just, ob et dann no der Regel geet „first come, first served". Oder ass et ganz eleng d'Schoul, déi d'Décisiounen hëlt?

Do menge mir, dass déi Prozedure mussen op eng transparent Aart a Weis gehandhabt ginn. Wa keng Kritäre bestinn, kéint dat soss zu arbiträren Décisioune féieren. Domadder si mir awer net d'accord bei enger ëffentlecher Offer, déi séier riskéiert, méi Kandidaten ze kréien, wéi se der packt.

Mir freeën ons och driwwer, dass virgesinn ass - dat ass dat zweet Bedenken -, dass d'Kanner iwwert de ganze Parcours all Joer hir Réussite zertifizéiert kréien, esou wéi se och fir déi dräi lescht Joer separat en Ofschlossdiplom kënne kréien. Dat ass sécher eng Hëllef, wann eng Famill esou en Diplom brauch, fir op enger gläichwäerteger Schoul am Ausland weiderzefueren, wéi den Här Delles et scho preziséiert huet.

Mir froen ons awer, wat déi Zwëschenzertifikatioune respektiv déi Diplomer fir Kanner, fir Schüler a Studenten, déi hei zu Lëtzebuerg wëlle bleiwen, wäert sinn, wann et net zu engem Ofschloss a Form vun engem Bac, also vun engem „A-Level" kënnt. Wéi beruffsfäeg sinn déi Kanner hei am Land, zum Beispill mat engem „General Certificate of Secondary Education"? Wéi sollen dës Kanner an eng Lëtzebuerger Beruffsausbildung erakommen, wa se all hir Fächer op Englesch kennen? Ech mengen, déi Debatt ass och an der Kommissioun gefouert ginn. Mir mengen, dass een och geziilt op dës Kanner - esou wéi déi Efforten, déi bis elo gemaach gi sinn op aneren Niveauen - mat enger engleschsproocheger Beruffsausbildung kann zoukommen.

Ech wollt dann och als Stater nach eemol nofroen, wéi et mam weidere Verlaf vum Campus Lampertsbierg ass. Dat gehéiert zwar vläicht éischter an d'Gemeng, mä ech froen et awer beim Minister. Mir wëssen, dass de Lampertsbierg dee Quartier oder ee vun deene Quartieren an der Stad ass, dee matzen am Quartier eng ganz grouss Quantitéit vu Schoulen huet. Domadder ass de Verkéier an dësem Quartier bal net méi ze erdroen. D'Liewensqualitéit vun de Bierger leit dorënner an dofir wollte mer dat nach eemol och hei nofroen.

Ech wollt ofschléisse mat der Remarque, dass mir dëse Projet, dee jo da kee Projet méi ass, wäerte mat vill Opmierksamkeet verfollegen, well mir mengen, dass et eng Äntwert op en essenzielle Besoin vun deene Mënschen ass, déi bei ons an d'Land kommen, mä zweetens, dass dee System och kann attraktiv si fir Lëtzebuerger. Ech hunn Iech scho gesot, aus wellechen Ursaachen.

Op de Lycée Michel Lucius kënnt ganz sécher an noer Zukunft vill Aarbecht zou. Mir wënschen him dobäi ganz vill Gléck!

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn dann aus all deenen Ursaachen d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetz a soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Bonssel, *Présidente de séance.*- Merci der Madamm Mergen. Als nächst ageschriwwe Riednerin hunn ech d'Madamm Burton. D'Madamm Burton ass am Dauerasaz. Madamm Burton, Dir hutt erëm d'Wuert.

Mme Tess Burton *(LSAP).*- Jo, Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt Merci dem Rapporteur, dem Lex Delles. Hien huet de Projet, ëm deen et hei geet, gutt resüméiert a mat Zuele beluecht. Ech wäert mech also duerfir och kuerzfaassen.

Mir hunn de 24. November hei an der Chamber iwwert d'Méisproochegkeet an eise Schoule geschwat. An net méi spéit wéi d'lescht Woch hate mer en Débat iwwert d'Kompetitivitéit vum Land. Mat deem Projet, dee mer haut hei stëmme wäerten, maache mer an deenen zwee Beräicher Neel mat Käpp. Mir erweideren eis schoulesch Offer fir déi engleschsproocheg Communautéit am Land a förderen domat och d'Kompetitivitéit vum Standuert Lëtzebuerg.

Mir benotzen hei am Land dräi verschidden offiziell Sproochen. An derbäi kënnt ëmmer méi d'Englescht, eng Sprooch, déi vill bei eis am Land geschwat gëtt, an den europäeschen Institutiounen, am Beräich vun der Recherche an natierlech och op eiser Finanzplaz. Fir d'Kanner vun den Elteren, déi op deene Plaze schaffen, gëtt et den Ament virun allem Privatschoulen, déi hinnen engleschsproocheg Coursen ubidden. Déi Privatschoule sinn awer alleguerten net bëlleg. Net bëlleg, jo! De Stat huet awer d'Responsabilitéit, fir ze garantéieren, dass déi Kanner, deenen hir Eltere sech keng Privatschoul leeschte kënnen, eng Schouloffer an enger ëffentlecher Schoul ugebuede kréien, déi si net wéinst Sproochekenntnisser diskriminéiert.

An d'Zuele schwätze fir sech, wa mer eleng kucken, dass et am Lycée Michel Lucius 2011 fir d'Éischt, wéi déi englesch Sproochecoursen ugelaf waren, 16 Schüler waren an et der haut, fënnef Joer drop, ronn 400 sinn. Derbäi kënnt, dass et net onméiglech ass, souguer wahrscheinlech ass, dass an den nächste Joren nach méi engleschsproocheg Leit op Lëtzebuerg komme wéinst dem Brexit.

Mir verstinn, dass et natierlech ganz schwéier ass, haut ze wëssen, wat fir en Impakt dat op eis Finanzplaz an och op eis Schoule wäert hunn. Mä et ass awer wichteg, dat ze iwwerwaachen an ze versichen, verschidde Prognosen opzestellen, fir dass mer duerno net op eemol iwwerrascht ginn. Duerfir begréisse mir et generell als LSAP, dass d'Offer un engem englesche Schoulkursus mat deem heite Gesetz erweidert gëtt.

Mir begréissen et och, dass de Ministère dem Lycée Michel Lucius elo eng formell legal Base gëtt, fir den engleschsproochege Programm ze enseignéieren, den „General Certificate of Secondary Education" an déi sougenannten „A-Levels". Domat komplettéiere mir d'Offer, déi et am Stater Athénée scho gëtt, wou de Bac international als engleschsproochege Programm ugebuede gëtt. Déi Programmer sinn international unerkannt an dat an net manner wéi 125 Länner op der Welt, wéi de Rapporteur dat och scho genannt huet.

Elo kann ee kritiséieren, dass d'Integratioun fir déi concernéiert Schüler méi schwiereg gëtt, well se keng vun deenen dräi offizielle Sproochen als Langue véhiculaire, mä als zweet Sprooch benotzen. Mä geléngt eis d'Integratioun da besser, wa mer stur an der ëffentlecher Schoul verschidde Realitéiten ignoréieren an d'Kanner forcéieren, hir Schoul a Sproochen ze maachen, déi se nach guer net kënnen?

Une voix.- Très bien!

Mme Tess Burton *(LSAP).*- A wéi ass et mat Schüler, déi nëmmen e puer Joer am Land sinn, wou d'Elteren no enger Zäit nees enzwousch anescht schaffe ginn? Misste se dann do och nees eng komplett nei Sprooch léieren, fir an der Schoul kënnen nozekommen? A wéi ass et mat den Demandeurs d'asile, déi haut virun allem aus Länner wéi Syrien, dem Irak oder Afghanistan kommen? Déi Jonk aus deene Länner hu guer kee Bezuch zum Franséischen oder zum Däitschen a scho guer net zum Lëtzebuergeschen, duerfir awer oft zum Engleschen. Mir hunn eng Obligatioun, all deene Kanner eng anstänneg schoulesch Ausbildung ze garantéieren. Et geet hei virun allem ëm d'Wuel an d'Entwécklung vun deene Jonken. An dat ass d'Zil, dat mer musse virun Ae behalen!

Da wëll ech zum Schluss nach gären de Minister froen - d'Martine Mergen hat et och scho kuerz ugeschwat -, wéi et ausgesäit mat engem eventuellen neie Gebai fir de Lycée Michel Lucius. Ginn et do schonn Detailer? Gëtt et do och eng Zäitschinn?

Dëst gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci der Madamm Burton. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Mir schwätzen dann eben haut iwwert den neien „Lycée Michel Lucius". Bis elo oder bis an enger Véierelstonn war et nach den „Lycée technique Michel Lucius". An dat ass eng Schoul, wou ech mech e bëssen informéiert hunn, déi scho laang gutt an innovativ schafft. Do gëtt et Classes d'insertion pour jeunes adultes, et gëtt eng Septième musicale, si maache beim Digital Classroom Lëtzebuerg mat an niewent de soi-disant normale Klassen, déi all Lëtzebuerger Lycée technique ubitt, gëtt et dann och, an dat ass vu menge Virriedner hei beschriwwe ginn, eng Sektioun, en englesche Curriculum, dee sech enger ganz grousser Beléiftheet kann erfreeën. D'Schülerzuelen, déi sinn enorm eropgaangen, zënter datt de Projet gestart ass.

Et gëtt natierlech och eng Rei Ënnerscheeder zu aneren engleschsproochegen Offeren hei zu Lëtzebuerg. Et ass eng ëffentlech Schoul, also den Unterrecht ass gratis. An ech fannen, dat kann een net genuch betounen, wann ee vun den Offeren hei schwätzt, déi en anere Sproocheregimm hu wéi eis ëffentlech Schoul. Déi meescht, déi allermeescht sinn nun emol einfach deier an net zougänglech fir all Mënsch, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt a schafft!

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mir hunn dës Offer och net genau der typescher englescher Offer ugepasst. Mir hunn d'Altersstufe méi un de Lëtzebuerger Schoulsystem ugepasst: d'éischt Schouljoer mat sechs Joer an net mat fënnef Joer. Mir lafen also parallell zu der Lëtzebuerger Schoul. An och déi aner Sprooche ginn alleguerten hei geléiert, souwuel Lëtzebuergesch wéi Däitsch wéi Franséisch. Et kann ee sech och... Et ass e bësselche schonn driwwer spekuléiert ginn: Wou kommen déi Leit hier, déi hir Kanner bei eis an déi dote Schoul zum Beispill schécken? Ma ech mengen, déi kommen aus alle Schichten. Déi kommen och vun allen Natiounen. Dat sinn zu engem groussen Deel net Englänner, mä Leit, déi aus Länner kommen, déi éischter dem englesche Sproocheregimm méi opstinn, déi do méi Einfachheet hunn, fir sech an där Sprooch auszedrécken.

Mir sinn als Gréng frou iwwert déi nei Weeër, déi de Minister geet mat senge Leit. Mir hu begréisst, datt mer eng International Schoul zu Déifferdeng kréien. Mir wëssen, datt et e Bac international am LTC, am Athénée gëtt. Mir wëssen, datt déi Demande risegrouss ass, a mir mengen, datt et duerfir och ganz wichteg ass, datt mer eise Schoulsystem méi breet opstellen.

Et ass awer och eng ganz spannend Erausfuerderung. An der Éducatiounskommissioun, wéi den Här Minister sech iwwert de Sënn an Onsënn vun der PISA-Etüd fir eist Land geäussert huet, wéi mer dat e bëssen debattéiert hunn - Onsënn ass et, wa mer eis Resultater direkt vergläiche mat deene vun anere Länner, well mer ebe ganz aner Konditiounen hunn, sënnvoll ass et an eisen Aen awer, well mer ganz vill geléiert hunn am Beräich Monitoring, am Beräich Fuerschung an och am Beräich vun der Datenerhiewung, déi mer brauchen, fir eis Schoul ze plangen -, do ass gesot ginn, och vum Minister, an ech kann em nëmme recht ginn, datt et natierlech am Intérêt ass vun eisem Ministère de l'Éducation nationale, vun eiser Schoul, fir all Schüler do ze fuerderen, wou mer se hunn.

An dat heescht bei där grousser Heterogenitéit vu Schüler, datt mer eis mussen opmaachen an de Sproocheregimmer, datt mer musse prett sinn, fir verschidde Filièren unzebidden, datt mer net aus deem Sproocheräichtum, dee mer hunn, verschiddene Schüler oder allze ville Schüler e Bee stellen däerfen an deenen et net erméiglechen, zu engem Schoulofschloss ze kommen. Mir gesinn dann, datt déi heite Schoul, mam neien Numm Lycée Michel Lucius, dann och dee Wee hei geet, an dat fanne mer gutt.

Ech maachen dann och eppes, wat an der Politik éischter seelen ass: Ech revidéieren Aussoen, déi ech selwer gemaach hunn an der Interpellatioun iwwert d'Sprochevillfalt. Ech hat do gemengt, datt d'Situatioun nach zu Lëtzebuerg wier, datt nach duebel esou vill Schüler vun eis géifen a Frankräich an an d'Belsch studéiere goen. Dat ass awer nëmme relativ richteg gewiescht. An absolutten Zuele mag dat stëmmen, mä ech hat awer net genuch der Tatsaach Rechnung gedroen, datt an eise leschte Statistiken, déi mer hunn, och déi Non-résidenten afléissen. A wann een effektiv d'Non-résidenten erausrechent, da sinn zwar nach méi Schüler vun eis an der Belsch an a Frankräich wéi zum Beispill an Däitschland, mä déi Zuele kommen awer méi no uneneen.

Duerfir mengen ech, datt et derwäert ass, fir sech nach eng Kéier intensiv mat deenen Zuelen ze befaassen. Mir haten zu Lëtzebuerg traditionell ganz schlecht Statistiken, wat eis Studenten am Ausland ugeet. D'Situatioun ass besser ginn, virun allem duerch d'Aféierung vun de Bäihëllefen, déi mer de Studenten ausbezuelen. Mir fänken elo un, Material ze kréien, op dat mer eis kënne verloossen. Mä ech mengen, datt et ganz wichteg ass, datt mer eis nach domat auserneesetzen.

Dat ass also deen Deel, wou mer musse kucken, fir eise Sproocheregimm opzemaachen a villes zouzeloossen. Mä natierlech stellt sech dann och d'Fro, an déi huet och d'Virriednerin vun der CSV gestallt: Wéi ass et dann, wa mer wëlle wiesselen, wa mer vun deem enge Schoulsystem an deen anere wëllen iwwergoen? Dat gëtt natierlech ëmmer méi spannend. An da kommen ech nach eng Kéier drop zréck, wat den Här Meisch gesot huet, och an där Éducatiounskommissioun: En ass net nëmme Minister, fir ze kucken, datt d'Schüler alleguerten zu engem Ofschloss kommen, mä en ass och Minister vun engem Land, vun enger Éducation nationale. Dat heescht, mir mussen effektiv och nach kucken: Wéi kréie mer dann dat alles nach zesummegehalen?

Ech mengen, dat sinn och spannend Froen. A mir sinn als Gréng op fir eng Diversifizéierung, ech hunn dat elo schonn e puermol gesot. Mir sinn der Meenung, datt mer eng ëffentlech Schoul fir all eis Kanner brauchen. All Kand, wat zu Lëtzebuerg wunnt, esou steet et am Schoulgesetz, däerf hei an d'Schoul goen. D'Heterogenitéit ass risegrouss. All eis Kanner, egal wéi verschidde se solle sinn, sollen eng Plaz an eiser ëffentlecher Schoul fannen. An duerfir muss déi ëffentlech Schoul awer och eng ganz breet Offer bidden.

Hei ass e richtege Schratt. An duerfir bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dem Projet de loi vun elo. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet direkt den Här Fernand Kartheiser.

Une voix.- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och ech fänken u mat engem grousse Merci am Numm vun der ADR un den Här Lex Delles fir dee ganz gudde Rapport, deen en eis gemaach huet, an eng kloer Presentatioun.

Dat hei schéngt elo erëm eng Prioritéit vun der Regierung ze sinn, anescht wéi aner Beräicher an der Éducatiounspolitik. Mir hunn e Gesetz hei praktesch an zwee Méint duerch d'Instanze kritt. An anere Beräicher, déi awer och wichteg sinn, dauert dat leider méi laang. Ech verweisen hei op d'Beruffsausbildung an aner Dossieren, déi leider vill méi laang brauchen.

Mir hunn hei am Land e bëssen eng Multiplizéierung vun internationale Schoulen a leschter Zäit. Och zu Pärel an zu Munneref soll anscheinend elo en Däitsch-Lëtzebuerger Lycée entstoen. Alles dat eenzel gekuckt, kënnen dat jo ganz interessant Alternative ginn. Mä wann ee kuckt, wivill international Schoulen a leschter Zäit entstinn, déi all en ënnerschiddleche Schoultypus, aner Prioritéiten, aner Sproocheregimmer representéieren, da stellt sech awer och d'Fro vun der Kohärenz an deem Ganzen.

An d'Fro muss gestallt ginn, ob dat net e weidere Schrëtt ewech vun der Integratiounspolitik ass a Richtung bal vun enger Kapitulatioun virun der Diversitéit, well et ëmmer méi schwéier gëtt, dat zesummenzebréngen, wat eng Gesellschaft hei am Land soll ausmaachen. Ëmmer méi verschidde Schoulsystemer, aner Sproochen, ass dat nach eng Perspektiv op eng Integratioun? Oder ass et net eng weider kloer Orientéierung a Richtung Parallellgesellschaften hei am Land?

Mir hunn en Ëmbau vun der Sproochesituatioun hei am Land och iwwert d'Schoulpolitik vun der Regierung! Déi Pluralitéit vun de Schoulen, déi wäert och nach zouhuelen an der Perspektiv vum wirtschaftleche Wuesstum, dee jo geplangt ass, an enger ëmmer méi grousser Zuel vun Auslänner, déi jo aus demografesche Grënn dann hei am Land wunnen. A mat deem, wat elo hei ugeduecht an ugefaange gëtt, näämlech déi Multiplizéierung vun ënnerschiddleche Schoultyppen, féiert dat jo zu enger Marginaliséierung iwwert d'Zäit vum traditionelle Lëtzebuerger Schoulsystem aus reng statistesche Grënn an also och vun där Sproochesituatioun an deem multilingualen oder plurilingualen Ëmfeld, wéi mer et elo kennen.

Déi Schrëtt, déi d'Regierung geholl huet fir multilingual Fréierzéiung mat engem Akzent op dem Franséischen, déi Multiplizéierung vun

internationale Schoulen an d'Vernoléissegung vum Lëtzebuergeschen an och zum Deel vum Däitschen a Franséischen an deenen internationale Schoule si jo Schrëtt an déi Richtung! Mir hunn zwar d'Lëtzebuergescht als Schoulfach an dëser Schoul ageschriwwen, mä et steet näischt am Gesetz iwwert den Niveau, dee soll erreecht ginn, näischt iwwert d'Methoden, näischt iwwert d'Zilsetzung, näischt iwwert d'Kultur. An och, wat d'Däitsch an d'Franséischt ugeet, ass dat ganz wéineg beschriwwen. Hei op enger englescher Première, wéi dat elo hei an dëser Schoul ugeduecht ass, hunn d'Schüler ganzer dräi Fächer a si kënnen zousätzlech Däitsch oder Franséisch huelen, mä net Däitsch a Franséisch! Et ass och net gesot, ob en „late arriver" - wann ee méi spéit kënnt -, ob deen nach ka Lëtzebuergesch léieren. Lëtzebuergesch ass net als Schoulëmgangssprooch virgesinn.

Mir hunn also ëmmer méi e Schoultyp vun enger Lëtzebuerger ëffentlecher Schoul, deen awer dozou féiert, datt hei kënne Leit duerch eng lëtzebuergesch ëffentlech Schoul goe praktesch ouni Lëtzebuergesch - emol vläicht ganz wéineg, an dat wësse mer jo net genau, wat do wierklech ugeduecht ass -, praktesch ouni Lëtzebuergesch an och praktesch ouni vill Kenntnisser iwwert dëst Land! Well ech maachen do eng Klammer op op dat, wat virdru gesot ginn ass: de Rekrutement vun de Professeren. Do ass jo virgesinn, datt Professere kënne rekrutéiert ginn, déi nëmmen eng vun deenen dräi administrative Sproochen um Niveau B2 schwätzen, also Leit, déi do an där Schoul enseignéieren, déi iwwer eis Sprooch näischt wëssen - ausser si hätten de B2 am Lëtzebuergeschen, wat onwahrscheinlech ass - an och net iwwer Däitsch a Franséisch, a praktesch keng Kenntnisser iwwert d'Land.

Et ass ëmmer méi eng Insel an eisem Land vu Leit, déi e bësse parallell liewen an dat net wëllen, also dat net kënnen erreechen, wat mir eis awer virstellen an der Schoulpolitik, näämlech d'Integratioun.

Et ass och eng Fro: Firwat ass dat elo? Firwat musse mer dat do maachen? Et ass emol eng Ëmfro bei auslänneschen Handelskummere gemaach ginn, där indescher, där irescher, där brittescher, där amerikanescher. An et ass normal, datt do e Besoin ass. Et ass och fir eis als ADR eng Diskussioun, an dat hate mer och gesot bei Déifferdeng, eng Diskussioun, där mir eis net verschléissen, wann auslännesch Kaderen nëmme fir eng kuerz Zäit hei am Land sinn. Ob dat Leit aus der Ekonomie sinn, ob dat Leit aus der akademescher Welt sinn, ob dat Diplomate sinn, do gëtt et einfach e Besoin an et ass och ganz gutt, wann et fir déi Leit Méiglechkeete gëtt. Mä et ass awer eppes anescht, ob een higeet an e ganze Curriculum erméiglecht, wou net eng Aschränkung ass iwwert déi Zuel vu Joren, déi ee kann an deem Schoultypus verbréngen, ier ee muss an eng normal Lëtzebuerger Schoul goen zum Beispill.

Et ass einfach eng Fro, ob net och hei Lëtzebuerger ugezu ginn, déi eben och wéinst dem Verfall vun dem Niveau vun der Lëtzebuerger ëffentlecher Schoul - an dat ass e Phenomeen, dee mer an deene leschte Jore scho gesinn hunn - ëmmer méi probéieren, an international Schoulen, de Lycée Vauban, d'International School, d'Europaschoul ze kommen, praktesch fir do erauszekommen, wat se als Verfall vum Niveau an der Lëtzebuerger ëffentlecher Schoul awer erkennen.

Mir hunn och festgestallt, datt bei deenen Ëmfroen, déi gemaach gi sinn, awer eng grouss Zuel vun Anglofonen hei am Land, bal 30%, hir Kanner awer an eng lëtzebuergesch normal Schoul ginn hunn, ganz einfach, well se geduecht hunn: Mir bleiwe méi laang hei an duerfir hätte mer och gär, datt eis Kanner an eng normal Lëtzebuerger Schoul ginn, fir datt se eng Chance hunn, an dësem Land herno eng Zukunft ze hunn, integréiert ze sinn.

Et ass fir eis nach ëmmer eng Preferenz, fir ze soen, wann auslännesch Kanner heihinnerkommen oder Jugendlecher, fir si fir d'Eischt sproochlech op dee richtegen Niveau ze bréngen duerch Classes d'accueil, duerch en intensive Sproochentraining, a se dann an déi Lëtzebuerger ëffentlech Schoul ze bréngen. Dat ass keng verlueren Zäit, well et fir eng Liewenszäit hei zu Lëtzebuerg, eng Zukunft hei am Land eng besser Perspektiv ass wéi déi, praktesch ëmmer en Auslänner hei am Land ze bleiwen oder condamnéiert ze sinn, säi Gléck iergendwou anescht ze sichen.

Mir hunn héieren, datt verschidde Parteie gesot hunn, d'Demandeurs de protection internationale sollen dann an déi Schoul kommen, well se e Bezuch hätten zum Engleschen. Allgemeng kann een dat net esou behaapten. Dat ass fir deen een oder anere sécher richteg. Et hänkt of vun deem Land, wou se hierkommen, vun där Schoulbildung, déi se matbréngen, vun hiren eegene Méiglechkeeten. Et ass keng Regel, datt all Kand vun engem Demandeur de protection internationale oder een, dee selwer als Mineur heihinnerkënnt, Englesch kann oder éischter op Englesch ka scolariséiert ginn.

Mä d'Fro hannendrun ass vill méi eng wichteg an et ass eng Debatt, déi mer ni geféiert hunn: Wéi eng Scolaritéit hätte mer da gär fir déi Kanner? Ass et dann net ursprénglech de Sënn, datt mer sollten an enger internationaler Koordinatioun, well mer dat eleng net packen, eng Scolaritéit an hiren eegene Sprooche virgesinn, fir hinnen eng Zukunft an hirem eegene Land no hirem Retour ze erméiglechen? Oder wa mer gär hätten, datt déi, wou mer mengen, datt se eng reell Chance hunn heizebleiwen, hei Fouss faassen: Solle mer dann net alles drusetzen, fir se an eng normal lëtzebuergesch Schoul ze bréngen, datt se wierklech eng Integratioun hei am Land kënnen duerchliewen, amplaz datt mer se an eng separat Insel setzen, wéi déi do Schoulen et nun eemol sinn?

Oder ass vläicht d'Iddi, fir awer hei eng speziell Scolaritéit fir déi Kanner unzebidden, wat dann natierlech awer och dozou féiert, datt verschidde Kategorië vun deenen Altersinteresséierten, un déi sech dat interesséiert, da speziell vläicht géifen heihinnerkommen, well se hei Chancë gebuede kréien, déi se an anere Länner ronderëm net gebuede kréien? Déi Diskussioun iwwert déi beschtméiglech Scolarisatioun vun deene betraffene Kanner a Jugendlechen, déi hu mer net geféiert! An et ass net iwwer esou e Projet de loi, datt mer se sollen indirekt féieren. Mir sollen der Diskussioun net aus dem Wee goen. Mä et ass awer dat, wat mer hei zerwéiert kréien e bëssen um Rand vun enger anerer Diskussioun, an dat ass deem Sujet net wierdeg.

Mir géifen och d'Fro stellen, wa mer iwwer Equivalenze schwätze vu Schoulen, wéi déi hei mat der Lëtzebuerger Première, also mat enger ganzer Scolaritéit an enger Lëtzebuerger ëffentlecher Schoul: Ass dat wierklech eng Equivalenz? Wat sinn d'Rechter, déi domat verbonne sinn? Den Zougang zu enger Universitéit? Jo, wann dat dann nach ëmmer d'Optik ass och vun deenen Universitéiten, déi betraff sinn. Ass dat en Zougang zu der Lëtzebuerger ëffentlecher Funktioun? Oder musse mer driwwer nodenken, fir eis Sproochekritären an eis Admissiounskritären an der Fonction publique ze adaptéieren a Fonctioun zu neie Lëtzebuerger Diplomer, déi gemaach ginn, awer ouni néideg Sproochekenntnisser?

Alles dat si Froen, déi ee muss awer emol eng Kéier am Fong diskutéieren, wat dat heescht, deen Equivalenzbegréff. Oder sollt een net higoe bei esou Schoulen a sech op Equivalenze verloossen, déi vun auslänneschen Institutiounen hiergestallt ginn, och wann den Diplom zu Lëtzebuerg hiergestallt oder verdeelt gëtt, fir datt mer do méi Kloerheet iwwert déi rechtlech Konsequenze vum Equivalenzbegréff kënne kréien? Et si Froen, déi gestallt ginn. D'Äntwerte kann ech lech haut net ginn, awer d'Reflexioun muss geféiert ginn!

An dann hu mer natierlech och all déi Froen: Wat geschitt mat deenen, déi déi Schoul ofbriechen? Wat geschitt mat enger École de la 2e Chance, déi aus sproochleche Grënn deene Kanner net opsteet? Wat ass mat deenen, déi méi spéit kommen, déi praktesch dann och mat de Sproochen net méi konfrontéiert ginn? Wat ass mat deenen, déi erausfalen?

D'CSV huet de Moien oder elo just proposéiert, datt fir déi eng engleschsproocheg Beruffsausbildung soll gemaach ginn. Da stellt sech natierlech d'Fro: Wéi wäit belaaschtbar ass eise Schoulsystem, wa mer elo fir all méiglech Schoulausbildung och nach engleschsproocheg - an herno kommen nach anerer vläicht mat Fuerderungen - extra Filièrë musse maachen, extra Schoultype mussen opbauen, fir der Diversitéit Rechnung ze droen? Kann dat wierklech eng Äntwert sinn? Och eng finanziell veräntwerbar Äntwert op eng Situatioun, déi mer duerch eng gutt Integratiounspolitik kéinte ganz anescht upaken?

Alles dat si Considératiounen, mat deene mer wëllen als ADR opmierksam maachen op Nodeeler, op Geforen, op Froen an enger Entwécklung, déi hei als gutt, als normal, als bal selbstverständlech duergestallt gëtt, déi awer alles anescht ass wéi normal oder selbstverständlech an déi eng ganz Rei vu Problemer opwerft.

Ech halen op mat enger Betruechtung iwwert de Michel Lucius selwer. Et ass fir eis eng traureg Tatsaach, datt mer domat konfrontéiert gi sinn duerch Quellen, déi mer kritt hunn aus gewerkschaftlechen an anere Richtungen, datt et an deem engleschsproochegen Zweig vum Michel Lucius soll ginn en «malaise dans les classes anglophones», iwwert déi mer haut schwätzen, Dysfonctionnementer, datt de Corps enseignant demotivéiert a frustréiert wär. Et gi Virwërf erhuewe géint d'Schoul a géint d'Direktesch. Do ass eis Fro... Mir kënnen dat hei net diskutéieren, mä mir kënnen awer de Minister opfuerderen, senger Flicht als Déngschthär vun där Schoul a vollem Ëmfang nozekommen. A wann et Problemer an enger Lëtzebuerger Schoul gëtt, da muss de Minister derfir suergen, datt déi wierklech geléist ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet elo den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo, Merci, Här President. Mir stëmmen elo e Projet de loi, wou och schonn, an dat ass schonn e puermol gesot ginn, am Lycée Michel Lucius, deen elo gläich esou wäert heeschen, e Projet gelaf ass zënter 2011.

Wann een d'Éducatiounspolitik... Also ech hunn iwwer Joren d'Éducatiounspolitik misse verfollegen, ongewollt e bëssen, bal gezwongen deelweis als Journalist deemools, ouni awer selwer vum Fach ze sinn, an da léisst ee sech oft iwwerzeege vun där enger oder anerer Positioun. An et mierkt een iergendeng Kéier, datt mer ganz wäit ewech si vun enger genauer Wëssenschaft, zemools wat pädagogesch Konzepter ugeet. An dofir hunn ech mer als Doktrinn ginn, iergendwéi net eng ze vill festgefueren Doktrinn ze hunn an deene Froen, zemools wa schonn Experienzen um Terrain gemaach ginn.

Mir dinn eis net onbedéngt ganz einfach mat deene Froen. Mir wäerten awer deem Gesetzesprojet zoustëmmen, quitte datt mer vläicht e bësse Skepsis hunn op e puer Punkten, an dat ass och elo keng Neiegkeet. Mir stellen eis e puer Froen, an dat sinn och Froen, déi och am gewerkschaftleche Milieu gewësse Leit sech stellen; ob déi berechtegt sinn oder net, dat kënne mer och an der Zukunft gesinn. Mä et ass d'Fro och vun enger gewëssener Autonomiséierung vun de verschiddenen Établissementer, ob do net duerno eng Gefor kéint bestoen, datt ee lues a lues an déi Richtung kéint goen, datt eng Kluft besteet tëschent verschiddene Gebaier, wéi d'Selektiounskritären ausgesinn an esou weider.

Et gouf och gesot, datt ënner anerem och d'Demandeurs de protection internationale kënnen an de Genoss vun dëser Filière kommen. Dat ass wierklech net auszeschléissen. Ech mengen, et ass och eng Ursaach, firwat dat do gemaach gëtt.

Allerdéngs muss ee sech awer och eng Fro stellen: Et ass esou, datt déi Demandeurs de protection internationale, d'DPIen, och iergendeng Kéier hoffentlech BPIe ginn, dat heescht Bénéficiaires de protection internationale, wann een och nach Rücksicht hëlt op déi - wéi soll ech soen? - monstruéis Situatioun, zemools a gewëssene Länner, ech denken elo ganz spezifesch u Syrien. Dat heescht, et muss een dovunner ausgoen, datt déi Leit och hei bei eis bleiwen, well se net méi wäerten zréckgoen an hiert Land. Deementspriechend stellt sech d'Fro - mä ech mengen, déi verschidde Curriculaen, déi verschidde Liewensgäng vun de Leit, vun den DPIen a spéider BPIen, si ganz verschidden, mä et muss een och dovunner ausgoe kënnen, datt déi Leit och wäerten heibleiwen an net méi wäerten zréckgoen -, dat heescht, ob an awéifern et opportun ass, och déi Leit a spezifesch Filièren ze bréngen.

Mä ech wëll mech do net ze vill festleeën, awéifern den angelsächsesche Modell méi interessant ass wéi en anere Modell. Ech mengen, doriwwer kéint een nach laang diskutéieren. Deen huet bestëmmt seng Atouten. En huet vläicht awer wahrscheinlech... Wat déi fréi Spezialiséierung ugeet, do war ech ëmmer e bësse skeptesch, wat dat ugeet, d'fréi Spezialiséierung. Ech fanne souguer, datt de Lëtzebuerger Schoulsystem, Secondairessystem e bëssen ze vill fréi spezialiséiert. An dat war och schonn ëmmer eng Fuerderung vun der Schülerbewegung, schonn deemools an den 90er Joren, datt mer vläicht net onbedéngt an déi Richtung sollte goen.

Dat heescht, mir wäerte matstëmmen. Mir hunn eis nach eng Zäit d'Fro gestallt, ob mer eis net enthale sollten. Mir wäerten et schlussendlech matstëmmen, well souwisou eng Situatioun do ass an de Projet do leeft. An dat ka sech vläicht entwéckelen. Deem wäerte mer kritesch nokucken. Voilà. A mir hoffen trotzdeem, datt dat Ganzt sech an engem gudden Développement wäert weiderentwéckelen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet den Erzéiungsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech schléisse mech all deene Mercien un de Rapporteur, de Lex Delles, un, deen eis hei duerch d'Matière gefouert huet. Et ass d'selwecht eigentlech wéi virun enger Rei vu Méint, wéi mer déi International Schoul zu Déifferdeng - esou vill Zäit muss awer sinn - gestëmmt hunn hei, nees erëm eng Kéier e Schrëtt an der Stäerkung vun der ëffentlecher Schoul, am Wouerhuele vun hiren Aufgaben, eng Offre scolaire unzebidde fir all Kand hei am Land.

An datt dat hei wierklech de Fall ass an datt et wierklech gebraucht gëtt, dat weise jo och déi Inscriptiounen. Wa mer viru fënnef Joer mat 14 Schüler ugefaangen hunn a mer sinn elo bei iwwer 400, wa sech quasi also d'Inscriptioune verdrëssegfacht hunn, da weist dat, datt dës Schoul an esou eng Offre scolaire gebraucht gëtt an datt et richteg ass, weider op de Wee ze goe vun der Diversifikatioun vun der Offre scolaire.

Eng Woch no PISA wëll ech och dee Lien nach eng Kéier hierstellen, well wa mer do feststellen, datt ganz vill Jonker, och mat engem Migrationshannergrond, wäit ofgehaange sinn - net alleguerten, mä awer ganz vill der wäit ofgehaange sinn -, dann huet dat och domadder ze dinn, datt eben net eng entspriechend Offre scolaire existéiert. An duerfir, mengen ech, musse mer ophalen, jiddweree wëllen an en Eenheetsmodell ze pressen, wéi mer et elo just hei nach eng Kéier vum Här Kartheiser héieren hunn, well do sinn der vill ze vill, déi op der Streck bleiwen do derbäi, mä d'Schoul muss sech éischter opmaachen an de Besoine vun de Schüler no ausriichten a weiderentwéckelen. An dat maache mer jo heimadder.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- D'Suerg ass geäussert ginn, ob den Zesummenhalt hei hiergestallt gëtt, fir datt do och Generatiounen zesummewuessen, ob verschidde Schüler aus verschiddene Kulturraim mat verschiddene Sprooche géifen zesummewuessen.

Nun, ech denken, datt mer grad hei, andeems d'ëffentlech Schoul hir Aufgab wouerhëlt, nees wouerhëlt an déi dote Clientèle net eleng de Privatschoulen iwwerléisst, besser gestiwwelt sinn, fir déi Integratioun do an deen Zesummenhalt do kënnen ze garantéieren, grad - an dat ass hei ganz interessant - well mer eng Schoul hu wéi de Lycée Michel Lucius, wou mer souwuel en traditionellen Ordre d'enseignement hunn, wéi den Enseignement secondaire technique, an awer och elo eben en neien engleschsproochegen Ordre d'enseignement, wou d'Schüler sech begéinen, wou Aktivitéite kënnen zesumme gemaach ginn, wou een zum Deel déiselwecht Enseignanten huet. Dat alles fërdert ganz, ganz kloer den Zesummenhalt an d'Zesummewuesse vun enger neier Generatioun, déi an eisem Land opwiisst, op jidde Fall däitlech méi staark wéi dat bis elo de Fall war, wou déi engleschsproocheg Schüler éischter reng an d'Privatschoule gaange sinn, hu misse goen, well mer keng Offer haten.

Well mer keng Offer haten am Fondamental, hu mer hei och vun der Geleeënheet profitéiert, och do eng Filière ze proposéieren, datt och schonn engleschsproocheg Schüler an déi dote Schoul kënne kommen am Fondamental, fir souwuel e Stack Schüler opzebaue vun ënnen, fir och do eng Offer ze schafen. An och do ass laut deene Recensementen, déi mer maachen - oder eleng nëmmen dat, wat mer um Tëlefon héieren, wann nogefrot gëtt -, déi Demande ganz, ganz staark. Duerfir wollte mer onbedéngt am Zentrum vum Land esou e Projet lancéieren an dat huet sech ganz gutt prêtéiert, fir dat eben elo hei mat dem Lycée Michel Lucius kënnen ze assuréieren.

D'Fro stellt sech, wéi d'Personal op déi doten Entwécklung reagéiert. Nun, generell muss ee soen, datt déi allermeescht Enseignanten do déi Erausfuerderung ganz gären opgeholl hunn, datt awer och gekuckt ginn ass, datt deen een oder deen aneren, dee sech elo net direkt esou à l'aise gespuert huet, net onbedéngt huet missen op deene Klassen enseignéieren. Wichteg, denken ech, ass awer och, datt mer eis hei d'Méiglechkeet ginn, mat deem Gesetz esou ze rekrutéieren, datt mer de Sproochekonditiounen, fir an där doter Schoul Schoul ze halen, dann och wierklech kënne gerecht ginn. An dat sinn eben aner Sproochekonditioune wéi dat, wat mer beim normale Rekrutement verlaangen. Do muss een eben och perfekt op Englesch kënne Schoul halen. Déi Méiglechkeet gi mer eis hei.

Dat erlaabt eis awer och, derbäi kënnen ze bleiwen, datt, och wann dee Modell nach weider géif ausgebaut ginn, mer keng Enseignantë

wéilte forcéieren, géint hire Wëlle forcéieren, op esou enger Klass, op enger engleschsproocheger Klass Schoul ze halen, wat sécherlech jo och net am Interessi vun der Qualitéit vun deem Enseignement wär.

Mir léieren hei sécherlech och munches, wat interessant ass fir de Rescht vun eisem Schoulsystem. Et ass en anere System, deen doten. Et ass eng aner pädagogesch Approche. Et ass méi e personaliséierte Kursus, deen hei offréiert gëtt, wou ee sech sécherlech och dat eent an dat anert heiansdo kann ofkucke goen. A wa mer an eisem konventionelle System déi eng oder aner Reform wëlles hunn, kann ee sech sécherlech do inspiréiere goen. An hei hu mer den Avantage, datt mer dann och scho Leit hunn, Enseignanten hunn, déi dat dote praktizéiert hunn, wou mer gesinn, wat en eventuellen Avantage kéint duerfir bedeiten.

Ech wëll nach eng Kéier op d'Schülerschaft kuerz agoen, déi awer extrem heterogen zesummegesat ass. Et mengt een, et ass eng engleschsproocheg Schoul, also sinn et quasi just englesch Kanner, déi déi Schoul do besichen. Dat ass sécherlech net de Fall:

Déi gréisste Communautéit ass och hei nach ëmmer d'lëtzebuergesch Communautéit, op d'mannst vun der Nationalitéit hier. 71 Schüler bei 75 (veuillez lire: 59) verschiddenen Nationalitéiten hunn d'Lëtzebuerger Nationalitéit. 63 Schüler hunn déi englesch Nationalitéit, 56 (veuillez lire: 36) Schüler hunn déi portugisesch Nationalitéit, duerno kommen déi dänesch an déi hollännesch Communautéit mat 15 Schüler all Kéiers. Mä insgesamt sinn et 59 verschidden Nationalitéiten. Et ass also sécherlech net eng Offre scolaire, déi mer maache reng fir eng international Communautéit, fir englesch oder US-amerikanesch Bierger, fir datt deenen hir Kanner do kënnen dovunner profitéieren, mä et ass wierklech ganz, ganz breet gespreet, e bëssen esou, wéi een dann awer och duerch eenzel Quartieren an eenzelne Gemengen am Land a sécherlech och an der Stad Lëtzebuerg eng Populatiounsstruktur huet, déi sech quasi identesch och hei op dëse Klassen heiansdo kann erëmfannen.

Jo, mir sinn hei net um Enn vun der Diversifizéierung vun der Offre scolaire. Wéi ech scho gesot hu beim Vott iwwert de Projet vun der Internationaler Schoul zu Déifferdeng, schaffe mer och un Offeren, och wann déi net an der ganzer Bandbreet vun der Formation professionnelle ugebuede ginn, mä un engleschsproochegen Offeren an der Formation professionnelle, fir e Lien fir eenzel Schüler, déi hei net géifen da bis zum Ofschloss kommen, fir dat awer kënnen ze erméiglechen an Domäner, wou een och mat der englescher Sprooch - nieft deene Friemsproochen da Franséisch an Däitsch a Lëtzebuergesch, déi een nach zousätzlech gemaach huet, awer virun allem an der dominanter englescher Sprooch - och zu Lëtzebuerg Beruffsperspektiven huet. An där Domäner gëtt et. An do si mer amgaangen, mat Schoulen drun ze schaffen, fir och do eng Offer kënne mëttelfristeg entstoen ze loossen.

D'Fro vun den Aschreiwunge gëtt ëmmer nees diskutéiert. Ech weisen drop hin, datt mer eigentlech hei déiselwecht Prozeduren hu wéi an anere besteeënde Lycéeën, wou mer och net kloer geregelt hunn, wien d'Schoul dann elo vu Schüler hëlt oder net hëlt. Och wa mer nach de Prinzip vum Lycée de proximité op eenzelne Plazen hunn, wësse mer jo awer, datt ganz vill Schüler och an en anere Lycée ginn. Mir wëssen, datt mer och scho virdrun, éier mer international Schoulen haten, am ëffentleche System och Schoulen hate mat enger Offre unique. An och do huet dann emol misse gekuckt ginn: Wien huele mer do un a wien huele mer net do un?

Do musse mer wëssen, wa mer wëlle reglementéieren, musse mer ganz streng reglementéieren, bis an de leschten Detail goen. An ech gesinn haut net direkt déi Gefor oder déi eventuell Auswierkungen, op jidde Fall momentan net, datt dat do net seriö gemaach géif ginn. Hei am Lycée Michel Lucius ass et esou, datt eng Épreuve gemaach gëtt an der Mathematik an am Engleschen, an da gëtt am Interessi vum Schüler gekuckt, ob deen op eng engleschsproocheg Klass gehéiert, ob dat déi bescht Alternativ ass an eisem Schoulsystem fir dee Schüler, an am Interessi vum Schüler gëtt dann och décidéiert. An Eenzelner ginn dann och ofgewise respektiv op aner Offere weiderdirigéiert.

Ech denken, datt mer dat mat där doter Flexibilitéit eigentlech am beschten am Interessi vum Schüler kënnen handelen, besser wéi mat engem ganz prezis och an engem Gesetzestext verankerte Kritärekatalog, deen eigentlech den eenzelne Besoinen an den eenzelne Profiller ni ganz ka gerecht ginn.

D'Fro ass gestallt gi vun de Schoulen um Lampertsbierg. Dir wësst, datt dat och eng vun eise Préoccupatiounen ass, datt mer déi staark Konzentratioun vu Schoulen um Lampertsbierg mëttelfristeg awer dach ofgebaut kréien, well de Quartier awer zum Deel dorënner leit, ech mengen, net ënnert de Schüler leit, mä virun allem ënnert dem Transport vun de Schüler leit. Ee Schrëtt ass sécherlech och gemaach: Wann den Tram bis dach ganz knapp beim Lampertsbierg laanscht wäert fueren, da kann och deen Transport zum Deel schonn aneschters organiséiert ginn. Da wäerte sécherlech och eng Rei vu Bussen ewechfalen.

Kuerzfristeg wäerten och eng Rei vu Bussen ewechfalen an och d'Schülerzuel erofgoen, wann den neie Komplex vun de franséischsproochege privaten Offeren zu Gaasperech wäert fonctionnéieren, wou souwuel jo vun der Maternelle bis bei de Bac alles herno wäert regruppéiert ginn. Dat ass eng substanziell Erliichterung, déi vläicht bei der nächster Rentrée zum Deel, spéitstens dann awer e Joer duerno och wäert realiséiert sinn.

An och mir als ëffentlech Schoul wëllen do eis Responsabilitéit mat iwwerhuelen. Duerfir hu mer décidéiert, ee Lycée vum Lampertsbierg erofzehuelen. An et huet an der éischter Propos op jidde Fall esou ausgesinn, wéi wann dat de Lycée technique du Centre wär an en Terrain och scho ganz kloer reservéiert ginn ass um Kierchbierg, fir deen dohinner ze installéieren.

Déi zwou Schoulen hunn eis awer nach eng Kéier gebieden, souwuel de Lycée technique du Centre wéi och de Lycée Michel Lucius, genau emol doriwwer ze diskutéieren. An am Ministère vum Développement durable ass momentan eng Etüd amgaangen, fir ze kucken, wat dann eigentlech méi räsonabel, méi gënschteg wär a sech am einfachsten och géif maache loossen. Ech denken, datt och deemnächst do Resultater wäerte virleien, datt mer ganz konkret un deene Projete kënne schaffen: een neie Lycée um Kierchbierg an d'Renovatioun vun deem aneren dann awer och um Lampertsbierg, well souwuel deen ee wéi och deen anere sinn zum groussen Deel nach renovatiounsbedürfteg.

Also ech wëll net nach eemol agoen op déi ganz Diskussioun ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch, och an där doter Schoul. Dat ass alles eigentlech hei diskutéiert ginn. Wa mer déi dote Schüler, wéi et bis elo de Fall ass, just a Privatschoulen, an engleschsproocheg Privatschoule goe loossen, hu mer absolutt keen Impakt drop, wat fir eng Sproochen datt se léieren. Hei hu mer fest am Stonneplang virgeschriwwen, datt se och Lëtzebuergesch léieren, datt och déi aner Sprooche geléiert gi vun eisem Land, Däitsch a Franséisch, mam groussen Avantage, datt et net wéi an eisem Schoulsystem Langues véhiculaires sinn, mä datt se als Friemsprooch geléiert ginn, wat awer nun eppes aneschters ass a wou eng ganz aner Approche och ganz oft vum Schüler par rapport zu där Sprooch entwéckelt gëtt, well e se wierklech als Friemsprooch léiert an e se net als Hemmnis gesäit, fir an engem anere Fach eventuell net säi vollt Potenzial kënnen ze développéieren.

Duerfir maachen ech mer do eigentlech guer keng Suergen an duerfir ass dat éischter eng Stäerkung vum Lëtzebuergeschen, dat, wat mer hei maachen, par rapport zur aktueller Situatioun. An et muss een och soen, datt den Interessi vun deene Schüler, virun allem och de Schüler am Michel Lucius, extrem grouss ass un deenen dräi anere Sprooche vun eisem Land, dem Lëtzebuergeschen, dem Franséischen an dem Däitschen, an datt dat och mat enger gewëssener Begeeschterung gemaach gëtt.

(Interruption par M. le Président)

Et war net fir mech, uff!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, neen, neen!

Une voix.- Net ëmmer...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et war an der zweeter Rei.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ech kommen awer, Här President, gläich zum Ofschloss vu menge Remarquen. Et ass nach eng Fro gestallt ginn zu der Equivalenz vun dësem Diplom.

Dësen Diplom, wann een deen hei mécht am Lycée Michel Lucius, dann huet deen déiselwecht Equivalenz, wéi wann een deen Diplom sief et an England, sief et an iergendengem anere Land vun der Welt géif maachen, wou een deeselwechten Diplom bei därselwechter Akkreditéierungsagence och ka maachen. An doriwwer ass dat geregelt.

An et ass natierlech absolutt net zur Diskussioun gestallt, ob dat iergendeppes herno géif ännere bei de Rekrutementsprozedure vum Lëtzebuerger Stat, well dat ass keng Fro vun Equivalenz vun Diplomer, dat ass just eng Fro vun deem, wat de Lëtzebuerger Stat virgesäit, wat seng Fonctionnairë musse beherrschen, wa se wëlle bei hie schaffe kommen.

Ech wëll hei och nach eng Kéier ënnersträichen - ech hunn et an der Kommissioun gemaach, mä d'Äusserunge vum honorabelen Deputéierte Kartheiser forcéiere mech awer dozou -, datt et bei all deene Rumeuren, déi an deene leschte Méint zirkuléiert si ronderëm de Michel Lucius, fir mech absolutt kee Grond gëtt, un iergendeppes ze zweifelen, datt dat net fonctiounsgerecht do géif oflafen, an datt och absolutt vollst Vertraue vu menger Säit a vum ganze Ministère an d'Direktioun vum Michel Lucius do ass an datt mer duerfir och der Directrice am Laf vun deene leschte Méint proposéiert hunn, fir d'Mandat ëm siwe Joer ze verlängeren. Do gëtt ganz villes geschwat, wou déi, déi et transportéieren doruechter, musse sech iwwerleeën, ob se sech net selwer schueden, andeems se dat doten doruechter transportéieren. Duerfir war ech net begeeschtert, datt et och hei herno gelant ass. Mä duerfir wëll ech dat an där doter Däitlechkeet och hei nach eng Kéier ënnersträichen!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister.

A mir wären dann elo prett, fir iwwert de Projet 7073 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7073 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo fäerdeg.

57-mol Jo, 3-mol Neen, domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechte vun de Mëtten ukomm. Rendez-vous ass muer um 9.00 Auer fir d'Diskussioun an d'Ofstëmmung iwwert d'Steierreform.

Merci a bis muer!

(Fin de la séance publique à 17.36 heures)

SÉANCE 14 MERCREDI, 14 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 7020 - Projet de loi portant mise en œuvre de la réforme fiscale 2017 et portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;
- de la loi modifiée du 1er décembre 1936 concernant l'impôt commercial;
- de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs;
- de la loi d'adaptation fiscale modifiée du 16 octobre 1934 («Steueranpassungsgesetz»);
- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);
- de la loi rectificative du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015;
- de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;
- de la loi du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines, de l'Administration des douanes et accises et portant modification de

* la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

* la loi générale des impôts («Abgabenordnung»);

* la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes;

* la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines;

* la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale;

- de la loi du 30 juillet 1983 portant création d'une taxe sur le loto;

- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

- du Code pénal;

- de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale;

- de la loi du 27 août 1997 portant approbation du Protocole additionnel à la Convention européenne d'entraide judiciaire en matière pénale, signé à Strasbourg, le 17 mars 1978;

- de la loi du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable;

- de la loi modifiée du 22 frimaire an VII organique de l'enregistrement;

- de la loi modifiée du 13 brumaire an VII organique du timbre;

- de la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur le droit de succession;

- de la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'Administration de l'enregistrement et des domaines;

- de la loi modifiée du 7 août 1920, portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc.;

- de la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession;

- de la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement, de succession et de timbre;

- de l'ordonnance royale grand-ducale du 23 septembre 1841 sur le timbre, l'enregistrement et les droits de succession;

- de la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques;

- de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;

- de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth (interventions de Mme Viviane Loschetter, M. le Ministre Pierre Gramegna, M. Roy Reding, M. Alex Bodry, M. Eugène Berger, M. le Premier Ministre Xavier Bettel, M. Gast Gibéryen et M. le Ministre Etienne Schneider) (dépôt de trois amendements et de deux motions), M. Eugène Berger (interventions de M. Gilles Roth et M. Claude Wiseler), M. Claude Wiseler (intervention de M. Eugène Berger), M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler, M. Gilles Roth et M. Gast Gibéryen)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Nicolas Schmit, M. Félix Braz, M. François Bausch, M. Fernand Etgen, M. Pierre Gramegna, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen et M. Marc Hansen, Ministres.

(Début de la séance publique à 09.04 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gudde Moien! Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

(Négation)

Dat ass am Moment net de Fall. Da gi mer direkt zu eisem Haaptpunkt vum Ordre du jour, d'Steierreform, de Projet de loi 7020. Dir wësst, dass d'Riedezäit nom Modell 3 festgeluecht ginn ass. An d'Rapportesch, d'Madamm Joëlle Elvinger, ass prett, fir de Rapport vun der Kommissioun ze maachen. Madamm Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

2. 7020 - Projet de loi portant mise en œuvre de la réforme fiscale 2017 et portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi modifiée du 1er décembre 1936 concernant l'impôt commercial;

- de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs;

- de la loi d'adaptation fiscale modifiée du 16 octobre 1934 («Steueranpassungsgesetz»);

- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);

- de la loi rectificative du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015;

- de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;

- de la loi du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines, de l'Administration des douanes et accises et portant modification de

*** la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;**

*** la loi générale des impôts («Abgabenordnung»);**

*** la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes;**

*** la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines;**

*** la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale;**

- de la loi du 30 juillet 1983 portant création d'une taxe sur le loto;

- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

- du Code pénal;

- de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale;

- de la loi du 27 août 1997 portant approbation du Protocole additionnel à la Convention européenne d'entraide judiciaire en matière pénale, signé à Strasbourg, le 17 mars 1978;

- de la loi du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable;

- de la loi modifiée du 22 frimaire an VII organique de l'enregistrement;

- de la loi modifiée du 13 brumaire an VII organique du timbre;

- de la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur le droit de succession;

- de la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'Administration de l'enregistrement et des domaines;

- de la loi modifiée du 7 août 1920, portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc.;

- de la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession;

- de la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement, de succession et de timbre;

- de l'ordonnance royale grand-ducale du 23 septembre 1841 sur le timbre, l'enregistrement et les droits de succession;

- de la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques;

- de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;

- de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stëmmen haut e Projet de loi, dee virun allem eppes mat sech bréngt: méi Steiergerechtegkeet.

(Hilarité)

Dat ass d'Zil, wat sech all Steierreform muss setzen. An dat Zil hu mir mat dësem Projet erreecht. D'Steierreform brëngt ab deem nächste Joer méi Gerechtegkeet fir déi vill Stéit mat klengem a mëttlerem Akommes, well besonnesch si gi vum 1. Januar un däitlech entlaascht. Et gëtt méi Gerechtegkeet fir d'Elengerzéier mat klengem Akommes geschaaft, déi vum nächste Joer un déi zwee Enner besser um Schluss vum Mount beieneekréien. Et ass awer och eng cibléiert Steierreform, déi d'Leit an deene Liewenssituatiounen ënnerstëtzt, wou si et am meeschte brauchen, wéi zum Beispill beim Kaf vum éischten Eegenheem.

D'Steierreform 2017 moderniséiert awer och eise Steiersystem an dréit de gesellschaftleche Realitéite vun haut Rechnung, sief et duerch d'Méiglechkeet vun enger individueller Besteierung an der bestueter Koppel oder der Aféierung vu sozial selektive Kritären, déi eng cibléiert Approche erlaben.

Här President, d'Steierreform, déi mir haut stëmme wäerten, huet eng gewësse Virlafszäit an Usproch geholl; och fir kënnen e breeden Débat ze féieren. Enn Februar huet d'Regierung hiren éischte Projet vun der Steierreform virgestallt. Och wann d'Reaktiounen op déi éischt ugekënnegt Mesurë gréisstendeels positiv waren, esou war et der Regierung wichteg, d'Sozialpartner mat anzebannen an hir konstruktiv Iddie mat op de Wee ze huelen. Opgrond vun deene Gespréicher goufen dunn am Fréijoer zousätzlech Mesurë virgestallt, déi elo mat an dës Steierreform afléissen.

Och huet d'Steierverwaltung zesumme mam Finanzministère eng ganz Rei Informatiounsversammlungen zu der Steierreform organiséiert. Ënnert der Initiativ „Steierreform konkret" konnt ee sech am September queesch duerch d'Land, tête-à-tête mam Finanzminister an den Experte vun der Steierverwaltung, iwwert déi ënnerschiddlech Mesuren ënnerhalen a sech se a Rou erkläre loossen.

D'Rechemaschinn op der Internetsäit vun der Steierreform war e weideren Outil, deen d'Leit konnten notzen, fir sech ausrechnen ze loossen, wat d'Adaptatioun vum Barème an d'Upassung vun de Steierkreditter fir si an Zukunft konkret bedeiten. Et ass sech opsäite vum Ministère vill Méi gemaach ginn, fir de Leit dës Steierreform ze erklären an hinne se op eng einfach an transparent Aart a Weis méi no ze bréngen.

Här President, d'Finanzéierung vun dëser Steierreform ass nohalteg. Duerch déi virsiichteg Budgetspolitik vun dëser Regierung gouf sech den néidege Sputt geschaaft, fir esou eng ëmfaassend Steierreform ëmzesetzen. Sécherlech dréit och déi gutt Konjunktur hiren Deel dozou bäi. D'Regierung rechent 2017 mat Erliichterunge vun 373 Milliounen Euro an déi Joren duerno mat Steiererliichterunge vu ronn 520 Milliounen Euro. Dat si Suen, déi erëm kënnen investéiert ginn an esou positiv Retombéeën op eis Ekonomie hunn. Laut dem Statec wäert eleng duerch d'Steierreform eise PIB näämlech ëm 0,2% wuessen. A wat der Konjunktur zeguttkënnt, kënnt och eise Statsfinanzen zegutt!

Dass mir eis déi Steierreform leeschte kënnen, seet awer net nëmmen d'Regierung. Och den FMI an d'Kommissioun hu keng budgetär Bedenke bei der Ëmsetzung vun dëser Steierreform.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Regierung huet de Privatstéit bei dëser Reform eng Prioritéit ginn. Duerfir wëll ech als Éischt op d'Mesurë fir d'Leit ze schwätze kommen.

Eng vun den Haaptmesurë vun dëser Steierreform ass déi nei Staffelung vun der Steiertabell. Et besteet am aktuelle Steiersystem eng Ongerechtegkeet, well d'Mëttelschichte besonnesch staark belaascht ginn, dëst och, well ee scho ganz fréi um quasi héchste Steiersaz besteiert gëtt. An dat ass net gerecht! An Zukunft gëtt duerfir d'Steiertabell gestreckt, soudass d'Progressivitéit vum Barème manner séier zum Droe kënnt. Dëst erlaabt et, de Mëttelstandsbockel ofzeflaachen a soumat déi breet Bevëlkerung ze entlaaschten an hir méi Kafkraaft ze ginn.

Wéi dréckt sech dat Ganzt also konkret an der Steierklass 1 aus?

An Zukunft besteet d'Steiertabell aus 23 Tranchen. Déi éischt Tranche, déi net besteiert gëtt, geet weiderhi bis zu engem Revenu vun 11.265 Euro. Duerno bestinn d'Tranchen aus Échelone vun 1.872 Euro an d'Prozentsätz klammen ëm jeeweils 1% vun 8% op 12%, an dëst bis zu engem Revenu vun 20.625 Euro. Ab da ginn d'Tranchë méi breet an den Taux d'imposition klëmmt dann ëm 2 Prozentpunkte bis zu engem Revenu vu 45.897 Euro, deen zu 38% besteiert gëtt. D'Revenue bis 100.000 Euro ginn duerno zu 39% besteiert an d'Revenue bis 150.000 Euro zu 40%. Dëst, wéi gesot, alles an der Steierklass 1.

Fir déi mat de ganz breede Schëllere kommen an Zukunft awer och nach zwee nei Spëtzesteiersätz derbäi. Och dat ass solidaresch a gerecht. D'Revenuen ab 150.000 Euro ginn duerfir an Zukunft zu 41% besteiert an d'Revenuen ab 200.004 Euro, dat sinn ëmmerhi 16.600 Euro de Mount, zu 42%.

Déiselwecht Iwwerleeung fënnt een an der Steierklass 1A erëm, also bei de Leit iwwer 65 Joer, Wittleit a Monoparentallen. Och hei gëtt d'Progessivitéit vum Barème gebremst, d'Mëttelschichten entlaascht an déi breet Schëlleren droe méi wéi déi schmuel.

Ouni nach eng Kéier an den Detail ze goen, kann een awer vläicht soen, dass den Taux vu 40%, deen haut scho bei ronn 40.000 Euro

gräift, an Zukunft eréischt vun 100.000 Euro un applizéiert gëtt. De Barème vun der Steierklass 1A gëtt also och däitlech gestreckt.

Derbäi kommen d'Steierkreditter, déi no sozial selektive Kritären eropgesat ginn. Duerch d'sozial Selektivitéit stäipt ee ganz geziilt déi kleng Revenuen. Dës sozial selektiv Approche ass iwwregens en Novum an der Steierpolitik. Dëst betrëfft souwuel den CIS, also de Crédit d'impôt pour salariés, wéi och den CIP fir d'Pensionéiert an den CII fir déi Fräischaffend. Dës Steierkreditter ginn allen dräi vun haut 300 Euro verduebelt op 600 Euro fir Akommen tëschent 11.265 Euro a 40.000 Euro a ginn dann erëm lues a lues erof, bis een ab engem Revenu vun 80.000 Euro kee Steierkredit méi zegutt huet. Domat ginn also geziilt déi Leit entlaascht, déi et am meeschte brauchen.

Mat deem neie Barème gëtt och den Impôt d'équilibrage budgétaire temporaire vun 0,5% ab dem 1. Januar 2017 ofgeschaaft.

Här President, erlaabt mir, mat e puer konkrete Beispiller ze weisen, wat eleng dës Mesuren, also d'Ofschafe vum Impôt d'équilibrage budgétaire temporaire, d'Upassung vun de Crédits d'impôt an den neie Barème fir d'Stéit ab dem nächste Joer bedeiten.

Een, deen de Mindestloun huet an der Steierklass 1, bezilt an Zukunft 63% manner Steieren an ee mam qualifizéierte Mindestloun 42% manner.

Oder huele mer eng Kéier d'Beispill vun enger jonker Famill mat engem Kand. D'Mamm oder de Papp verdéngt 2.300 Euro brutto an deen aneren 1.200 Euro. Dës kleng Famill huet eleng duerch déi genannte Mesuren an Zukunft 653 Euro méi an der Täsch.

Oder huele mer d'Beispill vun engem Jonken an der Steierklass 1, engem Jonggesell also ouni Kanner, deen 2.900 Euro verdéngt. Dee spuert an Zukunft 29% Steieren an huet 877 Euro méi an der Täsch.

No Récksprooch mat de Sozialpartner gëtt och d'Valeur faciale vun de Chèques-repas d'nächst Joer vun 8,40 Euro op 10,80 Euro erhéicht, eng Augmentatioun vu bal 30% also. Dëst ass eng Mesure, déi de ronn 60.000 Bénéficiairen zeguttkënnt an hir Kafkraaft stäerkt. Si kënnt awer och der lokaler Ekonomie zegutt, well déi Suen erëm direkt an de Wirtschaftskreeslaf vum Horeca-Secteur fléissen.

Här President, besonnesch d'Monoparentallen hunn heiansdo Schwieregkeeten, déi béid Enner um Enn vum Mount beieneenzekréien. Vun deene 6.700 Ménages monoparentaux hei zu Lëtzebuerg hunn, dem Statec no, ongeféier 45% ee Revenu ënnert der Aarmutsgrenz. Fir deem entgéintzewierken, gëtt den CIM, also de Crédit d'impôt pour monoparentaux, fir Revenuen tëschent 0 a 35.000 Euro vu 750 op 1.500 Euro verduebelt. Duerno geet dëse Steierkreditt erëm lues a lues erof, bis en ab engem Revenu vun 105.000 Euro op sengem aktuelle Montant vu 750 Euro stagnéiert.

Nieft dem neien CIM, deenen anere Steierkreditter an dem neie Barème gëtt awer och ab 2017 d'Weeserent net méi besteiert. Dëst, well et eng besonnesch tragesch Situatioun ass, wann de Partner stierft an een da muss kucken als Elengerzéier an enger scho ganz schwiereger Situatioun iwwert d'Ronnen ze kommen.

Och de Fräibetrag vun der Rente alimentaire, bis deen den CIM net erofgeet, gëtt vun 1.920 Euro op 2.208 Euro d'Joer erhéicht. Den Abattement pour charges extraordinaires fir den Ënnerhalt vu Kanner, déi net am Stot wunnen, geet vun 3.480 Euro op 4.020 Euro d'Joer erop. Dëst ass besonnesch oft bei gescheete Koppelen a bei Patchworkfamilljen de Fall.

Ech huelen dann nach eng Kéier e konkret Beispill, fir ze weisen, wat d'Verbesserungen hei ausmaachen. Dës Kéier vun enger elengerzéiender Mamm oder engem elengerzéiende Papp mam Mindestloun a mat engem Kand. Dës kleng Famill huet an Zukunft ganzer 1.050 Euro d'Joer méi an der Täsch.

Här President, ech kommen zu weidere steierlechen Upassungen, déi de Realitéite vun eiser Gesellschaft Rechnung droen. Eng weider Mesure, déi Familje steierlech ënnerstëtzt, ass d'Erhéijung vum Abattement forfaitaire fir d'Fraise vum Stot, der Fleeg oder der Betreiung. Och dësen Abattement geet vun 3.600 Euro op 5.400 Euro erop an ass esou ëmsou méi wichteg an enger Zäit, an där ëmmer méi Leit op Hëllef vu baussen ugewise sinn, sief dat, fir Familljememberen ze fleegen, fir op d'Kanner opzepassen oder hiert Haus an der Rei ze halen.

Ech hunn uganks vun enger Moderniséierung vum Steiersystem geschwat. Dëst geschitt net nëmmen duerch d'Aféiere vu sozial selektive Kritären, ma eben och duerch d'Aféiere vun enger optionaler Individualisatioun. Wourëms geet et? Genausou wéi gepacste Koppele sollen an Zukunft och bestuete Leit de Choix kréien, ob si léiwer wëllen zesummen an der Steierklass 2 oder léiwer wëllen individuell besteiert ginn. Si kënnen also selwer wielen, wéi ee Regimm si wëllen applizéieren a ginn net méi automatesch zesumme besteiert.

Och wann d'Steierlaascht in fine déiselwecht ass, passt dat awer zu engem moderne Steiersystem, an deem jiddweree seng eege Rechter opbaue kann. Et bréngt zudeem zousätzlech Flexibilitéit a passt zu enger zäitgeméisser Familljepolitik, an där dat traditionellt Familljebild net méi déi eenzeg Form vum Zesummeliewen ass.

Och wëllt d'Regierung de Leit hëllefen, sech fir den Alter zousätzlech ofzesécheren an esou fréi wéi méiglech eppes op d'Säit ze leeën. Duerfir gëtt den Abattement fir d'Altersvirsuerg fir jiddwereen op 3.200 Euro erhéicht an dëst onofhängeg vum Alter. Och de Remboursement gëtt an deem Kontext méi flexibel. Méi flexibel gëtt och den Abattement vun de klenge Kreditter, also de Crédits à la consommation, deen an Zukunft mam Abattement fir d'Responsabilité civile an d'Assurance vie zesummegeschloe gëtt. Den neie Plaffong vu 672 Euro kann een also méi flexibel, no sengen eegene Besoinen ausnotzen.

Här President, ech kommen zu enger anerer Prioritéit vun dëser Regierung, an zwar d'Offer vu bezuelbarem Wunne méi grouss ze maachen. Nieft der Dynamiséierung um Niveau vun der Offer, gi mat dëser Steierreform zousätzlech Mesuren geholl, déi de Leit ënnert d'Äerm gräifen, fir sech en eegent Doheem ze leeschten. Engersäits gëtt d'Valeur locative ofgeschaaft, ma virun allem ginn d'Ofschreifméiglechkeete fir ee Bauspuervertrag fir Jonker bis 40 Joer op 1.344 Euro verduebelt. Dëst hëlleft besonnesch deene jonke Stéit, déi an der Rushhour vum Liewen ukomm sinn, wou villes beieneekënnt. Och ginn d'Seuile fir den Abattement op de Scholdzënse fir déi eege Wunneng eropgesat.

An deem Kontext kann ee vläicht och nach eng Kéier un d'Subvention loyer erënneren, déi säit ufanks des Joers a Kraaft ass an deene Leit ënnert d'Äerm gräift, déi Schwieregkeeten hunn, hire Loyer ze bezuelen. Fir d'Offer um soziale Wunnengsmaart weider ze dynamiséieren, ginn iwwregens och d'Revenue vun de Wunnengen, déi Organisme wéi d'Agence immobilière sociale zur Verfügung gestallt ginn, nëmmen zu 50% besteiert. Dat wäert viraussiichtlech d'Offer u Sozialwunnenge fir eng Locatioun erhéijen.

Eng weider wichteg Mesure op der Säit vun der Offer ass, dass d'Plus-value op Ventë vun Immobilie vu Privatstéit, déi tëschent dem 1. Juli 2016 an dem 31. Dezember 2017 gemaach ginn, just zum Véierelstaux besteiert ginn. Dës Mesure war schonn aus verständleche Grënn op den 1. Juli dëst Joer virgezu ginn.

Alles dëst si konkret Mesuren, déi d'Offer wäerten erhéijen, an dat ouni de Spekulanten an d'Kaarten ze spillen.

Här President, eng weider Prioritéit vun der Regierung ass den nohaltegen Transport. Nieft der Verbesserung vum ëffentlechen Transport an héijen Investissementer an deem Beräich, gëtt och hei erëm duerch geziilt a selektiv Abattementen de Kaf vu sougenannten „propperen" Autoe gefërdert. Et ass een Abattement vu 5.000 Euro virgesi fir de Kaf vun Elektro- a Waasserstoffautoen an een Abattement vun 300 Euro fir de Kaf vu Vëloen oder Pédélecen.

Gläichermoosse soll och de Fuerpark vun de Leasingsautoe méi propper ginn. Och hei gëllt: Wat méi propper, wat besser. Autoen, déi manner CO_2 ausstoussen, ginn deemno manner besteiert wéi Autoen, déi schwaarz dämpen.

Ier ech bei den zweete Volet iwwert d'Entreprisë kommen, wéilt ech awer och betounen, dass dës Steierreform och am Zeeche vun der Gläichstellung tëschent der Besteierung vu Résidenten an de Frontaliere steet.

D'nächst Joer kréien d'Frontalieren duerfir Zäit, fir hir Donnéeën ze iwwermëttelen, déi d'Steierverwaltung dann traitéiert, fir en effektiven Taux ze definéieren. Dësen Taux gräift dann ab 2018. Dëst ass wéi gesot am Sënn vun Transparenz a Gerechtegkeet tëschent Résidenten a Frontalieren.

Här President, ech géif da bei den zweete Volet kommen, dee ganz am Zeeche vun enger besserer Kompetitivitéit vun eisen Entreprisë steet. Si sinn de Motor vun eiser Croissance, schafen Aarbechtsplazen an droen eng grouss Verantwortung an eiser Gesellschaft. Bei de Mesuren, déi d'Betriber betreffen, steet natierlech d'Baisse vun der Kierperschaftssteier am Vierdergrond, déi 2017 op 19% an 2018 op 18% erofgeet. Dëst ass en noutwendege Schrëtt, fir weider an engem haart ëmkämpften internationalen Ëmfeld kompetitiv an attraktiv ze bleiwen. Grad bei der Kierperschaftssteier gëllt et méi wéi jee, déi international Konkurrenz am A ze behalen an den Entwécklungen op OECD-Niveau Rechnung ze droen; Stéchwuert: BEPS.

Dëst muss allerdéngs geschéien, ouni Dumping ze bedreiwen. Ech mengen, de Finanzminister huet et op de Punkt bruecht, wéi hien eemol an deem Kontext sot, „esou vill Entlaaschtung wéi néideg, awer net méi wéi méiglech". Fir zousätzlech Start-uppen op Lëtzebuerg ze lackelen an den Entrepreneursgeescht ze förderen, ginn déi kleng Betriber bis zu engem Revenu imposable vu 25.000 Euro nëmmen zu 15% besteiert. Och hei gesäit een eng selektiv Approche.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Investitioune vun haut sinn d'Aarbechtsplaze vu muer. D'Betriber ginn duerfir zousätzlech encouragéiert, fir an d'Zukunft ze investéieren an domat innovativ ze bleiwen. D'Tauxe vun der Bonification d'impôt ginn duerfir ëm 1 Prozentpunkt eropgesat, also vun 12% op 13% fir Investissement complémentaire a vu 7% op 8% fir Investissement global.

Och eis Bauerebetriber solle weider innovativ bleiwen an zu neien Investissementer encouragéiert ginn. Bei hinne gëtt dowéinst den Abattement méi attraktiv, andeems d'Tranche, déi een zu 30% kann ofsetzen, vun 150.000 Euro op 250.000 Euro erhéicht gëtt.

E wichtege Pilier vun eiser Wirtschaft sinn déi Kleng- a Mëttelbetriber, déi net nëmme vill Leit bei sech beschäftegen, mä och gréisstendeels ganz enk mat deem lokale Liewen an eisem Land verbonne sinn. Fir d'Weiderliewe vun dëse Betriber ze sécheren, gesäit d'Regierung eng konkret Mesure vir. Dëst ass ëmsou méi noutwendeg, wann ee weess, dass an deenen nächsten zéng Joer eleng 1.500 Handwierksbetriber een Nofolger sichen. Et gëtt duerfir virgeschloen, dass an deem Moment, wou e Betrib un déi nächst Generatioun iwwergeet, keng Besteierung vun der Plus-value op den Immobilie méi direkt ufält. Dëst mécht d'Transmission d'entreprise wesentlech méi einfach an dréit dozou bäi, dass vill mëttelstännesch Betriber vun haut op muer hir Dieren net mussen zoumaachen.

An Zukunft ginn och déi reportabel Pertë vun de Betriber, déi no 2017 entstinn, op 17 Joer limitéiert an d'Betriber kréien d'Méiglechkeet, hir Amortissementer ze differéieren. Bei de sougenannte SOPARFIe geet den Impôt minimum sur la fortune vun 3.210 Euro op 4.815 Euro erop.

Här President, ech géif dann zum leschte groussen Deel vu menger Ried kommen, an zwar de Mesurë géint de Steierbedruch. Gerechtegkeet am Steiersystem heescht net nëmme Steiere gerecht opdeelen, ma och derfir suergen, dass se iwwerhaapt bezuelt ginn! Am Kader vun der Steierreform gëtt duerfir och eisen Droit pénal moderniséiert, fir dem Bedruch entgéintzewierken. Et gëtt an deem Kontext ënner anerem eng Fraude fiscale aggravée agefouert, déi besonnesch schwéier Fäll vu Bedruch soll bestrofen. Zudeem gëtt och de Recommandatioune vum GAFI Rechnung gedroen an d'Infraktioun vun der Fraude fiscale aggravée an der Escroquerie fiscale an Zukunft als sougenannten Infractions primaires vum Blanchiment considéréiert. Dëst ass iwwregens och konform zur véierter Direktiv Antiblanchiment.

Och ginn d'Amenden, déi d'Steierverwaltung kann ausschwätzen, no uewen ugepasst, an den Échange tëschent de Verwaltunge gëtt gefërdert. Kuerz gesot: Et dierf sech net lounen, Schmu ze dreiwen! An deem Kontext ass et och ze verstoen, dass och d'Fräiberuffler mussen an Zukunft detailléiert Konten opstellen. Dëst wäert fir weider Transparenz tëschent deene verschiddenen Akteure suergen.

D'Regierung ass awer och op de Wee gaangen, fir d'Dirigeanten, d'Ayants droit, d'Curateuren an d'Liquidateuren zousätzlech ze responsabiliséieren. Am Projet de loi war duerfir uganks eng Responsabilité personnelle et solidaire virgesinn am Fall, wou d'TVA net korrekt bezuelt gi wier. Nieft e sëllechen Avise vun de Chambres professionnelles huet sech och de Statsrot dergéint ausgeschwat an déi betreffend Dispositioune mat der eenzeger Opposition formelle versinn. D'Motivatioun vum Statsrot war haaptsächlech, dass dës Artikelen eng Responsabilité sans faute agefouert hätten, eppes, wat an eisem Droit positif net üüblech ass.

D'Finanzkommissioun huet dorobberhin déi betreffend Passagen aus dem Gesetzesprojet amendéiert an domat dëser Opposition formelle Rechnung gedroen. D'Responsabilité personnelle et solidaire ass zwar bäibehale ginn, allerdéngs ënnert der Konditioun vun enger Inexécution fautive vu legalen Obligatiounen. Zudeem mussen déi betraffe Leit och nach an der Gestion journalière vun deem Betrib involvéiert sinn. A sengem zousätzlechen Avis huet de Statsrot d'Amendementer guttgeheescht a seng Opposition formelle opgehuewen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech fir de Rescht vun de Mesuren a fir weider Detailer op mäi schréftleche Rapport verweisen, wéilt ech awer nach hei e puer Mercie lassginn. Ech wéilt virop de Kolleegen aus der Finanzkommissioun Merci soe fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht wärend de Reuniounen. E Merci geet och un déi kompetent Leit vun der Steierverwaltung, déi eis déi oft ganz technesch Mesurë verständlech erkläert hunn. De Chambres professionnelles muss een och fir hir ausféierlech Avise félicitéieren. An e ganz grousse Merci geet awer och un d'Madamm Caroline Guezennec, d'Sekretärin vun der Finanzkommissioun, an un d'Françoise Schlink an den Gene Kasel aus der DP-Fraktioun fir hir Hëllef och bei der Redaktioun vum Rapport zu dësem Projet de loi.

Här President, ech wëll ofschléissend nach emol dorobber hiweisen, dass dës Steierreform eng Reform fir déi vill privat Stéit ass a gläichzäiteg der Kompetitivitéit vun eise Betriber zeguttkënnt. Et ass eng Reform, déi d'Kafkraaft stäerkt, déi kleng a mëttel Revenuen entlaascht an duerch sozial selektiv Kritären déi Leit ënnerstëtzt, déi et am meeschte brauchen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Rapportrice. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth fir d'CSV. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Här President, Här Statsminister, Dir Dammen an Dir Hären, eng Steierreform ass ëmmer ee schwierege politeschen Exercice. Et verlaangt vill Nodenken, vill Recherchen, vill Kompromësser an och vill Erklären. Ass dat dann esou wäit, jo, da muss een dat Ganzt och nach zu Pabeier bréngen. Merci duerfir am Ufank all deenen, déi bei der Ausaarbechtung vun dësem Gesetz Hand mat ugepaakt hunn, an dozou zielt virun allem och d'Politik.

Dozou zielt Dir, Här Finanzminister, an ech soen dat ganz éierlech, well trotz aller Kritik hutt Dir vill Engagement, vill Zäit, vill Fläiss an och vill Nerven op dëser Reform verbruecht.

Une voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Dozou zielen awer och vill Beamten a vill Fachwëssen. A stellvertriedend fir si all an niewent Iech, Här Finanzminister, wëll ech dem fréiere Steierdirekter, dem Guy Heintz, an eiser zukünfteger Steierdirectrice, dem Pascale Toussing, e spezielle Merci soen. Et sinn an et waren dichteg Beamten. Här Minister, Dir waart gutt encadréiert.

Merci och eiser Rapportrice, dem Joëlle Elvinger. Si huet nawell e sportlecht Joer hannert sech:...

(Hilarité)

…Buergermeeschter, Puppelchen an elo och nach Rapportrice vun der Steierreform. An ech muss soen, alles dat huet déi dynamesch Deputéierte mat an heiansdo ouni schick Posch - „circonstances obligent" - gutt gemeeschtert.

(Hilarité)

Duerfir eis Félicitatiounen, Madamm Elvinger!

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Här President, et ass ee gewëssenen Novum, dass d'CSV aus der Oppositioun eraus eng Steierreform muss bewäerten. Mir hate soss de Privileeg, dëst dem Land an eise Matbierger matzedeelen an ze vermëttelen, mat all där Hëllefstellung, déi een nawell op Regierungssäit huet. An ech kann Iech soen, d'Oppositiounsbänk ass an dësem Fall vill méi haart!

Mir sinn eng Volleksspartei. D'Leit erwaarden duerfir zu Recht vun der CSV, dass mer eng kritesch Oppositioun maachen, wann et verlaangt gëtt, mä och konstruktiv Alternative virleeën.

Här President, mir kucken duerfir haut de Moien dës Steierreform duerch de Brëll vun deem, wat vu verschiddener Säit ugekënnegt war. Ënnert d'Lupp huele mir déi finanziell Envergure an den Impakt vu verschiddene Moossnamen. Eise Bléck riicht sech do nom richtege Verdeelen am Interessi vun dem Land no der sozialer Gerechtegkeet.

Här President, ass dëst eng grouss Steierreform fir d'CSV? Éischter net. Et gëtt sécher eng Rei vu punktuellen Upassungen. Vill dovunner kéinten, dat soen ech éierlech, och d'Handschréft vun der CSV droen! Dës Steierreform ass awer fir eis keng déif gräifend Reform. Si

bleift hannert den Ambitiounen an dem Enthusiasmus vun der Regierungserklärung zréck. Dës Reform steet sécher am Schiet vun de grousse Reforme vun 1967, vun 1990, vun 2000 an 2001 mat sozialer Handschrëft vun den deemolege Stats- a Finanzministere Pierre Werner, Jacques Santer a Jean-Claude Juncker.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Déi grouss Ufanksléift vun dëser Dräierkoalitioun - d'Usprécher an d'Versprieche virun allem vun DP, LSAP an déi gréng - schéngt dach mat zouneemender Lafzäit vun der Realitéit ageholl ze ginn. Ass dëst déi sozial gerechtste Steierreform, déi et jee gouf, wéi de Finanzminister et de 25. November dem „Tageblatt" op Säit 1 matgedeelt huet? Jo, Dir Hären a Madamm vun der Regierung, dat hänkt dovun of, wat een ënner sozial versteet!

Selektiv gi sécher Leit mat engem niddregen Akommes verstäerkt ënnerstëtzt. Dat ass och richteg. Dëst muss och esou sinn. An d'CSV dréit dat ausdrécklech mat. Mä de Reformprojet fiert och mat der breeder Strenz iwwert déi, déi schonns vill hunn. Si kréien an Zukunft nach méi, an den Ae vun der CSV heiansdo ze vill méi. Op deem Punkt versteet d'CSV a puncto sozialer Selektivitéit sécher eppes aneres. Ech hat gemengt, d'LSAP vu gëschter och.

Ass dëst eng ekologesch Reform, wéi déi gréng et wärend 15 Joer ëmmer nees gefuerdert, awer ni konkret skizzéiert haten? Na ja, „wer es glaubt, wird selig". Séileg däerften eis gréng Kolleegen awer sécher net eleng doduerch ginn, dass an Zukunft de Bankdirekter fir säin Elektroauto, jo souguer seng Madamm fir hiren Elektrovëlo, grousszügeg vum Stat ënnerstëtzt ginn. De Mindestlounbezéier kritt fir säin Ëmweltbewosstsäin dergéint awer näischt. Hien, grad ewéi 40% vun eise Matbierger, déi keng Akommessteier bezuelen, musse weiderhi fueren an drécke mat eegener Kraaft a Suen.

Ass dës Steierreform budgetär neutral, käschtenneutral, wéi eise Premier et ëmmer nees behaapt huet? Neen! „Zahlen lügen nicht", sot säi Finanzminister dem „Tageblatt". Jo, d'Zuele léie wierklech net! Zumindest op dem Punkt vun der budgetärer Neutralitéit, also der Käschenneutralitéit schénge sech Finanzminister an Zentralbank eens ze sinn. Dës Steierreform ass net budgetär neutral, wéi uganks ugekënnegt. Am Contraire, si kascht fir déi eng méi, fir déi aner manner. Mä dat war vun Ufank u gewosst! D'Steieren erliichtere kascht ëmmer Geld an «on ne peut avoir le beurre et l'argent du beurre».

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Dir wësst dat!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Gëtt eise Steiersystem mat dëser Reform vereinfacht? Mat Sécherheet net! Eng Steierlegislatioun versteet mëttlerweil nach just ee Grapp voll Insider. Dat, wat mir haut stëmmen, ass och fir vill vun eis heibanne Chineesesch. Dëst sécher net, well d'Deputéierten net op der Héicht vun hirer Aarbecht sinn; loosse mer et kloer soen! Mä et ass tout simplement ze vill komplex, ze vill komplizéiert.

Zumindest eis Steierprozedur, also dat Regelwierk, wat d'Rechter an d'Flichte vum Bierger géintiwwer vun der Verwaltung festleet, muss an enger méi verständlecher Sprooch, zumindest an enger Sprooch, an net deen een Deel op Franséisch an deen aneren Deel op Däitsch, geschriwwe ginn. An ech soen Iech éierlech, d'CSV ënnerstëtzt unisono all Moossname vun der Regierung an Zukunft, fir an déi Richtung vu méi einfacher Steierlegislatioun ze goen.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee sech als Oppositioun kritesch zu engem Gesetz äussert, da soll een och, esou wäit dat méiglech ass, konkret Virschléi maachen, wéi een et da géif anescht maachen. Dëst ass a Steierfroe sécherlech ëmsou méi schwiereg, well een net déi Méiglechkeeten a virun allem net d'Informatiounen huet, déi d'Steierverwaltung huet, an dat ass och richteg esou, well et gëtt nun eemol e Steiergeheimnis. Mä am Sënn vu konstruktiver Oppositioun, Dir Dammen an Dir Hären, versicht d'CSV dat haut trotzdeem.

Éischtens, de Steiertariff. Wivill Steieren ee méi oder manner muss bezuelen, jo, dat interesséiert bei dëser Reform déi allermeescht. Gutt ass, dës Reform ass vum Finanzminister, ech soen et ganz éierlech, am Februar dëst Joer virgestallt ginn, souguer ier de Gesetzesprojet offiziell deponéiert gouf. Dem Finanzminister seng Kommunikatioun war hei exzellent. De Bierger ka praktesch iwwert den Internetsite vun der Regierung seng eege Situatioun opruffen. Dat war an der Vergaangenheet net de Fall. Gutt gemaach, Här Finanzminister!

D'Neigestaltung vun dem Steiertariff kënnt der Virstellung vun der CSV och entgéint. Dat soen ech kloer an däitlech, och op dëser Plaz. Den Tariff weicht och net fundamental of vun där Steiertabell, wéi mer se elo eigentlech schonn zënter 2002 mat progressivem Steiersaz kennen. An dat ass gutt esou, well all d'Adaptatiounen an der Vergaangenheet goufen zanterhier, ënner verschiddene Regierungsmajoritéiten d'ailleurs, ëmmer large hei am Haus gedroen. A wat gutt ass, dat soll een net einfach esou mat engem Fiederstréch ofschafen.

De Mëttelstandsbockel gëtt iwwert den Tariff ofgeflaacht. Leit mat méi niddregem Akommes gi méi entlaascht wéinst der Verduebelung vun de Steierkreditter. Dës Ausriichtung, fir de Mëttelstandsbockel ofzeflaachen, hat d'CSV och an hirem Wahlprogramm. Mir stinn dozou an dës Moossname fannen ouni Ofstrécher eis Ënnerstëtzung.

D'CSV, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech awer och kloer an däitlech, schléit doriwwer eraus vir, de steierbefreiten Agangsmontant, dat heescht also dee Montant, bei deem een iwwerhaapt ufänkt an engem Joer Steieren ze bezuelen, vun 11.265 Euro, wéi bis elo, op 12.000 Euro pro Joer eropzesetzen. Domat bezilt een eigentlech méi spéit eréischt Steieren. Dëst bedeit ee Plus, besonnesch fir Leit mat klengem Akommes. Mä vun dëser Moossnam, dat wëssen d'Leit, profitéiert duerch de Steiertariff eigentlech jiddwereen, dee Steiere bezilt. An duerfir ass dat keng bëlleg Moossnam. Dat soll een och soen.

Mä och de Spëtzeverdénger, dee verdéngt hei mat. Dee brauch awer an eisen Aen deen Avantage net. An duerfir wëllt d'CSV, och dat soe mer kloer an däitlech, dass de Spëtzesteiersaz vun 41% an 42% éischter wéi am Regierungsmodell sollt zum Droe kommen. Mir fannen et net ubruecht, fir Leit mat engem Akommes vu 500.000 Euro Joresverdéngscht - Joresverdéngscht: Dat si méi wéi 40.000 Euro Pai de Mount an engem Stot! -, dass déi nach mat 1.500 Euro eleng iwwert den Tariff, ouni aner Moossnamen, déi se kënnen ofsetzen, entlaascht ginn.

Duerfir schléit d'CSV, an dat soen ech och kloer an däitlech am Numm vun eiser Partei, vir, dass d'Spëtzesteiersätz vun 41% respektiv 42% bei 125.000 Euro an der Steierklass 1 - dat si vereinfacht gesot 250.000 Euro an der Steierklass 2, dat heescht fir déi Leit, déi an engem Stot zesumme veranlaagt ginn - respektiv 150.000 Euro - dat sinn ëmgerechent 300.000 Euro, also dat Duebelt an engem Stot - an der Steierklass 2 solle festgeluecht ginn. Ee Stot mat engem Monatsakommes vu 25.000 Euro muss an eisen Aen net méi breet bei dëser Steierreform entlaascht ginn.

Fir d'CSV bedeiten dës Tariffännerungen, déi mir virschloen, ee Plus u sozialer Gerechtegkeet. Vun dëser Ëmverdeelung profitéiere virun allem Leit mat Niddregakommes. Dozou ziele selbstverständlech och d'Leit, bedéngt duerch de Verrechnungsmodus, aus der Steierklass 1A, wou d'Madamm Elvinger mat Recht gesot huet, dass mer 46% mëttlerweil hunn - dat ass eigentlech en Hohn! -, déi ënnert der Aarmutsgrenz hei am Land liewen.

D'Propos vun der CSV, fir de sougenannten „minimum exonéré", also de steierbefreiten Agangsbetrag, an d'Luucht ze setzen, entsprécht och enger traditioneller Positioun an Approche vun der CSV. Si huet iwwregens an der Vergaangenheet bei all Steierreform hiren Néierschlag fonnt. De Käschtepunkt vun dëser Propos mat Erhéijung vum Minimum a gläichzäitegem méi fréien Asetze vun de Spëtzesteiersätz schätze mir - schätze mir, mir hu keng genau Donnéeën, dat musst Der mer verzeien - op ronn 20 Milliounen Euro. Ënne kascht et méi, mä et hëlt een uewen iwwert de Spëtzesteiersaz eppes eran.

Ech erlabe mir och herno, Här President, dës Virschléi spéider als Amendementer ze deposéieren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Roth, erlaabt Der eng kleng Zwëschebemierkung?

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, jo.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ech ënnerbrieche guer net gär. Ech mengen, et ass fir d'Éischt, wou ech et maachen. Et ass just eng Verständnisfro, ob Är Propositioun sech addéiert zu deem, wat vun der Regierung déposéiert ass,...

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- ...dat heescht, d'Verduebelung vum Steierkreditt an esou, dat fannt Der gutt,...

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- ...an dodrop setzt Der Äre Virschlag?

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Hunn ech dat richteg verstanen?

M. Gilles Roth *(CSV).*- Et ass genau dat. Et ass net, dass mir géifen d'Verduebelung vun de Steierkreditter a Fro stellen. Déi huele mer dran. Déi gi jo bis 80.000 Euro an doriwwer spille se net méi.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Voilà!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Sozial Gerechtegkeet.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Et ass gutt.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Mä mir huelen zousätzlech zu deem ënne gäre vun 11.265 op 12.000 Euro an d'Luucht,...

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- D'accord!

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...an uewen de Spëtzesteiersaz eben éischter gräife loossen,...

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci.

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...oder déi zwee Spëtzesteiersätz éischter gräife loossen, wéi bei Iech, Här Minister.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci.

M. Gilles Roth *(CSV).*- An ech erlabe mer och, Här President, fir herno zum Schluss vu menger Ried déi zwou Proposen, well et ass eng Ëmännerung vum Artikel 118 an deenen, déi hannendru kommen, als Amendementer ze déposéieren.

Zweetens: Sozial ongerecht an eng selektiv Politik am Interessi vun enger Rei, muss ech soen, scho bal skrupellose Spëtzeverdénger fënnt d'CSV och den Unfug, dee bedriwwe gëtt mëttlerweil mat der Steiercirculaire iwwert déi sougenannten „stock-options". Geschate Steierausfall vun Experte fir d'Allgemengheet: bis zu 300 Milliounen Euro d'Joer!

Richteg ass, an dat soen ech gläich zum Ufank, déi Circulaire ass 2002 ënner engem CSV-Finanzminister, et war deemools de Jean-Claude Juncker, agefouert ginn. An ech soen et och kloer an däitlech, si ass 2012 ënner engem CSV-Finanzminister am Kader vun engem grousse Spuerpak, dem Luc Frieden, méi enk gefaasst ginn. Ech mengen, de geschate Plus vu Recettë war deemools 50 Milliounen Euro, well ech war selwer Rapporteur vun dem Gesetzesprojet, quitte dass dat hei iwwer Circulaire geregelt ass. An de Finanzminister Gramegna huet och d'Instruktioun ginn, wann een dat däerf esou soen, fir dee Regimm méi enk ze faassen a virun allem eng Rei vu méi Donnéeën ze kréien.

Mä richteg ass och, an dat solle mer och soen, dass trotz deenen Upassunge virun allem an der Lescht - an ech mengen an deene leschten Deeg virun allem, dat muss een och esou soen, wou se denken, dass déi Saach géif awer vläicht lues zu Enn goen - vun dësem Regimm regelrecht abuséiert gëtt! Déi urspréinglech Finalitéit, well déi war positiv, vun deem Regimm, déi ass einfach denaturéiert ginn. Duerfir verlaangt d'CSV, an ech soen et och kloer, dass dës Steiercirculaire elo ofgeschaaft gëtt. Mir hunn awer kee Problem domat, dass een eng Iwwergangsphas per Gesetz regelt, an dat mat maximum zwee Joer mat neie Konditiounen.

Ech wäert Iech, Här President, herno eng deementspriechend Motioun am Numm vun der CSV ënnerbreden.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Ëm wat geet et hei? Mir sollen de Leit dat och emol eng Kéier kloer soen!

Mä iwwert den „Stock-options"-Regimm bezuele sech Honnerten, wann net mëttlerweil Dausende Kaderen, Dirigeanten, Cheffe vun Entreprisen, jo zum Deel sougenannten oder selbsternannte Fräiberuffler aller Natur eng Partie vun hirem Joresgehalt net als Pai, mä als Versprriechen op Aktien. Dës ginn dann - vereinfacht gesot, well de System ass e bësse méi komplizéiert, mä loosse mer et vereinfacht soen, well da komme se nach besser ewech - mat 17,5% besteiert. An der Regel ass et souguer nach drënner.

Dat heescht konkret, dass deejéinegen, dee seng Joresprimm vun 100.000 Euro elo viru Chrëschtdag iwwer „Stock-options"-Regimm sech ausbezilt, dee behält do ronn 83.000 Euro netto, heiansdo, deemno wéi en et mécht, souguer nach méi. Deejéinege Salarié, Beamten, Fonctionnaire, dee 4.000 Euro als 13. Mount brutto kritt an nom normale Barème besteiert gëtt, jo, dee behält dovunner nach ronn 2.000 Euro netto.

Ass dat sozial selektiv? Mir fannen net!

Fir d'CSV ass dee Regimm, esou wéi en elo abuséiert gëtt, net fair, en ass och net gerecht. Hie gehéiert duerfir opgrond vun deenen Abusen, soen ech nach eng Kéier ganz kloer, aus eiser Siicht ofgeschaaft.

An d'Circulaire, déi steet och fir d'CSV an engem krasse Widdersproch - mir hätten dat och kënne virdru soen, mä et sollt een et elo soen -, an engem krasse Widdersproch zu dem Artikel 101 vun eiser Verfassung, well dee seet ganz kloer: «Il ne peut être établi de privilège en matière d'impôts. Nulle exemption ou modération d'impôt ne peut être établie que par une loi.»

Drëttens: D'CSV fënnt d'Divergenzen iwwert de Käschtepunkt vun dëser Steierreform dach, muss ech soen, ee staarkt Stéck! 373 Milliounen Euro laut Finanzminister fir d'Joer 2017, 829 Milliounen Euro laut Lëtzebuerger Zentralbank. Du simple au méi wéi dat Duebelt!

Et ass net nëmmen de Berechnungsmodus, mat allem Respekt, Här Finanzminister, dee verschidden ass, mä et sinn och zwee verschidde Resultater. An Transparenz gesäit an eisen Aen anescht aus! An dat bei enger Regierung virun allem, déi ugetrueden ass, alles aneschters an alles besser ze maachen, jo, de Mief, also dee faule Geroch vun der CSV, dee misst eraus, hunn Eenzelner gemengt. „Mir soen de Leit, wat op si zoukënnt", esou de Statsminister an der Regierungserklärung am Dezember 2013.

Richteg mag sinn, dass et verschidde Berechnungsmethode ginn, fir Steierausfäll anzeschätzen. Blouss fir d'Leit dobaussen, déi eis nokucken, déi eis nolauschteren, fir déi ass dat net nozevollzéien! An eng seriö parlamentaresch Aarbecht verlaangt am Virfeld Klärung!

Firwat konnten dann esou Interpretatiounsdivergenzen, fir dat dann emol fein auszedrécken, net am Virfeld gekläert ginn? De Wee tëschent der Kongregatiounsgaass, dem Sëtz vun dem Finanzministère, an dem Boulevard Royal, dem fréiere Sëtz vun der BIL an haut deem vun der Zentralbank, deen ass jo wierklech awer net esou wäit. Oder gouf et etwa perséinlech Beréierungsängscht?

Firwat huet de Finanzminister seng Zuelen net iwwerpréiwe gelooss, ier en de Gesetzesprojet déposéiert huet? Firwat gouf net op d'Expertise vun der onofhängeger Zentralbank am Virfeld zréckgegraff? Firwat ass dat net geschitt, obschonns d'Zentralbank schonns zum Ufank drop higewisen huet, zum Ufank vum Joer, wéi Der Äre Projet virgestallt hutt, dass de Käschtepunkt vun dëser Steierreform bei 1,5% Bruttoinlandsprodukt géif leien? Dat konnt Der noliesen am Cahier Nummer 1, 2016 vun der Zentralbank. Well 1,5% Bruttoinlandsprodukt kënnt sensiblement op déi 800 Milliounen oder 829 Milliounen Euro, wéi d'Zentralbank dat elo schätzt.

Firwat huet virun allem net de Statsrot als Gralshüter vun deem Ganzen d'Zuele vun deem Käschtepunkt hannerfrot? Firwat bréngen zwou ënnerschiddlech Berechnungsmethoden esou grouss Ënnerscheeder?

Firwat, Dir Dammen an Dir Hären, trieden dës Ënnerscheeder elo op an net bei fréiere Steieradaptatiounen? D'Zentralbank gëtt et jo net eréischt zënter gëschter, mä zënter 1998. Firwat huet de Finanzminister keng Detailer nogeliwwert iwwert de Käschtepunkt? Well dès le début an nachweislech gouf dee vun Deputéierte a Fro gestallt!

Firwat huet de Finanzminister net op eng Question parlementaire Roth/Adehm geäntwert, wat d'Méieinname vum Stat um Niveau vun der Akommessteier wieren, déi eng Indextranche géif bréngen? Firwat huet de Steierdirekter, de Guy Heintz, an der Finanz- a Budgetskontrollkommissioun misse soen, dat wier eng politesch Fro - recht hat en als Beamten -, op déi hien net kéint äntwerten, obschonns d'Steierverwaltung all Donnéeën huet, fir eng prezis Äntwert kënnen ze ginn? War dat politesch eventuell net erwënscht?

Abee, Här Finanzminister, ech froen Iech dann haut alt nach eng Kéier: Sot der Chamber, sot dem Land, wat eng Indextranche, déi jo dann nom Statec oder no dem Wirtschaftsminister am éischten Trimester 2017 sollt erfalen, dem Land u Plus vun Akommessteier bréngt!

Sot dem Land, Här Finanzminister, wat den Accord salarial an der Fonction publique dem Land sollt u Plus vu Lounsteier bréngen! Ass dat d'Halschent vun deem, wat et kascht huet, wéi d'CGFP seet? Et ass jo net den éischten Accord salarial, deen ofgeschloss gëtt! Et ass och net déi éischt Indextranche, déi erfält!

Et ass keng politesch Fro, Dir Dammen an Dir Hären! D'Land huet e Recht, dës Zuele gewuer ze ginn!

(Interruption)

Dem Finanzminister seng Zuelen, déi limitéiere sech op eng Säit an dem Gesetzesprojet, d'Säit 197, de Projet de loi 7020A corrigendum. Den Detail vun den eenzelne Moossname feelt nach haut.

D'Zentralbank mécht awer dergéint eng detailléiert Analys vun dem Käschtepunkt op iwwer 150 Säiten! Dir wëscht dat ewech mat dem Hiweis, et wieren zwou verschidde Berechnungsmethoden, déi eng „optique droits constatés", déi aner „droits en caisse". Einfach esou?

Neen, ech soen Iech et nach eng Kéier: Och d'Resultat an net nëmmen d'Berechnungsmethode sinn anerer.

De Finanzminister behaapt elo, seng „optique caisse" wier bei vergaangene Regierungen och esou applizéiert ginn. Abee, da kucke mer emol an d'Vergaangenheet! „Zahlen lügen nicht", sot Dir, Här Finanzminister, dem „Tageblatt". Wéisou gouf dann eleng bei der Tariffadaptatioun vun 9% aus dem Joer 2009 bei de Personnes physiques de Steierausfall op sage und schreibe 342 Milliounen Euro geschat? Nozeliesen iwwregens an der Fiche financière vum Projet de loi 5924, en ëffentlecht Dokument.

Dir schätzt Är ganz Steierreform mat alle Moossnamen, fir Leit a Betriber, op e Käschtepunkt vun 373 Milliounen Euro, also knapps 30 Millioune méi.

Dir chiffréiert Är Tariffadaptatioun - Är Tariffadaptatioun - op nëmmen e Verlosch vun 275 Milliounen Euro. D'Zomm vun der Lounsteier, déi louch 2009 - elo haalt Iech gutt un! - bei 2,1 Milliarden. Si läit 2017 bei geschaten 3,4 Milliarden, also eleng d'Lounsteier 60% méi héich!

Et gi méi Steierzueler 2017, d'Lounmass ass méi grouss, 99,5% vun den iwwer 480.000 Steierzueler ginn entlaascht, souguer e Stot mat 545.000 Euro versteierbarem Joresakommes. An Dir wëllt de Leit elo kloermaachen, dass Är Tariffadaptatioun mat allen anere Moossnamen, inklusiv 10% verhältnisméisseg manner Betribssteier fir 2017, nëmme géifen 30 Milliounen Euro méi kaschten, wéi eleng d'Tariffadaptatioun vu virun aacht Joer! Ech mengen, Här Finanzminister, mat allem Respekt, mä do hutt Der Äre kopernikaneschen Zauberstaf erausgeholl.

(Hilarité)

D'Zuele vun der Zentralbank, déi schéngen eis, soen ech awer éierlech, do éischter plausibel. Wann 2009 schonns d'Logik „droits en caisse" bestanen hätt, wéi erkläert de Finanzminister sech dann, dass déi deemoleg Regierung een Déchet fiscal an dem Projet de loi mat 342 Milliounen Euro uginn hat 2009, an 2009 sinn ënnert dem Stréch awer nëmmen 130 Milliounen Euro manner Lounsteier ausgefall? Si hätt sech jo deemools, d'Regierung, zu hiren Ongonschten an hirer Berechnung ëm sage und schreibe 200 Milliounen Euro verrechent.

An ech soen Iech och, wat d'Differenz ass. 342 Milliounen Euro war den „déchet fiscal droits constatés", vun der Regierung a vun der Zentralbank esou ageschat, an 130 Milliounen Euro ware ganz einfach den „déchet fiscal en caisse". An dës Divergenz gëtt et net nëmmen um Plang vun der Lounsteier.

Sans appel ass eiser Meenung no folgend Feststellung vun der Zentralbank um Niveau vun der Betribssteier. Si schreift: «Si le Gouvernement avait basé ses estimations du coût budgétaire sur les projections de l'impôt sur les sociétés telles que prévues dans le budget 2016 en y appliquant la baisse relative du taux de l'IRC,» - also d'Kierperschaftssteier - «la perte fiscale aurait été de 174 millions € en 2017, 271 millions € en 2018 et 281 millions € pour 2019; un tel chiffrage du déchet fiscal» - a lauschtert gutt no! - «serait nettement supérieur aux estimations actuelles de 39 millions € en 2017, 102 millions € en 2018 et 134 millions € en 2019.» Nozeliesen op der Säit 150 am Rapport vun der Zentralbank.

An da kënnt d'Konklusioun: «La BCL s'interroge sur le caractère réaliste» - réaliste! - «des estimations du Gouvernement», seet d'Zentralbank, d'onofhängeg Zentralbank! De President war fréier 20 Joer laang Administrateur général am Finanzministère an en huet sengerzäit all politeschen Dossier vun dëser Regierung a vun dem Lëtzebuerger Stat begleet, mat Bravour iwwregens! «Cette interrogation», schreift d'Zentralbank, «est d'autant plus pertinente à la lumière de la fiche financière du projet de loi, qui ne renseigne pas de manière détaillée le coût prévu pour chacune des mesures. De telles informations auraient éventuellement permis de mieux comprendre les raisons présidant à ces divergences d'estimations.» Dont acte!

An ech ginn hei d'Impressioun net lass, Här President, dass d'Regierung hei op déi normal positiv Evolutioun vun der Lounmass eng deementspriechend méi héich Lounsteier plus Indextranche plus Accord salarial tabléiert, wou mir bis haut déi eenzel Montante jo net kennen, respektiv dass se eis se net soen, fir dann um Enn vum nächste Joer ze soen: „Ma gesitt Der emol, mir hate richteg gerechent, well de Steierausfall ass an der Keess manner grouss wéi deen, deen d'Zentralbank virgerechent hat!"

Här President, ech mengen, d'Regierung huet e seriöe Problem, näämlech de Leit den Zickzackkurs vun hirer kopernikanescher Finanzpolitik ze erklären.

Fir d'Éischt wëllt Der soen, wéi schlecht Juncker, Frieden a Co. gewirtschaft hunn. Iwwregens waren d'Sozialisten och do zéng Joer derbäi!

Plusieurs voix.- Très bien!

D'autres voix.- Ooh! Ouh?

(Brouhaha général)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Dat waren nach Zäiten!

Duerfir brummt Der de Leit elo...

(Brouhaha général)

Duerfir brummt Der de Leit, Dir Dammen an Dir Hären, elo fir d'Éischt Steiererhéijungen op. D'TVA setzt Dir an d'Luucht, y compris um Bau, entgéint deem iwwregens, wat d'DP nach virun de Wahle gesot huet! Ech liesen Iech hei den Extrait aus dem DP-Wahlprogramm vir.

M. Roy Reding *(ADR).*- Dat hu se ni gär.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Da liest och den CSV-Wahlprogramm vir!

M. Gilles Roth *(CSV).*- „Resultat..."

Mir hunn de Leit gesot, wat op se zoukënnt, Här Bodry.

Plusieurs voix.- Aah!

(Brouhaha et hilarité)

Une voix.- Liest deen emol vir!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Ech kommen elo fir d'Éischt zur DP.

Plusieurs voix.- Aah!

(Brouhaha)

M. Eugène Berger *(DP).*- Dat ass eng gutt Lektür!

Une voix.- Eent nom aneren!

Une seconde voix.- Wéi ass et mat Iech?

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här Berger, et ass eng gutt Lektür! Duerfir lauschtert gutt no!

Une voix.- Mir lauschteren!

M. Gilles Roth *(CSV).*- „Resultat dieser Herangehensweise ist zum Beispiel die Diskussion einer möglichen Mehrwertsteuererhöhung. Sie wurde ins Feld geführt mit dem Argument, die nach 2014 wegfallenden Mehrwertsteuereinnahmen aus dem elektronischen Handel kompensieren zu wollen. Allerdings, bis heute ist unklar, ob eine Mehrwertsteuererhöhung überhaupt notwendig ist...

(Hilarité)

...und welche wirtschaftlichen und sozialen Gegeneffekte sie hätte. Schlimmer noch", seet d'DP - seet d'DP! -...

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...„die Bürger werden im Glauben gelassen, dass eine Mehrwertsteuererhöhung den Steuerausfall kompensieren könnte. Wir wollen", seet d'DP, „diesen steuerpolitischen Blindflug beenden, um eine transparente und für die Bürger nachvollziehbare Steuerreform einzuleiten, um Vertrauen in den Standort Luxemburg zurückzugewinnen!"

Une voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Är Virgabe vu gëscht, Här Statsminister, ënnersträichen Äre Blindflug vun haut!

Plusieurs voix.- Très bien!!!

(Interruptions diverses)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Dir féiert, Här Statsminister, mat Ärer Regierung fir d'Éischt eng sougenannten Zukunftssteier a vun 0,5%, an dat fir eng gratis Kannerbetreiung, déi awer ni kënnt! Mat Ärem Bezuelpak zitt Der de Leit fir d'Éischt 2015 an 2016 eleng 509 Milliounen Euro méi TVA aus der Täsch, plus nach 184 Millioune méi Zukunftssteier, also insgesamt bal 700 Milliounen Euro!

De Referendum vun 2015, jo, dee geet esou richteg an d'Box, an ab deem Datum gëtt nach just verdeelt. Dat, wat Der de Leit aus der Täsch gezunn hutt, dat kréie se elo erëm stéckerchersweis zréck. Aus enger käschtenneutraler Steierreform gëtt op eemol eng Reform, déi 829 Milliounen Euro kascht!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, wat ass dann den CSV-Programm?

M. Gilles Roth *(CSV).*- 2013 war en Defizit vun enger Milliard an dem Zentralstat en Drama! En Drama! Haut klappt ee sech op d'Schëller fir déi gutt Zuelen. Mä wat interesséieren de Statsminister an de Finanzminister wuel hiert Geschwätz vu gëschter!? Haaptsaach Gambia, a Juncker sidd Der lass an d'CSV sëtzt an der Oppositioun!

Une voix.- Ooh!

Une deuxième voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- D'CSV huet eis déi Situatioun hannerlooss. Kommt, sidd e bëssen objektiv!

(Hilarité)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President, Här Statsminister,...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, eng Tréin am A hätt nach gepasst!

(Hilarité et interruptions)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President, véierte Punkt: Jorelaang hunn eis gréng Kolleegen, Madamm Loschetter,...

Plusieurs voix.- Aah!

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...sukzessiv...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Am Moment huet just den Här Roth d'Wuert, dee sech dann och erëm, wann ech gelift, un d'Chamber riicht!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President.

(Interruptions par Mmes Viviane Loschetter et Josée Lorsché)

Här President, jorelaang hunn eis gréng Kolleege sukzessiv Regierunge regelrecht gegäisselt, et misst een endlech zu enger ekologescher Steierreform kommen. Si hunn awer ni skizzéiert, wat si dorënner géife verstoen. „Der grüne Faden ist sichtbar", schreiwen déi gréng den 29. Februar 2016, also virun e puer Méint, wéi d'Steierreform presentéiert gouf.

Abee, et ass wierklech nëmmen e grénge Fuedem, dat Ekologescht an dëser Reform: „Der Berg gebar eine grüne Maus"!

(Hilarité)

D'CSV fënnt dat Element gutt, an ech soen et kloer an däitlech, Madamm Loschetter,...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Eng kleng gréng Maus.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Eng kleng gréng Maus.

(Brouhaha)

Une voix.- ..., mä si ass do!

(Brouhaha et interruption par Mme Viviane Loschetter)

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...dass an Zukunft...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- ....a kritt vill Klenger.

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...dass an Zukunft d'Steiervirdeeler fir...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift, lauschtert dem Här Roth no! Et kritt jiddwereen d'Wuert herno.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- An och d'Maischen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- ...och déi blo Kap op.

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...dass an Zukunft d'Steiervirdeeler fir Déngschtween un e Bonus-Malus-System - an dat ass wierklech gutt! - gekoppelt ginn, jee no CO_2-Ausstouss.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Mä d'CSV, Madamm Loschetter, déi wier awer méi wäit gaangen.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Mir hätten dee Steiervirdeel insgesamt op Betribsautoe limitéiert bis zu engem maximalen Akafswäert vun 80.000 Euro.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Iwwregens haten déi gréng an der Oppositioun äänlech Iddien, wéi se uganks 2013 nach kämpferesch geschriwwen hunn: „Autos", schreiwen déi gréng, „sind sehr oft auch Statussymbole. Es ist in Zeiten von knappen Staatskassen nicht mehr vertretbar, dass Investitionen in Firmenautos der Oberklasse integral von der Steuer abgesetzt werden können wohingegen gleichzeitig die Steuerlast für private Haushalte ständig zunimmt." Recht haten déi gréng deemools.

Mä wann een de Finanzminister héiert, da schéngt et dem Stat jo elo esou gutt ze goen, soudass déi Iddi vun deene Gréngen net méi huet missen haut zréckbehale ginn. Et ass dach, an dat solle mer éierlech soen, deem klenge Mann dobaussen net ze vermëttelen, dass hie säin Auto muss integral aus senger Täsch bezuelen, an d'Allgemengheet finanzéiert bei Betribsween d'Virléift vun Eenzelne fir englesch Nobelween an italienesch Sportskarosse mat!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Och dat huet eppes mat sozialer Gerechtegkeet ze dinn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat ass gréng Politik.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Sozial gerecht ass och net, dass an Zukunft en Abattement vu 5.000 Euro fir Elektroautoen agefouert gëtt, 300 Euro fir en Elektrovëlo. Heivunner profitéiert nëmmen de Spëtzeverdénger am meeschten. De Stat leet him 2.000 Euro netto fir säin Elektroauto bäi. De Mindestlounbezéier an déi 40% vun de Leit, déi keng Akommessteier bezuelen, hunn dovu glat a guer näischt! Elektresch Mobilitéit ass an dëser Steierreform eppes fir déi Déck!

Fir d'CSV sollt dogéint jiddwereen, ob Aarbechter, ob Dokter, ob Affekot, ob Bankdirekter, dee sech en Elektroauto keeft, d'selwecht behandelt ginn. Mir schloen duerfir vir, de Kaf vun engem Auto, vun engem Elektroauto generell mat engem uniforme Subsid vun zum Beispill 2.000 Euro ze subventionéieren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- A wa mer schonns bei der ekologescher Steierreform sinn: D'CSV hätt kee Problem gemaach, an ech soen et och kloer an däitlech, fir an Zukunft um Plang vun der steierlecher Ofsetzbarkeet vun de Fahrtkosten tëschent dem Wunnuert an der Aarbecht d'Kilometerpauschal esou ze agencéieren, dass déi éischt sechs Kilometer, amplaz wéi bis elo déi éischt véier Kilometer, net géifen a Betruecht gezu ginn; also zwee Kilometer dropgeschloen. Vun der Kilometerpauschal profitéiert eigentlech souwisou nëmmen deen, dee Steiere bezilt. Wann ee manner wéi sechs Kilometer vu senger Aarbechtsplaaz ewech wunnt, da kann een a Ballungszentren och méi op den ëffentlechen Transport zréckgräifen, well einfach do d'Offer méi grouss ass.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Dat musst Der dem Här Mosar awer erklären!

M. Gilles Roth *(CSV).*- A schliisslech, Madamm Loschetter, ass et och net logesch, dass een engersäits den ëffentlechen Transport ënnerstëtzt - wat eng gutt Saach ass a wat mir och matdroen - an iwwert deen anere Wee parallell d'Pendlerpauschal an den Individualverkéier steierlech bevirdeelegt (veuillez lire: a parallell iwwert de Wee vun der Pendlerpauschal den Individualverkéier steierlech bevirdeelegt).

Ech mengen, d'CSV dierft mat dëser Propos awer net eleng dostoen. D'DP huet och an hirem Wahlprogramm stoen: „Wir werden die steuerlichen Vorteile zugunsten des Individualverkehrs insgesamt überprüfen, da es weder wirtschaftlich noch ökologesch Sinn machen kann, einerseits Millionen Euro in den öffentlichen Transport zu investieren", an dat si méi wéi „Milliounen Euro", „und andererseits den Individualverkehr steuerlich zu fördern."

Och nach déi gréng heizou, wéi se nach an der Oppositioun waren, Madamm Loschetter,...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Tjo!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Tjo!

(Interruption)

D'Oppositiounsbänk ass haart.

„Die Kilometerpauschale", sou déi gréng, „mit der die Zersiedlung des Landes gefördert wird", mir maachen also Landesplanung, Dir schwätzt vun „Zersiedlung des Landes", „gehört ebenfalls auf den Prüfstand. Vorstellbar wäre, dass sie nur für Menschen erhalten bleibt, die Nachtschichten arbeiten und deren Arbeitszeiten ausserhalb der regulären Bürozeiten liegen. Einsparpotenzial: 30 Millionen Euro. Die Kilometerpauschale fördert ansonsten den Weg in die Sackgasse der fossilen Mobilität.", esou déi gréng vun deemools.

Här President, fënnefte Punkt: D'CSV steet zu hirem Wahlprogramm, och an der Oppositioun. De Regierungsprogramm hat eng global Reform vun der Grondsteier an Aussiicht gestallt. Mir gesinn net emol en Usaz dovunner, weder an der Gemengefinanzreform nach an der Steierreform. D'CSV ass der Meenung, dass eng Upassung no uewe vun der Grondsteier e Plus wier u sozialer Gerechtegkeet.

Eng éischt Immobilie, déi als Eegenheem genotzt gëtt, déi sollt och vun engem Abattement profitéieren. Een, deen awer Immobilien, an ech soen et nach eng Kéier, am Wäert vun zeg Milliounen Euro huet, dee muss och bereet sinn, der Allgemengheet eppes méi iwwert de Wee vun der Grondsteier dovunner zréckzeginn.

Een, deen en Appartement vun 100 m² verlount, dee bezilt duerfir an enger Gemeng - eng deier Gemeng, déi och nach eng Äispist de Moment huet an déi ech nawell kennen - ronn 30 Euro Grondsteier d'Joer, ech betounen: d'Joer! Hie kritt fir dat Appartement ronn 20.000 Euro Loyer d'Joer, 20.000. Jo, dee Propriétaire, dee muss och bereet sinn, mëttelfristeg 150 Euro amplaz déi 30 Euro d'Joer ze bezuelen, déi en och nach vu senger Akommessteier kann ofsetzen. Säin Nettokäschtepunkt ass dann, jee no Spëtzesteiersaz, nach genau 90 Euro, ech betounen: pro Joer.

Jo, d'CSV, an ech soen et kloer an däitlech, deelt a puncto Erhéije vun der Grondsteier dat, wat d'LSAP an hirem Wahlprogramm stoen huet, näämlech „dass die nicht mehr zeitgemäße Grundsteuer grundlegend reformiert wird und mehr zum Gesamteinkommen von (…) (Kommunen) beiträgt;".

A well et esou schéi war, erlaben ech mer, et haut nach eng Kéier ze soen an un dem fréieren LSAP-Budgetsrapporteur, dem Franz Fayot, seng Feststellung ze erënneren, déi mer ganz sympathesch ass a wat mer och voll a ganz deelen, wat Dir, Här Fayot, hei virun zwee Joer op der Chamberstribün gesot hutt, näämlech: „Här President, et gëtt verschidde Pisten a Richtung vun engem méi gerechte [soziale] Steiersystem. Eng dovunner, an déi steet am Regierungsprogramm", seet e Majoritéitsdeputéierten, an net egal wien!, „betrëfft d'Grondsteier. Mir wëssen alleguer", seet den Här Fayot, „dass dës Steier lächerlech niddreg ass an dass se muss reforméiert ginn, fir dass se eng richteg Quell vun Akommes fir d'Gemenge gëtt."

Mir deelen dat als CSV, an ech soen et haart an däitlech, an duerfir wëlle mir d'Grondsteier erhéijen! An d'CSV, dat soen ech gradesou däitlech, léisst sech hei net ënnerstellen, d'Grondsteier wëllen eropzesetzen, fir de Multinationalen, wéi den Innenminister hei gesot huet, Kaddoen ze maachen! Wou si mer dann?!

D'CSV geheit jo och net dëser Regierung vir, d'Betribssteier erofzesetzen an duerfir d'Steierkreditter, Här Gramegna, vun de Salariéen, vun de Rentner, fir d'Fräiberuffler - wat iwwregens e fréieren Arbeitnehmervertrag war, en Arbeitnehmervertrag war - mat engem Akommes vu méi 80.000 Euro einfach ofzeschafen! D'CSV geheit der Regierung jo och net vir, de Leit hir steierlech Ofsetzbarkeet vun de Konsumkreditter an den Assurancëprimmen ze limitéieren, fir de Banken elo Kaddoen ze maachen!

D'CSV-Propos, fir mëttelfristeg am Kontext vun de sougenannte BEPS-Diskussiounen, d'Verbreederung vun der Steierbase, d'Gewerbesteier duerch e sougenannten „impôt communal complémentaire" ze ersetzen - ech betounen, et ze ersetzen, an net d'Gewerbesteier einfach ofzeschafen -, gëtt iwwregens souwuel vun der Zentralbank wéi der Chambre de Commerce ënnerstëtzt.

An erlaabt mer dat ze soen: De leschten Dënschdeg war de Rapport vun der Zentralbank nach net eraus. Mä do kënnt Der genau liesen op der Säit..., an ech ginn dem Här Wirtschaftsminister, deen dat a Fro gestallt huet de leschten Donneschdeg, wéi den Här Mosar en dodrop interpelléiert huet, ech ginn em ganz einfach Lektür vun Extraite vun der Säit 238 vun dem Bericht vun der Zentralbank, deen do heescht: «Remplacement de l'ICC», also vun der Gewerbesteier, «par un impôt communal additionnel sur le revenu. L'impôt commercial communal», schreift d'Zentralbank, «actuel pourrait être remplacé par un impôt complémentaire aux revenus des entreprises. (…) Cette idée avait été émise par le CES», also de Wirtschafts- a Sozialrot, «dans son avis de 1989 concernant la réforme globale de la fiscalité..» Ee vun de beschten Avisen, déi de Wirtschafts- a Sozialrot jee ofginn huet!

«Cette réforme de l'ICC», dat sinn d'Konklusiounen, also déi Iddi, déi d'CSV wëllt proposéieren, «pourrait présenter des avantages pour les différents acteurs concernés:»

Tiret 1: «- une amélioration de la transparence pour les entreprises (…)»

Tiret 2: «- une diminution de la charge administrative tant pour les entreprises que pour l'administration fiscale, (…)»

Tiret 3, an dat, mengen ech, sollte mer alleguerten deelen: «- la promotion du Luxembourg à l'égard d'investisseurs étrangers serait facilitée en présence d'un seul impôt des sociétés,»...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- War dat 1989?

(Interruption)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Dat hei ass e Rapport vun der Zentralbank, 2016, Här Statsminister.

...«ce qui est d'autant plus souhaitable en période de forte concurrence fiscale.»

Duerfir de Virschlag vun der CSV. A mir schaffen, dat soen ech nach eng Kéier kloer an däitlech, wann een am Kontext vun enger Verbreederung vun der Steierbase, wéi och ëmmer déi sollt ausgesinn, sollt Agencementer maachen un der Betribssteier, un der Gewerbesteier, fir d'Kompetitivitéit vun den Entreprisen ze erhalen, da schaffe mir an enger konstruktiver Aart a Weis mat. Ech ginn lech haut dat Versprieche.

(Interruption par M. Eugène Berger)

Mir waren do!

Iwwregens, Här Berger, bezuelen och - an huelt dem Här Kersch dat mat! - d'Betriber Grondsteier, oder virun allem d'Betriber! Et ass dach carrément absurd, wéi dat hei gemaach gëtt, dass dee klenge Mann misst elo mat der Grondsteier bludde fir Steiergeschenker fir Entreprisen. Dëst ass total farfelu!

D'Grondsteier bezilt éischtens nëmmen deen, deen en Terrain oder en Haus iwwerhaapt emol besëtzt an, zweetens, d'Chiffere widderleeën déi Mär vum Här Kersch - oder gëtt se gedeelt vun engem Deel vu Sozialisten? - vun deene klenge Leit, deenen een an de Portemonni géif gräifen!

2014 - lauschtert dat gutt no! - war d'Gesamtopkommes vun der Grondsteier hei am Land, d'Gesamtopkommes fir déi 2.600 km², 34 Milliounen Euro fir alles, dovunner 1,5 Milliounen - an Däitschland géife se soen „Milliönchen" - Impôt foncier A, dat ass also fir sämtlech Lännereien, Bëscher an alles, wat gréng ass, oder aneschters ausgedréckt: 4,3% vun der gesamter Grondsteier; 7,6 Milliounen Euro vun deene 34 fir Wunnhaiser oder 22% vun der gesamter Grondsteier, an 18,8 Milliounen Euro fir d'Betribsgebaier oder 55% vun der gesamter Grondsteier; de Rescht, nach insgesamt 6% fir Constructions mixtes, also Betriber a Privates gemëscht, a 5% fir sougenannten erschlosse Bauplazen, déi awer net bebaut sinn.

Mat enger Erhéijung vun der Grondsteier, déi zu 61% d'Betriber betrëfft, zu 5% meeschtendeels privat Immobiliespekulanten... Well wann een eng Bauplaz ka leie loossen, net fir seng Kanner, mä wann een déi iwwer eng laang Zäit ka leie loossen, fir ze soen: „Ech kréien do méi wéi op der Bank", dann ass dat engem säi gutt Recht. Mä da muss en och vun där Plus-value, déi en dovunner kritt, muss en och bereet sinn, fir en Deel, eppes un d'Allgemengheet ofzeginn. Domadder mécht ee keng Steiergeschenker fir d'Multinational.

Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi d'Regierung, oder Eenzelner vun hinnen... Ech ka mer näämlech net virstellen, dass dat do vun der ganzer Regierung gedeelt gëtt. Dat ass ganz einfach grotesk! Et seet vill iwwert déi Manéier aus, mat där dës Regierung Politik mécht. Déi dréit och net onbedéngt zu hirer Kredibilitéit oder zu der Kredibilitéit vun eenzelne vun hire Membere bäi.

D'Geschicht vum Grëff an de Portmonni vum klenge Mann, jo, dee kléngt ëmmer gutt! D'Zuele beweisen awer an dësem Fall exakt de Contraire vun deem, wat behaapt gouf.

Eng progressiv Verfënneffachung vun der Grondsteier, wéi d'CSV se proposéiert huet, fir Propriétairë vu Wunnhaiser, net déi vun Eegenheemer, géif dem Stat mëttelfristeg - nun haalt lech gutt un! - ganzer 28 Milliounen Euro, ech widderhuelen et, 28 Milliounen Euro méi erabrëngen. Dat geet emol net duer, fir de Steierausfall ze bezuelen, deen d'Chamber haut de Betriber gëtt, andeems d'Bonification à l'investissement ëm 1% an d'Luucht gesat gëtt. Dat droe mer iwwregens mat.

28 Milliounen Euro ginn emol net duer, fir de Steierausfall ze begläichen, deen doduerch entsteet, dass d'Plus-values-Steier op Immobilieverkeef - och dat hu mer matgedroen, mä d'LSAP huet deem och zougestëmmt - vun der Halschent op ee Véierel elo vum Taux global erofgesat gëtt.

28 Milliounen Euro ginn emol net duer, an dat ass ee Véierel nëmme vun der sougenannter Zukunftssteier, déi dës Regierung och dem Mindestlounbezéier ouni eegent Haus pro Joer opgebrummt huet!

28 Milliounen Euro ass net grad dat, wat dës Regierung de Klengspuerer méi, iwwer eng Erhéijung vun den Zënsen op de Spuerkonten, aus der Täsch zitt!

D'CSV ass skandaliséiert, mat wat fir engen Argumenter hei eenzel Regierungsmembere versichen, d'Chamber an d'Leit aus reng parteipolitescher Ideologie hannert d'Liicht ze féieren! Et ass net deen éischten Dossier, wou dat geschitt, an et wäert och mat Sécherheet net dee leschte sinn!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- An et erstaunt dach net wéineg, dass d'Regierung op eemol eng Reform vun der Grondsteier - oder Eenzelner vun hinnen - mat enger Finalitéit verbënnt. D'Grondsteier ass eng Steier, et ass eng Gemengesteier! Et ass keng Tax. Et ass och keng Redevance! Duerfir kann ech och net higoen a soen, d'Grondsteier géif reforméiert ginn, wann, wéi den Innenminister um Radio gesot huet, elo op eemol Seniorepolitik domadder géif bedriwwe ginn.

«L'impôt», Dir Dammen an Dir Hären, «n'a pas de contrepartie déterminée pour le contribuable». Eng Steier, Dir Dammen an Dir Hären, däerf ebe keng spezifesch Finalitéit hunn. An dat ass och gutt esou. Oder féiere mer elo virum Tour de France an den nächste Gemengerotswahlen eng Stroossesteier an, fir neie Belag op d'Stroossen ze schmieren? Féiere mer deemnächst eng Luuchtesteier an, fir d'Luuchtepottoen, déi ofgeseet goufen, erëm opzeriichten?

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Zu wat d'Finalitéite vun dëser Regierung féieren, huet déi sougenannt Zukunftssteier, d'Zukunftssteier bewisen: 200 Milliounen Euro doriwwer opgehuewe mat der Finalitéit fir Kannerbetreiung. Geet haut all Kand gratis an d'Crèche? Geet haut all Kand gratis an d'Maison relais? Menges Wëssens net! Eng Pompjeessteier gouf agefouert op den Autoshaftflichten, fir den zukünftege Rettungsdéngscht, de CGDIS, ze finanzéieren. Gëtt et dee Rettungsdéngscht ewell? Neen! De Gesetzesprojet ass emol nach net vun dem Statsrot a senger definitiver Fassung aviséiert.

Här President, fir d'LSAP, déi fir d'Neesaféierung vun der Verméigenssteier, fir eng Räichesteier, jo, souguer fir eng Ierfschaftssteier an direkter Linn agetruede war, schéngt d'Grondsteier elo an der Regierung awer keen Thema méi ze sinn. Well wéi ass et ze verstoen, dass si d'lescht Woch géint eng Motioun vun der CSV gestëmmt huet, fir précisément d'Grondsteier ze reforméieren? Verstéi do wie wëllt!

D'LSAP stëmmt bei der Grondsteier géint hir eege Wahlversprieche, géint de Regierungsprogramm vu Gambia.

D'CSV steet zu hirem Wahlprogramm! Mir si géint eng Verméigenssteier. Mir si géint eng Räichesteier. Mir si géint eng Ierfschaftssteier an direkter Linn. Mir sinn...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- ...de Spëtzesteiersaz wollten ausweiden.

(Interruptions diverses)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Mir si fir eng Reform vun der Grondsteier, déi de reelle Wäerter vun den Immobilie Rechnung dréit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Roth, dierf ech lech just eng Fro stellen?

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir hutt jo elo en Deel vun Ärem Wahlprogramm zitéiert, mä Dir hutt net deen zitéiert iwwert d'Betribsbesteierung. Ech wär frou, wann Der deen och géift zitéieren! Wann Der en net bei lech hutt, ech hunn en hei: „Wir streben keine generelle Erhöhung der betrieblichen Steuerlast an."

M. Gilles Roth *(CSV).*- Majo duerfir hu mir jo...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- An haut frot Der just de Contraire! Dir frot näämlech, dass se nach méi wäit erofgesat gëtt.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Neen, dat do... Ma neen! Et ass jo...

(Brouhaha)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Gelift?

M. Gilles Roth *(CSV).*- Well et ass richteg, an dozou sti mer! Mir wëlle keng Erhéijung vun der Betribssteier, duerfir stëmme mer Är Senkung mat. A mir hu Propose gemaach, wéi een an Zukunft de BEPS-Diskussioune géif Rechnung droen am Kontext vun enger...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dir stëmmt se mat, dat ass gutt ze wëssen!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Jo!

(Interruptions)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Neen, ech verstinn net, wou do... Ech verstinn do net, wou eng Divergenz ass.

(Brouhaha)

Här President, sechste Punkt! D'CSV ass géint eng Ierfschaftssteier an direkter Linn.

Plusieurs voix.- Mir och!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Da si mer eis do eens. Mir sinn der Meenung,...

(Hilarité et interruptions)

Mir sinn der Meenung,...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Mir sinn der Meenung, Här President - Merci! -, dass een den Tariff vun der Ierfschaftssteier awer sollt op de Leescht huelen, vun dem Droit de succession. Deen ass zanter 1984, also méi wéi 30 Joer, net méi ugepasst ginn.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Firwat dann?

M. Gilles Roth *(CSV).*- Dat, wat d'Leit dobaussen, Madamm Loschetter, net wëssen - neen, dat hei soll ee seriö soen -, dat, wat d'Leit dobaussen net wëssen, ass, dass, wann een ierft ouni Verwandschaftsgrad, ee jee no Wäert vun Immobilie bis zu 48% Droit de succession bezilt. Haut liewen, besonnesch am Alter, awer oft Leit zesummen ouni Verwandschaftsgrad, well se dat opgrond vun hirer Liewensvergaangenheet vläicht net esou wëllen, an dat soll een och respektéieren. A wann dann iwwer Testament vererft gëtt, da kënnt et oft emol zu ganz béisen Iwwerraschungen. Firwat? Mä de Wäert vun den Immobilien vun 1984, also vu virun 30 Joer, ass net vergläichbar mat deem Wäert vun haut, an da kënnt et ganz séier oft zu ganz héijen, séier héije Steiersätz.

Et ass duerfir d'Suggestioun vun der CSV, fir mat de Vertrieder vum Enregistrement, well si sinn duerfir zoustänneg, dëse Problem a Rou ze kucken an da gegebenenfalls dës Tabell eng Kéier unzepassen.

Här President, e siwente Punkt: Am Telegrammstil zum Schluss d'Positioun vun der CSV zu enger Rei vu Moossnamen aus dësem Gesetzesprojet. D'CSV fënnt d'Iddi vun der optionaler Individualbesteierung - et ass e kompliziéiert Wuert - gutt. Et geet awer net duer, fir ze soen: „Mir maachen domadder eng modern Steierreform." Et muss een d'Leit och, mengen ech, éierlech iwwert d'Vir- an d'Nodeeler vun dëser Individualbesteierung opklären. Wichteg ass, dass mat där Méiglechkeet jiddwereen an engem Stot fir seng eege Steieren eigentlech responsabel ass.

Bei Beamten a bei Salariéë gëtt d'Steier dann direkt mat dem Monatsgehalt ofgehalen. Et verdéngt een dee Moment mat senger Pai netto manner, mä et brauch een deementgéint duerfir keng oder manner Avancë méi ze bezuelen. Mä et bezilt een, an dat soll een och kloer soen, duerch d'Individualbesteierung eigentlech an der Regel ëmmer méi Steieren, wéi wann een zesumme besteiert gëtt, zesumme veranlaagt gëtt. Et sief, de Stot deklaréiert, an d'Gesetz gesäit déi Méiglechkeet vir, dass et hallef an hallef, exakt hallef an hallef opgedeelt gëtt. D'Gesetz, wéi gesot, erlaabt et.

Bei der Haftung fir d'Steierschold, an dat soll een awer de Leit dobaussen och kloer esou soen, dat heescht, beim Bezuele vun der Steierschold funktionéiert den neie System bei engem Regimm vun der sougenannter Séparation des biens, also enger Gütertrennung. Do funktionéiert dat, well jiddwereen och säin eegent Verméigen huet. Bei enger Gütergemeinschaft, enger Communauté universelle dogéint mag wuel jiddwereen eenzel am Stot fir seng Part Steieren da responsabel sinn, mä am Endeffekt, wann een Ehepartner net bezilt, zum Beispill am Fall, wou eng Scheedung sech ubaant, gräift am Endeffekt d'Verwaltung awer op déi net bezuelte Part vun der Gütergemeinschaft, vun der Communauté universelle zréck, fir d'Steierschold anzedreiwen.

Ech mengen, et ass esou, mä et soll een de Leit dat och - Här Finanzminister, Dir nickt -, dat

soll een de Leit och esou soen. Et wier duerfir gutt, wann d'Leit mat einfache Beispiller iwwert de Regimm vun der optionaler Individualbesteierung, hir Vir- an Nodeeler, géifen informéiert ginn, zum Beispill iwwert den Internetsite vun der Steierverwaltung oder deen, deen Der opgemaach hutt, vun der Réforme fiscale.

Här President, aachte Punkt, iwwert d'Steierklass 1A scheede sech zanter 1990 d'Geeschter, méi laang wéi geschloe 25 Joer. Dëse Regimm ass seinerzeit agefouert gi fir déi Leit, déi gescheet goufen a Kanner à charge haten. Firwat deemools dës eege Kategorie? Mä well et virdrun zu Abuse koum, dass d'Leit sech reieweis scheede gelooss hunn an awer weider zesumme gewunnt hunn, well se an deem Fall allen zwee an enger Koppel an trotz Scheedung vun der Steiermoderatioun fir Kanner weider konnte profitéieren. A si hate seinerzeit, bedéngt och duerch déi héich Spëtzesteiersätz, enorm steierlech Avantagen.

Steierrechtlech gesinn - ech weess, dass dat de Leit dobausse schwéier ze vermëttelen ass - dierft et eigentlech just eng Steierklass 1 an eng Steierklass 2 ginn. Den Här Gramegna hat et versicht, wéi d'Pétitionnairen hei waren. Et war net ganz gutt ukomm. Mä hien hat awer an der Saach recht.

Deemools war also d'Steierklass 1A ënner politeschem Drock als Zwëscheléisung agefouert ginn, well se hunn alleguer gesot: „Im Handumdrehen haben sie Witwen zu Junggesellen gemacht." Nu ginn et mëttlerweil awer niewent de Wittleit enorm vill Elengerzéier, déi och an der Steierklass 1A besteiert ginn, an doniewent selbstverständlech och nach alleguerten, wéi ech virdru gesot hunn, d'Wittleit, déi dräi Joer nom Doud oder nom Ofliewe vun hirem Partner och automatesch vun der Steierklass 2 an d'Steierklass 1A falen.

Als Wittleit, wa se zu zwee zesumme geschafft hunn, kréie se nom Doud vun hirem Partner duerch de Cumul vun der Eegepensioun mat der Witwepensioun eigentlech méi wéi déi eege Rent, déi jiddweree virdrun am gemeinsame Stot hat. Ech betounen: d'Eegerent. Dës méi héich Pensioun gëtt dann an der Éischt favorabel besteiert an der Steierklass 2. An no dräi Joer kënnt dann de Mann mam décken Hummer, well fir déiselwecht Bruttopensioun, cumuléiert Pensioun, eigentlech méi en héije Steiersaz applizéiert gëtt. D'Leit hunn also netto manner Pensioun.

Dëst ass e sensibele Sujet. Eng richteg Gerechtegkeet fënnt een net. De Gesetzesprojet gesäit hei eng Rei vun Adaptatiounen am Interessi vun den Elengerzéier vir. Dës gi fir eis an déi richteg Richtung an dat ass gutt esou. A mir ënnerstëtzen dat och ausdrécklech.

Mir soe gradesou däitlech, dass d'CSV proposéiert, doriwwer eraus d'Iwwergangszäit vun der Steierklass 2 an d'Steierklass 1A vun dräi op fënnef Joer auszedeenen. Ech soen awer riichteraus: Dat ass eng Propos. Mir hu keng genau Aschätzungen dovunner, wat de Steierausfall géif ausmaachen. Mä wann déi Propos och sollt vun der Regierung gedeelt ginn, kéinte mir mat op dee Wee goen.

Här President, néngten an ee vun de leschte Punkten: De Gesetzesprojet gesäit eng Rei vun Ännerunge vir um Niveau vun der Besteierung vun de sougenannten „Non-résidenten". Betraff sinn direkt oder indirekt eng ronn 160.000 Frontalieren. Richteg ass, dass an der Vergaangenheet eng Rei Upassungen un dem Besteierungsregimm vun den Non-résidents gemaach goufen, fir am Aklang mat der europäescher Rechtsspriechung ze sinn. Ech war selwer Rapporteur vun etleche vun deene Projeten. Äänlech iwwregens - an dat ass richteg gesot gi vun der Madamm Elvinger a vum Här Berger -, wéi mer d'Familljenzoulagen an och d'Studentebäihëllefe ganz einfach mussen opgrond vun der europäescher Rechtsspriechung fir déi Leit an d'Ausland exportéieren.

Mä loosse mer et och riichteraus soen: Duerch déi verschidden Adaptatiounen an dem Steiergesetz si Situatiounen entstanen, an dat solle mer och däitlech soen, wou de Frontalier heiansdo besser ewechkënnt wéi eng vergläichbar Situatioun vun engem Lëtzebuerger hei am Land. Resultat: Frontalieren a Lëtzebuerger gi gläich besteiert, mä eng Rëtsch vu Frontaliere kommen an Zukunft... duerch déi Gläichbesteierung vu Lëtzebuerger a Frontalieren, wéi Dir se virschlot, kommen eng Rëtsch vu Frontaliere manner gutt ewech wéi déi Situatioun, wéi se se virdrun oder bis haut kannt hunn.

Et ass dach schonns en Ënnerscheed, ob ee Fransous d'Steierklass 2 krut, wa 50% vun de Revenue vum Ménage zu Lëtzebuerg verdéngt gi sinn. An Zukunft kritt een déi Steierklass an der Regel nëmme méi, wann 90% vun de Revenuen aus dem Stot zu Lëtzebuerg verdéngt ginn. An de Problem stellt sech - dat ass jo och illustréiert ginn, ech mengen, vun de Gewerkschaftsvertrieder, zu Recht iwwregens -, dass am Fall vu Renten dat kann zu Schwieregkeete féieren, well deen een dann, loosse mer soen, wann en 80% vu senger Rent zu Lëtzebuerg kritt, e kritt 20% zu Thionville, jo da kënnt en net op déi 90%, fir d'Steierklass 2 wéi bis elo ze kréien.

D'CSV steet, soe mer riichteraus, zu enger Gläichbehandlung vu Frontalieren a Lëtzebuerger. Et däerf net zu enger Diskriminatioun kommen, mä och net zu enger Discrimination à rebours, wou Frontalieren en Avantage hätte par rapport zu de Lëtzebuerger.

Dat ass e sensibelt Thema. Lëtzebuerg huet eng dominant Positioun an der Groussregioun. Dovunner profitéieren och Leit iwwert d'Grenzen eraus. Mä eist Land, solle mer och kloer an däitlech soen, huet och deenen 160.000 Frontalieren, déi mer elo hunn an déi mer virdrun haten, vill ze verdanken.

An d'CSV verschléisst sech op deem Punkt net eenzelnen Upassunge vun dem Gesetzesprojet op dësem Plang, wa se sollten néideg ginn, Här Minister.

Här President, zéngte Punkt: Steierbedruch, an d'Madamm Elvinger huet et gesot, dat ass kee Kavaléiersdelikt. D'CSV dréit do déi nei Strofbestëmmunge mat, wouduerch an Zukunft nieft der sougenannter „escroquerie fiscale" och eng „fraude fiscale aggravée" an d'Strofrecht fält, dat heescht, op gutt Lëtzebuergesch gesot, wann ee 25% oder méi vu senge Steiere strëppt, déi eigentlech geschëllt sinn, mä dat muss iwwert de Montant vun 10.000 Euro insgesamt erausgoen.

Den neie Regimm - fannen ech op deem Punkt, fanne mir op deem Punkt - ass kloer. Fir eng Fraude fiscale simple, déi bis elo zum Deel awer am Penal war, bleift et an Zukunft, an dat ass och gutt esou, bei enger administrativer Strof. Well wat zielt bei de Steieren? Ma virun allem, dass de Stat déi Suen, déi geschëllt sinn, erakritt, a bei méi schwéiere Steierdelikter spillt och zu Recht de Penal. Dëst steet och, mengen ech, eis international gutt zu Gesiicht.

An ech soen et och kloer an däitlech, Här President, d'CSV begréisst an deem Kontext ausdrécklech dem Finanzminister seng Efforten op internationalem Plan, déi en iwwert déi lescht dräi Joer mécht. An dat ass net ëmmer ganz einfach. E mécht dat diplomatesch, mä e mécht dat mat där néideger Häert an e mécht et gutt fir méi Transparenz am Austausch vu Steierinformatiounen. D'Zäiten, dat solle mer och soen, déi hu sech geännert. Eist Land - a fir et diplomatesch och auszedrécken -, eis Finanzplaz, déi Instrumenter, déi se nach viru 15 Joer gebraucht huet, brauch se haut net méi. Si huet sech gutt adaptéiert.

Här President, eelefte Punkt - et sinn nach zwou Säiten -, den Taux vun der Zënsbesteierung fir Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, geet vun elo 10% op 20% an d'Luucht. Dat heescht konkret a vereinfacht gesot, dass bei engem Zënssaz vun 1% an engem ugespuerte Kapital, fir et einfach ze soen, vu 25.000 Euro 20% Steieren op Zënsen elo ofgehale ginn. Dës Moossnam kréie virun allem Klengspuerer, déi net an déi sougenannt „produits structurés" investéiere kënnen, opgebrummt, well do fält keng Steier un.

Eng Alternativ wier gewiescht, de Besteierungssystem vun Zënsen an Dividenden unzegläichen an zum Beispill Zënsen an Dividende forfaitaire mat 15% ze besteieren. Mä mir stellen awer déi Moossnam do, ech soen et och kloer an däitlech, net a Fro.

(Interruption)

Jo.

Här President, zwielefte Punkt: D'Unhiewe vun de Plaffonge fir d'steierlecht Ofsetze vun de Scholdzënsen am Wunnengsbau respektiv vun Zousazversécherungen dréit d'CSV mat. Beim Wunnengsbau, ech soe just beim Wunnengsbau, hätte mir eis awer kënne virstellen, dass d'Frist, wou een d'Scholdzënsen nëmme méi plafonéiert kann ofsetzen, schonns ufänkt ze lafen, wann de Prêt fir d'Haus liquidéiert gëtt an net eréischt, wann een am Haus wunnt. Dëst aus sozialer Gerechtegkeet. Firwat?

Mä een, deen d'Méiglechkeet huet, fir net mussen direkt a säin neit Haus eranzeplënneren, dee setzt esou laang näämlech sämtlech Scholdzënse vun dem Prêt of. An am Ufank ass dee Prêt natierlech vill méi héich, well déi gesamt Zënse lafen op deem volle Montant vum Prêt op. A Leit, déi sech net parallell kënnen zwou Wunnenge leeschten, déi kënnen dat net.

Duerfir wier eis Propos op deem Punkt, fir ze soen, dee Moment, wou de Prêt liquidéiert gëtt, do fänken déi fënnef Joer un, wou deen héije Montant vun dem Abattement a Fro kënnt, an dann all Kéiers progressiv ab deem Dag manner.

Här President, dräizéngte Punkt: Wat d'Betribsbesteierung ugeet - ech ginn do méi séier derduerch, well den Här Mosar d'lescht Woch schonn eis Vuen dozou gesot huet -, ginn d'Adaptatiounen, déi gemaach goufen, mengen ech, zum groussen Deel an d'Fuerderunge vun dem Secteur eran, ob dat den Amortissement accéléré ass, d'Transmissioun vun den Entreprisen, d'Eropsetze vun der Bonification à l'investissement, déi mer matdroen. Déi progressiv Ofsenkung vun dem Tariff, Här Schneider, droe mer och selbstverständlech punktuell mat.

D'CSV ass awer der Meenung, dass, sécherlech, bei der Bonification d'impôt de Steiersaz elo emol eropgeet, an der Vergaangenheet ass en och erëm ënner CSV-Ministere emol erofgesat ginn, dat geet also hin an hier. Mir maachen Iech awer do kee Virworf, well dat passt sech jeeweils no der jeeweileger Situatioun un. Dat wourop ee soll oppassen, dat ass, dass déi Bonification à l'investissement net mëssbraucht gëtt, fir aner Saachen doriwwer ofzesetzen iwwer Gesellschaften, fir déi se wierklech geduecht sinn. Ech soen dozou net méi.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Bei dem Eropsetze vun der Mindeststeier... Et war eng Iddi vun der LSAP och ënner fréierer Regierung. Ech muss ganz éierlech soen, deemools ware mir, an ech mengen, och d'Ministere ware relativ skeptesch. Dat huet sech erwisen, dass dat eigentlech keng gréisser Steierausfäll mat sech bruecht huet. Dat kënne mir matdroen. Ech ginn dovun aus, dass och d'Kompetitivitéit do mat gedroe gëtt (veuillez lire: do mat gekuckt ginn ass). Dat fannen ech eigentlech eng gutt Iddi, well et gëtt och no bausse vermëttelt, dass jiddwereen, och vun de Betriber zu Lëtzebuerg, eng Steier bezilt.

Véierzéngten a leschte Punkt, kuerz: Eng Rei Upassunge goufe gemaach um Plang vun de sougenannten „Sonderausgaben", also den Dépenses spéciales oder wéi een déi och ëmmer wëllt nennen: manner steierlech Ofsetzbarkeet vun de Scholdzënsen op de Konsumkreditter, wann een alles zesummenzielt, méi steierlech Ofsetzbarkeet vun de privaten Zousazversécherungen, drëtte Pilier - ass och eng gutt Saach. Dat fënnt ee gutt oder net. Mir fannen dat gutt. Si si vun der Regierung motivéiert a mir ginn och dovun aus, dass déi Motivatioun, déi derbäi war**,** an déi richteg Richtung geet.

Generell ass awer d'CSV der Meenung, dass d'Chamber sollt all Joers e genaue Rapport kréien iwwert den Déchet fiscal vun eenzelnen Abattementer an engem schrëftlechen Evaluéierungsbericht, wéi déi gräifen. An dee sollt eigentlech de Budgetsdokumenter - dee Rapport d'évaluation - mat bäigeluecht ginn. Ech mengen, dat ass keng halsbriecheresch Aarbecht, mä et gëtt méi Transparenz, ier een iwwert de Budget ofstëmmt.

Zur Konklusioun, Här President - ech hat gemengt, ech wier a 50 Minutte fäerdeg, ech si mëttlerweil bei 66 -, d'CSV begréisst,...

(Interruptions)

D'CSV begréisst, dass et zu enger Steierreform kënnt.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- D'Offlaache vun dem Mëttelstandsbockel an d'Aféierung vun de Steierkreditter fir Niddregverdénger huet d'Regierung, ganz éierlech gesot, gutt gemaach.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- D'Berechnunge vun dem Käschtepunkt, déi sinn an eisen Ae falsch. Fir d'CSV léien do d'Zuele vun der Zentralbank net! D'CSV huet oder huet versicht, mat méi oder manner groussem Succès, a 14 Punkte konkret Alternativvirschléi ze maachen. Dräi dovunner, Här President, si fir d'CSV net négociabel:

1. en Erhéije vun dem steierbefreiten Agangsmontant vun 11.265 Euro op 12.000 Euro pro Joer,

2. d'Asetze vun de Spëtzesteiersätz vun 41% ab engem Akommes vun 125.000 Euro an der Steierklass 1, 250.000 Euro an der Steierklass 2, also an engem Stot, respektiv 42% fir dat Akommes, wat méi héich ass wéi 150.000 Euro an der Steierklass 1. Dat sinn 300.000 Euro an der Steierklass 2,

3. d'Ofschafe vun der Steiercirculaire iwwert d'„stock-options" mat gegebenenfalls engem befristeten Auslafregimm, deen engem Gesetz a virun allem strikte Konditiounen ënnerläit.

Duerfir, Här President, iwwerreechen ech Iech wéi ugekënnegt am Numm vun der CSV-Fraktioun Amendementer fir eis Tariffvirschléi an eng Motioun fir d'Ofschafe vun der Steiercirculaire iwwert d'„stock-options". Sollten dës dräi Fuerderungen net erfëllt ginn, wäert d'CSV dës Steierreform net stëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Amendement 1

L'article 1er, point 14° est modifié comme suit:

«Article 118

L'impôt sur le revenu est déterminé en fonction du revenu imposable ajusté au sens de l'article 126, conformément aux dispositions des articles 119 à 121 et 124 sur la base du tarif suivant:

0% pour la tranche de revenu inférieure à 12.000 euros

8% pour la tranche de revenu comprise entre 12.000 et 13.137 euros

9% pour la tranche de revenu comprise entre 13.137 et 15.009 euros

10% pour la tranche de revenu comprise entre 15.009 et 16.881 euros

11% pour la tranche de revenu comprise entre 16.881 et 18.753 euros

12% pour la tranche de revenu comprise entre 18.753 et 20.625 euros

14% pour la tranche de revenu comprise entre 20.625 et 22.569 euros

16% pour la tranche de revenu comprise entre 22.569 et 24.513 euros

18% pour la tranche de revenu comprise entre 24.513 et 26.457 euros

20% pour la tranche de revenu comprise entre 26.457 et 28.401 euros

22% pour la tranche de revenu comprise entre 28.401 et 30.345 euros

24% pour la tranche de revenu comprise entre 30.345 et 32.289 euros

26% pour la tranche de revenu comprise entre 32.289 et 34.233 euros

28% pour la tranche de revenu comprise entre 34.233 et 36.177 euros

30% pour la tranche de revenu comprise entre 36.177 et 38.121 euros

32% pour la tranche de revenu comprise entre 38.121 et 40.065 euros

34% pour la tranche de revenu comprise entre 40.065 et 42.009 euros

36% pour la tranche de revenu comprise entre 42.009 et 43.953 euros

38% pour la tranche de revenu comprise entre 43.953 et 45.897 euros

39% pour la tranche de revenu comprise entre 45.897 et 100.002 euros

40% pour la tranche de revenu comprise entre 100.002 et 125.000 euros

41% pour la tranche de revenu comprise entre 125.000 et 150.000 euros

42% pour la tranche de revenu dépassant 150.000 euros.»

Commentaire

Il est proposé d'accentuer la dimension sociale de la réforme:

- le minimum tarifaire exempté sera augmenté à 12.000 euros pour se rapprocher d'une exemption du revenu minimum garanti,

- les nouvelles tranches d'imposition de 41 pour cent et 42 pour cent s'appliqueront à partir d'un revenu imposable annuel de 125.000 euros respectivement de 150.000 euros.

Dans son avis relatif aux projets de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020, la Banque centrale de Luxembourg note en effet que l'impact de la réforme sera positif pour une très grande majorité de contribuables (99,5%) et profitera donc également à des revenus très élevés allant jusqu'à 278.000 € en classe 1 et 556.000 € en classe 2.

La moins-value fiscale résultant de l'augmentation du minimum tarifaire combinée aux nouvelles tranches d'imposition de 41 respectivement 42 pour cent se chiffre, d'après nos calculs à quelque 20.000.000 euros en 2017.

Le déchet fiscal résultant de notre proposition sera plus que neutralisé par l'abrogation de la circulaire du directeur des contributions L.I.R. n°104/2 du 20 décembre 2012 concernant le régime d'imposition des plans d'option sur acquisition d'actions, dont les moins-values fiscales se situent dans une fourchette comprise entre 100 et 300 millions d'euros.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Amendement 2

L'article 1er, point 15° est modifié comme suit:

«Article 120bis

L'impôt à charge des contribuables de la classe 1a est déterminé par application du tarif au revenu imposable ajusté réduit de la moitié de son complément à 45.060 euros, sous réserve que le taux d'accroissement maximal ne puisse pas dépasser 39% pour la tranche de revenu comprise entre 37.842 euros et 100.002 euros, 40% pour la tranche de revenu comprise entre 100.002 euros et 125.000 euros, 41% pour la tranche de revenu comprise entre 125.000 euros et 150.000 euros et 42% pour la tranche de revenu dépassant 150.000 euros.»

Commentaire

L'article 120bis est modifié à l'instar de l'adaptation tarifaire proposé dans l'amendement 1. En effet, afin de rapprocher la progressivité de l'impôt de la classe 1a de celle en classe 1, il est ajouté une limitation restreignant le taux marginal à un maximum de 39% pour les revenus imposables inférieurs à 100.002 euros, à 40% pour les revenus entre 100.002 euros et 125.000 euros, à 41% pour les revenus entre 125.000 euros et 150.000 euros, et à 42% pour la tranche dépassant le revenu de 150.000 euros.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Amendement 3

L'article 1er, point 21° est supprimé.

Commentaire

Dans un esprit de développement de la mobilité durable, de réduction des émissions de CO_2 dans le secteur des transports et d'amélioration de la qualité de l'air en raison de la réduction des NO_x escomptée, de même que pour des raisons d'équité sociale, il est proposé de faire bénéficier toute personne éligible d'une aide financière directe à la place d'un abattement fiscal réservé à certaines classes de revenus seulement.

En toute logique, l'article 1er, point 21° introduisant l'abattement «pour mobilité durable» (nouvel article 129d) de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu) est supprimé et remplacé par une aide financière directe de 2.000 € pour une voiture automobile de personnes à zéro émissions de roulement qui fonctionne exclusivement à l'électricité ou exclusivement avec une pile à combustible à hydrogène immatriculée au Grand-Duché de Luxembourg après le 31 décembre 2016. Les autres conditions à remplir pour bénéficier de l'aide financière seront déterminées par règlement grand-ducal.

En ce qui concerne les cycles à pédalage assisté et cycle acquis après le 31 décembre 2016, une aide financière de 120 € est accordée aux acquéreurs dans des conditions à déterminer par règlement grand-ducal.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Motion 1

La Chambre des Députés,

• vu la circulaire du directeur des contributions directes L.I.R. n°104/2 du 11 janvier 2002 concernant le régime d'imposition des plans d'option sur acquisition d'actions («stock option plans»),

• vu l'intention du Gouvernement précédent de réaménager le régime fiscal des «stock options» en ce qui concerne son champ d'application,

• que la circulaire du 11 janvier 2002 a été remplacée par une circulaire du directeur des contributions directes du 20 décembre 2012,

• que le Conseil d'État considère préférable d'asseoir le régime fiscal des «stock options» sur une base légale plus solide,

• qu'il a été suivi en cela par certaines chambres professionnelles qui ont par ailleurs suggéré de transformer le régime fiscal des «stock options» de manière à en faire un régime d'imposition avoisinant celui des salaires et traitements,

• vu l'article 101 de la Constitution disposant que les privilèges, de même que les exemptions ou modération d'impôts sont une matière réservée à la loi,

• considérant que les «stock options» échappent à la progressivité du barème d'imposition,

• considérant qu'il convient de revoir ce régime d'imposition pour des raisons d'équité sociale,

invite le Gouvernement

• à provoquer l'abrogation de la circulaire du directeur des contributions directes du 20 décembre 2012,

• à mettre en place, de manière transitoire, un régime de «phasing out» du régime d'imposition des «stock options» actuel, et

• à instaurer des incitatifs fiscaux encourageant l'investissement des entreprises dans la recherche et l'innovation et tenant compte des critères de substance que doivent remplir ces entreprises.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Motion 2

La Chambre des Députés,

constatant

• que le Gouvernement précédent avait introduit une prime pour la promotion des véhicules électriques purs et des véhicules électriques hybrides chargeables de l'extérieur à faibles émissions de CO_2,

• que ce régime avait bénéficié à toutes les personnes physiques, indépendamment de leur niveau de revenu,

• que ce régime n'a pas été prolongé au-delà du 31 décembre 2014,

• que le projet de loi n°7020 portant mise en œuvre de la réforme fiscale 2017 vise à présent à accorder un abattement pour «mobilité durable» excluant de ce fait de nombreuses personnes du bénéfice de ce type de mobilité,

invite le Gouvernement

• à mettre en place, dans un esprit d'équité sociale, un régime de subventionnement direct (prime) au lieu d'un subventionnement indirect (abattement) en matière de mobilité durable.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Roth. An nächste Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Ech wéilt fir d'Éischt mat engem Merci och ufänken un d'Joëlle Elvinger. Mir wëssen, datt si Expert an der Matière vun de Steieren ass. Si mécht jo des Ëfteren och Rapporten zu deem Sujet, mä ech mengen, hei huet si och wierklech bewisen, datt se déi Matière kennt an datt si wierklech déi ideal Persoun war, fir dëse Rapport ze maachen.

Här President, dës Steierreform bréngt net nëmme Steiererliichterunge fir déi breet Bevëlkerung, mä dës Steierreform bréngt virun allem däitlech méi Gerechtegkeet. Si bréngt méi Gerechtegkeet, well virop d'Mëttelschichten entlaascht ginn, déi de Moment iwwerproportional belaascht ginn. Si stäipt och besonnesch d'Elengerzéier, well dës Bevëlkerungsgrupp besonnesch dem Aarmutsrisiko ausgesat ass. A si ënnerstëtzt geziilt déi Jonk, déi, wéi een dat esou schéi seet, an der „Rushhour" vun hirem Liewe sinn, déi eng Famill grënnen, déi sech wëllen eng eege Wunneng leeschten an déi also hei och ënnerstëtzt ginn, gradesou natierlech wéi och all aner Leit, déi sech wëllen en Eegenheem leeschten.

Et sinn dës Mënschen, op déi d'DP bei dëser Steierreform besonnesch Wäert geluecht huet. An et sinn duerfir och dës Leit, déi besonnesch vun eiser Steierreform wäerte profitéieren. Duerfir kann d'DP dës Steierreform och mat zwou Hänn ënnerschreiwen, ëmsou méi well se och kloer mat eis Handschréft dréit.

An Dir wësst jo, d'DP huet jo praktesch an hirer DNA stoen, datt se eng Partei ass, déi fir manner Steieren a fir méi gerecht Steieren asteet. Mir hunn dat och regelméisseg an eise Wahlprogrammer geschriwwen. An ech si frou, datt mer mat de Koalitiounspartner dës grouss Reform an eis Agenda, an eise Koalitiounsaccord geschriwwen hunn an elo no zwee Joer Preparatioun dann och kënnen ëmsetzen.

Ech mengen, an der Vergaangenheet ass sécher méi wéi eng Kéier vun enger grousser Steierreform geschwat ginn. Et waren och déi eng oder aner Usätz, ech denken un 2008, 2009, et ass vill dru geduecht ginn, et ass regelméisseg dovunner geschwat ginn. Mir hunn net nëmme vun enger grousser Steierreform geschwat, mir liwwere se elo och!

Wat sinn déi Haaptelementer vun dëser grousser Reform? Ech hat et scho kuerz a menger Introduktioun gesot, ech wëll awer elo e bëssen an den Detail goen. Ech mengen, dat, wat wierklech fir eis e ganz wichtegen, vläicht dee wichtegste Punkt ass, dat ass, mir wëllen d'Kafkraaft vun de Mëttelschichten däitlech stäerken. An duerfir hu mer ënner anerem d'Steiertabell, de Steierbarème adaptéiert, dat heescht, eigentlech fir déi vill Stéit aus der sougenannter Mëttelschicht. Wien ass dat? Ma, dat sinn all déi Leit, déi och e bëssen d'Réckgrat vun eiser Ekonomie sinn, dat sinn déi kleng an déi mëttel Akommessen, fir déi hu mer gekuckt an dëser Steierreform, datt se fir déi am meeschte gräift.

Fir dat ze illustréieren, zwee Beispiller: Eng jonk Famill mat engem Kand, mat engem Akommes zesumme vu 60.000 Euro brutto d'Joer - ech mengen, dat ass eppes, wat et awer hei zu Lëtzebuerg ganz vill gëtt -, déi och nach eventuell e Bausparvertrag hunn, déi hunn no der Reform, déi mer elo hei wäerte maachen, 1.466 Euro brutto, also netto méi an der Täsch, bezuelen also, wann een dat a Prozenter ëmrechent, 55% manner Steieren zum Schluss vum Joer.

En anert Beispill aus enger anerer Kategorie: Eng pensionéiert Koppel mat engem Akommes zu zwee vu 54.000 Euro brutto d'Joer - ech mengen, dat ass awer och eppes, wat ee ganz vill kennt -, ma déi bezilt ab deem nächste Joer nach just 718 Euro Steieren, oder déi bezuelen d'nächst Joer 718 Euro manner Steieren d'Joer, an dat sinn dann, ëmgerechent a Prozenter, 22% déi se do manner u Steiere bezuelen, eleng nëmmen duerch de Barème. Wa se nach aner Elementer hunn, kënnt dat nach dobäi.

E lescht Beispill: E Jonggesell an der Steierklass 1, mat engem monatleche Brutto vun 3.500 Euro, bezilt an Zukunft am Joer 1.222 Euro genau Steiere manner oder, a Prozenter ausgedréckt, 25%, also e Véierels manner Steieren d'nächst Joer.

Dat waren also e puer Beispiller. Ech mengen, et ass jo och um Site vum Finanzministère, wou een eng flott Tabell huet, wou een dat ka rechnen.

An och fir et awer nach eng Kéier ze illustréieren, datt mer wierklech gekuckt hunn, fir grouss Efforten ze maachen, fir bei deenen ënneschte Gehälter do e Plus ze maachen, hei nach zwou Zuelen: Een, deen de Mindestloun huet an der Steierklass 1, bezilt an Zukunft 63% manner Steieren. Een, deen de qualifizéierte Mindestloun huet, bezilt 42% manner Steieren.

An ech mengen, dat kann een awer hei nach eng Kéier ënnersträichen: Mir haten nach ni esou eng sozial gerecht Steierreform zu Lëtzebuerg, och well mer eppes ganz Neies aféieren, an zwar de sozial gestaffelte Crédit d'impôt salarial, de sougenannten CIS, mir kennen deen alleguerten. Well op där enger Säit verduebele mer carrément deen CIS vun 300 op 600 Euro fir déi ënnescht Gehälter, respektiv fir déi Leit, déi och keng Steiere bezuelen. Da geet e progressiv erof. A bei 80.000 Euro brutto d'Joer wäert en da komplett auslafen. Ech mengen, dat ass an eisen Aen och eppes, en Akzent vu sozialer Gerechtegkeet.

Fir méi Gerechtegkeet ze suergen, sinn awer och Tauxen uewen derbäikomm, näämlech vun 41% bei engem Akommes vun 150.000 Euro brutto d'Joer an 42% bei engem Akommes vun iwwer 200.000 Euro brutto d'Joer.

Et ass also eng cibléiert Steierreform, well d'Erliichterunge sech op déi kleng a mëttel Akommesse konzentréieren an den Effekt no uewen net ganz ewechfält, mä awer no uewe ganz staark verflaacht.

An da wéilt ech och, ech hoffen, datt den Här Roth nach hei ass...

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, ech sinn nach do.

M. Eugène Berger *(DP).*- En ass nach do. Ech muss awer och soen, ech wëll hei begréissen, datt déi gréisst Oppositiounspartei, am Numm vum Här Roth, sech hei konstruktiv an déi Diskussioun abruecht huet.

Ech muss awer op där anerer Säit och eppes e bësselche bedaueren, Här Roth: Dir hutt eng Rei Virschléi hei gemaacht, d'Reform ass elo am Februar, Mäerz presentéiert ginn, Dir hutt elo eng Rei Proposen hei abruecht. Ech hätt léiwer gehat, och als President vun der Cofibu, wann Der déi Proposen éischter abruecht hätt, dann hätte mer vläicht awer a Rou kënnen iwwert déi Proposen diskutéieren. Dann hätt een och vläicht déi eng oder aner Käschtepunkte kënnen ausrechnen, ech kommen nach dorobber, well dat jo awer och bei Äre Proposen eng kruzial Fro ass, an dann hätt een dat vläicht kënne méi a Rou erausfannen.

Well ech muss ebe soen, haut hu mer kloer Propositioune kritt. Dat ass ze begréissen. An der Vergaangenheet, muss ech soen, datt ech do net ëmmer awer - wéi soll ech soen? - de rouden oder de schwaarze Fuedem erausgesinn hunn aus deenen eenzelne Stellungnamen, déi an deene leschte Méint gemaach gi sinn. Ech mengen, wann een do zum Beispill déi ganz Diskussioun kuckt och vum Käschtepunkt.

Dir hutt elo eng Propos gemaach, fir de Seuil, wou besteiert gëtt, also eropzesetzen op 12.000 Euro. Do ass zum Beispill déi grouss Fro, wéi een déi dann awer géif finanzéieren. Wat ass de Käschtepunkt dovunner? Ech mengen, eng éischt Aschätzung - ech hunn och kuerz elo scho mam Finanzminister do Récksprooch geholl, hie kann dat och elo net soen, dat mussen d'Verwaltunge kucken -, mä dat schéngt awer trotzdeem e relativ grousse Käschtepunkt mat sech ze bréngen.

Bon, Dir hat, Här Roth, wéi gesot,...

M. Gilles Roth *(CSV).*- Däerf ech Iech hei ënnerbriechen?

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Mir hu mat dem Finanzminister, den Här Wiseler an ech, elo kuerz geschwat. Et ass net esou, dass, wann een ënnen de Montant exonéré, also dee Betrag, ab deem een eréischt Steiere bezilt, wann een deen an d'Luucht setzt, dass dat sech géif duerch de ganzen Tariff mat de Prozentsätz duerchzéien. Well dat géif effektiv deier ginn. Hei ginn...

M. Eugène Berger *(DP).*- Et ass awer fir all Akommes, wou et awer spillt.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo. Mä dat spillt fir all Akommes: 8% vu 735 Euro. Dat ass näämlech déi Differenz vun 11.265 bis op 12.000 Euro. A mir hunn och versicht, dem Finanzminister eisen Amendement ze erklären. An dat ass eis Propos.

M. Eugène Berger *(DP).*- Also, wéi gesot, et ass op alle Fall schued, datt mer dat esou spéit kréien.

(Interruption)

An nach ass et awer och elo schwiereg. Also, wéi gesot, mir schéngt et, datt dat awer och, wann dat net herno op déi nächst Échelone spillt, zitt et sech awer duerch all d'Gehälter bis bei déi lescht Gehälter.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et ass och schued, datt mir net d'Berechnunge krute vun deenen eenzelne Moosnamen, déi hei sinn. Déi krute mer nach ëmmer net.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, Här President, et ass awer dann d'Fro: Wat soll eis dann dat Ganzt kaschte respektiv ass d'CSV da prett...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass zwar eng gutt Fro.

M. Eugène Berger *(DP).*- ...fir dee Präis? Dat ass déi gutt Fro. Well den Här Gilles Roth huet de 14. August 2015 am „Lëtzebuerger Wort" - gesitt Der, an deene grousse Vakanze liest een dann och heiansdo méi intensiv oder et schreift een och méi -, den Här Roth hat deemools geschriwwen, dat war also d'lescht Joer, wann et hinne géif nogoen, da kéint een 800, 850 Milliounen do asetzen.

Wann ech awer de Spëtzekandidat, de Claude Wiseler, op där enger oder anerer Plaz an de Medien, op der Télevisioun oder, ech mengen och, am Konvent héieren hunn, dann huet deen awer an der Vergaangenheet ëmmer gesot, eis Reform, déi wier eigentlech awer ze vill deier, dat wier net ze maachen.

Wann een dann awer och nach derbäihëlt déi Propos, ech kommen herno nach eng Kéier drop zréck, bei der Betribsbesteierung, datt een déi och wéilt, oder datt d'CSV déi wéilt erofsetzen op 15%, dat géif also och nach en zousätzleche Käschtepunkt bréngen, datt een do also awer herno, mengen ech, Schwieregkeeten hätt, fir all Är Proposen dann awer ënnert dee Montant, dee mir eis ginn hunn - wou mer soen, dat ass e realistesche Montant, fir eng Steierreform kënnen ëmzesetzen, dat kënne mer eis leeschten -, datt bei Äre Propose mer do herno hannen net erauskommen.

Dir hutt dann och nach effektiv aner Proposen...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Berger, Dir hutt den Här Roth direkt ugeschwat gehat...

M. Eugène Berger *(DP).*- Sécher.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ... wéinst enger Ausso. Ech ginn him dann d'Wuert, fir dat ze preziséieren.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här Berger, Dir hutt mech net ënnerbrach, ech hunn dat ganz gentil fonnt, ech wëll et wierklech och net maachen, mä just wann Der dat direkt uschwätzt, mengen ech, sollt ech och direkt an dësem Kontext drop reagéieren. Et ass richteg. Ech sinn och frou, dass Der haut nach d'„Lëtzebuerger Wort" vu virun annerhallwem Joer...

M. Eugène Berger *(DP).*- All Dag eng Lecture fir mech.

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...am Kapp hutt. Sengerzäit hunn ech dat natierlech mat menge Moyens de bord missen aschätzen. Dat, wat ech ageschat hat, dat war 15% Tariffadaptatioun, well dat sensiblement deem Rechnung gedroen hätt, wat d'Inflatioun war tëschent 2009 bis geschat 2017. 15% vun engem gesamte Steieropkommes op der Akommessteier vu véier Milliarden, dat sinn déi ronn 600 Milliounen Euro.

De Punkt ass deen, dass eigentlech déi Propos - mir hunn et och eréischt d'lescht Woch gesinn - indirekt vun der Zentralbank mat duerchgerechent ginn ass. Déi hunn dat als Déchet fiscal théorique, oder constaté hu si dat gemaach, an dat ass den Zeenario 4 op der Säit 100 vum Bericht vun der Zentralbank, well näämlech och eng Rei vu Gewerkschaften an d'Chambre des Salariés dat gemaach hunn. Dat si 573 Milliounen Euro, mat dem Steierkreditt dran, Droits constatés. An dat ass hire Berechnungen no deeselwechte Käschtepunkt wéi déi Steierreform, déi Dir elo gesot hutt.

Ech sinn awer frou, dass d'Regierung déi Spëtzesteiersätz, déi deemools scho vun der CSV - bon, vu mir, et war a mengem perséinlechen Numm -, suggeréiert gi sinn, näämlech vun 41% an 42%, ech mengen, dat huet jo och e gewësse Courage erfuerdert, dass d'Regierung déi iwwerholl huet.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Dat ass dann och en zweet Stéchwuert fir mech. De Spëtzesteiersaz, dat ass jo eng vun deenen anere Proposen, déi Der gemaach hutt. Ech muss soen, datt ech awer, erlaabt mer, datt ech erstaunt war, wéi Der dat d'lescht Woch och beim „Face à face" op RTL déi éischte Kéier do an d'Woschuel bruecht hutt. Ech hat dee Moment gemengt, dat wier eng Propos, e bësschen eng kéng Propos vum Steierexpert vun der Oppositiounspartei. Mä haut krute mer jo awer confirméiert, datt d'CSV dozou steet. Ech huelen un, datt dat dann de Konsens, ech kucken op den Här Mosar, datt dat dann de Konsens...

(Interruption par M. Laurent Mosar)

...an der CSV ass.

Bon, ech muss soen, datt ech awer, net nëmmen ech, mä och aner Leit hei am Land, verwonnert waren iwwert déi Propos respektiv och haut e bësse verwonnert sinn. Ech mengen, mir wëssen, an der Vergaangenheet huet d'CSV an - ech gestinn dat och an - d'DP huet och ëmmer an der Vergaangenheet dofir plädéiert, datt een eigentlech éischter de Spëtzesteiersaz soll méi spéit usetze respektiv de Spëtzesteiersaz en tant que tel eigentlech soll erofsetzen. An ech mengen, a fréieren Zäiten ass dat och emol zesumme mat der CSV an der DP gemaach ginn. Wéi gesot, ech huelen dat dann zur Kenntnis.

Ech weess awer, datt zum Beispill - ech hat gesot, den Här Mosar, dofir hat ech op hie gekuckt - ech weess awer, datt hien an der Cofibu en onermiddleche Vertrieder ass, fir datt manner Belaaschtung soll komme fir Beruffsgruppe mat héijere Salairen. Bon, okay. Mir stellen also op alle Fall...

(Interruptions par M. Laurent Mosar et M. Claude Wiseler)

Voilà! Här Wiseler,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, Här Berger, fuert Dir virun an adresséiert Iech un d'Chamber, da kréie mer net andauernd en Dialog.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Ech wollt nëmme grad dem Spëtzekandidat oder dem Fraktiounschef soen: D'DP ass mat där minimaler Erhéijung vum Spëtzesteiersaz d'accord. Mir droen dat mat an dëser Reform, well mer och der Meenung sinn, datt dat en Element ass vun enger sozialer Selektivitéit. An ech muss och soen, datt awer hei...

Well, fir dat awer och nach eng Kéier ze soen - virdrun hat de Spriecher vun der gréisster Oppositiounspartei och gesot, fréier Reforme wieren do méi gerecht gewiescht -, mä nëmmen um Beispill vum Spëtzesteiersaz muss ech awer soen, bei där Reform vun 2001 oder 2002, do ass zum Beispill de Mindestloun ëm 30% entlaascht ginn. An ech hunn et jo awer hei awer virdru scho preziséiert, bei eis gëtt en ëm 63% entlaascht. An och bei dem ieweschten Taux dann, wat mer elo diskutéiert hunn, deemools sinn, ech soen emol einfach, déi grouss Paien ëm 10% nach entlaascht ginn. Haut gi se awer mat eiser Formule nach ëm 1% maximal entlaascht, wat also ganz wéineg ass, an déi jo och dann iergendeng Kéier ganz ausleeft.

Awer och nach eng Kéier, fir ze soen: Also déi Fro bleift am Raum, wat de Käschtepunkt wier vun deene Mesuren, déi d'CSV dann elo nei presentéiert huet, ob do géif d'Rechnung opgoen. Oder géife se awer kucken eventuell an deem Spill, well ee jo da bei de Betriber de Steiersaz erofsetzt, do also manner kritt, datt se dat dann awer géife kompenséieren op eng gewëssen Aart a Weis bei de Privatstéit? Ech mengen, fir eis ass op alle Fall kloer, datt mir net wëlle bei de Privatstéit an eng aner Richtung goen. Mir wëlle virun allem déi als Éischt entlaaschten.

Dann ass nach eng drëtt Propositioun...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Berger, erlaabt Der...

M. Eugène Berger *(DP).*- Natierlech, Här President.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech wéilt awer just den Här Berger drop opmierksam maachen, datt een ëmmer eis gesamt Propositioune muss kucken, och déi bei der Betribsbesteierung, wou mer vun dem Erofsetze vum Taux d'affichage an der Verbreederung vun der Basis schwätzen. Dir kënnt also net nëmmen déi eng Säit huelen an net déi aner.

Och bei deene Proposen, déi mer haut gemaach hunn, sinn eng Rei Proposen, déi an déi eng Richtung ginn an an déi aner Richtung ginn. Dat ass fir eis, fir den Équiliber och ze fannen. Mir hunn eng ganz Rei Propose gemaach, wou mer méi Steieren erakréien, fir déi Plazen ze kompenséieren, wou mer aus Gerechtegkeetsgrënn da wëlle manner Steiere bezuelen (veuillez lire: ophiewen). Wann Der Är Calculle maacht, fannen ech, datt Der sollt de ganzen Tableau maachen.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, mä mir sinn eis, Här President, datt elo...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et ass de ganzen Tableau, deen zielt duerno.

M. Eugène Berger *(DP).*- ...datt elo bei deene Proposen awer och d'Oppositioun - ech verstinn och, datt se do vläicht net all déi Moyenen huet -, awer net genau kann da rechnen oder virleeën, wéi vill dat géif kaschten. D'Fro bleift am Raum,...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Neen! Här President...

M. Eugène Berger *(DP).*- ...d'Fro bleift am Raum, Här President, mir sinn eis awer do eens, d'Fro bleift...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann Dir Iech dauernd un ee vun de Kolleegen adresséiert, däerf ee sech net wonneren, dass et hin- an hiergeet.

M. Eugène Berger *(DP).*- Neen, ech wenne mech un d'ganz Chamber. Neen, Här President, ech hunn einfach nëmme gesot: D'Fro bleift am Raum, wéi vill de Käschtepunkt ass vun deene Proposen, déi elo déi gréisst Oppositiounspartei presentéiert huet. Déi kënne si och net selwer chiffréieren, duerfir hunn ech Verständnis.

Ech bleiwen nach wie vor der Meenung, mat deenen Elementer, déi ech elo hunn, an do wäert eis vläicht de Finanzminister och haut de Mëtteg verschidden Elementer kënne liwweren, datt dat awer sécherlech net manner ass wéi eis Steierreform, mä datt et éischter vläicht méi ass. A wann et manner sollt sinn, wou dann awer do géif den Équilibrage gemaach ginn. Dat ass dann och en Element. An da géif ech dann awer, wann Der erlaabt, weiderfueren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Just eng lescht Bemierkung vum Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech ginn dem Här Berger recht, datt d'Oppositioun, well se déi technesch Moyenen net huet, déi Finanzéierung (veuillez lire: d'Berechnung) vun deem, wat se proposéiert, net am Detail ka maachen. Dat ass sécherlech e Problem fir eis, en technesche Problem, dee mer net geléist kruten.

Wat ech par contre net verstinn, dat ass, datt mer d'Detailer vun der Regierung net kréie vun deene Propositiounen, déi si virleeën. Si huet all déi technesch Moyenen.

M. Eugène Berger *(DP).*- Also, Här President, ech wier op alle Fall frou gewiescht, wa mer also och schonn d'Detailer vun de Propose vun der CSV Woche virdru gehat hätten. Da wier, mengen ech, och de Minister prett gewiescht, fir déi och kënnen duerchzerechnen, fir datt een déi zwee...

(Interruption)

...Modeller huet. Bon, op alle Fall dann en anert Element, fir nach bei de konstruktive Propose vun...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Berger huet eleng d'Wuert!

M. Eugène Berger *(DP).*- ...vun der CSV ze bleiwen. Do huet den Här Roth d'lescht Woch, mä och haut, ech zitéieren, vum „Unfug stock-options" geschwat a fir do eppes ze ënnerhuelen. Bon, ech fannen dat interessant. Hien huet dat jo virdru gesot, datt hien eigentlech eng Circulaire vum fréiere Finanz- a Premierminister elo haut als Unfug, oder datt dat als Unfug ausgeaart ass, bezeechent. Bon, ech stellen einfach fest, Här President, datt déi Erkenntnis relativ spéit kënnt, well jo awer déi Circulaire säit 2002 besteet a si gouf och vum nächsten CSV-Finanzminister, dem Luc Frieden, confirméiert. Ech wier eigentlech frou, wann haut nach de Luc Frieden géif hei an eise Bänke sëtzen, fir ze héieren, wéi hien déi Situatioun géif aschätzen, oder ob hien och déi Propos géif maachen.

Ech weess just - well een eigentlech net vu Leit awer soll schwätzen, déi net hei sëtzen a sech net kënnen dann eventuell verteidegen -, ech weess just, datt 2012 eng Question parlementaire zu den „stock-options" gemaach gi war, et war vun engem Oppositiounspolitiker vun deene Gréngen, wann ech dat richteg an Erënnerung hunn, an deemools huet de Finanzminister Luc Frieden a senger Äntwert eng Rei Explikatioune ginn. Mä en huet awer keng, wierklech keng - 2013 war d'Äntwert do, also virun, ech soen emol graff dräi Joer -, do huet e keng Undeitunge gemaach, fir de System wëllen ze änneren.

Duerfir fannen ech awer elo, datt een dann op eemol no 14 Joer seet, dat wier elo Unfug, d'accord, mä et ass awer da relativ laang, wou ee gebraucht huet, fir déi Erkenntnis ze kréien.

Ech mengen, wat de Meritt vun dësem Finanzminister awer ass, vum aktuelle Finanzminister, datt deen elo dee ganze Regimm vun den „stock-options" op de Leescht hëlt, fir ze iwwerpréiwen, ob dee System, dee jo eigentlech urspréinglech geduecht war, fir nei Entrepreneuren op Lëtzebuerg ze zéien, ob deen nach sengem Zil gerecht gëtt. Duerfir huet en och - et ass net nëmmen, datt ech dat hei soen, mä do si konkret Saache geschitt -, de Finanzminister huet un d'Steierverwaltung am Dezember d'lescht Joer eng Circulaire erausginn, fir sech dann d'Situatioun vun den „stock-options" genau unzekucken. A wann dës Analys ofgeschloss ass, wat am Laf vum nächste Joer wäert dann de Fall sinn, da wäerte mer och kucken, fir déi néideg Konsequenzen ze zéien.

Bon, méi generell wëll ech awer och soen, datt et fir eis kloer ass, datt mer generell d'Steierhannerzéiung, oder loosse mer soen, Steieren, déi een op eng méi oder manner kauscher Aart a Weis versicht ze évitéieren, datt mer dat net kënnen toleréieren. An dat brénge mer och zum Ausdrock an dëser Steierreform, andeems mer nei Mesuren huelen am Beräich vun der Steierhannerzéiung respektiv an der Fraude fiscale.

Ech mengen, regelméisseg ginn dem Stat Sue verluer, doduerjer datt Leit oder Entreprisen net hir geschëlte Steiere bezuelen. Dat ass éischtens net legal, mä dat ass och ongerecht an inakzeptabel vis-à-vis vun deenen aneren éierleche Bierger, déi éierlech och hir Steiere bezuelen. Duerfir also dee Regimm bei der Fraude fiscale aggravée a bei der Escroquerie fiscale.

Déi Systemer ginn elo en place gesat. D'Administratioun krut och zousätzlecht Personal, fir dat da kënnen ze kontrolléieren.

Och hei ass et net kloer, wann een domadder ufänkt, wivill do kann zousätzlech an de Statsbudget erakommen. Et gëtt awer emol estiméiert, soen ech, datt do awer 30, jo alt bis 50 Millioune kéinten an d'Statskeess kommen. Mir mussen also an den nächste Jore kucken, wat dat da bréngt.

Här President, der DP, der Demokratescher Partei war et och wichteg, fir de Steiersystem de Realitéiten, muss ee soen, vun der heiteger Gesellschaft unzepassen. Eis Gesellschaft huet evoluéiert mat neien Elementer, mat neien Entwécklungen, op déi een och an enger Steierreform reagéiere muss. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg ronn 6.700 Stéit, déi monoparental sinn. Dat sinn 9% vun all eise Stéit, also bal 10% vun all de Stéit. An dat si 5% vun der Gesamtpopulatioun mëttlerweil.

A mir wëssen och, datt déi meescht Monoparentaux Frae sinn, déi jo och dann an där Situatioun, wa se nach Kanner mussen erduerchhuelen, dem Aarmutsrisiko besonnesch ausgesat sinn. An duerfir war et eis och wichteg, fir do eppes ze maachen, well déi eis och um Häerz leien. Och do hu mer ugesat, andeems mer de Crédit d'impôt monoparental verduebelt hu vu 750 Euro op 1.500 Euro d'Joer. An och hei hu mer awer dernieft nach e sozial selektive Kritär abruecht, datt also ab engem Akommes bis 35.000 Euro dee Crédit d'impôt monoparental verduebelt gëtt. Da gëtt e liicht zréckgefouert, mä bei 105.000 Euro brutto d'Joer bleift en op 750 Euro an e gëtt awer net ofgeschaaft. Also och do bleift en awer bei 750 Euro bestoen, einfach ebe gesot, fir op déi speziell Situatioun an eiser Gesellschaft verstäerkt anzegoen.

Wann ech soen, de Steiersystem un d'Realitéite vun haut upassen, dann ass et eigentlech och dat Element vun der optionaler Individualiséierung ab 2018, wat do e wichtegen neie Punkt ass. Ech mengen, der DP - mir haten dat och an eisem Wahlprogramm stoen, dat ass kee Geheimnis - war et wichteg, do en éischte Modell kënnen anzeféieren. Ech mengen, et ass jo dann de System oder de Prinzip, datt all Partner seng Steiere bezuele kann, ouni awer eppes, op alle Fall bei eisem Modell, ouni awer datt een, wann een dann de System wiesselt, eppes par rapport zu deem, wéi een an der Steierklass 2 besteiert ginn ass, verléiert. Et ass einfach eben eng Upassung un d'Realitéit, well haut - dat ass e Fait, ech wëll dat net beuerteelen - ëmmer méi bestuete Koppelen auserneeginn, iwwert d'Halschent, laut deene leschte Statistiken. Mir maachen eigentlech och elo eppes fir déi bestuete Koppelen, wat et scho bei deene gepacste Koppele gëtt. Sou kann also jiddwereen, dee wëllt, och an engem Bestietnis seng eege Rechter, seng eegen Obligatiounen och opbauen. Mir sinn eis och bewosst, datt dat hei eng éischt Etapp ass, en éischt Element ass, wat een an Zukunft muss weider ausbauen.

Eng weider Prioritéit vun der DP sinn d'Mesuren am Logement, déi mer och an dëser Steierreform wäerten ëmsetzen, well mir wësse jo, datt grad fir déi jonk Leit et net ëmmer ganz einfach ass, fir sech en Eegenheem ze leeschten. Jo, de Logement, dee bleift eng vun deene gréissten Erausfuerderungen an eiser Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg, zu Lëtzebuerg insgesamt. An ech mengen, mir wësse jo och, de Logementsminister, de Marc Hansen, dee schafft all Dag ganz äifreg a fläisseg dodrunner, fir d'Offer méi grouss ze maachen. An et kéint een elo eng Rei Beispiller huelen, ech ginn do net drop an. Mä op alle Fall, ech mengen, dës Reform, déi huet verschidde Mesuren, fir eben am Beräich vum Logement kënnen do weider Méiglechkeeten ze ginn.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Do ginn et eigentlech zwee Aspekter bei de Mesurë vum Logement. Op där enger Säit ass et esou, déi Säit vun der Offer géif ech soen, fir datt mer d'Leit incitéieren, méi Bauterrainen oder Immobilien op de Marché ze ginn. Duerfir déi temporär Mesure vun engem Véierel Quart taux, wann een eng zweet Immobilie oder wann een en Terrain weiderverkeeft. Dat ass och eng Mesure, déi op annerhalleft Joer begrenzt ass. Si leeft also Enn 2017 aus. Firwat? Fir datt also elo eng gewëssen Dynamik do drakënnt. Well an der Vergaangenheet war schonn esou eng äänlech Mesure, a mir hunn, wann een de Bilan mécht, gesinn, datt een dat als e ganz positiven Effekt kann hunn, wann een dat begrenzt mécht.

An dann déi aner Mesuren, deen anere Volet vun de Proposen an der Steierreform, wat de Logement betrëfft, dat ass dann éischter awer, fir déi Leit geziilt ze ënnerstëtzen, déi sech wëllen en Eegenheem leeschten. Déi zwou Mesurë kuerz nach eng Kéier widderholl: De Plaffong fir d'Bauspuere gëtt fir Leit ënner 40 Joer vu 672 Euro op 1.344 Euro verduebelt an d'Zënse vun engem Immobilieprêt, déi ee ka steierlech ofsetzen, ginn dann och no uewen aneschters méi favorabel gestaffelt.

Et gëtt och eppes gemaach fir de soziale Wunnengsmaart: Wann een zum Beispill eppes verlount an et verlount een dat iwwer eng konventionéiert Organisatioun, déi am soziale Beräich täteg ass - ech denken zum Beispill un d'Agence immobilière sociale, mä och bei de Gemenge ginn et heiansdo Formullen -, da kritt een déi Revenuen nëmmen zu 50% besteiert.

Ech mengen, wa mer bei der Locatioun sinn, wëll ech och nach eng Kéier kuerz rappeléieren d'Subvention loyer, wou mer och de Leit do kënnen ënnert d'Aerm gräifen. Ech mengen dann och nach eng Kéier, well ech hunn am Ufank vill dovunner geschwat an och d'Rapportrice huet dat ënnerstrach, datt et wierklech déi éischt Steierreform ass, wou wierklech ganz vill Akzenter op sozial Selektivitéit a sozial Gerechtegkeet geluecht ginn. Ech kann dat net oft genuch widderhuelen. An och hei zum Beispill am Logement gesäit een, datt dat och erëm, datt déi sozial Aspekter hei ganz staark am Vierdergrond stinn.

Ech wëll dann och op eng Mesure kuerz ze schwätze kommen, well dat awer an deene leschte Wochen och déi eng oder aner Diskussioune verursaacht huet. Dat ass haaptsächlech vun de Gewerkschafte monéiert ginn, eigentlech dee Punkt, datt elo hei an dëser Steierreform eng Gläichstellung, net eng Diskriminatioun, mä eng Gläichstellung kënnt vun der Besteierung tëschent de Frontalieren an de Résidenten hei zu Lëtzebuerg.

Ech wëll dat eng Kéier kloer ënnersträichen, datt dat guer näischt mat Diskriminatioun ze dinn huet, wat mer hei an dëser Steierreform do maachen! Et ass einfach, datt mer - et ass jo Steierrecht - d'Leit, d'Frontaliere genau op d'selwecht Recht a Flicht setzen, wéi d'Lëtzebuerger Résidenten. Virdru war een zum Beispill als Frontalier an der Steierklass 2, et huet

een awer net missen uginn, ob nach ee géif och schaffen, wat de Salaire wier. Déi sinn dann einfach do zu engem gewëssene Montant besteiert ginn, wat awer net de Fall war fir d'Lëtzebuerger Résidenten. A mir setzen eigentlech also déi zwou Saache komplett op deeselwechten Niveau. Et ass also net e Privileeg, deen een elo engem ewechhëlt. Et ass eigentlech nëmme Steiergerechtegkeet, déi mer och hei schafen, well souwuel d'Frontaliere wéi d'Lëtzebuerger Résidenten op genau därselwechter Basis besteiert ginn.

Ech mengen, eng aner Fro, déi ass och virdrun ugeschnidde gi vu mengem Virspriecher, d'Steierklass 1A respektiv, ech géif awer soen, déi sensibel Problematik vun de Wittleit. Dat ass jo oft awer verbonnen och nach da mat Schicksalsschléi. Dat ass eng kritesch Matière. Mä och duerfir hu mer awer gekuckt, wa mer och net mat allem vläicht konnten do de Leit entgéintkommen, déi och hei an d'Chamber komm sinn, mä mir hunn awer och gekuckt, fir de Wittleit entgéintzekommen. Ech mengen, éischtens gi se jo nach wärend zwee, dräi Joer an der Steierklass 2 besteiert. An dann hu mer awer och gekuckt, fir... Natierlech, dat muss een och soen, déi Leit profitéieren insgesamt awer vun all de Benefisser vun där neier Steiertabell. Si profitéieren och vum CIS. An do hu mer awer och dann e System geholl, deen da virun allem déi Leit ënnerstëtzt, déi méi am Besoin sinn, datt do de Crédit d'impôt pour pensionnés no soziale Kritären och verduebelt ginn ass. Ech mengen, do profitéieren déi och dervunner.

D'Weeserent gëtt an Zukunft och steierfräi. An och, dat wëll ech awer och hei erwäänen, en Abattement op d'Frais de domesticité, déi déi Leit eventuell méi an Usproch huelen, sief dat, datt se gehollef kréie bei der Gaardenaarbecht a bei soss Aarbechten, do gëtt och verduebelt op 5.600 Euro, also en Abattement vu 5.600 Euro.

Här President, e weidere Volet vun dëser Steierreform ass déi nohalteg Mobilitéit. Dës Regierung mécht insgesamt ganz vill héich Investitiounen am Ausbau vum éffentlechen Transport. D'Regierung investéiert och ganz massiv an d'Infrastrukture vun der Elektromobilitéit. Iwwer 800 Borne solle bis 2020 kommen. An dat muss een och an deem ganze Kontext awer gesinn, datt een dann also en plus, wann een esou Mesuren hëlt, muss kucken um steierlechen Niveau och dann d'Leit ze incitéieren, fir op d'Elektromobilitéit ëmzesteigen. Duerfir sinn déi verschidde Mesuren, wann ee sech en Elektroauto uschaaft, awer och e Vëlo, e Pédélec, och hei virgesinn.

A mir hunn och eng aner Mesure geholl, déi awer och ganz am Sënn vun der Nohaltegkeet ass. Dat betrëfft, datt déi steierlech, ech géif emol soe Virdeeler, déi an der Vergaangenheet bei den Autoen, déi iwwer Leasing fueren - an dat sinn der ganz vill hei zu Lëtzebuerg; ech mengen, et sinn iwwer 22%, soe mer hei meng Zuele vum Fuerpark, déi esou awer gefuer ginn -, datt een also do awer gekuckt huet, déi Autoen, déi méi verschmotzen, datt déi och steierlech an Zukunft méi belaascht ginn. Ech mengen, d'Zil muss et sinn, datt een och insgesamt wa méiglech iwwerhaapt vum Bensinn erofkënnt, mä virun allem och, datt ee vum Diesel ewechkënnt, datt een op méi schadstoffaarm Bensinner respektiv Elektro- oder Hybridgefierer kënnt.

Här President, ech kommen dann zu der Betribsbesteierung. Wat Betribsbesteierung betrëfft, muss een eigentlech de But hunn, datt een natierlech op där enger Säit de Betriber versicht entgéintzekommen, datt se kompetitiv bleiwen. Op där anerer Säit wësse mer awer och, datt d'Betriber och en Deel an eis Statskeess bréngen, Recetten, op déi mer net kënne verzichten. Et geet also drëms, fir do en Équiliber ze fannen. Mir brauchen d'Betriber. Dat ass d'Réckgrat vun eiser Ekonomie. Mir mussen do also awer och kucken, datt mer fir déi e Mëttelwee fannen. Mir wëssen och, datt dat internationaalt Émfelt amgaangen ass sech ze veränneren. An duerfir hu mer also och missen am Hannerkapp déi Froe behalen. Ech mengen, et ass nach net kloer, wat alles wäert elo an den nächste Méint a Joren um internationale Plang do passéieren. Eventuell musse mer och dann nach eng Kéier Adaptatioune maachen.

Ech mengen, Lëtzebuerg muss attraktiv bleiwen, ouni awer, datt een dann op där anerer Säit an den Dumping verfält. An ech mengen, duerfir huet de Finanzminister eng ganz räsonabel Approche gewielt, Dir kennt se allegueren, an zwou Etappen: fir d'Éischt d'nächst Joer op 19% an d'iwwernächst Joer dann op 18%. Wéi gesot, ech hat mech schonn domadder befaasst.

D'CSV hat eng Propos, fir direkt op 15% erofzegoen. Bon, wéi gesot, ech ginn net nach eng Kéier an déi Diskussioun an. Mir mengen, datt dat awer e bësse kéng ass a virun allem och, datt mer do de Moment awer net genau wëssen, wat dat awer vu Pertë sinn, datt een do deen Équiliber, fir sech awer kënnen eng Steierreform esou emol ze leeschten, datt et da schwiereg ass, fir deen ofzeschätzen. An op där anerer Säit, wéi gesot, musse mer och einfach kucken, datt een dann och déi international Evolutioun am A behält.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech wëll och soen, datt mer awer trotzdeem eng Rei ganz kloer nei Verbesserunge gemaach hu fir d'Betriber. Ech denken do zum Beispill un déi kleng an d'Start-up-Betriber. Déi profitéieren op alle Fall och vun dëser Reform. Well do gëtt zum Beispill den IRC bei deene Betriber, déi en Imposabel vu maximal 25.000 Euro d'Joer hunn, dee gëtt do op 15% erofgesat. Et ginn nach aner Entreprisen (veuillez lire: Mesuren), ebe fir den Entrepreneursgeescht, Startuppen hei zu Lëtzebuerg - Bonification d'investissement an esou weider, ech ginn net elo an den Detail drop an -, fir déi méi attraktiv ze maachen.

Eng aner Mesure, op déi ech wëll hiweisen, dat ass déi Problematik, datt Betriber, Familljebetriber riskéieren, ëmmer méi rar ze ginn hei zu Lëtzebuerg. An och do huet d'Steierreform gekuckt, fir eppes ze ënnerhuelen, fir eben déi, ech soen emol Transmissioun oder d'Weiderreeche vun esou private Familljebetriber, datt een do... Well déi Familljebetriber, wann een awer kuckt och zum Beispill a sech d'Nimm duerch de Kapp goe léisst hei zu Lëtzebuerg, ob ee mam Autobus fiert oder wat och ëmmer, bei de Bäcker geet, do sinn awer nach, dat sinn awer Pilieren, muss ech awer soen, vun der Lëtzebuerger Ekonomie, datt een also do Konditioune schaaft, fir datt déi kënne weiderbestoen. An duerfir hu mer dann och hei ageschriwwen, datt keng Plus-value ugerechent gëtt, wann eng Entreprise op déi nächst Generatioun iwwergräift. Dann eventuell och muss ee kucken, wann dat vläicht net direkt e Member aus der Famill ass.

An dann, Här President, wëll ech als leschte Punkt nach eng Kéier op déi Fro ze schwätze kommen, déi an de leschten Deeg nach ganz intensiv diskutéiert ginn ass; och de Riedner vun der CSV ass jo virdrun nach eng Kéier ganz vehement dorobber agaangen a verschiddene Punkten. Déi eng Fro ass déi: Kënne mer eis dës Steierreform iwwerhaapt leeschten? Wat ass den Impakt op de Budget?

Ben, wéi gesot, ech hat scho gesot, datt ech nach wie vor, ech ginn elo net méi weider drop an, net esou richteg weess, wat d'Propositioune vun der Oppositiounspartei ausmaachen. Ech mengen, mir hu versicht, hei en Équiliber ze fannen, Mesuren, déi mer eis kënne leeschten, wou de Budget herno nach opgeet. An et muss ee jo awer och wëssen, datt mer duerch déi Steierreform och wäerten eng Rei Retouren hunn an d'Ekonomie, datt, wann d'Leit méi Suen an der Täsch hunn, wéi een op Lëtzebuergesch seet, se sécherlech och do prett sinn, dann erëm méi auszeginn.

Mä ech well hei ganz kloer soen: Mir hunn deen néidege Spillraum, fir dës Steierreform, wéi mir se proposéieren, kënnen ëmzesetzen. Mir leien de Moment bei enger Verscholdung 2016 vun 20,5%. Virun dräi Joer waren et der nach 23,5%. An och an absolutten Zuelen ass d'Statsschold zréckgaangen. D'Scholdespiral ass also domadder gebrach. Mir hunn eng Wirtschaft, déi gutt dréit, datt een also do muss drop setzen. An ech wëll och betounen, datt déi Budgeten, déi mer geschriwwen hunn, datt dat net Fantasiesbudgete waren, datt mer déi ëmmer exakt exekutéiert hunn, datt mer ëmmer Punktlandunge gemaach hunn, wéi een dat esou schéi seet, datt mer also d'Defiziter am Grëff hunn. D'Konjunktur dréit a mir hu genuch Spillraum. A mir fannen och, datt mer dann dat, wat do erwirtschaft gëtt, datt mer och d'Leit dobausse sollen drun deelhuele loossen, un där gudder Situatioun hei zu Lëtzebuerg, well si och jo en Deel dovunner mat erwirtschaft hunn.

Datt mer eis dës Steierreform leeschte kënnen, gesi mir awer net nëmmen eleng esou, Här President. Et ass och zum Beispill den FMI, den Internationale Währungsfong, deen dat esou gesäit. Et ass och d'Europäesch Kommissioun, d'Kommissioun vum Jean-Claude Juncker, déi dat esou gesäit, déi gréng Luucht ginn huet derfir. A mat dëser Steierreform respektéiere mer all d'Kritäre vu Bréissel, wat d'Stabilitéit vun de Statsfinanzen ugeet. Domadder gehéiere mer zu deene fënnef eenzege Länner an Europa, deenen dat geléngt. Ech wëll och nach eng Kéier rappeléieren, datt mer vun de Ratingagenturen och den Triple-A weiderhi behalen. An ech mengen, mir si mat Däitschland déi Eenzeg, déi dat maachen.

An ech wëll och wierklech bieden, opzehale mat där Saga, mir géifen de Leit elo anscheinend eppes erëmginn, wat mer hinne virdrun ewechgeholl hätten! Dat ass net de Fall! Ech kéint dat un e puer Beispiller gutt illustréieren. Ech hat dat och hei bei mengen Notten nach gekuckt. Zum Beispill, wa gesot gëtt, do hu mer jo eng ganz Rei Mesuren ëmgesat iwwert den Zukunftspak. Do muss ee wëssen, wann een do den Detail kuckt, an deen ass geliwwert ginn, datt do eng ganz Rei Sue gespuert gi sinn eben duerch Mesuren zum Beispill beim Stat selwer. Dat geet vu Fonctionnementskäschten, fir Imprimanten, Reeskäschten an esou weider, well de Stat seng eege Gebaier benotzt an net loune geet, datt do eigentlech immens vill Suen awer dann en plus sinn an der Statskeess an datt mer dat also net bei d'Leit siche gaange sinn.

Och hate mer eng temporär Steier agefouert, wou mer konkret d'nächst Joer wäerten - 2017, jo! -, konkret wäerten déi gratis Kannerbetreiung aféieren. An duerfir war déi jo och nëmmen temporär. A wann een do kuckt, dann hätt een also iwwert déi Steier 65 Euro an deene leschte Jore bezuelt bei enger Persoun, déi 3.000 Euro - fir ee Beispill ze nennen - verdéngt. Déi kritt awer elo iwwert d'Steierreform beim Barème, déiselwecht Persoun, ech hat et virdru scho gesot, 991 Euro iwwert d'Steierreform. Dat ass also eng grouss Differenz, déi d'Leit also hei méi kréien. Et ass net, datt een op där enger Säit eraus géif huelen an op där anerer Säit dann dat géif einfach esou emol zréckginn. Ech wëll einfach nach eng Kéier kuerz ënnersträichen: Bei dëser Steierreform wäerte mer d'Leit wierklech méi ënnerstëtzen, hinnen däitlech méi Kafkraaft ginn, eppes Neies hei ginn.

An dann zum Schluss wëll ech och nach eng Kéier op den Avis vun der Zentralbank kommen, vun der Banque centrale kommen, deen d'lescht Woch, och nach haut de Moien also fir Opreegung gesuergt huet.

Ben, ech muss awer soen, Här President, ech fannen et scho speziell, wann dann deen Avis presentéiert gëtt, datt do dropgespronge gëtt - et sinn 254 Säiten -, ouni sech wierklech domadder ausenanerzesetzen, wat dann déi Diskrepanz do ass an den Zuelen. Ech ginn elo net op all d'Detailer an, mä fir et einfach ze soen, datt all Mënsch dobaussen et och versteet, well d'Leit hu mech dobaussen och heiansdo gefrot: „Jo, wéi hunn déi dann dat gerechent?" Mä ouni elo an den Detail ze goen: Firwat déi verschidden Zuelen?

Mir wëlle ganz einfach... Ganz banal: well et ënnerschiddlech Methodologië sinn! D'Methodologie vum Finanzministère ass déi vun der Base caisse, well mer jo och aschreiwen, wat dat am Budget kascht. Dat ass jo och, well mer esou déi Zuelen op Bréissel musse schécken, fir datt se guttgeheescht ginn. An déi Method vun der Zentralbank ass eng aner. Dat ass déi Berechnung nom Prinzip Droits constatés. An dat ass also eng aner Method. An ech mengen, et weist jo och, wann ee kuckt, et ass dat éischt Joer, wou dann déi Zuelen, jee no Method, eben aneschters ausgesinn. Mä wann een op de moyen Terme kuckt, kommen déi zwou Zuelen eigentlech erëm méi oder wéineger zesummen.

Dat ass also, fir do also deen Avis ze huelen, fir Polemik dorauser ze maachen, fannen ech, dat ass awer trotzdeem, muss ech soen, en onwürdegt Spektakel, Här President, virun allem vis-à-vis - well virdru si jo och hei Beamten zitéiert ginn, well et ass jo net de Minister, deen déi Zuelen ausrechent -, virun allem vis-à-vis vun enger Steierverwaltung a vun hire Beamten, loyale Beamten, déi scho laang do schaffen, déi ëmmer esou gerechent hunn. A mir vertrauen op alle Fall dem Know-how an den Estimatioune vun deene Beamten aus der Steierverwaltung.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Eugène Berger *(DP).*- An 2017, wa mer d'nächst Joer wäerten de Budget hei ofschléissen, da wäerte mer jo och gesinn, wat fir eng Zuelen déi richteg waren. Also Rendez-vous Enn 2017, fir ze kucken, wie recht hat!

Här President, ech hunn nach zwou Minutten, duerfir erlaabt mer, fir datt ech dann...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- „Ech fannen dat onwürdeg": Wann een dat zu eis seet, da wëll ech awer eppes dozou soen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, da sot dat duerno.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Da soen ech et duerno. Et ass mer egal.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo. Den Här Wiseler ka sech jo d'Wuert froen, da kann en dat herno soen.

(Brouhaha)

Also ech kann nëmme soen, déi hei Zuelen, dat sinn Zuelen, déi vun de Verwaltungen ausgeschafft gi sinn, an datt mir op alle Fall deene vertrauen.

Här President, ech kommen dann zum Schluss.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat heescht, datt d'Zentralbank...

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, den Här Gibéryen ka sech och herno d'Wuert froen. Ech hunn elo grad erkläert, datt et zwou verschidde Methodologië sinn. Et kann een net Äppel mat Bire vergläichen!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Da musst Der awer vläicht de ganzen Avis liesen. Do explizéiere se et.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, ebe genau, et muss een de ganzen Avis liesen. Do steet...

(Brouhaha)

Et muss een de ganzen Avis liesen. Do steet zum Beispill...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Berger, loosst Iech elo net bëieren. Jiddweree kritt herno d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, ech kéint labber och déi Diskussioun nach méi wäit féieren, wann een dann all d'Elementer géif vun deem Avis kucken. Do steet éischtens dran, dat hunn ech och elo grad gesot gehat, datt mëttelfristeg déi Zuelen erëm zesummekommen an, wat jo och interessant ass, datt zum Beispill d'Banque centrale den Effekt vun der Steierreform op den Defizit vum Zentralstat manner grouss aschätzt wéi zum Beispill d'Verwaltung.

Oder, wann ee kuckt a Prozent vum PIB, wat do - wéi soll ech soen? - d'Inzidenz vun dëser Steierreform ausmécht am Verglach zum Beispill mat anere Steierreforme vun de Jore virdrun. Zum Beispill 2002 - ech huelen déi, well mir jo do mat an der Verantwortung waren - hate mer eng Steierreform, déi hat eng Inzidenz vun 2,1% op de PIB. Dës Steierreform, déi mer haut maachen, déi wesentlech méi sozial gerecht ass, wou mer wesentlech méi Kafkraaft ënnert d'Leit bréngen, déi huet 0,7% op de PIB.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Sot Dir. Dat sot Dir. Mä d'Banque centrale seet 1,5%.

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, da kucke mer d'Zuelen nach eng Kéier no an da wäerte mer dann herno gesinn, wie recht behält! Här President, ech kommen... Den Här Wiseler kann herno nach eng Kéier da säi Standpunkt hei erkläre kommen. Rendez-vous 2017, wa mer d'Konte kucken an effektiv kucken, wat den Impakt vun dëser Steierreform am Joer 2017 op de Budget war.

Här President, d'Regierung mécht eng Steierreform, déi méi Gerechtegkeet schaaft an déi dofir de finanzielle Sputt, dee mir eis ginn hunn, och notzt. Dës Steierreform ass eng responsabel Reform mat Aemooss, déi finanziell op zolitte Féiss steet, well d'Regierung sech duerfir d'Méiglechkeet erschafen huet.

Dës Steierreform ass eng Verbesserung fir d'Privatstéit hei am Land, well mir hinnen däitlech méi Kafkraaft zréckginn. Si ass eng Verbesserung fir Jonker, déi ënnerstëtzt ginn, wa se sech en eegent Heem wëlle leeschten oder fir den Alter virsuergen. Et ass eng Verbesserung fir d'Elenge erzéier, déi ënnert d'Äerm gegraff kréien, fir besser déi zwee Enner zesummenzekréien. Dës Steierreform ass eng Reform, déi der Wirtschaft zeguttkënnt an de Betriber Moyene fräi mécht, fir ze investéieren. Dës Steierreform ass eng sozial gerecht Steierreform, déi jiddwerengem eppes bréngt.

Vill hunn an der Vergaangenheet vun esou enger Reform geschwat a gedreemt. Mir schwätzen an dreemen net nëmmen dovunner, mir liwweren a setze se ëm!

Här President, d'Regierung an de Finanzminister am Besonneschen hunn hei eng exzellent Meeschterprüfung ofgeluecht, där menger Fraktioun nëmme ka voll a ganz zoustëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann huet elo den Här Wiseler d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här President, ech wëll just eng ganz kuerz Remarque maachen. Ech kann net akzeptéieren, wann hei e Riedner seet, et wär onwürdeg, wann eng Oppositiounspartei d'Zuele vun der Banque centrale benotzt, fir eng Rei Froen ze stellen. Ech fannen et eng absolutt Normalitéit, datt mir als Oppositiounspartei dat Zuelematerial, wat mer vun deenen Institutioune kréien, déi beoptragt sinn, Analyse vum Zuelematerial ze maachen, datt mer dat kucken, datt mer dat analyséieren an datt mer déi Froe stellen, déi doraus ze stelle sinn.

Mir hu festgestallt, datt tëschent deenen engen an deenen anere grouss Differenze sinn. Ech weess net, wie recht huet. Mä ech fannen et awer meng Aufgab, wann déi Differenzen do sinn, déi Froen ze stellen!

Da kréie mer eng Äntwert, déi seet: Mä et ass just eng Differenz vun de Methoden. An ech soen lech, wann ech den Avis vun der Banque centrale liesen, déi schwätzt säitelaang iwwert déi Differenz vun de Methoden, seet awer gradesou kloer, datt déi grouss Differenz, déi hei an den Zuelen erauskënnt, sécherlech net just eng Differenz ass vun de Methoden. Mä si seet, datt se hei en Écart important hätten a si sech interrogéiert „sur le caractère réaliste des estimations du Gouvernement". Den Text vun der Säit 165 vun der Banque centrale.

Datt mir eis dann doriwwer Froe stellen, ouni emol deelweis eng Konklusioun doraus ze zéien, fannen ech awer normal. A fir dat hei als onwürdeg ze bezeechnen, datt mer eis Aarbecht maachen, esou wéi mer se musse maachen, fannen ech inakzeptabel!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Et ass onwürdeg!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dann huet elo d'Wuert den Här Bodry a soss keen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President, mir gesinn 2017, wat fir eng Zuelen déi richteg waren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dann zielt emol Ären Tableau richteg zesummen, da wësst Der, wéi eng Zuelen...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech probéieren dann, hei e bësse méi Rou an déi Debatt eranzebréngen an och e puer Elementer vun Objektivitéit...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Bonne Chance!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- ...an déi ganz Diskussioun eranzebréngen, andeem mer och net nëmmen an d'Zukunft kucken, mä och e klengen Exkurs an d'Vergaangenheet maachen,...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- ...fir sech da kënnen esou e Bild ze maachen, wéi sech effektiv dës 2017ter Steierreform aschreift an eng ganz Rei vu Steierreformen, déi iwwert déi lescht Jorzéngte gemaach gi sinn. Ech wëll mech hei beschränken op déi zwou, déi zënter 2000 gemaach gi sinn, an de Joren 2001, 2002, respektiv 2008 an 2009.

Fréier Steierreformen, déi hu villes gemeinsam eigentlech, Merkmaler och vun dëser Steierreform. Se hu souwuel d'Haushalter betraff wéi d'Betriber. Si hunn haaptsächlech aus Steiererliichterunge bestanen an de Steiersystem ass eigentlech net op d'Kopp gestallt ginn. En ass korrigéiert ginn op deem engen an op deem anere Punkt, bal war et konjunkturell, bal war et strukturell. An dat ass eigentlech jo och bei dëser Steierreform net anescht!

Déi Steierreform hei ass eng weider Etapp an der Evolutioun vun eisem Steiersystem. An, wat wichteg ass, an dat soll een och am Avis vun der Banque centrale noliesen: No hire Berechnunge verstäerkt dës Steierreform d'Progressivitéit vun eisem Akommessteiersystem wéi och den Émverdeelungscharakter vun deemselwechte Steiersystem. Dat sinn also zwee Ziler, déi duerch déi heite Reform erreecht ginn.

Ech si mer net esou sécher, ech kommen herno nach drop zréck, ob dat och gegollt huet fir déi aner Steierreformen aus der Vergaangenheet.

Selbstverständlech kann een iwwert déi eng oder aner Akzenter vun där Reform hei diskutéieren, iwwer hiert Ausmooss an och den Zäitpunkt, wou déi Reform geschitt. A wéi all Steierreform och virdrun, ass déi Reform hei d'Resultat vun engem Kompromëss tëschent verschiddene Parteien, verschiddenen Usiichten, verschiddene gesellschaftleche Kräften, déi hei an iergendenger Form matgewierkt hu bei der Ausaarbechtung vun där heiter Steierreform.

Wat een net ka soen, ass, dass déi Steierreform net gutt preparéiert gewiescht wär. Si hat als Basis och en Avis vum Conseil économique et social. Et war ee jo bal net méi gewinnt, dass mer nach op Avise vum Conseil économique et social kéinten zréckgräifen. A munches vun deem, wat zréckbehale ginn ass, fënnt duerchaus och säin Nidderschlag an deem Avis vum Conseil économique et social.

An ech mengen, dass et also och wichteg war fir dës Koalitioun, well hei hu sech och d'Geeschter gescheet op eenzelne Punkten. Ech fannen et och ganz normal, dass tëschent politesche Parteie sech d'Geeschter scheeden, wann et ëm eng Steierreform geet, well eng sozialistesch Partei, eng liberal Partei, eng gréng Partei sécherlech aner Zilsetzungen an enger Steierpolitik hunn, eng wéi déi aner. Dat ass sécherlech och de Fall fir eis.

Fir eis geet et net nëmmen drëm, dofir ze suergen, dass de Stat genuch Suen huet, fir all senge Missiounen eigentlech kënne gerecht ze ginn iwwert d'Steieren. Mä et geet och sécherlech ëm eng Émverdeelung, déi gemaach gëtt. An et geet och ëm eng Steierung an eenzelne Politikberäicher, déi ee kann iwwert de Steiersystem maachen.

Och an deem Sënn, mengen ech, dass dat gëllt, wat e Beobachter vun der politescher Zeen, dee jo net kann an de Verdacht geroden, dass e besonnesch positiv dëser Koalitioun géintiwwersteet, de Chefredakter vum „Lëtzebuerger Wort" a fréiere Chefberoder vum Jean-Claude Juncker als Statsminister, geschriwwen huet. Als spontan Reaktioun, wéi dës Regierung hir Propositioune vun der Steierreform dohinnergeluecht huet, huet e gesot: Et ass eng gutt virbereet a großzügig Reform.

An déi éischt Aschätzung, déi gemaach ginn ass, mengen ech, déi stëmmt sécherlech och haut nach. An et wär gutt gewiescht, wann och d'CSV als gréissten Oppositiounspartei dat vläicht méi unerkannt hätt an eigentlech net duerch d'Erofrattere vun de gemeinsame Punkten, déi eigentlech awer 90% vun där Reform ausmaachen, an duerch e Konzentréieren op déi 10%, wou mer eis vläicht net honnertprozenteg eens sinn, den Androck gëtt, wéi wann déi Reform hei eigentlech net vill géif daachen. De Contraire ass de Fall: Déi Reform hei, déi daacht eppes!

Déi Reform hei, déi kënnt och fir keen iwwerraschend. Déi kënnt fir keen iwwerraschend, well d'Parteien, déi dës Koalitioun ausmaachen, hire Wahlprogramm, an deem mer déi Steierreform virgesinn haten, de Koalitiounsaccord dës Steierreform och vu vireran eigentlech virgesinn hat an och souguer de Wahlprogramm vun der CSV eigentlech déi Steierreform och virgesinn hat.

Sou wéi se och d'TVA-Erhéijung virgesinn hat, huet se och d'Steierreform virgesinn. A genau also dat, wat se elo kritiséiert, dass mat där enger Hand géif eppes ewechgeholl ginn a mat där anerer géife mer eppes ginn, genau dat war eigentlech dat, wat konform war zum CSV-Wahlprogramm vun 2013: fir d'Éischt eng Erhéijung vun der TVA an da méi spéit, jee no de Possibilitéiten, eng méi grondleeënd Reform, haaptsächlech vun der Akommessteier a vun der Betribsbesteierung.

Genau dat mécht dës Regierung! Mä well et vun der Regierung kënnt, ass et schlecht. A wann d'CSV et gemaach hätt an hirem Wahlprogramm, da wär et richteg gewiescht. Hei gëtt mat zweeërlee Mooss jugéiert an ech fannen dat net gutt. Duerfir mäi Wonsch, zur néideger Objektivitéit an der Debatt hei erëmzefannen.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Wat geännert huet, dat ass wouer, ass, dass d'Regierung, opgrond vun deenen Donnéeën, déi se 2013 zur Verfügung hat, déi nei Regierung an de Verhandlunge festgeluecht hat an hirem Programm, dass déi heite Steierreform sollt käschtenneutral sinn. Si hunn dat gemaach opgrond vun deem, wat deemools d'Prognose waren, wéi sech déi wirtschaftlech Situatioun an déi budgetär Situatioun an deenen nächste Jore géifen entwéckelen.

Ech hu mer d'Méi gemaach, et nach eng Kéier nozesichen. Wat waren dann deemools d'Previsiounen, 2013, wéi d'Regierung déi doten Décisioun geholl huet? Deemools war gemengt ginn - ech bezéie mech hei op de Pacte de stabilité et de croissance, dee Programm, deen nach ënnert där viregter Regierung zu Bréissel eragereecht ginn ass am Abrëll 2013 -, do war gerechent ginn: 2014 e Wuesstum hei zu Lëtzebuerg vun 2,2%, 2015 vun 1,7% an 2016 vun 3,4%.

Déi lescht Zuelen, déi mer elo hu vum Statec, déi soen: 2014 +4,7% Wuesstum, 2015 +3,5% Wuesstum an 2016 +3,7%, fir d'nächst Joer +4,2%. Et kann ee bal soen, dass praktesch eng Verduebelung vum reale Wuesstum tatsächlech agetraff ass par rapport zu deem, wat ee konnt mengen Enn 2013 opgrond vun deene Previsiounen.

An dat gëllt natierlech och fir den Emploi. Den Emploi, wou gemengt ginn ass, dee géif vläicht ëm 1,2% pro Joer an d'Luucht goen. Haut wësse mer, dass en ëm 2,5% bis 3% an d'Luucht gaangen ass an deene leschten dräi Joer. De Chômage ass och méi däitlech erofgaangen, wéi gemengt gi war: vu 6,9% op 6,2% viraussiichtlech am Joer 2017.

An och d'Scholdesituatioun huet sech anescht entwéckelt, wéi nach gemengt gi war am Joer 2013. Am Joer 2013 war virgesinn - et ginn déi Pabeieren nach ëmmer, interessant nozeliesen -, dass an dem Zäitraum 2014 bis 2016 sollten dräi Milliarden Emprunten zousätzlech opgeholl ginn. Dës Regierung huet an deem Zäitraum keen neien Emprunt opgeholl, si huet souguer e klengen Emprunt vu 400 Milliounen zréckbezuelt!

D'Statsschold, war gemengt ginn, géif 2016 bei 27,9% vum PIB leien. Haut läit se bei manner wéi 21% vum PIB. Et ass also eng grondleeëend aner - glécklecherweis! -, méi positiv Entwécklung, wéi gemengt gi war 2013.

An duerfir, mengen ech, dass et erklärlech ass, firwat dës Koalitioun vun dem Prinzip vun der Käschtenneutralitéit ewechgeréckelt ass an eng Steierreform mécht, déi net nëmmen aus Steiererliichterunge besteet, awer déi gréisstendeels aus Steiererliichterunge besteet.

D'Konklusioun ass also, dass an eisen Ae Plaz besteet haut, fir déi dote Steierreform hei ze maachen, dat eben, well mer haut 2016 wëssen, datt déi wirtschaftlech a budgetär Situatioun besser ass, wéi dat virausgesi gi war. Dat ass zréckzeféieren op déi besser international Konjunktur, ass awer och zréckzeféieren op déi Politik, déi vun dëser Koalitioun an dëser Regierung an deem dote Beräich gemaach ginn ass an deene leschten dräi Joer.

Déi zweet Fro, déi sech stellt, déi gestallt ginn ass: Ass dës Steierreform ze großzügig? Geet se ze wäit? Dat ass eigentlech jo d'Haaptkritik, déi bis elo ëmmer vun der CSV geäussert ginn ass, déi ech awer elo am Här Roth sengem Discours net méi esou richteg erëmfonnt hunn.

Den Här Wiseler huet nach am Ufank vun dëser Woch op RTL deklaréiert, déi ganz Steierreform, déi wär nëmmen op Pump opgebaut, déi ganz Steierreform wär, wéi déi gesamt Budgetspolitik, irresponsabel. Bon, komescherweis hunn ech elo an de Wierder vum Här Roth déi dote fundamental an éischt Kritik vun der CSV net méi erëmhéieren.

Wahrscheinlech hänkt dat domadder zesummen, dass se selwer elo Amendementer proposéieren zu där heiter Reform, an da passt et natierlech net, dass ee fundamental eigentlech d'Nécessitéit vun der Reform a Fro stellt, wann ee gläichzäiteg wëllt nach zousätzlech Ausgaben hei tätegen oder manner Einnahmen a Kaf huelen an eenzelne Beräicher.

Mir sinn der Meenung, dass dës Reform net ze großzügig ass, dass deen Ordre de grandeur vu ronn enger hallwer Milliard - no Berechnung vun der Regierung, wat den Impakt wär, an do sinn natierlech eng ganz Rëtsch vun Inconnuen nach dran -, dass mer déi staark Impulser brauche fir eis Kafkraaft, dass jiddweree wäert herno um Enn vum Mount méi rescht hu vu senger Pai oder vu senger Rent.

Dat gëllt besonnesch fir Klengverdénger a fir de Mëttelstand. An et kann een dovunner ausgoen, dass dat fir ganz vill Leit, déi sech an de mëttleren Akommesberäicher hei zu Lëtzebuerg bewegen, alt bis zu 200 Euro de Mount wäert ausmaachen, wat deen Eenzelnen hei, oder déi eenzel Koppel hei eigentlech manner Steiere bezilt, zemools wa se och nach kann op eenzel Elementer vun der Steierreform, déi méi gënschteg ginn, zréckgräifen.

Dat ass also dat zousätzlecht Geld, wat wichteg ass, mengen ech, soufern dat zu Lëtzebuerg méiglech ass, dat dem Handel an der Wirtschaft och hei am Land wäert zeguttkommen, wat sech also och wäert erëmspigelen an engem bessere wirtschaftleche Wuesstum, verbonne mat der Indextranche, wou ech elo mengen, hei kënnen ze soen - ech hu laang dozou näischt gesot -, dass se effektiv an den éischte Méint vun 2017 wäert ausbezuelt ginn.

Mat der Erhéijung vum Mindestloun, déi hei vun der Chamber décidéiert ginn ass; dem Rentenajustement, dee kënnt, dem Ofschloss an der Fonction publique an anere Gehälterofkommessen, déi an der Diskussioun sinn, kann een dovunner ausgoen, dass 2017 wäert en exzeptionellt Joer ginn, wou déi real Kafkraaft hei zu Lëtzebuerg wäert steigen an engem Mooss, wéi dat hei zu Lëtzebuerg vun 2008 bis haut net de Fall war, wou mer éischter eng Stagnatioun haten an der Moyenne vun der realer Kafkraaft.

Dat wäert sech fundamental änneren, ënner anerem och duerch dës Reform am Joer 2017. An et ass, mengen ech, ganz wichteg, dass mer dee positiven Akzent, wat jo och en Zeeche vu Vertrauen an d'Zukunft vun dësem Land ass, dass mer dee setzen a verstäerken duerch déi Steierreform, déi hei proposéiert gëtt.

Fir eis war natierlech och de Fait, wéi gerecht déi Steierreform hei ass, e wichtege Punkt. A mir hu probéiert och an deenen Diskussiounen, déi mer an der Koalitioun haten, déi dote Gesiichtspunkten an de Vierdergrond ze stellen.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

D'Notznéisser vun der Reform sinn, an dat war d'Zilgrupp, déi Kleng- an déi Mëttelverdénger. Mä selbstverständlech, wéi bei all Reform, déi um Barème vun de Steieren opbaut, profitéieren och déi Leit, déi méi verdéngen, automatesch am Prinzip vun all deene Modifikatiounen am Barème, déi s de fir déi ënnescht an déi mëttel Kategorië méchs, well och een Deel vun hirem Revenu selbstverständlech an déi doten Tranchë fält.

Dat heescht, alles wat geschitt, an duerfir fannen ech déi CSV-Iddi, fir eppes un der ënneschter Tranche ze maachen, net glécklech, well dat zwar och deenen Ënneschte profitéiert, mä virun allem awer jiddwereen dovu profitéiert. Et ass natierlech e bëssen de Géisskaneprinzip. Wann s de ënnen eppes un der Tranche méchs, well all Revenu déi doten Tranche huet, wäert jiddwereen dovunner profitéieren, och déi Leit, déi 20.000, 30.000 Euro de Mount verdéngen, wäerten och vun deene puer Euro profitéieren, déi Der wëllt enger Kategorie ginn.

Wann Der eppes hätt wëlle maachen, hätt Der onbedéngt misse mam Crédit d'impôt schaffen. Et ass genau dat Instrument. Well mir hunn déi dote Fro jo och diskutéiert ënner eis. Et ass jo villes diskutéiert ginn. Vill Iddie sinn diskutéiert ginn. A mir hunn eis schlussendlech décidéiert, wéinst dem Käschtepunkt vun esou Moossnamen, déi s de an den ënneschten Tranchë vum Barème méchs, fir deenen ze hëllefen, wou s de awer u sech och deene Leit manner Steieren nozebezuele gëss, deenen s de eigentlech net wëlls manner Steieren ze bezuele ginn, hu mer eis décidéiert, fir hei op dat Instrument vun der Negativsteier, vum Crédit d'impôt zréckzegräifen.

Do mengen ech, mir sollen dobaussen awer och soen, wat dat ass. Dat ass ville Leit net bewosst vläicht. De Crédit d'impôt, dat ka sech a Geld erëmspigelen. Dat heescht, wann s du selwer keng Steieren ze bezuelen hues oder ganz wéineg Steieren eigentlech ze bezuelen hues, duerch de Crédit d'impôt kanns de Suen ausbezuelt kréien. Et ass praktesch wéi eng Subventioun fir Leit mat ënneschte Gehälter. An dat ass, mengen ech, wierklech dat geziilt Instrument, technescht Instrument, wat richteg hei agesat gëtt vun där heiter Reform.

D'Regierung geet hin a si verduebelt am Prinzip deen dote Crédit d'impôt a si setzt e selektiv an. An dat ass e Feeler vun enger viregter Reform gewiescht, déi mer matgemaach hunn, fir dee Crédit d'impôt duerch sämtlech Revenuen duerchzezéien! Hei gëtt ebe gekuckt: Mir konzentréieren dat, mir loossen en uwuessen, da geet en erëm erof, bis bei méi héije Gehälter, do spillt de Crédit d'impôt selbstverständlech net méi. Dat ass en Element vu konkreter Selektivitéit, déi bei viregte Reformen net agefouert ginn ass. Dës Regierung mécht et!

An ech verstinn d'CSV net! Wann ënner engem CSV-Minister e Crédit d'impôt agefouert gëtt, dann ass et den Nec plus ultra vun der Sozialpolitik. Wann dës Koalitioun dohinnergeet, si verduebelt de Crédit d'impôt a si mécht e selektiv, dann ass et eng falsch Politik! Ech kann déi dote Logik vun der CSV beim beschte Wëllen net verstoen!

Une voix.- Déi ass net ze verstoen.

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här Bodry, Dir verstitt d'Logik net, mä well dat net dat ass, wat mer gesot hunn. Mir hunn ausdrécklech gesot, datt mer mat där Modifikatioun vum Crédit d'impôt d'accord wären.

(Interruption par M. Gilles Roth)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Selbstverständlech, mä Dir maacht awer elo eng Propositioun, déi eigentlech erëm aus där doten Iddi erausbrécht an déi eppes versicht, um allgemengen Tariff ze maachen, wou da jiddwereen no der Strenzepolitik, déi Der soss dénoncéiert hei, erëm eng Kéier dovunner profitéiert. Dat ass menger Ansicht no en Denkfeeler an deem Ganzen, well do wäerten u sech vill Leit dovunner profitéieren, wann dat dote géif duerchgoen, déi eigentlech net brauchen dovunner ze profitéieren.

Dës Kéier gëtt de Spëtzesteiersaz vu 40% op 42% eropgesat. E spillt allerdéngs a méi héijen Tranchen - wéi och schonn dee vu 40% jo net an der Logik ass vun eisem ganze Barème, deen och eréischt ab 100.000 spillt -, hei ab 150.000 oder ab 200.000. An eisem Wahlprogramm, kann ech soen, stoung dran en Taux vu 45% bei 200.000. Elo si mer emol bei 42% bei 200.000 ukomm. Dat war déi berüümtberüchtegt „Räichesteier", déi ëmmer hei décriéiert ginn ass vun alle Säiten, wéi wann dat dat Schlëmmst wär, wat ee sech kéint ausdenken.

Ech gesinn, dass op eemol d'CSV an der Oppositioun Iddie kritt, déi se ni hat, wéi se an der Regierung war! Ech fannen, d'CSV ass esou gutt ginn an der Oppositioun, dass ech mech froen, ob se net soll nach e bësse méi laang drableiwen.

(Hilarité)

Ech mengen,...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här Bodry, d'Fro ass, ob Dir da mat eiser Iddi d'accord sidd oder net.

(Hilarité et brouhaha)

D'Fro ass, ob Dir mat eiser Iddi d'accord sidd oder net, Här Bodry. Do sot Der awer näischt!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...d'Regierung bereet ewell hir Reforme formidabel vir, si kommunizéiert se, déi si voll do, an d'CSV an der Oppositioun, wéi gesot, si erneiert hir Iddien, mécht zum Deel de Contraire vun deem, wat se nach virun dräi Joer préconiséiert huet. An ech fannen, dass dat eng ganz flott Aart a Weis ass, fir d'Aarbecht opzedeelen.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Här Bodry, erlaabt Der eng Fro vum Här Roth, wann ech gelift?

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wann et eng Fro ass, d'accord.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Ech wëll och Iech..., Här Bodry, Dir hutt mech schwätze gelooss, duerfir wëlle mer Iech net ënnerbriechen. Mä wier dann d'LSAP...

(Hilarité et brouhaha)

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech hunn dat eigentlech gär, wann Der mech ënnerbriecht.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Sot, Här Bodry, wier dann Är Partei, d'LSAP, d'accord mat eisem Virschlag, fir d'Spëtzesteiersätz vun 41% an 42% éischter gräifen ze loossen?

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ah, ech fannen déi Iddi ganz sympathesch. Mä ech soen awer och: Hei ass e Gesamtpak an där Steierreform a mir plécken hei net Iddien eraus, fir déi ze änneren. Hei ass en Accord global op der ganzer Steierreform, an dat gëllt fir mech hei. Also ech loosse mech hei net dreiwen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir si frou, datt Dir eis sympathesch fannt, Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech mengen och, Dir léif Dammen an Häre vun der CSV, wéi mer zesummen an der Koalitioun waren, war dat och net anescht, wann d'Oppositioun probéiert huet, hei ze stëppelen!

Une voix.- Jo.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wat ech just soen - dat gëllt fir sämtlech Virschléi, déi hei vun der CSV kommen -, déi Virschléi sinn..., kee vun deene Virschléi fënnt den Nidderschlag am Wahlprogramm vun der CSV a kee vun deene Virschléi war virdru mat der CSV an der Regierung ëmzesetzen!

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech kommen nach drop zréck, op de Spëtzesteiersaz: Do si mer..., no laangen Diskussioune si mer..., war et méiglech, vun 39 op 40 eropzegoen. Mir haten 42% deemools als LSAP gefrot. Mat der CSV war net méi dran! A wéi mer probéiert hunn, fir 2013 nach en Hoff ze maachen - dunn hu mer schonn op 2014 gekuckt, mir wousste jo net, dass et géif esou fréi zu Enn goen -, do war „nada", näischt méi mat der CSV ze diskutéieren!

(Brouhaha)

Den Här Frieden huet net mat sech diskutéiere gelooss, wat de Spëtzesteiersaz ugeet.

An den Här Mosar, kann ech mech erënneren, huet nach virun net allze laanger Zäit op d'Fro, wéi da seng Meenung wär zum Spëtzesteiersaz fir Privatleit, gemengt, dee sollt eigentlech do bleiwen, wéi en ass. Ech gesinn, dass d'CSV also, wéi gesot, sech merklech, merklech verbessert huet an der Oppositioun, wann ech dat däerf vu sozialistescher Säit esou soen.

(Brouhaha, protestations et interruption par Mme Octavie Modert)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An Dir sot haut Neen zu eise Propositiounen, Här Bodry.

(Interruptions)

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här Wiseler, do ginn Iech vläicht Perspektiven op, ech weess et net.

(Hilarité et interruption)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Da loosse mer dat emol aktéieren.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Wann ech gelift, et ass just den Här Bodry, dee schwätzt. An den Här Bodry riicht sech un d'Chamber, wann ech gelift! An dann däerf den Här Bodry weiderfueren.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Zweete Punkt, op deen ech wollt agoen - dat gehéiert och e bëssen zu der Fro, wéi équilibréiert eigentlech déi Steierreform ass -, dat ass: Wie profitéiert eigentlech vun där Steierreform? Wann een do d'Zuele kuckt, da kënnt een zum Schluss, dass iwwer 80% vun deene Steiererliichterungen eigentlech zugonschte vun den Haushalter sinn, vun de Privatpersoune sinn a manner wéi 20% zum Benefiss vun de Betriber sinn.

Dat war net ëmmer esou an der Vergaangenheet. Dat war net ëmmer esou. Wann ech kucken, déi Reform 2001/2002, déi den Här Roth nach als „grouss Reform" bezeechent, dat wär nach eng grouss Reform gewiescht; well do en CSV-Finanzminister war, da waren et grousser. Wann anerer et maachen, da sinn et klenger, well déi Leit ebe méi kleng si wéi d'Leit vun der CSV! Do ass da gesot ginn, dat wär formidabel gewiescht.

Mä liest emol déi Zuelen no! Liest déi Zuelen no, wien do eigentlech am meeschten dovunner profitéiert. Do war en décke Pak fir d'Betriber derbäi, en décke Pak fir d'Betriber derbäi! Deemools ass ënner anerem och den IRC erofgesat ginn. Vun 31 op 21?

M. Gilles Roth *(CSV).*- 29 dat Ganzt…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- 29...? Dat heescht, et ass ëm 8% - dat hunn ech nach verhalen! -, ëm 8% ass den Taux erofgesat ginn. Et ass also en enorme Schratt gemaach ginn, en enorme Schratt! An et gesäit een och, wann een d'Zuele kuckt, wat eigentlech déi Steier do an deenen nächste Joren am Budget nach erabruecht huet: Do ass e Knacks komm, do ass e Knacks komm! Do ass net méi Steier eran-, do ass manner Steier erakomm. Dat waren also echt Steiererliichterungen, déi sengerzäit fir d'Betriber gemaach gi sinn, déi am Fong am meeschte profitéiert hu vun där doter Reform deemools, an d'Privatpersounen hunn, relativ gesinn, manner profitéiert.

An da komme mer an déi Situatioun eran, dass - an dës Reform, déi verstäerkt déi Tendenz net! -, dass u sech iwwert déi lescht 20 Joer zu Lëtzebuerg wéi an allen aneren Industriestaten oder entwéckelte Staten et zu enger Verlagerung komm ass lues a lues vun der Besteierung vum Revenu vun de Betriber hin op d'Besteierung vum Revenu vu Privatpersounen.

Deem ass awer mat deene Reforme virdrun net entgéintgesteiert ginn. Déi Entwécklung huet sech zu Lëtzebuerg weider matgemaach, ass nach verstäerkt ginn duerch d'Kris, wou och d'Betriber manner Benefisser haten, also do och erofgaange sinn, wärend natierlech d'Revenue vun de Leit duerch déi Ofsécherung, déi mir hunn, glécklecherweis nach weider awer an d'Luucht gaange sinn an d'Masse salariale haaptsächlech zu Lëtzebuerg och weider gewuess ass, dynamesch an deene leschte Joren.

Doduerch, dass mer hei also d'Gewiicht, d'Haaptgewiicht ganz däitlech op d'Privatpersounen, op d'Haushalter leeën, déi wäerte vun de Steiererliichterunge profitéieren, schreiwe mer eis net an déi doten Tendenz an a mir versichen, där Tendenz e bëssen entgéintzewierken, andeem mer wuel eppes fir d'Betriber maachen... Do gëllt och fir eis den Engagement, dee geholl ginn ass vun der gesamter Regierung, fir ze soen: Et soll keng allgemeng Erhéijung vun de Betribsbesteierunge ginn, et soll souguer punktuell Erliichterunge ginn. Mä par contre si mer der Meenung, dass dat net ausschléisst, dass et och punktuell Erhéijunge gëtt. An et si jo och Elementer: Bei de SOPAR-Flen zum Beispill ass déi minimal Besteierung iwwert den Impôt sur la fortune, do gëtt jo de Betrag ëm 50% eropgesat. An natierlech brëngt dat och dem Stat méi Einnamen an an et sinn d'Betriber, d'Wirtschaft, déi dat do da mussen opbréngen.

Ech mengen, dass d'Regierung hei dat mécht, wat wichteg ass. Si léisst sech net dreiwen. Si léisst sech net dreiwe vun deem Dumping, wat d'Betribsbesteierung ugeet, wat amgaangen ass, a ganz Europa lasszegoen. Mir wëssen, dass mer eis elo musse bewegen a vläicht och an enger zweeter Etapp weider musse bewegen, deemno wéi déi Entwécklung ass, wann s de d'Kompetitivitéit vun der Gesamtwirtschaft, vun den eenzelnen Aktivitéiten hei am Land wëlls halen.

Mir sinn eis awer och bewosst, dass een do awer net däerf virun de Won lafen an eventuell a Kaf huelen, dass op eemol Honnerte Milliounen Euro manner erakommen iwwert d'Betriber a mer dann entweder mussen zousätzlech léine goen oder déi Sue bei Privatleit erëm eng Kéier an enger zweeter Phas siche goen. Déi Politik wëllt d'LSAP a wëllt dës Koalitioun net matmaachen! Dofir menge mer, dass et verstänneg ass, elo mat dem affichéierte Prozentsaz vun der Besteierung vum Akommes vun de Betriber an zwou Etappe vun 21% op 18% erofzegoe respektiv bei deene Betriber, déi manner Benefiss ausweisen, bis 25.000 Euro d'Joer, dee Schratt op 15% direkt ze maachen.

Mir mengen, dass dat verstänneg ass, wohl wissend - dat ass keng Erfindung vun der CSV, well dat kënnt duerch europäesch an international Texter -, dass natierlech déi besteierbar Basis vun de Betriber wäert eropgoen. Dat braucht Der net ze froen, dat kënnt! Dat kënnt, dat ergëtt sech aus dem BEPS. Dat ass awer och schonn hei berücksichtegt. Wann dat net wär, hätte mer wahrscheinlech dee Schratt hei net gemaach!

Wa BEPS net géif um Dësch leien, hätte mer wahrscheinlech eis net eensgesat an der Regierung: Elo setze mer d'Betribsbesteierung erop (veuillez lire: erof). Dat ware mer nëmmen d'accord, op jidde Fall vun eiser Säit, fir dat doten ze maachen, well mer wëssen: BEPS kënnt, do ginn eng Rei vu Steiernische méi kleng. Also mécht et Sënn, och u sech den affichéierte Prozentsaz do erofzesetzen, fir dass mer net zu enger allgemenger Méibesteierung vun de Betriber kommen, wou mer jo dozou stinn, dass mer dat eigentlech de Moment net wëllen hunn. Dat waren d'Iwwerleeungen zu deem dote Punkt.

Bei den Haushalter, mengen ech, ass et richteg, dass dës Koalitioun - an dat entsprécht och deem, wat bei eis am Wahlprogramm steet - e besonnescht Aemierk wërft op d'Situatioun vun den Elengerzéier. Mir wëssen alleguerten, dass dat déi Grupp ass, déi méi wéi all anert Segment vun eiser Gesellschaft engem akuten Aarmutsrisiko - zu 40% - ausgesat gëtt. Duerfir ass et wichteg gewiescht, dass mer do Efforte maachen, zousätzlech Efforte maachen, déi iwwert dat erausginn, wat elo dee méi gënschtege Barème wäert souwisou als Répercussioun hu fir déi dote Kategorie vu Steierzueler, dass mer bei den Elengerzéier och zousätzlech en Effort maachen, wou mer dee spezielle Crédit d'impôt, dee méi héich ass wéi deen normale Crédit d'impôt, nach eng Kéier och hei géife verduebelen a wou mer och nach iwwer punktuell Ännerungen, wat d'Berechnung vun deem Revenu ugeet, nach zousätzlech Entlaaschtung schafen.

Dat do brëngt, mengen ech, ville Leit konkret eppes, déi an där doter schwiereger Situatioun sinn. Dat do ass e konkret Zeechen, wat d'Bekämpfung vum Aarmutsrisiko hei zu Lëtzebuerg ugeet, dat duerch dës Steierreform gesat gëtt. Et kënnt jo d'Reform vum RMG deemnächst nach mat derbäi. Do kann een also nach zousätzlech Moossname virgesinn, soudass do, mengen ech, e ganz gudde soziale Pak geschnüürt gëtt, fir de Risiko, dass d'Leit an d'Aarmut ofrutschen hei zu Lëtzebuerg, méi kleng ze maachen.

Da sinn eng Partie Iddien dran, wat d'Förderung vum Logement ugeet, vun der Mobilitéit, alles dat rënnt déi Reform hei of. An ech mengen, dass, wann een alles dat kuckt, wann ee kuckt, wéi équilibréiert déi heite Reform ass, wat fir mech keng Selbstverständlechkeet war am Ufank, wéi mer d'Diskussiounen ugefaangen hunn, da mengen ech, dass dat heiten eng Reform ass, déi duerchaus e Plus duerstellt par rapport zu Reformen, déi mer an deene leschte 15 Joer mat ausgeschafft respektiv matgestëmmt hunn.

Wéi gëtt déi Steierreform finanzéiert? Och dat war - wéi gesot, haut manner ze héieren -, mä bis elo ëmmer, zumindest vum Här Wiseler, en Haaptkritikpunkt, wou gesot ginn ass: „Ma Dir finanzéiert dat doten iwwer Schold." Bon, wann dat esou ass, dann däerf een natierlech hei eigentlech guer näischt méi stëmmen.

Mir sinn net der Meenung, dass déi Steierreform hei duerch Scholde géigefinanzéiert gëtt. Mir sinn der Meenung, dass virun allem dee groussen Investitiounsprogramm, dee sech dës Regierung ginn huet, deelweis, wat och richteg ass, iwwer friem Mëttele matfinanzéiert gëtt. Ech betounen nach eng Kéier do: 2013 hate mer en absolutten Déifpunkt hei zu Lëtzebuerg erreecht am Verglach vun deene leschte Joren, wat déi ëffentlech Investissementer ugeet. Mir louchen nach bei ronn 1,5 Milliarden direkten an indirekten Investissementer vum Stat. Elo leie mer bei 2,5 Milliarden. An dat soll jo op deem Niveau fir déi nächst Jore bleiwen.

Mir hunn also praktesch eng Milliard Plus! A wa mer dee Plus net bei den Investissementer hätten, dann hätte mer haut keen Defizit am Statsbudget, dann hätte mer e Boni am Statsbudget! Sou einfach wier et gewiescht, sech schéin no baussen ze markéieren an ze soen: „Majo, mir hunn et fäerdegbruecht, alles ze sanéieren." Neen, mir hunn d'Investissementer eropgedriwwen, wat déi eenzeg richteg Politik ass, iwwregens eng Politik, déi ewell..., mä dat schéngt nach net bei jiddwerengem hei zu Lëtzebuerg ukomm ze sinn. Déi Diskussioun wäerte mer wahrscheinlech d'nächst Woch nach eng Kéier beim Budget féieren.

Déi Politik vun deene Leit, déi nach ëmmer wéi den Här Schäuble an all seng Unhänger hei an dësem Parlament - vum Här Schäuble, där schéngen der vill hei ze sinn, wann ech eenzel Discoursen mer hei op der Zong zergoe loossen - soen: „Spueren, spueren, spueren! Austeritéit, Austeritéit!", dat ass eriwwer!

D'Europäesch Kommissioun ass - fir d'Éischt, ouni et kloer ze soen, duerno, andeems se et kloer sot - eigentlech vun deem Kurs do ofgesprongen. D'Berechnungsmodusse vum Solde structurel hu vill méi Flexibilitéit kritt duerch eng Initiativ, déi d'Kommissioun Juncker och direkt am Ufank geholl huet. Et war en Engagement iwwregens, deen en agaange war, fir och déi Presidentschaft do kënnen unzetrieden. An dat gëtt och esou duerchgezunn.

Dir hutt matkritt, dass d'Kommissiounsmemberen, den Här Juncker, den Här Moscovici an anerer, Länner wéi Däitschland, wéi Holland, wéi Lëtzebuerg opgefuerdert hunn, hir Margen ze notzen, hir Margen ze notzen, fir d'ëffentlech Investissementer eropzesetzen, an net ze fäerten, bei dëse Konditiounen, wou haut kënne Verschëldunge gemaach gi beim Stat, och wierklech eng Verschëldung ze maachen. An dat mécht dës Regierung an hirem Budgetsprojet, mä dat mécht se och zum Deel iwwert déi heite Steierreform, déi och do, dat wëll ech soen, net anescht ausgesäit wéi Steierreforme virdrun.

Ech hu mer och do d'Méi gemaach, e bësse wullen ze goen an ech hunn da gekuckt: Majo, loosse mer emol kucken, déi lescht Steierreform, déi war jo 2008-2009, wéi war dann d'Finanzsituatioun duerno? Et ass décidéiert ginn - 2009 war e Wahljoer, ech mengen, et war esou eppes -, et ass décidéiert ginn: Elo passe mer de Barème, Akommessteier, Privatpersounen, fir d'Éischt emol ëm 6% un; a wéi d'DP sengerzäit an der Oppositioun Kaméidi gemaach huet, do war den Här Juncker deen Éischten, dee gesot huet: „Hei, elo passe mer och nach schnell ëm 9% am Wahljoer nach mat un." D'Rechnung ass fir hien a seng Partei opgaangen.

Also, wann een de Virworf vun Électoralismus an d'Welt setzt, wat d'CSV an anerer jo gäre maachen, soll een emol alles gutt kucken, wat esou an der Vergaangenheet geschitt ass a wien alles déi Reforme matgestëmmt huet. Och eis Frënn vun der ADR waren ëmmer mat derbäi, wann et drëm gaange war auszedeelen, an hu sech wéineg Suerge sengerzäit gemaach, ob dann do misst Schold opgeholl ginn oder net.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass keng Schold opgeholl gi fir déi lescht Steierreform!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ma, emol kucken.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Duerno, duerno.

(Hilarité générale)

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ma mir huelen och elo keng Scholden op! Ma Här Gibéryen, Här Gibéryen! Mir huele jo och elo keng Schold op!

(Interruptions et brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, neen, neen! Här President, däerf ech vläicht eng Fro stellen?

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Här Bodry?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Däerf ech dem Här Bodry eng Fro stellen?

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ma selbstverständlech!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma ech wollt den Här Bodry froen, ob e weess, déi grouss Steierreform vun 2002,...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech hunn elo grad vun 2008-2009 geschwat!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, ech schwätzen vun där vun...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech hunn nach ze schwätzen, da waart nach e bëssen...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech hunn awer elo déi vun 2002...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, ech schwätzen awer elo hei...

(Brouhaha et interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wéi ech gesot hunn, datt Scholden do...

(Brouhaha)

Wéi ech gesot hunn, datt Scholden opgeholl si ginn, do hunn ech déi vun 2002 gemengt. An et waren eis gréng Kolleegen deemools, déi mat Recht bei där Debatt gesot hunn, si géif ze

wäit goen, well mer géifen d'Capacitéit vun de Statsfinanzen do iwwerstrapazéieren. A si haten deemools Recht, well vun 2003 un ass de Statsbudget an den Defizit komm. Et ass déi Reform, déi ech elo gemengt hunn, wéi ech gesot hunn, duerno si mer an den Defizit komm mam Statsbudget a mir hu misse Schold ophuelen.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Also, ech war amgaangen - mä Dir sollt da vläicht besser nolauschteren -, ech war amgaangen, eréischt vun 2008-2009 ze schwätzen. Do wëll ech awer dann och déi Zuelen hei net verheemlechen, well et effektiv esou ass, dass an de Joren 2009 an 2010, dat heescht, wéi déi Reform voll gespillt huet, wou notamment Betribsbesteierungsgeschichten derbäi ware plus déi Totalupassung ëm 15% insgesamt vun der Steiertabell, do hu missen an de Joren 2009 an 2010 insgesamt 2,5 Milliarden Euro geléint gi vun dësem Stat. 2,5 Milliarden hu missen an de Jore geléint ginn.

A wann ech elo d'Argumentatioun vun der CSV vun haut géif iwwerhuelen - wat ech awer net maachen -, wëll ech hinnen da soen, dass zumindest dann awer och wuel gradesou fragwürdeg ass, wat sengerzäit geschitt ass, wéi dat, wat Der haut dëser Koalitioun virwerft. Mä dat kënnt erëm eng Kéier total an dat Schema eran: Wann d'CSV un der Regierung ass, dann ass eng Politik gutt, egal wéi se ausgesäit. A wann anerer eng äänlech Politik maachen, dann ass se a priori emol schlecht.

Et ass dat, woumat ech e Problem hunn, et ze akzeptéieren. Ech kucken dat - ech sot, mir hunn als LSAP déi Reform do matgestëmmt, mä ech sinn awer och à même, se mat engem kriteschen A ze kucken -, ech kucken op jidde Fall dës Reform net méi kritesch wéi déi aner Reformen, well gewësse Virwërf, déi vun Ärer Säit geäussert gi géint dës Reform, déi hätt ee kënne mat därselwechter Violenz virbrénge bei anere Reformen.

Och do wëll ech nach eng Kéier soen, ech kommen nach eng Kéier op d'Joren 2003 an 2004 zréck, well et esou schéin ass: Déi Reform do, dat wësst Der jo, wat deemools gemaach ginn ass! Do ass jo de Spëtzesteiersaz hei vu 46% op 39% erofgesat ginn an dat hat zur Folleg - net wéi bei dëser Reform -, dass déi grouss Notznéisser, déi grouss Notznéisser déi ware mat den décke Revenuen.

Den Här Berger huet et gesot. Déi wierklech déck Revenuen, déi wannen och hei duerch d'Spill vum Barème an duerch d'Ofschafung vun deenen 0,5% Impôt d'équilibre budgétaire, déi bei hinne wierklech 0,5% ausgemaach hunn, wärend bei deene klenge Revenuen net.

(Interruption)

Dat huet 0 bis 0,2, 0,3% nëmmen ausgemaach. Déi sinn...

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Här Bodry, erlaabt Der...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ja?

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Pardon, maacht Äert Räsonnement fäerdeg!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech wär frou, wann ech elo kéint hei meng Développementer zu Enn féieren, och wa Leit dat net vläicht gefält.

(Hilarité)

Dann huet ee gesinn, wat dat ausgemaach huet. Den Här Berger sot, dat mécht an dëser Reform nach 1, 2, 3% aus vun héije Revenuen. Ech hunn hei Zuele matbruecht an, Här President, ech kann déi gären hei der Chamber loossen, offiziell Dokumenter, wat da sengerzäit déi Reform, déi anscheinend esou sozial gerecht war... D'CSV gëtt jo net midd, déi als déi Reform dohinnerzestellen, well et eben den Här Juncker war, dee sengerzäit d'Responsabilitéit fir déi Reform hat. Dat war e grousse Statsmann a Finanzgenie! Abee, do hunn déi Leit mat décke Revenuen, loosse mer emol, hei si mer nach a Frangen, loosse mer kucken, bei 5 Millioune geet dat, sengerzäit 5 Milliounen, déi hu praktesch e Fënneftel vun hirer Steier agespuert, e Fënneftel, 20%! Haut si mer bei 1, 2%.

Nëmme fir ze soen, wann ee vergläicht, muss een, wann ech gelift, déiselwecht Miessstäb uwennen an net hei jee no Konjunktur op eemol de Contraire vun deem soen, wat ee fréier ëmmer behaapt huet. Ech hunn den Androck, dass d'CSV hei vill amgaangen ass, dat ze verbrennen, wat se ugehimmelt huet, an ufänkt, dat unzehimmelen, wat se fréier als Regierungspartei verbrannt huet.

Ech fuere weider a mengem Développement. Ech wollt e puer inhaltlech Remarquen och nach weider maachen zu där heiter Reform, zur Substanz och vun där Reform.

Den Här Roth huet et, ouni ze wëssen, richteg geschriwwen. Dat war awer a sengem Vakanzartikel am August 2015, wou en an engem Moment, wou seng Partei scho gemengt huet, hei géif alles, budgetär Déséquilibere géifen hei iwwerhandhuelen, gesot huet: „Opschwong duerch Entlaaschtung." En huet also e Plädoyer gemaach fir dat, wat elo dës Koalitioun probéiert ze maachen, d'Wirtschaft ze stützen, d'Kafkraaft ze stützen duerch eng Steierentlaaschtung, déi se mécht. An ech fannen et flott, dass mer do déi Iwwereneestëmmung hunn iwwert déi Grondausriichtung vun deem Ganzen.

Et sinn e puer kleng Elementer an der Reform, déi awer fir eis wesentlech sinn an déi weisen eigentlech, wéi seriö dat hei geholl ginn ass, Punkten, wou ee ka soen: Wéisou ass dat net éischter gemaach ginn? Well dat si Phenomeener, déi eigentlech net elo an deene leschten dräi Joer entstane sinn. Dat si gesellschaftlech Phenomeener, déi mer scho méi laang kennen.

Wéisou hunn déi Leit, déi zum Beispill déi direkt Responsabilitéit an deene Ressorten haten, net éischter Virschlléi gemaach, an déi dote Richtung ze goen? Dat gëllt zum Beispill fir d'Besteierung vun de Weeserenten, wou mer gemeinsam décidéiert hunn, fir déi net méi an Zukunft ze besteieren. Dat war iwwregens eng Iddi - kënnt Der Iech erënneren? -, déi wärend dem Hearing hei komm ass bei der Petitioun ronderëm d'Fro vu Wittfraen-, Wittmännerbesteierung hei zréckbehale ginn ass. D'Regierung huet déi iwwerholl a mat integréiert an dës Steierreform.

Och hei e wichtegt Element sinn all Mesuren, déi den Accès au logement solle verbesseren. Och viregt Steierreformen haten esou Elementer dran, mat engem Succès, deen éischter mitigéiert war, well manifestement jo jiddwereen ewell unerkennt - déi eng si vun Zuelen iwwerrannt ginn, déi aner staune weider -, dass mer de Logementsproblem hei zu Lëtzebuerg bis elo net à même wären ze léisen.

Virun allem sinn awer och, mengen ech, eng ganz Rei vu Vereinfachungen an deem heiten Text mat dran, wat dee ganze Volet vun den Assurancen ugeet. Vereinfachunge fannen ech iwwerfälleg. Wéisou huet keen dat bis elo gemaach? Mir soe mea culpa. Firwat ass keen op déi Iddi komm, fir endlech mat deem Quatsch vun der Valeur locative vun der Wunneng opzehéieren an esou och dee Punkt vun de Vereinfachungen ze maachen?

Fir eis ass och wichteg dee Volet Bekämpfung vu Steierhannerzéiung respektiv vu Steierbedruch, deen an déi Steierreform hei mat integréiert ginn ass. Ee vu menge Virgänger, de Jeannot Krecké, huet jo emol dozou viru laanger, laanger Zäit eng ganz Rëtsch vun Iddien ervirbruecht. Säi Rapport ass jo erëm zu neien Eiere komm ronderëm e manner gloriéisen Dossier fir Lëtzebuerg. Mä et bleift nach villes richteg, wat sengerzäit do drastoung. An hei gëtt och esou erëm eng Kéier e klengen Deel vun deem zousätzlech ëmgesat mat den neien Definitioune vun eenzelnen Infraktiounen, wat d'Steierrecht ugeet. Virun allem awer och, besonnesch bei deene méi klengen Infraktiounen, wat d'Steieren ugeet, dass een do alle Steierverwaltungen d'Méiglechkeete gëtt, fir iwwer administrativ Strofe virzegoen an net mussen dee beschwéierlechen a bal ongangbare Wee ze goe vun den normale penalen Instruktiounen a Prozesser. Dat sinn alles Reformen, déi iwwerfälleg sinn. Dës Regierung mécht se, a mir si frou, dass dat esou ass.

Wichteg si fir eis och Punkten, déi mer, mengen ech, an eisem Zukunftspak dran haten. Och d'Kontabilitéitsufuerderungen, déi un eenzel Beruffer geriicht ginn, déi musse mat enger Comptabilité commerciale an Zukunft fueren an net méi mat enger klassescher Keessekontabilitéit, wat jo e bëssen aus engem aneren Zäitalter ass.

Fir eis schéngt och wichteg, dass mer an Europa géife virukommen. Ech gesinn de Justizminister hei sëtzen. Ech weess, dass hie sech och derfir engagéiert, dass mer deen europäesche Parquet kréien, deen och soll aktiv kënne ginn, wa géint d'EU, wann d'EU eigentlech bedupst gëtt duerch Traficotage, wat d'Steieren ugeet, dass mer do endlech dee Blocage ewechkréien. An do sollen duerchaus déi Länner, wa se kënnen déi Zuele maachen, probéieren, do sech an déi éischt Rei ze stellen an dat dann och ëmzesetzen. Och dat ass fir eis schrecklech wichteg.

Mir sinn der Meenung, dass déi Transparenz, déi ewell an déi ganz Geschäfter erakomm ass, deen Austausch vu Steierinformatiounen, dass dat eng gutt Saach ass a keng schlecht Saach ass. An d'Regierung mengt, dass dëst konsequent Virgoen - och den Ausbau vun dem Personal vun deene Verwaltungen, déi op deenen Dossieren do schaffen, och dat ass Bestanddeel vun deem Accord -, dass dat kann dozou féieren, dass zeg Milliounen Euro hei kënne vu Steiere méi erakommen, wéi dat haut de Fall ass.

Eng Neierung betrëfft dann och d'Grenzpendler. Do wëll ech just e kuerzt Wuert dozou soen. Dat si ganz vill Leit. Et sinn eng 160.000, wou mer leie momentan, 160.000 Leit, dréi drënnerfalen. An dat huet natierlech och en Impakt, däers si mer eis bewosst. Do ass aus Vereinfachungsgrënn vu viregte Verwaltunge respektiv vu viregte Regierungen e System virgesi ginn, dee sécherlech administrativ méi einfach ze handhaben ass, mä deen awer fundamental net dem Gläichheetsprinzip virum Gesetz entsprécht, well u sech, deemno wéi d'Situatioune sinn, e Grenzgänger anescht behandelt gëtt an - dat ka sinn - méi favorabel behandelt gëtt wéi e Résident.

Dës Regierung huet sech virgeholl, do dee Gläichheetsprinzip vum Steierzueler, egal wou e wunnt, virun der Steier erëm hierzestellen an huet sech op e Wee beginn, fir do eng Neierung ze maachen, déi eréischt voll géif spillen den 1. Januar 2018, wou dat nächst Joer soll profitéiert ginn, fir all Donnéeën dann ze sammelen, fir dass dee System da kann an engem Joer méi spéit voll spillen. Ech mengen also, dass hei keng Diskriminatioun geschitt mat de Grenzgänger, mä dass hei u sech versicht gëtt, eis Gesetzgebung eenheetlech ze applizéieren, ob ee Résident ass oder ob een Non-résident ass.

Et kann awer sinn, dass sech an eenzelne Fäll doduerjer ganz quokeleg Situatiounen erginn, déi eigentlech mam Gerechtegkeetsprinzip net méi esou liicht ze vereinbare sinn, well et ëmmer ganz individuell Situatioune ginn. Et gëtt jo och zousätzlech, nieft dem Gesetz, Konventiounen, déi anescht mat der Belsch, Däitschland a Frankräich sinn! Et ginn aner Praktike vun de Steierverwaltungen och ronderëm an deenen dote Froen. An ech mengen, dass do ee soll profitéiere vun där Zäit, déi nach bleift, fir do gewësse Konzertatiounen ze féieren a fir u sech derfir ze suergen, dass dee System Gerechtegkeet schaaft an net onbedéngt nei Ongerechtegkeeten am Eenzelfall soll als Folleg hunn. Mir hunn do Vertrauen an d'Regierung, dass se mat deem néidege Fangerspëtzegefill un déi dote Fro erugeet. Mä et ass net ausgeschloss, dass, wann déi Reform do duerchgezu gëtt, dat doten och wäert zu Méieinnamen an der Statskeess féieren an deenen nächste Joren.

Méi Steiergerechtegkeet besteet eigentlech och doranner, dass mer, wat déi Retenue à la source libératoire ugeet op den Zënse vun den Dépôten, dass mer do vun 10% op 20% eropginn, well mer der Meenung sinn, dass mer no an no an e System musse kommen, wou d'Revenue vun der Aarbecht an d'Revenue vum Kapital äänlech besteiert ginn. Dat soll dat laangfristegt Zil sinn. Et kann een et net honnertprozenteg eent zu eent ëmsetzen, mä an déi dote Richtung wëlle mer goen. An do ass natierlech déi Erhéijung hei vun der Steier op den Zënserträg een Element, wat mer an déi dote Richtung maachen.

Eng interessant Neierung, ganz komplex Fro, déi mer och laang diskutéiert hunn, ass déi optional Individualbesteierung, déi hei agefouert gëtt. Ech mengen, dass vill Parteien déi Individualbesteierung an hirem Wahlprogramm stoen haten, och d'CSV hat déi optional Individualbesteierung an hirem Wahlprogramm stoen. Dës Koalitioun setzt dann deen dote Punkt hei ëm.

Dat huet virun allem e symbolesche Charakter fir de Moment, well et an der Praxis a ville Fäll wäert kee richtege Choix ginn, ausser aus Prinzip ass ee bereet, méi Steieren ze bezuelen, well u sech déi Leit, déi bestuet sinn, awer an der kollektiver Besteierung an der Regel besser ewechkommen, ausser si hunn exakt déiselwecht Revenuen, wéi wa se géifen eng Individualbesteierung gären hunn. An duerfir gesi mir an deem Ganzen och virun allem awer eng weider Etapp, eng éischt Etapp, déi gemaach gëtt, wou muss an deenen nächste Jore weiderdiskutéiert ginn, ob ee kann nächst Etappe virgesinn.

De Problem, dee mer einfach haten, war, dass esou en Ëmschwong, wou s de vum Prinzip vun der kollektiver Besteierung vun de Koppelen an eng Individualbesteierung vun deem eenzelne Steierzueler gees, fir immens vill Leit mat méi Steiere verbonne gewiescht wär. An eigentlech nëmme wann s de et fäerdegbréngs, fir d'Klass 1, eng nei Klass 1 esou gënschteg ze maache wéi fréier d'Klass 2, wier eigentlech kee geschiedegt gi bei där doter Reform. A well dat net ze bezuele war an ass, hu mer dovunner ofgesinn.

Dat wëllt net heeschen, dass den Dossier fir d'LSAP definitiv zou ass, mä dat heescht awer, dass mer weider musse schaffen: Wéi kann een an déi Richtung Individualbesteierung goen, déi vum Prinzip hier eigentlech richteg ass, mä wéi brénge mer deen Iwwergang vun dem aktuelle System, deen historesch gewuess ass, zu deem anere fäerdeg, ouni dass mer vill Leit schiedegen? Menger Meenung no ass dat bal nëmmen ze maachen, wa mer mat Stéchdatume fueren a soen: Déi Leit, déi an dem aktuelle System sinn, déi bleiwen dran, éiweg oder eng bestëmmten Zäit, an du fänks ab engem Stéchdatum mat engem neie System un. Mä wéi gesot, mir sinn nach net esou wäit. Ech mengen, dass déi eenzel Parteie sech kënne fir déi nächst Wahlprogrammer do zousätzlech Iddien afale loossen.

Ech komme ganz kuerz och zu der Betribsbesteierung an ech hu munches dovunner gesot. Schonn déi éischt Etapp ass gemaach ginn 2001/2002, 30% erofgesat bis op 22%, do dertëschent nach eng Kéier vun 22% op 21% an elo geet et erof vun 21%, 19% op 18%. Ëmmerhi kann ee soen, d'Besteierung vun de Betriber geet, wann een deen dote Steiersaz kuckt, ëm e Siwentel erof! Ëm e Siwentel geet se erof. Dat ass net näischt. Also mir mengen, dass et à ce stade net méi wäit muss goen, et sief, et géif een de Risiko wëllen agoen, dass de Stat géif vill manner op eemol Steiereinnamen hunn, wéi en der haut huet. Mä et ass selbstverständlech en Dossier BEPS/OCDE, dee mer weider musse verfollegen.

D'SOPARFIen, hunn ech scho gesot, déi ginn nach eng Kéier eropgesat.

Fir eis ass et och gutt, dass mer en éischte Schratt maachen, wat déi Particularitéit vum Lëtzebuerger Steiersystem ugeet, dass een hei zu Lëtzebuerg ka Betribsverloschter onbegrenzt geltend maachen. Dat heescht, theoretesch, wann et en décke Verloscht ass, kann een nach no 30 Joer eigentlech dee Verloscht steierlech geltend maachen. Dat ass schonn e ganz partikulare System. An duerfir fanne mer et gutt, dass hei en éischte Punkt gesat a gesot gëtt: Bis 17 Joer kënnen eigentlech déi nei Investissementer, déi gemaach ginn, a Verloschter, déi gemaach ginn, nach ofgewälzt ginn. Ech mengen, dat entsprécht och där Dauer, déi an den USA an deem dote Beräich besteet.

Richteg fanne mer, dass déi Betriber, déi investéieren, déi zousätzlech investéieren, iwwer eng Bonification d'impôt dat och ugerechent kréie steierlech, wéi mer och der Meenung sinn, dass gewëssen Aktivitéite sollen an Zukunft duerchaus kënne steierlech zousätzlech bevirdeelegt ginn, sief dat an der Recherche/Développement, sief dat eenzel Nischeberäicher, wou et wichteg ass, fir déi Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg ze développéieren. Do fanne mer et gutt, dass do weider Diskussioune lafen, fir esou punktuell geziilt och steierlech Hëllefe fir d'Betriber ze ginn. Ech mengen, dat ass och dat, wat wichteg ass.

Natierlech musse mer ëmmer oppassen, dass mer do nach konform bleiwen zum EU-Recht, well do si mer an deem ganze Beräich net fräi, fir alles esou ze maachen, wéi et vläicht wënschenswäert wär. Do musse mer derfir suergen, dass mer net virgeworf kréien, dass mer hei illegal Statshëllefe géife maachen.

Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mer hu gläich 20 op 12. Ech kommen zu menger Konklusioun. Vun Oppositiounssäit gëtt dëst Virgoen an der Regierung, wat d'Steierreform ugeet, gären als irresponsabel duergestallt. Den Här Wiseler huet dat nach dës Woch gemaach. Fir d'LSAP ass dës Steierreform just de Contraire vun irresponsabel. Et ass eng verantwortlech Steierreform.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dës Regierung, dës Majoritéit iwwerhëlt hir Responsabilitéit, wat d'Stäipe vun der Kafkraaft vun de Bierger ugeet. Si iwwerhëlt déi Responsabilitéit, wat e méi gerechte Steiersystem ugeet. A si iwwerhëlt déi Responsabilitéit, wat och d'Kompetitivitéit vun eise Betriber ugeet.

Et ass also en Zeeche vu Vertrauen, wat mer setzen duerch déi heite Reform, en Zeeche vu Verantwortung, vun Zukunft vun dësem Land an deene Leit, déi hei wunnen a schaffen. Dëst Vertraue solle mer eis net futtimaache loossen duerch éiweg querulant Schwaarzmoler oder Dauerwahlkämpfer. Dat hu mer net néideg.

Duerfir wäerte mer als sozialistesch Fraktioun dës Reform stëmmen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Bravo!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Domadder si mer um Enn vun den Debatte vun de Moien. De Mëtte fuere mer ëm 14.00 Auer weider. An den nächste Riedner sinn ech da selwer,...

(Hilarité)

...soudass ech dann eng Etapp e bësse méi déif sinn.

Domadder hiewen ech d'Sëtzung op fir de Moien.

Une voix.- Très bien!

(Fin de la séance publique à 12.20 heures)

SÉANCE 15

MERCREDI,
14 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 7020 - Projet de loi portant mise en œuvre de la réforme fiscale 2017 et portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;
- de la loi modifiée du 1er décembre 1936 concernant l'impôt commercial;
- de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs;
- de la loi d'adaptation fiscale modifiée du 16 octobre 1934 («Steueranpassungsgesetz»);
- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);
- de la loi rectificative du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015;
- de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;
- de la loi du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines, de l'Administration des douanes et accises et portant modification de

* la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
* la loi générale des impôts («Abgabenordnung»);
* la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes;
* la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines;
* la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale;

- de la loi du 30 juillet 1983 portant création d'une taxe sur le loto;
- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
- du Code pénal;
- de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale;
- de la loi du 27 août 1997 portant approbation du Protocole additionnel à la Convention européenne d'entraide judiciaire en matière pénale, signé à Strasbourg, le 17 mars 1978;
- de la loi du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable;
- de la loi modifiée du 22 frimaire an VII organique de l'enregistrement;
- de la loi modifiée du 13 brumaire an VII organique du timbre;
- de la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur le droit de succession;
- de la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'Administration de l'enregistrement et des domaines;
- de la loi modifiée du 7 août 1920, portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc.;
- de la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession;
- de la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement, de succession et de timbre;
- de l'ordonnance royale grand-ducale du 23 septembre 1841 sur le timbre, l'enregistrement et les droits de succession;
- de la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques;
- de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;
- de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil (suite)
  - *Discussion générale (suite): M. Henri Kox, M. Roy Reding (interventions de M. Eugène Berger et M. Gast Gibéryen), M. Eugène Berger, M. David Wagner*
  - *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de M. Michel Wolter, M. Laurent Mosar, Mme Lydie Polfer, M. Michel Wolter, M. Gilles Roth)*
  - *Votes sur les amendements 1 et 2 (rejetés)*
  - *Amendement 3: M. Gilles Roth*
  - *Vote sur l'amendement 3 (rejeté)*
  - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel, M. le Ministre Etienne Schneider*
  - *Motions: M. Gilles Roth, M. Alex Bodry, M. Eugène Berger, M. Michel Wolter (interventions de M. Alex Bodry et M. Eugène Berger), M. Claude Wiseler*
  - *Votes sur les motions 1 et 2 (rejetées)*

3. Allocution de M. le Président à l'occasion de la visite officielle de SE M. Ivan Brajović, Président du Parlement de la République du Monténégro

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. 7029 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession du Monténégro, signé à Bruxelles, le 19 mai 2016

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol*
- *Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Marc Angel, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar

- *M. Laurent Mosar*
- *M. Marc Angel (motion renvoyée en commission)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Romain Schneider, M. Félix Braz, M. Pierre Gramegna, M. Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.04 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen d'Sëtzung erëm op a spuere mer déi traditionell Fro a ginn direkt d'Wuert weider un deen nächste Riedner, deen den Här Henri Kox ass. Ech erënneren drun, dass mer mëtten am Débat sinn iwwert d'Steierreform.

2. 7020 - Projet de loi portant mise en œuvre de la réforme fiscale 2017 et portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi modifiée du 1er décembre 1936 concernant l'impôt commercial;

- de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs;

- de la loi d'adaptation fiscale modifiée du 16 octobre 1934 («Steueranpassungsgesetz»);

- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);

- de la loi rectificative du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015;

- de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;

- de la loi du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines, de l'Administration des douanes et accises et portant modification de

*** la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;**

*** la loi générale des impôts («Abgabenordnung»);**

*** la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes;**

*** la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines;**

*** la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale;**

- de la loi du 30 juillet 1983 portant création d'une taxe sur le loto;

- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

- du Code pénal;

- de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale;

- de la loi du 27 août 1997 portant approbation du Protocole additionnel à la Convention européenne d'entraide judiciaire en matière pénale, signé à Strasbourg, le 17 mars 1978;

- de la loi du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable;

- de la loi modifiée du 22 frimaire an VII organique de l'enregistrement;

- de la loi modifiée du 13 brumaire an VII organique du timbre;

- de la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur le droit de succession;

- de la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'Administration de l'enregistrement et des domaines;

- de la loi modifiée du 7 août 1920, portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc.;

- de la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession;

- de la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement, de succession et de timbre;

- de l'ordonnance royale grand-ducale du 23 septembre 1841 sur le timbre, l'enregistrement et les droits de succession;

- de la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques;

- de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;

- de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil (suite)

Discussion générale (suite)

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Här President, Merci. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi de Projet vun der Steierreform Ufank des Joers virgestallt ginn ass, gouf vu ville Leit gesot: „Dat do ass jo keng gréng Steierreform."

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Leit, déi dat deemools gesot hunn, an déi Leit, déi dat och vläicht haut nach gesot hunn, hu recht! Mä, et ass net nëmme keng gréng Steierreform, et ass

och keng rout Steierreform, et ass och keng blo Steierreform: Et ass eng Steierreform fir eist Land! Et ass eng Steierreform fir eis Biergerinnen a Bierger!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Am Regierungsprogramm ass Folgendes iwwert d'Steierreform ze liesen - ech zitéiere kuerz: «Le Gouvernement modernisera le système redistributif de notre pays. Pour donner une réponse aux défis de notre société sur le plan familial, social et écologique le Gouvernement réalisera une réforme fiscale combinée à une réforme des transferts sociaux et familiaux.»

D'Steierreform ass also eng vu villen Äntwerte vun eiser Regierung op déi sozioekonomesch an ekologesch Erausfuerderunge vun haut hei zu Lëtzebuerg. Si ass e Resultat vun enger enker a ressortiwwergräifender Zesummenaarbecht vun deenen dräi Regierungsparteien. déi gréng sinn der Meenung, dass et eng gerecht a sozial Steierreform ass, déi och e wichtegen Duerchbroch a puncto ökologesche Lenkungsmesurë beinhalt.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Sozial ass d'Steierreform, well se virun allem deenen ënnert d'Äerm gräift, déi et am meeschte brauchen. Et sinn dëst, ënner anerem, d'Famille-monoparentallen, oft elengerzéiend Fraen, d'Wittfraen an d'Wittmänner an déi Jonk, déi op der Sich no enger eegener Wunneng sinn.

Gerecht ass d'Steierreform, well mat hir d'Steiertabell ugepasst gëtt, de Mëttelstandsbockel ofgeflaacht gëtt a souwuel de Crédit d'impôt wéi och de Spëtzesteiersaz erhéicht ginn. Gerecht ass se awer och, well endlech wichteg Moossname géint d'Fraude fiscale, also d'Steierhannerzéiung, wäerte sënnvoll ënnerholl ginn.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Ökologesch ass d'Steierreform, well se en Duerchbroch bei den ökologesche Lenkungsmesurë fënnt. Et ass fir d'Éischt hei am Land, dass d'Ökologie an enger Steierreform iwwerhaapt emol eng Roll spillt. Dat ass d'Resultat vun enger konsequenter a kohärenter Ëmsetzung vum Regierungsprogramm am Beräich vum Ëmwelt- a Klimaschutz.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Nieft engem Duerchbroch ass et awer gläichzäiteg en Ufank vu Mesuren, déi en direkten Effekt op d'Verhale vun de Leit am Mobilitéitsberäich wäerten hunn. Ech wäert méi spéit a menger Interventioun nach eng Kéier am Detail op d'Mesuren an deene verschiddene Beräicher ze schwätze kommen.

Ech wëll awer elo schonns virgräifen, andeems ech drun erënneren, dass déi verschidde Mesurë vun der Regierung an de Beräicher Sozial- an Ëmweltpolitik sech natierlech net just op dës Steierreform beschränken. Et ass eng Steierreform, wou d'Richtung stëmmt, mat enger konkreter Äntwert op d'Erausfuerderunge vun haut. Mir sinn der Iwwerzeegung, dass se eist Land mat klengen, awer ganz richtegen a wichtege Schrëtt, virun allem mat ganz geziilte Schrëtt no vir wäert bréngen. Steierpolitik ass eng Saach, Budgetspolitik mat de richtegen Akzenter an den eenzelne Ressorten ass déi aner Saach.

Eng kohärent a ressortiwwergräifend Politik ass deemno gefuerdert. E gutt Beispill, fir dës Kohärenz ze illustréieren, fënnt een am Mobilitéitsberäich, op deen ech herno nach eng Kéier méi am Detail wäert agoen. Hei wäerte mir op där enger Säit mat dëser Steierreform Lenkungsmoossnamen duerch de Bonus-Malus-System betreffend de Schadstoffer aféieren. Zweetens, op där anerer Säit schafe mer Ureizer fir eng méi nohalteg Förderung vun emissiounsaarmen Autoen a Vëloen. An drëttens a parallell dozou schaaft eis Budgetspolitik déi néideg Moyene fir en nohaltege Mobilitéitsberäich duerch e massiven Ausbau vun den ëffentlechen Transportinfrastrukturen. Ënnert dëser Regierung fléisse bekanntlech zwee Drëttel vun den Investitiounen am Beräich vun der Mobilitéit an den ëffentlechen Transport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dëser méi allgemenger Introduktioun wëll ech meng weider Interventioun a véier Kapitelen andeelen. Éischtens wëll ech e Bléck op d'Situatioun werfen, wéi se virdru war, wéi dës Regierung hei ugefaangen huet. Ech wëll e Bléck op d'Defiziter werfen an d'Retarden, déi et a ville Beräicher gouf.

Zweetens wäert ech eng kuerz Analys iwwert d'Steiersystemer am Allgemenge maachen, e bëssen en theoreteschen Deel, fir ze soen, u wéi enge Stellschrauwen een iwwerhaapt däerf a kann dréien.

An drëttens wëll ech natierlech op de Volet vun der Steierreform selwer agoen, wou ech déi eenzel Mesuren nach eng Kéier wëll erklären, ier ech dann zum Schluss bei menge Konklusiounen nach eng Kéier de Standortfacteur am Allgemenge vu Lëtzebuerg wëll erklären.

Zum éischte Punkt vu menger Ausféierung. Wéi dës Regierung 2013 d'Heft an d'Hand geholl huet, goufen et eng ganz Rei vun Defiziter, dëst a ville Beräicher an a ville Politikfelder. Defiziter, déi awer schonns laang bekannt waren, op déi schonns laang hätt misse reagéiert ginn. Defiziter an der Budgets-, Finanz-, Sozial-, Landesplanungs-, Ëmwelt- a Klimaschutzpolitik, fir nëmmen déi ze nennen.

Dësen Ëmstand huet derzou gefouert, dass d'Erausfuerderungen direkt am Ufank vun dëser Legislatioun enorm waren. Unhand vum Beispill eleng aus der Ëmwelt- a Klimaschutzpolitik wëll ech e puer där Defiziter hei opzielen.

An der Ëmweltpolitik huet dës Regierung eng ganz Rei vun ongeléiste Problemer virfonnt, Problemer, déi awer och schonns laang thematiséiert goufen a wou sech d'Retarde schlussendlech déck opgestaut hunn. Ech denken hei besonnesch un d'Drénkwaasserschutzzonen an un d'Ofwaasserproblematik. De Retard am Beräich vun dem Bau vun neie Kläranlagen ass enorm gewiescht, soudass mer haut nach all Dag 2.800 Euro Strof op Bréissel mussen iwerweisen, well verpasst gouf, an d'Ofwaasserbehandlung ze investéieren.

Och am Beräich vun der Klima- an Energiepolitik hate sech Defiziter ugeheeft. Dëst huet ënner anerem derzou gefouert, dass mer eis an der Klimapolitik hu misse fräikafen, well mer eisen Obligatiounen, fir klimaschiedlech Gasen ze reduzéieren, net nokomm sinn. Och do huet dës Regierung misse Gas ginn, fir dës Retarden opzehuelen.

Sou wéi et ausgesäit, wäerte mir d'Reduktiounsziler vu Klimagase fir 2020 anhalen, dëst ouni een Euro mussen auszeginn, fir eis fräizekafen. D'Klimaschutzpläng 2030-2050 loosse mer net an den Tiräng leien, mä d'Preparatioune ginn aktiv vun dëser Regierung ugepaakt, fir den Ziler vum Paräiser Klimaaccord gerecht ze ginn.

Ech verweisen och gären op mäi Klimarapport vum leschten Dezember, wou mir als Chamber an dësem Beräich eng ganz Rei vu Pisten opgezeechent hunn. Déi gréng Fraktioun ass och dofir méi wéi frou, dass endlech d'Tanktourismusetüd um Dësch läit. Eng Etüd, déi ganz kloer opweist, dass d'vollekswirtschaftlech Käschten, besonnesch am Beräich vun der Ëmwelt an an der Gesondheet, méi grouss sinn, wéi déi kuerzfristeg Finanzgewënner. Et ass dëst iwwregens eng Etüd, déi jo bekanntlech op eng eestëmmeg Motioun vun 2005 op Ufro vun der grénger Fraktioun zréckgeet, déi awer eréischt vun dëser Regierung an Optrag gi ginn ass a presentéiert gouf.

Dës Regierung wäert och derfir suergen, dass et hei net zu engem zweeten E-Commerce-Debakel wäert kommen. Déi finanztechnesch Weiche mussen a wäerten esou gestallt ginn, dass och wichteg Aspekter an de Beräicher Gesondheet, Klima an Ëmwelt wäerte berücksichtegt ginn.

Et goufen also eng ganz Rei vun Erausfuerderungen, op déi dës Regierung huet misse reagéieren, schnell reagéieren, op ganz ville Punkten a Politikberäicher gläichzäiteg. Ouni eng enk verzahnten Démarche kënnen déi Défie kaum geléist an ugepaakt ginn. Dës Regierung huet et fäerdegbruecht, eng Verzahnung op ville Punkten a Politikberäicher ze erreechen. D'Kohärenz vun de Politicken ass fir mech, fir eis Gréng déi richteg Äntwert.

D'Steierpolitik ass dofir aus eiser Siicht just nëmmen een Element, en Deel vun enger Gesamtstrategie, e wichtegen, awer net ausschlëisslechen Deel, ee vu ville Schrëtt. E muss dofir Hand an Hand mat der Budgetspolitik a mat sämtlechen anere Politikfelder goen.

Här President, Dir Dammen an Hären, ier ech zu den eigentleche steierpoliteschen Annerungen an dëser Steierreform wëll kommen, wëll ech am drëtten Deel vu menger Interventioun e bëssen op d'Theorie vun de Steieren agoen. Niewent den Aufgabe vun de Steieren ass et awer och wichteg ze wëssen, u wéi eng Schrauwen een de Schlëssel uleet, wann ee sech un eng Steierreform erumécht.

Steieren hunn aus heiteger Siicht dräi grouss Aufgaben an engem Rechtsstat ze erfëllen. Éischtens de Fiskalzweck. Den éischten an haaptsächlechen Zweck vu Steieren ass et, fir d'Recettë vum Stat ze garantéieren a fir d'Dépensë vum Stat, also de Budget, kënnen ze decken. Dobäi geet et dorëms, fir Aufgabe wéi Sécherheet, Ausbildung, Infrastruktur an esou weider ze assuréieren.

Zweetens ass e ganz wichtegen Zweck, an dee kënnt och hei zum Droen an dëser Steierreform, den Ëmverdeelungszweck. D'Steiere ginn dann och derzou genotzt, fir Verfeelunge vun der Gesellschaft auszegläichen, e sougenannte Korrektiv, fir en Deel vun Akommes a Vermëige méi gerecht opzedeelen.

An drëttens ass den Zweck vum Lenkungsberäich. E Lenkungsprinzip huet zum Zil, gesellschaftlech net erwënschte Verhalensmuster ze beaflossen. Zum Beispill gëtt duerch eng héich Tubaksteier versicht, d'Fëmmen anzedämmen. De Lenkungsprinzip kritt besonnesch bei ökologesche Gesiichtspunkten ëmmer méi Bedeitung, wéi zum Beispill beim sougenannte Pollueur-payeur-Prinzip, also dem Verursaacherprinzip. Wien eng gemeinsam genotzten Ëmwelt verschmotzt, dee muss der Allgemengheet déi Ëmweltbelaaschtung kompenséieren.

Eng erfollegräich ökologesch Lenkungsmesure ass dann och eng gutt Mesure, wa se no an no ëmmer manner Revenue generéiert. Dat ass nämlech e Bewäis derfir, dass d'Mesure gräift an dass och effektiv eng Ännerung an de Verhalensmustere vun de Vebraucher stattfonnt huet. Steiermesurë mat ökologesche Lenkungsprinzip mussen dofir regelméisseg hannerfrot, analyséiert an adaptéiert ginn.

Erlaabt mer hei, dann awer e bësse méi op den Detail vun dem Fiskalzweck anzegoen. Steiere spigelen dee Moment d'Situatioun an engem Land zréck a beschreiwen den allgemengen Zoustand vun deem Land. Geet et dem Land méi schlecht, sinn eng Rei Moossnamen an Adaptatiounen net méi ze vermeiden. Kuckt ee sech déi séllechen Defiziter a Retarden un, déi dës Regierung 2013 opfonnt huet, dann ass eng Regierung scho bal gezwongen, Kurskorrekture virzehuelen.

Wann dann och nach eng international Kris mat wirtschaftlechen Abréch derbäikënnt a verschidde steierlech Ausfäll am Virfeld net anticipéiert goufen, wéi dat am Beispill vum E-Commerce geschitt ass, da si finanziell Aschnëtter net ze vermeiden, an d'Fiskalschrauf, déi zoudréit, net ze vermeiden.

D'Situatioun ass de Moie ganz eendeiteg hei vum Här Bodry eng Kéier erklärt ginn, wéi d'Situatioun a wéi e Wirtschaftswuesstum deemools opzeweise waren.

Am Umkehrschluss heescht dat awer och, dass, wann et engem Land besser geet, wann d'wirtschaftlech Situatioun an d'wirtschaftlech Perspektiven erëm no uewe weisen an d'Moyenen do sinn, dann däerf a kann och erëm un der Fiskalschrauf gedréit respektiv gelockert ginn. Dëst ass de Fall och vun der Situatioun, wéi mer se haut zréckfannen, mat Wirtschaftsperspektiven, déi wäit iwwer 4% a 5% erausginn.

D'Kritäre vun dësem Lockere solle dann awer wueliwwerluecht sinn, an déi dräi virgenannte fiskalpolitesch Elementer solle berücksichtegt ginn. Si mussen deemno enger nohalteger, gerechter, selektiver a wettbewerbsfäeger Politik gerecht ginn. Niewent dëse reng steierpolitesche Kritäre musse se, wéi gesot, virdru mat enger kohärenter Budgetspolitik ënnerstëtzt ginn.

Ausgeeënd vun dësen nohaltegen, gerechten, selektiven a wettbewerbsfäege Kritären, fält et mer dann ëmsou méi liicht, déi eenzel Moossname vun dëser Steierreform méi am Detail ze analyséieren, well se aus grénger Siicht dëse fiskalpolitesche Kritäre vu virdrun och gerecht ginn an déi dräi Elementer berücksichtegen, wéi de fiskalen Opwand, wéi d'sozial Selektivitéit an d'Ëmverdeelung an den ökologeschen Ëmlenkungsprinzip.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, heimat kommen ech dann zu dem véierten Deel an zu den eenzelne Mesuren, esou wéi se haut schonn emol presentéiert gi sinn. Nodeems meng Virriedner dat och ausféierlech gemaach hunn, erlaabt dës Geleeënheet, der Rapportrice elo emol nach fir de gudden an ausféierleche mëndleche wéi schréftleche Bericht vun de Moie Merci ze soen. Si ass och ausféierlech op déi Punkten agaangen, soudass ech mech éischter op déi méi sozial an ökologesch Gesiichtspunkten dann hei beschränke wëll.

Firwat ass dës Steierreform eng sozial Steierreform? Firwat? Éischtens, well mat dëser Steierreform de Mëttelstandsbockel ofgeflaacht gëtt an d'Kafkraaft domadder an d'Luucht gesat gëtt. Dëst heescht awer net, dass, wéi an der Vergaangenheet, bei dëser Steierreform mat der Strenz ausgedeelt gëtt. Wou fréier jiddwereen alles krut, gesäit ee bei dëser Reform kloer, dass d'Regierung en Effort gemaach huet, fir d'Steiervirdeeler dohinner ze lenken, wou se am meeschte gebraucht ginn, nämlech bei d'elengerzéiend Elteren a bei d'Leit mat deem klengsten Akommes.

Fir dës Leit wäert virun allem de Crédit d'impôt salarial e positiven Impakt hunn. Dës Negativsteier gëllt nëmme fir d'Aarbechtsakommes a wäert derfir suergen, dass Leit mat wierklech klengem Akommes vun der Reform profitéieren, ouni dass dobäi eng klassesch sozial Stigmatisatioun bedriwwe gëtt.

De Crédit d'impôt salarial gëtt vun 300 op 600 Euro bis zu engem Joresakommes vu 40.000 Euro verduebelt a geet dann ab dësem Montant degressiv erof, fir da bei engem Joresakommes vun 80.000 Euro op null auszelafen an net méi weider iwwert d'ganz Steiertabell weiderlafe gelooss ze ginn.

Ech wëll hei och nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass mir bei dëser Steierreform de Spëtzesteiersaz wäerten hiewen. Dat heescht, dass et an Zukunft zwee zousätzlech Steiersätz fir d'Leit mat ganz héijem Akommes wäerte ginn; ee bei 41% an en zweete bei 42%. D'Steieren op dem Akommes ginn also méi progressiv.

D'Reform beinhalt dann och wichteg Moossnamen am Logementsberäich. Als Éischt emol wäert no der Reform d'Halschent vum Revenu locatif steierfräi sinn, wann d'Wunneng iwwer eng Agence immobilière sociale verlount gëtt, déi a ganz ville Beräicher an de Gemenge mëttlerweil berücksichtegt gëtt a praktesch flächendeckend deemnächst am Land wäert agesat ginn, soudass doduerch eng Rei vu Wunnenge méi schnell a méi selektiv op de Marché wäert kommen.

Duerch d'Reform wäert awer och de Besëtz vun enger eegener Wunneng gefërdert ginn, besonnesch fir déi Jonk. Fir Leit ënner 40 Joer wäert de Plaffong, fir d'steierlech Ofschreiwung um Épargne logement ze maachen, an d'Luucht gesat ginn, an dëst vun haut 672 op 1.344 Euro. Och d'Ofsetzbarkeet vun Hypothéikzënse geet an d'Luucht.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hat am Ufank vu menger Ried gesot, dass d'Steierreform an den Ae vun deene Gréngen och eng gerecht Steierreform ass. Dëst beweist op där enger Säit schonns de Fait, dass d'Steiertabell wäert méi progressiv ausgesinn duerno.

Op där anerer Säit wëll ech dann awer och ervirhiewen, dass déi optionell Individualiséierung wäert derzou bäidroen, dass bestuete Koppelen hire Steierbäitrag kënne gerecht a proportional op déi zwou Steierkaarten opdeelen. Doduerch entsteet dann och en Ureiz, fir dass béid Partner enger bezuelter Aarbecht noginn. An dës Mesure kann deemno oft gender-bedéngte strukturelle Problemer entgéintwierken.

Zur Steiergerechtegkeet gehéiert awer och de Kampf géint d'Fraude fiscale. An dësem Beräich ginn déi gesetzlech Ramebedéngunge verbessert an d'Personal vun der Steierverwaltung an der Justiz gëtt geziilt opgestockt. Dëst wäert derzou bäidroen, dass d'Steierhannerzéiung besser kann entlarvt ginn an dass eng konsequent strofrechtlech Enquête vun de Justizbehërde kann an d'Wee geleet ginn.

Ech hat virdrun dann och vun engem Duerchbroch a vun engem Ufank am Volet Ëmwelt- a Klimaschutz geschwat. En Duerchbroch ass d'Reform, well mer fir d'Éischt iwwerhaapt geziilt ökologesch Lenkungsmoossnamen an eis Fiskalitéit matabezéien.

Fir déi gréng ass dës Reform awer och en Ufank, well mir iwwerzeegt sinn, dass dës Lenkungsmesuren en éischten, awer immens wichtegen a richtege Schratt wäerte sinn, fir déi iwwerliefte Verhalensmuster an der Mobilitéit endlech an zäitgerecht Bunnen ze bréngen.

Hei zu Lëtzebuerg si bal 50% vun allen Neiumeldunge vun Autoen Déngschtween. Dës ginn dem Employé vum Patron zur Verfügung gestallt a si meeschtens Leasingautoen, déi am Rhythmus vun dräi bis fënnef Joer erneiert ginn. Et sinn oft déck Autoen, déi en héije Sprittverbrauch hunn, a ville Fäll Dieselverbrauch, an deementspriechend och vill CO_2 a gesondheetlech schiedlech Stickoxider ausstoussen.

Et mécht also absolutt Sënn, an dësem Beräich steierlech Lenkungsmanöver unzesetzen. Bis ewell goufen Déngschtween mat 1,5% vun hirem Neiwäert besteiert. Mat der Reform wäert dëse Prozentsaz an Zukunft folgendermoosse gestaffelt ginn: Op där enger Säit ginn Dieselautoe méi héich besteiert, op där anerer Säit wäert souwuel fir den Diesel- an de Bensinnsauto eng progressiv Besteierung agefouert ginn, déi sech un den CO_2-Emissiounen orientéiert. Autoen, déi manner Emissiounen hunn, wäerte manner besteiert ginn. Well de Lëtzebuerger Déngschtwonfuerpark sech prak-

tesch all dräi bis fënnef Joer vollstänneg erneiert, si mer iwwerzeegt, dass dës Mesure vu groussem Erfolleg wäert gekréint ginn an esou zu enger signifikanter Reduktioun vum Kuelendioxid a Schadstoffpartikel wäert bäidroen.

Op där anerer Säit awer soe mer, dass d'Mesure och elo schonns en Erfolleg ass. Et ass näämlech keng Mesure, déi einfach vun uewen erof diktéiert gouf, mä déi zesumme mat de Leasingsfirmaen an den Händler aus dem Secteur ausgeschafft gouf.

Och d'Ofschreiwungsméiglechkeete vu bis zu 5.000 Euro bei Elektro- an Hydrogengefierer souwéi bis zu 500 Euro fir E-Bikes a Pédélecs hunn an eisen Aen e wichtegt Lenkungspotenzial a sinn e Bewäis fir eng kohärent Politik am Mobilitéitsberäich.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech ofschléissen, wëll ech awer nach e puer Wuert zum Standuertfacteur Lëtzebuerg verléieren. An den Diskussioune ronderëm d'Steierreform ass vill doriwwer debattéiert ginn, ob d'Reform dann elo méi oder manner gutt fir eis Betriber wier oder ob de Standuert Lëtzebuerg mat eisem Steiersystem nach der Zukunft gerecht wier oder net.

Heizou wëll ech als Éischt emol bemierken, dass mir mat der Steierreform sécherlech e gudde Schratt a Richtung vun de Betriber gemaach hunn. Ob dës Steierreform awer elo eenzeg an eleng wäert ausschlaggebend fir eis Standuertvirdeeler sinn, dorunner hunn ech awer meng Zweifel. Zu engem gesonde Wirtschaftsstanduert gehéiert näämlech net nëmmen e kompetitiven Taux d'affichage, mä et ginn eng ganz Rei aner Aspekter, déi mindestens genee, wann net nach vill méi wichteg sinn, wéi d'Steieren.

Dozou gehéiert op där enger Säit politesch a sozial Stabilitéit. Dozou gehéiert awer och eng propper Emwelt, an där ee ka liewen a wou ee seng Fräizäit ka verbréngen. Dozou gehéiert proppert Waasser. Dozou gehéiert en héichwäertegt Bildungs- a Weiderbildungswiesen, dat all Kand an all Mënsch d'Méiglechkeet gëtt, sech a sengem Liewen op intellektuellem wéi professionellem Niveau ze verwierklechen. Dozou gehéieren natierlech och gutt Infrastruk turen an en ausgeräiften ëffentlechen Transport. Dozou gehéiert awer och eng héich Fiskaliséierung vun de Lounniewekäschten, esou wéi dat jo bekanntlech de Fall hei zu Lëtzebuerg ass.

Dozou gehéiert eng héich entwéckelt kulturell Zeen an dozou gehéiert d'Méiglechkeet, fir d'Aarbecht, d'Familljen, d'Privatliewe beschtméiglech matenee kënnen ze verbannen. Dëst sinn nëmmen e puer, awer wichteg Elementer, déi en direkten Afloss op d'Liewensqualitéit hunn an domadder och en Afloss op de Standuertfacteur Lëtzebuerg.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, mir sinn eis all eens, dass een dës Facteuren net eleng duerch eng Steierreform kann optimiséieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen dann elo zum Schluss vu menger Interventioun. déi gréng sinn der Meenung, dass mir mat dëser Steierreform weiderhin an déi richteg Richtung schaffen. Mat der Steierreform wäerte mir net nëmmen d'Kafkraaft vum Mëttelstand stäerken, mä deene Leit ënnert d'Äerm gräifen, déi sozial méi schwaach dostinn. Mir wäerte jonke Mënschen et e bësse méi einfach maachen, fir sech en eegent Doheem kënnen ze leeschten.

Endlech lancéiere mir och konkret Mesurë géint d'Fraude fiscale an d'Steierhannerzéiung. Dobäi gi mer mat dëser Steierreform awer och e wichtege Schratt op d'Betriber duer, andeems mir d'Kierperschaftssteier stufeweis wäerten erofsetzen.

Zudeem wäert de Facteur Aarbecht souwuel op der Säit vun de Salariéë wéi och de Betriber an Zukunft manner besteiert ginn. Ënner anerem e wichtege Grond heifir ass awer och deen, dass dës Steierreform op en Neits beweist, dass dës Regierung de Klima- an Emweltschutz eescht hëlt. Si ass amgaangen, mat ville klengen, awer effiziente grénge Schrëtt eist Land op méi nohalteg Féiss ze stellen.

Dëst sinn dann alles och Grënn, firwat ech den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet de loi ka ginn. Ech hunn awer gëschter nach eng Kéier kuerz d'Ried vu mengem Kolleeg François Bausch zu der leschter grousser, ëmfaassender Steierreform nogelies, déi 2001-2002 hei gemaach gi war, eng Steierreform ënner CSV-Responsabilitéit. Deemools hu mer Nee gesot.

E klengen, awer net onwichtege Verglach, firwat mer haut dann awer kënnen derfir stëmmen: D'Steierreform ass deemools an enger konjunktureller Baisse gemaach ginn, bei 2% Wirtschaftswuesstum, no deemools engem 8 an 9%ege Wuesstum, dee mer virdrun haten. Haut dogéint komme mer aus enger konjunktureller Baisse a ginn a Richtung vun enger héijer konjunktureller Phas, déi no 4% bis 5% ausgesäit.

De Spëtzesteiersaz ass deemools op 38% erofgesat ginn. Haut gi mer mam Spëtzesteiersaz erop. Deemools ass e vun 42% oder 43% ëm fënnef Prozentpunkten op 38% erofgaangen. Haut gi mer vu 40% op 41% an 42%. D'Betribsbesteierung gouf massiv erofgesat, deemools 8%. Haut gi mer ëm zwee respektiv dräi erof, awer am Zesummenhang mat enger Verbreederung vun der Steiertabell, dat heescht, all déi Diskussiounen ëm de BEPS an esou weider, och do. Deemools gouf et kee Crédit d'impôt, dee mer haut aféieren, kee selektiv agestallten. D'Gewerbesteier gouf ouni Ausgläich fir d'Gemengen erofgesat deemools vu 4% op 3%, wat ganz vill finanziell Aboussen an de Gemenge bedeit huet. Haut, an d'lescht Woch hu mer d'Reform gestëmmt, gëtt dës Regierung nach eng Kéier 90 Milliounen an d'Dëppe vun de Gemengen eran.

Deemools goufen eng Milliard Euro un d'Leit an eng Milliard Euro un d'Betriber ausginn. Den Apel fir den Duuscht ass innerhalb vun engem Gesetz ausgedeelt ginn an d'Scholde gi säitdeem an d'Luucht. Alles nozeliesen a mengem Budgetsrapport vum leschte Joer.

Dobäi gouf deemools esou mat der Strenz nach ausgedeelt, dass am meeschten nach ganz uewen...

(Interruption)

...dru profitéiert ginn ass. A vun enger ökologescher Steierkomponent keng Spur. Haut dergéint, mat grénger Bedeelegung, hu mer eng Rei Verbesserunge kritt. Mir hunn zesummen...

(Interruption)

Mir hunn zesumme mat eise Kolleegen aus der Koalitioun eng nohalteg, gerecht, selektiv a wettbewerbsfäeg Steierreform hei proposéiert.

(Interruption)

Mir sinn och ganz optimistesch, dass déi ökologesch Lenkungsmoossnamen an dëser Steierreform e spierbaren Impakt wäerten hunn. D'Lenkungsmesurë bei den Déngschtween an d'Steiervirdeeler fir d'elektresch Mobilitéit an d'Vëloe wäerten näämlech zu enger Entdieselung vun eisem nationale Fuerpark bäidroen an derfir suergen, dass mir eis CO_2- a gesondheetlech schiedlech Stickoxidemissioune weider kënne reduzéieren. Dofir wäerten dës Mesuren och e positiven Impakt op d'Qualitéit vun eiser Loft hunn an zu enger besserer Liewensqualitéit bäidroe fir d'Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen an hei wunnen.

Ech sinn der Iwwerzeegung, dass d'Statistiken aus dem Leasingssecteur eisen Optimismus wäerte bestätegen, dëst am Sënn vun engem Win-win-Zeenario fir d'Emwelt an eis Wirtschaft. Mir sinn dofir dann och der Meenung, dass et eng kleng, richteg Richtung ass a weiderhi geziilt op ökologesch Lenkungsmoossnamen nach muss gesat ginn.

Ech soen Iech Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kox. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding fir d'ADR.

M. Roy Reding *(ADR).*- Här President, an den Zäiten tëschent de Jore soll een zäertlech sinn, sot deen deemolege Premier Jean-Claude Juncker den 19.12.2001, wéi hei am Haus eng aner Steierreform debattéiert gouf. Leider Gottes ass et der ADR onméiglech, an dësem Dossier zäertlech mat der Majoritéit ëmzegoen.

D'Kolleegin Joëlle Elvinger sot: „Dës Steierreform brëngt méi Gerechtegkeet." De Finanzminister Pierre Gramegna sot: „Et ass déi sozialste Steierreform, déi jee gemaach ginn ass."

(Interruption)

Dee Mythos, datt d'Steierreform gerecht oder sozial wier, wäerte mer hei widderleeën.

Fir d'Éischt awer musse mer zwee weider Mythe widderleeën, an dat sinn déi Mythen, déi d'Regierung an d'Welt gesat huet, näämlech dës Reform wier responsabel a si wier bezuelbar respektiv nohalteg.

Ouni der Budgetsdebatt wëlle virzegräifen, mä Fiskalpolitik ass nun eemol net vum Budget ze trennen, muss ee feststellen, datt de Finanzminister an dräi Joer eng Pirouette gedréit huet. Aus dem Paulus gouf e Saulus. Wéi hien ugetratt ass, war eisen Defizit bei ronn enger Milliard. An den Här Gramegna sot, hien hätt de Poste vum Finanzminister nëmmen ugeholl ënnert der Prämiss, ënnert der Bedéngung, datt den Defizit géif reduzéiert ginn oder souguer géif verschwannen. Sou huet hien eis alleguerten heibannen an dem Vollek dobaussen erklärt, firwat datt 500 Millioune misste méi erakommen.

Dës Blutt- an Tréinerhetorik gouf ugewannt, fir e Bezuelpak duerchzesetzen, 0,5% Krisesteier anzeféieren an, last not least, d'TVA eropzesetze vu 15% op 17%, wat 2016 ëmmerhin 300 Millioune mécht, wat een einfach emol soll an de Kontext setze vun deene 400 bis 800 Milliounen, déi dës Reform kascht, jee no Chifferen.

Deemools hu mir als ADR eis heibanne besonnesch géint déi Erhéijung vun der TVA gestëmmt. Genausou wéi déi gréng an d'Sozialisten an hirem Wahlprogramm waren a si mir der Meenung, datt esou eng Erhéijung sozial net gerecht ass, well se all Mënsch trëfft.

E Mindestlounempfänger, Här Gramegna, deen haut 38 Euro de Mount Steiere spuert, no Ärer Rechnung, krut deemools, wa mer dovun ausginn, datt en zwee Drëttel vu senger Pai ausgëtt fir Konsum - e muss jo liewen -, 27 Euro zousätzlech als TVA ofgehalen. Et bleiwen em also mat Ärer Steierreform nach 11 Euro de Mount.

Deemools huet de Finanzminister eis erkläert, datt mer déi batter Pëll schlécke missten, well soss wier eist Land, seng Finanzen, seng Stabilitéit, säin Triple-A a Gefor. Haut, dräi Joer méi spéit, seet deeselwechte Saulus eis, et géif dem Land esou gutt goen, datt mer roueg kéinten d'nächst Joer am Zentralstat eng Milliard Defizit maachen, bis 2020 all Joer eng weider Milliard léine goen. An hie bretzt sech, eis Liquiditéite wieren esou gutt, datt se et géifen erlaben, dëst Joer en Emprunt iwwer 400 Milliounen zréckzebezuelen an 280 Milliounen un de Fonds monétaire ze iwwerweisen, ouni en neien Emprunt opzehuelen.

Do huet de Pirouettë-Pierre net gelunn. Mä en huet awer och net d'Wourecht gesot! Well en huet vergiess ze soen, datt déi 700 Millioune bezuelt goufen doduerch, datt de Stat am Compte courant an de Keller gaangen ass. Elo kann ee soen: Dat war net domm, well Lëtzebuerg Triple-A ass a keng Zënse muss bezuelen. Mä et war awer och net éierlech! Well natierlech hu mer nei Scholden opgeholl. Déi 700 Milliounen, déi mer am Keller sinn, si genausou gutt Scholde wéi 700 Milliounen, déi mer als Emprunt opgeholl hätten. Dat ass d'Wourecht.

D'Wourecht ass, d'Keese sinn eidel, méi wéi eidel. Mir sinn op minus 700 Milliounen. Kee Sou huet de Stat op der Säit. All déi Fongen, vun deenen ëmmer rieds geet, Fonds du rail, Fonds des routes, déi a Budgete stinn, op Pabeier sti fir 15 Fongen 1,5 Milliarden, déi gëtt et net a Wierklechkeet! Et gëtt kee Spuerbuch! Déi Sue sinn net do. De Stat huet null Épargne, 11 Milliarde Scholden, en ass 700 Milliounen am Keller am Compte courant, an den Här Finanzminister schwätzt vu gudde Liquiditéiten. Bravo!

Haut kréie mer gesot, trotz deene Scholden a bei 4% Wuesstum kéint ee roueg eng 400- bis 800-Milliounen-Steierreform maachen, jee no den Zuelen Zentralbank/Regierung. Dat ass an eisen Ae weder responsabel nach nohalteg.

2001 bei där Steierreform, déi hei schonn ugeschwat gouf, war d'Situatioun genau ëmgedréit. Et goufe kräfteg Iwwerschëss. Dat ass d'Wourecht. An, Här Kox, mir haten e Wuesstum 2000 vun 8,5% an 2001 vu 4,5%.

(Interruption)

Et waren also net Zäite vu Rezessioun. De Wuesstum ass erofgaangen, mä mir louchen do, mat deem Erofgoen do, wou mer haut no optimistesche Schätzunge leien.

(Interruption)

Deemools soten déi gréng, dat géif ze wäit goen, déi Steierreform. Et wär eng Steierreform vun insgesamt 41 Milliarde Frang, dat heescht eng Milliard Euro, dat géif ze wäit goen, d'Qualitéit an d'Quantitéit vun ëffentlechen Déngschtleeschtunge wieren a Gefor. Hir fënnef Deputéierten hunn deemools als Eenzeg géint déi Steierreform gestëmmt. D'ADR huet sech enthalen.

Si hate recht! Si hate recht, well an deene folgende Joren ass den Defizit komm am Statsbudget. Ab 2003 hate mer Defizit. Dat war awer net hir Clairvoyance, dat waren éischter d'Attentater zu New York an déi folgend Krisen. Trotzdeem war hire Constat fundamental richteg.

Da muss een awer haut dat an de Kontext setzen, wann d'Regierung haut bei gudder Wirtschaftslag weider Defiziter a weider Scholde mécht, amplaz de Budget endlech an den Équiliber ze bréngen: Wat géif déi Regierung dann eréischt maachen, wann et eisem Land schlecht géif goen?!

Den Alex Bodry huet recht, jo, et soll een Investitioune maachen. Do soll investéiert ginn. Mä et kann ee keng Steierkaddoe maachen, déi mat Prête finanzéiert ginn. Dës Reform ass finanz- a budgetspolitesch net responsabel. Et ass an eisen Aen e leschte verzweifelte Versuch, sech déi verluere Gonscht vum Wieler zréckzekafen. Mä d'Leit sinn net dupe a falen op déi Tricken an Zuelespillereien net eran.

Elo zum Mythos, dës Steierreform wier gerecht oder souguer déi soziaalste Reform, déi et jee gouf. Hei kann een dem Zuelekënschtler Pierre Gramegna fir seng Kreativitéit nëmme gratuléieren. Hie sot op RTL - an dat war net gelunn, dat war emol eng Kéier net gelunn! -...

(Brouhaha général)

De qualifizéierte Mindestloun...

(Brouhaha général)

Ech zitéieren de Verbatim: „De qualifizéierte Mindestloun, dee kritt eng Reduktioun vu 40%, den onqualifizéierten eng Reduktioun vu 60%. Dat sinn déi, déi am meeschte profitéieren. Wa mer dann elo an de Mëttelstand ginn an do kucke mer een, dee 4.000 Euro de Mount verdéngt an der Steierklass 1, also net bestuet, dee wäert eng Steiererliichterung kréie pro Mount vu ronn 120 Euro. Ech mengen, domat versteet een, dass den Effort gemaach ginn ass, fir dass grad déi kleng an déi mëttel Paien am meeschte profitéieren. An duerfir ass dat heiten eng ganz sozial gerecht Reform."

Souwäit den Här Gramegna. An den Här Berger huet an déiselwecht Kerb gehaen an huet dat widderholl. Si zitéieren, dës Zuelekënschtler, dës Ligener um Vollek,...

(Brouhaha général et exclamations)

...si zitéieren eemol a Prozenter an eemol an absolutten Zuelen, wéi et hinne grad an de Krom passt!

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, ech protestéieren dergéint, datt mir hei als Ligener vum Här Reding bezeechent ginn! Net vum Här Reding!

M. Roy Reding *(ADR).*- 21% Steiererliichterung fir de Mindestlounempfänger sinn 38 Euro de Mount!

Une voix.- Si hu gemengt, et wiere besënnlech Deeg.

M. Roy Reding *(ADR).*- Déi 42% fir de qualifizéierte Mindestlounempfänger si 55 Euro de Mount. An en hätt och kënne soen, virum Abattement géif een, dee 15.000 Euro de Mount verdéngt, 125 Euro de Mount spueren oder 2%. Et muss ee kee Rechekënschtler sinn, fir ze soen: Ech hu léiwer eng Steiererspuernis vun 2%, déi 125 Euro ausmécht, wéi eng vun 61%, déi 38 Euro ausmécht an, wann een Är TVA-Erhéijung ofrechent, ganz genau 11 Euro.

Hei sinn esou vill Fallbeispiller genannt ginn. Mir wëllen net drop agoen. Mä kommt, mir rechnen einfach emol eng Kéier richteg!

De Mindestlounempfänger, do si mer eis eens, dee ka sech kee soi-disant Elektroauto, deen duerch Stroum ugedriwwe gëtt, dee vu Kuelekraaftwierker, vun Atomkraaftwierker produzéiert gëtt, leeschten. En huet keng Zousazpensioun. Wéi géif e se finanzéieren?

(Interruption)

E ka keng Zousazpensioun ofschléissen. En huet kee Bausparvertrag. En huet keen Immobiliekreditt. E beschäftegt wuel kaum eng Haushaltshëllef.

Wann een an de Genoss vun esou engem Abattement kënnt, spuert e maximal 24 Euro de Mount zousätzlech. An eise Mëttelständler, deen, allez, kommt, mir soen einfach emol 15.000, mir kënnen och soen 10.000 Euro de Mount verdéngt, hie spuert de Mount 125 Euro, an da kommen d'Abattementen derbäi.

(Interruption)

3.200 Euro Zousazpensioun,...

(Interruption par M. Xavier Bettel)

...1.344 Euro Versécherung, 2.000 Euro Scholdzënsen, 5.400 Euro Haushaltshëllef, 5.000 Euro Atomstroumauto. Dat si 16.944 Euro. Wann ech am héchste Steiersaz si mat 42%, spueren ech iwwer 7.000 Euro plus déi 1.500 duerch d'Reform. Dat sinn 8.600 Euro. Dat ass véiermol de Mindestloun, deen ech do am Joer spueren.

Ass dat sozial gerecht? Ech perséinlech si frou fir all Mënsch, dee manner Steiere muss bezuelen, fir schlecht Regierungspolitik ze finanzéieren. Mä ass et sozial gerecht, ass et responsabel, engem Mënsch, deen 180.000 Euro d'Joer verdéngt, eng Botzfra mat 2.268 Euro d'Joer ze subventionéieren oder säin Elektroauto mat 2.100 Euro, an dat amdeems de Stat Scholde mécht op d'Käschte vun den nächste Generatiounen?

Ech zitéieren d'Joëlle Elvinger, eis exzellent Rapportrice. Déi sot hei am Haus...

Une voix.- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).*- Jo, très bien!

Si sot hei am Haus de 24. Abrëll 2014: „Et ass mir awer och als nach relativ jonke Mënsch wichteg, hei ze soen, dass mir zënter enger Rei Jore Suen ausginn, déi mir net hunn. Suen, fir déi mir musse Schold maachen. Schold, déi muss zréckbezuelt ginn, wann net haut, da muer, a wann net muer, dann iwwermuer!"

Weider sot d'Madamm Elvinger: „Wéini bezuele mir déi Suen zréck? A wie bezilt se zréck? Sinn et déiselwecht Leit, déi elo vun den Dépensë profitéieren? Oder geet et net éischter op d'Käschte vun deenen, déi nokommen? Ech héieren esou oft de Begréff «spueren» am Kontext vun enger néideger Budgetskonsolidéierung. Mä geet et net a Wierklechkeet drëm opzehalen, Suen auszeginn, déi mir iwwerhaapt net hunn?"

Très bien, Madamm Elvinger! Dat war genau richteg! Dat ass de Punkt!

Déi Abattemente profitéieren all klengem Lounempfänger net. D'Botzfra profitéiert vu kengem Abattement, hire Patron awer kritt 2.268 Euro d'Joer vum Stat Subventioun. Deen een huet de Fanger am Mond, an deen aneren huet de Cash an der Täsch.

Dat ass d'Realitéit vun där soziaalste vun alle Steierreformen, déi hei anscheinend soll gemaach ginn! Dat ass déi wierklech Realitéit! Dat ass déi Realitéit, déi eis Regierung net méi kennt, net méi am A huet oder ganz einfach net méi versteet.

(Interruption)

Schonns 2001 huet d'ADR heibanne gefuerdert, datt all déi Abattementen…

An, meng léif Kolleege vun deene Gréngen, ech schwätzen hei och, wann et Iech net gefält. Lauschtert Iech einfach un, wat mir ze soen hunn!

(Interruption)

Schonns 2001… Ma et deet Iech wéi. Eis deet et och heiansdo wéi, wann Dir schwätzt.

Schonns 2001 huet d'ADR heibanne gefuerdert, datt all déi Abattementen an e Crédit d'impôt ëmgewandelt ginn, wou all Mënsch d'selwecht dovu profitéiert, egal wéi héich säi Revenu ass. Dat wier eng tatsächlech Vereinfachung. Dat wier sozial gerecht. An dat wier eng wierklech Reform. Genausou wéi manner Steiersätz, eventuell eng Negativsteier fir déi allerklengste Léin e wierklechen Ofbau vum Mëttelstandsbockel...

(Interruption)

Dir hutt jo den Avis vun der Zentralbank gutt gelies. Do gesitt Der, datt de Mëttelstandsbockel exakt bestoe bleift. E verréckelt zwee Millimeter no riets, mä e bleift bestoen.

(Interruption)

Mä Dir liest jo natierlech keng Avise vun der Zentralbank, dat si jo Hännessen, déi net wëssen, wouvun datt se schwätzen.

(Brouhaha général)

Une voix.- Elo geet et awer duer! Et ass net ze gleewen! Dat ass dach eng Frechheet!

Une autre voix.- Dat ass eng Zoumuddung.

(Interruptions diverses)

M. Roy Reding *(ADR).*- Individualbesteierung, sot Der, géift Der aféiere parallell zum Pacs. Mir wëssen, datt am Pacs keng effektiv a richteg Individualbesteierung stattfënnt. Den Här Berger sot éierlechkeetshalber: „Et ass eng éischt Etapp."

Effektiv, wann ee wëllt eng richteg Individualbesteierung hunn, muss een aner Mesuren aféieren. Mesurë fir déi Leit, déi, amplaz schaffen ze goen, sech doheem ëm d'Kanner a Famillje këmmeren, sinn e Kärstéck vun der ADR hirer Familljepolitik. An an deem Kontext si mir fir eegen, individualiséiert Sozial- a Renterechter an eng wierklech individuell Besteierung, fir datt dee Revenu steierlech neutraliséiert gëtt.

E kuerzt Wuert zu de Wittleit. Wéi d'Pétitionnairen hei waren, krute se vun all Mënsch op d'Schëller geklappt, a se ware frou a sinn heemgaangen a se duechten: Elo geschitt eppes. De Pierre Gramegna war alt emol nees eng Kéier deen eenzegen Éierleche vun der Majoritéit,...

Plusieurs voix.- Oh!

M. Roy Reding *(ADR).*- ...wéi hien hinnen op de Kapp zou sot, si sollte frou sinn, iwwerhaapt déi Iwwergangsfrist vun dräi Joer ze hunn; am Ausland wier dat manner. Dat war esou. Ech mengen, den Här Gramegna kann dat bestätegen.

(Brouhaha et hilarité)

D'Wittleit sinn definitiv net déi, déi hei vun der Géisskan profitéieren.

(Interruptions diverses)

Här President, wann d'Regierung sech berouegt huet, kann ech vläicht virufueren.

(Interruptions diverses et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir hutt ganz eleng d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …d'Wittfraen, déi laachen net!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir hutt ganz eleng d'Wuert, Här Reding.

M. Roy Reding *(ADR).*- Jo, ganz richteg, ganz richteg, Här Gibéryen.

Une voix.- Liest d'Steiergesetz! Här Gibéryen, liest d'Steiergesetz!

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleegen!

M. Eugène Berger *(DP).*- Här Gibéryen, déi wiere frou, wa se dat hätten, fir dat Dir lech hei an der Chamber agesat hutt fir d'Pensiounen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift, mir sinn hei am Parlament, wou jiddwereen d'Recht huet - wou jiddwereen d'Recht huet -, fräi ze soen, wat en denkt, och wann et eis net gefält, wa Verallgemengerunge gemaach ginn, dass d'Leit als Ligener duergestallt ginn. Mä mir sinn am Parlament an den Här Reding huet d'Recht, dat hei ze soen, wat en denkt.

M. Roy Reding *(ADR).*- Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- A mir hunn d'Recht, dat dovun ze denken, wat mir fir richteg fannen.

M. Roy Reding *(ADR).*- Här President, ech soen Iech villmools Merci fir déi Prezisioun. Et gëtt nach eng Plaz op der Welt, wou et eng Meenungs- an eng Riedefräiheet gëtt, an dat ass hei d'Chamber.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Roy Reding *(ADR).*- De Wittfraen an de Wittmänner hir Liewenshaltungskäschte gi mam Doud vun hirem Partner kaum erof.

Den Entretien vum Haus bleift deeselwechten, d'Hëtzes och, d'Assurancen och, d'Poubelle, d'Gemengentaxen an esou weider an esou fort. Enger drastescher Reduktioun vun hirem Revenu steet kaum eng Reduktioun vun hiren Dépensë géintiwwer. An da schloen och nach d'Steieren zou.

Natierlech gëtt et Wittleit, déi esou gutt dostinn, datt se net doduerch an Nout geroden. Mä et gëtt eben och eng Hällewull anerer. Si sinn d'Laissés pour compte vun dëser Reform a si wëssen et. D'Petitioun war trotzdeem net ëmsoss, well zumindest eemol ëffentlech hei diskutéiert ginn ass, wéi eng Situatiounen et hei am Land gëtt, wat fir eng Situatioune bestinn. An zumindest d'Immunisatioun vun de Weeserente war e positiven Effekt vun där Petitioun.

E leschte Punkt. Hei goufen déi Jonk oft genannt, déi an der sougenannter „rush hour" vun hirem Liewe wieren. Si solle profitéiere vun Abattementen, zum Beispill duebeler steierlecher Ofsetzbarkeet vun de Bausparverträg.

Vergiess gouf, datt vill Jonker net an der „rush hour" stiechen, mä am Stau. Si hunn entweder kee Revenu, keng Aarbecht oder esou wéineg Loun oder Gehalt, datt si am Dram net kënnen drun denken, zum Beispill e Bausparvertrag ofzeschléissen. Si kréie keen Immobiliekreditt. Si musse loune goen. A si kréien d'Enner um Enn vum Mount knapps beieneen. Deene Leit hëllefen déi 38 Euro oder, no Ofzuch vun Ärer TVA-Erhéijung, 11 Euro häerzlech wéineg. Et hëlleft, et sinn 11 Euro méi. Mä si profitéieren net vun deenen „Rush-hour"-Mesuren, déi hei an d'Fënster gesat ginn.

Wa se da mat 30 oder 35 Joer, well hir Pai endlech besser ass, kënnen e Bausparvertrag ofschléissen, da gëtt den Abattement ab 40 Joer halbéiert. Wierklech profitéiere maache vun dëser Reform déi, déi hir Autoe subventionéiert kréien, hir Botzfra gesponsert kréien, déi sech schonn a jonke Joren eng Zousazpensioun kënne leeschten - all Respekt fir déi Leit! - an eben och e Bausparvertrag.

(Interruption)

An nach eng Kéier, alles dat gëtt finanzéiert duerch Scholden. D'Waasser aus Ärer Géisskan kënnt net do un, wou et géif gebraucht ginn. Ech hoffen, datt wéinstens eng Majoritéit heibannen d'Stock-Options-Motioun ënnerstëtzt, wou de Revenu duerch en Trick zu engem Netrevenu gemaach gëtt a wou een amplaz 42.000 Euro nëmmen e puer Dausend Euro Steier driwwer bezilt. Dat wier e gutt Zeechen.

Ech gesinn, ech hunn nach zwou Minutten Zäit. Duerfir ee Wuert…

(Interruptions)

Duerfir ee Wuert zur Fraude fiscale. Mir si selbstverständlech och géint d'Fraude fiscale. Doduerch, datt mer dat awer elo dem Strofrecht ënnerleeën, gëtt et eng faktesch Ongläichbehandlung vun de Leit, well de Parquet eng Opportunité des poursuites huet.

Den drëtte Pouvoir, an ech hat schonn éfters d'Geleeënheet, dat hei ze soen, ass deen eenzege Pouvoir hei am Land ouni Kontroll, ouni „checks and balances". Et kënnt also zu enger faktescher Ongläichbehandlung, wa Leit, déi net kontrolléiert ginn, iwwer hir Opportunité des poursuites kënnen décidéieren, wie se dann elo poursuivéieren a wien net.

Eng fair Behandlung vu Steierbierger misst de Contrepoids si vun all Steiergesetz. Dozou geheiert notamment, datt een net eng Iwwertaxatioun mécht an datt een net mega Amendë mécht fir Retarde bei der Ofgab vu Steiererklärungen. Et gëtt och jonk Leit an der „rush hour" vun hirem Liewen, déi eben aneres ze dinn hu wéi hir Steiererklärung. An enger Zäit, wou mer null Zënsen hunn op Avoiren, misst et dem Stat jo esou gesinn net esou wichteg sinn, wann do e Retard optrëtt. Genausou wéi de Stat jo och keng Zënse bezilt op Avoiren, déi en engem Contribuabel zréckbezilt, mä awer ganz, ganz héich Zënse freet op Retard de paiement. An ech fannen, do wier einfach e méi loyaalt Verhale vun der Administratioun ubruecht.

(Interruption)

Fir de Rescht soen ech Iech Merci. A mir stëmme selbstverständlech géint déi sougenannte Steierreform.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

Une voix.- Wat ass iwwerhaapt een Elektroatomauto?

M. Roy Reding *(ADR).*- Dat ass ee mat Atomstroum bedriwwenen Auto.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Berger huet d'Wuert gefrot.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Här President, ech muss am Numm op alle Fall vu menger Fraktioun, mä ech mengen, ech kann awer do och vun enger ganzer Rei vun deenen aneren Deputéierten hei soen, datt et inakzeptabel ass, datt mer hei vun engem Deputéierten als Ligener bezeechent ginn.

Une voix.- Très bien!

M. Eugène Berger *(DP).*- Ech si scho laang hei an dësem Haus, mä dat hunn ech awer nach ni erlieft. Dat ass inakzeptabel. Ech mengen, mir haten eng Kéier eng äänlech Situatioun, wou den Här Gibéryen hei am Haus gesot huet, mir wieren all praktesch veruerteelt. Dobäi ass et just ëm een Deputéierte gaangen, deen elo grad hei op der Tribün stoung. Den Här Gibéryen hat deemools d'Honnêtetéit, fir dann dohinnerzegoen a sech ze entschëllegen, wat mer respektéieren. Mä ech fannen, och hei wär et ubruecht, datt den Här Reding géif soen, datt dat net esou gemengt wier.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et schéngt vum Här Reding esou gemengt gewiescht ze sinn.

(Hilarité)

Dann huet als Nächsten d'Wuert den Här Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Neen, loosst d'Luuchten un, wann ech gelift, Här President.

(Hilarité)

Här President, et gouf gesot, datt dës Steierreform déi soziaalste Steierreform wier. Et muss een awer och derbäisoen, datt d'Lat an deene leschten 30 bis 40 Joer net ganz héich louch. Am Ufank vun dëser Legislatur huet d'Regierung de Choix getraff, e Spuerpak ze maachen, op deen ech awer elo net méi wäert zréckkommen, mä wou all déi méi oder manner kleng Mesuren, deemno wéi ee se cumuléiert, en Aschnëtt duerstellen. An dann hu mer och nach d'TVA-Erhéijung gehat oder d'Solidaritéitssteier mat de Banken.

Et ass drëms gaangen, d'Statsfinanzen ze stabiliséieren. Mir sinn der Meenung, datt grad d'Erhéijung vun der TVA, déi am Kader vum Spuerpak stattfonnt huet, net gutt war fir d'Ekonomie, net ze schwätze fir d'Leit selwer. An da soll een och net vergiessen, datt d'Steiertabell zënter 2009 net méi un den Index ugepasst gouf. Et ass natierlech einfach ze behaapten, et géif een de Leit eppes ginn, wann een hinne scho virdru geholl huet an hinnen dat Allernormaalst net wëllt zréckginn, also eng Upassung vun hirer Steierlaascht un d'Präisentwécklung.

Ech weess och net, ob dat ëmmer richteg verstane gëtt heiansdo, mä d'Aféierung vum Index an der Steiertabell, wéi den Index iwwerhaapt en général, ass keng Émverdeelungspolitik, oder kann op jidde Fall net dorobber reduzéiert ginn, mä se ass ganz einfach do, fir eng Kluft tëschent de Präisser an der Kafkraaft ze reduzéieren. Dat kléngt esou wéi eng Evidenz. Dat, wat ech soen, ass och eng Evidenz. Mä ech mengen, dat muss een oft répétéieren, well oft gëtt et net esou duergestallt vu gewëssene Milieuen.

Mä déi Fro, Haaptfro, déi mir eis stellen, dat ass: Firwat kënnen déi héich Revenue respektiv d'Kapital net méi zu de Recettë bäisteieren? Well dat wier och déi aner Méiglechkeet gewiescht: keng onnëtz Spuermesuren, keng Erhéijung vun der TVA, awer dofir eng Steiertabell, déi zwar déi ënnescht Tranchë favoriséiert, dat ass richteg, mä dofir déi iewescht Tranchë méi konsequent kéint och besteieren.

An et ginn nach aner Mëttel, fir weider Finanzmëttel ze fannen, ouni mussen déi Kleng- oder Mëttelverdénger nach méi ze belaaschten. Zum Beispill gëtt et do, dat hate mer jo och schonn, dat soe mer jo awer och ganz oft, den Impôt sur la fortune, wou mir der Meenung sinn, datt deen erëm misst agefouert ginn. Dat wiere schonn eendeiteg Recettë vu Leit, déi sech bestëmmt net wäerten delokaliséieren.

Mä et schéngt einfach en Tabu ze sinn, fir d'Kapital an d'Fortune méi ze besteieren. Dofir versti mer einfach och net, datt u sech och simultan d'Betribssteier trotzdeem nach erofgesat gëtt. An et muss een awer och nach fäerten, datt se vläicht an nächster Zukunft nach weider erofgesat wäert ginn, vläicht vun anere politeschen Akteuren. Op jidde Fall wësse mer, datt den Drock ganz héich ass hei zu Lëtzebuerg vu gewëssene Milieuen erëm eng Kéier, fir déi erofzesetzen.

Wat de Steierbarème ugeet, e geet elo vu 40% op 41% respektiv 42% erop. Très bien, soe mer natierlech. Mä et muss een och soen, datt mer vu wäit kommen. Den Déifpunkt hate mer 2002 erreecht, wou de Spëtzesteiersaz nach nëmmen op 38% louch. 2001 louch en nach, wéi hautdesdaags elo an dëser Steierreform virgesinn, op 42%. Mä e louch och scho vill méi héich. Viru 40 Joer hate mer zu Lëtzebuerg e Spëtzesteiersaz vu 57%. An dat ware keng Zäiten, wou Lëtzebuerg schwaach war, an enger Kris war, mä net schwaach war! A graduell no der Stolkris ab 1987 ass et dann erofgaangen.

Deen Trend ass dann du lassgaangen. An allgemeng gesi gëtt et eng Tendenz zu Lëtzebuerg, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä och an Europa, zanter den 1990er Joren op jidde Fall, d'Betribssteiere ginn ëmmer méi erof. Deemools och nach Enn der 1990er Jore gouf d'Gewerbekapitalsteier an de Gemengen ofgeschaaft. Den Taux vun der Gemengegewerbesteier gouf vu 4% op 3% erofgesat 2002. An eben och de Spëtzesteiersaz, dee graduell ëmmer erëm erofgesat gouf bis ebe viru Kuerzem an elo mat dëser Steierreform.

Mä et ginn awer nach weiderhin aner Saachen, wou mer nach der Meenung sinn, datt ee misst méi Recettë kréien, a wou mer wéineg Verständnis hunn, datt déi net an Ugréff geholl ginn, zum Beispill d'Benefisser op den Dividenden, déi nach ëmmer zu 50% steierfräi sinn. An do stellt ee sech ganz einfach d'Fro, firwat grad d'Benefisser, déi net op Aarbecht berouen, vun der Steierlaascht zur Halschent befreit sinn, well dat ass jo och net de Fall bei engem normale Revenu. En normale Salarié, dee kann net 50% vu senge Revenue vun de Steiere befreien. Dat géif vläicht deen een oder deen aneren natierlech glécklech maachen. Mä dat funktionéiert leider nëmme mat Dividende vun Netaarbecht. Ass dat gerecht?

An déi aner Fro, déi ee sech och muss stellen, grad an enger Zäit, wou mer duerch esou eng Steierreform awer trotzdeem Déchet-fiscallen hunn: Op wéi vill Honnerte vu Milliounen verzichte mer?

An datselwecht gëllt och fir d'Stock Options. Ech si frou, datt mir net déi Eenzeg sinn, déi dat opwerfen. Vläicht wäert dat och dann eng Wierkung hunn. Mir wësse jo ganz genau, an et ass schonn ugeschwat ginn, datt d'Stock Options staark problematesch sinn, déi Bedeelegunge vu Kaderen an Entreprisen, bis zur Halschent vum Salaire, déi nach mat ongefëier 10% besteiert kënne ginn, an et gouf och op Exzesser higewise vu menge Virriedner vu virdrun.

An dat sinn natierlech och vill Steiergelder, op déi mir eis setzen. D'Caritas schwätzt vun engem Déchet fiscal, dee schwéier ze berechnen ass, well hei zu Lëtzebuerg mer jo och e Problem hu mat der Transparenz souwisou vum Kapital, dovun ofgesinn. Dofir ass et ëmmer schwéier, Saachen ze berechnen. Mä d'Caritas an hirem Sozialalmanach schwätzt vun engem Déchet fiscal, deen tëschent 100 an 300 Milliounen Euro läit. Dat heescht, dat si Recetten, déi mer verléieren. An domadder hätte mer schonn e Gros vun de Perten, zum Beispill vun der TVA am Commerce électronique, wettgemaach.

Une voix.- Très bien!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Dofir si mer och der Meenung, mir fannen et souwisou bedenklech, datt iwwerhaapt déi Saach mat de Stock Options iwwer Circulaire geregelt gouf, dat muss een awer soen. An dat war och de Fall mat de Rulinge ganz laang d'ailleurs, wou relativ konsequent Steierregelungen iwwer Circulairë geregelt ginn. Et wär besser gewiescht, éischtens, datt et iwwert d'Gesetz geregelt gi wier, mä am beschte Fall, där Meenung si mer och, datt et ganz einfach och ofgeschaaft géif ginn. Dofir si mer bereet, déi Motioun vun der CSV och an deem Sënn matzedroen.

Eis global Kritik un dëser Steierreform wäert lech och ganz wéineg, ganz wéineg...

(Interruptions)

...ganz wéineg erschrecken.

Une voix.- Et ass ganz interessant.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Mir sinn der Meenung, datt um Enn déi schaffend Leit méi bäidroe musse wéi d'Kapital.

Virdru war dat de Fall a mat dëser Steierreform ass et weiderhin de Fall. Do kann een nach weider Zuelebeispiller ginn. Am Panorama social zum Beispill vun der Salariatskummer, déi ginn e Beispill, ganz einfach, wann een en duerchschnëttleche Joresrevenu vu 55.000 Euro huet, bezilt ee 6-mol, 5,7-mol, mä et kann een opronnen op 6-mol esou vill Steiere wéi op Kapitalrevenue vum selwechte Montant, also 55.000 Euro. Dat ass e gutt Beispill, wat beweist, datt selwer schaffe manner erabréngt, wéi Geld fir sech schaffen ze loossen.

An eiser Welt gi sozial Ënnerscheeder vun Dag zu Dag méi grouss. An dat gëllt natierlech och fir Lëtzebuerg. 70% vun de Stéit hei zu Lëtzebuerg, dat seet de Statec, hunn e Liewensniveau pro Mount, deen tëschent 1.500 a 4.500 Euro läit, 10% souguer e Liewensniveau vu manner wéi 1.500 Euro. Bei nëmmen 3% ass et de Fall, datt e méi héich ass wéi 7.500 Euro.

An da gëtt et och nach dee Kompendium vun der Steierverwaltung, deen erauskomm ass - loosse mer dat esou soen! - am Virfeld vun dëser Steierreform, wou een och kann dra liesen, datt 50% vun de Ménagen, résident oder net résident, iwwer e Revenu imposable verfügen, dee maximal bei 50.000 Euro läit.

Ekonomesch a finanziell Gläichheet ass gesond fir d'Gesellschaft, well grad déi finanziell an ekonomesch Gläichheet, déi suergt derfir, datt de Prinzip, datt all Bierger gläich virum Gesetz ass, net just eng Parole bleift, mä och Wierklechkeet gëtt. Mir mengen natierlech och, datt et an déi richteg Richtung geet, wann de Spëtzesteiersaz eropgeet - wéi kéint et aneschters sinn? -, mä mir sinn der Meenung, datt déi richteg Richtung hätt kënnen eendeiteg méi audaciéis sinn.

Et kéint ee laang driwwer streiden, ob een de Mindestloun vum Barème komplett exonéréiert, ob den Ufanksseuil méi spéit kéint antrieden. Wa jiddwereen, zemools déi ënnescht Revenuen, sech e korrekt Liewe kéinte leeschten - dat ass awer de Problem, datt dat zurzäit net de Fall ass -, da kéinte se hire Verhältnisser entspriechend och bäidroen. A mir sinn och der Meenung, datt och kleng Revenue mussen als contribuabel gesi ginn, well dat ass och, mengen ech, souwisou prinzipiell finanzpolitesch richteg, mä och politesch allgemeng richteg, datt jiddwereen als Bierger och e bësse bäidroe kann, virausgesat natierlech - virausgesat natierlech! -, datt een awer duerno um Ënn vum Mount eens gëtt.

Dofir si mer weiderhin der Meenung, datt ee wéinstens hätt kënnen an déi Richtung goen, fir e méi héijen, eendeiteg méi héije Spëtzesteiersaz ze hunn, wéi dee vu viru 40 Joer, wou Lëtzebuerg net ënnergaangen ass, also 56% oder 57% - iwwer Zuele muss een net onbedéngt streiden -, an datt een natierlech och d'Steiertabell endlech un den Index bënnt.

De Barème gouf och geännert ënnert dem Credo „all Bierger gëtt entlaascht". Jo, déi ënnescht Revenue wäerten entlaascht ginn, zemools déi ënner 20.000 Euro. Mä dee faméise Mëttelstandsbockel, deen awer relativ schnell erreecht gëtt, dee gëtt net ofgeschwächt, zemools net par rapport zu den ieweschte Schichten. Well och wann déi, déi net vill hunn, besser ewechkommen, sinn déi, déi vill hunn, voire ganz vill hunn, déi, déi am beschten ewechkommen.

Et ass zwar richteg ze soen, datt d'Reform vun der Steiertabell dozou bäidréit, eben, datt déi Leit, déi an den ënneschte Kategorië sinn, gutt ewechkommen, mä et däerf een net vergiessen, datt schlussendlech de Barème bei 200.000 Euro ophält. Duerno geet et weider mat 42%, ob een 300.000 Euro d'Joer verdéngt, eng hallef Millioun oder eng Millioun.

Gerechtegkeet gesäit an eisen Aen aneschters aus, zemools wann ee bedenkt, datt d'Leit mat héije Revenuen och oft iwwer aner Erträg verfügen, an zwar déi aus dem Kapital, an déi ginn och gutt bedéngt. Ech mengen, ils ne sont pas à plaindre. An et misst ee sech och d'Fro stellen, firwat déi ganz héich Revenuen net méi héich besteiert ginn.

Duerno kann een natierlech och eng aner Partie Mesuren opzielen, déi schonn opgezielt goufen an déi natierlech och nach déi besser Revenuen erëm eng Kéier favoriséieren, zum Beispill eben och den Abattement op d'Frais de domesticité, dee vun 3.600 op 5.400 Euro eropgeet. Do kann ee kaum behaapten, datt dat eng Mesure wier fir déi manner gutt gestallte Leit, finanziell gesinn, mä datt et éischter erëm eng Kéier e Kaddo ass un déi Besserverdéngend an e Verloscht natierlech och fir d'Allgemengheet, fir d'Statskeess.

Et misst ee sech och d'Fro stellen, awéifern een d'Proportionalitéit vun der Franchise vun de Primes d'assurance responsabilité civile bei de Privatautoen net misst a Fro stellen, well domadder ginn näämlech och déi belount, déi méi déck Zylindere fueren, déi och méi verpeschten, déi och méi zu Autosaccidenter vläicht bäidroen, déi Autoen, datt déi u sech erëm eng Kéier favoriséiert gi par rapport zu Leit, déi sech esou déck Autoen net kënne leeschten.

Mir mengen och, datt bei dëser Steierreform a puncto Logement justement eng Geleeënheet verpasst gouf, fir de Locatairen entgéintzekommen. Well et gouf ganz oft hei gesot: „Mir maache Mesuren en faveur vu jonke Leit, déi sech kënnen duerno e Logement leeschten." Dat heescht: d'future Propriétairen. Mä Locatairen, déi kréien natierlech an dëser Steierreform net…, an dat ass de Problem, datt hei zu Lëtzebuerg d'Locatairë grad déi Kategorie vu Leit sinn, déi am meeschte vun enger Steierreform misste kënne profitéieren. Déi Mesuren, déi kommen, déi sinn ebe fir d'zukünfteg Propriétairen.

Dat ass de Fall vun der Erhéijung vum Plaffong, deen eropgeet bei der Ofsetzung vun der Cotisatioun am Kader vun engem Contrat épargne logement, also fir d'zukünfteg Propriétairen. Erop geet och de Montant, deen een ofschreiwe ka bei den Zënse vun engem Prêt immobilier. An dann och déi 50% Franchise vum Loyer, wann een iwwert d'Agence immobilière sociale fiert; dat kléngt natierlech gutt, mä mir mengen awer och, datt dat, deemno wéi, och e ganz gutt Geschäft kéint si fir deen een oder deen anere Propriétaire, awer et wäert net dozou bäidroen, datt um Marché d'Präisser vum Logement kéinten erofgoen.

Ech si bal um Enn vu menger Zäit ukomm. Ech wollt awer nach just eng Kéier erëm dorobber zréckkommen, datt mer mussen ophale mat dësem „moins-disant fiscal" fir d'Betriber. Well dat ass awer e Mantra hei an Europa, fir d'Betriber, déi grouss Betriber ëmmer manner ze besteieren, dovunner ofgesinn, datt souwuel Lëtzebuerg wéi aner Länner iwwer Fiskalitéite verfügen, fir datt déi ganz grouss Betriber kënne sech total vun der Steierlaascht befreien. An dat ass e reelle Problem.

An ech kann och nëmmen…, mir maachen dat permanent. Mir zitéieren eng Etüd vu PricewaterhouseCoopers, wat ongewinnt ass, mä heiansdo muss een och kucken, wat anerer schreiwen. An déi soe schonn zanter Joren, datt zu Lëtzebuerg schonn nëmme fir d'Betriber, datt d'Fiskalitéit fir d'Betriber immens favorabel ass hei am Verglach mat der Groussregioun an och iwwerhaapt mat Europa, datt d'Betriber souwisou schonn eng ganz schwaach Steierlaascht hei zu Lëtzebuerg hunn, wa se iwwerhaapt… (veuillez lire: Steiere bezuelen), wann ee vum Taux affiché schwätzt.

Dofir hu mer, ech hunn dat scho virdru gesot, e Problem domadder, datt d'Betribsbesteierung nach erofgeet bis op 18%, 19%, 18% graduell, den Taux affiché. Mir wëssen, datt souwisou den Taux réel eendeiteg drënner läit. A fir déi ganz grouss läit e ganz drënner, well déi aner, déi grouss Betriber kënne sech natierlech aggressiv Planifikatioune leeschten.

Dofir, ech halen dann elo op. Dofir si mer der Meenung,...

(Interruption)

...datt een en anere Wee misst aschloen, wuel wëssend, datt den Drock ganz staark do ass, fir d'Betribsbesteierung nach ëmmer méi erofzesetzen. Ech hu scho souguer och héiere vu gewëssene Patronatssäiten, datt se souguer d'Gemengegewerbesteier wëlle ganz ofschafen, well se net agesinn, firwat déi gutt ass, well se vläicht och net vill mat Gemengepolitik ze dinn hunn an net wëssen, wat e Service public op Gemengenniveau bedeit.

A mir ruffen da schlussendlech d'Regierung och op, fir op EU-Niveau justement géint déi fiskal Konkurrenz unzegoen. Dat mécht d'Regierung net. Dat ass en Dogma vun all Lëtzebuerger Regierung, fir ze soen: „Mir stinn hannert dem Fiskal-Dumping op EU-Niveau." An dat ass schlecht fir Lëtzebuerg. An dat ass och ganz schlecht fir Europa.

(Interruption par M. Etienne Schneider)

Bon, franchement, Här Schneider, ech héieren awer ëmmer de Géigendeel!

(Interruption par M. Etienne Schneider)

Jo, et héiert een dat eent oder dat anert, deemno wien de Publikum ass.

Mir wäerten op jidde Fall géint dës Steierreform stëmmen. Ech soen Iech Merci.

(Interruption par M. Etienne Schneider)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. Ech hunn elo keng weider Kolleeginnen oder Kolleegen, déi sech ageschriwwen hunn, soudass d'Wuert direkt den Här Finanzminister, den Här Pierre Gramegna, huet.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre Deputéierten, Här Premierminister, léif Kolleegen aus der Regierung, ech si frou iwwert déi Debatt, déi mer elo grad haten, well si huet natierlech erlaabt, de Fokus op dës Steierreform ze setzen an déi véier Charakteristike vun dëser Steierreform kloer duerzeleeën: Dat ass eng nohalteg Steierreform. Si ass gerecht. Si ass selektiv a sozial a si bréngt Kompetitivitéit.

Dës Steierreform kënnt och am richtege Moment fir Lëtzebuerg, zu enger Zäit, wou et eisem Land vill besser geet wéi virun dräi Joer. Et ass och eng Steierreform, déi kohärent ass mat der genereller Politik, déi vun der Regierung verfollegt gëtt. An et ass eng Steierpolitik, déi gréng Luucht krut vun den europäeschen Instanzen.

Ech géif gären der Rapportrice, dem Joëlle Elvinger, gratuléiere fir deen exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport hei, wou se alleguerten d'Elementer natierlech gutt ervirgestrach huet, mä och ganz bestëmmt gutt ënnerstrach huet, wéi gerecht dës Reform ass an och, dass et eng modern Steierlandschaft ass, déi mer heimadder schafen. An ech wäert och nach dorop ze schwätze kommen.

Et ass vu villen ënnerstrach ginn, och vun der Haaptoppositiounspartei, dass deen Exercice hei mat enger grousser Transparenz gemaach gëtt. Also ech freeë mech, dass dat unerkannt ginn ass, well effektiv hu mer vu Februar un, wéi mer déi éischt Pressekonferenz gemaach hunn, d'Zifferen op den Dësch geluecht. Ech hunn och nach kënne schätzen an Dir hutt et och kënne schätzen, dass mer fir de Conseil économique et social a fir d'Chamber och d'Zifferen d'lescht Joer zur Verfügung gestallt hunn, déi vill méi an den Detail gaange si wéi dat, wat jee gemaach ginn ass.

Mir hunn also an der Transparenz geschafft. Mir hunn en extrae Site Internet gemaach, wou d'Steierzueler direkt konnten den Effet vun der potenzieller Steierreform a Steiererliichterung gesinn. An ech sinn och uechtert d'Land gaangen, fir dee Steierdialog ze förderen, dee mer esou wichteg schéngt, dass d'Leit kënne Froe stellen, firwat se Steiere bezuelen. Ech fannen déi gutt Noriicht vun deem Steierdialog ass, dass een dat zu Lëtzebuerg ka maachen. Ech muss soen, dass ech vu ville Leit ganz positiv Echoe krut, net nëmmen, well mer eng Steierreform hunn, mä well mer an engem Land liewen, wou ee gesäit, wat mat de Steiere gemaach gëtt. Ech ka mer net vill Länner virstellen, wou de Finanzminister kann duerch d'Land zéien, ouni polizeilech Protektioun, fir iwwer Steieren ze schwätzen.

Ech wollt mäi Virtrag hei an dräi Deeler andeelen: en éischten, wou ech awer nach eng Kéier d'grouss Linne vun dëser Steierreform a Steiererliichterung géif résuméieren, haaptsächlech déi wichtegst Deeler. Am zweete groussen Deel géif ech gäre weisen, dass dës Steierreform nohalteg ass, an zwar nohalteg am Sënn, dass se finanzéierbar ass, an dann och géif d'Fro stellen, ob se ambitiéis genuch ass oder ob se ze wäit geet, an dann, drëttens, géif ech op déi Motiounen oder Virschléi, déi vun der Haaptoppositiounspartei gemaach gi sinn, agoen.

Zum Éischten, déi Haaptzich vun dëser Steierreform. Fir d'Éischt emol hu mer dat Versprieche, wat mer gemaach haten, agehalen, dass mer den Impôt d'équilibrage budgétaire temporaire an dëser Steierreform ofschafen. Mir hate gesot, mir schafen deen of, soubal et méiglech ass. Dee Moment ass komm. Dofir gëtt déi Steier vun 0,5% par rapport zum Revenu dann elo ofgeschaaft.

Ech wëll ënnersträichen, dass déi eréischt ugefaangen huet ze gräifen nom Mindestloun. Dat heescht, déi Leit, déi e Mindestloun haten, waren exonéréiert vun dëser Steier, wat och sozial gerecht schonn deemools war. Mir hunn och keng Verméigenssteier agefouert, mä mir hunn zwee nei Spëtzesteiersätz vun 41% an 42% agefouert.

Zur Tabell, zum Barème, wat ëmmer e ganz wichtege Sujet bei enger Steierreform ass, hu mer bewosst de Choix gemaach, deen ënneschten Niveau, ënnert deem ee keng Steiere bezuelt, intakt ze loossen. Dat ass den Niveau vun 11.265 Euro. Mä mir hu virgeschloen, dass den Taux soll geännert ginn tëschent 11.265 an 20.625 Euro. Hei ginn d'Stufen an d'Längt gezunn an dat benefisséiert en fait alleguerten de Steierzueler. Wat mer domat och erreechen, dat ass, dass dee Moment, wou den Taux vun 39% ufänkt ze gräifen, dass dat méi spéit geschitt, net méi wéi virdrun, haut 41.793 Euro, mä bei 45.897. Dat kënnt all Mënsch zegutt.

An hei kënnt elo, mengen ech, deen allerwesentlechsten Deel. D'Kärstéck vun dëser Steierreform ass déi nei Manéier, wéi mer d'Steierkreditter uginn. De Crédit d'impôt salarié, deen och e Pendant huet, de Crédit d'impôt pensionné an och de Crédit d'impôt monoparental - ech zielen net ëmmer déi dräi op -, dee Steierkreditt war virdrun deeselwechten: 300 Euro fir all Mënsch.

Dee Steierkreditt gëtt elo mol zwee multiplizéiert vun 300 op 600 Euro, an amplaz dass all Mënsch e kritt, gëtt dat elo eng selektiv an eng sozial Mesure, well en ass verduebelt fir all déi, déi tëschent 11.265 a 40.000 Euro sinn. Do ass de Crédit d'impôt verduebelt vun 300 op 600. An herno geet e progressiv lues op null erof. Dat ass eng immens Innovatioun, muss ech soen. Mir hunn en Instrument geholl, wat schonn do war, wat automatesch war, wat kee soziale Kritär a sech hat. Dat hu mer elo agefouert. An ech mengen, et kann een déi Steierreform net ouni déi do Innovatioun richteg beuerteelen.

An et ass och dofir, an ech maintenéieren dat, dass ee ka soen, dass dat heiten déi sozial gerechtste Steierreform ass an eiser rezenter oder vläicht souguer an eiser laanger Geschicht.

Ech bestreiden net, wéi een Deputéierte gesot huet, dass nach ëmmer Ongerechtegkeete bestinn! Mä ech weess net, wéi een et besser ka maachen, fir déi Ongerechtegkeete méi kleng ze maachen, wéi dat, wat mer elo mat dëser Reform hei maachen!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- De Salaire minimum non qualifié geet 63% erof, zwee Drëttel. De qualifizéierte Mindestloun, dee geet 42% erof. Bis dohinner sinn dat jo och Leit, déi den Impôt d'équilibrage net bezuelt hunn, duerfir huet dat elo soss keen Impakt bei deenen.

Wann ech elo eng Persoun huelen an der Steierklass 1, déi 4.000 Euro verdéngt pro Mount, déi Persoun bezilt mat der Steierreform, Combinaisoun vun alle Saachen, déi mer hei elo wäerte stëmmen, 120 Euro de Mount manner -…

M. Michel Wolter *(CSV).*- A Prozenter?

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- 120% manner, pardon, 120 Euro manner -...

M. Michel Wolter *(CSV).*- A Prozenter?

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- ...a bezilt och den Impôt d'équilibrage net méi. An den…

M. Michel Wolter *(CSV).*- Vun de Prozenter seet en näischt.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Den Impôt d'équilibrage, deen déi Persoun hei mat 4.000 Euro bezuelt huet, ass 10 Euro. Also 120 Euro de Mount manner, an den Impôt d'équilibrage fir eng Persoun mat 4.000 Euro war 10 Euro. Ech ënnersträichen dat, well vill gesot ginn ass: „Dir schaaft elo den Impôt d'équilibrage of, do hutt Der de Leit d'Suen aus der Täsch geholl, an hei maacht Der eng Reform, do gitt Der hinnen d'Sue just erëm."

Ech wëll hei ënnersträichen, wéi kleng den Impôt d'équilibrage war par rapport zum Impakt vun der Steierreform.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Wann een 10.000 Euro verdéngt pro Mount, dat ass jo schonn eng schéi Pai, dee kritt nawell als Reduktioun och nëmmen 120 Euro, wéi deen, dee 4.000 Euro kritt. Do gesitt Der, dass dat jo ganz offlaacht. Wann een eng normal linear Adaptatioun vun de Steiere gemaach hätt, majo dann hätt dee bei 10.000 Euro de Mount, ma deen hätt 400 bis 500 Euro manner Steiere bezuelt. Mä an deem heite System kritt en der just 120 manner ze bezuelen. An den Impôt d'équilibrage bei enger Persoun vun 10.000 Euro, deen ass ronn 40 de Mount. Dir gesitt also, wéi dee Mechanismus gespillt huet.

Wat wëll ech heimadder weisen? Ma zwou Saachen: Et gëtt zwee grouss Bénéficiairë vun dëser Steierreform bei de Personne-physiquen. Déi, déi an de Prozenter am meeschten erausschloen, sinn déi ganz niddreg Salairen, d'Leit, déi de Salaire social minimum hunn, an an absolutten Ziffere sinn et d'Leit aus dem Mëttelstand. Duerfir gëtt de Mëttelstandsbockel ofgeflaacht. An dat war genau d'Zil, wat mer eis ginn haten.

Fir d'Monoparentallen, well dat jo eng Kategorie vu Leit ass, déi particulièrement vulnerabel sinn, hu mer äänlech Mechanismen agefouert. De Crédit d'impôt monoparental gëtt och do mol zwee gemaach, vu 750 op 1.500. Deen ass also vill méi héich. Den Taux vun 39%, dee vill méi fréi gegraff huet an der Steierklass 1A, gëtt no uewe geréckelt, an d'Weeserenten, wéi vun all Mënsch begréisst, gi vum nächste Joer un net méi besteiert.

Ech kommen elo zu engem Punkt, deen ech gären „Modernisatioun vun eisem Steierrecht" nennen, an zwar deem vun der Individualisatiounsméiglechkeet fir d'Persounen.

Et ass esou, dass bestuete Leit haut net d'Méiglechkeet hunn, individuell besteiert ze ginn. Gepacste Leit kënnen dat schonn. Duerfir ass et wichteg, dass mer dat och elo fir bestuete Leit virgesinn. Ech ënnersträichen, dass et eng Optioun ass, soudass elo d'Leit, déi bestuet sinn, vum nächste Joer un, oder plutôt, fir méi prezis ze sinn, et ass vun 2018 un, wou dat wäert spillen, 2018, de Choix hunn tëschent dräi Méiglechkeeten: Se bleiwen an der Steierkategorie 2, onverännert.

Zweet Méiglechkeet, si wielen d'Individualisatioun, Système pur et dur hu mer se an der Steierverwaltung genannt. Dat heescht, si wielen, fir an d'Steierklass 1 ze goen. Et gëtt Koppelen, déi dat gäre maachen, aus verschiddene Grënn.

An dann dat, wat wahrscheinlech déi meescht wäert uspriechen, ass, dass se d'Optioun huelen, eng individuell Besteierung ze maachen, déi um Enn steierneutral ass, mä déi an der Koppel et erméiglecht, dass jiddwereen d'Steiere bezilt op deem, wat hie verdéngt.

An d'Koppele wäerten och eng Optioun hunn, wéi vill d'Verdeelung ass. Wa se d'Verdeelung 50/50 maachen, dann ass dat déi einfachst Léisung, déi och neutral ass. Mä si kënnen dat och anescht gestalten. Mir hunn et also esou gemaach, dass vill Flexibilitéit méiglech ass.

Loosse mer och derbäisoen, dass, a mengen Aen, dat eng ganz wichteg Saach ass, fir de Liewensëmstänn vun haut Rechnung ze droen, wann ee jo weess, dass vill Koppele gescheet ginn! Mat deem heite System kann ee selwer organiséieren, dass een nëmme responsabel ass fir déi Steieren, déi ee selwer generéiert duerch déi Verdéngschter, déi een huet.

E Wuert zu de Frontalieren, déi iwwregens och wäerte kënne vun der Individualiséierung benefitéieren. Vläicht just fir ze soen: Wat ass d'Zil, wat mer wëllen erreeche bei de Frontalieren? Mir hätte gäre vum Joer 2018 un, also net d'nächst Joer, dass den Traitement vun de Frontaliere genau deeselwechte gëtt wéi dee vun de Résidenten. Dat ass haut schwéier méiglech gewiescht, well mir d'Informatioune vun den Nopeschlänner net ëmmer kréien, wéi vill de Conjoint am Pays d'origine verdéngt. An dat wëlle mer änneren. Nächst Joer ass also d'Geleeënheet fir d'Conjointen, hire Revenu an deem anere Land eiser Steierverwaltung ze mellen.

Ech wëll ganz kloer ënnersträichen, dass ech dat mat de Finanzministere vun den Nopeschlänner ofgeschwat hunn an déi dat bei sech scho laang maachen am ëmgekéierte Fall. Mir maachen also hei keng Innovatioun.

An ech wëll och soen: Fir déi Koppelen, déi elo schonn d'Revenue vun deenen zwee deklaréieren, changéiert natierlech guer näischt. Et geet also just drëms, d'Informatioune méi komplett ze maachen. A wann aus enger Rëtsch spezielle Fäll oder verschiddenen Accorden tëschent Frankräich a Lëtzebuerg, Belgien a Lëtzebuerg oder Däitschland a Lëtzebuerg sech géif erginn, dass verschidde Frontaliere benodeelegt wäre par rapport zu Résidenten, da kënne mer dat jo ënnert d'Lupp huelen. Ech hunn och de Syndikater gesot, dass ech bereet wär, dat mat hinnen am Laf vum Joer 2017 ze kucken. Eis geet et hei ëm Gläichheet virun der Steier vun de Résidentë par rapport zu de Frontalieren.

Mir hunn natierlech vill Mesuren an dëser Steierreform, fir e bezuelbare Wunnraum ze sécheren, wëssend, dass dat net einfach ass. Mir hunn do Propositioune gemaach, fir d'Demande ze ënnerstëtzen, haaptsächlech andeem d'Intérête kënnen e bësse méi héich ofgesat ginn, awer och dass den Épargne logement haaptsächlech fir déi Jonk méi abordabel gëtt oder méi ofsetzbar gëtt. A mir hunn d'Valeur locative endlech ofgeschaaft, muss ee soen. Dat hätt ee scho ganz laang kënne maachen. Dat gëtt dann elo hei duerchgezunn.

An dann op der Offer ass d'Haaptmesure natierlech, dass mer wärend 18 Méint vum 1. Juli vun dësem Joer bis Enn d'nächst Joer de Véierelstaux op der Plus-value hunn, amplaz vum Demi-taux. Dat gëtt vill begréisst.

Am Domän vum Transport hu mer all déi Mesuren, déi en Environnementscharakter hunn, déi ganz gutt ënnerstrach gi si vum Här Henri Kox. An ech mengen, dass dat effektiv eng grouss Innovatioun ass. Et kann een natierlech ëmmer d'Saache méi grouss wëlle maachen oder méi wichteg wëlle maachen. Mä dat heiten ass emol en éischten Usaz an ech freeë mech doriwwer. An ech wëll och soen, dass dee grénge Fuedem, deen hei spierbar ass an der Steierreform, sech natierlech duerch d'ganz Aktivitéit vun der Regierung zitt, an haaptsächlech gesäit een dat jo an den Investissementer an d'Mobilitéit an an d'Infrastruktur.

Zum Schluss vun de Résuméen, wat elo d'Personnes physiques ubelaangt - mä dat ass och eppes, wat d'Entreprisen touchéiert -, géif ech gären iwwert d'Fraude fiscale schwätzen. Wann ee schonn an engem Moment ass, wou een d'Steiere reduzéiert, wou d'Steierlaascht also méi kleng gëtt, da muss ee sech als Stat och derfir asetzen, dass déi Steieren, déi geschéllt sinn, och bezuelt ginn.

Ech freeë mech iwwert déi exzellent Zesummenaarbecht, déi ech an deem doten Dossier mam Här Félix Braz, wéi och villen aneren, hat, soudass mer séier konnten do schalten, fir déi Mesuren, déi mer elo hei proposéieren, wat d'Fraude fiscale ubelaangt, an d'Steierreformsgesetz ze setzen. Mir hätten nach sechs Méint Zäit gehat, fir dat méi spéit ze maachen. Mä ech fannen, et ass e gutt Zeechen, e wichtegt Zeechen no baussen am Sënn vu Steiergerechtegkeet, dass mer dat elo scho maachen.

Et ass och e wichtegt Signal par rapport zum Ausland. Mir haten eng Delegatioun vum Fonds monétaire international hei dës Woch, déi dat explizitt begréisst huet, dass mer dat doten elo schonn ëmgesat hunn. Dat wäert eis hëllefen, e ganz positive Bericht an deem Domän ze kréien.

Mir hate schonn un déi ganz Problematik vun der Fraude geduecht. Duerfir hate mer schonn d'lescht Joer eng Regularisatiounsméiglechkeet agefouert, déi den Entreprisen an och natierlech de Leit erlaabt, am Joer 2016 hir Dispositiounen ze huelen. An elo kënnt dann déi Reform hei, déi elo dräi Zorte vun Infraktioune virgesäit, wat d'Infraktiounen an der Fiskalitéit ubelaangt. Dat heescht, d'Fraude aggravée ass elo eng nei Fraude, déi mer introduzéieren. Mir hunn d'Fraude simple, d'Fraude aggravée an d'Escroquerie fiscale, also dräi verschidden Infraktiounen. Domadder maache mer eis eisen Droit kompatibel mat deenen neiste Recommandatioune vum GAFI.

Mir wäerten och, a mir hunn dat schonn ugefaangen a mir wäerten dat weiderféieren, d'Ressource-humainë fir d'Steierverwaltung stäerken, fir dass natierlech ka géint déi Fraude gehandelt ginn. Datselwecht gëllt fir d'Administration vum Enregistrement.

Mir hunn och virgesinn, dass d'Fräiberuffler elo eng kommerziell Kontabilitéit musse maachen. Och dat wäert hëllefen, fir méi Transparenz ze kréien.

Erlaabt mer, hei vläicht eng kleng Interruptioun ze maachen, fir dorop hinzeweisen, dass grad an deem heiten Domän déi eenzeg Opposition formelle vum Conseil d'État war, dee bedauert huet a gesot huet, dass et net kompatibel wär mat eise Gesetzer an der Constitutioun, dass d'Responsabilitéit vun den Dirigeanten a vun den Administrateure kéint hei ouni Faute a Betruecht gezu ginn. Deem ass Rechnung gedroe gi mat engem neien Text, deen dann och vum Conseil d'État herno guttgeheescht ginn ass.

Ech kommen elo zu den Entreprisen, fir ze soen, dass dës Reform hei a Richtung méi Kompetitivitéit geet. De Steiersaz ass haut am IRC, dat heescht d'Kierperschaftssteier, Impôt sur le revenu des collectivités 21%, geet d'nächst Joer erof op 19% an 2018 op 18%. Dat ass eng schéi Reduktioun. Dat ass keng spektakulär Reduktioun. A wéi ech dat schonn eng Kéier ausgedréckt hat: Dat ass net méi wéi néideg an dat ass net méi wéi méiglech.

Mir wëllen och hei keng Course no ënnen an der Fiskalitéit bei den Entreprisë maachen. Dat soen ech d'autant plus däitlech hei, wann ee gesäit, wéi sech verschidden Deklaratiounen heefen nom Brexit an och op där anerer Säit vum Atlantik, wou jo do miroitéiere gelooss gëtt, dass eng Course no ënne wäert riskéieren ze kommen, wat natierlech och géif all déi Efforte vum G20 a vun der OCDE, fir en „level playing field" ze hunn a Saache Fiskalitéit, e bëssen a Fro stellen.

Ech mengen, mir hunn hei dat gemaach, wat mer konnte maachen a wat méiglech war. Mir mussen eis awer bewosst sinn, dass de ganzen Exercice vu BEPS, dee mat sech bréngt, dass d'steierlech Base méi breet gemaach gëtt, dass dat nei Défie fir eis duerstellt. An ech hunn et schonn e puermol gesot: Mir monitoren dat vu ganz no. A vu dass mer eng gutt Statsfinanzesituatioun hunn a wann een Élargissement vun der Base géif kommen, dee relativ bedeitend ass, si mir net op déi additionnell Ressourcen ugewisen a mir missten dat da kompenséieren op eng intelligent Aart a Weis.

(Interruption par M. Laurent Mosar)

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, entschëllegt.

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Dierf ech dem Här Minister eng Fro dozou stellen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Selbstverständlech, wann den Här Minister d'accord ass.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Jo.

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Merci dem Här Minister fir déi Prezisioun. Ech wollt awer nach eng Kéier dorop zréckkommen, well ech hunn och de Moien dem Här Bodry ganz opmierksam nogelauschtert. Den Här Bodry huet vill interessant Saache gesot, awer och eng, déi mech ganz besonnesch awer e bësselchen erstaunt huet. Hien huet näämlech gesot, datt, wat d'Erofsetze vun der Kierperschaftssteier betrëfft, datt do schonn d'Verbreederung vun der Base anticipéiert gi wär.

Wann ech awer elo Är Explikatiounen nolauschteren, Här Finanzminister - an ech wëll Iech soen, datt ech ganz mat deenen Aussoen d'accord sinn -, hutt Dir elo ganz kloer gesot, datt, wann déi Verbreederung vun der Base géif kommen, géif dat gekuckt ginn an, le moment venu, misst natierlech dann nach eng Kéier den Taux gekuckt ginn.

Ech hu just, wéi gesot, de Moien den Här Bodry héieren, datt deen dat e bësselchen aneschters ausgedréckt huet, duerfir wollt ech nach eng Kéier froen: Ass déi Positioun, déi Dir elo hei gesot hutt, ass dat d'Positioun och vun der Regierung?

(Brouhaha)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Et ass esou, dass déi ganz Diskussioun BEPS, dass dat 15 Piliere vu Recommandatioune sinn, mat eenzelnen dran, dat heescht, mir schwätzen hei vun Dosenden an Dosende vu potenzielle Mesuren, déi op eis duerkommen. Dat ass en Exercice, dee sech iwwert déi nächst Joren zitt.

Mir hunn hei zum Deel anticipéiert, well mer verschidde Saache kennen, déi wäerten an d'Realitéit ëmgesat ginn. Verschidde Saache kenne mer nach net, mä mer wëssen, dass se probablement wäerten eng Kéier geschéien. Duerfir, dat ass e Processus continu a mir monitoren dat.

Firwat hunn ech déi Remarque gemaach? Ech hunn d'Remarque gemaach: Firwat ass et wichteg, en Triple-A-Land ze sinn? Firwat ass et wichteg, gesond Statsfinanzen ze hunn? Well dann ass een net op deen Élargissement de la base ugewisen, fir seng Finanzen ze sanéieren an et kann een dann den Entreprisen entgéintkommen.

A wéi ech och, mengen ech, d'lescht Woch an enger Debatt hei iwwert d'Kompetitivitéit gesot hunn: Et kann een déi Ajustementer jo maachen op aner Aart a Weisen, wéi nëmmen doduerch, dass een de generellen Taux erofsetzt. Do gëtt et eng ganz Panoplie vu Mesuren, déi ee ka gebrauchen. An da wäerte mer dat au fur et à mesure diskutéieren an der Regierung, mä awer och an der Cofibu.

Zum Ofschloss: Bei den Entreprisë wéilt ech nach gär zwou Mesuren ënnersträichen, déi particulièrement fir d'PMEe ganz positiv sinn, dat ass, dass de Steiersaz bei de Profitter bis 30.000 Euro, dass do de Steiersaz vun 20% op 15% erofgeet. An dat Zweet, dat ass, dass mer bei der Transmission d'entreprise elo sécherstellen, dass, wann dat geschitt, d'Immeublen, déi an der Gesellschaft sinn, dass déi Plus-value neutraliséiert gëtt, soulaang d'Immeublen nach ëmmer weider gebraucht ginn, fir Commerce ze maachen.

Ech kommen dann elo zu mengem zweeten Deel, Här President, an zwar d'Nohaltegkeet oder d'Soutenabilitéit vun eise Finanzen en général a vun dëser Steierreform. Anescht ausgedréckt: Ass dës Steierreform finanzéierbar?

Do hu mer och auslännesch Institutiounen, déi eis do e ganz klore Jo soen. De Fonds monétaire international huet et scho gesot, d'Lëtzebuerger Zentralbank, vun där mer vill geschwat hunn an op déi ech nach zréckkommen, huet an hirem Avis vum leschte Joer scho gesot, dass Lëtzebuerg eng Marge de manœuvre vun 300 Milliounen hätt, fir eng Réforme fiscale ze maachen. Dat war d'lescht Joer. An der Zwëschenzäit sinn eis Zifferen nach méi positiv an eis Croissance besser, soudass och d'Banque centrale agesinn huet, dass do e gewëssene Sputt besteet.

Mä am allerwichtegsten, mengen ech, ass et, dass d'Europäesch Kommissioun net nëmme gréng Luucht ginn huet beim Pacte de stabilité et de croissance, bei eisem Programm, dee mer am Oktober erageschéckt hunn, mä am leschten ECOFIN huet d'Kommissioun ganz kloer gesot, dass déi Länner, déi Marge hunn, déi Sputt hunn, wéi Däitschland, Holland a Lëtzebuerg, sollen dee Sputt ausnotzen, fir méi Croissance ze generéieren a fir méi Investissementer ze maachen. A genau dat maache mir! Dat wäerte mer dann och an eiser Debatt iwwert de Budget d'nächst Woch kënnen zesummen diskutéieren.

Mä eppes ass kloer: Et gëtt e ganz grousse Konsens am Ausland, dass mer hei dat Richtegt maachen. An elo ass et natierlech dat Allerwichtegst, wat mir selwer am Inland dovunner halen. Mir sinn awer an engem Stabilitéits- a Wuesstumspakt, deen nun eemol zu eiser Gesetzgebung gehéiert. A wa mer da vu Bréissel gesot kréien, dass alles an der Rei ass, ech mengen, dann hu mer gutt geschafft.

Elo kommen ech op e ganz wesentleche Punkt, deen net genuch ënnerstrach gëtt. Den Deputéierte Bodry huet dat zwar de Moien exzellent virbruecht, an duerfir brauch ech elo net op all Detail anzegoen.

Wann een de Stabilitéits- a Wuesstumspakt, d'Dokument vun 2013 liest: Wat war do virgesi fir Lëtzebuerg? Eng Milliard Defizit am Zentralstat 2014, eng Milliard 2015, eng Milliard 2016: Dat wären dräi Milliarden Euro Schold gewiescht! A wat ass geschitt? Mir haten 2014 ronn 200 Milliounen amplaz eng Milliard Defizit, 2015 manner wéi 200 Milliounen a mir wäerten dëst Joer - 400 ass ugesot -, mä ech weess elo schonn, dass et och do drënner geet. Dat heescht, amplaz dräi Milliarden Defizit am Zentralstat 2014, 2015, 2016 ass et bal null, bal den Équiliber.

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Dat ass natierlech e risegen Ënnerscheed! An dee risegen Ënnerscheed erkläert, dass mer net mussen eng Steierreform maachen, déi budgetsneutral ass. Déi Ausso hu mer virun dräi Joer gemaach, wéi mer gefaart hunn, dass dat géif antrieden, wat virgesi war, ouni d'Mesurë vun där neier Regierung, dass mer natierlech dann dräi Milliarde Schold méi hätten, déi mer dann och natierlech net hunn, an duerfir hu mer dee Sputt.

Duerfir seet och Bréissel zu eis, an duerfir seet och de Fonds monétaire international: „Maacht eppes! Är Schold geet vun 23% vun Árem Räichtum erof op 20%." Hätte mer näischt gemaach, wäre mer haut op 27%, 28%. Wéi gesot, den Deputéierte Bodry huet déi Zifferen all gutt erkläert.

Duerfir sinn eis Statsfinanzen haut gesond an duerfir ass eisen Triple-A sécher mat enger stabeler Previsioun, wat de Stand à terme ass. Et ass déi bescht Nummer, déi ee kann hunn! Just Däitschland huet gradesou eng héich Notatioun vun Triple-A.

Nu besteet e ganz groussen Ënnerscheed tëschent - enfin, et gëtt vill Ënnerscheeder tëschent Däitschland a Lëtzebuerg -, mä mir ginn ëmmer matenee verglach, wat d'Gesondheet vun eise Statsfinanzen ubelaangt. D'Statsschold an Däitschland ass net wäit vun 80% ewech vum PIB. Zu Lëtzebuerg ass se bei 20%.

Däitschland investéiert manner wéi 2% vun hirem Räichtum an hir Ekonomie als Investissement public. Mir investéiere 4,2%. Dat

heescht, am relative Verhältnis zweemol esou vill wéi Däitschland! A firwat ass dat wichteg? Eh bien, dat ass wichteg, well mer gären eng gutt Infrastruktur zu Lëtzebuerg hunn, eng besser Liewensqualitéit. Duerfir maache mer jo all déi Investissementer.

A mir kéinten - et ass ee vun den Deputéierten, deen dat gesot huet, ech erënnere mech awer net genau, wien et war, et kann den Här Bodry gewiescht sinn -, mir kéinten, amplaz 2,5 Milliarden d'nächst Joer ze investéieren, 1,5 Milliarden investéieren. Dat wär nach ëmmer méi wéi Däitschland am relative Sënn. An dann hätte mir null Defizit! Hätte mer da gutt geschafft? Ech mengen net. Ech mengen, dass mer besser hunn, dass mer déi Suen investéieren an eis Wirtschaft, an eis Leit, an eis Infrastruktur.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Elo kommen ech zu den Zifferen. Ech wëll den Här Wiseler rassuréieren, ech fannen dat ganz normal, dass mer iwwer Zifferen hei schwätzen. A wann d'Lëtzebuerger Zentralbank aner Zifferen huet, da muss ee sech doriwwer Gedanke maachen. Ech deelen dat.

Ech war och iwwerrascht, dass deen Écart tëschent den Ziffere vun der Zentralbank vu Lëtzebuerg an deenen, déi de Ministère ausgerechent huet, dass deen esou grouss ass. Duerfir hunn ech och d'Équipe bei mir chargéiert an de leschten Deeg, Kontakt opzehuele mat der Europäescher Zentralbank, mä och mat der Lëtzebuerger Zentralbank, fir ze kucken, wéi dat sech erklärt.

An ech hunn dat och an der Cofibu detailléiert, ganz e bëssen detailléiert, et ass eng komplex Diskussioun, dass een zu engem gewëssenen Deel, zu engem groussen Deel déi Ziffere kann zesummeréckelen, haaptsächlech op véier, fënnef Joer, an de moyen Terme, dann ass den Écart net méi esou grouss wéi dat elo erschéngt. Dat ass emol kloer, doriwwer ass och all Mënsch d'accord.

Eng total Réconciliatioun hu mer nach net. Ech wëll awer och soen, dass de Statec an de leschten Deeg och nach eng Kéier Calculle gemaach huet op Basis vun de leschten Zifferen, déi en huet. An de Statec huet eng Dynamik an déi Ziffere bruecht.

Dir kënnt Iech vläicht erënneren, ech hunn et näämlech ënnerstrach, och an der Cofibu, dass mir eng statesch Berechnung gemaach hunn. Dat heescht, all dat Positivt, wat dës Steiererliichterung an d'Wirtschaft bréngt, hu mer net eragerechent. Mir hunn also eng konservativ, prudent Rechenaart a -weis, eng statesch geholl.

Firwat? Fir justement net de Virworf gemaach ze kréien, dass een do Hypotheesen hëlt, déi contestabel sinn. De Statec huet dat awer gemaach. Hien huet jo och ganz kloer bewisen, dass de Wuesstum gestäerkt gëtt duerch d'Steiererliichterungen, et cetera, an da kënnt en op Zifferen, déi méi no, vill méi no si bei deene vum Finanzministère a vun der Steierverwaltung, wéi déi vun der Zentralbank vu Lëtzebuerg.

Fir déi, déi méi an den Detail wëlle goen, soen ech: Et ass jo kloer, dass d'Lëtzebuerger Zentralbank eng aner Methodologie huet, d'Methodologie vun den Dépenses constatées, an de Stat nach ëmmer fir säi Budget d'Méthode de caisse hëlt.

A mir mussen d'Méthode de caisse huelen, well mir musse jo wëssen, wat eis Zifferen d'nächst Joer sinn an der Realitéit, an net no engem Kontabilitéitsprinzip, dee méi komplizéiert ass an op mëttelfristeg Zifferen tabléiert. Mir musse jo op Bréissel e Budget schécken, wou mer soen: D'nächst Joer gëtt et 10 Defizit, 20 Defizit, 30 Defizit oder keen Defizit.

An ech mengen, dat einfachst Beispill, fir et ze verstoen, ass, wann een d'Entreprisen hëlt. D'Entreprisë bezuelen d'nächst Joer 2017 Steiere vum Joer 2016 an och nach vun e puer Jore virdrun. Do gëtt also nach déi al Steiertabell gebraucht. Also muss ech als Déchet fiscal fir d'Entreprisë fir d'Joer 2017 net e potenzielle Käschtepunkt draschreiwen, dee vläicht 2020 oder 2021 sech wierklech wäert realiséieren. An ech mengen, domat erkläert een och, dass déi methodologesch Ënnerscheeder net nëmmen abstrakt Saache sinn, mä och eppes mat der Realitéit ze dinn hunn.

En conclusion zum Thema Chiffere wëll ech zwou Saache soen. D'Steierverwaltung huet an de Joren - wärend deenen dräi Joer, wou ech elo mat hinne geschafft hunn -, an de Joren 2014, 2015 an 2016 a Saache Pronosticke maachen, Hypotheese maachen, wat eis Recetten zum Schluss vum Joer sinn, muss ech Iech soen, all Joers eng Punktlandung gemaach! Also, ech kann Iech elo scho soen, fir 2016 gesäit et erëm eng Kéier aus, wéi wa se ganz no beim Projet de budget wäerte leien. Tant mieux! Dat berouegt mech och. An da soen ech mer: Da kënne se sech dach och fir dat, wat an den nächste Jore geschitt, net komplett geiert hunn.

De toute façon, ech sti voll hannert hinnen. Si hunn dat an der Vergaangenheet gutt gemaach, an ech sinn iwwerzeegt, dass se dat dës Kéier och gutt gemaach hunn.

(Brouhaha)

An ech mengen, et ass am Intérêt vun eis alleguerten, dass mer hei keng falsch Ängscht opkomme loossen. Eis Situatioun ass gutt. Et kann een natierlech hyperprudent sinn, wéi d'Lëtzebuerger Zentralbank et ass. Mä et huet kee Wäert, sech selwer domat onroueg ze maachen.

Wann een den Avis vun der Zentralbank vu Lëtzebuerg liest, wat ech natierlech gemaach hunn, do steet op ganz ville Plazen „ceci est une hypothèse maximale". Dat ass hiert gutt Recht, eng Hypothèse maximale ze huelen, mä et muss ee jo net onbedéngt an déi Richtung goen. Ech mengen, mir solle Confiance ausstralen, net nëmmen als Regierung, mä och als Land, an eis Administratioun Confiance hunn, well dat hëlleft eis alleguer, et hëlleft och eiser Wirtschaft.

Ass dann...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Minister,...

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Jo?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- ...ech wëll Iech drop opmierksam maachen, dass d'Zäit Iech fortgelaf ass.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Schonn?

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dir sidd bei 33 an eng hallef Minutten, an um Pabeier stinn der 30.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Gutt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also, ech géif Iech bieden, dann dee schnelle Gank anzeleeën.

Mme Lydie Polfer *(DP)*.- Ech fannen, datt hien dat ganz gutt erklärt huet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wat gelift? Wat sot Der, Madamm Polfer?

Mme Lydie Polfer *(DP)*.- Ech fannen, den Här Minister erklärt dat ganz gutt. D'Leit dobaussen, déi hunn och verdéngt, dat ganz roueg erklärt ze kréien.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, mä d'Chamber huet och e Reglement, Madamm Polfer.

Mme Lydie Polfer *(DP)*.- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Voilà!

(Brouhaha général)

Une voix.- Hien erklärt et op alle Fall besser wéi den Här Reding!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Ech maache méi séier. Ass dës Steierreform ambitiéis genuch? Si ass genausou wéi se soll sinn. Si stellt duer, no eiser Rechnungsmethod, 0,7% vun eisem Räichtum. Ech widderhuelen...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift op der Regierungsbänk!

Plusieurs voix.- Aah!

(Brouhaha général)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Also, wat ass de Käschtepunkt vun dëser Steierreform? Deen ass 0,7% vun eisem Räichtum. Wann een déi ganz pessimistesch Zifferen, oder aner Methode vun der Zentralbank hëlt, da wären et och nach 1,4% vun eisem Räichtum. Mir ginn dovunner aus, dass et méi no ass bei 0,7%.

Elo vergläichen ech dat net mat deene Reforme vun 2001 an 2002, déi hei oft zitéiert gi sinn, mä mat deem, wat 2008 an 2009 geschitt ass. 2009 ass eng lineär Upassung gemaach ginn, haaptsächlech, an e puer aner Saachen, an de Käschtepunkt vun där Reform war 1,9% vun eisem Räichtum, also vill méi wéi eis, vill méi!

A wat war 2009 lass? Majo, 2009 hate mer eng negativ Croissance vu 5%. An 2008 war och schonn eng Steiererliichterung, déi war 0,8% vum PIB, esou ongeféier dat, wat mir elo dës Kéier maachen. An och dat Joer war eng Croissance vu minus 1%. Dat heescht, an där Period si Steiererliichterunge gemaach ginn an der Héicht vun iwwer enger Milliard, wann ech déi zwee Joer zesummenzielen.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Wëssentlech a wëllentlech a mam Accord de la Chambre!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Jo, mä et ass awer gemaach ginn. Et ass gemaach ginn zu enger Zäit,...

(Interruption par M. Michel Wolter)

...wou mer eng Croissance négative haten. Et war och eng ganz speziell Zäit, mir wëssen dat. Et war déi schlëmmste Finanzkris, déi jee war!

Mä ech wëll dat awer hei ënnersträichen, dass mir de Moment an enger besserer Phas sinn. Et geet mir haaptsächlech drëm, ze weisen, well dat net genuch gesot ginn ass, well och vu Verschiddene gesot ginn ass, dass dës Steierreform - an ech insistéieren net ze vill, wien dat alles gesot huet, net onbedéngt haut hei am Sall, mä och déi Deeg virdrun -, dass déi heite Steierreform net kompatibel wär mat enger räsonabeler Finanzpolitik.

Eh bien, ech soen Iech: Dat ass responsabel, well mir dee Sputt hunn, wéi ech virdrun erkläert hunn. Punkt 1.

Punkt 2. Mir hu 4% Croissance. Dat ass also e ganz anert Ëmfeld. An ech mengen, dat muss a Betruecht gezu ginn.

Amendements et motions

Elo kommen ech dann zum leschte Punkt, dat sinn d'Propositioune vun der CSV, woubäi der dräi jo do en évidence gesat gi sinn. Déi éischt war, fir ze soen, dass de Seuil, vun deem un ee Steiere bezuelt, dass dee soll an d'Luucht gesat ginn. Dee Seuil ass haut 11.265 an dee sollt eropgoen op 12.000 Euro.

Ech muss soen, dass ech déi Saach do ganz gutt elo iwwert d'Mëttesstonn considéréiert hunn, mä ech hunn dat an all deene Méint considéréiert, ob mer dann dee Seuil sollten an d'Luucht setzen. A mir sinn zur Konklusioun komm, dass mer dat net géife maachen, well mer justement eng ganz aner Method gebraucht hunn, déi vum Crédit d'impôt salarié, Crédit d'impôt monoparental a Crédit d'impôt pensionné.

Firwat? Well vun 11.265 bis 12.000 eropzegoen, dat kléngt, wéi wann dat eppes Klenges wär - herno kommen ech nach op de Käschtepunkt ze schwätzen -, mä dat si jo genau déi lineär Upassungen, wéi se soss ëmmer gemaach gi sinn. A mir hu jo dës Kéier bewosst eng aner Method gewielt. A si ass also, déi aner Method, am Géigesaz zu där heiter, méi sozial gerecht, erlaabt engem, den Akzent méi an der Mëtt an ënnen ze setzen. An duerfir fanne mir dat Eropsetze vun deem Seuil keng gutt Iddi.

Wat elo de Käschtepunkt ass vu spezifesch där heiter Saach, wann een de Seuil eropsetzt op 12.000 an duerch de ganze Modell lafe léisst...

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Mir loossen et net lafen.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Jo, ech weess, ech kommen dozou. Jo, jo. Ech soen Iech elo, mir hunn dat ausgerechent. Ech wollt Iech d'Ziffere ginn. Wa mer et duerchlafe loossen, ass et eng Mesure, déi méi wéi 100 Millioune kascht!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Mir loossen et net duerchlafen!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Wann een et dann net wëllt duerchlafe loossen, wat och technesch relativ komplizéiert ass, fir dat ze maachen, da kascht et nawell 39 Milliounen. 39 Milliounen, déi jo dann en plus kommen, well ech hat jo haut de Moien och déi Fro gestallt, déi dote Propositioun kënnt jo on top, en supplément vun deene Saachen, déi mir hei proposéiert hunn.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Här President, däerf ech?

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Jo, natierlech.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Mir hunn net déi Méiglechkeeten, déi Dir hutt mat der Steieradministratioun, well mer net den Detail kennen, wéi d'Leit opgedeelt sinn. Mä ech maachen Iech awer eng Rechnung, Här Minister. Ech hunn Iech déi och virdrun en marge vun dëser Sitzung gemaach.

Mir hunn, op Base vun deenen Donnéeën, déi jo der Chamber zur Verfügung gestallt ginn, 478.000 Steierzueler. Dat kënnen der haut e puer weider sinn. Vun deene 478.000 Steierzueler muss een der 100.000 ofzéien, déi tëschent 0 an 10.000 Euro jäerlecht versteierbart Akommes hunn. Déi muss ee jo ofzéien, da si mer op 378.000.

An der Tranche vun deenen, déi tëschent 10.000 an 20.000 leien, ginn et der 59.000. Wann een do seet, mir huelen emol nach d'Halschent vun deenen a mir zéien déi of, da komme mer insgesamt op ronn 350.000 Steierzueler, déi manner Steiere bezuelen, op 735 Euro mol 8%, an dat sinn 58 Euro pro Steierzueler.

Wann een dann déi 350.000 mat 58 multiplizéiert, da kënnt een op 20,3 Milliounen. An ech weess, dass Der mer en marge gesot hutt, Dir wiert och op deeselwechte Chiffer komm. Do ass emol nach net mat aberechent dat, wat een uewen am Tariff - an dat ass jo eis aner Propos gewiescht -, andeem een d'Steiersätz vun 41% an 42% éischter...

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Déi kommen nach, ech kommen drop.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- ...gräifen deet. Ech ginn Iech recht, do spuere mer net d'Welt, well dat ass 1%, wou erofgesat gëtt. Mä déi heite Rechnung, dat ass vun 20,3 op 40 oder 39 Milliounen, mengen ech, dass déi net ganz richteg ass.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Jo, Här Roth, ech hat Iech en marge gesot, ech hätt déi vereinfacht Rechnung do och gemaach. Mä ech hunn elo d'Administratioun gefrot, si solle mer soen, wat den Impakt ass. An d'Administratioun huet mir gesot: Den Impakt ass 39 Milliounen. Dat ass esou.

Wa mer méi Zäit gehat hätten, dat zesummen ze kucken, dat heescht, wann Är Propositioun an der Cofibu gewiescht wier, dann hätt ee jo nach méi Zäit gehat, fir sech domadder ofzeginn. Mä am leschten Ablack esou ass dat e bësse schwéier.

Deen zweeten...

(Interruption)

Deen zweeten Aspekt vun Ärer Fro oder vun Ärer Propositioun ass jo, 41%, 42% méi fréi spillen ze loossen. Bon, dozou hunn ech eng Remarque, dat ass - an ech wäert och de Coût, och doriwwer wäert ech schwätzen -, also zwou Remarquen.

Dat Éischt ass, mir hunn en anere Modell geholl an dat ass e ganze Package, wéi den Här Bodry dat ganz richteg ausgedréckt huet. Mir hunn dee Spëtzesteiersaz bewosst méi héich ugesat. A mir hunn dat och gemaach, méi héich ugesat, well mat deem System, dee mir an eiser Steierreform hunn, ass et esou, dass déi héich Revenuen dës Kéier manner wéi 1% Steiererliichterung kréien. Manner wéi 1%!

Wann ech dat awer vergläiche mat de Steierreforme vun 2008, 2009 oder 2001 oder 2002, ma do hunn déi Leit duebelstelleg Reduktioune kritt. Dat heiten ass och duerfir, wou ech soen, eng ganz gerecht Steierreform. An duerfir brauche mir jo och elo net, well mer net op deemselwechte Räsonnement ware wéi Dir, elo déi 41%, 42% méi fréi spillen ze loossen. De Coût oder den... Net de Coût, mä dat, wat dat géif erabréngen, fir erofzekommen, huet d'Steierverwaltung op 6 bis 7 Milliounen ageschat.

Voilà! Ech hunn elo just erklärt, firwat mir déi do zwou Propositiounen net kënnen esou akzeptéieren, well se en fait d'Philosophie vun eiser Steierreform op de Kapp stellen!

Den drëtte Punkt waren d'„stock options" an da sinn ech och fäerdeg, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech géif Iech bieden, da vläicht direkt op d'Motiounen anzegoen. Dann hutt Der...

(Interruptions diverses)

Jo, voilà! Mat den Amendementer a Motioune mateneen, da sidd Der erëm an der Rei mat der Riedezäit.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Merci. Ech sinn och do ganz séier.

„Stock options". Dass dës Regierung, an et ass en fait op meng eegen Initiativ, wou mer Enn d'lescht Joer eng Circulaire gemaach hunn, déi freet, dass d'Akteuren um Terrain dëst Joer sollen hir „stock option plans", dass se déi sollen der Steierverwaltung mellen. Ech muss soen, dass ech dat och extraordinaire fonnt hunn, dass ech esou eppes hu misse froen!

Well, wéi ech ugefaangen hunn, hunn ech natierlech Froen iwwert d'„stock options" gehat. Ech hu gefrot: „Ma wat stellt dat duer?" Dann hunn ech ëmmer als Äntwert kritt: „Jo, mir wëssen dat net." Also hunn ech déi Instruktioun ginn, an déi Ziffere sinn amgaangen, kollektionéiert ze ginn. Deen Exercice ass nach net fäerdeg. Duerfir ass et och verfréit, fir Konklusiounen ze zéien.

Ech wëll drun erënneren, wat d'Zilsetzung war vun deem Regimm, dee vun der viregter Regierung jo agefouert ginn ass: D'Zil war an ass, Talenter aus dem Ausland op Lëtzebuerg unzezéien, eist Land attraktiv ze maachen. An dat ass och zum Deel gelongen. An dat ass haut am Kontext vum Brexit vläicht nach méi wichteg wéi gëschter.

Duerfir proposéieren ech, dass mer sollen ofwaarden, bis mer d'nächst Joer d'Donnéeën alleguerten hunn, an dann ze kucken, ob dee Regimm och déi Ziler erreecht, fir déi e geschaaft ginn ass, dat heescht, Talenter aus dem Ausland unzezéien.

A wann dat net de Fall ass, oder wann de System net richteg utiliséiert gëtt oder contournéiert gëtt, dass een da Mesuren hëlt. Dat war och souwisou d'Intentioun vun der Koalitioun a vun der Regierung. Duerfir hunn ech jo och Enn d'lescht Joer dat an d'Weeër geleet. An duerfir wär et elo verfréit, fir ze décidéieren, wat ee mécht, ob een dat ofschaaft, ob een do eng Phase de transition huet. Ech kann Iech just soen, ech komme mat deem Sujet bei d'Regierung an den nächste Méint zréck, soubal mer d'Iwwersiicht hunn.

Als Konklusioun géif ech gäre soen, dass dës Reform responsabel ass. Se kënnt am richtege Moment. Se schaaft a stäerkt d'Vertrauen. Se ass gutt fir d'Leit, se ass gutt fir d'Entreprisen, se ass exzellent fir d'Lëtzebuerger Land!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Finanzminister. Merci och fir d'Versteesdemech vun der Chamber, dass mer dat Ganzt matenee konnte maachen an der Äntwert vum Finanzminister, Amendementer, Motiounen.

Da géif ech elo zu den Ofstëmmungen iwwergoen. Fir d'Éischt komme mer un d'Amendementspropositiounen, déi vun dem Här Gilles Roth fir d'CSV abruecht gi sinn, wou ech mengen, dass se explizéiert sinn. Zum éischten Amendement, fir de Fräibetrag, éier d'Steier ugeet, vun 11.000 op 12.000 eropzesetzen, sinn dozou nach Wuertmeldungen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da kënne mer iwwert deen éischten Amendement vun der CSV ofstëmmen. Déi mam Amendement d'accord sinn, stëmme mat Jo, an déi net mam Amendement d'accord sinn, also fir de Regierungstext sinn, stëmme mat Neen.

Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

A si ass och schonn eriwwer, d'Ofstëmmung: 26-mol Jo a 34-mol Neen. Domat ass den Amendement 1 verworf.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Da géife mer zum zweeten Amendement kommen, wat de Corollaire ass vum...

M. Gilles Roth *(CSV)*.- 1A.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, den 1A vun deem éischten Amendement. Ech mengen, deen ass och erklärt ginn a betrëfft dann d'Spëtzesteiersätz, déi méi fréi asetzen. Mir stellen also och deen zweeten Amendement vun der CSV, deen och den éischten Artikel betrëfft, zum Vott.

Vote sur l'amendement 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 23-mol Jo, 34-mol Neen an 3 Abstentiounen.

Ass gewënscht, d'Abstentioun ze begrënnen?

(Négation)

Dat ass geschitt an der Diskussioun. Domat wär deen zweeten Amendement verworf.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Deen drëtten Amendement betrëfft d'steierlech Förderung vun der durabeler Mobilitéit, wou de Steierabattement soll ersat ginn duerch Subventiounen. Här Roth!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Merci, Här President, Dir hutt dat richteg gesot. Deen Amendement ass technesch néideg, well dat sinn déi 5.000 Euro Abattement, déi agefouert ginn, wann een en Elektroauto keeft, respektiv déi 300 Euro, wann een en Elektrovëlo keeft.

Vu dass et der CSV hir Approche ass, dass mir soen, jiddweree soll an de Genoss vun esou enger Subventioun kommen, sträiche mer et hei a mir hunn eng aner Motioun, wou mer soen, mir hätten dat gären ersat duerch eng Subsidiation directe, loosse mer soe vun 2.000 Euro - mir hu kee Montant dragesat -, eng Subsidiation directe, dass jiddwer Bierger, egal wat säi steierlecht Akommes ass, an de Genoss vun enger Ënnerstëtzung ka kommen, wann en een Elektroauto oder een Elektrovëlo keeft.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Géif ee se och kréie fir e Vëlo ouni Elektro?

(Hilarité)

Vote sur l'amendement 3

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer: Mir hu 26-mol Jo, 32-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass deen drëtten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

A mer géifen iwwert den Ensembel vum Gesetz 7020 ofstëmmen. Wie fir dee gesamte Projet ass, stëmmt mat Jo, a wien dergéint ass mat Neen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7020 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

(Interruption)

D'Regierung stëmmt net mat of.

Dann ass d'Ofstëmmung eriwwer a mer hunn 32-mol Jo an 28-mol Neen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Domat ass de Projet adoptéiert.

(Interruptions diverses)

Normalerweis gëtt de Vott vun der Chamber net kommentéiert vun der Regierung.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Ech mengen, dat ass scho laang net méi esou.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Voilà! Da géife mer feststellen, dass de Projet adoptéiert ass.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

An ech géif d'Chamber froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze froen.

(Assentiment)

Jo, ech géif soen, dass et eng liicht Majoritéit ass fir d'Dispens. Merci.

A mer géifen dann zu de Motiounen iwwergoen.

(Concertation interne)

Motions

Da géife mer zu de Motiounen iwwergoen. Den Här Roth, den Auteur, huet d'Wuert.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Bon, ech mengen, Här President, et ass net méi vill dozou ze soen. Ech hat de Moien d'Motivatioun explizéiert, firwat dass mir wëllen de Regimm vun den „stock options" ofgeschaaft hunn, d'Circulaire. Mir hunn elo vun dem Finanzminister héieren, dass hien net bereet ass, dat ze maachen. Dat schéngt dann de Choix vun der Regierung a vun dëse Majoritéitsparteien ze sinn.

Mir sinn der Meenung, dass dat e fundamental ongerechte System ass. Et kann net sinn - et kann net sinn! -, dass de Spëtzeverdénger, dee vun deem System hei profitéiert, dass dee 17% Steieren op senger Joresprimm bezilt op engem Montant, deen iwwer 100.000 Euro erausgeet. An et kann net sinn, dass de Beamten, de Salarié, dass deen op sengem 13. Mount, op senger Joresprimm, d'Halschent dovu Steiere bezilt. Dat ass fir eis eng sozial Ongerechtegkeet! Et ass e System, deen ass inégal.

An ech fannen och, dass et dem Finanzminister net gutt zu Gesiicht steet, wann en engersäits iwwert d'Transparence fiscale op internationalem Plang schwätze geet, an heiheem...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift! Just den Här Roth huet d'Wuert. En huet fënnef Minutten Zäit, fir d'Motioun ze erklären. Also, wann ech gelift!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- ...dass de Finanzminister engersäits op internationalem Plang d'Transparence fiscale wëllt ënnersträichen, wat mer ënnerstëtzen, an dass e fir déi Transparence fiscale hei zu Lëtzebuerg net suergt. Hien ass amgaangen, dat huet e selwer gesot, zënter engem Joer, zënter Dezember 2015, fir d'Donnéeën eranzehuelen. Mir sinn der Meenung, dass et no engem Joer Zäit ass, fir déi Donnéeën eranzehuelen. D'Leit wëssen dobaussen, wat mat deem...

(Interruptions diverses)

D'Leit wëssen dobaussen, wat mat deem System lass ass. An de Bierger dobaussen, dee muss géint Loun a Gehalt schaffe goen,...

(Brouhaha général)

...dee muss d'Suen dem Stat ofginn. Dee verdréit déi Ongerechtegkeet net!

(Interruptions diverses)

Une voix.- Si hunn dat dach agefouert!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift! D'Kolleegen, déi eppes ze soen hunn, maachen et wéi den Här Bodry a si froe sech d'Wuert.

(Brouhaha)

Den Här Bodry huet d'Wuert an dann den Här Berger.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Also, ech wollt mech net zu deem ganze Punkt zu Wuert mellen, mä wéinst där gespillten Entrüstung vum Här Roth, deen elo plëtzlech deen dote System entdeckt, wou en awer misst wëssen an anere Fonctiounen, déi en hat - hie war jo ee Moment kuerz Zäit Fraktiounspresident vun der CSV an dësem Haus -, dass an der viregter Koalitioun dat doten e groussen Diskussiounspunkt war, net nëmmen eng Kéier, mä e puermol, an dass sengerzäit mat der CSV un en Ofschafe vun deem System net ze denke war.

Plusieurs voix.- Aha!

(Applaudissement)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- An dass no laangen Diskussiounen - no laangen Diskussiounen! - schlussendlech en Accord fonnt gi war, fir vu 7,5% op 17% Besteierung eropzegoen. Mir hate méi wéi dat Duebelt gefrot als LSAP an den interne Koalitiounsverhandlungen, wëll ech dozou soen.

Ech wonnere mech: D'CSV ass um Ursprong vun deem ganze System.

Plusieurs voix.- Jo!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Et ass een CSV-Finanzminister, deen derfir gesuergt huet, dass ab dem Joer 2002 déi Circulaire komm ass, déi iwwerhaapt dee System do hei zu Lëtzebuerg agefouert huet. Et sinn CSV-Finanzministere gewiescht, déi refuséiert hunn - déizäit, wéi se d'Soen haten, hätte se et kënne mat engem Fiederstréch maachen -, fundamental deen dote System a Fro ze stellen.

An elo geet dës Regierung hin a probéiert emol Uerdnung an dat Ganzt eranzebréngen. Si probéiert dat ze maachen, wat den Här Frieden hätt missen iwwer Circulairë scho laang initiéieren, emol d'Donnéeën ze kréien - well et gëtt jo ëmmer hei spekuléiert, wéi grouss dee Phenomeen do ass -, emol d'Donnéeën ze kréie vun de Betriber selwer, fir dass gewosst ass: Wat gëtt et vun neie Systemer, wat sinn déi besteeënd Systemer, déi nach lafen?

An opgrond vun deem wäert dës Koalitioun eng Décisioun huelen. A fir d'LSAP ass et ganz kloer, wa sech dat bestätegt, wat eenzel Leit behaapt hunn, dass do wierklech Abuse gedriwwe gi sinn, dass deen heite System wäit iwwert dat Zil erausgeschoss wier, wat en urspréinglech hat, da wäerte mir dee System do reforméieren. Do kënnt Der Gëft drop huelen!

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Ganz gutt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Den Här Berger.

Une voix.- ...och nach beim OGB-L Äre Rot...

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Ech...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Hei, wann ech gelift! Wann ech gelift, nach e bësse Gedold. Mir hunn déi Diskussioun iwwer e ganz wichtegt Gesetz bis elo an engem ganz gudde Klima eriwwerbruecht. Da lauschtert wann ech gelift dem Här Berger no!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Jo, ech sinn och e bëssen erstaunt, datt den Här Roth elo fënnt, datt een hätt kënnen an deene leschte sechs oder aacht Méint - wou de Meritt awer hei beim jëtzege Finanzminister läit, fir deen Dossier op de Leescht ze huelen -, datt also do elo scho sollen Zuele virleien.

A wéi mer elo grad héieren hunn, datt jo eigentlech schonn awer d'Geleeënheet do war bei de viregte Finanzministeren, fir dat ze maachen, respektiv datt se déi 14 oder wéi vill lescht Joren eigentlech do d'Geleeënheet haten, vill Zäit haten, fir dat ze analyséieren an eventuell ze abrogéieren, da sollte mer eis also elo déi puer Wochen oder Méint ginn, fir dat a Rou fäerdeg ze maachen. Dann hu mer all d'Zuelen um Dësch an da wäerte mer sécherlech, dat ass vum Minister gesot ginn, dat ass och vun de Koalitiounspartner hei gesot ginn,

wäerte mer da sécherlech déi néideg Schrëtt ënnerhuelen.

An duerfir, mengen ech, an deem Sënn: Kommt, mir huelen eis nach déi kleng Zäit an da wäerte mer de Bilan maachen!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Den Här Wolter huet d'Wuert gefrot.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech huelen d'Wuert dëse Moment als een, deen an den Diskussiounen 2012 derbäi war an dee sech och nach un 2002 kann erënneren an deen elo grad just de Finanzminister héieren huet, wéi esou oft, leider nëmmen den hallwe Saz soen. Well de System, wéi en 2002 agefouert ginn ass a wéi en 2012 verschäerft ginn ass, ass net e System gewiescht, fir eng Incitatioun ze bréngen, fir Leit op Lëtzebuerg ze bréngen, mä et war eng Incitatioun, fir Leit op Lëtzebuerg ze bréngen an duerno, an deene Joren duerno, um Wäertzouwuess vun hirem Betrib sech kënnen ze bedeelegen.

Et war also ganz kloer eng Mesure, déi keng Mesure war um Niveau vum Revenu, mä et war eng Mesure um Niveau vu Betriber, déi op Lëtzebuerg sollte kommen, déi sech hei zu Lëtzebuerg sollten etabléieren, a wou deejéinegen, deen dann op Lëtzebuerg sech physesch transferéiert huet mat sengem Betrib a mat sengem Know-how, sollt no enger gewëssener Zäit, an deemools ass vu fënnef Joer, siwe Joer, néng Joer geschwat ginn, sollt also um Zouwuess vum Wäert vum Betrib insofern bedeelegt ginn, dass en eng Steier géif bezuelen, déi manner héich wär wéi den Impôt sur le revenu.

Une voix.- Jo.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Ech wëll dat wierklech soen, well hei Jenni a Menni matdiskutéiert...

(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Kolleegen!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Jo, jo. Ech hu just d'Impressioun, Här President, dass zwar all Mënsch dat dote weess, just dass an där leschter hallwer Stonn ausser mir keen dat doten esou erkläert huet.

(Interruptions diverses)

Neen, Dir wësst alles. Jo, jo. Ech kommen also, Här President...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Wolter, erkläert Dir weider!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Entschëllegt, Här President, ech kommen dann erop.

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Andeem ech dem Här Ekonomiesminister Merci soe fir déi désobligeant Remarque, déi en elo gemaach huet. Jo, jo, gratis. Merci, Här Wirtschaftsminister.

Et muss ee sech also d'Froe stellen, déi mer eis 2012 gestallt hunn - och dat hätt den Här Bodry roueg kënne soen -, jo, well mir hunn eis 2012 zesummegesat a mir hunn eis d'Fro gestallt, ob de System, deen 2002... An zu deem System stinn ech haut nach!

Ech stinn zu deem System och haut, dass, wann s de Leit hues, déi op Lëtzebuerg kommen, déi Betriber bréngen, déi näischt wäert sinn - näischt ass net pejorativ -, mä an deem Moment nach näischt wäert sinn an déi duerch hir Aktivitéit hei zu Lëtzebuerg e Wäertzouwuess kréien, déi Leit astellen, wou Steiere bezuelt ginn, an et kënnt herno zu enger Resolutioun oder zu engem Weiderverkaf, wéi och ëmmer, vum Betrib, dass een deenen um Niveau vun de Steieren d'Méiglechkeet gëtt - fir Lëtzebuerg attraktiv ze maachen -, soen ech lech, geschitt weltwäit. Weltwäit!

Une voix.- Mä Dir...

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Et ass de System, entschëllegt, et ass de System vum Silicon Valley eigentlech kopéiert, do stinn ech dozou. Mä dass et eng Mesure ginn ass, wou entretemps no sechs Méint d'Leit - no sechs Méint! -, d'Leit, opgrond vun enger Circulaire, hir Pai sech modelliséieren, fannen ech net méi normal. Dat hunn ech 2012 schonn net méi normal fonnt.

(Interruption par M. Alex Bodry)

Jo! An dunn ass et vu 7% op 17% an d'Luucht gaangen, hutt Der selwer gesot. Also, et ass eng éischt Korrektur komm.

Sot also net, et wär 14, 16, 20 Joer näischt geschitt. Et ass 2012 eppes geschitt. A mir sinn der Meenung...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech hu guer net gesot...

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Neen, neen! Ech hu par rapport zu Leit räsonéiert, déi hei gesot hunn: „Dir hat 15, 16 Joer Zäit, fir et ze maachen." Mir hunn...

M. Eugène Berger *(DP)*.- Dat hunn ech net gesot.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Mir hunn 2012 - Här Bodry, do si mir zwee eis eens, et ware véier Leit derbäi, déi dat diskutéiert hunn -, mir hunn 2012 gesot, mir änneren dat, andeem mer zumindest elo emol eropginn op 17% an da kucke mer. Or, elo si mer véier Joer hannendrun (veuillez lire: duerno/méi spéit).

A wann ech awer matkréien am Circuit, ganz éierlech, dass domadder hauséiert gëtt, dass Études d'avocats hire Betribssystem änneren, dass déi sech als Gesellschafte constituéieren, fir dass d'Leit no sechs Méint kënnen e gudden Deel vun hirer Pai - bis zu zwee Drëttel vun hirer Pai, gëtt mer gesot - änwert deen heite System ofsetzen, an nach en Drëttel vum System eigentlech iwwer eng normal Pai, dass de fixen Deel vun der Pai a gewëssene Banken nach en Drëttel oder e Véierel vum System ausmécht, an deen heite System eigentlech dräi Véierels vun der Pai ausmécht, da kënnt Der de Spëtzesteiersaz op 60% setzen.

Wann 80% vun deene Leit, ëm déi et geet, eigentlech op deem Deel, wou se sollten 42% an 43% Steiere bezuelen, nëmme 17% Steiere bezuelen, fannen ech perséinlech dat, an elo kënnt Der honnertmol jäizen, fannen ech dat onmoralesch!

Plusieurs voix.- Dir net eleng!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Ech fannen et ongerecht an ech sinn net deen Eenzegen, Här Bodry!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Net momentan elo. Dir...

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Ech si wierklech net deen Eenzegen. Ech soe just, an ech sinn och nach domadder d'accord, dass den Här Finanzminister nach e Joer brauch...

Une voix.- Voilà!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Selbstverständlech!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Mä et kann net sinn - et kann net sinn! -, a wa mer eis doriwwer eens sinn, dann ass alles an der Rei.

(Brouhaha général)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dat konnt och scho viru véier Joer net sinn!

(Brouhaha général)

Une voix.- Ass dat elo dem Här Wolter seng Meenung eleng, oder wéi?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also, mir hunn am Moment eng Motioun virleien...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat hei ass kee Vott iwwert d'Vergaangenheet, dat hei ass e Vott iwwert d'Zukunft!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Mir hunn eng Motioun virleien, wou d'Chamber sech net schéngt eens ze sinn. Mä beim Prinzip schéngt se sech awer vill méi no ze kommen. Ech géif duerfir proposéieren, dass mer elo emol iwwert déi Motioun ofstëmmen an da kucken, wéi mer Eenegkeet kënne fannen, fir Saachen ze verhënneren, wou jiddweree schéngt der Meenung ze sinn, dass déi net an der Rei sinn.

Voilà! Da géife mer elo emol iwwert d'Motioun 1 ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

Dir sidd méi séier wéi ech. D'Ofstëmmung ass amgaangen. Elo sti mer bei 59. Kréie mer nach dee 60ten? Jo, mir hunn en.

Also 60-mol ofgestëmmt: 28-mol Jo, 32-mol Neen. An ni ware mer esou no beieneen.

Voilà! Dat gesot, ass d'Motioun 1 awer trotzdeem ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

A mer géife bei déi zweet Motioun kommen, déi de Corollaire ass vum Amendement, wann ee kee Steierabattement gëtt fir d'Mobilité douce oder durable, da wëllt een dat ersetzen duerch eng direkt Subventionéierung. Dat ass den Enjeu vun der Motioun.

Wie mat der Motioun d'accord ass, stëmmt mat Jo, a wien net, mat Neen.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 26-mol Jo, 32-mol Neen an 2 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Wëllt een d'Abstentioun motivéieren.

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da si mer um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert d'Steierreform ukomm an ech soen lech alleguer Merci fir déi gutt an intensiv Diskussiounen an och fir déi responsabel Aart a Weis, wéi mer iwwer large Strecke mateneen eens gi sinn.

Kolleegen, et ass net esou oft, wou mer hei an eisem Parlament op Englesch eriwwerwiesselen.

3. Allocution de M. le Président à l'occasion de la visite officielle de SE M. Ivan Brajović, Président du Parlement de la République du Monténégro

Dear colleagues, I have the pleasure and the honour of welcoming on the visitors' gallery his Excellency…

Wann ech gelift, Kolleegen, bleift heibannen oder gitt eraus!

Une voix.- Très bien!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- I have the pleasure and the honour of welcoming on the visitors' gallery his Excellency Mr Ivan Brajović, speaker of the parliament of the Republic of Montenegro, and his Excellency...

(Applaudissement)

…Mr Ambassador Vladimir Radulović as well as their delegation.

Montenegro is a young republic with approximately the same population as Luxembourg, with a little bit more inhabitants. They are about 600.000 souls, and former Montenegrin countrymen represent a strong community of more or less 8.000 people in Luxembourg.

Dear speaker, you have come to our parliament to assist the debate and the vote concerning the accession of Montenegro to the NATO. Your presence, dear colleague, underlines the importance your country attaches to this agreement and to possible future agreements with the European Union. We understand your interest because your country has been struck some 20 years ago by a civil war. So it's important for us, who have been lucky not to be living in a war situation for almost 80 years, to learn from your experience and to tell our younger people that peace is not given, but we have to fight for it every day and to make all efforts to cease war in each part of the world.

Thank you for coming.

And now the floor is um Claudia Dall'Agnol, fir de Rapport zum Projet de loi 7029 iwwert de Bäitrëtt vu Montenegro an d'NATO ze realiséieren. Madamm Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

4. 7029 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession du Monténégro, signé à Bruxelles, le 19 mai 2016

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice*.- Thank you, Mr Chairman. Här President, léif Invitéen, Dir Dammen an Dir Häre, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de President huet dat a senger Einleitung richteg gesot: Bei dësem Projet geet et ëm de Bäitrëtt vu Montenegro an d'NATO.

Ech wollt Iech e puer Wuert zur NATO-Erweiderung soen. Dir wësst, dass bei der NATO de Prinzip vun der Ouverture e fundamentaalt Element ass aus dem Traité vu Washington, dem Grënnungstraité vun der NATO also. Säin Artikel 10, dee seet, an ech zitéieren deen elo: «Les parties peuvent, par accord unanime, inviter à accéder au traité tout autre État européen susceptible de favoriser le développement des principes du présent traité et de contribuer à la sécurité de la région de l'Atlantique Nord. Tout État ainsi invité peut devenir partie au traité.» Enn vum Zitat.

Am Dezember 2015 ass duerch eng gemeinsam Deklaratioun vun den Ausseministeren dëse Prinzip nach eemol réaffirméiert ginn. Dat ass dann elo déi siwente Kéier, wou d'Zuel vun den NATO-Memberlänner méi grouss gëtt.

No der Grënnung vun 1949 ass se déi éischte Kéier erweidert ginn 1952, wou Griichenland an d'Türkei bäigetratt sinn, 1955 d'Bundesrepublik Däitschland, 1982 Spuenien, 1999 déi Tschechesch Republik, Ungarn a Polen, 2004 Bulgarien, Estland, Lettland, Litauen, Rumänien, Slowenien an d'Slowakei. An zu gudder Lescht sinn 2009 nach Albanien a Kroatien derbäi komm. Mir sinn also elo zu 28 an der NATO. A wa Montenegro bis Member ass, da si mer natierlech zu 29.

D'NATO-Erweiderung vu Montenegro schreift sech an an eng Stabiliséierungspolitik um Balkan. D'Perspektiv vun engem NATO-Bäitrëtt an de Wëllen och vum Kandidateland, sech der euro-atlantescher Communitéit unzeschléissen, huet et dësem Land erlaabt, seng demokratesch, politesch, ekonomesch an och militäresch Reformen ze accéléréieren a se och ze konsolidéieren.

Et ass vläicht och nach wichteg ze erwänen, dass dës Länner och derfir musse suergen, dass den Traitement vun hire Minoritéiten den Direktive vun der OSCE ugepasst ass.

Säit 1999, nom NATO-Sommet zu Washington, gëtt et och ee sougenannte MAP. MAP steet fir „membership action plan". Dat ass e Programm vu Berodung, wat d'Assistance technique ugeet, mam Objektiv, d'Kandidatelänner op eng eventuell Adhésioun virzebereeden. Dëst ass awer elo net eng einfach Oplëschtung vu Bedéngungen, déi ze erfëlle sinn, mä et ass e Prozess, fir dass d'Länner eben hir Ziler, déi se am Plang hunn, och kënnen erreechen. Esou e MAP gesäit och kee fixen Délai vir, fir de Lancement vu Pourparleren, wat d'Adhésioun dann ubelaangt, an e MAP ass och keng Garantie fir eng Adhésioun.

Éier e Land awer iwwerhaapt invitéiert gëtt, fir esou e MAP, esou en „membership action plan" ze maachen, gëtt et nach eng ganz Rëtsch aner Relatiounen a Programmer, déi d'NATO offréiert, wéi zum Beispill den „partnership for peace", wou d'Länner hir Interopérabilitéit an hiert Wëssen iwwert d'NATO léieren an och hiert Wëssen iwwert d'NATO verbessert gëtt.

Am MAP kënnt et dann zu de regelrechte Reforme vun den Arméien, zum Renouvellement vun hiren Équipementer an och zu der Adaptatioun vun den Doktrinne vun hiren Arméien. De MAP gëtt individuell fir all Land erstallt an enthält och Reformen, déi iwwert de renge militäreschen Aspekt erausginn, zum Beispill och de juristesche Volet betreffen. Montenegro ass

iwwregens am Dezember 2009 schonn invitéiert ginn, e MAP ze maachen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären Invitéen, Montenegro wëllt sech an déi europäesch an euro-atlantesch Strukturen integréieren, well et dodran eng Garantie gesäit fir d'Sécherheet, d'Stabilitéit, mä awer och fir d'Prosperitéit. Dës generell Ausriichtung vun der Politik a Richtung Europa gëtt och vun alle grousse Parteie gedroen a vun enger grousser Majoritéit och vun hire Bierger.

Och wann de Rhythmus vum Adhésiounsprozess an d'EU an deen an d'NATO net ëmmer deen nämlechten ass, esou gëtt et awer eng Rëtsch Gemeinsamkeeten. Béid favoriséieren eben d'Emsetze vun de wichtege Reformen um politeschen, wirtschaftlechen an eben natierlech och um Sécherheetsplang.

Erlaabt mer vläicht e puer Informatiounen iwwer Montenegro. Eng huet de President mer scho virdrun ewechgeholl, näämlech dass se bal esou vill Awunner hu wéi mir, e bësse méi, 625.000 sinn déi neisten Zuelen, déi ech fonnt hunn. An et ass e Land vu bal 14.000 km².

Ech mengen, Dir kennt also och all d'Geschicht, déi Montenegro nom Jugoslawien-Krich hat. Bis den 3. Juni 2006, wou et onofhängeg gouf, war et Deel vun der Communautéit Serbien-Montenegro, mä an engem Referendum hate sech d'Biergerinnen an d'Bierger fir d'Ofspaltung an eben d'Onofhängegkeet ausgeschwat. An de 15. Dezember 2008 dunn huet Montenegro offiziell seng Kandidatur gestallt, fir Member vun der Europäescher Unioun ze ginn.

Wichteg ass et vläicht ze ënnersträichen, dass Montenegro eng Arméi huet, déi a Friddenszäiten aus engem theoreteschen Effektiv vun 1.712 Zaldoten an 283 Memberen Zivillpersonal besteet, dass hir Truppe souwuel u Land, zu Waasser an an der Loft agéiere kënnen. Si stellen och 14 Leit bei der NATO-Afghanistan-Missioun mam Numm „Resolute Support" a se sinn och bei verschiddenen EU-Missioune wéi am Mali oder bei der EUNAFOR MED Sophia derbäi. Hir Ausgabe fir d'Défense leie bei 52,12 Milliounen Euro, soit 1,59% vum BIP vum Joer 2014. An et ass virgesinn, dass se op 1,82% vum BIP 2016 steige sollen, dat virun allem fir d'Modernisatioun vun den Équipementer ze realiséieren.

D'Preparatioun vu Montenegro fir dësen NATO-Bäitrëtt war e laange Prozess. Nieft de Reformen an der Défense an am Sécherheetssektor hu se och missen eng ganz Rëtsch vun demokrateschen Norme respektéieren. Si se virgaange géint Korruptioun an och d'organiséiert Kriminalitéit. Se hunn och hir Justiz reorganiséiert a se hu missen hir ëffentlech Verwaltunge verbesseren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Invitéen, Montenegro ass net déi éischt fréier jugoslawesch Republik, déi der NATO bäitrëtt. 2004, wéi gesot, war et scho Slowenien an 2009 Kroatien. Ech mengen, d'Adhésioun vun dëse Länner huet awer eng staark symbolesch Dimensioun an deem Sënn, dass an deene Länner an den 90er Joren, wat jo nach net allze laang hier ass, nach e schreckleche Krich war.

Ech kommen zum Ofschloss. Nach ganz séier e puer Formalitéiten. Ech weess, et war fir jiddwereen heibannen e laangen Dag. Dëse Projet gouf den 2. August 2016 vum Ausseminister déposéiert. Den 19. September krute mer de Projet dunn an der aussepolitescher Kommissioun virgestallt, haten eng gutt an och eng wichteg Diskussioun iwwert dëse Bäitrëtt. An der Sitzung gouf ech dunn och zur Rapportrice vun dësem Projet genannt. Den Avis vum Statsrot, dee koum de 15. November. En huet och keng Observatioun formuléiert a recommandéiert dann och d'Adoptioun vun dësem Projet. Mäi schréftleche Rapport gouf den 23. November an der Kommissioun ugeholl. An ech sinn iwwerzeegt, dass den NATO-Bäitrëtt vun dësem Land e wesentleche Bäitrag zur Sécherheet a Stabilitéit an Europa leeschte wäert.

D'NATO, an dat wësst Der, mengen ech, alleguer, ass méi wéi e rengt Verdeedegungsbündnis. Se ass och eng breet ugeluechten transatlantesch Wäertegemeinschaft, déi op de Prinzipie vun Demokratie, individuell Fräiheet a Rechtsstaatlechkeet berout.

Dat gesot, hätt ech meng Aarbecht mat mengem mëndleche Rapport als Rapportrice hei ofgeschloss. An ech géif Iech herno alleguerten, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bieden, dëse Projet dann och ze stëmmen.

Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Rapportrice. Dann huet d'Wuert den Här Jean-Marie Halsdorf, deen och eise Chef de délégation ass am NATO-Parlament. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Sou ass et. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Invitéen, haut ass am Fong geholl de Vott vun dësem NATO-Bäitrëtt vu Montenegro fir eis eng Formalitéit, well den Artikel 10 vum Traité vun der NATO, dee gesäit vir, dass unanime mussen all d'Länner d'accord sinn, wann een anert Land soll bäitrieden. Montenegro ass dat 17. Land, wat elo dann... Also mir sinn dat 17. Land, dat votéiert, fir Montenegro an d'NATO opzehuelen.

Dass dat fir si am Fong geholl awer, fir dat Land eng aner Geschicht ass wéi fir eis, beweist, dass hire Chamberspresident oder de President vun hirem Parlament haut hei bäi eis ass. A wann een dann och noliest, wéi wichteg dat heite fir si ass, dee Bäitrëtt ass, da versteet een am Fong geholl, wéi si hir Zukunft gesinn.

Si hunn am Joer 2006, et ass elo grad gesot ginn, hir Fräiheet kritt. Si sinn zéng Joer elo onofhängeg a si hu sech och direkt an hiren Agenda geschriwwen, fir de Bäitrëtt bei der NATO unzestriewen an duerno dann och eventuell an der EU de Bäitrëtt ze erreechen. Dat ass hiren Agenda.

Deen ass méiglech ginn, wéi 1994 zu Bréissel d'NATO décidéiert huet, fir eng Osterweiterung ze maachen an der Vergréisserung vun der NATO. Säitdeem sinn zwielef Länner aus dem Oste vun Europa bäigetrueden, wéi d'Madamm Rapportrice - där ech Merci soe fir hire gudde mëndlechen a schréftleche Rapport - gesot huet. Do si Slowenien a Kroatien derbäi, mä och Albanien, en Nopeschland, ass och schonn an der NATO a si sinn elo dat 13. Land, dat am Fong geholl da fräigeschalt gëtt, fir an d'NATO ze kommen.

D'NATO huet zwee Standbeen, mir hunn et gesot: ee Standbee fir d'Sécherheet vun den eenzelne Länner, den Artikel 5, dee spillt, wann eng Reaktioun kënnt, wou een deen anerem hëlleft. An dann awer och dee politesche Volet mat der Wäertegemeinschaft. An et ass wichteg, déi ëmmer nees ervirzesträichen, mat dem Respekt fir demokratesch Normen, mat der individueller Fräiheet vum Eenzelnen an dem Rechtsstat, déi mussen uewen op der Lee stoen, wann ee wëllt am Fong geholl NATO-Member sinn a wann ee westleche Wäerter sech verschreift.

Dat heescht dann awer och, géint d'Korruptioun kämpfen, géint déi organiséiert Kriminalitéit. Dat heescht, wéi d'Madamm Rapportrice dat och gesot huet, d'Justiz reorganiséieren an déi ëffentlech Verwaltung verbesseren.

Mä zwëschent Realitéit an Theorie ass et wéi esou oft am Liewen net ëmmer d'selwecht. An ech wëll gären déi Klamer opmaachen a mer d'Fro stellen, wéi zum Beispill d'Türkei, déi och en NATO-Member ass, wéi et do ass mat dem Rechtsstat, mat den individuelle Fräiheeten a mat den demokrateschen Normen. Et ass sécherlech derwäert, emol eng Kéier dëst ze hannerfroen, a mir maachen dat jo och vun Zäit zu Zäit hei an der Chamber.

Tatsaach ass also, dass mer haut Montenegro an d'Famill vun der NATO erastëmmen.

Tatsaach ass, dass dat en éischte Schrëtt fir si ass, well si wëllen och, an dat kann een och noliesen, an d'PSDC, an der Politik vun der Sécurité an der Défense commune vun der EU sech aschreiwen, oder se hu sech déi och op den Agenda geschriwwen. Dat Ganzt soll eben zur Stabilitéit vum Balkan an och vun hirem Land bäidroen.

Wat mir opgefall ass, dat ass, dass si effektiv bal 2% vun hirem PIB elo scho fir Sécherheet ausginn. Mir wëssen alleguerten, dass an den USA en neie President kënnt, dee senges Numm Trump heescht, an hie fuerdert vun den EU-Länner, och méi Suen auszegi fir d'Défense. Et muss een emol kucken, wéi dat da sech herno realiséiert.

Tatsaach ass, dass mer hei e klengt Land hu mat 650.000 Awunner, 5-mol esou grouss wéi Lëtzebuerg, dat also och versteet, dass dat heiten eng grouss Chance ass fir si, der NATO bäizetrieden.

An dofir kann et och nëmmen esou sinn, dass d'CSV hiren Accord gëtt fir dëse Projet de loi, deen da soll dëse Bäitrëtt ratifizéieren. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Halsdorf. Den Här Angel huet d'Wuert.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Merci, Här President. Här Minister, léif Invitéen, och am Numm vun der LSAP wëll ech der Rapportrice Merci soe fir hire gudde mëndlechen a schréftleche Rapport.

Ech wollt Iech just hei soen, dass ech a menger laangjäreger Erfahrung als Member vum NATO-Parlament, wou ech ganz aktiv sinn an enger Kommissioun iwwert déi zivill Dimensioun vun der Sécherheet an iwwert d'Gouvernance démocratique, de Prozess vun der euro-atlantescher Integratioun vu Montenegro ëmmer konnt verfollegen.

Et ass ugaange mam PFP, „partnership for peace" 2006, an du mam Membership-Action-Plang 2010. Mir hunn do als Parlamentarier kënnen, mat de Kolleege vu Montenegro zesummen, gesinn, wéi si hir Institutiounen, déi mat Sécherheet ze dinn hunn, hir Arméi, hiren Défense-Ministère, do eng ganz Rei vu wichtegen demokratesche Reforme gemaach hunn an och vill Reforme gemaach hunn, wat d'Lutte géint d'Korruptioun an d'Criminalité organisée betrëfft.

Montenegro mécht och mat bei „Resolute Support", Montenegro mécht, genau wéi Lëtzebuerg, mat bei der EU TM Mali an och an der EUNAFOR MED Operatioun Sophia, wou mer jo dann zesummen als Lëtzebuerger och matmaachen.

Déi euro-atlantesch Integratioun vun de Länner aus dem Westbalkan, mengen ech, ass wichteg fir d'Stabilitéit, net nëmmen an där Regioun, mä iwwert déi Regioun eraus och fir ganz Europa. An dat erënnert eis drun, dass d'Integratioun vun Europa net nëmmen e wirtschaftleche Projet ass, mä och e Projet vu Fridden, wat leider vill Leit an der Lescht vergiess hunn.

Déi aussepolitesch Kommissioun verfollegt awer och deen aneren Integratiounsprozess vu Montenegro, an zwar de Prozess an d'EU eran. Mir kréien all Joers déi Rapporten, d'Progrès-Rapporten.

A Montenegro ass och dat éischt Land, mat deem d'Europäesch Kommissioun deen neie System vu Bäitrëttsprozess an Dialog ugefaangen huet, dee sech op dat Wesentlecht konzentréiert a seet: dat Wesentlecht fir d'Éischt. Dat sinn déi wichteg Kapitelen 23 a 24 vun der Rechtsstaatlechkeet, d'Grondrechter, d'Stäerkung vun den demokrateschen Institutiounen, d'Reforme vun den ëffentleche Verwaltungen.

Dat si wichteg Reformen, déi an deem Land gemaach ginn, an dat ass e wichtegen Incentive. An dofir kann ee sech nëmme freeën iwwert déi Efforten, déi gemaach ginn. Dee Rapport ass dëst Joer positiv ausgefall. Mä et gëtt awer och ënnerstrach, dass nach e wäite Wee och ze maachen ass. A mir wënschen de Kolleegen aus Montenegro do ganz, ganz vill Erfolleg.

Ganz positiv an deem leschte Rapport war iwwregens dat exemplarescht Resultat vu Montenegro, wat säin Alignement zur PESC, zu der Politique européenne de sécurité commune ubelaangt: Do huet Montenegro sech zu 100% alle Positiounen an Deklaratioune vun der Europäescher Unioun alignéiert.

Dat gesot, ginn ech och den Accord hei vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Angel. Den Här Graas huet elo d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, et ass fir eis als Demokratesch Partei ganz kloer, datt mer nach wie vor hannert der NATO stinn. Dat ass fir eis e ganz wichtegt Verteidegungsbündnis.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt d'NATO och nach aner Missiounen ze erfëllen huet. D'NATO dréit och dozou bäi, datt verschidde State kënnen awer besser de Wee a Richtung vun engem Rechtsstat fannen.

Elo kann ee sech natierlech d'Fro stellen, firwat mer haut Jo soen zu enger neier Memberschaft an der NATO vun engem Land wéi Montenegro. Dat gëtt den 29. Memberstat. Mä wann een d'Entwécklung vu Montenegro kuckt, da muss een awer do eng ganz Rei positiv Saache gesinn.

Ech wëll drun erënneren, Montenegro ass jo awer Member vun der OSZE. Montenegro ass och Member vum Conseil de l'Europe, wat also scho beweist, wat fir e Geescht sech an deem Land do entwéckelt huet. Mir gesinn also do schonn eng positiv Entwécklung. Mir wëssen, datt natierlech um Wee zu engem Rechtsstat, esou wéi mir dat gesinn, esou wéi mir d'Norme setzen, datt dat nach gewëssen Efforte wäert mat sech bréngen. Trotzdeem ass et awer fir eis hei eng wichteg Décisioun, déi geholl gëtt.

D'NATO muss och an Zukunft staark bleiwen. Mir hoffen, datt och no den amerikanesche Wahlen d'NATO nach wie vor wäert op de Support vun där anerer Säit an deem Mooss ziele kënnen, wéi dat de Moment de Fall ass.

Mir sinn och der Meenung, datt all déi Länner, déi a Fridde liewe mat hiren Noperen, éischter en Usproch hunn, fir kënne Member vun der NATO ze ginn. Ech wëll och hei ofschléissend dann nach eng Kéier betounen, datt d'NATO, wéi gesot, awer och fir eis a Westeuropa eng ganz wichteg Missioun ze erfëllen huet.

Eise Stat, Lëtzebuerg huet och ganz grouss Efforten an deene leschte Jore gemaach, fir de Participatiounstaux eropzesetzen, wat mer begréissen. Ech wëll net op déi eenzel Detailer elo agoen. Mir hunn an deene leschte Wochen a Méint hei eng Rei Gesetzer gestëmmt, déi an déi Richtung ginn. D'Demokratesch Partei, d'DP, steet, wéi gesot, zu där Entwécklung.

An ech wëll awer och ofschléissend der Madamm Rapportrice, dem Claudia Dall'Agnol, Merci soe fir säin interessante mëndlechen an och schréftleche Rapport. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Graas. Den Här Kartheiser an dann den Här Wagner.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah, entschëllegt! Entschëllegt, et gëtt och spéit fir mech. Den Här Adam huet d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech maachen et och kuerz. Ech wollt der Rapportrice Merci soen an och menge Virriedner, well si esou ausféierlech waren. Selbstverständlech si mir och frou, datt d'NATO ee Member kritt, dee vun der Gréisst hir zwar 5-mol esou grouss ass wéi Lëtzebuerg, mä vun der Awunnerzuel d'selwecht ass. An ech mengen, dat weist jo och drop hin, datt d'NATO net onbedéngt Montenegro brauch, mä datt Montenegro sech méi sécher spiert, wann et am Kader vun der NATO opgehuewen ass. Dat begréisse mer.

Ech ginn och elo net op d'Osterweiterung vun der NATO an. Ech mengen, mir kréien nach eng Kéier eng Interpellatioun, wou mer kënnen déi Saachen am Detail diskutéieren.

Et war awer e puermol d'Wuert gefall vun der transatlantescher Wäertegemeinschaft. An do wëll ech dann och derbäisoen, an ech ginn dem Här Halsdorf recht, datt mer eis do wierklech och mussen d'Fro stellen, zum Beispill: Wat geschitt an der Türkei? Se gehéiert och zu där transatlantescher Wäertegemeinschaft an et gëtt och nach aner Länner, wou mer eis musse Gedanke maachen. Dat solle mer dann och an deen Débat, dee mer kréien, bäifügen.

An domadder ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Excellences, Dir Dammen an Dir Hären, déi Fro, déi mer eis haut musse stellen, wa mer als Lëtzebuerger Parlament iwwert d'Adhésioun vu Montenegro ofstëmmen, ass natierlech déi: Erfëllt dat Land d'Konditiounen, fir an d'NATO ze kommen?

Et gëtt do dräi politesch lännerspezifesch Considératiounen, déi mer mussen huelen. An do muss ee vläicht soen, datt d'NATO jo nom Enn vum Kale Krich och op en neie Wee gaangen ass an u sech den Niveau vun de Konditiounen, déi ee muss erfëllen, politesch eropgeschrauft huet. Et gouf 1995 eng Décisioun, datt déi Staten, déi bäikommen, mussen déi Principes fondamentaux vun der Allianz respektéieren, an dat wären dann d'Demokratie, de Respekt fir déi individuell Fräiheeten an de Rechtsstat.

An am Rapport vun der Madamm Dall'Agnol, fir deen ech hir nach eemol häerzlech Merci soen, ass et nach eng Kéier kloer gesot ginn, wier Montenegro «le système politique constitue une démocratie effective». Et ass also d'Appréciatioun vun eiser Regierung iwwer Montenegro.

An och am „membership action plan" vun der NATO, dem sougenannte MAP, gëtt verlaangt, datt déi State mussen d'Demokratie, déi individuell Fräiheeten an de Rechtsstat respektéieren. A mir mussen eis also froen: Ass dat fir Montenegro de Fall?

Do muss ee verweisen op de Rapport vun Amnesty International fir 2015 an 2016, deen ënner anerem zu de Feststellunge kënnt, datt d'Fräiheet vun der Press, datt d'Meenungsfräiheet net respektéiert sinn a Montenegro an datt de Stat e Recours excessif à la force mécht.

Dann huet Human Rights Watch viru Kuerzem e Bréif geschriwwen nach un de fréiere Premierminister, den Här Djukanović, mat Kopie och un de bäigeuerdneten NATO-Generalsekretär, iwwert d'Détentioun vum Journalist Jovo Martinović. Mir hunn also eng Rei vu ganz fundéierte Mënscherechtsconsidératiounen, wat Montenegro ugeet.

Et schéngt eis net esou ze sinn, datt déi héich Konditiounen, déi d'NATO verlaangt, hei erfëllt sinn. A wa mer mat Recht iwwer State wéi d'Tierkei oder hei schwätzen, a wa mer eis awer beruffen op gemeinsam Erklärungen, deene mer och wëllen eng gewësse Kredibilitéit ginn, da musse mer feststellen, datt Montenegro déi Konditiounen op jidde Fall bis elo nach net erfëllt.

Eng drëtt politesch Considératioun ass déi, datt et muss eng breet politesch Zoustëmmung fir de Bäitrëtt vun engem Land an d'NATO ginn. An do seet och de Rapport, deen d'Madamm Dall'Agnol eis hei virgestallt huet, am Numm vun de Parteien, déi d'Regierung droen, datt deen Objektiv, vun engem „large consensus" huet se geschwat, et géif e breede Konsensus ginn an der Gesellschaft vun deem Land an de Forces politiques a Montenegro fir de Bäitrëtt bei d'NATO.

An den 19. September hu mer an der Chamberskommissioun doriwwer geschwat. Do huet d'Regierung eis matgedeelt, datt dee breede Konsensus, wéi d'Madamm Dall'Agnol sech ausgedréckt huet, 58% vun der Populatioun sinn.

An den 29. November, dat ass ganz rezent, liese mer an der internationaler Press, datt de Bäitrëtt vu Montenegro zur NATO zu grousse politesche Spannungen an deem Land geféiert huet an datt elo bei der Regierung vum Här Marković d'Ënnerstëtzung am Parlament fir den NATO-Bäitrëtt 41 vun 81 Deputéierte sinn. Manner ass net méiglech: 41 vun 81 Deputéierten! Dat ass net, wat mir nennen, de breede politesche Konsensus, deen eng Konditioun ass, fir kënne bäizetrieden.

Dann ass natierlech de strategesche Kontext ze kucken. Deen éischte Grondprinzip ass natierlech d'Fräiheet vun all Land, enger Sécherheetsallianz bäizetriede vu senger Wiel. Et ass awer och d'Méiglechkeet an d'Recht vun deenen, déi an enger Allianz sinn, fir hirersäits ze kucken, ob dat den allgemengen Interesse vun hinne selwer an och vun der Allianz am Allgemengen entsprécht.

Dat Éischt ass: Gëtt et wierklech eng Plus-value fir déi regional Stabiliséierung? Bon, déi ass vläicht präsent, wann een dat a méi e breede Kontext och vun enger EU-Erweiderung setzt, mä ech mengen, militäresch oder strategesch kann ee wuel kaum déi Argumentatioun féieren. Do ass den Notze marginal.

Déi gesamt europäesch Sécherheetssituatioun muss ee betruechten, souwuel d'Kredibilitéit vun der NATO, wat d'Memberschaft vun der Tierkei ugeet. Dat ass wierklech eng wichteg politesch Fro, där mer eis musse stellen: Wéi eng Natur hu mer nach an eise Sécherheetsrelatiounen zu der Tierkei? Och compte tenu du fait, datt se militäresch d'Nopeschstate menacéiert, inklusiv Griichenland!

A wéi ass d'Konditioun oder wéi eng Répercussiounen huet eng weider Extensioun vun der NATO och op eis Relatioune mat Russland an anere Länner, déi awer fäerten, datt sech eng nei Stëmmung vu Kale Krich an Europa ëmmer méi ausbreet? An deem Sënn gëtt et och interessant, fir ze gesinn, wéi déi nei amerikanesch Administratioun sech géintiwwer Russland positionéiert.

Da musse mer eis och ëmmer froen no der Präzedenzwierkung op d'Ukrain. Och do gëtt et jo Leit, déi mengen, d'Ukrain misst an d'NATO opgeholl ginn. Ass et richteg, e Land, wat net allen demokratesche Kritären entsprécht a wou et kee breede politesche Konsens gëtt fir e Bäitrëtt, opzehuelen? Kann dat net eng negativ Präzedenzwierkung och op aner Länner hunn?

An déi lescht Konditioun, mä „last but not least", ass d'Kredibilitéit vun der NATO. Mir als Lëtzebuerg, als treie Member vun internationalen Organisatioune wéi der Europäescher Unioun, wéi der NATO, mussen eis Suerge maachen ëm d'Kredibilitéit vun deenen Organisatiounen, an deene mir Member sinn. Wa mer hei géife Jo soen, wär dat vläicht zu engem Deel a Fro gestallt, wéinstens an eiser eegener Logik, an eisem eegene Bekenntnis zu deene Mënscherechter, vun deene mer awer ëmmer soen, datt mer se wëlle verdeedegen.

Zu dësem Ableck, wou mer haut hei schwätzen, kann d'ADR, also och, wa se am Prinzip d'accord ass, datt Montenegro eng Kéier an d'NATO, an d'Europäesch Unioun ka bäitrieden, mä zu dësem Ableck, wou mer haut hei schwätzen, schéngen eis déi néideg Virkonditiounen, besonnesch am Beräich vun de Mënscherechter, net erfëllt ze sinn. An dofir wäerte mir géint dee Bäitrëtt stëmmen.

Villmools Merci.

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. An als leschten agedroene Riedner huet den Här David Wagner d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Säit der däitscher Réunificatioun viru 25 Joer huet sech d'Memberschaft vun der NATO quasi verduebelt, vu 16 am Joer 1990 op haut 28 Memberstaten. Haut stëmme mer iwwert de Bäitrëtt vum 29. Memberstat of, Montenegro.

Mat de Bäitrëtter vun de sougenannte Visegrádstaten, de baltesche Länner, Rumänien, Bulgarien, Slowenien an 2009 vu weidere Balkanlänner wéi Kroatien an Albanien gehéiert en ëmmer méi groussen Deel vum Osten a Südoste vun Europa zu engem Militärbündnis, dat militäresch, finanziell an technologesch sengesgläiche sicht a Russland op der Kaart ëmmer méi no réckelt. An dat obwuel et no der Réunificatioun vun Däitschland en „gentlemen's agreement" tëschent der NATO a Russland gouf, datt d'NATO Russland net op de Pelz réckele géif. De Géigendeel ass awer geschitt!

Déi stänneg Erweiderunge sinn Deel vun der interner Dynamik vun engem Militärbündnis. Nom Verschwanne vum grousse Feind, der Sowjetunioun, muss d'NATO hir Existenz nei legitiméieren. A se mécht dat ebe mat deenen Erweiderungen an der Sich no ëmmer neien Aktivitéiten. Eng global Strategie fir méi Sécherheet a Kooperatioun ze erreechen, spillt dobäi guer keng Roll, entgéint deem, wat ëmmer behaapt gëtt.

Am Géigendeel! Dës Politik, déi vun anere State primär emol als Bedroung wouergeholl gëtt, féiert zu massive geopoliteschen Destabiliséierungen an Europa. Déi ëmmer méi aggressiv Haltung vu Russland, déi sech besonnesch staark an der Ukrain gewisen huet, ass sécherlech och als eng direkt Konsequenz vun der NATO-Expansioun no Osten ze gesinn.

Här President, mat Montenegro steet elo e politesch ganz brisante Bäitrëtt un. Mat der Republik Montenegro trëtt näämlech e Land bäi, deem seng Bevëlkerung virun 20 Joer vun eben deem NATO-Bündnis och bombardéiert gouf. Dat erkläert och, firwat d'Majoritéit vun der Bevëlkerung géint eng NATO-Memberschaft ass. Et waren och vill Manifestatiounen a Montenegro. Dat ass guer net esou einfach iwwert d'Bün gaangen, wéi dat sech duerstellt. Dat Land ass u sech méi destabiliséiert gi wéi soss eppes.

D'montenegrinesch Regierung weess dat och an huet sech och doweinst mat Hänn a Féiss géint e Referendum gewiert. Sou vill zu den demokratesche Gepflogenheeten innerhalb vun den NATO-Memberstaten!

De Bäitrëtt vu Montenegro an enger onstabiller Regioun ass awer och sécherheetspolitesch ganz bedenklech. Andeem näämlech e weidere Balkanstat der NATO bäitrëtt, gëtt an där Regioun mat villen ongeléiste Konflikter weider Uelech op d'Feier geschott. Wärend op där enger Säit Kroatien massiv vun den USA mat neie Rakéitesystemer beliwwert gëtt, reagéiert Serbien mat verstäerkter Oprüstung mat Hëllef vu Russland. Albanien a Rumänien ginn och opgerüst. A virun net allze laanger Zäit goufen US-amerikanesch Atomwaffe vun der Tierkei a Rumänien verluecht, wou se elo vill méi no u Russland stationéiert sinn.

Dernieft kënnt derbäi, datt et net nëmmen tëschent State Konfliktpotenzial gëtt, mä et a ville Staten um Balkan och intern komplizéiert Konflikter gëtt, déi och duerch d'europäesch Äntwert op d'Wirtschaftskris weider verschäerft ginn. Dat ass och a Montenegro net anescht, wéi déi wochelaang Protester no der Ukënnegung vum NATO-Bäitrëtt virun e puer Méint gewisen hunn.

Här President, ech liese ganz gären den Orwell, an am Buch „1984" gëtt gesot, datt Krich Fridde wier a Fridde wier Krich. Mir liewen an enger Zäit, wou d'Begréffer verdréit ginn a vun hirer Substanz entleert ginn. Mir sinn der Meenung, datt déi expansiv Politik vun der NATO keng Stabilitéit a keng Sécherheet brénge kann. Am Géigendeel!

Ech sinn och frou, datt Seng Exzellenz, de President vum Parlament vu Montenegro do ass, well et soll kloer sinn, datt mir als déi Lénk der Meenung sinn, datt dat och net der montenegrinescher Bevëlkerung zeguttkënnt. Dat permanent Säbelrasseln an déi ongebremste Rüstungsspiral an Europa féiere villméi zu engem Gefill vun Onsécherheet a wuessendem Mëisstrauen, wouduerch et kooperativ Léisungen net nëmme bei der Sécherheet, mä och bei anere Froen ëmmer méi schwéier kréien an d'Gefor vu bewaffnete Konflikter a Wierklechkeet an Europa méi grouss gëtt!

Et wonnert mech, mat wat fir enger Liichtegkeet déi geopolitesch Tensiounen hei klenggeriet ginn, wann iwwerhaapt guer net ugeschwat ginn oder ganz wéineg.

De Bäitrëtt vu Montenegro gesi mir als e weidert Element vun dëser geféierlecher Dynamik. An ech mengen, ech hunn e bëssen Angscht, datt d'Zukunft eis och nach do wäert recht ginn.

Dofir wäerte mir als déi Lénk, u sech och gemeinsam mat der Majoritéit vun der Bevëlkerung a Montenegro, géint de Bäitrëtt an d'NATO stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Et soll ee beweisen, datt et net stëmmt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Wagner. An Äis op de Kapp.

(Hilarité)

Den Här Finanzminister fir de verhënnerten Ausseminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Här President, Excellences, léif Deputéierten, ech si vum Jean Asselborn effektiv gefrot ginn, hei anzesprangen. Ech maachen dat och ganz gären.

Ech si frou, dass de Bäitrëtt vu Montenegro an d'NATO hei eng grouss Zoustëmmung fënnt. An dat erkläert sech och doduerch, dass de Bäitrëtt zur NATO vu Montenegro eng gutt Saach fir d'NATO ass, awer och eng gutt Saach fir Montenegro.

Ech erkläre mech, firwat et eng gutt Saach ass fir d'NATO. Mir wëssen, dass déi militäresch Risken an och déi net militäresch Risken ëmmer zouhuelen an der Géigend vum Westbalkan, dass Terrorattacken och do ganz probabel sinn, an d'Cyber- an d'Hybridattacken och. Et ass also en Domän, wou d'NATO natierlech ganz hëllefräich ka sinn a wou et wichteg ass, dass natierlech de Perimeter vun der Aktioun vun der NATO ëmmer méi grouss gëtt. Dofir ass déi Erweiderung natierlech fir d'NATO eng ganz positiv Saach. Déi dréit dozou bäi, dass d'Ziler vun der NATO besser kënnen erreecht ginn, baséierend op der Solidaritéit, op der Kohäsioun an op der Indivisibilitéit vun der Sécherheet vun der NATO.

Et ass och esou, dass et wichteg ass, dass déi nei Länner, déi bäitrieden, natierlech net nëmme Responsabilitéiten hunn, mä och Obligatiounen hunn. A mir gesinn, dass Montenegro do schonn aktiv war, andeem se scho bei NATO-Aktioune wéi déi „Resolute Support" Afghanistan Missioune matgemaach hunn. Si hunn och als Montenegro scho matgemaach an enger Operatioun EU am Mali. Dat heescht, hei ass e Land, dat motivéiert ass a schonn agéiert huet.

Den zweeten Aspekt ass folgenden, dass natierlech dee Bäitrëtt gutt ass fir Montenegro. An de Bäitrëtt bréngt natierlech mat sech, dass d'Sécherheet vu Montenegro vill besser garantéiert ass, zum éischten. An zweetens, dass d'demokratesch Valeuren a Montenegro méi groussgeschriwwe ginn. Fir iwwerhaapt Member ze ginn, muss een d'Wäerter vun Demokratie, dem État de droit a vun den individuelle Libertéite respektéieren. Dat mécht Montenegro haut. An dofir ass en iwwerhaapt qualifizéiert, fir an d'NATO eranzekommen.

Et ass och vläicht wichteg, ze ënnersträichen, dass den Effort vu Montenegro, an d'NATO eranzekommen, en parallèle ze gesinn ass mat den Négociatiounen, déi amgaange sinn, fir dass Montenegro soll an d'Europäesch Unioun kommen.

Mat der Gréisst vum Land a mat der Zuel vun Awunner huet Lëtzebuerg natierlech Gemeinsamkeete mat Montenegro an et versteet een natierlech och, dass e Land an där Hisiicht, wat seng Gréisst ubelaangt, sech natierlech op eng kooperativ Aart a Weis, eng international Aart a Weis wëllt a Saache Sécherheet, awer och a Saache Wirtschaft orientéieren.

I will finish my speech in English to greet very officially the President of the parliament of Montenegro and to say that in my Luxembourgish intervention I have just mentioned that becoming a member of NATO for you, Montenegro, is good for you, but it is also good for NATO. And I know that your parliament has played a very important role in making sure that this membership happens. I am glad to see that we have a broad support here in the parliament, so that Luxembourg can become the 17th country to say yes to your membership in NATO. Welcome!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Finanzminister.

Ech si ganz frou, dass de Kolleeg Chamberspresident aus Montenegro gesinn huet, dass mer e Parlament hunn, dat net einfach Jo seet, mä dat all d'Facettë vun engem Dossier beliicht. Bonne Chance sengem Land um Wee an d'NATO! An de Wonsch, dass net nëmmen de Musterschüler viséiert ass a Saache Verdeedegung, mä och de Musterschüler a Saache Valeurs fondamentales gesicht gëtt.

Domat kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7029 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7029 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Kolleegen, wann ech gelift nach eng Sekonn, nach e puer Minutte sëtze bleiwen, well mer hunn nach e Punkt ze behandelen. Et gëtt nach eng Motioun deponéiert.

Mir hu folgend Resultat vum Vott: 60 Ofstëmmungen, 55-mol Jo a 5-mol Neen. Mat grousser Majoritéit ass also de Bäitrëtt vu Montenegro an d'NATO vum Lëtzebuerger Parlament guttgeheescht.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Si mer d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou décidéiert.

An dann huet den Här Mosar d'Wuert fir den Dépôt vun enger Motioun. Här Mosar!

5. Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wärend mir de Mëtteg hei intensiv iwwert d'Steierreform debattéiert hunn, ass op e puer dausend Kilometer vun eis ewech amgaangen, eng humanitär Kris vun enger extrem graver Envergure sech ofzespillen zu Aleppo. An ech mengen, Dir alleguerten hutt och d'Biller oder gesitt Der all owes déi grausam Biller op der Tëlee vun der ziviller Bevëlkerung, ganz besonnesch och vun de Kanner.

An d'Madamm Samantha Power, amerikanesch Ambassadrice bei der UNO, huet gëschter deklaréiert, Aleppo wier d'Enn vun der Mënschlechkeet. Dat ass also eng Situatioun, wéi mer se seltenst bis elo gesinn hunn.

An duerfir, mengen ech, géif et eis och gutt zu Gesiicht stoen als Chamber, wa mer dozou géifen eng Motioun verabschiden. Ech wäert hei am Numm vu menger Fraktioun déi Motioun déposéieren. Bis elo steet awer just mäin Numm drop. Ech ginn dovun aus, datt och all déi aner Fraktiounen déi Motioun do wäerte matdroen.

Motion

La Chambre des Députés,

- consternée par la situation dramatique et tragique à Alep après une guerre civile meurtrière qui

dure depuis presque six ans et qui a fait endurer aux habitants de cette ville un véritable martyre;

- préoccupée par le sort de la population civile et tout particulièrement des enfants d'Alep;

- bouleversée par la situation sécuritaire générale en Syrie avec plus de 300.000 morts, avec plus de 6,5 millions de personnes déplacées à l'intérieur du pays et avec quelque 4,8 millions de réfugiés dans les pays voisins;

- ébranlée par la politique de brutalité du régime du président syrien Bachar al-Assad ainsi que de ses alliés;

- choquée par les actes barbares des groupes terroristes et djihadistes tels que l'«État islamique» et le Front al-Nosra;

- condamnant avec fermeté tous les crimes de génocide, tous les crimes contre l'humanité et tous les crimes de guerre perpétrés en Syrie et en Irak ainsi que dans toute la région du Proche-Orient;

- exprimant sa solidarité avec la population civile à Alep et en Syrie;

- prenant acte des ouvertures de la Russie envers l'Union européenne en amont du Conseil européen du 15 décembre 2016 de Bruxelles;

- regrettant l'impuissance de l'Union européenne dans cette crise politique et humanitaire;

- constatant tout autant l'indifférence et l'échec moral de la communauté internationale ainsi que l'échec diplomatique de l'Organisation des Nations Unies face à la crise humanitaire à Alep et en Syrie;

invite le Gouvernement

1. à soutenir toutes tes initiatives politiques mettant en œuvre et stabilisant un cessez-le-feu durable à Alep;

2. à soutenir l'installation de couloirs humanitaires permettant l'accès immédiat de l'aide humanitaire;

3. à s'engager en faveur de la reprise des pourparlers inter-syriens afin d'offrir une paix durable au peuple syrien;

4. à intervenir auprès des autorités syriennes afin de garantir l'évacuation des rebelles et de la population civile d'Alep;

5. à mettre sur l'agenda des priorités du Conseil européen la situation d'Alep et de Syrie dans le but de reprendre le lead en matière de politique de paix en Méditerranée et au Proche-Orient;

6. à intervenir auprès du Conseil et de la Commission européenne afin d'intensifier et d'augmenter l'aide humanitaire de l'Union européenne pour Alep et la Syrie;

7. à débloquer une aide d'urgence directe pour la population civile d'Alep et de Syrie;

8. à intervenir auprès du Conseil et de la Commission européenne afin de reprendre le dialogue avec la Russie dans l'intérêt supérieur du droit à la vie de tous les citoyens d'Alep, de Syrie et du Proche-Orient;

9. à intervenir auprès du Conseil de Sécurité afin de remettre la situation à Alep à l'ordre du jour de l'ONU dans le but de protéger la population civile entre autres par des observateurs des Nations Unies;

10. à condamner avec une vigueur et une visibilité accrues tous les crimes de génocide, tous les crimes contre l'humanité et tous les crimes de guerre perpétrés à Alep, en Syrie et en Irak ainsi que dans toute la région du Proche-Orient.

(s.) Laurent Mosar

Ech géif och proposéieren, datt déi Motioun den nächste Freideg an der aussepolitescher Kommissioun soll diskutéiert ginn an datt se dann d'nächst Woch zur Ofstëmmung kënnt.

Ech mengen, hei ass wierklech eng Situatioun, déi een extrem schockéiert, well hei och d'Gläichgültegkeet vum gesamte Westen an och d'Gläichgültegkeet vun den internationalen Organisatiounen een trotzdeem verstomme loossen.

Ech si frou, Här President, wa mer d'nächst Woch a Rou och déi dote Motioun kënnen hei diskutéieren. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Mosar. An d'Wuert huet elo de President vun der aussepolitescher Kommissioun.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Ech soen dem Här Mosar villmools Merci fir den Dépôt vun där Motioun. Mir hunn an deene leschten Deeg dat alles matverfollegt, wat do geschitt ass.

Ech sinn och frou, dass de Mëtteg den Ausseminister am Ministère den Här Brita empfaangen huet, dee Buergermeeschter ass vun Aleppo an deen och den Owend eng Konferenz hei mécht. Ech hunn do matgehollef, mat engagéierte Bierger virun allem an dem Cercle culturel syrien, dass den Owend am Mudam dee Buergermeeschter an och den Dokter Pitti, en Dokter vu Metz, deen do Projeten huet, eng Konferenz kënnen halen. All Mënsch ass invitéiert, dohinner ze kommen.

Ech freeë mech, wann déi Motioun an d'Kommissioun kënnt a sinn iwwerzeegt, dass mer dann zesummen en Text hei kënnen ofstëmmen, an deem mer eis Solidaritéit an och eis Entrüstung kënnen ausdrécken iwwert dat, wat do an deene leschte Woche geschitt ass. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da géif ech proposéieren, dass mer dat esou maachen an der aussepolitescher Kommissioun.

(Assentiment)

Domat si mer um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Ech soen Iech Merci a Rendez-vous den nächsten Dënschdeg fir de Budgetsrapport an d'Budgetsdebatten.

(Fin de la séance publique à 17.02 heures)

SÉANCE 16 MARDI, 20 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Hommage en signe de deuil et de solidarité envers les victimes de l'acte terroriste perpétré à Berlin en date du 19 décembre 2016

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*

3. Communications

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

5. 7050 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

9) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé

et

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Claude Haagen (dépôt d'une motion)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Félix Braz, M. Nicolas Schmit, M. Romain Schneider, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, M. Dan Kersch, M. Claude Meisch et M. Marc Hansen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gudde Mëtteg! Ech maachen d'Sëtzung heimat op.

2. Hommage en signe de deuil et de solidarité envers les victimes de l'acte terroriste perpétré à Berlin en date du 19 décembre 2016

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll eis Sëtzung vun de Mëtte mat engem Message vu Solidaritéit a Bäileed ufänken. Wéi Dir wësst, huet gëschter Owend eng brutal a feig Attack friddlech Visiteure vun engem Chrëschtmaart zu Berlin getraff. Mir sinn all zudéifst schockéiert! Vun dëser Plaz aus drécken ech am Numm vun eis all de Blesséierten an de Familljevun den Affer eist déifst Matgefill aus. Ech hu mengem däitschen Homolog, dem Norbert Lammert, dem President vum Bundestag, e Message an deem Sënn vun eis all zoukomme gelooss.

Wat gëschter Owend zu Berlin geschitt ass, ass net nëmmen eng Attack op onschëlleg Mënschen, mä viséiert och eis Wäerter an eis Fräiheet. D'Attacke vu Paräis, Nice, Bréissel, elo Berlin an an enger Rei vun anere Stied wäerten eis awer net dovun ofbréngen, eis Solidaritéit, eisen Zesummenhalt an eis Determinatioun fir gemeinsam Wäerter héichzehalen. Mir musse staark bleiwen!

Här Statsminister!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, wann Der erlaabt, ech hat och am Laf vum Dag Kontakt mat der däitscher Bundeskanzlerin. An ech ka mech nëmmen Äre Wierder uschléissen. Et sinn déi Momenter, wou een zesummenhale muss, wou d'Unitéit d'Stäerkt vu ganzen Natiounen ass!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci Iech alleguer, Kolleegen. An et ass mat enger gewëssener Emotioun, wou mer zu dem normale Programm iwwerginn.

Ech wollt d'Regierung froen, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

(Négation)

Dat ass net de Fall.

3. Communications

Dir wësst, dass d'Froen an d'Äntwerten, déi zënter eiser leschter Séance erakomm sinn, hei deponéiert sinn, grad wéi d'Lëscht vun deenen neie Projeten un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite verdeelt ginn ass.

D'Lëscht mat de Petitiounen ass deeneselwechten zougestallt ginn.

Communications du Président - séance publique du 20 décembre 2016

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi suivant a été déposé à l'Administration parlementaire:

***7103** - Projet de loi relative aux comptes de paiement et portant:*

1. transposition de la directive 2014/92/UE du Parlement européen et du Conseil du 23 juillet 2014 sur la comparabilité des frais liés aux comptes de paiement, le changement de compte de paiement et l'accès à un compte de paiement assorti de prestations de base; et

2. modification de la loi modifiée du 15 décembre 2000 sur les services financiers postaux

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 16.12.2016

3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

***751** - Demande de pétition publique: Pour plus de moyens matériels pour les agents de sécurité privés*

Dépôt: M. Grégory Vansteene, le 29.11.2016

***752** - Demande de pétition publique: Péage sur les autoroutes (en première ligne pour les camions)*

Dépôt: M. Eric Nepgen, le 01.12.2016

753 *- Demande de pétition publique: Pour l'application de sanctions financières (et à reverser au secteur associatif) aux entreprises ne respectant pas les quotas d'employabilité des personnes avec un handicap*

Dépôt: M. Eric Feront au nom de NFP consulting, le 10.12.2016

754 *- Demande de pétition publique: Wahlmöglichkeit der Unterrichts- und Prüfungssprache im Sekundarunterricht (F, D, L?)*

Dépôt: Mme Christiane Jung, le 13.12.2016

755 - Demande de pétition publique: Aufhebung des Bankgeheimnisses

Dépôt: M. André Schmit, le 14.12.2016

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

4. Ordre du jour

Den Ordre du jour ass Iech zougestallt ginn, Dir kennt en also, wéi e vun der Presidentekonferenz proposéiert ginn ass.

Sidd Der mat deem Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen elo zum eenzege Punkt vun der Sëtzung vun de Mëtte kommen, dem Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi 7050, also de Statsbudget fir d'Joer 2017, an iwwert de Projet de loi 7051, iwwert d'Programmation financière pluriannuelle. D'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

5. 7050 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

9) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé

et

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de 27. September hat ech d'Éier, vun der Cofibu, vun der Commission des finances et du budget, zum Budgetsrapporteur ernannt ze ginn. De Budget 2017 an de Pluriannuel 2016-2020 sinn den 12. Oktober vum Finanzminister an der Chamber déposéiert a presentéiert ginn. D'Cofibu ass 13-mol zesummekomm, fir déi zwee Gesetzer ze analyséieren.

An der Kommissioun sinn d'Steierverwaltung, den Enregistrement, d'Administration des douanes et accises, de Statec, d'CSSF, d'Cour des comptes, de Conseil national des finances publiques an d'Zentralbank gehéiert ginn.

Nieft der Cour des comptes, der Zentralbank an dem CNFP hunn och d'Beruffschamberen hir schréftlech Avisen eraginn, mat Ausnam vun der Landwirtschaftskummer. Bei der Landwirtschaftskummer kann ee soen, datt dat, wat am Budgetsgesetz steet, haaptsächlech déi ordinär Dépensë sinn an datt am Fong d'Investissementsprojeten iwwert de Fong bezuelt ginn. Des Weideren huet och nach de COSL säin Avis zum Budget 2017 an zum Pluriannuel ofginn.

D'Cofibu hat eng Commission jointe mat der Commission des Affaires intérieures, fir iwwert d'Gemengefinanzen ze schwätzen. Eng weider Jointe war mat der Travailskommissioun, fir iwwert d'Entwécklung vun der finanzieller Situatioun vun der Sécurité sociale ze schwätzen. An enger Commission jointe mat der Comexbu, also der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire, ass d'Evolutioun vun der budgetärer Situatioun op den Datum vum 30. September gekuckt ginn, dat heescht also, de Stand vun der Exekutioun vum Budget 2016.

Zum Schluss huet den Här Finanzminister der Cofibu och nach déi aktuell Zuelen iwwert d'Statsschold presentéiert a méi detailléiert Explikatiounen zur Strategie vum Tresor a Saachen Emprunten a Management vun de Liquiditéite gemaach.

De Budget 2017 an de Pluriannuel sinn am Ganzen dräimol amendéiert ginn: eng éischte Kéier de 15. November duerch d'Regierung, wat éischter technesch Amendementer waren; eng zweete Kéier den 29. November duerch d'Cofibu, fir de Remarquen am éischten Avis vum Statsrot Rechnung ze droen, an eng drëtte Kéier de 5. Dezember erëm duerch d'Regierung, fir dem Gehälteraccord an der Fonction publique an och dem Accord am ASFT-Secteur um budgetäre Plang Rechnung ze droen.

De Statsrot huet säin initialen Avis zu deenen zwee Projet-de-loien de 15. November ofginn a jeeweils een Avis complémentaire den 13. Dezember eraginn.

A menger Qualitéit als Rapporteur hat ech dernieft och Entrevuë mam Finanzminister an enger Partie vu senge Beamten aus dem Ministère, mam Steierdirekter a mat der Direktioun vum Enregistrement, mam Statec, mam Conseil économique et social, mat alle fënnef Beruffschamberen a mat der ULC. All deene Leit wëll ech heimadder Merci soe fir hir Disponibilitéit a fir hire gudden a konstruktiven Échange vun Iddien a Kriticken.

Eng Klengegkeet nach am Ufank zu de Formalitéiten: Am Artikel 31 vum Budgetsgesetz - Dépenses d'investissement à charge du Fonds des routes - hat sech beim Kopéiere vum Text e klenge Feeler ageschlach, dee mëttlerweil vum Greffe redresséiert gouf. Et handelt sech hei ëm eng Erreur matérielle.

Här President, komme mer elo zu den Eckdate vum Budget 2017 a vum Pluriannuel 2016-2020.

D'Besonneschheet vum 2017er Budget, an domadder och vum Pluriannuel, ass, datt nieft den ugeschwaten Amendementer och d'Gemengefinanzreform souwéi d'Steierreform, Gesetzer, déi mer elo kierzlech an der Chamber votéiert hunn, am Budget finanziell verankert sinn.

Fir 2017 erwaarde mir e positive Sold bei der Administration publique, dee bei 0,2% vum PIB wäert leien. Dëse Sold dierft bis 2020 op 0,6% vum PIB eropklammen. D'Administration locale, also d'Gemengen an d'Sécurité sociale, hunn alle béid mat 0,4% respektiv 1,5% e positive Sold. An d'Administration centrale huet mat minus 1,8% vum PIB 2017 en negative Sold. Dësen negativen Taux erkläert sech duerch déi staark Investissementer an d'Steierreform.

An Zuelen ausgedréckt hu mir fir 2017 viraussiichtlech e Gesamtiwwerschoss vu 97 Milliounen Euro am Gesamtstat, dovunner eng gutt Milliard Defizit am Zentralstat, en Iwwerschoss vun 253 Millioune bei de Gemengen an en zolitten Iwwerschoss bei der Sécurité sociale vun 883 Milliounen Euro.

Mat den aktuelle Previsioune geet een dovun aus, datt 2020 den Iwwerschoss bei der Administration publique bei knapp 400 Milliounen Euro wäert leien, dee sech aus engem Defizit an der Administration centrale vu 646 Milliounen Euro an engem Iwwerschoss vun 170 Milliounen Euro an de Gemengen an 870 Milliounen Euro bei der Sécurité sociale ergëtt.

Komme mer elo zu eiser Statsschold. Déi läit am Moment bei 20,5% vum PIB oder 11 Milliarden Euro, wat eng vun deenen niddregsten an Europa an ech géif soen och op der Welt ass. D'Regierung huet bis elo keng Emprunte gemaach, ausser dem Sukuk vun 200 Milliounen Euro. Dat heescht, datt deen ageschriwwenen Emprunt vun 1,5 Milliarden Euro fir 2016 net wäert gezu ginn. An dësem Joer ass och den Emprunt vu 400 Milliounen zréckbezuelt ginn. Dat hat de Finanzminister och schonn d'lescht Woch hei an der Chamber confirméiert.

Fir déi nächst Jore sinn Emprunten am Pluriannuel virgesinn; zum Beispill fir 2017 läit den ageschriwwenen Emprunt bei 1,12 Milliarden Euro.

D'Statsschold bleift viraussiichtlech relativ konstant an deenen nächste Joren a sollt bis 2020 bei ëm 23,7% vum PIB leien, dëst, wann all Emprunte géife gezu ginn. Dësen Defizit läit largement ënnert deem, wat d'Regierung sech 2013 als Seuil gesat hat. Deemools ass gesot ginn, datt d'Statsschold net däerft iwwer 30% vum PIB klammen.

Mir erhalen och weiderhin d'Topnotatioun Triple-A vun de Ratingagencen.

Den Zukunftspak huet der Regierung et erlaabt, op d'Kris ze reagéieren. Déi gutt aktuell wirtschaftlech Konjunktur an d'Décisioun vun der Europäescher Kommissioun, fir den OMT, den Objectif budgétaire à moyen terme, vu bis elo plus 0,5% op minus 0,5% Solde structurel vum PIB erofzesetzen, erlaabt dëser Regierung e gewëssene Sputt, fir op extern wirtschaftlech Facteuren ze reagéieren, fir eng ugepasst a gerecht Steierreform ze maachen, ouni d'Investissementer erofzeschrauwen, mä weider op engem historeschen Niveau ze halen.

Et muss een zouginn, datt d'Situatioun, wéi se 2013-2014 war an elo e puer Joer duerno, net méi déi nämlecht ass. Mir hunn aner Wirtschaftsdaten an déi erlaben et der Regierung, och eng aner Politik ze maachen. Ech denken, datt d'Politik am grousse Ganze muss op Wirtschaftsdate reagéieren, muss kënne Mesuren ergräifen, déi net jiddwerengem gefalen, wann et néideg ass, an och dann, wann et néideg ass, muss kënnen Décisiounen huelen, déi d'Ekonomie stimuléieren.

Ech mengen, do ass d'lescht Woch schonn an deenen Debatten, déi hei gefouert gi sinn, notamment iwwert d'Steierreform, ganz vill ugeschwat ginn.

Huele mer zum Beispill de Wuesstum. Wa mer eis haut d'Konjunkturdaten ukucken, da gesi mer, datt de Wuesstum fir 2017 ganz gutt ausgesäit. Mir wäerte bei ëm déi 4% Wuesstum leien, an dat onofhängeg, ob een d'Prognose vum Abrëll 2016 vum PSC, also vum Pacte de stabilité et de croissance hëlt, d'Zuele vum September, déi als Basis fir d'Redaktioun vum Budget 2017 geholl goufen, oder déi lescht Zuelen, notamment vum 30. November vum Statec, op déi en a senger zweeter Note de conjoncture zu dësem Joer ageet.

Eis Wirtschaft: Lëtzebuerg, dat staark ofhängeg ass vun der Weltwirtschaft, profitéiert natierlech, datt déi an deene leschte Joren awer ugezunn huet. Mir si weiderhi Virreider, wat de Wirtschaftswuesstum ubelaangt. Op eiser Finanzplaz, zemools an de Fongen an um Finanzmarché, erwaart ee fir 2017 e gutt Joer. Eise Wirtschaftswuesstum ass méi wéi duebel esou staark wéi am EU-Duerchschnëtt. Fir 2016 läit den EU-Duerchschnëtt bei 1,7% a fir 2017 bei 1,5%. Mir hei zu Lëtzebuerg kommen do op 3,7% respektiv 4,2%.

De Pëtrolspräis war an deene leschte Jore ganz niddreg, wat sech bei den Energiepräisser beim Konsument positiv bemierkbar gemaach huet. Säit der zweeter Halschent vun 2016 geet de Pëtrolspräis awer erëm an d'Luucht. Natierlech huet dat och en Impakt op den Indexmechanismus, deen 2017 dann natierlech och erëm wäert spillen.

Wat den Aussenhandel ubelaangt, do war 2016 e gutt Joer, zemools fir d'Exportatioun vun de Servicer. Do erwaart ee fir 2017 och gutt Zuelen.

Dat nächst Joer wäert viraussiichtlech ee gutt Joer ginn, net nëmme wéinst dem staarke Wuesstum, mä och d'privat Consommatioun dierft weider unzéien.

Ech wäert och e puer Wierder iwwert d'Rifkin-Etüd am Kontext vum Budget soen. An där Etüd gëtt jo och d'Iddi vertrueden, datt zukünftege Wuesstum vill méi qualitativ an effizient ka sinn, dat heescht, datt mer mat deene Mëttelen, déi mer elo schonn hunn, kéinte weider wuessen.

Mir hate virun zwou Wochen och hei an der Chamber doriwwer schonn en ausféierlechen Débat. Ech wollt nëmmen drun erënneren, datt am Kontext vum Budget déi drëtt industriell Revolutioun eng Roll spillt. A mengem schréftlechen Deel vum Rapport ass deem ee ganzt Kapitel gewidmet. Ech kommen herno nach eng Kéier am Kader vun der Digitalisatioun op dës Etüd zréck.

Dir Dammen an Dir Hären, komme mer elo zu aneren ekonomeschen Donnéeën.

Fir d'Éischt de Chômage, deen enger Ekonomie ëmmer vill Kappzerbrieches mécht. De Chômage behält seng Tendenz no ënnen. Mir wäerten dëst Joer, laut de Prognosen a Previsiounen, bei 6,4% Chômage leien an d'Joer drop bei 6,2%. Dat waren d'Prognosen. Mir sinn eis all eens, datt all Chômeur een ze vill ass, mä mir sinn eis awer och all eens, datt all Chômeur manner eng gutt Nouvelle ass. An de positiven Trend no ënnen hält hei un. No den Zuele vu gëschter läit de Chômage Enn November schonns bei 6,2%. Dëst ass op ee Joer gekuckt eng Baisse vu 4,9%.

D'Reform vun der ADEM a Programmer wéi d'Garantie jeunesse an de Pakt mat den Entreprisen, fir 5.000 ageschriwwen Demandeuren ze vermëttelen, schéngen ze gräifen. Ouni dës Reformen a Mesurë wär dëse positiven Trend vum Chômagetaux no ënne wuel kaum ze erreeche gewiescht.

Och den Emploi intérieur geet stänneg an d'Luucht. Fir 2017 bis 2019 wäert dee bei plus 3% all Joer leien an 2020 viraussiichtlech nach bei gudden 2%.

Elo méi am Detail zur Kafkraaft.

Nom Vott vun der Steierreform vu leschter Woch wäerten ab dem 1. Januar 2017 d'Bierger méi Kafkraaft kréien, an dëst all Bierger, wou awer déi gréisst Verbesserung bei den niddregen a mëttleren Akommessen ukënnt. Ech mengen, och hei ass an der leschter Woch ausféierlech doriwwer diskutéiert ginn.

De Liewensstandard ass och kontinuéierlech säit 2016 bei eise Matbierger eropgaangen. Vun 1996 bis 2015 ass de Liewensstandard hei zu Lëtzebuerg ëm 22% an d'Luucht gaangen.

Elo nach eng Kéier déi wichtegst Elementer vun der Steierreform, well déi natierlech och en Impakt op den 2017er Budget an natierlech och op de Pluriannuel hunn.

Am Budget fir d'nächst Joer kann een emol constatéieren, datt souwuel an deem Budget wéi am Pluriannuel net déi sougenannten „second-round effects" vun der Kafkraaft, déi dem Bierger méi ginn, berücksichtegt sinn. Dat heescht, dat ass deen Deel vun der Consommatioun, deen de Statsrecettë wäert zegutt-kommen.

De Crédit d'impôt, déi sozial selektiv Mesure, gëtt verduebelt mat engem Plaffong, vu wou dës negativ Steier net méi wäert spillen.

D'Barème-Adaptatioune gi gemaach.

D'Gläichberechtegung tëschent Résidenten an Netrésidentë wäert gemaach ginn.

D'Monoparentallen a pensionéiert Leit gi besonnesch berücksichtegt: 0,5% Steier gëtt ofgestrach.

Am Beräich vum Logement gëtt vill fir jonk Stéit gemaach. De Spëtzesteiersaz ass eropgesat ginn, Abattemente sinn adaptéiert ginn an ökologesch steierlech Kritäre sinn agefouert ginn.

D'Impositioun vun den Entreprisë gëtt erofgesat. D'Lutte géint d'Fraude fiscale gëtt an Ugréff geholl. Wat d'Bekämpfung vun der Fraude fiscale ubelaangt, ass dat en Uleies, wat allen zwou Steieradministratioune schonn zënter Jore gefrot hunn. Ab dem 1. Januar 2017 hu mer d'Fraude fiscale simple, d'Fraude fiscale aggravée an d'Escroquerie fiscale.

Och fir all Fräiberuffler wäert et eng obligatoresch regulär Kontabilitéit ginn, an dat zemools fir all déi mat engem Chiffre d'affaires vun iwwer 100.000 Euro am Joer.

Eng Indextranche wäert viraussiichtlech am éischten Trimester 2017 erfalen. Hei soll och nach eng Kéier gesot ginn, datt den Indexmechanismus jo eng Kompensatioun ass fir d'Präisdeierecht. Dat heescht, d'Präisdeierecht, déi vum Statec berechent gëtt, géif dann um Niveau vun 2,5% ukommen an dowéinst wär dann eng Indextranche fälleg. De Statec betruecht den IPCN, den Indice des prix à la consommation national, fir d'Inflatioun, sprécht d'Präisdeierecht ze berechnen. Dëst geschitt, wéi schonn oft gesot, onofhängeg vun der Politik duerch eben de Mechanismus vum Index.

D'Politik kann den Index afréieren, wat an der Vergaangenheet wéinst ekonomeschen Ëmstänn scho gemaach ginn ass. Mä dës Regierung hat beschloss, den Indexmechanismus, esou wéi et am Normalfall soll sinn, spillen ze loossen.

Wat d'Inflatioun ubelaangt, esou soll déi no den aktuelle Previsiounen ab 2017 vill méi staark am Joer unzéien, wéi dat an deene leschten dräi Joer de Fall war. Natierlech spillen den héije Wuesstum an déi ausbezuelten Indextranche dann och eng Roll.

Wat wäert fir d'nächst Joer vum Januar 2017 un nach kommen?

Am Januar 2017 gëtt de Mindestloun gehuewen, mat 1,4%. Datselwecht geschitt och beim RMG, deen och zum selwechten Taux wäert erhéicht ginn. Et gi méi Remboursementer bei de Prestatioune vun der Gesondheetskeess. Fir d'Pensionäre kënnt zousätzlech zu all de Steiererliichterungen duerch d'Steierreform nach en Ajustement vun 0,9%.

De 5. Dezember 2016, dee jo och duerch d'Amendementer seng Répercussiounen am Budget fënnt, ass och en neie Gehälteraccord tëschent der Regierung an der CGFP ënnerschriwwe ginn. D'Statsbeamte kréien 2017 eng Prime unique an ab 2018 ënner anerem och eng zousätzlech Erhéijung vum Punktwäert, deen 2017 duerch den Index schonn erhéicht wäert ginn.

All dës Décisiounen, wéi gesot, hunn en Impakt op de Budget 2017 an op de Pluriannuel. Gläichzäiteg huet d'Regierung och de Virschlag vun der Commission paritaire guttgeheescht, fir d'Gehälteraccorden an der Fonction publique aus de viregte Joren 2010 bis 2014, fir se net ze nennen, am ASFT-Secteur ëmzesetzen.

Et muss een och constatéieren, datt d'Regierung hei eng traditionell konservativ Budgétiséierung mécht, well si mat den Amendementer vum 5. Dezember zwar zousätzlech Dépensë vu ronn 75 Milliounen Euro pro Joer an de Joren 2017 bis 2020 an de Budget vum Zentralstat ageschriwwen huet an och nach eng Kéier ronn 40 Millioune fir d'Sécurité sociale réckwierkend op d'Joer 2015-2016, deem awer keng zousätzlech Recettë géintiwwergestallt huet.

Et muss een awer kënnen dovun ausgoen, datt duerch d'Sozialbäiträg, duerch d'Akommessteier an awer och duerch d'Verbrauchersteier, wéi d'TVA, do e Retour fir d'Statskeess ze erwaarden ass, deen natierlech schwéier ze chiffréieren ass - domadder sinn ech d'accord -, awer sécher wäert deen och net bei null leien.

Här President, komme mer zu den Investissementer.

D'Regierung huet d'Investissementer erëm däitlech eropgeschrauft, nodeems se vun 2012 op 2013 däitlech vu 4,1% vum PIB, oder 1,8 Milliarden, op nëmmen nach 3,1% vum PIB, 1,4 Milliarden, gefall waren. Ab 2016 läit den Taux erëm bei 4% vum PIB, wat 2016 ronn 2,1 Milliarden entsprécht, 2017 am Budget gutt 2,23 Milliarden an 2018 tëschent 2,3 an 2,4 Milliarden Euro.

Fir 2019 an 2020 weist d'Courbe am Pluriannuel zwar nees no ënnen. Dat erkläert sech awer doduerch, datt fir déi Joren déi previsibel Investissementsprogrammer nach net komplett ausgeschafft sinn oder datt nach deen een oder deen anere Projet derbäikënnt. Dat hänkt natierlech och vun der nächster Regierung of.

Wa gesot respektiv kritiséiert gëtt, d'Regierung géif am Zentralstat eng Milliard Defizit maachen, dann ass dës Zuel a Relatioun ze setze mat den Investissementer, déi de Stat mécht. 2017 sinn Investissementer, ech hunn et gesot, vu ronn 2,23 Milliarden Euro geplangt, bei engem Defizit vum Zentralstat vun 1,04 Milliarden. Dat heescht, datt den Defizit 46,6% vum Invest ausmécht oder ëmgedréit formuléiert an ausgedréckt, datt 53,4% vun den Investissementer aus de lafenden Einname gedeckt ginn.

2018 mécht dat 56,8% vun den Investissementer aus de Recettes courantes aus, déi esou finanzéiert wäerte ginn. Et ass also absolutt räsonabel a vertrietbar, datt ee Stat seng Infrastrukturen, déi fir 25, 30 oder 40 Joer gebaut ginn, zu manner wéi der Halschent mat der Schold finanzéiert. Dat gëtt et wuel a soss kengem anere Land.

D'Regierung notzt hire budgetäre Spillraum, fir an d'Zukunft ze investéieren. Domat läit si op enger ganz klorer Linn mat den internationalen Organisatiounen - Europäesch Kommissioun, OCDE, FMI, fir déi ze nennen. Déi soen, datt déi Länner, déi de budgetäre Sputt hunn, fir ze investéieren, dat och maache sollen, fir eben d'Croissance ze relancéieren.

Natierlech mussen dat och produktiv Investissementer sinn, déi nohalteg sinn, déi d'Kompetitivitéit verbesseren, d'Croissance ukierpen, Aarbechtsplaze schafen an d'sozial Kohäsioun am Land stäerken. Soss sinn dës Sue verbëtzt an de Stat bleift op engem Scholdebierg sëtzen, dee sech nëmmen duerch verbessert Recetten ofdroe léisst.

Dofir ass et och positiv ervirzeträichen, datt de Gros vun den Investissementer, déi de Stat mécht, esou produktiv a kohäsiv Investissementer sinn: an d'Schinneninfrastrukturen, do kommen ech nach drop ze schwätzen, an de Stroossebau, a Schoulen a Crèchen, Foyeren a Maison-relaisen, an d'Recherche, an d'Innovatioun, an d'Diversifikatioun vun den ekonomesche Strukturen, a Spideeler, an Altersheimer, Kläranlagen an an de Klimaschutz.

Ech wëll awer op dëser Plaz och eng kleng Kritik oder e Verbesserungsvirschlag un d'Adress vum Finanzminister riichten. Et ass a bleift extrem schwiereg, wann net onméiglech, fir aus deene verschiddene Spezialfongen erauszeliesen, wat Invest ass, also Dépense en capital, a wat Dépenses courantes sinn. Et wär wierklech nëtzlech an am Interessi vu méi Transparenz, wann dës Differenz duerch Code-économiquen och an de Spezialfonge géif gekennzeechent ginn.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Zréck zu den Investissementer. Esou wäert an deenen nächste Joren d'Regierung weiderhin an d'Entwécklung an d'Upassung vum nationalen Eisebunnsréseau investéieren. Nom Bau vum Centre de remisage et de maintenance fir den Ënnerhalt vun den Zuchgefierer, Lokomotiven a Voituren zu Bouneweg, dem Bau vum zweete Viaduc um Nordkapp vun der Gare Lëtzebuerg, mä och der zweegleiseger Streck Hamm-Sandweiler, ginn d'Aarbechte vun der Erneierung a Moderniséierung vu verschiddene Gleisabschnitter op der Nordstreck, den Ausbau vun der Beetebuerger Zuchstreck, den Arrêt Pafendall-Kierchbierg wéi och de Bau vun der éischter Gare périphérique um Houwald weider intensiv virugedriwwen.

Investissementer, déi mer an den ëffentlechen Transport stiechen, wäerte sech natierlech virun allem am Chantier vum Tram widderspigelen. Am Laf vun 2017 soll déi éischt Streck vun der Luxexpo bis bei d'Rout Bréck a Betrib goen. Bis 2020 geet de Bau dann an Etappe viru bis op d'Cloche d'Or an op de Findel. Déi finanziell Ausgabe fir de Projet vu LuxTram belafe sech op ronn 560 Millioune fir d'Period vun 2016 bis 2020.

Och un der Sanéierung vun der Gare zu Ettelbréck wäert weiderhi fläisseg geschafft ginn. D'Aarbechte un der multimodaler Plattform zu Beetebuerg/Diddeleng sinn och scho säit enger Zäit amgaangen, genausou wéi d'Aarbechte vum Projet Eurocap-Rail.

Och d'Investissementer an d'Fuerschung an an d'Recherche gi vun dëser Regierung, laut dem Budget, staark gefërdert. Am Kader an am Kontext vum nationale Reformprogramm „Lëtzebuerg 2020" huet sech Lëtzebuerg näämlech verflicht, fir sech intensiv an der Recherche ze engagéieren. Dofir wäert de privaten an ëffentlechen Investissement an deem Beräich sech bis 2020 op tëschent 2,3% an 2,6% vum PIB belafen, vun deem een Drëttel der ëffentlecher Fuerschung zeguttkënnt.

An deem Kontext ass et och wichteg, datt d'Uni Lëtzebuerg, de Fonds national de la recherche an d'Fuerschungsariichtungen LIH, LISER a LIST sech engagéiert hunn, fir sech eng Partie konkret Objektiver ze ginn en contrepartie vun dëser finanzieller staatlecher Ënnerstëtzung.

D'Entwécklungshëllef bleift bei engem Prozent vum RNB, Revenu national brut. Domadder si mir eent vun deene wéinegen europäesche Länner, wou dat nach de Fall ass. Den Detail fir weider Investissementer an deem doten Domän kënnt Der am Budget des dépenses en capital an am Relevé vun de Spezialfongen noliesen.

D'Erhale vun engem héijen Niveau un ëffentlechen Investissementer ass immens wichteg fir d'Entwécklung an de Wuesstum vun eiser Ekonomie. Eng héich Politique d'investissement ass och néideg am Hibléck dorobber, datt déi Lëtzebuerger Populatioun konstant wiisst an all Joer nei Aarbechtsplaze geschafe ginn. Ons ëffentlech Infrastrukture musse mam Wuesstum Schratt halen.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi schonn oft diskutéiert: Verschidde Methodologië wäerten ëmmer verschidden Zuele mat sech bréngen. Zënter datt mir de PSC, de Pacte de stabilité et de croissance, respectivement de Budget pluriannuel no der SEC 2010-Norm opstellen, ass de Problem vun där Kohärenz vun de Budgetszuelen en Thema. Dofir ass eng fréier Regierung och higaangen an huet op Verlaange vun der Chamber en drëtte Volume vum Budget erausbruecht, deen d'Transitioun vum nationalen op den europäesche Budget, dat heescht vum 1999er Gesetz op d'SEC 2010 erklärt.

Op en Neits ass dëse Problem awer offensichtlech ginn an huet och prompt zu Polemike gefouert, wéi d'Zentralbank an hirem Avis de Käschtepunkt vun der Steierreform geschat huet an déi Schätzungen aneschters a virun allem méi héich ausgefall si wéi dat, wat d'Regierung an hire Budget ageschriwwen huet.

Ouni elo nach eng Kéier am Detail op dës Divergenzen zréckzekommen, well och dat ass am Kader vun der Steierreform schonn ausféierlech geschitt, ass e Groussdeel vun där Differenz op déi ënnerschiddlech Kontabilitéitsnorm zréckzeféieren, tëschent der SEC 2010, déi op der Method vun den Droits constatés baséiert, „accruals" op Englesch, an onser nationaler Kontabilitéitsregel, déi eng Comptabilité de caisse ass. De plus hat d'BCL Einname vun der Bekämpfung vun der Fraude fiscale, déi bis zu 50 Milliounen ausmaache kéinten, net berücksichtegt.

Här President, den Appell vun der Cofibu un d'Regierung ass et, fir no Méiglechkeeten ze sichen, fir den nationale Budget, iwwert deen d'Chamber natierlech mam Budgetsgesetz ofstëmmt, méi no un de Budget ze bréngen, wéi mer en am Kader vum Stabilitéitspakt op Bréissel schécken.

Ee wichtege Punkt an deem Kontext ass d'Kooperatioun tëschent deene verschiddenen Akteuren, déi mat der Opstellung vum Budget ze dinn hunn. An eisem Statsapparat mat all sengen Institutiounen, Organismen a Servicer ginn iwwerall Zuele produzéiert, dacks fir ganz ënnerschiddlech Zwecker, aus ënnerschiddleche Perspektiven, déi sech da scheinbar widderspriechen. Aus engem deemools aktuelle Kontext eraus hat de fréiere Premierminister ad hoc ee Comité de prévision zesummegeruff, wou déi wichtegst, fir d'Opstellung vum Budget relevant Verwaltunge vertruede waren, fir eenheetlech Budgetsprevisiounen ze erstellen an domadder der Konfusioun en Enn ze setzen. De Comité huet duerno awer net optimal funktionéiert, fir et emol esou och auszedrécken.

De BCL-Avis huet nach eng Kéier gewisen, wéi wichteg et ass, fir all déi verfüügbar Zuelen niewenteneenzeleeën, fir eventuell Onstëmmegkeeten am Virfeld ze entdecken a wa méiglech aus dem Wee ze raumen.

De Regierungsprogramm gesäit vir, de Comité de prévision a Form vun engem Comité économique et financier national ze institutionaliséieren, mat kloer definéierte Missiounen. D'Cofibu géif et deemno begréissen, wann d'Regierung dëse Punkt vun hirem Programm séier géif ëmsetzen. De Finanzminister huet op jidde Fall confirméiert, datt dëst, wéi am Regierungsprogramm virgesinn, am éischten Trimester vum nächste Joer wäert realiséiert ginn.

Wann ee vum Budget schwätzt, muss een och vum Pluriannuel schwätzen.

An deem Zesummenhang werft d'Cofibu och nach eng zweet Fro, eng zweet Kritik op, an zwar un der aktueller Form vum Pluriannuel. Net nëmmen, datt de Pluriannuel bal no SEC-Norm - bei den Artikelen 2 an 3 -, bal no nationaler Norm - am Artikel 5 - arrêtéiert gëtt, d'Fro, déi sech stellt, ass, ob et sënnvoll ass, de Pluriannuel a senger jëtzeger Form bäizebehalen, wou sämtlech Kreditter, sämtlech Budgetsartikele bis an dee leschten Detail op véier Joer am Viraus fortgeschriwwe ginn. Ass dat wierklech, wat mer ënner enger pluriannueller Finanzplanung verstinn? Wat huet dat am grousse Ganze fir eng Plus-value fir d'Regierung, fir d'Chamber, fir d'Effentlechkeet?

Wär et net méi sënnvoll, de Pluriannuel méi strategesch opzebauen: Wou wëlle mer hin? Wat sinn déi grouss Aggregater? Wat sinn déi wesentlech politesch Optiounen a Choixen? A wéi wierken déi sech op d'ëffentlech Finanzen aus? Ech denken, dat sollen eis Iwwerleeunge sinn. De Pluriannuel muss natierlech um Niveau vun der europäescher Contrainte respektéiert ginn. Déi Extrapolatioune kënnen awer, denken ech, och aneschters gemaach ginn.

Här President, ech kommen zu deene verschiddenen Avisen.

Wat d'Avise vun de Beruffschamberen ubelaangt, do kann ee soen, datt déi Avise relativ positiv ausgefall sinn. D'Handelskummer an d'Handwierkerkummer gesinn zwar ee Paradigmewiessel an der Politik vun der Regierung, vu datt déi am Ufank vun der Legislatiounsperiod en Zukunftspak an d'Wee geleet huet an elo de Bierger vill Steiererspuernisser offréiert, fannen awer och, esou wéi d'Chambre des Salariés an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, datt d'Kafkraaftstäerkung vun de Bierger eng exzellent Politik ass.

Wann ee méi am Detail an e puer Avisen erakuckt, da kann ee soen, datt de Statsrot eng gewësse Virsiicht bei den Ausgabe préconiséiert. E ralliéiert sech do un den Avis vum Conseil national des finances publiques.

Wat den Avis vun der Cour des comptes ubelaangt, sou kann een am Resümee soen, datt de Rechnungshaff feststellt, esou wéi en déi Jore virdrun dat och scho gemaach huet, datt d'Recetten, déi vum Finanzsecteur kommen, nach ëmmer e groussen Deel vun den Einname vum Statsbudget ausmaachen. De Rechnungshaff stellt och fest, datt net all Moossname vum Zukunftspak ëmgesat goufen. Den Zukunftspak sollt insgesamt gutt 3,4 Milliarden tëschent 2015 an 2018 aspueren. D'Cour des comptes rechent de Betrag elo op gutt 2,4 Milliarden.

De Rechnungshaff stellt och fest, datt d'Steierreform net budgetsneutral ass, esou wéi dat am Ufank vun der Regierung ugekënnegt gi war. An e stellt fest, datt, wann een den OMT net erofgesat hätt op minus 0,5% vum PIB, da géif e mat den aktuelle Chifferen am Joer 2018 an 2019, wou en am Moment bei 0,2% vum PIB läit, am ale System vum plus 0,5% vum PIB drënnerleien.

Den Avis vum Conseil national des finances publiques, dem CNFP. Als Éischt freet den CNFP, dëst wéi all Joer, datt en e besseren Accès zu Informatioune vum Finanzministère kritt. E fënnt, datt de PSC, de Plan de stabilité et de croissance, deen am Abrëll presentéiert gëtt, eng gutt Saach ass. Mä de Conseil national des finances publiques freet och, datt d'Gesetz iwwert de Pluriannuel, d'Statsfinanzen, och am Kader vum PSC am Abrëll sollt déposéiert a presentéiert ginn. Och dat hate mer schonn an der Finanzkommissioun diskutéiert.

Esou wéi et aktuell fonctionnéiert, datt am Oktober d'Budgetsgesetz vum Joer duerno an de Pluriannuel déposéiert a presentéiert ginn, wär net optimal, zemools, datt am Pluriannuel all Linne vun all Dépensen nach dräi Joer weider ageschriwwe ginn. De Pluriannuel sollt eigentlech déi grouss Orientatiounslinne ginn an net, wéi am Moment, all Artikel vun all Ministère fir all Posten. Dës ageschriwwen Zuele wieren en général souwisou net ex post alleguerte richteg.

Den CNFP ënnersträicht, datt et e puer Budgetskadere gëtt, déi sech iwwerschneiden, datt et kee maximale Betrag vu Schold am Zentralstat gëtt souwéi datt et keng explizitt Berechnung gëtt, wéi ee vun nominale Solden op strukturell Solde kënnt. Dës Faite wäre keng optimal Situatioun a kéinte verbessert ginn. De Conseil national des finances publiques wënscht sech och eng besser Koordinatioun, wat d'makroekonomesch Donnéeën ubelaangt. Hie mengt och, datt d'Zuele vun de Wuesstumsprevisioune fir déi nächst Joren, déi vun der Regierung festgehale goufen, ze héich wieren.

Komme mer elo zum Avis vun der Lëtzebuerger Zentralbank. Eis Zentralbank huet e ganz detailléierten Avis presentéiert. Ech mengen, hei war déi grouss Differenz tëschent deem, wat d'Zentralbank an de Statec ausgerechent hunn, fir d'Evaluatioun vum Déchet fiscal vun der Steierreform, dat grousst Thema. Ech mengen, mir sinn do och déi lescht Woche genuch an den Detail eragaangen, wou mer ëmmer erëm gesot hunn, datt d'Methodologie vun der Zentralbank an déi vun der Regierung ännert. Béid Methodologië kann ee verdeedegen, och wa si awer e ganz anert Resultat wäerte mat sech bréngen.

Eppes musse mer an deem Kontext awer och eis alleguerte bewosst ginn: De Bierger wäert dat net verstoen, firwat do Differenze sinn. Dofir muss een, esou wéi ech scho gesot hunn, d'Methodologië beieneebréngen oder sech op eng Methodologie eenegen.

Här President, an aller Mond ass d'Diskussioun iwwert de Wuesstum, iwwert d'Informatisatioun, d'Digitalisatioun an d'Rifkin-Etüd. An der Rifkin-Etüd gëtt vill iwwert d'Relatiounen, oder iwwert d'Relatioun haaptsächlech Digitalisatioun-Produktivitéit vun eiser Gesellschaft a vun den Entreprisë geschwat. Eng Remarque derzou, déi och am Gespréich mat der Chambre des Métiers opkomm ass: D'Digitalisatioun betrëfft net nëmmen nei Entreprisen, mä och déi traditionell Betriber, zum Beispill d'Handwierksbetriber, déi däerf een an deem Kontext net vergiessen. Et muss ee se och nach ëmmer weider begleeden.

Wann d'Produktivitéit vun den Entreprisen duerch d'Digitalisatioun oder Informatisatioun a verschiddene Secteure sollt eropgoen, esou wéi et zum Beispill an der Rifkin-Etüd virgesinn ass, da muss ee sech natierlech och froen, wien Notznéisser vun dëser Produktivitéit soll ginn. Sollen dat d'Entreprisë sinn? Soll dat de Stat sinn? Oder sollen dat d'Salariéë sinn?

De Surplus vun der Produktivitéit muss an dësem Fall bei de schaffende Leit ukommen. A firwat net an enger Verréngerung vun der Aar-

bechtszäit, bei selwechtem Salaire? Digitalisatioun, Erhéijung vun der Produktivitéit a Verréngerung vun der Aarbechtszäit mat deemselwechte Salaire wieren an deem Fall vun allen ekonomeschen Akteuren akzeptéiert, well se jiddwerengem eppes géife bréngen.

Ech erlabe mer dofir, eng Motioun am Numm vun der Majoritéit vun der Cofibu ze déposéieren, déi d'Teleaarbecht soll favoriséieren. Momentan läit d'Teleaarbecht hei zu Lëtzebuerg bei ronn 6% vun de schaffende Leit, déi een Dag, also aacht Stonne pro Woch, op den Travail à distance zréckgräifen. An dëser Motioun froen ech d'Regierung, fir e Pilotprojet an der Teleaarbecht am ëffentleche Secteur, bei de Verwaltungen a bei de Ministèren ze lancéieren, dëst natierlech am Konsens mat de Leit an de concernéierte Gewerkschaften, esou wéi dat an der Konventioun tëschent der UEL an de Gewerkschaften ofgemaach ginn ass a wou et duerch de Règlement grand-ducal vum 15. Mäerz vun dësem Joer scho festgehale ginn ass. D'Analys an d'Méiglechkeet vum Télétravail solle mat dëser Motioun och an der Fonction publique iwwerpréift ginn.

Wann ech gelift!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Villmools Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant les progrès réalisés au cours des dernières années dans le domaine des technologies de l'information et de la communication (TIC), qui permettent de plus en plus facilement d'exécuter un nombre toujours croissant de tâches administratives, scientifiques, créatives et autres à distance;

- considérant l'étude Rifkin qui souligne que le travail à distance peut contribuer à désengorger le réseau routier de la Grande Région et du Luxembourg en particulier en réduisant le trafic notamment aux heures de pointe, tout en améliorant la qualité de vie des travailleurs;

- considérant que le travail à distance permet aux travailleurs de mieux concilier vie professionnelle et vie familiale;

- constatant que le cadre légal régissant le travail à distance reste à parfaire, que ce soit au niveau du droit du travail, du droit fiscal, du droit de la sécurité sociale, ou de la législation en matière de protection de la vie privée;

- considérant que selon des chiffres publiés par le Statec, environ 6% des travailleurs au Luxembourg pratiquent d'ores et déjà le télétravail à raison d'au moins 8 heures par semaine;

- vu la Convention relative au régime juridique du télétravail conclue entre l'Union des entreprises luxembourgeoises, d'une part, et les syndicats OGB-L et LCGB, d'autre part, déclarée obligatoire par voie du règlement grand-ducal du 15 mars 2016, qui exclut cependant expressément les agents de la fonction publique et de statuts assimilés;

- estimant que l'État en tant qu'employeur devrait montrer le bon exemple en promouvant les bonnes pratiques dans le domaine du monde du travail,

invite le Gouvernement

- à analyser le potentiel que renferme le travail à distance dans l'administration publique luxembourgeoise;

- à consulter les représentants syndicaux au sujet du télétravail;

- à en tirer les conclusions en présentant des recommandations et des bonnes pratiques qui sont les conditions de réussite de la mise en œuvre du travail à distance et qui en facilitent l'usage;

- à proposer, le cas échéant, une adaptation du régime juridique du télétravail dans la fonction publique et les secteurs assimilés;

- à lancer des projets pilotes dans les administrations et services de l'État intéressés.

(s.) Claude Haagen, Eugène Berger, Alex Bodry, Viviane Loschetter.

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Dir Dammen an Dir Hären, d'Digitalisatioun muss encadréiert ginn, besonnesch am Aarbechtsrecht, am Steierrecht a bei de soziale Rechter, an zwar vun elo un. D'Informatiséierung vun eisem gesellschaftleche Liewen ass schonns amgaangen. Mir mierken et schonns bal net méi, mir hunn eis schonn alleguerten dru gewinnt. Eist berufflecht Ëmfeld huet sech duerch Internet, E-Mail an de Gebrauch vu Smartphonë komplett geännert. D'Terme vun Économie circulaire falen dauernd. Déi drëtt industriell Revolutioun ass amgaangen, mir schwätze scho vun der véierter. Dëst sinn och keng Revolutiounen, mä Evolutiounen, déi amgaange sinn an déi mer net kënnen ophalen oder wëllen ophalen. Mir, eis Gesellschaft, musse se positiv ausnotzen.

Dofir brauche mer och ee Gremium, wat sech mat der Digitalisatioun auserneesetzt, an zwar vun alle Säite gekuckt, e Gremium, wat d'Informatisatioun duerch d'Secteuren an Aspekter analyséiert, d'Schwéierpunkten, d'Orientatiounen, d'Problemer, d'Kriticken an déi potenziell Virdeeler ausschafft an déi verschidde Secteuren a virun allem d'Politik beréit. Esou e Gremium kéint zum Beispill de Wirtschafts- a Sozialrot sinn. Hei sinn d'Patronat, d'Gewerkschaften an de Stat vertrueden.

Lëtzebuerg kéint an deem Sënn e Pilotprojet fir d'Zukunft ginn. Eist Land kéint e Pays phare an der Digitalisatioun ginn. Mir hunn déi richteg Gréisst, leien zentral, eis Populatioun ass multilingual a gutt ausgebilt. Et gesäit een och, datt verschidden Entreprisen, wéi Uber, fir se net ze nennen, sech fir Lëtzebuerg interesséieren. An deem Fall däerfen awer sozial a steierlech Kritären op kee Fall ausgehiewelt ginn. Dann, an nëmmen dann, ka Lëtzebuerg an der Digitalisatioun eng grouss Roll spillen. Dat wëssen och déi concernéiert Entreprisen, déi doranner wëllen investéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Finanzen, d'Digitalisatioun an den Ageing Report ginn natierlech an dësem Budget 2017 behandelt. Am Géigesaz zum Ageing Report 2012, wou d'laangfristeg Käschte vun der Alterung vun der Gesellschaft nach op 29,8% vum PIB geschat goufen, dovunner 18,6% fir d'Pensiounen, geet dësen Taux am Ageing Report 2015 op 25,7% erof, dovunner d'Pensiounen nëmmen nach 13,4%, also ronn 4% manner.

D'Ursaach derfir sinn am Wesentlechen déi nei demografesch Projektiounen, déi vun engem méi héije Bevëlkerungswuesstum ausginn, dem sougenannten 1,1-Milliounen-Awunnerstat.

Dofir konnt dann och den Objectif budgétaire à moyen terme OMT vis-à-vis vum Solde structurel fir Lëtzebuerg vu plus 0,5% PIB op minus 0,5% PIB erofgesat ginn. Et huet een an der Lescht dacks héieren, an et gouf och an eenzelnen Avise geschriwwen, datt d'Regierung mat deem neien OMT den 1,1-Milliounen-Awunnerstat entérinéiert, also guttgeheescht hätt respektiv mat hirer Politik dorobber wéilt histeieren. Dat ass menger Meenung no esou net ganz richteg, dofir soll een déi Ausso esou och net stoe loossen. Den OMT vu minus 0,5% ass net de Grond fir den 1,1-Milliounen-Zeenario, et ass eng Konsequenz doraus. Den 1,1-Milliounen-Awunnerzeenario existéiert näämlech relativ onofhängeg vum Budget a vum OMT. E baséiert villméi op demografeschen Hypotheesen, wéi Féconditéit, Liewenserwaardung, Immigratioun, an op „labour force"-Hypotheesen, notamment d'Produktivitéit, d'Liewensaarbechtszäit, Taux d'emploi, fir nëmmen dës ze nennen.

Oder aneschters gesot: Och en OMT vu plus 0,5% oder plus 1,5% géif kee Jota um 1,1-Milliounen-Awunnerzeenario änneren. En hätt ebe just en Impakt op d'Statsfinanzen.

Mä wann een déi demografesch Projektiounen als Aarbechtshypothees unhëlt, an am Moment ass dat de Fall, da léisst en OMT vu minus 0,5% e Sputt, deen noutwendeg ass, fir d'Land op déi zukünfteg Erausfuerderunge virzebereeden, notamment duerch déi néideg Investissementer an Infrastrukturen.

Sollte sech déi Zeenarien an deenen nächste Joren erëm änneren, kann a wäert d'Kommissioun dorobber och mat engem neien OMT reagéieren, dee bekanntlech all dräi Joer nei fixéiert gëtt.

Här President, mir sollten eng flexibel, modern Finanzpolitik maachen, déi der ekonomescher Realitéit Rechnung dréit. A mengem schréftleche Rapport begréissen ech och déi flexibel Aart a Weis, wéi am Finanzministère geschafft gëtt. Flexibel Aart a Weis wëllt elo net soen, datt ee sech keng Struktur, keng Reglementer gëtt, well déi sinn am Alldag vun de Finanze batter noutwendeg.

D'Zréckgräifen op en Emprunt à court terme, eng Ligne de trésorerie oder Ligne de préfinancement, fir Liquiditéitsproblemer ze iwwerbrécken, sinn e gudden Outil, fir an de Finanzen ze schaffen. Si mussen awer transparent an ekonomesch rentabel sinn. An dat ass hei de Fall. De Finanzminister huet zum Beispill zum Enn vum Joer keen Emprunt iwwer 1,5 Milliarde gezunn, obschonns dee geneemegt an autoriséiert war an ass. De Ministère huet léiwer à court terme Suen zu engem Taux vun 0% geléint. Dëst konnt gemaach ginn, well d'Banken iwwert d'Décisioun vun der EZB op hire Liquiditéitsreserven en negativen Taux vun 0,4%, also minus 0,4% hu misse bezuelen.

Wann d'Liquiditéiten, déi de Stat dann zegutt huet, an d'Statstrésorerie gefloss sinn, gëtt dann de Montant zréckbezuelt. Et schéngt mer awer och evident ze sinn, datt den Emprunt vun 1,5 Milliarden, deen Enn vun dësem Joer sollt gezu ginn, elo eréischt am éischten Trimester vum nächste Joer gezu gëtt.

D'Chambre des Fonctionnaires huet an deem Kontext iwwregens d'Fro opgeworf, firwat d'Regierung net erëm op de Wee vun engem Emprunt populaire geet. Bon, mir wëssen natierlech alleguerten, datt den Emprunt populaire am Prinzip méi deier gëtt, well e méi opwendeg ass fir den Émetteur, wéi wann den Emprunt bei e puer groussen, institutionellen Investisseure wéi Banken, Pensiounsfongen, Liewensversécherunge placéiert gëtt. Et wär trotzdeem eng Iwwerleeung wäert, fir esou en Emprunt populaire opzeleeën, fir och de Spuerer emol erëm d'Méiglechkeet ze ginn, an eng Lëtzebuerger Statsobligatioun ze investéieren.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Dir Dammen an Dir Hären, e Budget spigelt d'Prioritéite vun enger Regierung erëm. Hei gëtt an all Beräicher investéiert, déi besonnesch fir déi zukünfteg Entwécklung vun eisem Land vu Bedeitung sinn. Nieft den Investitiounen an d'Infrastruktur fléisst e wichtegen Deel vum Budget an eis sozial Servicer oder gëtt direkt ëmverdeelt. Mir däerfen awer net vergiessen, datt de Stat net deen eenzegen Akteur ass, wann et drëm geet, eise Wuesstum méi nohalteg ze gestalten. Et ass och net de Stat eleng, deen derfir suergt, datt bei enger rasanter Entwécklung vun eisem Land Deeler vun der Bevëlkerung net zréckbleiwen.

Ee ganz wichtegen Akteur, deen um Terrain déi Politicken ëmsetzt, déi eng Regierung virzeechent, dat sinn d'Gemengen. D'Gemenge spillen eng immens grouss Roll, wann et drëm geet, konkret Projeten a Politicken ëmzesetzen am Interessi vu méi Émweltschutz, bei der Landesplanung, fir d'Énnerstëtzung vu klengen a mëttleren Entreprisen. Et sinn och d'Gemengen, déi en direkte Kontakt zu hire Bierger hunn a ganz geziilt sozial Problemer kënnen ugoen.

Fir datt se dat alles kënne maachen, brauche se déi néideg finanziell Mëttelen a genuch Autonomie, datt si eng Politik, déi de Stat a grousse Linne virgëtt, un hir reell Situatioun upassen, am Sënn an entspriechend de Prioritéite vun hire Bierger. Dës Autonomie gëtt virun allem iwwert déi sougenannt Recettes non affectées garantéiert, also d'Einnamen, déi net un e bestëmmten Zweck gebonne sinn. Nieft der Grondsteier, déi momentan kee besonnesch grousse Montant ausmécht, waren dat bis elo Suen, déi d'Gemengen iwwert den Impôt commercial communal kruten, an hiren Undeel aus dem Fonds communal de dotation financière.

Zanter laange Jore gëtt et iwwregens bei alle Parteien, iwwer all Parteien ewech zu Lëtzebuerg e Konsens, datt dee Verdeelungsmechanismus net méi ugepasst war un d'Situatioun, un d'Aufgabe vun de Gemenge vun haut a misst ugepasst ginn. Dofir huet dës Regierung eng Gemengefinanzreform gemaach. Och hei ass d'lescht Woch vill driwwer diskutéiert ginn an och hei ass déi zum Vott gestallt ginn an ugeholl ginn.

Am Kader vum Budgetsrapport wéilt ech just nach e puer Haaptaspekter vun der Gemengefinanzreform ervirsträichen.

D'Gemengefinanzreform schwächt déi grouss Énnerscheeder tëschent eenzelne Gemengen of. Tatsächlech waren an der Vergaangenheet eenzel Gemenge staark bevirdeelegt, well se ganz héich Recetten iwwert den ICC haten. Doduerch, datt deen Deel, deen d'Gemengen direkt vum ICC behale kënnen, méi kleng gëtt, an déi aner Part zesumme mat der Dotatioun vum Stat no engem eenzege Mechanismus un d'Gemenge verdeelt gëtt, ginn dës Differenzen, dës Disparitéiten zum Deel ausgeglach. Et gëtt doriwwer eraus verstäerkt landesplanneresche Kritäre Rechnung gedroen. Iwwert de Kritär vun der Population ajustée kréien déi Stied an Uertschafte méi Moyenen, déi no de Virstellunge vum Stat sollen Aufgaben iwwerhuelen a Servicer ubidden, déi net nëmmen de Bierger aus hirer Gemeng, mä och de Bierger aus der ganzer Regioun zeguttkommen.

An Zukunft spillt d'Bevëlkerungsdicht vun enger Gemeng eng wichteg Roll bei der Ëmverdeelung, wärend d'Surface vun der Gemeng net méi esou vill an d'Gewiicht fält.

Eng ganz wichteg Neierung ass awer virun allem de sozioekonomesche Kritär, deen agefouert gëtt a fir bis zu 10% am Verdeelungsmechanismus spillt. Domat gëtt endlech der Tatsaach Rechnung gedroen, datt d'Populatioun an deene verschiddene Gemengen net déiselwecht sozial Zesummesetzung huet an datt et Gemenge gëtt, déi wesentlech méi Ausgabe fir sozial Mesuren hunn a maache wéi anerer. Deen neie Kritär ass eng Unerkennung vun dëser Tatsaach an ënnerstëtzt eng voluntaristesch Politik vun de Gemengen an dësem Beräich.

Datselwecht gëllt fir dee méi spezielle Kritär vu Logements sociaux, dee jo bis zu engem Prozent innerhalb vun deem sozioekonomesche Kritär tëschent 9% an 10% ausmécht.

Et ass ganz richteg, datt Gemengen, déi no deem, wat ech grad beschriwwen hunn, méi Aufgaben oder manner Aufgaben (veuillez lire: oder méi Ausgaben) ze droen hunn, mat der Gemengefinanzreform méi Suen aus deem gemeinsame Fong kréien. Et wär awer net richteg gewiescht, wann aner Gemengen am selwechte Mooss Suen ewechgeholl kritt hätten. Dofir huet dës Regierung décidéiert, datt all Joer en zousätzlechen Transfer vun 90 Milliounen Euro soll vum Stat, also aus dem Budget, un d'Gemenge gemaach ginn. An dat huet natierlech, wéi gesot, en Impakt op de Statsbudget.

Trotz der zousätzlecher Enveloppe, déi de Stat an deen nei geschafene Fong gëtt, géifen et ëmmer nach Gemenge ginn, déi no deem neie Verdeelungsschlëssel an deene kommende Jore manner Sue kréie géife wéi bis elo. Well d'Regierung awer garantéiere wëllt, datt keng Gemeng no dëser Reform méi schlecht dosteet wéi virdrun, gesäit dat neit Gesetz eng Kompensatioun vir, déi sécherstellt, datt all Gemeng mindestens den Niveau vun de Recettë ka behalen, dee si op d'Joer 2015 hat.

Et gëtt geschat, datt duerch déi natierlech Evolutioun vun de Recetten dës Kompensatioun graduell ofhëlt an no fënnef Joer net méi néideg ass. Fir 2017 sinn am Budget 10 Millioune fir dës Kompensatioun agedroen, fir 2018 wieren et der nach just 5, 2019 2 Milliounen an op 2019 gekuckt nach 100.000 Euro. De reellen Écart wäert awer vu Joer zu Joer gekuckt ginn a mam jeeweilege Budgetsgesetz arrêtéiert ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, als Rapporteur hat ech logescherweis Kontakt mat ville Verwaltungen a mat verschiddene Ministèren. Eppes ass do ëmmer erëm zur Sprooch komm, an zwar d'Protection des données. D'Protection des données ass ouni Zweifel dat néidegt Instrument, fir de Bierger ze schützen an net zum gliesene Bierger ginn ze loossen. Dat ass och eng Gefor vun der Digitalisatioun. D'Fro muss awer erlaabt sinn, ob dës Protection des données innerhalb vum Stat tëschent de Verwaltungen esou strikt muss sinn. Wann d'Donnéeën tëschent der Steierverwaltung an dem Enregistrement, fir nëmmen dës ze nennen, net kënnen ausgetosch ginn, esou schéngt mir dat awer relativ komesch ze sinn. Den Austausch vun de perséinlechen Donnéeë geschitt näämlech net ëmmer zuongonschte vum Bierger; oft souguer ass de Contraire de Fall.

Wa mer vun der Bekämpfung vun der Fraude fiscale schwätzen, misst den Austausch vun den Donnéeën awer net un der Protection des données scheiteren. Ech wëll hei net falsch verstane ginn: D'Protection des données ass wichteg fir all Bierger. Innerhalb vum Stat misst dat awer goen. Wann Imposition directe an Imposition indirecte eng eenzeg Verwaltung wieren, géif de Problem sech dann och stellen? Ech denken net.

Ier ech zur Konklusioun kommen, wollt ech nach ee lescht Thema uschneiden. Et gëtt hei zu Lëtzebuerg vill iwwert den Aarmutsrisiko diskutéiert. Déi positiv Nouvelle am Rapport Travail et cohésion sociale ass sécher, datt den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg 2015 erëm zréckgaangen ass vu 16,4% op 15,3%. Déi schlecht Nouvelle ass awer, datt d'Tendenz vun engem steigenden Aarmutsrisiko net gebrach ass. Besonnesch betraff si verschidde Gruppen: Chômeuren, Leit mat niddregem Bildungsniveau, déi kee Schoulofschloss hunn, Auslänner, jonk Leit a Kanner, Monoparentallen. Relativ manner betraff si Lëtzebuerger Leit mat héijem Bildungsniveau, eeler pensionéiert Leit vläicht, Koppelen ouni Kanner.

D'Kritik un deem Indicateur ass, datt en nëmme moosst, wat déi monetär Situatioun vun de Stéit ass. Nëmmen de Revenu disponible, also dat, wat d'Ménagë cash hunn, fir auszeginn, gëtt berücksichtegt. D'Prestations en nature, d'Bereetstellung vun Infrastrukturen a staatleche Servicer ginn net erfaasst. Dat kann zur paradoxer Situatioun féieren, datt iwwerall do, wou de Stat eng Geldleeschtung net gëtt oder se afréiert, desindexéiert oder kierzt, dofir awer eng Infrastruktur, e Service, eng Prestation sociale en nature aféiert, den Aarmutsrisiko statistesch awer klëmmt.

De Problem ass net eleng deen, datt d'Statistik dann net méi esou gutt ausgesäit; de Problem ass villméi deen, datt d'Politik dozou verféiert kéint ginn, einfach méi Geldleeschtungen ze ginn an d'Infrastrukturen an d'Servicer ze vernoléissegen, fir „window dressing" ze maachen, och wann dat am Sënn vun der Aarmutsbekämpfung net de richtege Wee ass. Dofir, deen Indicateur net eleng kucken, net iwwerbewäerten, mä och aner Indicateure kucken, fir e méi komplett Bild ze kréien, och vun

der Komplexitéit vum Phenomeen vun der Aarmut, der Prekaritéit, der Exklusioun.

En neie Moment an dëser Debatt ass elo kierzlech bäikomm duerch d'Veröffentlechung vum Statec vu senger Etüd iwwert de Referenzbudget. Deemno brauch e Single-Stot 1.923 Euro - e Mann - respektiv 1.909 Euro - eng Fra - de Mount, fir en dezent Liewen zu Lëtzebuerg kënnen ze féieren. Fir eng Koppel mat zwee Kanner léich déi Zomm bei 3.935 Euro, fir eng Koppel ouni Kanner bei 2.600 Euro, an och an deene Paragë fir d'Monoparentalle mat engem Kand.

Déi Zuele wäerten an deenen nächste Wochen a Méint nach vill kommentéiert an analyséiert ginn, och am Kontext vun der Erhéijung vum Mindestloun a vum RMG op den 1. Januar 2017.

Mä zréck bei den Aarmutsrisiko a bei d'Aarmutsbekämpfung, well ëm déi geet et jo schlussendlech. Datt onse Sozialsystem trotzdeem ganz effikass ass, dat gesäit een dorunner, datt den Aarmutsrisiko avant transferts sociaux ronn dräimol méi héich ass, 45%, wéi no den Transferen. Eleng d'Transferen un d'Sécurité sociale maache ronn een Drëttel vun den Dépense-courantë vum Zentralstat aus: 1,6 Milliarden Euro fir d'Pensiounskeess, bal 1,4 Milliarden Euro fir d'Gesondheetskeess an d'Fleegeversécherung an iwwer 1,1 Milliarden Euro fir d'Zukunftskeess - Prestations familiales. De Fonds pour l'emploi kritt 2017 ronn 650 Milliounen Euro aus dem Statsbudget. 2017 gëtt vun der positiver Finanzlag bei der CNS profitéiert, fir eng Rei wichteg Leeschtungsverbesserungen ze maachen, notamment bei den Zänn a bei de Brëller.

D'Sozialausgaben insgesamt leien däitlech iwwer 40%, jee nodeem, wat een alles mat arechent. Dofir ass och de Budget 2017 e Budget vun der Solidaritéit, der sozialer Kohäsioun an der Inklusioun.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zur Konklusioun.

Dräi Konklusiounen: Éischtens, de Budget 2017 an de Pluriannuel fannen de richtege Mëttelwee tëschent enger Finanzpolitik, déi déi grouss budgetär Equilibere respektéiert, an enger Finanzpolitik, déi déi néideg Akzenter setzt. D'Statsschold gëtt bei 23% vum PIB stabiliséiert. De Gesamtstat weist bis 2020 ëmmer e liichten Excédent aus an de Solde structurel respektéiert iwwert déi ganz pluriannuel Period den OMT. Gläichzäiteg gëtt den Invest op bal 4% vum PIB eropgeschrauft an d'Kafkraaft vun de Bierger a Salariëë gëtt duerch d'Steierreform an eng Partie aner Mesurë gestäerkt.

Zweetens, um budgetstechnesche Plang formuléiert d'Cofibu eng Partie Recommandatiounen a Fuerderungen un d'Regierung. De Pluriannuel soll aneschters opgestallt ginn, manner an enger kontabeler Logik, dofir méi an enger strategescher Logik, an och an därselwechter Perspektiv betruecht ginn. D'Regierung soll nach eng Kéier versichen, fir déi zwou Presentatioune vum Budget, also déi national Norm, déi nom 1999er Gesetz, an déi europäesch Norm no der SEC 2010-Norm méi no beieneenzebréngen, fir schliisslech d'Konfusioun an den Zuelen op e Minimum ze reduzéieren. A schliisslech fuerdert d'Cofibu, datt de Comité de prévision, dat hunn ech scho gesot, esou schnell wéi méiglech institutionaliséiert gëtt.

Drëttens recommandéiert d'Cofibu, datt d'Regierung, zesumme mat alle Forces vives de la nation, d'Diversifikatioun vun engem Tissu économique virundreift an d'Transitioun an déi digital Welt um gesetzlechen, infrastrukturellen a gesellschaftleche Plang virbereet a begleet. Mir mussen onst Land fit maache fir déi drëtt industriell Revolutioun, déi schonn ugefaangen huet an déi vill Veränneruge mat sech brénge wäert, ob ons dat gefält oder net.

De Rifkin-Rapport weist do eng Partie interessant Pisten, déi een elo verdéift, konkretiséiert, wou eenzelner vläicht och erëm verworf musse ginn. De Chantier huet grad eréischt ugefaangen. An och de Législateur selwer muss do seng Responsabilitéiten iwwerhuelen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. Ech ginn Iech Akt vun Ärem Rapport. An domat si mer de Mëtten um Enn vun eiser Sëtzung ukomm, well mer jo traditionell just de Rapporteur héieren.

Muer de Moien hu mer Rendez-vous um néng Auer fir d'Presentatioun vum Här Finanzminister. An da mëttes fänke mer u mat de mandatéierte Spriecher zum Budget, mat de Fraktiounscheffen.

Merci a bis muer!

(Fin de la séance publique à 15.32 heures)

SÉANCE 17

MERCREDI,
21 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 7050 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

9) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé

et

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020

- *Exposé (accompagné d'une présentation PowerPoint): M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*

3. 7025 - Projet de loi portant:

1. transposition de la directive 2014/17/UE du Parlement européen et du Conseil du 4 février 2014 sur les contrats de crédit aux consommateurs relatifs aux biens immobiliers à usage résidentiel et modifiant les directives 2008/48/CE et 2013/36/UE et le règlement (UE) n°1093/2010; et

2. modification du Code de la consommation

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Eugène Berger*
- *Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, M. Henri Kox, M. Roy Reding*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de M. Laurent Mosar et M. Gilles Roth), M. Eugène Berger (parole après ministre)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 7007 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Franz Fayot, M. Henri Kox, M. Gast Gibéryen, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. 7097 - Projet de loi portant

1. approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de sa Majesté le Sultan et Yang Di-Pertuan de Brunei Darussalam et tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 14 juillet 2015;

2. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Hongrie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 10 mars 2015;

3. approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Sénégal tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 10 février 2016;

4. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Serbie tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 15 décembre 2015;

5. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Orientale de l'Uruguay tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 10 mars 2015;

6. approbation du Protocole, signé à Kiev, le 30 septembre 2016, entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'Ukraine en vue de modifier la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'Ukraine tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Kiev, le 6 septembre 1997;

7. approbation de l'échange de lettres signées à Luxembourg, le 18 juin 2015 modifiant les lettres signées à Bruxelles, le 7 juillet 2009 et précisant les conditions ainsi que les modalités à respecter en cas d'une demande de renseignements faite en vertu de l'article 24 de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Autriche tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 18 octobre 1962

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger*
- *Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, M. Henri Kox*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 7005 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2015

- *Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire: Mme Diane Adehm*
- *Discussion générale: Mme Anne Brasseur, M. Roger Negri, Mme Josée Lorsché, M. Gast Gibéryen, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 7084 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2015

- *Rapport de la Commission des Comptes: M. Marc Lies (dépôt d'une résolution)*
- *Discussion générale: M. Roger Negri, M. Edy Mertens, Mme Josée Lorsché, M. Gast Gibéryen, M. David Wagner*
- *Vote sur la résolution (adoptée)*

8. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2015 du Médiateur

- *Exposé: Mme Diane Adehm (dépôt d'une résolution)*
- *Vote sur la résolution (adoptée)*

9. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2015 de la Cour des comptes
- *Exposé: Mme Diane Adehm (dépôt d'une résolution)*
- *Vote sur la résolution (adoptée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Félix Braz, M. Nicolas Schmit, M. Romain Schneider, M. Fernand Etgen, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, M. Dan Kersch, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Carole Dieschbourg et M. Marc Hansen, Ministres.

(Début de la séance publique à 09.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleeginnen, Kolleegen, gudde Moien, ech maachen d'Sëtzung op a ginn dovun aus, dass d'Haaptmatdeelung de Moie vun der Regierung d'Deklaratioun vum Här Finanzminister ass. Ass dat esou?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Jo, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da gi mer direkt dozou iwwer an héieren den Exposé vum Här Finanzminister Pierre Gramegna iwwert de Budget fir d'Joer 2017 an iwwert déi pluriannuel Finanzplanung. Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

2. 7050 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

9) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020

Exposé (accompagné d'une présentation PowerPoint) de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Här Premierminister, léif Kolleegen aus der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, virun enger Woch hu mer hei op dëser Plaz d'Steierreform gestëmmt. A well dës Regierung d'Statsfinanze sanéiert huet, a well mer och eng wirtschaftlech Entwécklung hunn, déi ganz positiv ass, konnte mir an dëser Steierreform de Leit méi Kafkraaft ginn an den Entreprisë méi Spillraum.

Steierpolitik a Budgetspolitik sinn zwou Säite vun därselwechter Medail. Et geet drëm, ze wëssen, wéi vill Suen de Stat eranhëlt a wat e mat deene Sue mécht. Dat gesäit een och an deene verschiddenen Avisen, déi all hei presentéiert gi sinn der Chamber. An dat wäerte mer och an den Debatten haut a muer héieren.

Budgets- a Steierpolitik sinn also en Deel vun engem Ganzen a schreiwe sech an an d'Kontinuitéit vun der Regierung hirer Politik a bereeden eist Land fir d'Zukunft vir.

Ech géif gäre fir d'Éischt dem Claude Haagen, dem Rapporteur, fir säi schrëftlechen, ganz detailléierte Bericht a fir säin exzellente mëndleche Bericht gëschter villmools Merci soen.

Ech wëll a mengem Exposé haut net op alleguerten d'Detailer agoen, well effektiv villes am Avis (veuillez lire: Rapport) vum Rapporteur steet, a rappeléieren, dass dëse Budget mat dräi Stéchwierder beschriwwe war, an dat huet sech natierlech net geännert, am Zeeche vun der Qualitéit, vun der Solidaritéit a vun der Kompetitivitéit.

Et ass also e Budget vun der Qualitéit, well dat, wat dës Regierung ustrieft, ass e qualitative Wuesstum. Et ass e Budget vun der Solidaritéit, an dat ass net nei, dat ass an der Kontinuitéit vun deenen anere Joren. An et ass e Budget vun der Kompetitivitéit, well mer den Entreprisë méi Spillraum kënne ginn, fir dass se sech kënnen op d'Erausfuerderunge vun der Zukunft preparéieren.

Mäin Exposé ass an dräi Deeler agedeelt: Den éischten Deel, dat sinn d'Schwéierpunkte vum Budget, den zweeten Deel ass den Iwwerbléck iwwert de Budget an den drëtten Deel ass e Bléck an d'Glaskugel oder, anescht ausgedréckt, d'Zukunft.

D'Schwéierpunkte vum Budget 2017 emol fir d'Éischt.

An de leschten 20 Joer ass eis Populatioun ëm 40% gewuess. An de leschten 20 Joer huet sech d'Zuel vun de Frontaliere verdräifacht, vu ronn 57.000 op haut 175.000. Et geet der Regierung net drëm, déi Ziffer vu méi wéi eng Millioun Awunner am Joer 2060 sech eegen ze maachen. Déi Ziffer huet och net d'Regierung an d'Welt gesat. Dat ass just eng fortlafend Rechnung, déi d'Kommissioun gemaach huet, wann alles géif beim Ale bleiwen.

Mä dës Regierung wëllt net just nokucken an de Wuesstum begleeden. Mir wëllen dëse Wuesstum beaflossen. Mir wëllen anticipéieren, fir dass mer muer besser dostinn, mat enger besserer Croissance, mat engem Wuesstum, dee qualitativ gutt ass. Anescht ausgedréckt, mir wëllen d'Croissance encadréieren.

A wéi maache mer dat? Ma op zwou Achse maache mer dat, andeem mer investéieren, fir nei Infrastrukturen auszebauen a fir d'Liewensqualitéit vun eise Bierger ze verbesseren, awer och fir de Wuesstum esou ze gestalten, dass mer vläicht gradesou vill Croissance kënne kréien, ouni esou vill Leit mussen an d'Land unzezéien.

De Budget vum nächste Joer geet och a Richtung vun der Ëmsetzung vun der Rifkin-Etüd, déi de Wirtschaftsminister Etienne Schneider viru Kuerzem virgestallt huet an déi jo d'Regierung sech eege gemaach huet. A se setzt och déi landesplaneresch Akzenter, déi de Minister François Bausch a senger Strategie och an deene leschte Woche presentéiert huet an déi d'Regierung sech och eege gemaach huet.

Dofir wäerte mir an den nächste Joren d'Investissementer verstäerken, an zwar haaptsächlech an der Mobilitéit. A mir wäerten déi dräi grouss Zentren, déi an der strategescher Analys festgehale sinn, stäerken: Dat ass natierlech fir de Groussraum Esch, fir eis Haaptstad a fir d'Nordstad. Mir wäerten an den nächste fënnef Joer fir dës landesplaneresch Strategie 674 Milliounen Euro investéieren. Fir d'Erausfuerderung vun der Mobilitéit unzepaken, muss ee multimodal denken. An de Budget 2017 geet méi wéi jee an d'Richtung, fir den Tram, de Bus, den Zuch an de Vëlo ze favoriséieren.

Lëtzebuerg investéiert awer och baussent dem Transport erëm eng Kéier massiv a gréng Infrastrukturen. Ech hat och schonn am Oktober dorop higewisen. An déi gréng Infrastrukturen, dat sinn déi, déi natierlech fir den Ëmweltschutz, fir de Waasserschutz a fir de Klimaschutz sinn. Déi Investissementer louche viru fënnef Joer nach bei ronn 200 Milliounen. Déi wäerten 2017 2,5-mol méi héich, iwwer 600 Millioune leien, genee bei 617, oder ronn e Véierel vun eisen Investissementer alleguerten.

De Wunnengsbau, dee jo eng Prioritéit ass vun dëser Regierung, wäert... De Wunnengsbau an d'qualitativt Wunne si mat 210 Milliounen am Budget 2017 virgesinn. Dat ass eng Augmentatioun vu 4%. Am Sënn vum qualitativen a bessere Wunne schafe mer jo och vum nächste Joer un eng Klimabank. Dat Gesetz gëtt muer hei am Parlament gestëmmt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eiser Wirtschaft geet et gutt. Si wiisst säit dräi Joer en moyenne ongeféier 4%. Den Débat iwwert d'Kompetitivitéit vu virun zwou Wochen huet gewisen, dass mer optimistesch kënne sinn an dass d'Weiche gestallt sinn, fir weider ze wuessen. Wann een dat wëllt op engem Diagramm gesinn, ass dat am beschten illustréiert, wann een d'Evolutioun vum Emploi kuckt, wéi Der dat hei affichéiert gesitt. Zwëschent 2013 an 2016 ass den Emploi zu Lëtzebuerg ëm 8,2% geklommen. Dat ass dat drëttbescht Resultat an Europa!

An doduerch ass de Chômage zu Lëtzebuerg rezent och nach erofgaange vu 6,3% op 6,2%. Dat si besser Ziffere wéi déi, déi mer nach virun zwee Méint haten. An dat sinn an der Realitéit 873 Leit manner am Chômage. Domat ass eise Chômage-Taux esou niddreg wéi scho laang net méi: säit Oktober 2012. Dat ass eng gutt Noriicht fir de Budget.

Éischtens emol ass et eng gutt Noriicht, well déi Leit, déi eng Aarbechtsplaz fannen, natierlech och zu de soziale Leeschtungen an zu de soziale Kontributioune bäidroen. An zweetens spuere mer natierlech Geld am Fonds pour l'emploi. Fir d'Joer 2017 ass déi Ekonomie 75 Milliounen. Dat ass jo och beträchtlech!

Am Sënn vum qualitative Wuesstum wäert de Stat an den nächste Jore besonnesch déi Secteure privilegéieren, wou ganz vill Plus-value, ganz vill Valeur ajoutée ka gemaach ginn. A wa mer Aarbechtsplaze schafen, déi vill Valeur ajoutée maachen, da kréie mir e Wuesstum, dee qualitativ ass. A mir wäerten also da manner Awunner am Land hunn.

Fir dës Transitioun ze begleeden, wäerte mer méi Efforte maachen an der Weiderbildung, an der Formation continue vun de Leit. An dofir wäert de Minister Claude Meisch d'nächst Joer 15 Millioune méi a sengem Budget hunn.

Am Kader vum Programm „Lëtzebuerg 2020" huet Lëtzebuerg sech engagéiert, ëffentlech Investissementer an der Fuerschung tëschent 0,7% bis 0,9% vum PIB ze erreechen. Dat wäerte mir am Joer 2017 fäerdegbréngen. Mir hunn an der Period 2014-2017 1,15 Milliarden an d'Recherche an an den Enseignement supérieur gestach.

D'Kontributioun fir d'Uni geet d'nächst Joer nach eemol 6,8% an d'Luucht op 160 Milliounen. An ech mengen, der Uni kann ee gratuléiere fir dat, wat an deene leschten zwielef Joer gemaach ginn ass. Mä si huet och e ganz ambitiéise Plang fir déi nächst zéng Joer, fir do ënnert d'Top 10-Universitéiten ze kommen, vun deene jonken Universitéiten, déi manner wéi 50 Joer bestinn.

An eis Uni ass natierlech e wesentlechen Atout fir eis Wirtschaft, fir eis Finanzplaz, awer och fir d'Synergië kënnen hierzestelle mat allen Akteuren, am Sënn vun deem, wat och an der Rifkin-Etüd steet.

De Stat investéiert och an e performanten ëffentlechen Déngscht. An engem Land, wat 4% wiisst, mussen och genuch qualifizéiert Leit beim Stat schaffen. Dee Wuesstum muss jo begleet ginn. An dofir huet d'Regierung décidéiert, d'Paien an der Fonction publique ze revaloriséieren.

An et wäerten d'nächst Joer e bësse méi wéi 1.000 Leit agestallt ginn. De gréissten Deel dovunner geet an den Enseignement an an eis Sécherheet, haaptsächlech an der Polizei, wou 100 nei Poste geschaaft gi sinn. De Budget vum Ministère de la Sécurité intérieure geet deemno 2017 ronn 9% erop.

Ech mengen, dass et och wichteg ass, well de Budget jo e Gesamtbild eriwwergëtt, e Wuert iwwert d'Flüchtlingsproblematik hei ze soen. Mir hu fir d'Joer 2017 40 Milliounen do virgesinn, fir där Erausfuerderung entgéintzestoen. Déi tragesch Aktualitéit ronderëm d'Evenementer vun Aleppo weist eis, dass dat e Problem ass, dee laang wäert bäi eis bleiwen.

Et geet natierlech net duer, dass mer Efforten hei zu Lëtzebuerg maachen. Et muss een och Efforten an deene Kriselänner maachen, oder an deene Länner, wou et de Leit net esou gutt geet. A Lëtzebuerg wäert weider seng Solidaritéit beweisen, andeem et eent vun deene rare Länner ass, wat weider 1% vu sengem Revenu national brut wäert an d'Entwécklungshëllef stiechen. An dat ass dann e Plus d'nächst Joer vun 22,5 Milliounen. Wann ech elo zum Beispill fir 2017 eleng kucken, oder fir 2016 eleng kucken, hu mir fir Syrien scho 7,5 Milliounen Hëllefe virgesinn.

Schlussendlech, éier ech op d'Vue d'ensemble kommen, nach e Wuert iwwer eise Verteidegungsbudget. Dat ass och een, dee relativ séier klëmmt, well mer eisen internationalen Obligatiounen nokomme mussen. A mir sinn um Wee fir op 0,6% vum PIB ze kommen a wäerten d'nächst Joer 20 Millioune méi derfir ausginn.

Aus zäitleche Grënn wäert ech haut, wéi gesot, net op den Detail vun allen Dépensen a Recetten agoen. Dat ass am Rapport vum Claude Haagen ganz gutt gemaach ginn. Ech wëll dem Rapporteur awer och soen, dass ech seng dräi grouss Recommandatioune mer ganz gutt notéiert hunn, an zwar déi, fir de Budget pluriannuel méi strategesch ze gestalten. Déi zweet Propositioun ass, fir de Comité des prévisions ze institutionaliséieren. An déi drëtt ass, fir d'Kontabilitéit vum Stat no den nationale Regelen den europäesche Regele méi no ze brengen. An deem Sënn ass och a menger Vue d'ensemble alles am SEC 2010 ausgedréckt.

Wa mer elo d'Dépensen nach eng Kéier kucken, de Kuch mat de Schattéierungen, da gesäit een, dass mer am Total 17,9 Milliarden ausginn. An ech wäert elo déi sechs Haaptposte séier duerchgoen. De gréissten Deel vun den Dépensë sinn Transferen un d'Sécurité sociale, Sozialleeschtungen, Subsiden an aner Transferen an der Héicht vun 8,3 Milliarden Euro. Dat ass bal d'Halschent vum Budget. Et ass also an der Kontinuitéit vun der Vergaangenheet an et ass also e Budget vun der Solidaritéit.

Wann een op dem Tableau kuckt, gesäit een, dass tëschent 2013 an 2016 déi Prestatiounen, alleguerten zesummen, ëm 14% eropgaange sinn. De soziale Charakter vun dësem Budget kann, mengen ech, net a Fro gestallt ginn. Ech wëll do e puer Saachen awer ervirsträichen.

Mir wäerten 49 Millioune méi virgesi fir d'Allocation-familiallen, déi reforméiert gi sinn. Mir wäerte fir de Congé parental ronn 43 Millioune virgesinn a fir d'Chèque-servicen, déi weider an d'Luucht ginn, 26 Millioune méi. A schlussendlech fir d'Éducation plurilingue, déi dann d'nächst Joer start, hu mer 23 Milliounen additionell virgesinn.

Dir gesitt, et ass e ganzt Puzzlesteck vun engem Bild, wat mer hei maachen, wou et drëms geet, alle Familljen ze hëllefen, awer och en particulier deenen, deenen et méi schlecht geet, déi Elengerzéier sinn a wou ee weess, dass de Risque de pauvreté am héchsten ass.

Dofir freeë mer eis och, dass de Mindestloun op den 1. Januar ëm 1,4% kann an d'Luucht gesat ginn. An dofir ass et och kohärent gewiescht, dass mer an der Steierreform déi kleng Salairen an déi Leit am Mëttelstand am meeschte bevirdeelegen.

En zweete grousse Poste sinn d'Rémunératiounen. An do gesäit een och um Tableau d'Evolutioun. Et ass esou, dass, well mer d'Zifferen esou realistesch wéi méiglech wollte maachen, hu mer d'Reform an der Fonction publique iwwer Amendement an de Budget integréiert, soudass d'Rémunératioune vun 3,824 Milliarden eropginn op 3,878 Milliarden. An Dir gesitt um Diagramm, dass dat par rapport zum PIB - den Diagramm, deen affichéiert ass, ass, mengen ech, elo net dee richtegen -, d'Evolutioun vum Käschtepunkt vun de Rémunératioune vum Stat ass - elo ass e richteg affichéiert - fir 2016 ugesat op 6,8% vum PIB. Dir gesitt, dass mer do am historeschen Trend net méi héich leie wéi virdrun, souguer en fait méi niddreg wéi 2012 oder 2013.

En drëtte Posten ass d'Kärstéck vun dësem Budget, dee vun den Investissementer. Dir gesitt, dass dat e Schlëssel ass, fir ze verstoen, firwat mer eis gutt op d'Zukunft virbereeden. Säit 2013, dat gesäit ee gutt op dem Diagramm, geet den Investissement 40% erop. An am Joer 2017 wäerte mir erëm eng Kéier e Rekord vun Investissementer enregistréieren. Mir bräichten also am Fong geholl vun deenen 2,4 Milliarden Investissement, déi mer hunn, nëmmen eng Milliard ze spueren an dann hätte mer iwwerhaapt keen Defizit! Mä mir mengen net, dass dat eng gutt Politik wier, op der Zukunft vun eise Kanner ze spueren.

Mir maachen esou vill Investissementer wéi néideg. A mir maachen der esou vill wéi mer der kënne verdroen a finanzéieren. Dat ass e ganzen Équiliber, dee mer hei versichen hierzestellen. A wann ech op d'ganz Legislaturperiod kucken, wäerte mer et fäerdegbréngen, dräi Véierel vun eisen Investissementer mat lafende Käschten (veuillez lire: Recetten) ze finanzéieren an nëmmen ee Véierel mat Schold. Ech mengen, dat ass e ganz gudde Ratio, dee ganz wéineg Länner fäerdegbréngen!

Et kéint ee souguer soen, dass et, an ech zitéieren: „Et wier keng falsch Politik, wa mer dës Investissementer, vun deene jo déi nächst Generatioune profitéieren, integral - integral! - géifen iwwer Scholdenophuele finanzéieren." Dat sinn net ech, deen dat seet. Dat war de Jean-Claude Juncker a senger Ried vum État de la nation 2013, also scho virun der Kris.

An der viregter Legislatur ass manner investéiert ginn an do si méi wéi 60% vun den Investissementer finanzéiert gi mat Schold. Am Verglach: bei eis e Véierel. Ech mengen, mir hunn hei eng prudent Budgetspolitik.

An de leschte Wochen hunn ech vill och vun der Oppositioun héieren, dass mer eis missten un Däitschland inspiréieren, wat regelméisseg eng schwaarz Null schreift. Loosst mech do och den Här Juncker zitéieren. A senger selwechter Ried huet e gesot: „Wa mer et géife maache wéi déi Däitsch (...), da kéinte mer souguer eng Milliard Euro spueren. Da géife mer haut spueren, mä e Stéck Zukunft verléieren." Däitschland huet bäi Wäitem net iwwerall Modellcharakter an et ass net iwwerall e Beispill, deem ee soll nogoen. Ech ginn dem Här Juncker absolutt recht!

An Däitschland sinn d'Investissementer tëschent 2013 an 2016 ëm just 11,4% gewuess, bei eis ëm iwwer 40%! 2017 investéiert Lëtzebuerg 4,1% vu sengem Räichtum, Däitschland 2,3%. Dofir kritt Däitschland och vun der Europäescher Kommissioun gesot, si sollte méi investéieren, wärend Lëtzebuerg den „fiscal space", de budgetäre Spillraum, deen et sech erschafft huet, utiliséiert.

Wa mer dat am internationale Vergläich kucken, gesitt Der op der Tabell, dass Lëtzebuerg do ganz wäit vir ass an den Investissements publics: 41,6%. An deen Zweeten ass Irland mat 30% an esou weider. D'Investissementer, déi mir haut maachen, droen dozou bäi, dass eist Land méi kompetitiv gëtt, dass mer méi Aarbechtsplaze schafen, Wuesstum sécheren an awer och eng besser Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg kréien.

D'Chambre de Commerce seet an hirem Avis: «La hausse des investissements publics de 4,9% en 2016 et 2017, loin de s'agir d'un luxe que le pays s'offre, ils correspondent à une nécessité absolue pour rattraper les retards au niveau des infrastructures.»

D'Ekonomiste vun alle groussen internationalen Organisatiounen, dem FMI, d'OCDE, d'Europäesch Zentralbank oder d'Europäesch Kommissioun si sech eens, dass dat de richtege Wee ass. Meng Kolleege vum ECOFIN félicitéiere mech regelméisseg iwwert dës Evolutioun.

De véierte Posten ass dee vun den Transferen un d'Gemengen. Och do ass villes am Joer 2016 geschitt, am Sënn, dass mer d'Gemengefinanze reforméiert hunn zesumme mam Minister Dan Kersch. Dat ass eng Reform, wou keng Gemeng manner kritt. Ech wëll dat ganz kloer an däitlech hei soen: Keng Gemeng kritt manner Suen 2017!

Mat der Reform gëtt en neie Fonds de dotation globale des communes geschaaft. An ënnert dem Strëch geschéien Transferen un d'Gemenge vu ronn 100 Milliounen méi wéi haut. Ech mengen, dat ass eng gutt Noriicht fir eis Gemengen. Ech freeë mech fir si, obwuel et fir de Finanzminister ni einfach ass, méi Suen auszeginn. Mä ech freeë mech awer fir d'Gemengen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Fënnefte Punkt. Op de fënnefte Punkt kommen d'Fonctionnementskäschte beim Stat. Déi si bei 1,3 Milliarden, also ongeféier 7,5% vum Gesamtbudget. De Ratio bleift am Budget pluriannuel stabill. Wat heescht dat? Majo, et heescht, dass déi Mesuren, déi mer am Ufank vun der Legislaturperiod geholl hunn, an den Zukunftspak, dass dee fonctionnéiert, dass déi strukturell Mesuren ëmgesat ginn. A mir monitoren dat regelméisseg. A well et gutt fonctionnéiert huet a weider agesat gëtt, wäerte mir kënnen déi Steierreform, déi mer jo gestëmmt hunn, finanzéieren.

De leschte Poste sinn d'Zënse bei der Statsschold. Déi ginn 2017 liicht op 227 Milliounen erop. Dat ass, fir deem Rechnung ze droen, wann am Laf vum Joer 2017 e Prêt gemaach gëtt.

Komme mer dann elo zu de Recettë vum Stat. Déi belafe sech am Joer 2017 op 16,9 Milliarden, wéi Der och um Diagramm kënnt gesinn. An do ass de gréissten Deel dovun déi direkt Steieren, déi vun de Particulieren a vun den Entreprisë bezuelt ginn. An déi ginn erop vu 7,3 op 7,5 Milliarden, trotz Steierreform. Also, trotz Steiersenkung ginn déi direkt Steieren nach 2,9% erop, wat erëm eng Kéier beweist, dass de Volume vun der Steiersenkung räsonabel ass.

Bei den indirekte Steiere geet d'Evolutioun op 6,4 Milliarden, géint 6,2 Milliarden dat Joer virdrun. Um Niveau vun der TVA rechne mer d'nächst Joer mat engem Minus vun 1%. Dat ass natierlech d'Resultat, dass mer an der TVA électronique (veuillez lire: TVA um Commerce électronique) elo nach just ganz wéineg erakréien.

Ech muss hei nach eng Kéier aushuelen an drun erënneren, dass mer säit 2007 wëssen, dass déi TVA électronique (veuillez lire: TVA um Commerce électronique) wäert ewechbriechen. An dat ass och planméisseg geschitt. A mir haten am Joer 2014 iwwer eng Milliard TVA électronique (veuillez lire: TVA um Commerce électronique). An am nächste Joer wäerte mer manner wéi 100 Milliounen TVA électronique (veuillez lire: TVA um Commerce électronique) erakréien. Do ass also eng Milliard, déi verluer gaangen ass!

A well leider an där laanger Period do keng Alternative gesicht gi sinn, an dës Regierung déi huet misse fannen, versteet ee jo, dass et guer net einfach war, fir en équilibréierte Budget ze maachen, wéi mer dat 2014, 2015 an 2016 fäerdegbruecht hunn.

D'Accisë wäerte sech mat 1,16 Milliarden ëm 5,1% verschlechteren. Dat ass drop zréckzeféieren, dass eng méi niddreg Consommatioun vu Pëtrol do ass an och manner gefëmmt gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- An doriwwer kann ee sech freeën. An déi Tendenz dauert och elo säit enger Rëtsch Joren un. A bei dësen indirekte Steieren ass eng, déi an d'Luucht geet, dat ass d'Taxe d'abonnement. Déi wäert d'nächst Joer ëm ronn 5%, iwwer eng Milliard erabréngen.

Loosst mech do och ënnersträichen, dass d'Joer 2016 e ganz gudde Millésime gëtt fir d'Investitiounsfongen, well do hu mer am September - déi lescht Ziffer, déi disponibel ass - en neie Rekord geschriwwen. Et sinn am September 3.621 Milliarden hei zu Lëtzebuerg ënner Verwaltung gewiescht, wéi gesot, eng Rekordziffer. An dat hu mer erreecht, net nëmmen, well d'Bourssen an d'Luucht ginn, mä awer och, well mer nei Parts de marché kréien.

Mat den direkten an den indirekte Steiere si scho 85%, 86% vun alle Recetten ofgedeckt. Et bleiwen nach 15%, dat sinn dann d'Sozialbäiträg, d'Recettë vun den Établissement-publicen, d'Propriétéite vum Stat an aner Revenuen. Dat brénge eis dann zu engem Solde de l'administration centrale, deen d'nächst Joer defizitär gëtt an Héicht vu ronn enger Milliard. Déi Joren duerno geet deen Defizit erëm erof a wäert am Joer 2020 manner wéi 1% vun eisem PIB ausmaachen.

D'Richtung stëmmt also! Mir hu jo an deenen dräi leschte Jore gutt gewirtschaft a mir kënnen eis et elo leeschten, prudent weider ze wuessen. An deen Defizit vun enger Milliard, dee kréie mer gemeeschtert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Wuert zur Schold. Ech hunn dat schonn e puermol gesot an ech bekräftegen dat och nach gären haut: D'Scholdespiral ass gebrach! Sou wéi ech dat der Cofibu den 9. Dezember presentéiert hunn, ass d'Situatioun folgend: An absolutten Zifferen ass d'Schold zwëschent 2013 an 2016 stabel bliwwen. Si ass souguer ganz liicht erofgaangen. An dat gesäit een am Diagramm, deen hei erëmgespigelt ass. Am Verhältnis zu eisem Räichtum geet d'Dette erof vun 23,5% op 20,5%. Dat gesitt Der um rietsen Diagramm.

Wéi mir 2013 de Regierungsprogramm opgestallt hunn, si mer nach dovunner ausgaangen, esou wéi déi fréier Regierung dat jo och gemellt hat, dass mer 2016 15 Milliarde Schold hätten. Dovunner si mer all ausgaangen. A bei wéi vill stinn d'Scholden haut? Op eelef. Mir hunn also véier Milliarde Scholden net gemaach!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Dat gesäit een och op deem Diagramm ganz gutt. Mir hunn an där ganzer Period keen eenzegen Emprunt lancéiert. Mir hu souguer e klengen Emprunt vu 400 Millioune mat lafende Recettë rembourséiert.

An ech géif och gären ënnersträichen, wat de Rapporteur Claude Haagen richteg ënnerstrach huet a sengem Bericht, dass mer an engem Ëmfeld vun negativen Zënsen eng optimal Gestioun vun eise Liquiditéite beim Stat gemaach hunn. A wéi hu mer dat gemaach? Majo, andeem mer kuerzfristeg Prête gemaach hunn, déi 0% kaschten.

Ech wëll och hei ënnersträichen, dass op den Dag vun haut all eis Kredittlinnen op null stinn. A meng Leit an der Trésorerie wäerten an den nächste Wochen a Méint d'Situatioun ganz no suivéieren, fir de richtege Moment ze fannen am Joer 2017, fir en Emprunt ze maachen.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Op Basis vun dësen Entwécklungen,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- ...géif ech och gären déi aktuellste Projektioun vun eiser Schold Iech weisen. An zwar ass dat opgebaut op deene leschten Zifferen, déi mer fir 2016 hunn. Mir hu fir 2016 eng Budgetssituatioun, déi besser ass wéi dat, wat mer geduecht haten. An dofir, wéi Der um Tableau kënnt gesinn, wäert um Enn vun 2016 d'Schold net wéi virgesinn 12,4 Milliarde sinn, mä just nëmmen 10,9. A Prozentsätz ausgedréckt: amplaz 23,2%, 20,5%.

Wann ech elo 2020 kucke ginn, gesi mer, dass d'Schold dann nach 14,8 Milliarde wär an a Prozenter ausgedréckt: 21,9% 2020. D'Regierung hat sech als Zil gesat, ënner 30% ze bleiwen. Mir wäerten, wann alles esou bleift, wéi et elo virgesinn ass, op 22% landen, an dat mat enger ganz ambitiéiser Investitiounspolitik.

Elo géif ech awer gären och eis vergläiche mat den anere Partner an Europa. Mir hunn dat an der leschter Zäit net genuch gemaach. An dat ass ganz utile. Wann Der op den Tableau kuckt, gesitt Der, dass mer tëschent 2013 an 2016 2,5% manner Schold hu par rapport zu eisem Räichtum. Dat placéiert eis op aachter Positioun an Europa.

Op deem nächsten Diagramm gesitt Der, an absolutten Zifferen, do si mer jo, wéi ech grad erkläert hunn, stabel. Do si mer also bei null an do si mer dat sechstbeschte Land. Ëmmer nach ganz am positive Beräich a mir halen natierlech ëmmer eisen Objectif de moyen terme an.

Ech wëll drun erënneren, dass déi lescht Regierung an hirem leschte Programme de stabilité et de croissance am Abrëll 2013 Folgendes gesot hat: «Le pacte de stabilité et de croissance prévoit une hausse du déficit de l'administration publique en 2015-2016 avec un solde structurel correspondant qui s'écarte par rapport à l'objectif budgétaire à moyen terme. Le Gouvernement affirme néanmoins son engagement à mettre en œuvre une politique budgétaire qui rétablira le respect de l'objectif budgétaire à moyen terme en 2016 ou 2017.»

D'Aarbechtshypothees vun der fréierer Regierung war, dass mer de Pacte de stabilité et de croissance wärend enger gewëssener Zäit iwwerhaapt net méi géifen anhalen. A wat hu mir gemaach? Eh bien, mir hunn eis där Tâche ugeholl, fir dat do ze verhënneren. An dofir ware mir an der ganzer Period konform zum Pacte de stabilité et de croissance.

An dat gesäit een och ganz gutt op deenen nächsten Diagrammen. Eise Solde budgétaire war ganz positiv: vun 1,5% am Joer 2014, domat ware mer déi Zweetbescht an Europa, wéi een um Diagramm gesäit. Am Joer 2015 hate mer e Solde budgétaire vun 1,6%, do ware mer déi Éischt. 2016 hu mer e Solde budgétaire vun 1,3%, do si mer och déi Éischt. A wa mer da fir 2017 kucken, dat, wat elo op Bréissel geschéckt ginn ass, wat elo wäert geschéien, ass Lëtzebuerg erëm deen Éischten.

Dat sinn net meng Zifferen. Dat sinn d'Ziffere vun der Europäescher Kommissioun. Ech géif also mengen, dass een d'Konklusioun kann zéien, dass eise Budget ganz an der Rei ass.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Déi Zuelen, déi ech elo genannt hunn, gëlle fir d'Administration publique. Et ass och esou, dass mer am Zentralstat déi Joren 2014, 2015 an 2016 wierklech gutt geschafft hunn. An ech hunn hei eng Notioun an d'Spill bruecht, déi a villen anere Länner gebraucht gëtt, dat ass d'Notioun vum Solde primaire de l'Administration centrale. Dat ass de Sold, wann een d'Intérêten erausrechent, déi ee fir déi al Prête muss bezuelen.

An Italien an a Griichenland gëtt ëmmer nëmmen de Solde primaire gekuckt, well déi mussen esou vill Scholden zréckbezuelen, dass dat hire Budget immens verfälscht. Zu Lëtzebuerg ass et Gott sei Dank net esou. Mir hu jo ronn 200 Millioune Remboursementer ze maachen, mä trotzdeem.

Wann een dann elo den Diagramm kuckt, gesi mer, dass mer am Joer 2014 e Solde primaire positif haten, am Joer 2015 och, an ech sinn optimistesch, dass mer 2016 och ganz no beim Équiliber wäerte sinn. Dofir soen ech elo net méi. Mä ech mengen, dass déi Zuele fir sech selwer schwätzen.

Mäin drëtt a lescht Kapitel ass e Bléck an d'Glaskugel. All Kéiers, wann ech op dëser Tribün stinn an de Budget presentéieren, am Oktober an dann am Dezember, kréien ech gesot, dass d'Zifferen ze vill optimistesch sinn, wat d'Croissance ubelaangt, an dass d'Zifferen net kredibel sinn. An da kréien ech regelméisseg gesot, zum Beispill wat d'Wirtschaftslag ubelaangt, dass d'Croissance am Ausland fragill ass, dass de Commerce mondial méi lues trëppelt, dass de fräien Handel an der Welt a Fro gestallt gëtt an dass d'Sécherheetslag op ville Plazen an der Welt méi bedenklech gëtt. Dat ass alles richteg. Ech kann dat jo net beschéinegen, dat ass jo eng Realitéit. Mä et muss ee jo awer och déi positiv Elementer an der Wirtschaftslandschaft an an der geopolitescher Realitéit kucken.

Éischtens bréngt de Brexit fir Lëtzebuerg eng ganz Rei Opportunitéiten. An ech war virun enger Woch nach zu London a kann Iech nëmme bestätegen, dass Lëtzebuerg op ville Lëschten an der Hitparad vu potenziellen Investisseure steet an dass mir als den natierleche Partner ugesi ginn.

Zweetens: Déi niddreg Zënsen hunn zwar Nodeeler fir d'Banken, hunn awer och Virdeeler, fir justement Infrastrukturen ze finanzéieren. A mir gesinn och, dass an Amerika d'Zënsen amgaange sinn, an d'Luucht ze goen esou lues. Der Finanzplaz geet et gutt. Dat konnte mer viru 14 Deeg an der Kompetitivitéitsdebatt ganz am Detail hei kucken. D'Rohstoffpräisser si relativ niddreg, wat fir e Land, wat alles importéiert, jo eng ganz gutt Saach ass.

An, leschtens, d'Steierreform, déi eng Steiersenkung ass, wäert mat sech bréngen, dass d'Kafkraaft vun de Leit a vun den Entreprisë klëmmt. Bon, Dir gesitt, mir hunn negativ Aspekter, mä mir hunn awer och positiver.

An da wëll ech ganz kloer soen: Et ass net de Finanzminister, et ass och net seng Roll, fir ze décidéieren, wat d'Wuesstumszuele vun eisem Land sinn. Et ass de Statec, deen dat moosst, an et ass de Statec, deen dat décidéiert. An ech respektéieren dat, d'Regierung respektéiert dat. A mir gi souguer vun Europa opgefuerdert, fir dat ze respektéieren, well de Statec jo eng onofhängeg Stell ass.

Leschte Freideg huet eng nei Ratingsagence, déi vläicht deene meeschten nach net esou bekannt ass, well se justement an d'Liewe geruff ginn ass, déi heescht DBRS, fir d'éischte Kéier eng Analys gemaach vum Rating vu Lëtzebuerg. A si ass och zu der Konklusioun komm, dass mir déi héchsten Nott géife verdéngen, en Triple-A mat engem positiven Ausbléck. An dofir ass dat natierlech eng gutt Noriicht, déi Vertraue gëtt.

Si huet souguer eng Hypothees gemaach: An enger Situatioun, wou e Katastrophenzeenario géif geschéien - kënnt déi Agence zur Konklusioun -, dass Lëtzebuerg de Spillraum hätt, fir esou e Fall ze meeschteren.

Mir mussen nawell, trotz all deene gudden Zifferen, déi ech elo hei gesot hunn, virsiichteg bleiwen, well den Defizit am Zentralstat, deen d'nächst Joer jo awer substanziell wiisst, musse mer awer am A behalen an och am Gréff behalen. Mä mir däerfen den Däiwel net un d'Wand molen!

Mat all deene Mesuren, déi mer scho geholl hunn; mat deene villen Investissementer, déi mer getätegt hunn an déi mer an den nächsten zwee Joer maache wëllen; mat der Dynamik, déi d'Steierreform wäert mat sech bréngen, a mat all deenen Initiativen, un deene mer nach schaffen, hu mer all Grond, fir optimistesch an d'Zukunft ze kucken!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Finanzminister.

De Mëtteg wäerte mer mat den Diskussiounen iwwert de Budget weiderfueren. An ech géif lech elo proposéieren, esou wéi de Programm et virgesäit, zu deenen nächste Punkte vum Ordre du jour iwwerzegoen.

Ech géif vläicht, éier ech d'Wuert un de Rapporteur weiderginn, waarden, bis dass déi, déi de Sall wëlle verloossen, de Sall verlooss hunn.

(Brouhaha)

Wann ech gelift! Déi, déi nach mateneen ze schwätzen hunn, sollen dat virun der Dier maachen.

Merci. Da kënne mer elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 7025, eng Direktiv iwwert d'Immobiliekreditter. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Eugène Berger.

3. 7025 - Projet de loi portant:

1. transposition de la directive 2014/17/UE du Parlement européen et du Conseil du 4 février 2014 sur les contrats de crédit aux consommateurs relatifs aux biens immobiliers à usage résidentiel et modifiant les directives 2008/48/CE et 2013/36/UE et le règlement (UE) n°1093/2010; et

2. modification du Code de la consommation

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Eugène Berger *(DP).- rapporteur.-* Merci, Här President. Nodeems de Finanzminister vun deene groussen Investissementer vum Stat geschwat huet, komme mer dann elo an en anere Beräich, dat heescht déi Investissementer, déi d'Privatleit maache fir hiert perséinlecht Liewen, besonnesch wann et ëm Investissementer an Immobilie geet. Méi konkret hu mer hei e Projet de loi, wou et ëm d'Emsetzung vun enger europäescher Direktiv geet am Beräich vun de Prêten am Immobilier.

Wéi maache mer dat praktesch? Dat heescht, mir maachen eng Rei Modifikatioune vun eisem Code de la consommation, fir déi Direktiv ëmzesetzen.

Wat ass d'Philosophie? Wat ass d'Zil vun där Dirketiv?

Bon, op där enger Säit wëllt een an Europa e Marché unique kreéiere vun den Immobilieprêten. An deenen eenzelne Länner gëtt et am Moment eng Rei Differenzen, wéi dat gehandhabt gëtt. Dat ass och normal, wann een den Historique kuckt, déi eenzel Marchéen, wéi déi entstane sinn. Et ass also, fir hei e legalen harmoniséierte Kader ze schafen an Europa.

Virun allem ass awer hei och d'Zil vun dëser Direktiv, fir de Konsument besser ze protegéieren. Hei gëtt also e legale Kader geschaaft, dee virun allem d'Protection des consommateurs als Zil huet, besonnesch am Beräich ebe vun de Prête vum Immobilier.

Wat sinn d'Elementer vun där Direktiv respektiv elo vum Projet de loi, wou mer d'Direktiv ëmsetzen?

Een Element ass dat vun der klorer Informatioun, déi mer hei aféieren. Sécherlech fonctionnéiert dat hei, dat muss ech soe fir all déi Punkten, déi elo hei wäerten erwäänt ginn, och méi oder wéineger geuerdnet hei zu Lëtzebuerg och an deene leschte Joren, Jorzéngten. Mä trotzdeem gëtt dat awer hei elo dann och nach eng Kéier kloer an de Code de la consommation ageschriwwen.

De Client oder deen, dee wëllt e Prêt maachen, muss genau kloer informéiert ginn. Dat soll och elo an Zukunft mat enger Fiche d'information standardisée européenne gemaach ginn, wou also all déi Haaptelementer och vun engem Prêt opgezielt ginn. Do gëtt och… An da muss och drastoen, wéi den Taux annuel effectif global gerechent gëtt, den TAEG, och wéi dee gerechent gëtt; eng mathematesch Formule, déi herno an e Règlement grand-ducal kënnt. Do mussen Informatioune sinn iwwert d'Fraisen, déi musse bezuelt ginn, Leitzëns an esou weider.

Dann eppes, wat och wichteg ass, dat ass d'Obligatioun vun deem, deen e Prêt gëtt, fir ze kucken, ob de Client dann och an der Situatioun ass, datt en och kann dee Prêt an deem Zäitraum, wou e wollt de Prêt maachen, zréckbezuelen, datt dat also eppes ass, fir dat e sech net iwwerschëllt. Ech muss och do soen, an der Vergaangenheet, jiddwereen, deen hei zu Lëtzebuerg emol e Prêt gemaach huet, ech kann och aus eegener Erfahrung schwätzen, gëtt awer ëmmer ganz genau bei deene meeschte Banken op de Scanner geluecht an et gëtt wierklech gekuckt, wat een alles huet, och nach d'Strëmp ënnert dem Këssen, fir datt een dann och e Prêt kritt. Nëmme fir ze soen, datt dat also awer hei scho relativ gutt fonctionnéiert huet. Mä dat ass awer hei och kloer festgeschriwwen. Et muss also genau kontrolléiert ginn, ob de Client also kann an engem räsonabelen Délai an och mat genuch Moyenen dat zréckbezuelen, soss kann de Prêt refuséiert ginn.

En anert Element vun der Direktiv ass dat vun dem Statut vun den Intermédiairen. Déi mussen elo och agreéiert ginn. Hei zu Lëtzebuerg ass et dann d'CSSF, déi dat wäert hierhuelen. Dat heescht awer och, well mir hunn an der Grenzregioun jo och alt emol eppes, wat sech Instituter nennt, wou Leit Prête vermëttelen, datt déi natierlech och mussen esou e Statut hunn, net hei zu Lëtzebuerg, mä awer an der Belsch, datt et eventuell awer och besser Garantië gëtt. An déi musse jo och dann déi Verflichtung an der Belsch hunn, datt se musse beim Client kontrolléieren, ob dee solvabel ass. Datt dat also och do ka verschidden Abusen, géif ech soen, verbesseren.

Dann e leschte Punkt, deen ech nach wëll erwänen aus der Direktiv, dat ass dee vum Remboursement anticipé. Dat ass dee Punkt, dee vläicht am meeschten diskutéiert ginn ass. Mir haten och en Avis ënner anerem vun der ULC, deen do e puer kritesch Remarquë gemaach hat.

Ëm wat geet et do? Jo dat ass: Wéi leeë mer d'Konditioune fest, wann ee wëllt de Prêt éischter erëmbezuelen? Dat ass an der Vergaangenheet oft alt emol mat héije Fraise verbonnen, wou d'Banke Fraise plus Penalitéiten da verrechent hunn. An dat gëtt elo awer nei geregelt. An, wéi gesot, dat ass och am Sënn, am Intérêt vum Consommateur. An dat gëtt also hei festgehalen.

Do hu mer eis alignéiert op dat, wéi et an deene meeschte Länner och an Europa gemaach gëtt. Also, bei engem virzäitege Remboursement, do kënnen d'Penalitéite maximal en Equivalent vu sechs Méint Zënse par rapport zu deem Montant, deen dann de Client muss zréckbezuelen, maximal déi Héicht, hunn. An den Taux gëtt dann och gerechent op den Dag vum Remboursement. Dat gëllt awer nëmmen, muss een och hei preziséieren, fir en Immobilieprêt, deen ee geholl hat, gezunn hat, fir a sengem eegenen Haus oder a sengem eegenen Appartement ze wunnen, datt een och zwee Joer do huet mussen dra scho gelieft hunn, an de Montant vum Prêt dierf net bei méi wéi 450.000 Euro leien.

Dat sinn also déi Konditioune bei deem Remboursement anticipé. Firwat kann ee soen, datt dat esou festgeschriwwen ass? Et ass natierlech och am Hannerkapp, fir datt et awer net d'Spekulatioun ass, firwat datt déi eng oder aner Leit Prête maachen drop an derwidder, fir ze spekuléieren, fir ze kafen, ze verkafen. Hei ass also wierklech geduecht, fir datt déi Leit, déi e Prêt huele fir hir eege Wunneng, also do awer eng Rei Garantien hu respektiv datt se do och geschützt sinn.

E lescht Wuert, dat ass dat vun der Retroaktivitéit, respektiv et ass esou, datt d'Direktiv säit dem 21. Mäerz 2016 en vigueur ass. Dat heescht, dee Projet de loi hei applizéiert sech also op all déi Verträg, déi ab deem Datum ofgeschloss gi sinn. Zum Beispill, de Remboursement anticipé, wann de Prêt - ech soen emol - den 1. Abrëll ofgeschloss ginn ass, ënnerfält also dann den Dispositioune vun deem heite Gesetz.

Nach e lescht Wuert: Avis Statsrot. Do hate mer e puer kleng Opposition-formellen technescher Natur, déi mer iwwerholl hunn. An dann hate mer awer och als Cofibu en Amendement gemaach, fir eppes kloerzestellen. Do war näämlech d'Suerg, datt iwwert d'Gesetz kéinten eventuell Bausparverträg, déi jo och direkt oder indirekt am Beräich vun de Prête bei Immobilien aktiv sinn, och… Menger Usiicht no war zwar den Text vum Gesetz large genuch, fir kënnen awer ze considéréieren, datt dat mat dra gewiescht wär. Mä fir awer do Onkloerheeten aus dem Wee ze goen, hu mer dat also och an d'Gesetz mat engem Amendement geschriwwen, also datt och d'Bausparverträg weider ënnert d'Dispositioune vun dësem Gesetz falen, an dat dann och kloergestallt.

Voilà! Dat a kuerze Wierder zu där Direktiv an dem Projet de loi.

An ech soen Iech Merci an hoffen, datt mer dann awer och hei eng grouss Zoustëmmung kréien. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Graas. An als Éischten huet d'Wuert den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Jo. Merci, Här President.

Plusieurs voix.- Graas?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, sorry. Sorry. Sorry.

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Also, et war bal esou gutt, wéi wann den Här Graas et gemaach hätt.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Ooh!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, wann dat aus den eegene Reie kënnt.

(Hilarité)

Mir kennen Äre sagenhaften Humor, Madamm Brasseur. Den Här Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Merci, Här President. Merci dem Här Berger, deen dat do ganz genau an och an einfache Wierder erkläert huet. Et ass e Projet, dee wichteg ass fir d'Konsumenten, dee wichteg ass fir déi vill Leit, déi an Zukunft e Crédit hypothécaire huelen. Mir wäerten also dee Projet hei matstëmmen.

Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, hei nach eng Kéier dräi Froen opzewerfen, déi mer och schonn an der Finanzkommissioun opgeworf haten a wou mer keng ganz kloer Äntwert kritt hunn, an och haaptsächlech vun der Präsenz vum Finanzminister profitéieren, deen eis da vläicht op déi dräi Froen eng Äntwert gi kann.

Déi éischt Fro, an, ech mengen, den Här Rapporteur huet dat virdrun och ugeschwat, dat ass déi Indemnitéit, déi muss bezuelt ginn am Fall vun engem Remboursement anticipé. Do gëtt am Gesetz gesot, datt d'Kritären do misste ganz kloer determinéiert ginn. Ech mengen, datt et awer hei wichteg ass, an dat ass och e bëssen déi Fro an dee Wonsch, deen ech och géif äusseren, datt do wierklech géif intensiv och mat de Banke gekuckt ginn, wéi dat formuléiert gëtt, ob och do e Montant maximal dra festgeschriwwe gëtt.

Mir sinn eis bewosst, datt dat net ganz einfach ass, vu datt d'Zënsen natierlech permanent änneren, datt och do verschidde Leit wäerten e Prêt mat engem Taux fixe huelen, anerer mat engem Taux variable. Nach menge mer awer, datt et och hei misste ganz kloer Instruktiounen un d'Banke ginn, datt wierklech déi Leit, déi an Zukunft e Crédit hypothécaire huelen, och wëssen, wat maximal de Montant ass, dee se da musse bezuele bei engem Remboursement anticipé.

Eng zweet Observatioun, dat ass déi, wou mer och net genau wëssen, wéi dat sech herno juristesch wäert erginn. Dat ass déi Hypothees, wou een, deen elo esou ee Crédit hypothécaire huet, bei d'Bank awer zréckgeet, fir zum Beispill den Zënsniveau nei ze verhandelen. Ob dann dorauser en neie Kontrakt erausgeet oder ob deen ale bestoe bleift, dat huet natierlech eng Wichtegkeet an deem Sënn, well elo déi nei Kontrakter, déi ënnert deem neie Gesetz gemaach ginn, u sech méi favorabel fir de Konsument a fir deejéinege sinn, deen esou e Crédit hypothécaire ophëlt.

Also, och dat ass eng wichteg Fro, wou d'Gesetz eis keng eendeiteg Äntwert gëtt. An och déi Fonctionnairen, déi an der Finanzkommissioun waren, konnten do net mat leschter Sécherheet soen, wéi dat auszeleeën ass. Fir d'Leit dobausse schéngt et awer wichteg ze sinn, wa se dorobber eng kloer Äntwert géife kréien.

An dann eng drëtt Fro. Dat ass éischter eng Suggestioun, déi mer dem Finanzminister wéilte mat op de Wee ginn. Vu datt awer hei eng ganz Rei vun Neierunge kommen, souwuel fir d'Bierger dobaussen, déi an Zukunft Crédithypothécairen ophuelen, wéi iwwregens och fir d'Banken, wär et eiser Meenung no och wichteg, wann do eng Informatiounscampagne géif gestart ginn, vläicht vum Finanzminister aus, koordinéiert zum Beispill mam Konsumenteschutz. Well ech mengen, datt hei awer nach ganz vill Informatioun souwuel de Banke wéi de Bierger muss iwwermëttelt ginn.

Dat gesot, wäerte mir op jidde Fall den Accord zu dësem Projet bréngen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Mosar. D'Wuert huet elo den Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP).-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den europäesche Comité fir systemesch Risiken huet viru knapp engem Mount gewarnt, dass och zu Lëtzebuerg e Risiko vun enger Immobilie-Bulle besteet. Eng Iwwerverschëlldung vun de Stéit an ze vill héich Präisser um Immobiliemaart sinn déi Haaptrisiken. A wann d'Zënsen eng Kéier unzéien, dann ass d'Angscht, dass déi Bulle do kéint platzen; wann et dann eng gëtt.

Et ass och gewosst, dass zu Lëtzebuerg den nationale Comité du risque systémique deen dote Risiko schonn identifizéiert huet an och am Viséier huet, gradesou wéi eis CSSF.

Ech hat uganks des Mounts eng parlamentaresch Ufro gemaach un de Finanzminister, an ech huelen un, dass de Minister mer wäert äntwerten op déi Ufro, dass dëse Projet de loi schonn zum Deel eng Äntwert op en Deel vun deene Recommandatiounen ass, déi deen europäesche Comité du risque systémique do soulevéiert huet, näämlech wann e makroekonomesch Mesurë gefuerdert huet. Den europäesche Comité du risque systémique fuerdert zum Beispill méi Kapital par rapport zum Montant vum Prêt, en obligatoresche Rapport tëschent dem Montant vum Prêt an de Leit hirem Akommes, méiglecherweis e Kritär „loan to value", dat heescht, dass een de Prêt par rapport zum Wäert vun der Valeur kuckt.

Dat, wat elo gemaach gëtt, geet schonn e bëssen an déi Richtung, mä et wär interessant ze wëssen, ob d'Regierung vläicht scho Reflexiounen huet, fir e bësse méi wäit ze goen a fir déi Recommandatioune vum europäesche Comité fir systemesch Risiken ëmzesetzen.

Den Här Minister ka mer elo drop äntwerten oder ech waarden och gären op seng schréftlech Äntwert zu dëse Froen.

Här President, e Kreditt vun enger Bank fir eng Wunneng ass zu Lëtzebuerg scho bal e Luxusprodukt. Just Leit mat héije Revenuen a stabille Plazen oder mat vill Kapital kommen hei iwwerhaapt nach a Fro. Wann een e CDD huet oder wann een e mëttlere Revenu huet, kann een et an der Regel vergiessen. Dat ass, well d'Präisser esou enorm héich sinn a well een also ganz vill muss op d'Säit leeën, fir e Prêt iwwerhaapt kënnen ze bezuelen.

Dëse Projet huet dofir och eppes mat der Situatioun um Immobiliemaart ze dinn. En ass ze begréissen, well e méi Transparenz mat sech brëngt, eng besser Informatioun fir déi Leit, déi léinen, och e Recht, virzäiteg zréckzebezuelen an eng Begrenzung vun de Ruptureskäschte fir Prête bis zu 450.000 Euro.

Alles dat ass gutt, mä et bréngt och mat sech, an däers, mengen ech, soll ee sech bewosst sinn, dass d'Solvabilitéit vun de Leit elo nach e bësse méi streng gekuckt gëtt, wéi dat virdrun de Fall war. Doduerch kommen nach manner Leit a Fro, iwwerhaapt jee e Kreditt vun enger Bank ze kréien. Ëmmer méi Leit mussen also lounen. An d'Käschte vum Wunnen am Budget vu Leit, fir kënnen dezent ze liewen, sinn immens héich. Dat geet aus enger Etüd vum Statec ervir, déi och Mëtt dëses Mounts publizéiert ginn ass an déi kritiséiert ginn ass, well se déi Käschte vum Loune souguer nach ënnerschat hätt, déi souwisou schonn immens héich sinn an deem Budget.

Här President, et ass haut net d'Plaz hei, fir eng Logementsdebatt ze féieren, mä dëse Projet de loi erënnert eis wéi esou munch aner Debatten, déi mer heibanne féieren, och erëm un eise Problem um Wunnengsmaart. Wa mer wëllen d'Loft aus där Bulle do huelen a kucken, dass d'Prêten net ëmmer méi zu Luxusprodukter ginn, da musse mer nieft all deene Saachen, déi mer maachen, fir de Leit ze hëllefen an d'Propriétéit ze kommen, och d'Offer um Wunnengsmaart drastesch an d'Luucht féieren, insbesonnesch d'Offer um soziale Wunnengsmaart.

An do ass jiddweree gefuerdert: d'Gemengen, de Stat, mä och déi privat Propriétairen. Déi maachen dat net vum selwen an déi maachen dat net aus Nächstenliebe. Déi, mengen ech, mussen dozou gezwonge ginn. An dofir musse mer e bësse méi politesche Courage hunn an deem Dossier, fir do endlech eppes dergéint ze maachen.

Une voix.- Très bien!

M. Franz Fayot *(LSAP).-* Dëst gesot, géif ech nach dem Rapporteur Eugène Berger gär Merci soe fir säi gudde Rapport an den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Fayot. D'Wuert huet elo den Här Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng).-* Jo, Merci, Här President. Och mir ginn eis Zoustëmmung zu dësem wichtege Gesetz, well et awer méi Sécherheet um Kredittmarché wäert bréngen. Ech kann dat awer och ënnersträichen, wat mäi Virriedner hei elo grad gesot huet, dass et niewent där enger Säit d'Immobiliepolitik gëtt, awer op där anerer Säit d'ëffentlech Hand méi Efforte soll maachen. An haut schwätze mer iwwert de Budget vun dësem Joer oder vum nächste Joer an do sinn eng Rei Äntwerte schonn dran.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Da kënnt als nächste Riedner den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR).*- Jo, Merci, Här President. Prinzipiell muss ee sech d'Fro stellen, ob een onbedéngt muss ee Marché unique vun allem hunn. Jo, d'Immobilieprête si verschidde geregelt a verschiddene Länner vun Europa, mä och d'Hypothéike si verschidde geregelt. D'Grondbicher si verschidde geregelt, d'staatlech Käschte bei der Acquisitioun vum Immobiliebesëtz si verschidde geregelt. Ech denken, et ass eng falsch gutt Iddi, fir ëmmer alles mussen ze uniformiséieren.

Ceci étant dit, sinn an dësem Gesetz natierlech Mesuren dran, déi ganz gutt sinn, wéi zum Beispill den Taux annuel effectif global. Dat heescht, datt de Konsument ganz genau weess: Wat kascht mäi Prêt mech wierklech, ouni verstoppten Haken an Ösen? Och datt mer d'Intermédiaires de crédit immobilier aféieren, ass eng gutt Saach, well vill Leit sech effektiv an deem Dschungel vun Ubidder net ëmmer erëmfannen. An do kann eng professionell Hëllef ganz gutt sinn.

Den Här Berger sot, d'Zil vum Text wier, de Konsument ze schützen. An do muss ee sech d'Fro stellen: Ass dat Zil erreecht? An ech soen: Neen, dat Zil ass mat dësem Text net erreecht. An zwar op zwee wesentleche Punkten.

Dat eent ass de Remboursement anticipé, vun deem scho rieds gaangen ass, Artikel 226-20 vum Text, wou gesot gëtt: Mir plafonéieren déi Indemnitéit, déi d'Bank ka froe bei engem Remboursement anticipé. Dat féiert an eisen Aen derzou, datt d'Banke wäerten hir Zënsen eropsetzen oder hir Fraisen eropsetzen, wa se net sécher sinn, datt se hir Fraisen hannen um Enn kënne récupéréieren, besonnesch duerch de Plaffong. A wann ech zum Beispill e Prêt à taux fixe anticipativement rembourséieren an d'Bank huet sech refinanzéiert, da kënnen déi Fraise wäit iwwert deem Plaffong leien.

Deen zweete Grond, firwat datt mer dësen Text net gutt fannen, ass: D'Direktiv seet wuel, d'État-membere solle Mesuren - «des mesures» - huelen, «pour encourager les prêteurs à faire preuve d'une tolérance raisonnable avant de saisir l'immeuble» (veuillez lire: «avant d'engager une procédure de saisie»).

An eisen Text seet: «Les prêteurs font preuve d'une tolérance raisonnable.» Ech froe mech, wéi deen Text konnt duerchgoen, och duerch e Conseil d'État, well en ass a mengen Aen absolutt net normativ. Hei gëtt opgeruff zu engem gewëssenen „behaviour", et soll een eng gewëssen Toleranz hunn, mä konkret Mesuré sinn net dran! An dat si genau déi, op déi et géif ukommen, éier Leit virun d'Dier gesat ginn, well dat ass dat, wat mat der Saisie immobilière tatsächlech geschitt.

An dann ee Punkt, e leschte Punkt, op deen ech wollt agoen, dat sinn d'Saisie-immobilièren. Déi sinn zu Lëtzebuerg einfach. Dat ass och gutt esou, well doduerch kritt een awer dann nach e Kreditt, deen ee soss eventuell net méi kéint kréien. Mä et gëtt Fäll, wou effektiv ënner Maartwäert versteet gëtt. Do kann ee soen, et ass eng ëffentlech Stee, et gëtt och eng Faculté de surenchère. Dat ass alles gutt geregelt.

Et kann een awer och soen: Sollt een net op de Wee vum däitsche Modell goen, wou iwwer eng Expertise festgestallt gëtt, wat en Haus tatsächlech wäert ass, an dann zum Beispill gesot gëtt, zumindest an enger éischter Séance mussen - ech soen elo - 70% oder 80% vun deem Wäert erreecht ginn. Wann net, kënnt et zu enger zweeter Séance a mir ginn erof mat deem Seuil an esou weider, fir Fäll auszeschléissen, datt et zu Zwangssteeë kënnt fir Valeuren, fir Präisser, déi ënnert der reeller Valeur leien.

Aus all deene Grënn wäerte mir als ADR dësen Text net stëmmen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Si keng weider Wuertmeldungen? Dann huet de Finanzminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Ech freeë mech, dass mer e relativ largë Konsens hunn, fir dëse Projet hei an der Chamber unzehuelen. Ech mengen, dass d'Léisung, déi Lëtzebuerg hei erausgesicht huet, eng équilibréiert ass, andeem se dem Consommateur oder dem Acheteur vun enger éischter Wunneng ganz entgéintkënnt, andeem mer jo do Limitte setzen, wivill d'Indemnitéit ass am Fall, wou de Consommateur wëllt méi fréi aus sengem Kreditt erauskommen.

Wann ech dat vergläiche mat deenen anere Länner, déi d'Direktiv ëmgesat hunn, géif ech soen, si mer do an der Mëtt, an der gëllener Mëtt. An ech mengen, dofir hu mer och relativ laang all Akteuren, déi hei betraff sinn, dat heescht d'Banken, natierlech awer och d'Konsumenten oder d'Acheteuren, kontaktéiert a versicht, eng équilibréiert Léisung ze fannen.

Et sinn eng Rëtsch Froe gestallt ginn. Ech wollt dozou e puer Kommentarer maachen, well et huet jo kee Wäert, dass ech elo an den Detail ginn. Vläicht just awer, fir ze ënnersträichen, dass mer duerch dës Direktiv awer och méi Transparenz kréien. D'Banke si jo obligéiert, eng Analys vun der Kredittwürdegkeet vun den Acheteuren ze maachen. An dat ass eng ganz wäertvoll Saach. An dat wäert och ganz rigouréis applizéiert gi vun de Banken, well et ass och an hirem eegenen Intérêt, dass dat gutt gemaach gëtt, fir dass natierlech net vill schlecht Kreditter do vergi ginn.

Zu de Froen.

Déi éischt Fro vum Här Mosar, ob een e Montant maximal kéint virgesinn. Dat ass keng einfach Saach. Mir hunn eis dat iwwerluecht. An dem Règlement grand-ducal kann een déi Reflexiounen natierlech weiderféieren, mä et ass natierlech esou, dass een, wann een en Taux variable huet, jo, da variéiert jo och den Taux vum Refinancement. Bei engem Taux fixe ass dat effektiv machbar, mä bei engem Taux variable ass dat schwéier.

Wat d'Renégociatioun ubelaangt. Vläicht muss een erënneren, dass d'Situatioun elo folgend ass: À partir du moment, wou dat Gesetz gestëmmt ass, applizéiert sech d'Gesetz un all déi Kontrakter, déi nom 21. Mäerz 2016 gemaach gi sinn. Vun deem Dag u spillt dës Gesetzgebung. Dat heescht, dass mer fir déi Kontrakter tëschent haut an dem 21. Mäerz eng speziell Situatioun hunn. Dofir schwätzen ech vun där fir d'Eischt.

Déi Leit hu jo vläicht net alleguerten oder vläicht iwwerhaapt net déi Méiglechkeet vum Remboursement anticipé, well dat jo nach net Gesetz war. Déi kënne sech mat hirem Banquier a Kontakt setzen, fir dat ze kréien. Dat ass eng Situation particulière. Déi, déi awer d'Kontrakter virum 21. Mäerz ofgeschloss hunn - an ech mengen, d'Fro huet sech dorop bezunn, mä, ech mengen, et ass awer wichteg, fir dat ze ënnersträichen -, do hänkt et en fait of vun deem, wat am Kontrakt steet. Et hänkt en fait vun der Liberté de contracter des parties of.

Wann an deem Kontrakt net virgesinn ass, dass e Remboursement anticipé méiglech ass, dann ass e vum Kontrakt hier net méiglech. Wann en do scho virgesinn ass, majo da muss dat ëmgesat ginn. Wann d'Bank elo wëllt e Geste commercial maachen a soen: „Trotzdeem dass et net drasteet, maachen ech et", dann ass dat der Bank iwwerlooss. Mä, ech mengen, d'Liberté des parties muss hei respektéiert ginn.

Den drëtte Punkt ass, fir eng Campagne d'information ze maachen. Ech gesinn dat als eng ganz vernünfteg Suggestioun. Et ass och virgesinn, dass d'CSSF op där enger Säit zoustänneg ass, fir déi Informatioun ze verbreeden, a mir och wëssen, dass d'ULC dat wäert maachen. Mir géifen dann als Finanzministère versichen, dat ze koordinéieren an ze kucken, dass dat esou effikass wéi méiglech soll gemaach ginn.

An dann zur Fro vum Här Fayot zur Präisdeierecht am Wunnengsberäich zu Lëtzebuerg. Et ass esou, dass mer vum europäeschen „systemic risk board" zesumme mat aacht anere Länner e Bréif krute virun e puer Wochen - ech hat dat och an der Cofibu gemellt -, de manière anticipée drop opmierksam gemaach gi sinn, datt an deenen aacht Länner e Risque à moyen terme - do steet „à moyen terme" - vun enger Bulle immobilière besteet. Bon, „moyen terme" heescht e puer Joer natierlech; dräi, fënnef, siwen, do kann een driwwer diskutéieren.

An de Comité du risque systémique ass schonn amgaange säit senger Existenz d'Situatioun um Marché immobilier ze suivéieren. De Comité du risque systémique zu Lëtzebuerg, deen ech presidéieren, wou och d'CSSF, de Commissariat aux assurances an d'Zentralbank drasëtzen, huet déi eng oder déi aner Mesure scho recommandéiert virun deem Avis vun Europa, haaptsächlech dans le chef vun de Banken, dass se sollen exigéieren, dass d'Clientë sollen e gewëssene Prozentsaz vun Eegemëttelen hunn, fir kënnen e Kreditt ze kréien.

Déi Mesure ass ëmgesat ginn an do ass d'CSSF als responsabel Autoritéit dermat befaasst, och ze kontrolléieren, wéi d'Banken dat ëmgesat hunn.

Mä et gëtt eng ganz Rëtsch aner Mesuren, déi kéinten an d'A gefaasst ginn, an dat wäert de Comité du risque systémique an den nächste Méint och kucken, sech och drun inspiréieren e bëssen, wat aner Länner gemaach hunn. An et muss een an där Saach natierlech och ganz vernünfteg sinn, well wann een do ze drastesch Mesuren hëlt, dann huet een natierlech e vill ze direkten a plëtzlechen Impakt op d'Wirtschaft an op dee Secteur. An dat muss een natierlech och évitéieren.

A vu dass de Risque à moyen terme ass, brauch een och net iwwerstierzt ze reagéieren. Mä an dësem Projet selwer ass awer och schonn en Deel vun der Äntwert op dee Risque. Firwat? Majo doduerch, dass d'Banke mussen d'Kredittwürdegkeet vun de Clientë jo vun der Direktiv aus an elo vun der Applikatioun hier aus testen, ass deen Drock op d'Banken an och par rapport zu de Clientë méi grouss wéi e virdru war, soudass ee kann effektiv soen, dass dës Direktiv zur Bekämpfung vun der Deierecht ka bäidroen oder op d'mannst bäidroe kann, dass d'Clienten, déi keng gutt Kredittpositioun hunn, keng Kreditter kréien, wat en fait eng besser Saach ass, wéi dass se Geld an d'Hand gedréckt kréien an dann herno Faillitten entgéintginn.

Ech mengen, dat wären d'Haaptäntwerten, déi ech hei wéilt ginn. An ech freeë mech, dass mer hei e breede Konsens hunn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, den Här Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Merci dem Här Finanzminister fir all déi Äntwerten, déi sécherlech déi ganz Thematik e bësselche méi kloer maachen. Allerdéngs bei enger Fro, mengen ech, do hu mer e bësse laanschteneegeschwat, Här Minister. Dofir wollt ech awer nach eng Kéier déi Fro widderhuelen, well Der mer u sech net op déi Fro geäntwert hutt.

Ech mengen, mir sinn eis alleguer eens, wat de Régime juridique betrëfft vun deene Kontrakter, déi tëschent dem 21. Mäerz an haut gemaach gi sinn oder an Zukunft gemaach ginn. Déi falen elo ënnert dat neit Gesetz.

D'Fro stellt sech awer, well dat am Moment och oft virkënnt, wéi déi Kontrakter behandelt ginn, déi virum 21. Mäerz ofgeschloss gi sinn a wou elo d'un commun accord déi Kontrakter ëmgeännert ginn. Well et gëtt zum Beispill ganz vill Leit, déi am Moment bei d'Banke ginn a mam Accord vun de Banken aus engem Taux variable en Taux fixe maachen. Dat heescht, si änneren hei eng vun den essenzielle Konditioune vum Kontrakt.

An do ass meng Fro oder eis Fro déi: Wéi ginn déi dote Kontrakter behandelt, juristesch? Falen déi elo ënnert dat neit Gesetz, wat méi favorabel ass fir de Kredittneemer, oder bleiwen déi ënnert deem ale Gesetz? Dat ass eigentlech déi konkret Fro, wou ech awer frou wär, Här Finanzminister, wann Der eis kéint eng Äntwert ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Finanzminister, wann Der wëllt.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Jo, also esou eng einfach Fro ass dat net, juristesch gesinn, well do gëtt et Argumenter an déi zwou Richtungen. Ech si jo selwer Jurist, dofir kann ech dat gutt beuerteelen, ouni de Sujet elo à fond traitéiert ze hunn. Mä dat hänkt erëm eng Kéier zu engem gewëssenen Deel vun der Liberté des parties of.

Wa sech d'Partien eens ginn, dass dat en neie Kontrakt ass, ob dat deen ee wëllt, ob d'Bank dat wëllt oder ob de Client dat wëllt, jo, da gi se sech eens, dass et en neie Kontrakt ass. Wa se awer soen: „Neen, et ass keen neie Kontrakt, et ass eng Fortféierung vun engem alen", jo, dann ass et en alen.

Muss de Législateur dat onbedéngt tranchéieren? Ech mengen, déi Fro kann ee jo och am Raum stoe loossen, dass ee seet: Majo, dat ass d'Liberté des parties, fir dat ze bestëmmen. Dat ass net tranchéiert. Dat ginn ech gären zou, dass et net tranchéiert ass. Mä dat ass mat engem gudde Grond net tranchéiert, well mer geduecht hunn, dass et net indispensabel wier, dat ze tranchéieren. Voilà!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Roth fir eng Fro oder Zwëschebemierkung.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo. Ech soen dem Här Minister och Merci fir déi Erklärungen, déi e ginn huet, quitte dass dat Lescht, wat den Här Mosar ugeschwat huet, eng Saach ass, déi awer vill Leit en fin de compte wäert concernéieren. Well ech kéint mer virstellen, well d'Zënsen elo niddreg sinn, dass vill Leit kucken, fir en Deel vun hirer Schold op Taux fixe ze maachen.

Ech hunn awer eng aner Fro, wou de Minister net drop geäntwert huet. Mir sinn net mat der Position de vote vun der ADR d'accord, mä ech wëll awer soen: Dee Problem, deen den Här Reding opgeworf huet, näämlech de Problem vun den Zwangsversteigerungen, do gëtt net vill driwwer geschwat. Dee besteet awer reell. Well bis et zu enger Zwangsversteigerung vun enger Immobilie kënnt, do sinn d'Leit an Nout. Ob se deelweis dru schold oder deelweis net dru schold sinn, dat sief dohinnergestallt, mä se sinn an Nout.

A mir gëtt awer regelméisseg rapportéiert vu Leit, déi dat awer e bësse suivéieren, dass do heiansdo Abuse gemaach ginn. An déi Leit stinn do virun engem Fait accompli, näämlech dass se gesot kréien op enger Stee: „Ech hunn eng Offer vun esou vill, déi ass e gutt Stéck ënnert dem Wäert vun dem Immeubel", an da geet een nach eng Kéier ronderëmmer an et ass keen aneren, dee sech do méi mellt, an da gëtt zougeschloe fir dee Montant. Wat duerno geschitt, dat entzitt sech da vläicht menger bewosster Kenntnis. Ech wëll et och léiwer net wëssen.

Ech mengen, et wär utile, Här Minister, wann Der géift kucke mat der Chambre des Notaires an och mat de Vertrieder vun der Statsbank, vu dass d'Spuerkeess oft déi ass, wou d'Leit ganz vill Prête maachen, Immobilieprêten, dass een dann eng Kéier géif elo vläicht vum Januar profitéieren, wou et méi roueg ass awer um Niveau vun der Finanzkommissioun a vun der Budgetskommissioun vun der Chamber, dass Der eng Kéier do géift matkommen an dass d'Deputéierten do këinten an enger geschlossener Sitzung déi Froe stellen, déi se utile fannen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Finanzminister huet d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Jo, ech maachen dat ganz gären. Ech fannen dat eng ganz räsonabel Propositioun. Et ass jo e Problem, dee mer säit laanger Zäit kennen. A wa mer do kënne Progrèse maachen, sinn ech ganz gär bereet, mat den Deputéierten doriwwer ze schwätzen.

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, als President vun der Cofibu gesinn ech och kee Problem, datt een dat eng Kéier, wann een effektiv e bësse méi Rou huet, ka maachen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Beispiller gëtt et. Merci.

Da géife mer zum Vott iwwert de Projet de loi 7025 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7025 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi 7025 ass mat 55 Jo-Stëmmen, 3 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Tess Burton), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer kommen zum Projet de loi 7007, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Steierverwaltung. An d'Madamm Rapporteur, d'Joëlle Elvinger, ass scho prett. Madamm Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

4. 7007 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice.*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 25. Mäerz 2015 hu mer op dëser Plaz d'Gesetz iwwert d'Reform vum öffentlechen Déngscht gestëmmt, dat déi nei Gehälterkategorië beim Stat, notamment fir d'Bachelor-Carrière, agefouert hat. Duerch dës Reform ass dunn eng Adaptatioun vum modifizéierte Gesetz vum 17. Abrëll 1964 iwwert d'Reorganisatioun vun der Steierverwaltung néideg ginn.

Bei dësem Gesetzesprojet 7007, iwwert dee mer elo hei diskutéieren, geet et also ënner anerem elo drëms, d'Gesetz vun 1964 iwwert d'Reorganisatioun vun der Steierverwaltung un déi nei Gehälterkategorie A2 beim Stat, déi un d'Bachelor-Carrière gebonnen ass, ze adaptéieren. Et ginn dann och verschidden Dispositioune gestrach, wat de Statut vum Fonctionnaire ugeet, an Dispositiounen, déi scho vereelst waren. Vu dass verschidde Fonctionnairë vun der Steierverwaltung awer Prärogativen hunn, déi vum Droit commun ofwäichen, wéi d'Fixatioun an d'Anzéie vu Steieren, Taxen a Cotisatiounen, gi fir si déi spezifesch Titele bäibehalen, déi am ale Regimm virgesi waren, awer net méi am Gesetz vun 2015 iwwerholl gi sinn.

Esou erlaabt dëse Gesetzesprojet et, dass Beamten, déi Héichschoulstudie gemaach hunn, kënne Préposé ginn oder aner Fonctiounen iwwerhuelen, déi ausserhalb vun der Direktioun sinn, wat virdrun net méiglech war. Dëst betrëfft zum Beispill de Steierbüro 6 oder de Bureau de recette Luxembourg.

De Statsrot huet a sengem Avis e puer Remarquen technescher Natur gemaach, déi an der Kommissioun och diskutéiert goufen. An d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet dëse Gesetzestext an hirem Avis begréisst.

Här President, virun e puer Wochen hu mer d'Dispositioune vun der Reform vun der Fonction publique op d'CSSF ugewannt, an elo ass et also dann hei un der Steierverwaltung. Et ass wichteg, dass mer déi nei Modalitéiten och hei applizéieren, fir eng bestëmmte Kohärenz ze schafen; dat awer ëmmer am Respekt vun der Spezifissitéit vu bestëmmten Organismen.

D'Steierrecht ass eng ganz technesch Matière. An et ass wichteg, dass d'Leit, déi an der Steierverwaltung schaffen, dës Matière och gutt beherrschen. An et ass och am Intérêt vum Stat a vun eis alleguerten, dass d'Steierverwaltung gutt fonctionnéiert a gutt Leit beschäftegt. Ëmsou méi freet et mech, dass am Budget 2017 och virgesinn ass, dass d'Steierverwaltung mat Personal opgestockt gëtt, fir dass dës wichteg Matière och prioritär ka behandelt ginn. An ech denken do virun allem un déi nei Dispositiounen an der Steierreform, déi d'Bekämpfung vun der Fraude fiscale betreffen.

D'Steierverwaltung mécht eng exzellent Aarbecht a si huet och ganz vill exzellent Leit, mä d'Aarbecht gëtt ëmmer qualitativ méi usprochsvoll an d'Aufgabe ginn ëmmer méi breet.

Dëst gesot, géif ech dem Finanzministère a senge Beamten e ganz grousse Merci soen. An ech ginn natierlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den Här Gilles Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Och d'CSV kann dësem Gesetzesprojet seng Zoustëmmung ginn. Ech mengen, eist Land huet schonn zënter Jorzéngten exzellent Steierbeamten, net nëmmen an den direkte Steieren, mä och am Enregistrement an op der Douane. An et sollt een och deene Verwaltungen déi néideg Méiglechkeete ginn, fir déi Leit esou anzesetzen, wéi dat am effikassten ass.

Dofir wëll ech der Rapportrice, dem Joëlle Elvinger, villmools Merci soen. An ech ginn d'Zoustëmmung am Numm vun der CSV-Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Roth. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Jo, Merci, Här President. Och vun eis e grousse Merci un d'Joëlle Elvinger fir säi gudde Rapport. An ech ginn och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Merci, Här President. Och mir ginn den Accord zu dësem Projet. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech ka mech nëmmen de Wierder vu menge Virriedner uschléissen an och den Accord vun eiser Säit bréngen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo, Merci, Här President. Mir ginn och eisen Accord.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Finanzminister, dee gradesou kuerz wäert sinn.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Jo, ech freeë mech iwwert d'Unanimitéit, an d'Steierverwaltung seet Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7007 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7007 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Yves Cruchten), Tess Burton (par Mme Claudia Dall'Agnol), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

An ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Zaghaft, mä et ass dann esou décidéiert. Merci.

Da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 7097 betreffend eng Rei vu fiskale Konventiounen oder Konventiounen am Fiskalberäich. An d'Madamm Elvinger ass scho prett, fir de Rapport ze maachen. Madamm Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

5. 7097 - Projet de loi portant

1. approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de sa Majesté le Sultan et Yang Di-Pertuan de Brunei Darussalam et tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 14 juillet 2015;

2. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Hongrie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 10 mars 2015;

3. approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Sénégal tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 10 février 2016;

4. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Serbie tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 15 décembre 2015;

5. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Orientale de l'Uruguay tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 10 mars 2015;

6. approbation du Protocole, signé à Kiev, le 30 septembre 2016, entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'Ukraine en vue de modifier la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'Ukraine tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Kiev, le 6 septembre 1997;

7. approbation de l'échange de lettres signées à Luxembourg, le 18 juin 2015 modifiant les lettres signées à Bruxelles, le 7 juillet 2009 et précisant les conditions ainsi que les modalités à respecter en cas d'une demande de renseignements faite en vertu de l'article 24 de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Autriche tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 18 octobre 1962

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzestext, dee mer elo hei virleien hunn, huet als Objet, fënnef Duebelbesteierungsofkommessen ze approuvéiere souwéi ee Protokoll zu enger Konventioun an en Échange de lettres mat Éisträich.

Ech brauch op dëser Plaz net méi laang ze widderhuelen, wéi wichteg dës Duebelbesteierungsofkommesse fir d'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft sinn. Esou Accorde si gutt fir d'Entwécklung vun eise bilaterale Wirtschaftsrelatiounen a favoriséieren den Échange vu Gidder a Servicer. Si sinn awer och néideg, fir d'Fraude fiscale an d'Évasion fiscale ze bekämpfen. Mat deenen Duebelbesteierungsofkommessen, déi mer haut approuvéieren, wäert Lëtzebuerg eng ronn 80 Konventiounen hunn, déi a Kraaft sinn. D'Steierverwaltung ass awer nach a Verhandlung mat enger Rei anere Länner. Zypern bleift nach wie vor dat eenzegt Land an der EU, mat deem Lëtzebuerg keen Duebelbesteierungsofkommes huet.

Ech ginn da kuerz eng Kéier op déi verschidden Accorden an.

Bon, d'Konventioun mam Brunei Darussalam vun 2015 huet als Zil, eis wirtschaftlech a kulturell Échangë mat dësem Land ze verdéiwen.

Dann hu mer d'Duebelbesteierungsofkommes mat Ungarn. Do war 1990 schonn eng Konventioun ënnerschriwwe ginn. Hei ass elo eng nei Konventioun vum 10. Mäerz 2015 an de respektive Protokoll; déi wäerten deen alen Text ersetzen.

D'Konventioun mam Senegal vun 2015 ass besonnesch interessant, well hei scho verschidden Dispositioune vu BEPS iwwerholl ginn. A Senegal ass jo och e ganz privilegéierte Partner vu Lëtzebuerg an der Kooperatioun.

No laange Verhandlunge konnt Lëtzebuerg dann och eng Konventioun mat Serbien ënnerschreiwen. An dësen Accord gëtt dann och elo hei approuvéiert.

D'Konventioun vun 2015 mat Uruguay erlaabt eis, eise Réseau vun Duebelbesteierungsofkommessen a Südamerika ze erweideren an ass e wichtegt Element, fir eis Kompetitivitéit am südamerikanesche Raum ze garantéieren a weider Investissementer aus dëser Regioun an eist Land ze bréngen.

Mat der Ukrain war 1997 schonn en Duebelbesteierungsofkommes ënnerschriwwe ginn, wat och 2001 vu Lëtzebuerg approuvéiert ginn ass, mä d'Ukrain hat dës Konventioun ni ratifizéiert. An no weidere Verhandlunge konnt dunn 2015 e Konsens fonnt ginn.

Den Échange de lettres tëschent dem Lëtzebuerger an dem éisträichesche Finanzminister huet d'Zil, d'Dispositiounen am Beräich vum Informatiounsaustausch dem internationale Standard unzepassen.

Här President, d'Regierung hat sech als Zil ginn, d'Netz vun den Duebelbesteierungsofkommessen nach weider auszeweiden. An an dësem Kontext ginn haut siwe Konventiounen entweder ganz nei ugeholl oder ofgeännert. Sou Verhandlunge sinn technesch komplex. An duerfir soen ech och dem Finanzminister an de Beamten aus der Steierverwaltung, déi op dëse Projete geschafft hunn an hei verhandelt hunn, e grousse Merci.

Ech géif dann och den Accord gi vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Elvinger. Den Här Mosar als Éischten.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Och hei e ganz grousse Merci un d'Rapportrice. Déi huet jo e richtege Marathon vu Rapporten an deene leschte Wochen hei ofgeluecht.

Mir wäerte bien entendu och eis Zoustëmmung zu dësen Accorde ginn. Ech wollt just vun der Geleeënheet profitéieren, eng generell Fro och hei un de Finanzminister lasszeginn. D'Rapportrice huet et virdrun ënnerstrach: Hei sinn elo Accorden, déi si scho BEPS-konform. Mir hunn der awer ganz vill, déi natierlech net BEPS-konform sinn.

D'Fro stellt sech: Wann elo au fur et à mesure déi eenzel BEPS-Bestëmmungen ëmgesat ginn, wéi fuere mer da mat deenen Duebelbesteierungsaccorden? Ginn déi dann eenzel nei verhandelt? Oder kënnt do generell e Gesetz, wat do einfach décidéiert, datt déi eben elo den neien Dispositiounen entspriechen? Do schéngt mer haaptsächlech natierlech e Problem sech ze stelle mat deene Länner ausserhalb vun der Europäescher Unioun. Ech mengen, innerhalb vun der Unioun hu mer jo souwisou keng. A mat deenen, déi och am europäesche Wirtschaftsraum sinn, hu mer och keng. D'Fro stellt sech awer, wéi gesot, wéi et mat all deenen anere Länner ass. Ginn déi, wéi gesot, nei verhandelt, oder kënnt do e generelle Projet de loi?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Mosar. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Jo, Merci, Här President. Merci un d'Madamm Elvinger fir hire gudde Rapport, an den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et gëtt heiansdo gemengt, hannendru wär eng Telefonskabinn. Ass et awer net.

(Interruption)

Merci dem Här Fayot. Den Här Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Jo, Merci, Här President. Ech schléisse mech menge Virriedner un a ginn den Accord och zu dësem Projet. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Kox. Keng weider Wuertmeldungen?

(Negation)

Dat ass net de Fall. Dann huet de Finanzminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Fir d'Éischt géif ech gär dem Joëlle Elvinger Merci soe fir de Bericht op dësem Projet de loi an nach op deem viregten, wou ech esou kuerz war, dass ech hir net Merci gesot hat.

Mir komme mat dësen Accorden, déi mer hei ofschléissen, vu 76 op 81 Traitéen de non double imposition, déi mer wäerten hunn. Domat hu mer e Réseau vu bilateralen Traitéen, deen extrem wäit ass an och am internationale Verglach relativ héich ass. Dat ass eng gutt Saach fir eis Kompetitivitéit, mä et ass och, wéi d'Deputéiert Joëlle Elvinger gesot huet, eng ganz gutt Saach, fir d'Fraude ze bekämpfen an enger Welt, wou déi Fraudebekämpfung ëmmer méi staark gëtt an ëmmer méi international organiséiert gëtt vum G20, vun der OCDE, an da vun der Europäescher Unioun ëmgesat gëtt.

Bei der Fro vum Deputéierte Mosar géif ech gären drop hiweisen, dass et zwou Méiglechkeete gëtt, fir déi Konventiounen ze amendéieren. Dat eent ass natierlech, dass een dat bilateral mécht. Da misste mer déi 81 bilateral

changéieren. Et ass och esou, souguer an deenen heiten, wann ech mech net iren, ech hunn dat net am leschten Detail gekuckt, mä ech mengen, dass souguer déi heiten alleguerten net komplett BEPS-konform sinn. Déi eng oder aner huet elo emol eng BEPS-Mesure dran, mä se nach net alleguerten. Soudass mer effektiv kënnen dovunner ausgoen, dass déi 81 Konventioune missten amendéiert ginn.

Dofir huet d'OCDE d'Initiativ geholl, en Instrument multilatéral ze schafen. Deen ass och bal ofgeschloss. Dat huet am Joer 2015 ugefaangen an et ass am Laf vun dësem Joer, wou et bal fäerdeg ginn ass. Et sinn nach e puer Punkten, déi opstinn. Déi missten am Januar/Februar gekläert ginn. An dann hu mer en Instrument multilatéral vun der OCDE.

An da kann een en fait déi Konventiounen hei zum Deel, zu engem groussen Deel en bloc amendéieren, andeem ee Member gëtt vum Instrument multilatéral vun der OCDE op där enger Säit. Einfach ass déi Saach trotzdeem net, well d'Länner alleguerte mussen uginn, wat fir eng Mesurë vu BEPS se direkt ëmsetzen oder net ëmsetzen, do, wou se Reserven hunn. Soudass een herno eng Schabloun brauch, fir ze wëssen, wéi een et da fir all eenzel Land amendéiert huet au vu vun de Reserve vu Lëtzebuerg a vun deem Partnerland.

Mir wäerten natierlech op de Wee goen, fir et iwwert de multilaterale Wee ze maachen, well dat vill méi effikass ass, wann dat sech dann elo duerchsetzt als System. An dat wäert eis dann och erlaben, relativ séier BEPS-konform ze sinn, wat natierlech am Intérêt vum Land ass, dass mer dat maachen.

Ech wëll och ënnersträichen, dass mer eis geschloen haten an der OCDE, fir dass mir vertruede sinn an deem Grupp, deen dat ausgehandelt huet. An eisen Ambassadeur Paul Dühr op der OCDE war e Member vun deem Grupp, deen dat mat ausgeschafft huet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Finanzminister. Da si mer prett, fir iwwert de Projet 7097 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7097 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Yves Cruchten), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Compte général vun 2015. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Rapporteur, d'Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

6. 7005 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2015

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

Mme Diane Adehm *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 7005 iwwert d'Statskonte vum Exercice 2015 ass den 20. Juni 2016 an der Chamber déposéiert ginn. Laut dem Artikel 11 vum Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat missten d'Konten awer spéitstens den 30. Mee vum Joer drop déposéiert ginn. Well et awer schwiereg ass, fir déi néideg Informatioune bis den 30. Mee zesummenzekréien, wann d'budgetär Joer eréischt den 30. Abrëll ofgeschloss gëtt, ass den Datum vum Dépôt ëmgeännert ginn an dëst op den 30. Juni, mat enger Emännerung am Artikel 53 vum Gesetzesprojet 7050 iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2017.

Den 23. September 2016 huet d'Regierung eng Partie Amendementer erageréecht. Hei ass et drëms gaangen, fir engersäits e Redressement vum Garantiefong ze maachen an dann och deementspriechend d'Avoire vun de Spezialfongen unzepassen. Anerersäits gouf et eng Regulariséierung vun den Ausgabe vun der Renovéierung vun der Fassad vum Héichhaus um Kierchbierg. Hei koum et zu engem klengen Dépassement ënner 5% vum Gesamtbetrag. An dësen Dépassement gëtt am Kader vum Gesetz iwwert d'Statskonte regulariséiert.

Wat d'Zuele selwer vun de Konte vum Stat ugeet, esou ass zréckzebehalen, dass den Exercice ofgeschloss gouf mat engem Defizit vu 460,7 Milliounen Euro. Dëst sinn 107,6 Milliounen Euro manner Defizit, wéi am Budget fir d'Joer 2015 virgesi war.

Här President, a mengem schréftleche Rapport fannt Dir den Detail vun den Zuelen, wat de Compte général 2015 ugeet. Ech wéilt hei just e puer Posten opzielen, déi vill méi héich oder manner héich waren, wéi am Budget 2015 virgesinn.

Op der Recettësäit sinn et folgend Posten: D'Recettë vun der TVA waren 102 Milliounen Euro méi héich. D'Recettë vun den Droits d'enregistrement ware 46 Millioune méi héich. D'Einnamen aus der Taxe d'abonnement ware ganzer 129 Milliounen Euro méi héich. Et gouf en zousätzlecht Gebai verkaaft, wat 90 Milliounen erabruecht huet. D'Recettë vun der Betribssteier ware 34 Milliounen Euro méi héich. An d'Verméigenssteier war 100 Milliounen Euro méi héich.

Et ass awer och ze bemierken op der Recettësäit, dass d'Lounsteier 140 Millioune manner erabruecht huet, wéi virgesinn, an dass den Deel, dee Lëtzebuerg zegutt huet un den Droits de douane et d'accise iwwert d'Union économique belgo-luxembourgeoise, 65 Milliounen Euro manner erabruecht huet.

Op der Ausgabesäit sinn et folgend Posten: 330 Milliounen Euro ginn zousätzlech 2015 an de Fonds de réserve, an 130 Milliounen Euro goufe weider u Subventions d'exploitation ausbezuelt.

Wat d'Presentatioun vum Budget no der europäescher Method, der sougenanntener SEC 2010-Presentatioun ugeet, do huet d'Kommissioun festgestallt, dass dës Zuelen dem Compte général vun 2015 bäileien. D'Budgetskontrollkommissioun huet dës Zuele scho méi laang an der Vergaangenheet gefrot an ass frou, dass si se am Kader vum Compte général 2015 kritt huet. Op Basis vun der SEC 2010-Presentatioun hat de Budget en Defizit virgesi vun 876 Milliounen Euro beim Zentralstat. Schlussendlech war et awer nëmmen en Defizit vun 207 Milliounen Euro.

Bei der ëffentlecher Verwaltung, also dem Zentralstat, dem Gemengesecteur an der Sécurité sociale zesummen, war en Defizit virgesi vun 135 Milliounen Euro. An effektiv koum en Iwwerschoss vu 672 Milliounen Euro um Enn vum Joer 2015 eraus.

An der Sitzung vum 3. Oktober 2015 huet d'Cour des comptes der Budgetskontrollkommissioun hiren Avis iwwert d'Statskonte vun 2015 virgestallt. Am Kader vun de Statskonten 2015 op Basis vun der SEC 2010-Method hält d'Cour des comptes fest, dass den Zentralstat d'Resultat vun de gesamtëffentleche Finanzen erofdréckt. Si stellt och fest, dass d'Schold vum Zentralstat an absolutten Zuele fir 2015 onverännert bleift, am Verglach zu 2014. Mä a Prozent par rapport zum PIB geet d'Schold vun 22,9% op 21,5% zréck.

Lëtzebuerg ass also nach ëmmer wäit ënnert der Verschëldung vu 60%, déi d'Maastricht-Kritären zouloossen.

Wat d'Situatioun vun de Spezialfonge vum Stat ugeet, esou stellt d'Cour des comptes fest, dass d'Avoire vun dëse Fongen am Joer 2015 ëm 60 Milliounen Euro eropgaange sinn. Wat de Budget pour ordre ugeet, also déi Gelder, déi de Stat anzitt, fir weiderzeleeden, weist d'Cour des comptes drop hin, dass dëst Joer den Déséquiliber bei 6,7 Milliounen Euro läit.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Cour des comptes huet sech och mam Zukunftspak auserneegesat. Si hat an dësem Zesummenhang schonn d'lescht Joer gefrot, fir eng detailléiert Opstellung ze kréien, wat all eenzel Mesure bruecht huet. Leider huet d'Cour des comptes misse feststellen, dass d'Regierung hirer Demande och dëst Joer net nokomm ass. Et steet just am Gesetzesprojet iwwert d'Statskonten, dass déi 258 Mesuren am Ganze fir d'Joer 2015 182,7 Milliounen erabruecht hunn. D'Krisesteier huet 84,6 Milliounen Euro d'lescht Joer erabruecht. An d'TVA-Erhéijung huet 207 Milliounen Euro erabruecht.

D'Budgetskontrollkommissioun schléisst sech der Demande vun der Cour des comptes un a freet, dass d'Detailer fir all eenzel vun den 258 Mesuren aus dem Zukunftspak integrale Bestanddeel vun de Statskonte solle si fir déi nächst Joren.

Här President, an hirer Sëtzung vum 24. November 2016 huet d'Budgetskontrollkommissioun sech mam Statsrot sengen Avisen auserneegesat. De Statsrot analyséiert d'Presentatioun vun de Statskonten a stellt fest, dass d'Kontroll vun der Ausféierung vum Budget schwiereg ass, well engersäits hu mir d'Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat, anerersäits gëtt et awer och déi europäesch Method SEC 2010, fir de Budget ze presentéieren.

De Statsrot freet, wéi schonn an der Vergaangenheet, dass déi zwou Methode sollen uneneen ugepasst ginn, fir d'Kontroll vun der Ausféierung vum Budget ze maachen. D'Budgetskontrollkommissioun schléisst sech deem un.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend soen ech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun zum Statskont 2015.

Ech wéilt awer drop opmierksam maachen, dass dat net heescht, dass mir nodréiglech de Budget vun 2015 approuvéieren.

(Interruptions)

Mir stëmmen dëse Gesetzesprojet, well de Budget 2015 technesch korrekt duerchgefouert ginn ass.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Adehm. D'Wuert huet elo d'Madamm Brasseur.

Discussion générale

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Merci, Här President. Ech géif och den Accord vun der DP-Fraktioun dozou ginn an och soen, dass mer an der Budgetskontrollkommissioun ganz gutt zesumme schaffen. Eng vun den Aufgaben oder eng vun deene gréissten Aufgabe vun engem Parlament ass et jo, fir d'Regierung ze kontrolléieren. An dat soll zum gréissten Deel iwwert de Budget geschéien.

Ech wëll de Kolleegen, déi méi nei sinn hei an der Chamber - jiddwereen ass méi nei hei an der Chamber wéi ech, mä et sinn der awer eng Partie vun lech, déi si schonn eng Zäitchen hei -, soen, dass mer, wat déi Kontrollfonctiounen ubelaangt huet, ganz schlecht dostoungen. Mir hunn näämlech mat Jore Retard hei d'Konten ugeholl. An dunn hu mer 1999 dat Gesetz gestëmmt mat där Deadline, déi elo grad vun der Madamm Adehm genannt ginn ass. Mä déi war einfach ze strikt, déi konnt net agehale ginn.

Mä mir hu Joren drop eréischt d'Konten hei approuvéiert. Mir woren also wierklech ausserhalb vun all Kontrollfonctioun, déi e Parlament sollt ausüben.

Ech wëll och soen, dass mer Progrèse gemaach hunn, och wat d'Investissementer ubelaangt. Mir hate ganz oft en Dépassement vun Devisen. Dofir hu mer och do d'Approche an d'Method geännert. A mir hu lues a lues Progrèse gemaach. An ech wëll och do - en ass elo leider net hei - dem Här Wiseler als viregte Minister vun den Travaux publics Merci soe fir déi gutt Kollaboratioun, well mir konnten doduerch déi Devisen ëmmer méi no respektéieren. A mir hate virgëschter Budgetskontrollkommissioun iwwert d'Travauxe vun de Bâtiments publics, an do ass kee vun de Projeten iwwert den Devis komm. Och dat muss ee soen. An dat ass wichteg, fir dass dat, wat mer hei als wichtegst Gesetz am Joer stëmmen, dass dat och esou exekutéiert gëtt, wéi de Législateur dat gewollt huet.

An ech géif finalement dem Finanzminister félicitéiere fir déi Rigueur, mat där de Budget elo ugaange gëtt. Et ass hei vun de Mesurë geschwat ginn, vun deenen 258 Mesurë vum Zukunftspak, mä wann een do den Total hëlt… An ech wëll dat nach eng Kéier soen: Wann déi Mesuren net geholl gi wieren, da wieren d'Dépensen net nëmmen ëm déi 182 Millioune méi héich gewiescht, mä da wier am Etat d'esprit dat esou virugelaf. An ech fäerte ganz, dass d'Dépensen dann nach méi héich gi wieren.

Dofir wëll ech wierklech der Regierung félicitéieren an och all deene Merci soen, déi drun deelgeholl hunn, dass deen Zukunftspak awer réusséiert, wat ons d'Méiglechkeet gëtt, elo e Budget ze stëmmen, hoffentlech ze stëmme muer, deen déi Zuele weist, déi mer elo hunn. Dofir e grousse Merci un de Finanzminister.

An da wollt ech nach eng Kéier de Membere vun der Kommissioun e grousse Merci soen, der Presidentin, dass mer do wierklech probéieren, ëmmer am Konsens ze schaffen, well hei geet et ëm d'Kontrollfonctioun vun der Chamber. An déi gëtt ganz gutt exekutéiert.

Ech soen Iech villmools Merci, Här President.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Brasseur. Dann den Här Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President. An och villmools Merci un d'Rapportrice, un d'Madamm Diane Adehm, an och un d'Wierder vun der Madamm Anne Brasseur, wou ee muss soen, dass mer och där Kontrollmissioun an der Comexbu gerecht gi sinn, wéi d'Madamm Brasseur elo gesot huet.

A virun allem wëll ech awer och e grousse Merci un den Här Finanzminister soe fir seng gutt Exekutioun vum Budget 2015, wou jo en Defizit vu 568 Milliounen estiméiert gi war, déi mer jo och gestëmmt haten, wou mer awer ofgeschloss hu mat engem realiséierten Defizit vu 461 Milliounen. Dat maachen also 107 Millioune manner Defizit. Ech mengen, dat ass eng gutt Leeschtung, fir dass mer an dësen Zäiten och nach manner Suen ausginn, gesamt gesinn, wéi virgesinn.

Dozou kënnt, wann ee bedenkt, dass mer trotz deene manner groussen Defiziter och nach eng ronn 400 Millioune méi am Invest gemaach hunn, ass dat eng duebel Leeschtung, well jo och nach vill méi Recetten erakomm sinn. D'Detailer kennt Der dovun. Méi Invest bedeit an dëser Zäit, an dat huet de Budgetsrapporteur Claude Haagen gëschter jo richteg gesot, an Dir och, Här Finanzminister, nach de Moien, dass dat jo och wichteg ass, fir de Moment eis Ekonomie weider unzekuerbelen an och domadder d'Konsumkraaft ze steigeren, wéi dat jo och vu Bréissel nach ëmmer weider gefuerdert gëtt. Well déi Situatioun, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, déi gutt Situatioun, ass jo an Europa net ëmmer de Fall. An dofir ass et wichteg, dass mer gesamteuropäesch och do d'Ekonomie weider undreiwen.

Wann een elo awer dervun ausgeet, dass ee souguer ee Moment seet, déi 400 Milliounen, déi mer méi investéiert haten, déi jo net gestëmmt waren, wann een déi net ausginn hätt, da wär ee souguer op en Defizit komm, dee sech quasi opgehuewen hätt. A wann een dat rechent, da wäre mer op 56 Milliounen Defizit komm. Dat heescht, do kéint ee quasi soen, dann hätte mer eng stabill Situatioun.

Soudass ech mengen, dass ee ka soen, dass déi Schold, déi mer maachen, dass mer déi, wéi Der virdrun och gesot hutt, fir deen nächste Budget reng an den Invest finanzéieren, wat, mengen ech, eng gutt Saach ass, well mer mat engem ganz héijen Taux vun Invest fueren, wou Der virdrun erkläert hutt, deen och europawäit un der Spëtzt steet, wéi Der eis virdru ganz flott un deenen Diagramme gewisen hutt. Dofir kënne mer lech nëmme félicitéieren, op deem dote Wee weiderzegoen.

Wann een elo natierlech kuckt als Budgetskontrollkommissioun, wa mer méi Suen ausginn - an da maachen ech dat mat engem klenge Clin d'œil op déi Proposition de loi, déi ech virun enger Zäit gemaach hunn iwwert d'LOLF -, da muss ee sech just vläicht froen, dass et awer gutt ass, wann ee méi Suen ausgëtt, dass een dat och iergendwann am Laf vum Joer beschwätzt an dass een dat och vläicht mat Zäit gewuer gëtt.

Dofir wär vläicht eng kleng Propositioun: Ech mengen, mir kréie jo all Trimester den Tableau des recettes proposéiert, ob een do net vläicht - ech weess, dass dat méi schwéier ass - och mat den Dépensen eppes Äänleches eis kéint presentéieren. Bon, dat ass ëmmer mat engem gewëssene Retard, wou dat exekutéiert gëtt, mä ech mengen, do gëtt et jo och mat dem SAP-System en Engagé. An ech mengen, do kéint een dat vläicht an deem Sënn eis och presentéieren.

Ech mengen, dat ass eng ganz kleng Propositioun. An deem Sënn géif ech dem Finanzminister nach eng Kéier wëlle félicitéieren an och den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Negri. Den Här Kox.

(Interruption)

Ah, d'Madamm Lorsché. Ech hat den Här Kox nach hei stoen.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Ech maachen et e bësse méi kuerz. Och mir schléissen

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

eis de Wierder vun de Virriedner un. D'Madamm Brasseur ass in extenso op déi gutt Zesummenaarbecht agaangen, déi mer an der Budgetskontrollkommissioun hunn. Ech wéilt der Madamm Adehm als Presidentin a Rapportrice villmools Merci soen a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus der Madamm Adehm Merci soe fir de Rapport an och déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer an der Comexbu hunn. Ech wëll just zwou Remarquë maachen.

Et ass hei elo vu verschiddene Virriedner gesot ginn, datt den Exercice 2015 besser ausgaangen ass, wéi mer dat geplangt haten. Den Defizit ass op 460 Milliounen op d'Joer zréckgaangen. Dat sinn 107 Millioune manner, wéi en initial am Budget virgesi war.

Mä et muss een awer och fairerweis do derbäisoen, datt an deem Joer de Stat e Gebai verkaaft huet, wat 90 Milliounen erabruecht huet, wat net am Budget virgesi war. A wann een déi 90 Millioune géif derbäirechnen, dann hätte mer am Fong, wat den Defizit ubelaangt, eng Punktlandung gemaach.

Dat gesot, wëll ech vun eiser Säit aus den Accord ginn, dat, well mer domadder wëllen dokumentéieren, datt dëse Budget administrativ korrekt exekutéiert ginn ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Gibéryen. Den Här Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Jo, mir wäerten natierlech och eisen Accord dozou ginn. Et ass schonn alles gesot ginn. Ech wäert dobäi bleiwen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann huet de Finanzminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Fir d'Éischt meng Wierder vun Dank un d'Madamm Adehm fir déi Aarbecht als Presidentin, a si mécht dat ganz gutt, an och fir dee ganz detailléierte Bericht, deen op déi Haaptpunkten den Akzent gesat huet an e gudden Iwwerbléck ginn huet.

Ech mengen, dass dës Regierung versicht huet, an de Budget méi Transparenz eranzebréngen. Et ass natierlech ëmmer méiglech, nach méi transparent ze sinn. Ech hunn och Äre Message esou verstanen. D'Madamm Adehm an anerer hunn awer och ënnerstrach, dass mer, zum Beispill wat den Zukunftspak ubelaangt, en fait extrem transparent waren, andeem mer déi 258 Mesuren emol éischtens op den Dësch geluecht hunn, gesot hunn, mir géifen dat iwwer véier Joer applizéieren. A mir monitoren dat regelméisseg. Also, dat ass et menges Wëssens zu Lëtzebuerg nach ni esou ginn.

Ech hunn och op eng parlamentaresch Fro hin am September oder am August am Detail bei all Mesure Informatioune ginn. Ech huelen zur Kenntnis, dass d'Cour des comptes an d'Comexbu déi detailléiert Chiffere gären hätten. Et ass natierlech ëmmer eng Foto. Mir wäerte kucken, wéi mer där Demande do kënnen nokommen.

Ech bleiwen nach bei der Form, déi Suggestioune vum Deputéierten Negri, fir ze soen, mir sollen dann, äänlech wéi mer et bei de Recettë maachen, trimestriell Tableaue maachen. Wann ech mech richteg erënneren, wa mer déi trimestriell Diskussioun hunn, hu mer jo och ëmmer en Tableau vun den Dépensen, deen dat begleet. Et ass also net, dass dépensëméisseg näischt do ass. Do gëtt och e gewëssenen Detail geliwwert. Wann een do wéilt an den Investissement méi maachen, wann dat Äre Virschlag ass, dann huelen ech dat esou mat an de Ministère a kucken, wéi mer do zousätzlech Informatioune kënne ginn.

Ech bleiwen nach bei der Form. Mir hunn effektiv e komplizéierte System mat dem Gesetz iwwert d'Comptabilité nationale vun 1999 an den europäesche System SEC 2010. Et gëtt haut a säit enger Rëtsch Joren elo awer Gott sei Dank eng Method, fir vun deem enge Calcul op deen aneren ze goen. Dat ass et viru Joren nach net ginn. Haut hu mer dat. Et ass och ganz normal, dass mer dat sollen hunn, fir dass ee kann déi Ziffere matenee réconciliéieren.

Mir hunn och elo wëlles... Well mer och elo en neien Direkter an der IGF hu vum 1. Januar un, hu mer eis zu Häerz geholl, fir ze kucken, wéi mer dat kéinte vereinfachen. Mä ech soen lech, dat ass wierklech eng kolossal Aarbecht. Ech kann lech dofir haut net soen, wéi séier mer do wäerte virukommen, mä mir wäerten natierlech dat och am Zesummenhang an an der Diskussioun mat der Chamber maachen.

Ech freeë mech, dass alleguerten d'Deputéierten hei hiren Accord ginn. Mir fannen dat vläicht zu Lëtzebuerg eng Selbstverständlechkeet, dass no der Kontroll dann all Mënsch fënnt, dass de Budget technesch an der Rei ass. An dat hei huet näischt mat Parteipolitik ze dinn, dat huet mat enger gudder Gouvernance vun engem Land ze dinn!

Mir sollen eis freeën doriwwer, egal wien an der Regierung ass, dass mer deen Exercice kënne maachen, dass mer an d'Déift ginn, dass mer d'Froe beäntwerten, an dann als Konklusioun all Deputéierte seet, dass dee Budget uerdentlech exekutéiert ginn ass. Dat fannen ech ebe keng Selbstverständlechkeet. Ech fannen dat eng ganz gutt Noriicht fir eist Land.

Wat elo de Fong ubelaangt. Wa mer elo no der Lëtzebuerger Kontabilitéit kucke vun 1999, ass den Ënnerscheed vum Defizit, amplaz 500 an déi 80, 460, ronn 110 Millioune méi gënschteg. Dat ass richteg. Mä d'Ausdrockskraaft ass méi grouss am SEC-System vun Europa. An do ass den Ënnerscheed awer vill méi grouss wéi 100 Milliounen. Do gi mer vu ronn 800 Milliounen Defizit, déi virgesi waren, op ronn 200 Milliounen erof. Dat ass awer elo emol wierklech spektakulär!

A vu dass ech weess, dass hei ganz hëtzeg Debatte waren, wéi mer de Budget 2015 ugeholl hunn, fannen ech, dass ech awer muss ënnersträichen, dass mer eist Zil hei méi wéi erreecht hunn!

2015 war dat éischt Joer, wou mer eng grouss Abouss haten un TVA électronique (veuillez lire: TVA um Commerce électronique) an trotzdeem hunn all déi Mesuren, déi mer geholl hunn, gegraff. A wa mer och en esou vill bessert Resultat schreiwen, ronn 200 Milliounen Defizit no der europäescher Method, wat äänlech héich ass wéi d'Zënsen, déi mer bezuelen, kann ee jo wierklech soen, dass eise Budget fir 2015 am Équiliber ass.

An dat hu mer fäerdegbruecht, andeem mer net nëmme vun der gudder Konjunktur profitéiert hunn. Ech mengen, dat huet nach keen hei gesot. Mir hunn natierlech och vun der gudder Konjunktur profitéiert. A wann een d'Zifferen am Detail kuckt, gesäit een, dass d'Ziffere vun 2015 Folgendes hierginn: En Drëttel, e klengen Drëttel kënnt vun der Konjunktur an e bësse méi wéi zwee Drëttel komme vu manner Dépensen. Dat war jo och d'Zil, wat mer eis ginn hunn, an dat hu mer erreecht. An ech freeë mech, wéi gesot, iwwert d'Unanimitéit iwwert d'Konten 2015.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Finanzminister.

Mir géifen dann iwwert d'Konten 2015 ofstëmmen, de Projet de loi 7005.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7005 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 60-mol Jo. Domat sinn d'Konten unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Tess Burton), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A vu Kont géife mer zu Kont iwwergoen. Dës Kéier vun eis selwer, vun der Chamber fir den Exercice 2015. A viru mer steet schonn de Rapporteur, den Här Marc Lies, deen direkt d'Wuert huet.

7. 7084 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2015

Rapport de la Commission des Comptes

M. Marc Lies *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Häre, mir kommen zu den nächste Konten da vun der Chamber. Ech mengen, dat wonnert lech net, datt déi Konten e bësse méi niddreg ausgefall si wéi dat, wat mer elo just virdrun haten.

Wann ech dat awer proportionell zum PIB kucken, da stellen ech fest, datt et stabel ass a souguer deelweis erofgeet. 2009 hate mer eng Investitiounsquot vu 4,40% vum PIB. Ech huelen do just op der Säit 23 vum Här Haagen sengem Rapport dem Här Haagen seng Zuelen. 2009 hate mer Investitiounsquote vu 4,40% vum PIB, iwwert d'Period 2010 bis 2012 tëschent 3,9% a 4,2%. Den Här Gramegna hëlt ëmmer d'Joer 2013; ech kennen déi Zuele relativ genau, well ech weess, wat se och an der Praxis heeschen. Do hate mer e Joer, wou mer net esou vill realiséiert hunn, well eng ganz Rei Projeten net ugefaange gi sinn an net esou schnell virugaange sinn. Wann een iwwert d'Kontinuitéit vun all deene Jore kuckt, da gesäit een, datt eis Investitiounsquot an der Moyenne vill méi héich war tëschent 2010 an 2012, 3,9% a 4,2%. An d'Previsioun vun 2016 ass 3,94%, déi vun 2015 war 3,42%. Dat heescht, fir ze soen, „dat geet alles esou massiv an d'Luucht", dat ass, zumindest wann een et a Proportioun vum PIB kuckt, keng richteg Ausso.

Nach soen ech, well ech och op d'Valeur-absoluen halen, datt et gutt ass, datt Der se an d'Luucht setzt. An ech soen, ech kommen duerno nach eng Kéier drop zréck, datt ech mengen, datt se souguer prévisionnellement zumindest an den Investitiounsfongen nach méi missten an d'Luucht gesat ginn, wann Der wëllt déi Ziler erreechen, déi Der Iech selwer duerch Är Politik gitt. Mä do kommen ech am Detail nach drop zréck.

Wann ech d'Investitiounsfonge kucken a wann ech an d'Programmatioun vun de Projete kucken, déi momentan an den Investitiounsfonge stinn, déi amgaange si realiséiert ze ginn oder geplangt sinn, fir an deenen nächste Jore realiséiert ze ginn, esou stellen ech fest, datt et am Fong näischt aneres ass wéi dat, wat säit fënnef, sechs Joer op deene Programme scho steet, wat deelweis schonn amgaange war realiséiert ze ginn oder wat an der Programmatioun, an dem Ausschaffen, an der Planifikatioun war a wat dann elo realiséiert gëtt.

Ech maachen do och kee Reproche, et ass eng Feststellung. Ech begleeden et souguer positiv. Mir begleeden et souguer positiv, datt all déi Projeten do een nom aneren, dann, wa se räif sinn, ëmgesat ginn. Mä ech wëll awer och trotzdeem d'Proportionalitéit soen. Esou massiv an d'Luucht gesat ass dat sécher net, au contraire!

Wann ech hei de Conseil national des finances publiques liesen, dee mécht eng genau Analys vun der Investitiounspolitik vun der Regierung a kënnt zu folgende Konklusiounen, ech zitéieren: «Le CNFP conclut ainsi que les investissements de l'administration centrale ne sont pas» - ne sont pas! - «à l'origine de la détérioration du déficit de l'administration centrale ni de la dette publique, ni pour l'année 2017, ni pour le moyen terme.» Méi kloer kanns de dech an deem hei Kontext bal net ausdrécken. Ech soen et net! Et ass de Conseil national des finances publiques, deen et an dëser Däitlechkeet seet!

D'ailleurs ass de Conseil national des finances publiques net deen Eenzegen, deen et seet. Och d'Chambre de Commerce seet datselwecht, seet: «En termes relatifs, l'effort d'investissement de l'administration centrale - qui, pour mémoire, intègre les fonds spéciaux - tend à décliner au fil du temps.» An d'Chambre de Commerce seet nach, an dat ass hir Analys tëschent de Joren 2016 an 2020, datt mer et hei souguer mat engem „expenditure shift" ze dinn hunn. Wat heescht dat? Mä dat heescht: «Sur l'horizon couvert par le PLPFP» - dat heescht de Pluriannuel - «un glissement de dépenses (…) s'opérerait, (…), au détriment de la formation de capital et en faveur des dépenses courantes.»

Dat heescht, d'Analys, déi all déi Gremie maachen, ass eng ganz aner wéi déi, déi mer de Moien héieren hunn, wat d'Investissementer ugeet. - Dat zur Legend, dat zum Mäerche vun enger Regierung, déi den Defizit mécht, fir d'Zukunft virzebereeden.

An d'Chambre de Commerce ass ganz kloer, seet: «De tels glissements paraissent en contradiction» - en contradiction! - «avec le message d'un Luxembourg à 1,1 million d'habitants.» Wat d'Chambre de Commerce an alleguer déi Institutiounen an der Analys am Fong soen, dat ass, datt, wann ee wëllt d'Zukunft virbereeden, wann ee seng finanziell Obligatiounen esou setzt, datt een de Wuesstum vun 1,1 Milliounen zur Viraussetzung mécht, fir e finanziellen Équiliber ze kréien, wann een esou eng Entwécklung als Perspektiv dohinnersetzt, da muss een nach vill méi investéieren, wéi haut investéiert gëtt, an et muss ee manner op den Dépense-couranten ausginn, fir deen „expenditure shift", vun deem hei geschwat gëtt, net ze erreechen.

An dann hutt Der de Moien, Här Finanzminister, d'Beispill vun Däitschland gebraucht, fir ze soen, Däitschland investéiert, wann ech richteg verhalen hunn, nëmmen 2,3% vu sengem Räichtum, a Lëtzebuerg investéiert 4,3%. Den Här Haagen seet, 3,9%. Mä et ass egal, dat ass wahrscheinlech just e Rechnungsënnerscheed. Et ass natierlech en Ënnerscheed tëschent Däitschland a Lëtzebuerg, wat déi eegen, selwer beschriwwen Zukunftsperspektiven a Wuesstumsperspektiven ugeet. Ech hunn nach net héieren, datt Däitschland an deenen nächste 40 Joer op 160 Milliounen Awunner wëllt wuessen! Lëtzebuerg wëllt awer vu 500, oder no Ären Rechnungen, huet awer eng Perspektiv, fir vu 560 op 1,1 Milliounen ze wuessen. Da kënnt Der déi zwou Saachen awer net ganz esou einfach an engem Fiederstréch an de Perspektiven an an den Ausgaben, wat d'Investitiounen ugeet, matenee vergläichen.

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Wat stelle mer fest? Mir stellen am Fong fest, datt déi Zukunftsperspektive gestallt ginn an datt an der Programmatioun vum Plan sectoriel «Transports» a vun der Mobilité durable e Programm entwéckelt gëtt, deen am Fong geduecht ass fir e Wuesstum, dat bei 700.000, 750.000 Leit wäert féieren (veuillez lire: leien). Wuesstumsraten, déi wäit doriwwer erausginn, wéi se haut u sech virgesi ginn, géifen am Fong mat sech bréngen, datt mer eis haut elo scho missten dohinnersetzen, fir ze iwwerleeën, wéi mer dann dat dote packen, wéi mer de Plan sectoriel «Transports» oder de Plang vun der Mobilité durable Versioun 2.0 maachen - Versioun 2.0 maachen -, an net eis just beméien, fir déi Versioun 1.0 ëmsetzen, mat där ech awer - ech soen et nach eng Kéier - absolutt d'accord sinn.

Et kann een net op där enger Säit déi Wuesstumsperspektive maachen an op där anerer Säit dann awer dat, wat dozou gehéiert, net an de Gréff huelen. Déi Diskussioun, gëtt zwar gesot, se wär iwwert den Zukunftsdësch gemaach ginn. Mä ech stellen am Fong fest, datt déi Diskussioun, déi mer um Zukunftsdësch haten, am Fong eng Diskussioun war iwwert d'Realisatioun vun där Programmatioun, déi mer elo hunn, an net iwwert déi Zuelen ewechgeet, déi mer awer fir an 30, 40 Joer a Perspektiv stellen.

Wëlle mer awer eng Chance hunn, fir dat ze packen, da gëtt et héich Zäit, datt een elo scho géif drun denken, wéi een et wëllt maachen, och wann et nëmmen en Deel dovunner wär, och wa mer nëmmen op 800.000 oder 900.000 Awunner hei géife kommen. Well mer der Iwwerzeegung sinn, datt Politik fir d'Leit net just eng onselektiv Redistributiounspolitik ass, a well et och drëm geet, sech ëm d'Problemer vun de Leit ze bekëmmeren, ëm déi dagdeeglech Problemer, notamment déi vun der Mobilitéit, mengen ech, datt een un déi Politik ganz anescht misst nach erugoen an investéieren. A mir ënnerstëtzen, ech soen dat och an engem positive Geescht, all Efforten, Diskussiouns- a Realisatiounsefforten, déi an deenen nächste Joren an déi Richtung ginn.

Mir wëllen an dësem Kontext och d'Zuele verstoen, déi op den Dësch geluecht ginn. Ee vun deene raren Tableauen, déi eis bei der Budgetspresentatioun dohinnergeluecht gi sinn, ass en Tableau, deen heescht „Évolution des investissements environnementaux et climatiques" tëschent 2013 an 2017, wou da gesot gëtt: „2013 sinn 241 Milliounen Euro investéiert ginn. Mir hunn dat méi wéi verduebelt. 2017 komme mer op 617 Milliounen Euro."

An da froe mer eis natierlech: Wat bedeiten déi Zuelen? Mir hunn dat zwee-, dräimol gefrot, mir hunn awer ni d'Prezisioun vun deem kritt, wat déi Zuelen dann elo bedeiten. Mir hunn an der Kommissioun gesot kritt: „Mä dat ass, wat d'Mobilitéit ugeet, dat sinn Station-d'épurationen an d'Mesures de protection de changement climatique et protection des eaux." Wat d'Mobilitéit ugeet, do soll et dann den Tram an de Rail sinn.

Mir probéieren, dat jo dann nozekucken. Wou kommt Der un déi Zuelen do, 241 Milliounen 2013 ausginn, fir u sech déi do Saachen? Ech eleng, wann ech einfach zesummenzielen, wat ech 2013 als réalisé gesinn, da kommen ech op ganz aner Zuelen! Da ginn am Fonds de l'eau 74, am Fonds environnemental 19, am Fonds climatique 56 an am Rail 298 Milliounen ausginn, wäit iwwert dat, wat Der hei gesot hutt. Da stëmmen d'Proportiounen net.

D'Madamm Closener, déi seet dann och an enger Ried, dat géif sech do handelen ëm Investissementer am Waasser- an Ëmweltschutz, a Bus, Zuch, Tram, Vëlo, bref an d'ganz Mobilitéit, „bref". Wann ech déi Zuelen da bref zesummerechnen, da gëtt et och e ganz anert Resultat. Da komme mer nach méi héich an den Dépensen, déi 2013 gemaach gi sinn.

An dee Vergläich, dee kann ech einfach net novollzéien. Ech hunn d'Impressioun, datt hei en Tableau emol an d'Welt gesat gëtt, well en d'Leit arrangéiert. Ech wëll d'Hannergrënn ganz einfach wëssen. Wann een esou Tableaue bréngt, da muss ee se och kënnen erklären. A wéi ee just op 243 (veuillez lire: 241) Millioune kënnt, wann een den ëffentlechen Transport fir 2013 jugéiert, da muss een dat och nach eng Kéier explizéiert kréien, mat wat fir engen Zuelen een do zesummegerechent huet.

Fënneft Ausso: „Mir hunn d'Scholdespiral gestoppt."

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha et hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dräi Joer keen Emprunt. Bei enger Milliard neiem Defizit d'Joer huet een d'Scholdespiral net gestoppt. Et hätt ee se héchstens gestoppt - et hätt ee se héchstens gestoppt -, wann een déi Milliard Defizit kéint an d'Reserven, déi een huet, einfach siche goen an déi dann aus den Iwwerschossreserven aus deene leschte Jore bezuelen. Déi sinn awer net do, déi Reserven! Déi sinn net do, déi Reserven! An ech mengen, datt een an deenen nächste Jore ganz sécher muss higoen, fir nei Emprunten ze maachen, fir déi do Defiziter ze bezuelen. D'ailleurs sinn déi eege Budgetsdokumenter vun der Regierung an deem Kontext ganz kloer: Fir 2017 sinn 1,120 Milliarde virgesinn, fir 2018 1,625, fir 2019 eng Milliard, fir 2020 2,571 Milliarden, en Total op déi Period vum Pluriannuel vu 6,3 Milliarden als zousätzlech Emprunten, déi musse gemaach ginn.

Ech verstinn net, datt een dann einfach ka soen: „Mir hunn d'Scholdespiral am Grëff. Et gëtt keng nei Statsverscholdung gemaach." D'eege Pabeieren, déi ginn un, datt an deenen nächste véier Joer 6,3 Milliarde musse geléint sinn.

Dann déi aner Ausso: „Mir hu keng nei Scholde gemaach an déi mer 2016 am Budget gemaach hunn, déi virgesi waren, déi hu mer net gemaach." Sous-entendu: Kuckt emol, wéi gutt mer sinn! Mir hu souguer en Emprunt vu 400 Milliounen zréckbezuelt, ouni en neien Emprunt ze maachen!

Vergiess gëtt awer an deem do Kontext, datt et esou war, datt net duerch klassesch Emprunten an deem leschte Joer gefuer ginn ass, mä duerch eng Kredittlinn bis zu enger Milliard bei der Spuerkeess, déi gezu ginn ass. De Moien huet den Här Gramegna eis gesot, déi géif op den heitegen Dag op null stoen. Ech weess och, datt bei de Kredittlinnen d'Changementer vun engem Mount zum anere bei de Rentréeën natierlech staark variéieren. Ech stelle just fest, an déi Zuelen huet d'Cour des comptes eis viru 14 Deeg, dräi Woche geliwwert, datt déi do Ligne de crédit 2010 bis 2016, bis Oktober 2016 am ganzen 11-mol benotzt huet misse ginn, tëschent 200 a 625 Milliounen Euro, fir datt de Stat ganz einfach sollt liquid bleiwen an datt en dat, wat e schëlleg ass, och all Mount konnt bezuelen.

Ech hoffe just, datt bei där dote Politik vu stännegem Zréckgräifen op eng Ligne de crédit net eng Kéier eng Pann virkënnt an Der dann net à même sidd, en urgence Saachen ze bezuelen, déi opstinn, notamment net beim Stat, mä bei Privatleit oder Privatentreprisen no baussen.

Dat ass am Fong datselwecht, wéi wann Der doheem all d'Suen, déi Der geléint hutt, ausginn hutt an dann elo Är Kredittkaart konstant iwwerzitt, fir Iech am Lafenden am Liquiden ze finanzéieren!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass zwar net verbueden. Dat ass net verbueden.

(Brouhaha)

Mä dat kann a mengen Aen, an ech soen dat ganz kloer hei, dat kann a mengen Ae keng rekurrent Politik sinn. Eng Milliard Kreditt, déi Ligne de crédit unzezapen, méi wéi 10-mol d'Joer, dat ass net a mengen Aen eng rekurrent Politik. Dat soll d'Ausnam bleiwen. A mir deelen an dësem Kontext...

(Interruption)

Mir deelen...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Am Moment huet just den Här Wiseler d'Wuert!

M. Frank Arndt *(LSAP).*- Pardon, pardon!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et ass guer net schlëmm.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wéi ass et dann zu Wolz?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat gëllt och fir Iech.

M. Frank Arndt *(LSAP).*- Ma gutt, Här Gibéryen.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir deelen op jidde Fall net d'Konklusioune vun der Kommissioun, déi den Här Haagen gezunn huet, déi de Minister encouragéiert, an där doter Politik weiderzefueren, well mer mengen, wann ee gesäit, wat fir eng Échéancen an den Emprunten iwwert déi nächst Joren opstinn, datt een am Fong besser hätt hinzegoen, fir sech e konstante Plang ze maachen, wéi ee regelméisseg dat refinanzéiert, wat muss bezuelt ginn. Well et ass jo net nëmmen eng Saach vun haut léinen, et ass och eng Saach, wéi déi Suen an deene Joren hannendrun zréckbezuelt ginn. A wann Der dat net an enger gewëssener Regelméissegkeet maacht, da kritt Der an deene Joren, wou d'Suen zréck musse bezuelt ginn, wesentlech méi Problemer, wéi dat normal wär, wann Der dat géift schéi propper an engem Plang maachen, an enger Planifikatioun am Viraus gesinn.

Mir fannen déi hei Aart a Weis net gutt, wéi et momentan gemaach gëtt. Mir fanne se onseriö, d'autant plus, datt heiansdo Emprunte bei Banke lancéiert ginn, gefrot ginn an déi da just de leschte Moment gecancelt ginn, wa schonn alles virbereet ass. Dat ass fir eis eng onseriö Aart a Weis, fir drunzegoen.

An da gëtt elo stolz gesot,...

(Interruption)

...stolz gesot, datt Der esou laang keen Emprunt, keen neien Emprunt hutt misse maachen!

Do wëll ech just soen: Firwat ass da keen neien Emprunt misse gemaach ginn? Ma well 2013, elo kann een dat kritiséieren, 2013 virun de Wahlen nach dräi Milliarden an dräi Emprunte geléint gi sinn. Dräi Milliarde Liquiditéiten, déi an d'Trésorerie eragefloss sinn, déi do ware sécher, fir Investissementer ze bezuelen, déi sécherlech och do waren, fir d'Participatioun um Europäesche Stabilitéitsmechanismus matzedroen, mä déi awer och gehollef hunn, well se 2013 gemaach gi sinn als Emprunt, den Defizit vun 2014, 2015 an 2016 ze decken. Wär 2013 virun de Wahle keen esou en héijen Emprunt gemaach ginn, da wäre scho laang Liquiditéitsproblemer haut an der Trésorerie!

Haut hu mer éischtens keng Liquiditéite méi do, zweetens liewe mer deelweis vu Kredittlinne fir..., quitte datt ech och weess - quitte datt ech och weess -, datt bei deene Kredittlinnen haut et avantagéis ass, wat een als Zënssaz kritt. Dat ass e positivt Element. Ech soe just, datt eng virsiichteg Politik, fir och an Zukunft kënnen déi Kreditter uerdentlech zréckzebezuelen, a mengen Aen anescht ausgesäit. An drëttens maache mer nach all Joers eng Milliard Defizit. An dat bedeit fir mech, datt een net kann dohinnergoen a soen, datt een d'Scholdespiral gestoppt huet, well dat ass net d'Realitéit. An och wann een et nach zéngmol seet, ass et nach ëmmer net d'Realitéit!

An d'Finanzbesoinen an deenen nächste Joren, déi si riseg! Wann een och iwwert dës Legislaturperiod erauskuckt, wann ee gesäit, wat fir eng Scholde mer hunn, 1,9 Milliarde Scholde fir 2017-2018 zréckbezuelen, en Emprunt, deen 2018 mat 700 Millioune muss refinanzéiert ginn, ouni Spezialausgaben, déi eventuell nach kommen, dat ass dat Éischt; a wann een dann och nach gesäit iwwer eis Period eraus an et liest een am CNFP, wat fir eng Besoins de financement mer bis 2020 hunn, an déi gi chiffréiert tëschent 2016 an 2020, an et gesäit een, datt mer do 7,8 Milliarde Besoins de financement hunn, déi opgedeelt ginn an 3,4 Milliarden fir de Refinanzement vun der Schold, 1,9 Milliarde supplementare Finanzement duerch d'Steierreform an 2,5 Milliarden Defizit, deen ze finanzéieren ass iwwert déi Budgeten, déi kommen, wann een dat weess, dann, fannen ech, géif ech et normal fannen, datt een eng uerdendlech Programmatioun géif maachen, wéi ee regelméisseg seng Emprunten organiséiert, fir d'Zukunft och korrekt hinzekréien. Dat gëtt awer net gemaach.

Sechst Ausso: „Mir hunn d'Ausgaben am Grëff." Och dat stëmmt net an der Absoluttheet. 2017 charakteriséiert sech doduerch, datt d'Ausgabe méi schnell wuesse wéi d'Einnamen. De Conseil d'État, deen ech awer och wëll emol eng Kéier zitéieren, dee seet - d'ailleurs net nëmmen 2016, net nëmmen elo; en huet dat och schonn d'lescht Joer gesot -, ech zitéieren en: «Compte tenu de l'objectif d'assainissement budgétaire, le chiffre en progression des dépenses interpelle le Conseil État, qui invite à la prudence et au contrôle continu des dépenses de l'administration centrale - et ce nonobstant les perspectives de croissance qui, de manière ponctuelle, peuvent paraître meilleures qu'escomptées, mais qui sont soumises à de nombreux aléas et qui sont, par conséquent, loin d'être garanties.»

Fir mech ass et am Fong gradesou inquiétant, wann ech d'Evolutioun vun den Aschätzunge kucken. Wann Der kuckt, wat dës Regierung an hirer Programmatioun, déi se 2014 gemaach huet, fir 2017 virgesinn huet, da gesäit een, datt dat Dépensë vu 16,9 Millioune waren. Dat sinn net eis Zuelen, dat sinn der Regierung hir Zuelen.

Haut sinn déi Dépensen net méi bei 16,9, mä bei 17,9 Milliounen Euro. An Ären eegene Previsioune maacht Der innerhalb vun dräi Joer eng Milliard méi Dépensen. D'ëffentlech Ausgabe klammen erëm méi schnell wéi virdrun, plus 5,9% en termes nominaux. An ech zitéieren hei och nach eng Kéier den CNFP, just all Kéiers, fir Iech ze soen, datt mir net déi Eenzeg sinn, déi dat soen, net déi Eenzeg sinn, déi esou denken: «Comparé à 2016, il s'agit d'une nouvelle accélération des dépenses et ce malgré l'effet supposé des mesures de consolidation du Zukunftspak.»

Wat an eisen Aen am Fong onverständlech an inakzeptabel ass, dat ass, datt d'Gesetz vum 12. Juli 2014 net respektéiert gëtt, well d'Gesetz vun 2014 gesäit u sech vir, datt ee muss de Montant maximum vun den Dépensë vun der Administration centrale am Pluriannuel fixéieren. Or, d'Regierung fixéiert en net! Hätt se e fixéiert, esou wéi d'Gesetz et virgesäit an esou wéi déi europäesch Regelen et virgesinn, da wär et esou, datt se u sech deene Regelen, deene se sech hätt missen ënnerleeën, sech net ënnerleeën huet, datt se sech hätt misse konformëieren op där enger Säit oder justifiéieren op där anerer Säit.

Och hei nach eng Kéier de Conseil national des finances publiques, dee seet: «Il est toutefois à noter que les montants des dépenses de l'administration centrale des années 2017-2019 de la loi de financement 2016-2020 dépassent substantiellement les montants retenus» vun deemselwechte Gesetz «2015-2019 pour les mêmes années.»

Hätt d'Regierung hiren eege gesate legale Kader selwer respektéiert, andeem se déi obligatoresch Norm do fixéiert hätt, da géif se derniewentleie bei der Norm selwer. Liest Säit 44 vun der Caisse, vun der...

(Interruption)

Här Berger!

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, dat ass awer nëmmen de Fall, wann ee säin OMT net anhält. A mir halen deen an.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass awer elo déi allerbescht Remarque, déi Der gemaach hutt!

(Hilarité)

Éischtens ass et falsch, well et sinn zwou separat Konditiounen. An zweetens ass et och nach esou, datt Der just den OMT anhaalt, well Der e vun 0,5% op minus 0,5% ëmgeännert hutt.

M. Eugène Berger *(DP).*- Dir hutt e matgestëmmt an der Kommissioun.

Plusieurs voix.- Ooh!

(Brouhaha)

M. Eugène Berger *(DP).*- Dat kënnt Der noliesen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech hunn am Fong erwaart, datt Der dat do géift soen.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, mä dat kënnt Der awer noliesen. Firwat hutt Der en da matgestëmmt?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech hunn am Fong erwaart, datt Der déi do Remarque géift maachen.

M. Eugène Berger *(DP).*- Firwat hutt Der e matgestëmmt?

(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou. Wann ech gelift! D'Bemierkung ass gemaach. Als Eenzegen huet den Här Wiseler d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir hunn deen Amendement matgestëmmt. Mir hunn deen Amendement do matgestëmmt, well Dir en technesche Feeler gemaach hat an deem Gesetz do, wou Der u sech déi Spann vun de Joren net uginn hat a wou Der déi rectifiéiert hutt vu véier op fënnef Joer erop, wat einfach eng richteg technesch Richtegsetzung vun deem Amendement do war. Deen hu mer matgestëmmt, an Dir hutt Iech domat bei engem Element a Conformitéit gesat vun dem Gesetz vun 2014. Dee minus 0,5% hätt Der scho laang virdrun drastoen, wa mer konstruktiv matschaffen, Här Berger, an de Kommissiounen. Wat mer jo heiansdo probéieren: konstruktiv matzeschaffen!

An da kréie mer deen do Typ vu Reaktiounen! An da kréie mer deen do Typ vu Reaktiounen! Ech mengen, dat ass nu wierklech dat, wann Der eis sot, mir hätten eng, Dir géift erwaarden eng uerdentlech Aarbecht, eng uerdentlech konstruktiv Aarbecht ze hunn, an Dir fänkt esou un ze reagéieren, wa mer konstruktiv wëlle matschaffen, da kann ech Iech soen, da braucht Der net méi op déi konstruktiv Aarbecht ze zielen, wann dat do Är Aart a Weis vu Reaktiounen ass!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha et protestations)

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, ech hu just preziséiert, datt d'Oppositioun deen Amendement vu minus 0,5% matgestëmmt huet. Dat ass einfach eng Realitéit.

(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wann Der schonn emol derbäi sidd bei de Regelen, da wëll ech Iech just soen, ech hat dat elo net um Programm, mä wann ee kuckt d'Gesetz vum 12. Juli 2014, do ginn zwielef Regele gesat, formal Regelen, déi am Fong d'Regierung misst anhalen. Wann een déi Regele kuckt, an dat steet op der Säit 19 vun de Finances publiques hirem Rapport, da stellt ee just fest, datt vun deene Regelen d'Regierung zu fënnef konform ass, véier net konform an dräi just partiellement konform. Dat heescht, vun zwielef Regelen hält dës Regierung formal gesinn der just fënnef an. Liest op der Säit 19 vun dem Avis vum Conseil national des finances publiques! Am Fong misst dës Chamber inklusiv d'Majoritéit vun der Regierung verlaangen, datt se sech och formell un hir eege Gesetzer géif halen!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- D'Chambre de Commerce deelt d'ailleurs dës Meenung, wëll ech och nach soen. An an der Ausgabenanalys stellt se fest fir 2016 an 2017, datt mer hei mat engem totale Relâchement vun den Effort-budgétairen ze dinn hunn, deen net mat Ausgaben, déi sech ëm Investissementer handelen, ze dinn huet, soss wär et nach verständlech, mä mat enger ganzer Rei aneren Ausgaben, déi gemaach ginn. A se stellt fest, och par rapport zu deem, wat 2014 virgesi war, datt mer dëst Joer 100 Millioune méi ausgi wéi 2014 virgesi fir d'Consommation intermédiaire, dat heescht, fir déi kurant Ausgaben, an 100 Milliounen Euro manner fir d'Investitiounen, wéi dat virgesi war.

An d'Konklusioun vun der Banque centrale doraus, datt mer domat eng total Vulnerabilitéit vun der Soutenabilitéit vun den ëffentleche Finanze schafen. An d'Banque centrale freet no enger Norm vun den Dépensen. An ech mengen, datt et duerchaus sënnvoll wär, déi Diskussioun - déi Norm hate mer viru 15 Joer, hu mer sengerzäit ofgeschaaft -, fir erëm ze iwwerleeë gemeinsam, ob et net sënnvoll wär, esou eng Norm anzeféieren.

Siwent Ausso, zu där ech wéilt kommen...

(Interruption et coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wëllt Dir eppes soen? Wann ech gelift! Den Här Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President.

Déi siwent Ausso, zu där ech wollt kommen: „Mir hunn zolidd Statsfinanzen." Mir hunn zolidd Statsfinanzen! Fir d'CSV heescht zolidd Statsfinanzen net nëmmen, e kuerzfristegen Équiliber ze erreechen, deen ass zwar hei net erreecht, mä och nach sech erlaben, fir Virbereedungsaarbecht ze maachen, datt, wann eng Kris kënnt, mer och d'Méiglechkeet hunn, déi Kris ze bestoen an op esou eng Kris ze reagéieren.

D'Politik, déi an dësem Budget gemaach gëtt, eng Steierreform an där doter Héicht, zousätzlech Ausgaben, gëtt eis keng Marge de manœuvre, wann an deenen nächste Jore géif eng Kris kommen. Hei gëtt fir déi nächst 40 Joer op e Wuesstum vu 4% bis 5% gerechent a fir de Rescht ginn emol d'Aen zougedréckt an et gëtt gehofft, dat géif och esou an der Realitéit kommen. A wann ee kuckt, wat ronderëm lass ass, da gesäit een, datt déi Geforen awer grouss sinn.

Den Här Gramegna huet eis de Moien all déi positiv Punkte beschriwwen. An ech wëll och soen: Jo, där ginn et der och, selbstverständlech! Mä ech wëll awer och derbäisoen, datt a mengen Aen, wann ee seriö Politik wëllt maachen, een och muss virgesinn, datt och emol eng Kéier eng Zäit an eng Situatioun ka kommen, wou net alles positiv ass, mä wou d'Saachen och eng Kéier anescht lafen, wéi een hofft, datt se géife lafen. Och der puer hei opgezielt.

Dat ass déi Onsécherheet vun de Pëtrolspräisser. Se sinn déif, se si schonn eng Zäit déif. Ech gesinn awer och déi Négociatiounen, déi amgaange sinn, ënner verschiddene Länner ze lafen, déi elo net zu engem Succès gefouert hunn. Mä ech mengen, datt déi Diskussiounen awer an den nächste Joren emol kënne weidergoen. An ech weess net, wéi d'Diskussiounen ausginn.

Den Här Gramegna huet iwwert déi grouss Chancë vun dem Brexit de Moie geschwat.

Hoffentlech - hoffentlech - ass dat esou! Ech gesinn awer och an där ganzer Brexit-Politik, an där Onsécherheet, déi eis déi nächst zwee, dräi Joer wäert elo hei begleeden, eng ganz Rei Risken, deenen een awer och muss Rechnung droen. Ech gesinn, wat a Griichenland lass ass, wou elo erëm duerch déi sougenannte Chrëschtkaddoen, déi gemaach ginn, eng ganz nei Diskussioun déclenchéiert ginn ass. Ech gesinn, wat mat de Budgeten an Italien - ganz vill Insécuritéit -, Portugal, Spuenien, Frankräich momentan lass ass. Ech gesinn och, wat an den Ekonomië vun de Schwellelänner Indien, China, Brasilien lass ass. Et gesinn och d'Evolutioun, déi déi ass vun eisen Haapthandelspartneren. Ech gesinn och déi Diskussiounen, déi ronderëm en neie President Trump, seng Défense- oder seng Wirtschaftspolitik an deenen nächste Joren entstinn, an déi eventuell Demanden, déi op eis zoukommen, fir eis Défensepolitik anescht ze gestalten.

Ech gesinn d'Influenz vun de BEPS-Négociatiounen, wou ech net weess, a wat fir eng Richtung se ginn. Ech gesinn déi grouss Influenzen, déi déi Krisen am Mëttleren Oste mat deene ganze Flüchtlingsdebatte kënnen op eis hunn an deenen nächste Joren. Ech gesinn, wat déi Relatiounen tëschent Russland an der Ukrain als potenziell Gefor, notamment op eis Energieversuergung, kënnen hunn.

Ech weess net, wat den Terrorismus an deenen nächste Méint a Joren als Onsécherheet op eis Ekonomie zoubréngt. Ech weess och net, wéi mer mat deenen Diskussiounen iwwer eng hypothetesch Bulle financière, Bulle vum Marché immobilier hei zu Lëtzebuerg eens ginn. Ech weess net, wéi mer dat alles esou géréiert kréien, datt mer kënne sécher sinn, datt déi Croissance an deenen nächste Joren esou weidergeet.

An da gëtt gesot, et gëtt eis ëmmer virgehalen, an dat nervt, soen ech Iech, richteg, da gëtt eis ëmmer virgehalen, well mer op déi Problemer, op déi Suergen do opmierksam maachen: „Dir spillt mat der Angscht vun de Bierger a vun de Leit!"

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- „Et soll een net de Leit Angscht maachen, mä et muss een Optimismus vertrieden." Ech soen Iech, et muss een an der Politik och bereet sinn, d'Realitéit, ob et déi positiv oder déi negativ ass, et muss ee bereet sinn, och der Realitéit kënnen an d'Aen ze kucken. An et soll een de Leit kee Sand an d'Ae streeën an et soll ee sech an der Politik, wann ee se da virsiichteg mécht, genügend Marge de manœuvre ginn, wann eng Kris géif kommen, datt mer och kënnen uerdentlech dorop reagéieren. Dat net maachen ass eng absolutt onvirsiichteg Politik, déi mer net deelen.

A wann ech erënneren un déi Diskussiounen, déi mer an de Joren 2000 haten, Dir kënnt Iech nach vläicht dorun erënneren, déi Diskussioun iwwer „en Apel fir den Duuscht", an äänlech Ausdréck, huet dat jo geheescht. Ëm wat ass et do gaangen?

(Interruption et brouhaha)

Wéi och ëmmer! Ech hu se elo hei resüméiert mat „en Apel fir den Duuscht".

(Hilarité et interruptions)

Wou gekämpft ginn ass Joren, fir d'Plus-valuen, déi mer haten, all Joers an d'Fonds-d'investissementen erafléissen ze loossen, well dat eis da géif erlaben, wann eng Kris géif kommen, eis Investissementer och weiderzeféieren. Dat ass da jo och dat, wat geschitt ass. Déi Investissementer oder dat Opstocke vun deenen Investissementsfongen, déi a laange Jore gemaach gi sinn, hunn eis d'Méiglechkeet ginn, fir an deene Krisenzäiten eng Kontinuitéit vun eiser Politik ze maachen, fir an den Investitioune weiderzefueren an ze garantéieren, datt mer duerch grouss ëffentlech Investitiounen et géife fäerdegbréngen, fir eis Ekonomie, eisen Tissu économique um Lafen ze halen.

D'Politik, déi mer misste weiderféieren, ass also a mengen Aen net eng Ausgabepolitik, déi den Defizit an d'Luucht setzt, d'Reaktiounsfäegkeet erofsetzt a just nach d'Daumen halen, datt näischt schifgeet an deenen nächste Joren, mä et ass eng Politik, wou ee misst virsiichteg kucken, datt ee sech d'Méiglechkeete schaaft, Reaktiounsméiglechkeeten ze kréien.

D'Banque centrale huet och d'ailleurs eng Risikoanalys gemaach. A fir mech ass dat Resultat vun där Risikoanalys schockant! Ech stelle just fest, datt de Moien de Finanzminister mat der Risikoanalys vun engem neie Gremium kënnt, deen ech net kennen, deen dann elo Lëtzebuerg den AAA confirméiert a seet, et wär iwwerhaapt kee Risiko do.

Ech soe just, ech vertrauen der Banque centrale, déi kennen ech an déi huet eng laang Analys gemaach vun deem, wat d'Risikoe sinn, stellt fest, datt e klenge finanzielle Schock, wäit méi e klenge wéi déi Finanzkris, déi mer 2007 an 2008 kannt hunn, e Schock vun 3,6%, minus 3,6% vum PIB schonn eis géif an en Defizit, ganz staarken Defizit erafféieren, deen eis ganz grouss Schwieregkeete fir d'Zukunft géif stellen.

Och de Conseil d'État an de Conseil national des finances publiques, déi soe genau datselwecht a soen, datt eng Marge de manœuvre noutwendeg ass, datt mer keng Reserven hunn an datt mer e jäerlechen Defizit domat bauen, dee mer net finanzéiert kréien, datt mer och an den Investissementsfongen, déi duerch d'Kris eidel sinn an déi mer missten elo amgaange sinn, wou et eis besser geet, erëm opzefëllen, fir kënnen eng nächst Kris besser ze bewältegen, datt mer dat och net maachen, au contraire, d'Zuele weisen, datt mer an de Joren 2016 bis 2020 och nach an deenen Investitiounsfongen ëm 8,2% erofginn. An do ass et wierklech Zäit, fir Alarm ze schloen!

A mir sinn och net déi Eenzeg, déi dat soen. Och eng Chambre de Commerce seet hei ganz kloer, an ech zitéieren: « (…) la Chambre de Commerce considère que la situation financière de certains fonds d'investissements est critique» - est critique! - «et se pose la question de l'évolution à moyen terme de la politique d'investissements de l'État, d'autant que les déficits chroniques enregistrés au niveau de l'État central risquent également de contrarier la collecte des ressources financières nécessaires à la modernisation (…).» Och dat war an de leschte Joren, wéi mer Kris haten, eise staarke Punkt. Mir kucken: Déi Stäerkt, déi mer do haten, baue mer net erëm frësch op an exposéieren eis deem, wat eventuell an Zukunft ka geschéien, exposéieren eis all deene Geforen.

Fir d'CSV ass kloer, an ech drécken et elo technesch aus, fir d'CSV ass kloer, eng prozyklesch Evolutioun vun de Liquiditéite vun de Fongen hélt dem Stat nach méi finanziell Capacitéiten ewech, déi en onbedéngt géif brauchen, wann d'Kris kënnt. A wann ech dat op Lëtzebuergesch ausdrécken, dat heescht: „Wann et der gutt geet, solls de eppes op d'Säit setzen, datt s de eppes hues, wann et der schlecht geet."

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass déi lëtzebuergesch Iwwersetzung. Dat mécht d'Regierung net. An dat ass an eisen Aen e politeschen an e wirtschaftleche Feeler. Dat ass keng nohalteg Politik! Hei gëtt d'Zukunft net virbereet!

Une voix.- Dat hu mer ëmmer gemaach!

Une autre voix.- Jo, jo, ma sécher!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Aacht Ausso.

(Interruptions)

Aacht Ausso: „Mir hu gréng Luucht vun der Kommissioun,...

(Interruptions)

...mir hu gréng Luucht vun der Kommissioun a vum Fonds monétaire, vum FMI, a mir entspriechen allen europäesche Regelen."

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, Dir hutt gréng Luucht vun der Kommissioun. Awer wéi ech et scho virdru gesot hunn, gréng Luucht vun der Kommissioun, well den Objectif à moyen terme, vum Regierungsprogramm plus 0,5% gesat, vun der Kommissioun nach op minus 0,5% erofgesat gëtt. Dëse Changement gëtt justifiéiert mat enger Etüd vum Ageing Report, déi 2012 gemaach ginn ass, do op eng Zukunftsperspektiv vu 700.000 bis 750.000 Leit gewisen huet. Dräi Joer duerno sinn et keng 700.000 bis 750.000 Leit, déi als Zukunftsprognos doleien, mä et sinn der elo bal 1,2 Milliounen Awunner. Dat erlaabt dann, wesentlech méi Suen auszeginn, well och wesentlech méi Cotisatiounen, méi Steieren erakommen.

Erlaabt mir awer just ze froen: Wou kënnt deen Ënnerscheed do hier? Wou kann een an de Prognosen innerhalb vun dräi Joer vu 750.000 als Prognos op 1,2 Milliounen einfach eropklammen, ouni am Fong iergendwellech Explikatioun? Dat muss nach ee mer erklären! Elo sot Der, Dir waart et net, dat war Bréissel. Et sinn awer Zuelen, déi vu Lëtzebuerg ausgaange sinn, déi benotzt gi sinn, fir déi Rechnung ze maachen. An déi Propos vu minus 0,5%, déi do erauskomm ass, déi hätt Der jo och net missen unhuelen, wann Der déi Zuelen net mat unhuelt. Wann Der sot, „dat sinn net eis Zuelen", dann hätt Der jo déi minus 0,5% net missen huelen, well dat ass keng Obligatioun vun der Lëtzebuerger Regierung, deen do Objectif à moyen terme, just de Minimum unzehuelen. Dir hätt Iech jo kënnen en anert Zil setzen. An et sinn eng ganz Rei Länner, déi et gemaach hunn.

A fir d'CSV ass et ganz kloer, datt de Minimum muss sinn, e positivt Zil vu plus 0,25% um Minimum, fir och kënnen d'Zukunft ze assuréieren. Op jidde Fall ass et esou, datt nëmme well d'Zilsetzung erofgesat ginn ass, dës Steierreform méiglech ass, well mer 2017 an 2018 soss ënnert dem Objectif à moyen terme vu plus 0,5% gewiescht wären.

An ech soen dat net eleng! Ech soen dat net eleng. Och all Lëtzebuerger Institutiounen, déi de Budget analyséieren, soen am Fong genau datselwecht, ob dat d'Banque centrale, ob dat den CNFP, ob dat d'Cour des comptes oder ob dat d'Chambre de Commerce ass. Als Beispill: «Le CNFP regrette que le Gouvernement s'aligne sur le minimum requis par les dispositions européennes, alors que la fixation d'un OMT plus ambitieux aurait pu être envisagée.»

Sechs Länner hunn et d'ailleurs gemaach an der Europäescher Unioun! Sechs Länner hunn et gemaach. Elo sot Dir natierlech: „Mir hunn dat esou op de Minimum gesat, fir sécher ze sinn, datt mer net bestrooft ginn, wa mer et net eng Kéier géifen erreechen." Mä wann Der dat als Argument hutt, dann hätt ech awer am Fong gemengt, datt Der och zumindest Iech national kéint en Objektiv setzen, deen awer liicht méi ambitiéis wär. Mä och dat hutt Der net gemaach. An eisen Aen huet domat d'Regierung all budgetspolitesch Ambitiounen opginn a se sicht just nach d'Moyene fir d'Justifikatioun vun hirer Verdeelungspolitik.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- D'Banque centrale huet d'ailleurs deen Zeenario nogekuckt an duerchgerechent, deen op déi minus 0,5% do féiert. An d'Banque centrale seet an aller Däitlechkeet, datt déi Hypotheesen, déi do sinn, extrem optimistesch sinn. Si huet d'ailleurs en eegenen Zeenario gerechent, dee se selwer als wesentlech méi realistesch, net pessimistesch, wesentlech méi realistesch aschätzt. An do sinn d'Konsequenze ganz kloer. Et hätt ee missen, seet d'Banque centrale, dat Objektiv vu plus 0,5% bäibehalen, dat Objektiv hätt dës Politik net méiglech gemaach, esou wéi se elo gemaach gëtt. An et hätt een och missen derbäi de Pensiounsproblem direkt zousätzlech upaken.

Eis Konklusioun: Et ass e Feeler, fir den OMT op minus 0,5% erofzesetzen. Mir hätte proposéiert, mindestens plus 0,25% vum PIB. Dann hätt een déi Ausgabepolitik, déi elo gemaach ginn ass, mat där Steierreform an deem do Mooss do net kënnen, net däerfe maachen. Et hätt een aner Problemer wéi d'Pensiounsreform direkt missen an Ugréff huelen.

Mir proposéieren eng aner Politik. Déi ass an eisen Ae méi realistesch, déi setzt d'Zukunft net op d'Spill an déi engagéiert sech, dat, wat se ausgëtt, dat, wat se versprécht, och laangfristeg kënnen ze finanzéieren. Dat ass mat dëser Politik net dran!

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- D'Regierung seet: „Den FMI gëtt eis recht, mir kënnen eis dës Steierpolitik erlaben." An den Här Gramegna zitéiert mat Stolz de Saz vum FMI, wou dee seet, datt déi Politik „broadly appropriate" wier, globalement appropriée.

Une voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- „Broadly", jo, dat kann een esou oder anescht gesinn. Just wann een den nächste Saz liest beim FMI, da gesäit een, wat et heescht. Den nächste Saz, ech liesen e vir: „Staff argued for limiting the tax cuts to less than ½ percent of GDP (…)." Dat heescht, direkt nodeem datt se soen, si ass „appropriate", well Der net ënner minus 30% vum Defizit kommt, gëtt gesot, si hätten awer gär gehat, wann Der net op 1% vun Ausgabe komm wäert, mä wann Der nëmmen op en hallwe Prozent vun den Augabe komm wäert. Dat heescht, si hätte gär am léifste gehat, datt Der nëmmen d'Halschent vum Volume als Steiererliichterung gemaach hätt.

Ech liesen et weider: „These measures", dat heescht d'Steierreform, „would reduce total fiscal revenue by up to 1 percent of GDP, fully using up the projected fiscal surpluses over the medium term."

Wann een dat liest, wat heescht dat? Éischtens, den FMI seet also net, déi Steierreform wär duerchaus ouni Problem finanziell machbar, mä seet, si hätten Iech virgeschloen, nëmmen d'Halschent vum Volume ze maachen, dat heescht 300 Milliounen Euro, esou wéi d'Banque centrale, esou wéi mir et virgeschloen hunn. Se seet, si kascht 1% vum PIB, also wesentlech méi, wéi Dir an Ären Ugabe gesot hutt, a se seet och nach, wann Der dat do maacht, da wär all Marge de manœuvre fort, déi Der hutt fir déi nächst Joren. - Wann een déi Sätz hannendru liest, dann ass kloer, wat den FMI domadder mengt, a mir deelen déi Konklusiounen.

Mir stellen d'ailleurs och fest, datt all Lëtzebuerger Institutiounen datselwecht soen an eng ganz grouss Skepsis zu deem, wat hei gemaach gëtt, zum Ausdrock bréngen. Dat ass awer fir d'Regierung net schlëmm. Wa sämtlech Institutiounen dat soen, da stelle mer emol einfach d'Recht vun deenen Institutiounen a Fro, Analysen ze maachen! Ech liesen am „Quotidien" vum 12. Dezember 2016 iwwert den Här Kersch: «Les avis de la Banque centrale…», dat ass elo d'Zitatioun vum „Quotidien", «Les avis de la BCL ou du Conseil national des finances publiques ne semblent pas plaire au ministre:» - an da kënnt d'Zitat wuertwiertlech vum Minister - «Ces institutions, qui ont certes leur raison d'être,» - Merci! - «n'ont pas de mandats démocratiques» - très bien -, «mais se croient mandatées pour critiquer le Gouvernement.»

(Hilarité et brouhaha)

Ech fannen dat am Fong e staarkt Stéck vum Här Kersch..

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Dat kenne mer jo.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Hei si grad déi Institutiounen, déi Organismen, déi nom europäeschen an nom Lëtzebuerger Recht indépendant solle sinn, fir hir Meenung ze soen, ënner anerem iwwert déi finanziell Situatioun vum Land. Gefält dat dann net, da gëtt dat emol a Fro gestallt. Keen däerf eppes aneres soen. An ech soen Iech: Wou si mer dann hei, wa mer elo schonn einfach ufänken, dat a Fro ze stellen, wat indépendant Institutioune soen?!

Et ass wéi wann Der eng Bluttanalys bei den Dokter maache gitt an da gefält d'Resultat Iech net an da sot Der: Den Dokter an de Labo, déi sinn awer net kompetent, fir esou eng Bluttanalys ze maachen! An da frot Der Iech: Firwat hunn déi iwwerhaapt eng Bluttanalys gemaach?, anstatt ze kucken, wat dann d'Resultat an Är Krankheet ass an dorops ze reagéieren. Anstatt op d'Konklusioun vun de Resultater anzegoen, fir d'Éischt emol op den Dokter schéissen an en da kritiséieren!

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir wäre frou, wa méi op déi indépendant Organismen an Institutioune gelauschtert géif ginn, wann hir Aarbecht net einfach esou a Fro gestallt géif ginn. Also, et muss een net ëmmer mat hinnen d'accord sinn, mä wann een net mat hinnen d'accord ass, da muss een argumentéieren, firwat een enger anerer Meenung ass, a keng esou Argumentatioun féieren, wéi hei gefouert gëtt.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Néngt Ausso: „Mir hunn et fäerdegbruecht, den Triple-A ze halen." Dat ass jo schéin! Mä ech soen Iech awer och, Här Finanzminister, a mengen Aen ass dat e Minimum, wann een e Wuesstum vu 4% bis 5% huet. De Finanzminister seet, et wäre vill Länner, déi den Triple-A verluer hunn. Mä wann Der emol kuckt, wéini déi Länner den Triple-A verluer hunn, da stelle mer fest, datt dat a Fro gestallt ginn ass tëschent 2007 an 2012. Wann ech dann e puer Zuelen huelen, déi hu 45-mol an där Period d'Länner no ënne klasséiert an hunn d'Länner vun 8, déi en Triple-A haten, op 4 reduzéiert wärend där doter Period, dat heescht wärend der Krisenzäit. An ech soen, datt den Här Frieden et fäerdegbruecht huet, wärend der Krisenzäit deen Triple-A ze halen, dat ass de grousse Meritt! Datt Dir et fäerdegbréngt wärend enger Croissance...

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...vu 4% bis 5%, et wär dach de Combel, wann Der en elo géift verléieren!

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Dat war e wonnerbare Mann.

(Interruptions diverses)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Zéngt Ausso: „De Budget gëtt e kompletten Iwwerbléck iwwert d'Recetten an iwwert d'Dépensë vum Stat." Sou misst et sinn, haaptsächlech am Pluriannuel. Mä ass et esou? E puer Beispiller. Wéi ass et mat deene supplementare Fraisefongen, déi mer mussen hunn notamment zum Beispill fir d'Pist vum Fluchhafen, déi monsterhaft méi deier ginn ass, wat ech net kritiséieren, wat ech just feststellen, mä wat ech net am Budget erëmfannen? Mä vläicht hunn ech de Budget

net uerdentlech gelies, mä ech fanne se am Pluriannuel momentan net erëm.

Wéi ass et mat deem leidege Sujet vun der Rekapitalisatioun vun der Banque centrale, déi säit Jore versprach gëtt an net gemaach gëtt? Wéi ass et mat eventuelle Reserven, déi mer jo kéinte brauchen, wa Betriber a Schwieregkeet kommen, wa mer missten d'Kapitalerhéijunge maachen? Wou sinn déi Reserven? Wou si se uginn? Wou fanne mer déi Suen zréck? Wéi ass et d'ailleurs, mä dat wëll ech net méi uschwätzen, mam richtege Coût vun der Steierreform fir déi nächst Joren? Mä do weess ech Är Äntwert, duerfir stellen ech déi Fro elo net méi.

Eeleft Ausso, déi ech wëll maachen, oder eeleft Ausso, déi Dir gemaach hutt: „Mir änneren d'Struktur vum Budget, well mer wëlle méi eng laangfristeg Visibilitéit hunn a well mer wëllen eng LOLF, eng «loi d'organisation financière» (veuillez lire: loi organique relative aux lois de finances) hunn, déi u sech d'Budgetszilsetzungen definéiert an och d'Effizienz kontrolléiert."

Am Ufank vun der Legislaturperiod ass McKinsey agestallt ginn, mat groussem Pomp agestallt ginn, fir déi Aarbechten do ze maachen. An ech wëll emol iwwerhaapt net méi wëssen an ech froen emol iwwerhaapt net méi, wou mer dru sinn, well mer an där doten Diskussioun néierens sinn. Ech mengen, de Kopernikus, deen ass nach net do laanschtkomm, d'Äerd ass immobill an d'Sonn dréit sech nach ëmmer an deem do Sujet ronderëm d'Äerd.

(Interruptions)

Zwieleft Ausso, et gëtt eis gesot: „An deem Budget hei setze mer d'Landesplanung ëm, den Zukunftsdësch, mir setzen den Här Rifkin ëm." Ech wollt am Fong net vill iwwert den Här Rifkin schwätzen, mä en ass och vum Rapporteur ugeschwat ginn, dofir awer just e puer Wierder trotzdeem driwwer, well mer hei awer an enger onméiglecher Diskussioun sinn. Elo gëtt eis säit engem Joer gesot: „All déi Wuesstumskompetitivitéitsrichtlinnen, Produktivitéitsfroen, déi léist eis elo dem Här Rifkin seng Etüd. Wann déi op den Dësch geluecht gëtt, da gesi mer alleguer méi kloer."

Ech fannen et och normal, datt een als Politik heiansdo dohigeet an auslännesch Experte chargéiert, fir Analysen ze maachen. Dat fannen ech richteg. Ech gesinn heiansdo, wann ech da gesinn, wéi dat alles do als Bibel considéréiert gëtt, „Welcome to the Journey", „The Start of a new Era", „Be part of The Third Industrial Revolution" an alles dat, wat mer dann do zerwéiert kritt hunn op deem groussen Event, wat organiséiert ginn ass, dat léisst mech schonn emol eng gewëssen Distanz huelen a mech emol a Rou dohinnersetzen, fir déi 400 Säiten ze liesen. Ech hu mech bis elo nach net dozou expriméiert, well ech se emol eng Kéier wollt liesen, éier ech eppes doriwwer soen.

Do ass eng...

(Interruption)

...Beschreiwung vu Megatrends amgaangen, géint déi ech am Fong och näischt hunn. Et gëtt an dem Energieberäich gesot, mir misste méi energieeffizient sinn, elektresche Mobilitéitsmaart. Gobal Mobilitéit gëtt gesot: „shared mobility", emissiounsfräien Transport, Télétravail, nohalteg Transportinitiativen. Okay. Am Bauen: Kreeslafwirtschaft, Null-Energie-Päss an esou weider. An de Finanzen: „digital economy", FinTech, Internet of Things. Mir schwätze vun „circular economy", „shared economy", „smart economy". Alles okay. Just näischt Neies an där ganzer Reform hei. Dat gëtt an d'Renten zesummegepaakt an da gëtt gesot: Elo ass dat d'Bibel, elo musse mer dat maachen!

Wat sinn eis Kritikpunkten dodrun? An ech wëll déi awer och eng Kéier ubréngen.

Ech wëll just froen: Wat heescht dat do finanziell? Wéi organiséiert een dat? Ech kréien da gesot: „Mir fanne Rifkin-Landesplanung an deem Budget hei erëm." Da sot mir emol! Den Här Rifkin ass gefrot ginn: „Jo, wou huelt Der dann déi Suen hier, fir all déi Projeten ze maachen?" D'Äntwert war: „Mä déi sinn do! Dir braucht se just vun existente Projeten erofzehuelen, wat al Projete sinn, an Dir setzt se op déi nei Projete vun der «Third Industrial Revolution», an dann ass kee Problem. Just let's do it!"

Plusieurs voix.- Yes!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech wëll also wëssen: Wat fir eng Projete ginn dann elo net gemaach? Wat fir eng Projete ginn dann elo net gemaach? Wou sinn an deem Programm hei, deen d'Regierung mécht, déi Projeten, déi mer elo op d'Säit setzen, fir Finanzen ze degagéiere fir déi nei Projeten, déi mer musse maachen?

Ech wëll just wëssen: Wéi geet dat dann elo? An ech erwaarden awer och vun esou enger Etüd, déi mat esou vill Pomp presentéiert do gëtt, datt se awer op déi do Froen, wat déi richteg politesch Froe sinn, Äntwerte gëtt. Hei gëtt eng Beschreiwung gemaach vun deem, wat a 40 Joer lass ass, ouni awer ze soen, wat dann elo déi Schrëtt sinn, wéi dat finanzéiert gëtt, wéi mer an deenen nächste Joren dohinner kommen.

En anert Beispill: Et gëtt emol gesot,...

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Wéi vill kascht et?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...2025 däerfen an dësem Land nëmme méi elektresch Autoen enregistréiert ginn. Ech fannen dat jo ganz gutt. Ech fannen dat jo ganz gutt. 2025, Punkt. Wéi soll dat da goen? Wéi soll dat da goen? Wéi soll et goen?

Eng aner Geschicht: Et gëtt gesot, datt mer den „modal split" wëllen, iwwert dee mer jo vill schwätzen. Mir sinn haut bei 14,5% ëffentlechen Transport. Mir hu Mobilitéitskonzepter entwéckelt, do komme mer mat ganz vill Méi, wa mer d'Capacitéit vum ëffentlechen Transport verduebelen - verduebelen! -, mat allem, wat dat heescht, komme mer bei 700.000 bis 750.000 Leit op 20%. Da gëtt eis gesot, 2050 40% ëffentlechen Transport. Bei enger Populatioun vun 1,2 Milliounen oder 1,1 Milliounen. Wéi maache mer dat? Wéi wëllt Der et finanzéieren? Wéi wëllt Der et maachen? Wéi soll dat ausgesinn? Et gëtt emol einfach gesot, 40%. 40%!

Ech wëll awer do wierklech soen, wann een esou Saachen op den Dësch setzt, da muss een awer och e Minimum wëssen, wéi ee se wëllt realiséieren. A wann Der dat do wëllt realiséieren, da muss een awer och inhaltlech soen, finanziell, wat heescht dat a wéi gi mer elo dohinner. Ech fannen och weder am Här Rifkin eppes nach am Budget iergendeppes esou do erëm. An ech sinn elo gespaant op déi Diskussiounen, déi kommen, wou mer par ailleurs net invitéiert sinn, mä dat ass jo dann egal.

Et ass, insgesamt gesinn, net e perfekte System - dee gëtt et an där doten Opdeelung net, well d'Situatioun um Terrain esou grondverschidden ass, dass een net ka mat alle Kritären genau ëmmer déi gerecht Léisung treffen -, mä awer oft méi gerecht wéi den ale System, an dat ass immens wichteg. Wichteg virun allem, dass de Gros vun den Einnamen och gekoppelt gëtt praktesch un d'Awunner, eng ajustéiert Awunnerzuel, mat soziale Kritären, dat bleift, mengen ech, e ganz wichtege Punkt.

Eis Gemengen hei zu Lëtzebuerg sinn iwwert déi Reform do ofgeséchert, si sinn nohalteg ofgeséchert a si bleiwen all liewensfäeg!

Kuckt lech emol un, wat dann an de Gemengen esou ronderëm eis lass ass, wa se net grad un der Manna vu Cattenom hänken; wann ech dee Beräich emol ausklammere vun deene puer franséische Gemengen. Kuckt, wat an deene Gemenge lass ass! Kuckt, wat an den däitsche Gemenge lass ass! Virdrun ass jo och vum CSV-Spriecher hei Däitschland als Beispill genannt ginn. Kuckt den Zoustand vun hiren Infrastrukturen an Däitschland! Kuckt den Zoustand vun de Gemengen, vun hire Schoulen! Ech ka mech erënneren un eng Diskussioun, déi ech virun e puer Joer hat mat Gemengeverantwortlechen am Saarland. Déi hu mir gesot: „Dir schwätzt vum Bau vun neie Schoulen. Dat gëtt et bei eis net méi. Mir kucken, wéi mer de Schimmelpilz aus eisen ale Schoulen erauskréien. Mir si scho frou, wa mer dat ronnbréngen!“

Dat ass d'Situatioun an anere Länner, am „Musterländle Däitschland“, wat een effektiv net däerf ëmmer als Beispill zitéieren. An duerfir mengen ech, dass d'Regierung hei, dës Regierung, e ganz anere Wee geet. An et ass och richteg esou, dass se deen dote Wee geet!

D'Zentralbank huet gesot, dat war zwar nëmmen en Niewesaz, dass dëse Statsbudget op räsonabelen Hypotheesen opbaut. An eigentlech, d'Europäesch Kommissioun seet näischt aneres. Si seet: „2016 sinn d'Chiffere vun der Regierung virsiichteg an 2017 si se optimistesch.“ D'Oppositioun ass eigentlech déi lescht dräi Joer net midd ginn, ëmmer ze soen: „Är Chifferen do, déi sinn eigentlech ze optimistesch.“ Bon, d'Realitéit huet gewisen, dass d'Regierung insgesamt gesinn eigentlech net ze optimistesch war, mä dass, mat Variatiounen natierlech vun engem op deen anere Punkt, grosso modo awer dat Resultat hannen erauskomm ass, wat d'Regierung ugekënnegt hat.

Dat beweist also, dass een och däerf optimistesch sinn, dass een och däerf net alles schwaarz gesinn, dass een och däerf net alles klengrieden, mä dass mer och fir dëst Land Optimismus brauchen, dass mer mat Zouversiicht eigentlech un déi Erausfuerderunge mussen erugoen! An dat spigelt sech och inhaltlech an dësem Budget erëm.

De Budget ass jo net nëmmen d'Resultat, wat hannen erauskënnt, d'Équiliberen oder d'Déséquiliberen. Schonn, mä de Budget, dat sinn déi Dausende vu Kreditter, déi an engem Budget stinn. An déi ginn eigentlech bei eis an de Budgetsdiskussioune weider net méi diskutéiert. Mir wëllen dat jo méi staark erëm maachen am Débat sur l'État de la nation. Ech fannen dat och richteg, dass mer eis och do mat deene sektorielle Politicke beschäftegen. Nach wëll ech awer profitéieren, fir e puer Beispiller hei awer erauszezéien, déi sech aus deem heitege Budget erginn, mat de Prioritéiten och, déi d'Regierung setzt op d'Schoul, op d'Ausbildung, op d'Sécherheet, besonnesch och wat d'Astellung vun neiem Personal ugeet.

Vun deene ronn dausend Leit, déi sollen nei agestallt ginn, geet iwwert d'Halschent op d'Éducation nationale. Dat ass also déi richteg Prioritéit. Déi ass jo och normal komm vun deene Besoinen, déi sech do erginn, opgrond vun dem Wuessen och vun der Schoulbevëlkerung, vun der Offer, déi ëmmer méi breet gëtt, spezielle Besoinen, op déi mer mussen agoen. An ech hoffen net, dass dat ee vun deene Kreditter ass, vun deenen d'Oppositioun mengt, dass déi ze schnell géifen an d'Luucht goen. Ech mengen, dass dat do noutwendeg ass, fir dat doten ze maachen.

Och déi honnert zousätzlech Posten, déi fir d'Police virgesi sinn, sinn, mengen ech, wichteg an dësen Zäiten an entsprieche jo och enger Fuerderung, déi eigentlech bal vun alle Bänken hei geäussert ginn ass an deenen Debatten, déi mer zu deenen doten Themen haten.

D'Budgetskreditter also fir Schlësselberäicher, fir d'Prioritéite vun dëser Koalitioun, ginn däitlech no uewe gefouert. Dëse Budget huet e Realwuesstum, wann ech d'Inflatioun erausrechnen, vun 3,7%, wat d'Ausgaben ugeet. Eng ganz Partie vu Kreditter ginn däitlech eropgesat. D'Familljenzoulagen, déi wuessen ëm 49 Milliounen, den Elterecongé mécht 43 Millioune méi aus. Den RMG schléit och mat 22 Millioune méi an dësem Budget zu Buch. Par contre gëtt de Kreditt vun de Loyerssubventiounen erofgesat op 10 Milliounen opgrond vun den Date vun dësem Joer.

Als LSAP maache mer hei kloer, dass dat fir eis awer net d'Enn vun der Diskussioun ass an dass d'Zil muss sinn, dass mer méi Leit ënnert d'Äerm kënne gräifen, wat d'Loyerssubventiounen ugeet, andeem mer d'Kommunikatioun verbesseren, d'Informatioun verbesseren, andeem mer awer och u Kritären dréie ginn, wéi ee ka vun där Loyerssubventioun profitéieren. Dat ass fir eis e klenge Pilier, mä e wichtege Pilier, wat e Sozialnetz hei zu Lëtzebuerg ugeet.

An déi lescht Etüden, déi vum Statec gemaach si gi ronderëm en dezent Liewen zu Lëtzebuerg, wat een do vu Geld brauch, déi hunn nach eng Kéier dat do bestätegt. Do muss also derfir gesuergt ginn, dass do zousätzlech Efforte gemaach ginn. Wéi och hei schonn eppes geschitt beim Mindestloun, ech wëll dat och nach eng Kéier soen! Et däerf een net elo nëmmen déi Erhéijung vum Mindestloun kucken ëm 1,4%, déi jo vun der Chamber hei décidéiert ginn ass. Et muss een och kucken, wat d'Steierreform och dem Mindestlounbezéier bréngt iwwer notamment de Crédit d'impôt, déi Negativsteier, déi och fir hie verduebelt gëtt. Mir hunn da schlussendlech och - ech ginn dovunner aus, ech woen et dës Kéier ze soen - wahrscheinlech an den éischten zwee Méint vum nächste Joer eng Indextranche, déi erfält.

(Brouhaha)

Ech hu laang gewaart. Duerfir, ech war awer méi virsiichteg. Ech mengen, ech sinn elo zimlech ofgeséchert.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Dat misst klappen.

(Hilarité)

Dat misst klappen. Neen, wann ech dat..., ech hu mer déi Méi gemaach, dat emol eng Kéier ausrechnen. Dank dem Finanzministère sengem opgebaute System, och mat der Steierreform, kann een dat jo maachen. An ech kommen netto fir e Mindestlounbezéier, wann ech kucken, wat en haut am Dezember 2016 netto erauskritt, an ech kucken, wat en dann am Februar, Mäerz 2017 erauskritt: Dat si gutt 90 Euro méi de Mount. Dat sinn iwwer 1.000 Euro méi d'Joer!

(Interruption)

Dat ass fir déi Leit vill Geld!

(Interruption)

Dat si 6% méi Revenu! D'accord, deelweis ass dat Récupératioun och vu Kafkraaftverloscht, déi hie wéi all déi aner Leit och hat. Mä et bleift awer: Et kann een net soen, dass sech näischt do gedoen huet! Och fir déi dote Leit bedeit dat dote vill.

Et ass op jidde Fall, mengen ech, an eisen Aen en éischte Schratt an déi richteg Richtung. D'Diskussioun ronderëm dat, wat mer hei zu Lëtzebuerg brauchen, fir dezent ze liewen, ass domadder fir eis selbstverständlech net ofgeschloss. Déi musse mer weider an aller Rou an deenen nächste Méint a Jore féieren.

Wat opfält, sinn déi héich Investissementer, Kreditter fir d'Mobilitéit - Fonds du rail, LuxTram -, déi insgesamt ëm 75 Milliounen eropgesat ginn. Entwécklungshëllef, d'sociofamilial Strukturen, Klima- an Energiefong, dat ass zesummen e Plus och nach eng Kéier vu 45 Milliounen. De Schoul- an Héichschoulberäich wiisst immens staark. A schliisslech och d'Kreditter fir d'ënner Sécherheet ginn ëm 9% par rapport zum leschten Exercice an d'Luucht.

Et gesäit een also, dass dat net eng Verwaltung ass, déi hei beréit, dat si politesch Prioritéiten, déi konkret gesat gi fir d'Emsetzung vun engem gemeinsame Programm, engem gemeinsame Bild, wéi et hei zu Lëtzebuerg soll an den nächste Joer weidergoen, wat mer als Koalitioun zesummen entwéckelt hunn.

Déi doten zousätzlech Ausgabe sinn och zum Deel nëmme méiglech, well mer de politesche Courage haten, den Zukunftspak ze maachen. Ech sti weider zur Iddi vun deem Zukunftspak. D'CSV steet och zur Iddi, si huet en awer a Grond a Buedem verdaamt, wat déi eenzel Moossnamen ugeet!

(Interruption)

Dës Koalitioun hat zumindest de Courage, fir deen Zukunftspak do ze maachen. E war vläicht net an allen Detailpunkten esou preparéiert, wéi et vläicht hätt misse sinn. Et hu sech eng Rei vu Moossnamen als vill méi schwéier ëmsetzbar erausgestallt, wéi dat gemengt gi war am éischten Aifer vum Ufank. Mä et war awer richteg! A wann och deen Zukunftsprogramm net zu 100% ëmgesat gëtt, och nëmmen deelweis ëmgesat gëtt! Eleng dat, wat elo schonn ëmgesat ass! A wann ee souguer elo eis 0,5%-Steier erausrechent, déi elo net fir jiddwereen 0,5% ausgemaach huet, do si mer eis entre-temps eens, da bleift nach insgesamt iwwert déi Period 2015-2018 - ech kucken nëmmen dës Period - iwwer eng Milliard Euro, déi insgesamt iwwert deen dote Wee eigentlech gespuert ginn ass oder respektiv méi zum Équiliber vum Budget bäigedroen huet. Dat ass awer net näischt!

Dat ass jo net Pipifax, dat do! Dat ass e reellen Effort, dee gemaach ginn ass, dee fir vill lerger gesuergt huet, deen och sécherlech net onbedéngt insgesamt zur Popularitéit vun der Regierung bäigedroen huet. Mä ech mengen, et ass awer wichteg, dass deen dote Geste gemaach gi war: Vläicht, anstatt dass déi gréisst Oppositiounspartei ëmmer erëm op den Detailer dat Ganzt versicht huet nidderzemetzelen, wa se vun Ufank u méi kloer zu deem Ganze gestanen hätt, wär vläicht och d'Opinion publique méi oppe gewiescht zu deem Ganzen. Sou ass dat doten de Spillball ginn tëschent de Parteien, an dat ass ni gutt!

A schlussendlech, mengen ech, bleift et wichteg, dass deen dote Wee gemaach ginn ass. Déi Moossname ginn och net annulléiert, mä se sinn awer komplettéiert selbstverständlech duerch eng aner Politik, déi mer doduerjer elo zum Deel kënne maachen.

D'TVA-Erhéijung, et ass scho gesot ginn, déi viregt Regierung huet se eigentlech op Bréissel gemellt gehat am Pacte de stabilité et de croissance am Abrëll 2013. Si sollt zwar deemools 450 Milliounen, mengen ech, erabréngen. Schlussendlech si mer däitlech drënner. Mir si bei 320 Milliounen, mengen ech, wou d'Regierung dovunner ausgeet, dass dat am Schnëtt pro Joer bréngt. Ech weess net, ob d'CSV do nach aner zousätzlech Erhéijungen am Kapp hat, déi se wollt maachen, fir op déi 450 Milliounen do ze kommen, déi se gemellt huet. Mä op jidde Fall ass et esou, dass dat keng Iwwerraschung ass, dass et kënnt.

An et ass och, wéi gesot, keng Iwwerraschung, dass et duerno soll zu enger Steierreform kommen. Genau dat huet d'CSV jo och virgesi gehat. An hir Steierreform, dat sollt jo wahrscheinlech net nëmmen eng Reform sinn, wou Leit sollte méi Steiere bezuelen, soudass dat Argument: „Dir huelt de Leit fir d'Éischt eppes ewech an da gitt Der et bäi!“, dat trëfft d'Auteure vun där doter Kritik selwer a keen aneren! Duerfir, mengen ech, bréngt et eis net wäit, fir do eng Polemik op deem dote Punkt unzezettelen.

E puer Wuert vläicht nach zum Pluriannuel - ech sinn eigentlech jo scho méi laang, wéi ech eigentlech wollt sinn -, engem Pluriannuel, dee weist, dass, wann dat esou geet, wéi d'Regierung et virausgesäit a wéi och u sech déi staatlech Stellen, déi d'Regierung beroden, dat fir si maachen, mer iwwert déi ganz Period eigentlech missten eisem mëttleren Zil vun der Budgetspolitik gerecht ginn, haaptsächlech natierlech duerch de Boni an der Sécurité sociale, deen héich bleift, dee sech weider ëm 900 Milliounen Euro d'Joer soll bewegen, an och en Iwwerschoss am Gemengesecteur, dee mat ronn 200 Milliounen eigentlech iwwert déi ganz Period festgeluecht gëtt. Den Zentralstat bleift am Defizit, mä an engem Mooss, mengen ech, opgrond och vun der Investitiounspolitik an der Steierreform, dat an dësen Zäiten duerchaus akzeptabel a vertrietbar ass.

Mä selbstverständlech muss ee vigilant bleiwen an där doter Fro. Et däerf een eigentlech och net noloossen an der Disziplinn bei der Exekutioun vum Budget. Do maache mer eigentlech déi éischt Jore gutt vun dëser Regierung, déi do eigentlech Fouss bei Mol gehalen huet, wat och déi Décisiounen, déi am Laf vun engem Joer geholl ginn, ugeet. An dat ass, mengen ech, immens wichteg, fir dass mer u sech awer bei deem Ganze bleiwen.

Mir ënnerstëtze voll a ganz déi Propositioun, déi och de Rapporteur, den Haagens Claude gemaach huet - et ass schonn eng al Fuerderung -, dass dee Comité de prévision soll formal agesat ginn. De Minister huet sech jo engagéiert, an deenen nächste Méint do e Projet de loi eranzereechen.

A mir fannen och wichteg, an all Rapporteur setzt do säi Schwéierpunkt, dass den LSAP-Rapporteur vun dësem Joer, den Haagens Claude, d'Fro vum Wuesstum, d'Fro vun der Emgestaltung vun der Gesellschaft an de Mëttelpunkt vu senge perséinlechen Iwwerleeungen hei an deem Rapport gesat huet, mat der digitaler Gesellschaft, hire Risiken, awer och hiren Opportunitéiten. Wéi kënne mer och an esou enger Gesellschaft de Wuesstum méi gerecht opdeelen? Wéi leeë mer iwwerhaapt d'Regele fest, dass esou eng Gesellschaft kann nach no gesetzleche Regele fonctionnéieren, am fiskalesche Beräich, am soziale Beräich?

All déi Froe stelle sech net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä wa mer wëlle bei de sougenannten „first movers“ sinn, da musse mer eis déi Fro vläicht éischter stelle wéi anerer.

Virun allem ass fir mech awer wichteg, well ech och als Exlandesplanungsminister mech mat deenen dote Froen ofginn hunn, dass mer eigentlech e puer Dimensioune vun der Zukunftsplanung elo diskutéieren, an dass mer dat zesumme maachen! Et ass fir mech a menger Carrière eigentlech déi éischte Kéier, wou mer dat maachen. Dat ass, dass mer op där enger Säit d'Landesplanung asetzen, mä d'Landesplanung ass unidimensionell: Bei der Landesplanung geet et ausschliisslech ëm d'raimlech Organisatioun vun den Aktivitéiten. Wou maachen ech wat? A wéi stellen ech déi Verbindungen tëschent deem Ganzen hier? Wéi organiséieren ech rationell eigentlech mäi Raum? Ëm méi bekëmmert sech Landesplanung net!

Dat sinn och ëmmer d'Schwaachpunkte vun den Dokumenter vun der Landesplanung, ob dat de Programme directeur ass oder ob dat den IVL ass, ob dat aner Dokumenter sinn, d'Plans sectoriels. Och do ass et ëmmer dat Raimlecht, dat Raimlech-Organisatorescht, wat eigentlech den Haapt-, de Kärpunkt duerstellt.

Duerfir ass et wichteg, dass mer nieft där Diskussioun do a parallell zu där Diskussioun och eng Diskussioun féieren iwwert d'Gesellschaftsform, wéi mer zesummeliewen, wéi mer ee mat deem aneren ëmginn, dass mer déi gesellschaftspolitesch Dimensioun vum Zesummeliewe mat an déi Diskussioun erakréien. Well du kanns schéi Saache raimlech op der Kaart molen an an der Praxis geet et net, well d'Leit dat do net akzeptéieren, well se net wëllen esou zesummewunnen, wéi dat geplangt ass!

An duerfir ass et ganz gutt an et stéiert mech awer och guer net, dass een an d'Ausland higeet an et hëlt een och ee mat engem Numm an et seet een: „Hei, werf du och däi Bléck hei eng Kéier op Lëtzebuerg!“ Mä en erfënnt natierlech fir Lëtzebuerg och d'Welt net nei! Hie kënnt natierlech deelweis mat sengen Theesen. Mä duerfir si jo dann..., a mir sinn net um Niveau vun enger Bibel hei! Mir sinn um Niveau

vun engem Virschlag, deen doläit, deen am Fong scho méi duerchduecht ass, well jo och awer schonn un deem geschafft ginn ass. Mä mir sinn awer och net um Enn vun den Diskussiounen!

Mir sinn um Ufank vun den Diskussiounen a parallell dozou natierlech schafft d'Regierung weider un enger gewëssener konkreter Emsetzung. Mä mir brauchen eng demokratesch Debatt iwwert déi dote Fro vun den Zukunftsperspektive vu Lëtzebuerg, ronderëm och de qualitative Wuesstum. An et ass, mengen ech, gutt, dass d'Regierung dat op deem dote Wee ugaangen ass. An ech mengen, dass dat Ganzt eigentlech e Plus duerstellt an eng Chance och doranner besteet, dass mer bis elo d'Zukunftsplanung méi gréffeg maachen, wéi d'Landesplanung dat bis elo fäerdegbruecht huet. Dat soen ech och als laangjärege Responsabele vun där doter Prozedur - et sinn nach aner Leit heibannen, déi herno déi Responsabilitéit haten -, mä d'Landesplanung hat et ëmmer schwéier!

Dat Einfacht, den einfache Begréff vum vernetzten Denken a Plangen, och haut setzt dee sech nach net ëmmer duerch; wat als selbstverständlech eigentlech betruecht gëtt! Et entdeckt een nach ëmmer Dossieren, wou ee gesäit, dass een niewent deem anere geplangt huet an eigentlech déi Planungen net zesummegefouert gi sinn. Dat wëlle mer eigentlech iwwert deen dote Reflexiounsprozess erreechen. An natierlech ass dat ëmmer e flexibele Prozess. Dee muss ëmmer ugepasst ginn.

Ech froe mech e bëssen och, zu de Kriticken hei vum CSV-Spriecher, dee jo awer och laang Minister war an dee seet: „Wou sinn d'Berechnungen, wat dat doten an 20, 30 Joer kascht?", hie soll mir ausser de Pensiounsregimmer een Domän nennen, wou a viregte Regierunge vill méi wäit erausgekuckt ginn ass, wéi iwwer eng Period vun dräi, véier Joer, wat normalerweis d'Planungsperiode sinn.

Et soll ee maachen, mä et soll een dat net an deem virworfsvollen Toun formuléieren, wéi wann dat eng Selbstverständlechkeet wär. Neen, zu Lëtzebuerg ass vill Pilotage à vue och an deene leschten zwanzeg Joer gemaach ginn a ganz ville Beräicher! Dat solle mer gemeinsam änneren. Dat ass e gudde Virsaz, dee mer huelen. Mir solle plangen, mä et muss een natierlech och do wëssen, dass, wat mer méi wäit eraus plangen, wat eis Hypotheesen ëmmer méi fragill ginn, wat de Wourechtkeetsgehalt vun deem, wat hannen erauskënnt, riskéiert, ëmmer méi falsch ze sinn.

Och do eng Erfahrung aus alen Etüden: Ech ka mech un eng éischt Etüd vun der Landesplanung, „Prognos" mengen ech huet déi geheescht, erënneren, déi gemaach ginn ass - dat muss an den 80er, 90er Jore gewiescht sinn -, wou ënnert dem Androck vun der Kris an der Stolindustrie déi Perspektiven, och de favorabelsten Zeenario eigentlech nach ëmmer schlecht war, vun haut aus gekuckt, well een ëmmer d'Tendenz huet, dat weiderzeschreiwen, wat d'Erfahrung ass vun deene leschte Joren. Och wann een dann nach mat enger mëtteler, enger héijer an enger niddreger Hypothees schafft, bleift et awer tendenziell ëmmer an där doter Richtung.

A genau dat riskéiere mer och hei am ëmgedréite Sënn. Vläicht si mer elo weider am Androck, dass et gutt geet - mir wuessen - an d'Tendenz ass dann éischter, mir ginn eis Hypotheesen, déi éischter positiv sinn, doriwwer, wat an 20, 30, 40 Joer ass. Dat muss awer guer net an deemselwechte Moment sinn (veuillez lire: Dat muss awer guer net am selwechte Mooss an där Tendenz weidergoen), well effektiv eng ganz Partie Opportunitéite sinn an och eng ganz Partie Risiken do sinn, a Schocken, déi méiglech sinn. Duerfir: Bei aller Noutwendegkeet ze plangen, och laangfristeg Saachen ze checken, bleift et nach, dass een ëmmer muss Fouss bei Mol halen a wëssen, wat schlussendlech awer och de Wourechtsgehalt vun esou laangfristege Projektiounen ass.

Dass d'Regierung awer net ofwaart an Initiativen hëlt, dat gesäit een am Wirtschaftsminister sengem Projet ronderëm den „space mining", wat komplett nei Weeër sinn, audacieux Weeër si fir Lëtzebuerg, déi awer kënnen, wéi d'Vergaangenheet weist, och immens zukunftsträchteg si fir eist Land. Dat gesäit een an deem, datt se Efforte mécht, wat d'„Digital Lëtzebuerg" ugeet, duerch Kreditter, déi hei drastinn, awer och Kreditter, déi an aneren Entitéite stinn, bei der Post zum Beispill, dass de Glasfaser verallgemengert gëtt mat Picke bis 80, 90 Milliounen d'Joer vun Investissementer, déi d'Post an deem Beräich gemaach huet. Elo sinn et der eppes ronn 45 Milliounen, déi fir d'nächst Joer virgesi sinn. Also dat geet also weider. Iwwert d'Halschent vun den Haushalter si schonn um Glasfaser ugeschloss. D'Aktivitéit soll se jo virgezunn hunn, et si ronn 19 Datazentren, déi mer an deem ganze Beräich hunn, fir och do e Créneau opzebauen. Alles dat, mengen ech, sinn immens wichteg Initiativen, déi elo scho lafen.

A besonnesch wichteg ass et, dass mer och déi Noutwendegkeet, eis do ze investéieren, och an eis Schoulen erakréien. Dat ass jo virgesinn an dësem Statsbudget, fir ebe wat d'Formatioun ugeet, wat nei Bildungszweiger an eise Schoulen ugeet, d'Weiderbildung ugeet, wat d'Fuerschung ugeet, do och déi néideg Mëttelen zur Verfügung ze stellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zur Konklusioun. Dëse Budgetsprojet 2017 ass fir eis LSAP-Fraktioun den Ausdrock vum Fortschrëtt, den Ausdrock vum Vertrauen och an d'Zukunft vu Lëtzebuerg a senge Leit. Dëse Budget stäerkt de sozialen Zesummenhalt. E stäipt déi nohalteg Entwécklung vum Land. E fërdert d'Kafkraaft an déi wirtschaftlech Aktivitéiten a séchert domadder Aarbechtsplazen of.

Dëse Budget ass net d'Resultat vun der Uwendung vun technesche mathematesche Formelen an Normen an d'Resultat vun enger buchhalterescher Mentalitéit. Et ass e politesche Budget, e politesche Budget am gudde Sënn vum Wuert, well et en Ausdrock ass vun der Politik vun dëser Regierung, vun dëser Koalitioun an hire Prioritéiten; Prioritéite fir dat Soziaalt, Prioritéite fir Schoul an Ausbildung, fir Mobilitéit, fir Emweltschutz, fir Sécherheet. Héich Investissementer och an deen dote Beräicher ënnerstraichen nach eng Kéier déi dote politesch Ausriichtung vun deem heite Budget.

Zu dësem Budgetsprojet hunn ech bis elo, mä dat kann nach kommen, keng konkret Alternativ héieren an der Debatt. Systematesch Kritik, jo, e gewëssenen Zweckpessimismus, jo, vläicht och e mangelnd Vertrauen an d'Capacitéite vun dësem Land, jo, dat hunn ech och iergendwéi eraushéieren aus eenzelnen Interventiounen.

Ech stelle fest, dass keen eenzegen Amendement bis elo erabruecht ginn ass, dass keng Alternativen, wat Prioritéiten, eventuell aner Prioritéiten, déi ee sech duerchaus ka virstellen zu dësem Statsbudget 2017, ugeet. Ech bedaueren dat. Dat mécht dës Debatt e bësse méi aarm. Mä et ënnerstraicht awer, dass dës Regierung, dës Koalitioun richtegläit. Dës Regierung, dës Koalitioun, huet Courage bewisen. An d'LSAP-Fraktioun wäert dëse Budgetsprojet 2017 stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Bodry. An nächst Riednerin ass d'Madamm Viviane Loschetter fir déi gréng. Madamm Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken un direkt mat engem Merci fir de Rapporteur, deen, wéi mir dat mëttlerweil aus Erfahrung wëssen, vill an intensiv Zäiten hanner sech huet, awer och engem Merci un de Finanzminister fir seng Explikatiounen haut de Moien. An e Merci och un Iech zwee fir de Choix vun den Tabellen, déi Der erausgesicht hutt an Ärem Rapport an och de Moien, déi Der visionéiert hutt, Tabellen, déi déi aktuell budgetär a finanziell Situatioun vu Lëtzebuerg gutt erëmginn an déi ons och op déi verschidden Evolutiounen hiweisen. An dat erlaabt ons och, net ze vill op allgemeng Zuelen anzegoen, mä op d'Politicken hannert den Zuelen an awer och op d'Chancen an d'Risiken, déi dës Budgetszuelen ons matginn.

Schlussendlech wëlle mir och op d'Marge vun der Interpretatioun oder vun den Interpretatiounen agoen, déi iwwreg bleift, well bekanntlech, an et ass schonn hei gesot ginn, d'Zuelen net vill Sputt fir Interpretatioun loossen.

Erlaabt ons awer, ier ech op d'Zuelen an hir Interpretatiounen zréckkommen, gläich am Ufank zwou prinzipiell Remarquen ze maachen, notamment zu deem, wat haut schonns gesot ginn ass, an déi mir als gréng Fraktioun, als Majoritéitspartei wollten an dës Budgetsdebatte mat abréngen.

Mir schwätze wuel alleguerten heibanne vun därselwechter Suerg fir d'Zukunft, wa mer iwwert déi verschidden Aspekter vun dësem Budget a vum Pluriannuel diskutéieren. Mir schwätzen, huele mir emol un, iwwert d'Entwécklungsméiglechkeeten an de Potenzial vun onsem Land a wéi mer onse Budget kënnen, sollen oder net sollen ausschëpfen, fir dës Entwécklungsméiglechkeeten ze garantéieren.

Mir schwätze wuel driwwer, esou gesi mir et op alle Fall, wéi mer kënne beschtméiglech mat ëffentleche Suen ëmgoen, fir beschtméiglech haut an och nach muer de Leit an dësem Land, alle Leit, déi an dësem Land liewen a schaffen, eng sozial gerecht an ekologesch tragbar Liewensqualitéit ze bidden. Dat ass d'Thema, wat ons hei beschäftegt, an dat ass d'Fro, déi ons hei soll beschäftegen.

De Budget ass d'Réckgrat vun dëse Politicken, et ass en Instrument vun der Emsetzung. Elo kann een enger Meenung sinn, anerer Meenung sinn, et kann ee jee no politescher Iwwerzeegung eng different Argumentatioun hunn, fir dee Wee zu deem Zil ze beschreiwen, vun deem ee politesch iwwerzeegt ass, datt et dee richtegen ass. Dat ass op alle Fall esou, wéi mir Politik verstinn.

Mir als Gréng fleegen eigentlech gären den Austausch, och de kontroversen Austausch. A mir lauschteren och gären anere Meenungen no. Mir sinn och interesséiert un aneren Entwécklungsiddie vum Wee bis zum Zil. Et huet och ganz sécher, dat wëll ech hei och nach eng Kéier ënnerstraichen, keen eleng d'Wourecht gepacht, an et kann een och emol seng Meenung weiderentwéckelen a gegebenenfalls änneren, well d'Zäiten och änneren.

Wou mir allerdéngs ons schwéierdinn, dat ass, wann een alles a säi Contraire gutt respektiv schlecht fënnt, jee nodeem, ob een an der Majoritéit oder an der Oppositioun ass. Do gëtt et fir ons schwéier, iwwerhaapt nach en interessanten an och kritesche politesche Géigeniwwer ze gesinn.

Virdrun ass hei erëm eng Kéier iwwer Schold an Defiziter geschwat ginn an de Risiko, datt mer onst Land net responsabel fir d'Zukunft opstellen an onse Kanner e Bierg vu Scholden hannerloossen. Jo, jo, mir sollen, vläicht musse mer och hei zu Lëtzebuerg virsiichteg bleiwen am Emgang mat der Opstellung vun onsem Budget a souguer nach vill méi mat onsem Budget pluriannuel.

Jo, mir sinn hei zu Lëtzebuerg, vläicht méi wéi ons grouss Nopeschlänner, ufälleg op déi makroekonomesch Schwankungen, well mer eben e klengt Land sinn a well mer och an enger oppener Ekonomie liewen. An, jo, och mir maachen ons Gedanken iwwert d'Nohaltegkeet vun onse Finanzen, iwwert d'Schmäerzgrenz vum Spuere respektiv déi verstänneg Schmäerzgrenz vum Ausginn, sprëch vum Investéieren, souguer vum Redistribuéieren, wéi notamment bei der Steierreform an och beim Gehälteraccord an der Fonction publique.

An och mir hunn e kritesche Bléck op d'Evolutioun vun de Pensiounen, der Fleegeversécherung an op d'Evolutioun vum Wuesstum. Mir hunn och ons Besuergnis iwwregens dat lescht Joer an onsem Budgetsrapport zesumme mat de Majoritéitsparteie beschriwwen an och guttgeheescht, notamment an onse Konklusiounen, am Kapitel «Mieux vaut prévenir que guérir». Konklusiounen, déi iwwregens d'CSV net matdréit, well se se och net matgestëmmt hat.

Mir wëllen och net ofstreiden, datt et och Ursaache ginn, fir sech haut Gedanken, voire souguer Suergen ze maachen, wéi ons Finanzen an onse Budget muer kéinten ausgesinn, wa mer an eng Krisesituatioun géife geroden.

Mir hunn awer Schwieregkeeten, Här President, wann e Spuerverhale revendiquéiert gëtt, fir den Defizit a virun allem d'Schold zréckzebezuelen, wann ee selwer - selwer! - wärend 34 Joer eigentlech haaptverantwortlech ass fir den Defizit an d'Schold vum Stand Dezember 2013, a just de Contraire gemaach huet, aus onser Siicht: eng Steierreform, déi haaptsächlech dra bestanen huet, de Spëtzesteiersaz drastesch erofzesetzen; Recetten, déi net nohalteg waren, net ofgeséchert, wéi den E-Commerce oder den Tanktourismus; d'Schold bei der Grenz vun 30% vum PIB uwuesse loossen, ouni - ouni! - e Plang virzegesinn, fir dovunner erëm ewechzekommen.

An ech kommen net méi drop zréck, well den Alex Bodry, mäi Virgänger hei, mer eigentlech déi Explikatioune geklaut huet,...

Plusieurs voix.- Ooh!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- … firwat den Zukunftspak eigentlech…

(Interruption par M. Alex Bodry et hilarité)

Net geklaut huet. Jo, ech huelen dat zréck, well en eigentlich vir war an dofir dat gesot huet, wat ech eigentlech elo wollt soen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- En huet den Terrain preparéiert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Den Terrain preparéiert.

(Hilarité et interruption par M. Alex Bodry)

Et ass okay.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Den Éischten ass vir.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo, den Éischten ass vir.

Sou, mä firwat - fir elo erëm seriö ze sinn, wierklech - firwat den Zukunftspak 2014 ausgeschafft ginn ass a firwat mer deen esou séier a vläicht, wéi gesot, net esou perfekt ausgeschafft hunn: mä dofir, well dat net nëmmen e wichtegt - leider e wichtegt -, mä leider och en notwendegt Instrument war.

Verursaacher vun dëser Budgetspolitik bis Dezember 2013, dat ware Politicken, déi wahrscheinlech net cibléiert an net selektiv genuch waren - anerer géifen dat „Géisskaneprinzip" nennen, mir mengen alt, et wär net selektiv an net cibléiert genuch - a wou et munchmol schwiereg wor, eng Linn erëmzefannen, sprëch e Programm fir d'Zukunft erëmzefannen. An ech kommen herno nach op méi konkret Beispiller zréck.

Wat et awer ass: Et ass eng terribel verpasste Chance! Eng verpasste Chance aus dem Ufank vum neie Jordausend, wou Lëtzebuerg hätt kënne sech nohalteg opstelle fir déi nächst Generatiounen, well zu deem Zäitpunkt waren d'Erausfuerderungen alleguerte bekannt: den iwwerproportionéierten Impakt vun der Finanzwelt op ons Budgetsrecetten, de Chômagerisiko a virop d'Problematik vun den onqualifizéierte Chômeuren an der ADEM, déi zu deem Zäitpunkt den Erausfuerderungen net gewuess war, d'Wunnengsproblematik mat hirem Rateschwanz vum Aarmutsrisiko hannendrun. Mä och d'Emweltproblematiken an de Klimawandel ware schonn op der Dagesuerdnung. Mir hunn als Gréng notamment och dofir gesuergt.

An et goufen zu dësem Zäitpunkt aus onser Siicht schonns Alternativen, fir eng Rei Kurskorrekturen ze maachen. Et sinn och eng Rei Propositioune vun den deemolege Regierungen op den Dësch komm, déi mir och aus der Oppositioun matgedroen hunn, well mir se aus onser Siicht fir richteg a fir wichteg fonnt hunn. Ech kommen och do herno nach op dës Iddien zréck, aus Zäiten notamment, wou d'CSV Schlësselressorten hat.

Mä komme mer emol fir d'Éischt zu onser zweeter prinzipieller Remarque, andeems ech kuerz e klenge Rappell awer wëll maachen, wéi eng Lag vun der Natioun déi nei Majoritéitsparteien am Dezember 2013 virfonnt hunn. Et war nääмlech un dëser Regierung an un dësem Finanzminister, déi schwiereg politesch Tâche unzegoen, fir d'Konsequenzen aus der Finanzkris ze zéien. Domadder menge mir och d'Konsequenze vun der munchmol dach awer opaquer Finanzpolitik, déi et weltwäit, europawäit an och hei zu Lëtzebuerg erméiglecht huet, ontransparent, ondemokratesch, voire onéierlech séier sech ze beräicheren, haaptsächlech op d'Käschte vun der Allgemengheet.

Fänke mer emol bei Tax-Rulingen a LuxLeaks un oder d'„stock-options", zwou vun enger Rei vu Fërdermoossname vun de viregte Regierungen a virun allem vun de viregte Finanzministeren, Moosnamen, déi - et muss een et awer éierlecherweis soen - awer eng ganz Rutsch vun Déchets fiscaux mat sech bruecht hunn an zum Deel och nach mat sech bréngen.

Déi éischt Moossnam huet dës Regierung elo endlech an e gesetzleche Kontext gesat, deen och déi gefuerdert Transparenz garantéiert. Hätt Lëtzebuerg dës gesetzlech noutwendeg Moossnam schonn etlech Jore méi fréi gemaach, bräicht de Steierbeamten aus dem Steierbüro 6 sech net esou oft haut krankzemellen!

„Stock-options" sinn en Thema an der Majoritéit an et war och en Thema bei onse Verhandlungen, wéi mer onse gemeinsame Koalitiounsprogramm opgestallt hunn, grad wéi iwwregens d'Tax-Rulingen och. Et ass ewell och en Thema gi bei der CSV, op alle Fall bei engem Deel vun der CSV. An och hei muss dës Regierung opklären a gegebenenfalls opraumen, wat scho längst hätt missen déi viregt Regierungen a virun allem och do déi viregt Finanzministeren opmierksam maachen.

Nieft den hausgemaachte potenzielle Problemer, déi eigentlech sans loi ni foi gewuess sinn a sech selbststänneg gemaach hunn, hunn dës Regierung an dëse Finanzminister sech misse mat internationalen an europäeschen neie Regele befaassen, wéi notamment dem Aféieren an der praktescher Emsetzung vum Échange automatique vun den diversen Antiblanchiment-Direktiven, wou Lëtzebuerg zu den „early adopters" gehéiert, an elo viru Kuerzem och dem Aféiere vun de BEPS-Regelen.

Ech menge kënnen ze behaapten, datt dëse Finanzminister eng Positioun vun engem feinen, diplomateschen, awer éierlechen Équiliber konnt vermëttelen um internationalen Niveau tëscht engersäits der Revendicatioun vum „level playing field" an anerersäits der Politik vu Lëtzebuerg als „first" oder „early adopter".

Dës konsequent, net ëmmer evident Politik huet mat Sécherheet dem Land erëm e gudden Deel vu senger Kredibilitéit an e positiven Image erëmginn. Eigentlech huet dës Regierung dat fäerdegbruecht, bannent knapp dräi Joer, wat d'CSV an hirem Wahlprogramm 2013

geschriwwen hat, nääml ech der Finanzplaz erëm - an ech zitéieren - en „einwandfreien Ruf“ ze ginn, deeselwechten „Ruf“, deen déiselwecht Partei mat hirer opaquer Finanzpolitik ee Moment ferm a Gefor bruecht hat. Dat muss een esou soen.

Da géifen, Här Minister, Här President, mir Gréng gär dem Här Minister Merci soen an him och soen, datt mir dat éierlech begréissen, datt hien de Moie sech mat Freed ausgedréckt huet, datt manner gefëmmt gëtt. Dat éiert Iech, Här Finanzminister, well - Dir wësst et - d'Konsequenz fir Iech ass och manner an der Keess. Mä doduerch, datt Dir déi Ausso hei gemaach hutt, mengen ech, ass hei e wichtegt Zeeche gesat ginn, datt eigentlech d'Gesondheet vun de Leit an doduerch och d'Liewensqualitéit vun de Leit priméiert. Merci dofir!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et war kee Rauchzeechen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Neen.

(Hilarité)

Ons Finanzen zu Lëtzebuerg, menge mir och, si gutt. Jo, effektiv, mir hunn no den Zuele vun de Moien 11 Milliarden oder nëmmen nach 20,5% vum PIB an der Dette publique, an och effektiv, wéi et gesot ginn ass, läit de Solde nominal beim Zentralstat bei minus 407 Milliounen, also 0,8% vum PIB. An effektiv rutschen d'Previsioune fir 2017 e bësse méi erof. Mir wäerten dat Joer duerno klammen.

De Rapporteur huet et haut genau beschriwwen, an de Minister och iwwregens. Mir sinn net nëmmen an enger privilegéierter Situatioun an der Europäescher Unioun, mä mir hunn effektiv 2014 - ausser dem Sukuk -, 2015 an 2016 keng nei Scholde gemaach a mir hunn och eng Schold vu 400 Milliounen zréckbezuelt.

A mir wäerten, jo, mir wäerte ganz héchstwahrscheinlech dëst Joer Sue léinen, neen, d'nächst Joer Sue léinen, dëst allerdéngs am Sënn vun nohaltegen Zukunftsinvestissementer respektiv fir weiderhin Defiziter aus der Vergaangenheet ze bewältegen.

Awer, wichtegen Detail: Iwwer dräi Véierel vun den Investissementskäschte ginn iwwert d'lafend Käschte bezuelt. An dofir ass et jo och richteg, wann de Conseil national des finances publiques seet, datt d'Investissementskäschten net iwwert d'Schold bezuelt ginn. Jo, dat stëmmt. De Gros leeft iwwert d'lafend Käschten. A mir investéieren héich, jo, mir investéiere souguer ganz héich an Infrastrukturen. An dat ass, wa gutt geplangt, en nohaltegen Invest, well mer domadder den Nachholbedarf an Infrastrukturen ophuelen an och onst Land fir d'Zukunft preparéieren.

A mir sti viru groussen Erausfuerderungen. Mir nennen dës Zäit eng Transitiounszäit, wou mer, wa mer muer an iwwermuer nach esou gutt liewe wëlle wéi haut, spéitstens haut ons musse sozial, landesplaneresch, wirtschaftlech an ekologesch nei organiséieren, jo souguer nei orientéieren.

(Interruption)

Okay.

An dat geschitt elo schonn, dat geschitt elo och schonns a verschiddene Beräicher. Mir sinn amgaangen, an dësem Land eng nei Form vu Finanzpolitik, sprëch Finanzservicer ze entwéckelen, déi notamment ons Verflichtungen a Saache Klimaschutz berücksichtegen.

D'Finanzéierung vum Klimaschutz mécht awer natierlech nëmme Sënn, wa mer och heiheem ons Hausaufgabe maachen. An och hei si mer um richtege Wee. Säit Ufank vum leschte Joer hu mir eng „climate task force“, déi der Regierung hëlleft, fir Lëtzebuerg als Zentrum vum Klimafinanzement ze etabléieren.

Éischt Resultater kënne mer elo schonns gesinn. Den 23. September gouf den „LuxFLAG Climate Finance Label“ virgestallt. Unhand vu strenge Kritären zertifizéiert dëse Label Fongen, déi an de Klimaschutz investéieren. An zanter dem 27. September hu mer och eng gréng Bourse hei zu Lëtzebuerg. De Luxembourg Green Exchange ass déi weltwäit éischt Plattform, déi ausschliisslech op gréng Finanzementsinstrumenter setzt.

Da wëll ech awer och bemierken, datt eis Bourse Weltleader ass, wat gréng Obligatiounen ubelaangt, mat iwwer 100 Stéck. Mëttlerweil sinn och méi wéi 200 Investitiounsfonge fir Klima an Energie hei zu Lëtzebuerg domiciliéiert.

An dann hu mer zesumme mat der BEI déi éischt „climate finance“-Plattform lancéiert, eng gemeinsam Initiativ, fir innovativ Investprojeten ze ënnerstëtzen, déi e staarken Impakt hunn am Kampf géint de Klimawandel. Dës Initiativ ass iwwregens och op der COP22 zu Marrakesch virgestallt ginn a Lëtzebuerg ass positiv opgefall fir dësen avantgardistesche Charakter.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Dës Finanzinvestissementer sinn iwwregens, an dat wollt ech och nach hei ënnersträichen, méi krisesécher, well se nohalteg investéiert sinn. Dës nei, innovativ Finanz- a Wirtschaftspolitickе wäerten an Zukunft dozou bäidroen, datt mer ons an dësem Land diversifiéiere kënnen an domadder lues awer sécher ewechkomme vun deem uniquë Pilier vun der Finanzplaz. An domadder schafe mer och eng gutt Portioun Sécherheet fir d'Entwécklung vun onsem Land.

A mir brauchen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir brauche méi vun dësen neien an innovative Politicken, fir onst Land kënne weiderzëentwéckelen, nohalteg um wirtschaftleche Plang an doduerch och nohalteg um budgetäre Plang, mä awer och nohalteg um sozialen an ekologesche Plang, well eng schlecht oder keng preventiv Sozialpolitik duerno eng ganz deier réparatrice Sozialpolitik mat sech bréngt a well eng schlecht Ëmweltpolitik enorm finanziell Käschte mat sech bréngt.

Mir mussen haut an dës nei Politicken investéieren a mir brauchen haut méi wéi jee e Budget an nach vill méi e pluriannuelle Budget, déi konsequent no dësen nohaltege Kritären opgestallt ginn.

Nohalteg an d'Zukunft investéieren heescht aus onser Siicht, virun allem an d'Kanner, an d'Jugendlech investéieren, an d'Éducatioun an an d'Formatioun investéieren. Et ass dëst an onsen Ae sozial a wirtschaftlech dee beschten Invest an et huet en direkten Impakt op eng nohalteg Entwécklung vum Land. Mir investéieren domadder konsequent an d'Matière grise. Innovatioun a Recherche, dat ass ons Matière grise, an et ass eng Énergie renouvelable à 100%.

Dësen Invest à moyen an à long terme ass e politesche Choix. Et ass en Invest, deen en direkte Lien huet zur intelligenter Entwécklung vun onser Wirtschaft, an dëst a ville verschiddene Secteuren. Zum Beispill am Programme de réforme „Lëtzebuerg 2020“ geet d'Ënnerstëtzung an déi privat a public Recherche erop a mécht tëschent 2,3% an 2,6% vum PIB aus. Tëschent 2014 an 2017 wäert de Stat 1,15 Milliarden an d'Recherche an an den Enseignement supérieur investéieren. An dozou kommen nach derbäi 240 Millioune fir de Fonds national de la recherche.

E Wuert och, well et wichteg ass net nëmmen am Invest, mä och ebe fir dat gesellschaftlecht Zesummeliewen, e Wuert zu de Chèque-servicen. Déi schloen am Budget 2017 mat 347 Milliounen zu Buch, dat si bal 11% méi wéi dëst Joer. An dozou kommen och nach iwwer 75 Millioune fir Infrastrukturen, déi an de Fong fléissen, mä déi mer alleguerten integral erëm do eraushuelen: 21 Millioune fir d'Aide à l'enfance, 17 Millioune fir d'Maisons relais an 30 Millioune fir privat konventionéiert Etablissementer.

Wat an hiren éischte Joren eng gutt gemengt, mä eng schlecht ëmgesat Politik war, kënnt elo endlech an d'Joren, wou mer kënne soen, datt mer hei an dësem Land eng flächendeckend qualitativ gutt Kannerbetreiung hunn. An déi flächendeckend gratis Crèchë sinn ugekënnegt fir déi nächst Rentrée.

D'Kannerbetreiung zu Lëtzebuerg ass sozial gerecht, si ass sozial förderend a si gëtt mëttlerweil och elo gutt gestionnéiert an, nach méi wichteg, gutt kontrolléiert. Mä virun allem, virun allem ass et eng Politik vun der Chancëgläichheet fir all Kanner, mä och fir d'Familljen, ob monoparentall oder net, a fir d'Elteren, virop fir d'Mammen, déi schaffe ginn. Et ass e gesellschaftspoliteschen Invest an eng Form vun Zesummeliewen eben an onsem Land.

Et ass awer och en ekonomeschen „return on invest“, wann ee weess, datt jonk Fraen déi sinn, déi zum gréisste Prozentsaz besser, voire souguer vill besser ofschneiden an der Schoul, op der Uni an an der Beruffsausbildung. A mir kënnen ons et net méi leeschten, dës Kompetenzen duerno net anzesetzen.

Fir ons sinn et dës zwou Kategorië vu Budgetspolitik, déi de gréissten a wichtegste gesellschaftspoliteschen Impakt fir déi nächst Jore wäerten hunn.

Et kommen och 4% d'nächst Joer méi wéi dëst Joer an de Logement subventionné, eppes méi wéi 210 Milliounen. Aus dem Statec sengem leschte Rapport „Travail et cohésion sociale“ sinn d'Zuelen zum Aarmutsrisiko a Relatioun mam Logement a mat de Logementspräisser gestallt. De Logement a virop de Logement subventionné an der Locatioun muss an deenen nächste Joer weider zur absolutter Prioritéit vun der Regierung zielen.

Derbäi kommen nach de Paquet Klimabank an dat nohaltegt Wunnen an de Certificat de durabilité d'un logement, déi mir muer de Mëtteg stëmme wäerten an déi eng selektiv a geziilten Hëllef fir vill Leit wäerten duerstellen, déi bauen oder renovéieren. Dat ass gutt fir d'Leit, dat ass gutt fir d'Handwierk, dat ass gutt fir d'Budgetsrecetten, well d'Suen hei am Land bleiwen, an et ass gutt fir de Klima!

Mir brauchen zu Lëtzebuerg Initiativen, déi an de soziale Wunnraum an awer och an den erschwéngleche Wunnraum investéieren.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

A mir brauchen zu Lëtzebuerg Initiativen an der Locatioun. Et sinn déi Präisser, déi vun der Locatioun, déi am meeschte weider klammen, vun de Wunnengen, déi verlount ginn, well d'Demande héich ass. An do droen d'Gemenge mat Sécherheet eng Verantwortung, mä d'Gemenge brauche konkret Ënnerstëtzung vum Stat.

(Interruption)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- D'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mir denken, datt an Zukunft méi a méi oft a preventiv Politike muss investéiert ginn, fir eben dem Aarmutsrisiko en amont entgéintzewierken. All Aarmutssituatioun, déi net opkënnt, muss duerno net wettgemaach ginn, mat vill Leed fir d'Leit a mat vill Sue fir d'Allgemengheet.

An déiselwecht Virgeeënsweis hu mer erfuer an der Ëmweltpolitik: Do, wou mer net preventiv virgaange sinn, kascht et ons duerno ganz vill, jo, ganz vill méi deier, ouni d'Gesondheetsschied oder d'Schied vun der Liewensqualitéit matanzerechnen.

D'Waasser, d'Ofwaasser sinn e Musterbeispill vu verpasste Chancen hei am Land. Nach ni, nach ni ass esou vill an d'Ëmwelt, an den Naturschutz investéiert gi wéi déi dräi lescht Joren, och dat weisen d'Zuelen, an d'Kläranlagen, an d'Qualitéit vun onse Flëss a virun allem endlech a Waasserschutzzonen, sprëch an d'Qualitéit vum Waasser. Vun 2017 bis 2020: 13,5 Millioune fir de Waasserschutz, 20,1 Millioune fir d'Renaturéierung vun onse Flëss a 27,2 Millioune fir d'Iwwerschwemmungsgebidder. Alles, alles integral Nachholbedarf!

An dann huelen ech mer nach eng Kéier e Beispill un deem, wat mer d'leschte Kéier erfuer hu bei der Diskussioun iwwert d'Steierpolitik. Ech hunn, léif Kolleege vun der CSV, och elo Äre Wahlprogramm gelies, nach eng Kéier. An do steet op der Säit 16 vun Ärem Wahlprogramm 2013, datt Dir wéilt bis 2015 all d'Drénkwaasserschutzzonen ausweisen.

Dir hutt jo elo gemierkt, mir hunn ugefaangen 2014 am Januar direkt, Dir hutt gemierkt, wéi laang dat dauert, wéi schwéier d'Prozedure sinn. Dat geet säin normale Wee, mä do mussen d'Prozeduren an déi demokratesch Ofstëmmunge respektéiert ginn. An dat bréngt een einfach net an engem Joer ronn. Dofir mierkt een eigentlech, wéi labber, wéi labber Dir mat esou engem schwieregen a wichtegen Thema ëmgaange sidd, fir kënnen an engem Wahlprogramm ze schreiwen, datt een dat alles an engem Joer gemaach hätt.

Mä iwwregens och haut nach, muss ech soen, schéngt d'Waasserqualitéit vun onsem Drénkwaasser, vun onse Flëss, vun onser Opbereedung vum Ofwaasser keen Thema bei Iech ze sinn. Mir fannen näämlech keng Spur dovunner an deenen 18 Punkte vun der CSV.

Iwwregens fanne mer och kee Wuert - kee Wuert, wa mer scho bei der Ëmwelt sinn - iwwer erneierbar Energien a Klimapolitik an deenen 18 Punkte vun der CSV. A mir fannen och keng Spur iwwert den Tram, iwwert de Carsharing oder iwwert d'Eisebunn an Äre 18 Punkten.

Mä dofir fanne mer awer eppes - mir fannen eppes, Här Wiseler! -, mir fannen den Ausbau vun onsen Autobunne vun zwou op dräi Spuren.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Esou vill - esou vill! - zu der Suerg fir d'Zukunft vun der CSV.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Madamm Loschetter,…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Esou vill zu de verpasste Chancen, mä gradesou vill zu der Laascht vum Nachholbedarf.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Madamm Loschetter, erlaabt Der, dass den Här Wiseler Iech eng Fro stellt, wann ech gelift?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Wann et eng Fro ass, gären.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Madamm Loschetter, da froen ech Iech, ob Der och gelies hutt, datt déi 18 Punkten, déi mer do beschriwwen hunn, 18 Punkte sinn, déi ëm d'Croissance gaange sinn an déi am Fong Weeër gewisen hunn, wéi mer an deenen nächste Joren déi Croissance sollte bewältegen, an net den Usproch haten, bei Wäitem net den Usproch haten, komplett ze sinn an de ganze Programm duerzestellen.

Dir wäert eis also och erlaben, verschidde Punkten eenzel unzegoen. Ech si just frou, datt Der se gelies hutt.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Madamm Loschetter, Dir hutt elo eleng d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här Wiseler, mir hu scho gemierkt, datt et an Ären 18 Punkten ëm d'Zukunft an ëm d'Croissance geet, oder ëm d'Croissance an ëm d'Zukunft geet an ëm de wirtschaftleche Wuesstum.

Also, wann erneierbar Energien a Moossnamen, fir dem Klimawandel entgéintzewierken, net zum ekonomesche Wuesstum gehéieren; wann den Tram, de Carsharing an den ëffentlechen Transport an all dat, wat ronderëm gehéiert, d'Handwierk an esou weider, net zum Wuesstum an zur ekonomescher Croissance vun dësem Land gehéieren, Här Wiseler, dann deet et mer wierklech leed, mä da gesinn ech net, wou Dir déi positiv Zukunftsvisioune gesitt!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Madamm Loschetter,…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mä ech kommen nach eng Kéier zréck op Ar Zukunftsvisioun.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dir kënnt verschidde Saachen eis net reprochéieren, notamment zum Beispill, datt mer eis net an deene leschte Jore wesentlech fir den Tram agesat hätten.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Den Här Wiseler schwätzt ëmmer, ouni datt een em d'Wuert gëtt.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat kënnt Der eis wierklech net reprochéieren. Dir kënnt et zwar elo emol soen, mä domadder ass et just gutt gesot.

(Coups de cloche de la présidence)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Madamm Presidentin, ech äntwerte ganz gären op Froen. Mä ech hu guer net gär, wann e Mikro ugemaach gëtt fir Tëscheriff, well dat bréngt mech duerjerneen.

(Exclamations)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ah, ech wollt Iech zwar wierklech elo net duerjernee brëngen, Madamm Loschetter.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Sou, wann ech gelift!

(Interruptions)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Dat ass net wouer. Ech maachen de Mikro ni un.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Okay. Wann ech gelift, Madamm Loschetter, wann Der wéilt virufueren!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- De Finanzminister huet de Moien a sengem drëtte Punkt eng léif Beschreiwung gemaach iwwert d'Glaskugel. Mir schwätzen do, et ass datselwecht, Madamm Presidentin, mir schwätzen do iwwert dat Preventiivt. Preventiv heescht: virausdenken, antizipéieren, mëttel- a laangfristeg gestalten. Et ass genau dat, wat de Minister de Moien och ernimmt huet: e Programm hunn an de politesche Wëllen, dran ze investéieren.

A vläicht och, vläicht och e bësse politesche Courage, well mëttel- a laangfristegt Denken an Investéieren ass de Contraire vu séierem Zefriddestellen. Et brauch Zäit an Energie, fir dës Politicken ze erklären, fir d'Visioune vu muer zesumme mat - mat! - de Leit ze entwéckelen, fir d'Leit mat an d'Boot ze kréien, fir zesummen ze gestalten.

De Contraire dovunner, an ech wëll kengem eppes ënnerstellen, mä aus onser Siicht ass de Contraire dovunner wat mir nenne Populismus: einfach Äntwerten op komplizéiert Themen, séiert Ëmsetzen a gegebenenfalls mat Angscht schaffen.

(Interruption)

An à propos politesche Courage, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Presi-

dentin, erlaabt ons, e bëssen och wéi mäi Virriedner op d'Landesplanung anzegoen, well duerch eng gutt duerchduechte Landesplanung kréie mer déi elo grad genannten aner Politicken openeen a mateneen ofgestëmmt. A schlussendlech duerch eng duerchduechte Landesplanung schaffe mer un der Entwécklung vum Land an u senger Gestaltung fir déi nächst Generatiounen an un hirer Liewensqualitéit.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Erlaabt mer dofir, e bësse bei deem Thema ze bleiwen, well Landesplanung heescht och, am Virfeld definéieren, an dëst no Kritären, déi am Virfeld definéiert sinn, wat wou gebaut gëtt.

Et gouf emol aus onser Siicht eng luewenswäert Initiativ: den IVL.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Genau! Deen hat genau dat Zil: kloer definéieren, wat wou soll wuessen, wat wou soll gebaut ginn.

Mir hunn dat aktiv ënnerstëtzt aus der Oppositioun eraus. Mä duerno koum engem aneren CSV-Minister säi Pacte Logement an dunn ass - IVL hin oder hier - eng Course an de Gemengen ugaangen, wien am meeschte géif wuessen, fir kënne méiglechst vill vun de Suen aus dem Pacte Logement ze profitéieren.

Bass de op d'mannst 1,5% pro Joer gewuess, egal wou deng Gemeng war, krus du d'Suen. Das wilde Wachstum uerchtert d'Land ass mat ëffentleche Sue gesponsert ginn!

Eng kloer Linn wor do net méi ze erkennen, Kolleeginnen a Kolleegen, an eng Zukunftsvisioun, wéi sech sollt wat wéini entwéckelen, och net.

(Interruption)

Dat ass regrettabel, well et si vill, jo, et si ganz vill Suen aus dem Statsbudget an déi veschidde Gemeng gefloss, déi wuel en eegene Programm haten, mä deen net um nationalen Niveau ofgestëmmt war.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mam Resultat, datt d'Liewensqualitéit fir jiddwereen op villen Niveaue sech verschlechtert huet, a mam Resultat, datt mer haut e krasse Mobilitéitsproblem hunn. An haut proklaméiert de Spëtzekandidat vun der CSV seng Ängschte virum Wuesstum a schwätzt vun Horrorvisioune vun engem 1,1-Milliounen-Awunnerstat!

(Interruption par M. Claude Wiseler)

Jo, mä, Här Wiseler, Här Wiseler, loosst mech soen: Wien huet dann derfir gesuergt, wien huet dann derfir gesuergt, datt virun 10, 15 Joer et deemools net zu dëser wichteger an aus onser Siicht noutwendeger Diskussioun komm ass? Zu engem Zäitpunkt, wou d'Keese gutt voll waren a wou mer all Atout an dësem Land haten an all Info iwwert déi wesentlech Erausfuerderungen, fir ons richteg fir muer an iwwermuer opzestellen!?

An ech ginn Iech e Beispill, à titre d'information: Mäi Kolleeg, den deemolegen Deputéierte Camille Gira, haut Statssekretär am MDDI, huet seng éischt vu véier Motiounen, fir eng Etüd zum Tanktourismus ze maachen, am Joer 2001 hei déposéiert. Duerno koumen der nach zwou am Joer 2003 an et koum nach eng véiert - haalt Iech un! - am Joer 2011.

An hien huet dat net gemaach, Här Wiseler, fir Iech deemools ze nerven. Mä hien huet dat, mä mir hunn dat gemaach, well mer gären alleguerten eng kloer Analys hätten iwwert de Sënn, gegebenenfalls iwwert den Onsënn, vum Tanktourismus, iwwert d'Recetten an d'Ausgaben, iwwert d'Nohaltegkeet vun dëse Recetten.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Dir hutt iwwert d'Pëtrolspräisser geschwat, déi wäerten an d'Luucht goen. Ma hei, dat gehéiert dozou! A fir déi Analys vum Tanktourismus, do hätte mer och gär gehat vun 2001 un, datt d'Émweltschied finanziell quantifizéiert kéinte ginn.

Dat war, ech ginn et ganz gär zou, zu deem Zäitpunkt fir vill keen Thema a fir anerer huet et net dierfen zu engem Thema ginn. Haut hu mer dës Etüd. A mir hunn d'Zuelen. Mir hunn haut konkret Zuelen iwwert dat, wat den Tanktourismus eis erabréngt a wéi vill en ons kascht.

D'Regierung, dës Regierung ass elo gefuerdert, eng Sortie ze gestalten, déi ons keen zweeten Debakel à la E-Commerce wäert bréngen. Well dat, wat bis elo geschitt ass, ech woen dat ze behaapten, dat, wat bis elo geschitt ass an dësem Dossier iwwert den Tanktourismus aus onser Siicht, dat ass dat, wat ee kéint nennen: „Nach uns die Sintflut!".

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Madamm Loschetter!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Jo, wann et eng Fro ass, Här President, ganz gär.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also, ech wëll da froen, déi Analys vum Tanktourismus, déi ass jo elo da gemaach ginn. No dräi Joer läit se da schlussendlech um Dësch.

D'Fro ass just: Wéi gi mer dann elo mat där Etüd do ëm? Ech hunn den Här Gira um Radio héieren, fir ze soen, datt emol einstweilen näischt géif finanziell gemaach ginn, datt een dat emol alles misst kucken, datt een do emol misst lues maachen, datt een dat misst alles analyséieren.

Ech hunn och déi Etüd do gelies. An ech hunn eng ganz Rei Froen zu där Etüd do ze stellen, well déi Zuelen, déi do avancéiert ginn, an déi Aart a Weis, wéi dat presentéiert ass, dat léisst awer a mengen Ae méi wéi Fragezeichen zou.

Also meng konkret Fro ass: Wéi huet d'Regierung da wëlles, mat där Etüd do ëmzegoen? Respektiv wéini soll déi dann eng Kéier diskutéiert ginn, wann déi fir Iech esou wichteg ass?

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Also, ech géif awer gären dem Här Wiseler äntwerten, datt se éischtens net no dräi Joer um Dësch läit, mä no 15 Joer um Dësch läit.

Une voix.- Exzellent!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Aus onser Siicht op alle Fall, well mir hunn déi Demande per Motioun gemaach am Joer 2001 - dowéinst.

Zweet Saach, déi ech kann äntwerten, well ech si jo net d'Regierung, mä déi zweet Saach, déi ech kann äntwerten, ass, datt mer jo grad en Debakel à la E-Commerce wëlle vermeiden, wou vun engem Joer op dat anert mer en Abroch hunn. An dofir geet déi Regierung elo virsiichteg mat deene kloren Zuelen...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass awer de Contraire vun deem, wat déi Gréng elo 15 Joer laang gefrot hunn!

(Brouhaha)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Dat ass absolutt net de Contraire! Mir wëllen net, mir wëllen net vun haut op muer an en E-Commerce... Här Wiseler, also, da muss ech awer e bëssen elo aushuelen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Huelt Iech Zäit!

(Interruption)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, ech muss awer elo hei betounen - ech muss awer elo hei betounen! -, datt et jo bekannt war, a spéitstens säit onser Motioun 2001, well ech mengen, den Här Gira huet dat hei ausféierlech erklärt, datt et bekannt war, da loosse mer emol soen, spéitstens säit 2001, datt déi Recettë vum Tanktourismus keng nohalteg Recettë sinn, datt déi de Fluktuatioune vu ganz ville Saachen ausgeliwwert waren, notamment och, mä net nëmmen, vun de Pëtrolspräisser, datt een déi also net kann einfach esou als rekurrent Recetten a lafend Käschte programméieren, mä datt ee muss wëssen, datt déi kéinte staark variéiere bis ewechfalen.

Sou! Dat war jo net gemaach ginn. Dofir mengen ech, datt mer - mir alleguerten an Dir vläicht e bësse méi wéi mir - missten eigentlech e bësse méi diplomatesch mat där Saach ëmgoen a wëssen - mir hunn elo d'Resultater -, net nëmme si mer nach ëmmer de Schwankungen ausgesat, well dat ka vun haut op muer ganz anescht sinn, mä zweetens wësse mer, datt dat do ons méi kascht, wéi et ons erabréngt.

Sou!

(Interruptions)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass Är Interpretatioun!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Gutt. Erëm eng Kéier, also déi do Ausso, déi jo keng Fro war, Här President, mä ech huele se awer op, déi do Ausso, wann Dir sot: „Et kascht méi, wéi se erabréngt" (veuillez lire: „Et bréngt méi eran, wéi et kascht"), do gesi mer erëm, wéi eng Visiounen Dir fir d'Zukunft hutt.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech géif gär emol eng Kéier seriö driwwer diskutéieren.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Op jidde Fall keng, déi Émweltschied considéréiert,...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech géif emol eng Kéier ganz seriö gär driwwer diskutéieren!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- ...a scho guer keng, déi Émweltschied finanziell quantifizéiert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech géif gär seriö doriwwer diskutéieren. An ech hunn d'Fro gestallt, wéini mer dat da kënne maachen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Sou. Also mir wäerten eis nach vill beschäftege mat deem Tanktourismus a mir wäerte ganz sécherlech och, ganz sécherlech och...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An och Är Aussoe vu virun zéng Joer nach eng Kéier bréngen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Sou! Esou wéi...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Elo schwätze mer net méi duerjerneen, well soss versteet kee méi eppes!

(Interruption)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Jo. Dat Bescht wier einfach, et géif een de Mikro...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Madamm Loschetter, adresséiert Iech un d'Chamber! A mir fueren elo an der Diskussioun weider.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Et ass gutt.

Sou wéi…

(Interruption et hilarité)

Sou wéi am Waasserschutzzonendossier, esou wéi am Kläranlagendossier, esou wéi am Klimadossier, esou wéi am Landesplanungsdossier, esou och am Mobilitéitsdossier: Am Mobilitéitsdossier ass nom Motto „sowohl als auch" investéiert ginn. Dat heescht, ech promouvéieren dat eent an dat anert, an ech ignoréieren dobäi, datt et Mobilitéitszorte ginn, déi e groussen, jo souguer e ganz groussen Nachholbedarf opweisen, wat natierlech dozou gefouert huet, datt mer zu Lëtzebuerg och haut - och haut! - nach keen équilibréierte Choix hunn, also Choix vun de Mobilitéiten.

Haut ass et esou…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Sidd Dir fir de Choix?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mir sinn op alle Fall, fir datt et misst..., also…

(Interruptions et hilarité)

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- D'Madamm Loschetter gëtt op. Här Wiseler, si gëtt op!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- D'Zuele weisen awer haut, datt do méi investéiert gëtt, wou et en Nachholbedarf gëtt - a vill méi investéiert gëtt -, näämlech genau do an déi Mobilitéit, déi klimakompatibel ass. Mat där haiteger Regierung sinn d'Zuelen am Budget inverséiert ginn, inverséiert ginn: een Drëttel an d'Stroossen an zwee Drëttel an den ëffentlechen Transport an an d'Mobilité douce. Endlech!

Verschidde Programmer sinn extrem an der Zäit beschleunegt ginn. Dat ass och en Énnerscheed zu deem, wat virdru gesot gi war, datt eigentlech alles scho prett war an datt dat einfach weidergefouert gëtt. Neen! Et gëtt net nëmmen einfach weidergefouert, wat eventuell prett war. Mä et ass a) adaptéiert ginn, a b) ass virun allem extrem, extrem beschleunegt ginn: den Tram…

Une voix.- Autobunn op dräi Spuren!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- … an den Arrêt Pont Rouge d'nächst Joer an d'Cloche d'Or an de Findel 2020.

An den nächste Jore gi 674 Milliounen an déi dräi grouss Mobilitéitszentren investéiert. Net nëmmen d'Stad, mä och Esch a virun allem och d'Nordstad sinn en Thema. Aacht Joer Gewënn, richteg!

Insgesamt si vun onsen Investissementer bal ee Véierel gréng Investissementer, gréng am Sënn vu Klima- an Émweltschutz, deenen hiren Niveau haut duebel esou héich läit wéi nach 2013. All dës Zuelen am Budget, virop déi vun den Infrastrukturen, sinn a Relatioun ze setze mat der Diskussioun, sou gesi mir et, déi mer säit der Rentrée an dësem Land féieren iwwert de Wuesstum. Mir schwätzen an dësem Sënn léiwer vun „Entwécklung", well dorëms geet et jo hei schlussendlech.

Mir brauchen, Kolleeginnen a Kolleegen, méi wéi jee eng Entwécklungsstrategie fir Lëtzebuerg, déi logesch, déi konsequent, déi effizient fir d'Bierger an d'Biergerinnen an d'Betriber ass, déi ekologesch a klimapolitesch kompatibel ass an domadder an engems och d'Liewensqualitéit an d'Gesondheet vun alle Leit ka garantéieren.

Dës Regierung huet sech eng Base dofir geschafen a knapp 500 Säiten, déi net nëmme vum Här Rifkin redigéiert gi sinn, mä vun iwwer 300 Akteuren…

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- … vun hei zu Lëtzebuerg!

Et gëllt elo, dës Rifkin-Base - ech soe ganz gär: den „Raster" dovunner - ze fëllen, ze fëlle mat Aarbechtsgruppen, am Austausch mat alle Bierger a Biergerinnen.

An ech mengen och kënnen ze soen - well den Här Wiseler de Moie gesot huet, oder de Mëtte gesot huet, si wären net invitéiert ginn -, mä ech mengen, si si méi wéi wëllkomm, fir an deenen Aarbechtsgruppen do matzeschaffen! Well et gëllt effektiv, all zesummen, gemeinsam un där Entwécklungsstrategie ze schaffen, well mir kréien et nëmmen all zesummen hin.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Voilà! Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Kritäre vum Budget wäerte sech wahrscheinlech och an deenen nächste Joren entwéckelen. Do wäerten, denke mir, och nach aner oder zousätzlech Kritären ewéi de renge Wuesstumskritär oder de PIB eng Roll spillen, Kritären zum Beispill wéi Liewensqualitéit, wéi Gesondheet, wéi sozialen Zesummenhalt, déi en Deel vum PIBien-être sinn, iwwregens. Mä och eng gesond Ëmwelt a genuch Ressourcë spillen dobäi ëmmer méi eng grouss Roll.

De Budget wäert ëmmer e wichtegt Instrument bleiwen, fir Politik ze gestalten, mä de Budget wäert, an dat wënsche mir ons, an Zukunft och anerer vun deene Kritäre berücksichtege wéi déi klassesch, déi mir bis elo kannt hunn. Nohaltegkeet, ekologesch Kompatibilitéit a virun allem och Transparenz wäerte Kritäre ginn, déi fir d'Zukunft eng Roll wäerte spillen.

Mir als Gréng sinn houfreg op dëse Budget. Mir sinn houfreg op dat, wat mer geleescht hu mat deene Politicken, déi hiert Bild erëmfannen am Budget pluriannuel. An ech sinn och houfreg kënnen ze soen, datt mir dee Budget wäerte gäre matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Roth wollt nach eng Fro stellen. Solle mer him d'Wuert ginn?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ass et eng Fro?

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass eng Fro. Ah, en huet gesot, e géif eng Fro stellen. Ech passen och ganz gutt op!

(Interruptions)

Une voix.- Et ass e Kommentar mat engem Fragezeichen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Well soss, Dir kënnt Iech ëmmer nach aschreiwen, Här Roth.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Soss gi mer eraus…

M. Gilles Roth *(CSV).*- Neen, et ass besser hei.

(Brouhaha général)

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Dat kléngt awer interessant.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Ech stellen dann d'Fro, oder déi zwou Froe fir d'Éischt. Mä ech muss awer eng Explikatioun herno...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, stellt emol d'Fro!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Ma da stellen ech d'Fro, firwat dass déi gréng den 21. Juni 2005…

(Interruptions)

Jo!

…d'Gesetz iwwert d'Ëmsetzung vun der Direktiv, der europäescher Direktiv iwwert d'Zënsbesteierung matgestëmmt hunn. An ech soen Iech och, firwat dass ech Iech déi Fro stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat war d'Fro.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Dat war d'Fro. An ech stellen dann och d'Fro der Madamm Loschetter, firwat déi gréng an där Zäit och d'TVA-Adaptatioune matgestëmmt hunn, déi iwwerhaapt méiglech gemaach hunn, dass mer déi Rentrée-fiscallen iwwert de Commerce électronique kritt hunn. Dat war meng Fro.

Ech hätt Iech déi Fro net gestallt, Madamm Loschetter, Dir hutt gesot - an dat éiert Iech, dass Der et gesot hutt -, Dir géift jiddwerengem seng Meenung respektéieren. Mä ech fannen et och gutt, dass jiddweree soll zu senger Meenung stoen. An d'CSV steet derzou. D'CSV steet derzou! Well dat hunn ech net esou richteg gedeelt vun Iech, dass Der gesot hutt: „Bon, mir sinn elo emol derfir, fir dass..."

(Brouhaha et interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech mengen, Här Roth, d'Fro ass gestallt.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, d'Fro ass gestallt, mä elo ass et...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Fro ass gestallt an da gi mer elo eng Äntwert drop. Wéi gesot, d'Alternativ ass, dass Der Iech aschreift. D'CSV huet nach Riedezäit zur Verfügung.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Neen, et wier emol déi dote Fro.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, traditionellerweis stëmmen déi gréng d'Direktiven, d'Ëmsetzung vun Direktiven, well mer jo och zu deenen europäesche Politicke wëlle prinzipiell stoen. Et ass eng Verflichtung. Déi mussen an national Gesetzer geschriwwe ginn. Prinzipiell stëmme mir déi.

Zweetens, wa mir e Projet fir sënnvoll fannen, da stëmme mir dee mat, och wa mir an der Oppositioun sinn, Här Roth!

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, ech mengen, dass d'Äntwert ginn ass. Mir wëllen hei keen Débat am Débat maachen. Ech géif d'Wuert dann un deen nächste Riedner ginn, deen den Här Gast Gibéryen fir d'ADR ass. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert. A wann Der nach e wëssenschaftlechen Disput wëllt maachen,…

Une voix.- Et ass e realpoliteschen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà! …et sinn nach genuch Plazen am Haus fräi. Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och vun eiser Säit aus fir unzefänken, fir datt ech dat net vergiessen, dem Claude Haagen Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

Une voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass de Mëtten hei scho gesot ginn, mir wëssen et alleguer, datt fir e Rapporteur de Rapport zum Budget e Kärsték an deem senger Carrière ass an datt dat mat vill Aarbecht verbonnen ass. An och, wann een als Oppositiounspolitiker dem Rapport net zougestëmmt huet, muss een awer ëmmer unerkennen, datt hei eng wäertvoll Aarbecht, net nëmme vun dësem Rapporteur, mä och an deene Jore virdrun, gemaach ginn ass, well normalerweis punktuell ganz interessant Iwwerleeungen dra sinn, op déi een och ganz dacks kann drop zréckkucken. Duerfir och dëse Merci vun eiser Säit un de Claude Haagen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'ADR huet schonns ëmmer hir politesch Iwwerleeungen, Propositiounen an Décisiounen dem Prinzip vun der Nohaltegkeet ënnerworf. Dat ass um ADR-Nationalkongress virun zwee Joer nach eng Kéier ënnerstrach ginn, a gläichzäiteg ass festgehale ginn, de Prinzip vun der Nohaltegkeet verstäerkt an d'politesch Diskussioun eranzebréngen, dat ëmsou méi, well mer hu misse feststellen, datt grad ënnert dëser Regierung dëse Prinzip praktesch guer net méi zum Droe kënnt, dëst, obschonns an dëser Regierung eng soi-disant gréng Partei vertrueden ass.

Duerfir hate mir als ADR och d'lescht Joer den 3. Dezember hei an der Chamber eng Interpellatioun ënnert der Bezeechnung „Zukunft Lëtzebuerg" ugefrot an duerchgezunn, fir op dës Entwécklung opmierksam ze maachen.

Zënter e puer Méint ass op Regierungsniveau eng Campagne lancéiert ginn, wou iwwert déi zukünfteg Entwécklung vun eisem Land soll diskutéiert ginn. Meng Interventioun zum Budget dëst Joer beschäftegt sech duerfir mat der Fro, ob d'Politik, déi mat dësem Budget gemaach gëtt, dem Prinzip vun der Nohaltegkeet entsprécht oder net.

Wa mer d'Analys kucke vum Wuesstum iwwert déi lescht Joren, zënter datt dës Regierung am Amt ass, da leie mer praktesch bei engem Wuesstum an der Moyenne vu 4%. Fir d'nächst Joer ass e Wuesstum vu 4,2% virgesinn. Et ass dat Duebelt am Schnëtt, wéi an der Europäescher Unioun an der Moyenne de Wuesstum steet.

An trotzdeem mer hei zu Lëtzebuerg dee Wuesstum hunn, hu mer iwwer all déi Joren Defiziter gemaach. Déi Defiziter ginn zréck op d'Joer 2003. A vun 2003 bis haut hu mer all Joers Defizit gemaach, mat Ausnam vum Joer 2007, wou mer schwaarz Ziffere geschriwwen hunn. Awer och dës Period, 2013, d'Ziffere sinn haut scho genannt ginn, 466 Milliounen; 2014 141 Milliounen; 2015, haut de Moien hu mer d'Konte gestëmmt, 460 Milliounen, a fir dëst Joer rechne mer och mat e puer Honnert Milliounen. D'Chiffere sinn nach net bekannt. Et geet besser aus, wéi am Budget virgesi war, mä mir maachen awer en Defizit. A fir d'Joer 2017 hu mer dann erëm en Defizit hei programméiert am Budget, dee liicht iwwer eng Milliard geet.

D'Fro, déi ee sech muss stellen: Ass et normal, wann een an engem Land regelméisseg Rekordwuesstum huet, datt een trotzdeem Defizit a sengem Budget huet? Da muss een déi Fro beäntwerte mat Neen. Dat ass net normal, datt ee bei strammem Wuesstum och nach en décken Defizit huet.

Aner Länner, déi manner Wuesstum hu wéi Lëtzebuerg, hu keng Defiziter oder kleng Defiziter. Ech nennen Däitschland, dat mat engem Wuesstum vun 1,6%, 1,7% elo schonn zënter e puer Joer schwaarz Ziffere schreift, deem seng Globalverschëldung wuel iwwer 60% läit, mä dat awer trotz deem Wuesstum seng Scholdespär konnt abauen, keng nei Scholde méi mécht a Scholde kann zréckbezuelen.

Wat geschitt eng Kéier mat dem Budget vun dem Lëtzebuerger Stat, wa mer dee Wuesstum net méi hunn? Wat geschitt, wa mer eng Kéier eng Kris kréien? Wa mer elo scho bei esou engem héije Wuesstum en Defizit hunn, wat geschitt dann, wa mer eng Kéier net méi dee Wuesstum hunn, wa mer erëm en Nullwuesstum kréien an, nach vill méi schlëmm, wa mer eng Kéier géifen en Negativwuesstum kréien? Wéi géifen dann d'negativ Chiffere vum Budget ausgesinn?

Här President, eise Finanzminister, den Här Gramegna, huet virun dräi Joer säi Mandat ugetratt, andeem datt e gesot huet, hie géif am Fong nëmme Finanzminister ginn ënnert der Konditioun, datt den Defizit am Statsbudget géif ofgeschaaft ginn. An et muss ee soen, déi éischt zwee Joer, dräi Joer war et och an déi Richtung gaangen.

Mä wa mer awer haut kucken, datt, wéi den Här Gramegna ugefaangen huet, den Defizit 466 Milliounen war, an haut kënnt deeselwechte Minister heihinner a presentéiert eis e Budget mat engem Defizit vun iwwer enger Milliard, da musse mer natierlech soen, datt en déi Konditiounen, ënnert deenen e viru véier Joer, oder dräi Joer dat Mandat ugeholl huet, iwwerhaapt net respektéiert. A wann e sech selwer géif eescht huelen, misst en am Fong soen: „Ech halen elo op als Finanzminister, well déi Konditiounen, ënnert deenen ech Finanzminister gi sinn, déi kann ech net méi anhalen, an ech sinn e Mënsch, deen doranner seng Konsequenzen zitt."

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dann ass iwwer Scholde geschwat ginn, Här President. Et sinn an dëser Legislaturperiod keng Scholde gemaach ginn. Et si keng nei Emprunten opgeholl ginn. Dat ass richteg. Mä den Här Finanzminister, deen ass an der Presentatioun vun de Chifferen - an ech wäert haut e puermol dorop agoen - e richtege Künstler. Ech hu selten e Finanzminister heibannen erlieft, deen et fäerdegbréngt, d'Chifferen ëmmer esou schéinzeschreiwen, wéi den Här Gramegna dat, Här President, heibanne fäerdegbréngt!

D'Fro muss ee sech stellen, wann e Stat iwwer Joren Defizit huet an e mécht keen Emprunt, den Defizit muss jo awer bezuelt ginn, da muss ee sech d'Fro stellen: Ma wéi bezuele mer en Defizit iwwer Joren, wa mer keen Emprunt maachen? Dee gëtt aus der Trésorerie bezuelt. Wat ass dann an der Trésorerie? Ma wa mer eis Dokumenter kucken, do steet zum Beispill, datt op de Fongen 1,5 Milliarde géife leien. Elo wësse mer awer, datt dat just eng Écriture administrative, oder wéi ee se wëllt och ëmmer nennen, ass, wou 1,5 Milliarde steet. Déi waren och eng Kéier an der Trésorerie vum Stat. Mä déi sinn an der Zwëschenzäit opgeschafft ginn an et sinn eben Defiziter net nëmmen an dëser Period, mä och schonn an der Period virdru bezuelt ginn.

Da muss een awer och fairerweis soen, wann ee seet: „Mir hu keen Emprunt opgeholl", datt déi lescht Regierung zum Schluss en Emprunt opgeholl hat vun dräi Milliarden, vun deenen nach en Deel do war, mat deem an dëser Legislaturperiod konnten Defiziter bezuelt ginn. Och dat huet de Finanzminister net gesot.

An dës Regierung huet en neie Fong agefouert, näämlech den Zukunftsfong, wou all Joer 50 Milliounen drop iwwerwise ginn, wou sech virun dräi Joer, wéi dat agefouert ginn ass, dermat gebretzt ginn ass, datt do fir déi kommend Generatioune géif e Fong geschaaft ginn, a wou och elo um Pabeier, 3 mol 50, 150 Milliioune stinn. An a Wierklechkeet sinn déi Suen an der Trésorerie. Mä si sinn awer och mat fortgaangen, fir d'Defiziter ze decken. Dat heescht also, an der Trésorerie ass kee Geld méi dran, d'Trésorerie ass eidel!

An do wollt ech dem Här Berger soen, deen am Fong gesot huet, hien hätt net gewosst - hien huet de Mëtten hei gesot, si wieren erschreckt gewiescht, wéi si an d'Regierung komm wieren an dat festgestallt hätten -, wéi d'Finanzsituatioun vum Stat war:

Här Berger, ech ka mech erënneren, datt Är Partei an ech och bei der leschter Legislaturperiod hei ëmmer gesot hunn, datt an der Keess, déizäit hu mer ëmmer gesot „kee rouden a kee schwaarzen Euro" méi dra wier. Dat war déiselwecht Argumentatioun. Also mir hunn net brauchen an eng Majoritéit ze kommen, fir festzestellen, datt keng Sue méi an der Keess sinn. An ech hunn och d'lescht Joer a virzejoert gesot: Elo kënne mer niewent deem rouden an deem schwaarzen nach dee grénge an dee bloen Euro derbäinennen. Et ass einfach näischt méi an der Keess do!

An et ass net nëmmen, datt näischt méi an der Keess ass, mir sinn am Minus. Wann d'Regierung higeet a se mécht eng Ligne de crédit op, wou se ka bis eng Milliard goen a wou mer am September iwwer 800 Milliounen am Keller waren, dann ass dat en Zeechen, datt alles fort ass, well et geet ee jo eréischt an de Keller deen Abléck, wann ee keng Liquiditéite méi huet.

Et kann een also net higoen a soen: „Mir hu keen Emprunt opgemaach." Da muss een awer gläichzäiteg a fairerweis och derbäisoen, datt een en Emprunt vun der aler Regierung weider opgeschafft huet, datt mer keng Finanze méi an den Trésorerien hunn an datt all déi Suen, déi sief et op deenen 33 Investitiounsfongen oder um Zukunftsfong sinn, datt déi Sue fort sinn an datt een an de Minus gaangen ass iwwer eng Ligne de crédit, wat ënnert dem Strëch och en Emprunt ass.

A wa mer da wëssen, wéi d'Gefore sinn, wa mer hei gesinn, wéi mer iwwert d'Finanzsituatioun schwätzen: Wat maache mer, wann d'Zënsen eng Kéier an d'Luucht ginn? Mir wëssen, datt am Abléck zwou nei europäesch Direktiven amgaange sinn, déi, wann dat timingsméisseg richteg duerchgeet, déi eng 2019, déi aner 2021 a Kraaft trieden, wou Lëtzebuerg, wa se esou géifen duerchgoen, wéi se haut am Text an der Propositioun sinn, wou Lëtzebuerg géif erëm en zweeten Abroch praktesch wéi beim E-Commerce kréien, an zwar relativ kuerzfristeg.

A wa mer gesinn hunn, wéi dës Regierung an där Diskussioun an hiren dräi éischte Joer, wou se hei am Amt war, esou séier ëmmer zu Bréissel noginn huet, da fäerte mer, datt och d'Regierung bei dësen zwou Direktiven nogëtt an datt mer dann e weidere staarken Abroch kréien um Niveau vun der Betribsbesteierung.

Mir wëssen awer och, datt d'Welt méi onsécher ginn ass. Mir schwätze vum Tanktourismus. D'Madamm Loschetter huet elo grad hei geschwat vun där Etüd.

Här President, esou eng Etüd, déi ass nun eemol eben dat wäert, wat se wäert ass. Ech wëll drun erënneren, datt den Innenminister, den Här Dan Kersch, virun dräi Wochen um Radio moies ugeschwat ginn ass, wat e géif dovun halen, vun där Etüd, déi de SYFEL gemaach huet, d'Vertriedung vun de Kierchefabricken, zu dem Projet de loi iwwert d'Reform vun de Kierchefabricke vun dëser Regierung, duerch de belsche Verfassungsspezialist, de Professer Delpérée. An do huet den Här Kersch geäntwert moies um Radio: „Dir wësst jo, wéi dat mat deenen Etüden ass. Deen eng Etüd bestellt an dee se bezuelt, dee kritt dat och eraus, wat e gären hätt."

Souwäit d'Meenung vun dëser Regierung zu den Etüden! An ech mengen, déi Etüd iwwert den Tanktourismus, déi ass och vun dëser Regierung bestallt a bezuelt ginn, a laut dem Här Dan Kersch ass och duerfir dann do dat erauskomm, wat d'Regierung gären hätt.

(Interruptions)

Ech wëll och soen, datt, wann do geschwat gëtt vun de Schied, déi duerch den Tanktourismus entstane sinn, ma ech wëll deene grénge Kolleege soen: Wa mer 170.000 Frontalieren hei am Land hunn oder 180.000, déi hei tanken, a si verfueren de Spritt an Däitschland, an der Belsch an a Frankräich, dann ass de Schued genau esou grouss fir d'Natur, ob se hei tanken oder op se en do tanken.

Also d'Konsequenz vum Tanktourismus ass déiselwecht, just datt mir awer als Land iwwert d'Akzisen eng staark Recette hei an eisem Statsbudget hunn. A wann déi gréng dorobber wëlle verzichten, da solle se dat hei kloer zum Ausdrock bréngen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Gramegna huet gesot: „Mir kënnen eis den Defizit leeschten, well d'Konjunktur gutt ass." D'Konjunktur ass gutt, awer datt mer duerfir eis kënnen en Defizit leeschten, dat ass natierlech eppes, wat ech bis haut nach ni vun engem Finanzminister héieren hunn!

Well grad, wann d'Konjunktur gutt ass, mécht ee keen Defizit. Wann eng Konjunktur gutt ass, da rechent een, datt een e Budget kritt, deen och en Iwwerschoss mécht. A mat deem Iwwerschoss leet ee Reserven un. Oder mat deem Iwwerschoss bezilt een Emprunten zréck.

Awer fir hinzegoen mam Argument: „Wann d'Konjunktur gutt ass, kënne mer eis en Defizit leeschten", dat ass eng finanzpolitesch Iwwerleeung, déi ech nach ni matgemaach hunn, a virun allem, well mer wëssen, datt mer laut dem pluriannuelle Plang an deenen nächste Jore wäerten all Joers eng Milliard léine mussen. Mir mussen all Joers eng Milliard léine laut dem pluriannuelle Plang! Vun 11 Milliarden elo gi mer op 16 Milliarden am Joer 2020 erop. Dat ass also eng Situatioun, wou mer musse soen, datt d'Statsfinanzen net gutt sinn, wa mer Defizit maachen.

A wa mer da richteg kucken, an do wëll ech drop agoen, Här President, wa gesot gëtt ëmmer, d'Statsfinanze wieren an der Rei: Och hei spillen d'Regierung an och eise Finanzminister net éierlech vis-à-vis vun der Éffentlechkeet, well all Kéiers, wa mer iwwert d'Finanzsituatioun vum Stat schwätzen, gëtt fir d'Éischt iwwert d'Finances publiques geschwat. Et geet net iwwert den Zentralstat, de Statsbudget a priori. Et gëtt fir d'Éischt gesot: „D'Finances publiques sinn am Équiliber", well genau gewosst gëtt, datt d'grouss Mass vun de Leit dobausse jo keng Differenz maachen, an d'Leit kënnen dat net verstoen: Wat sinn d'Finances publiques a wat sinn d'Finances centrales?

De Gros vun de Leit weess et net, an domadder gëtt gespillt, duerfir gëtt déi Situatioun, déi positiv ass, virgestallt, an datt de Statsbudget negativ ass, dat kënnt dann iergendwann eng Kéier hannendrun.

Wa mer awer wëssen, datt mer nëmme bei den ëffentleche Finanzen e positivt Resultat hunn, well niewent dem Defizit vun enger Milliard beim Stat d'Pensiounskeesen en Iwwerschoss maache vun iwwer 800 Milliounen an d'Gemengen 200 Milliounen, an datt mer doduerch en Équiliber kréien, da muss een dat awer och esou soen a kloer soen, datt de Statsbudget an engem Defizit ass.

A wann een dat hannendrusetzt, dann encouragéiert een, d'Leit kréie just mat: „Ma et ass alles an der Rei, mir schreiwe schwaarz Zifferen." An da seet jiddwereen: „Ma dann hätte mer elo erëm gären, well et ass jo Geld do." Mä et ass kee Geld do! Mir verdeele Geld, dat mer net hunn!

Den Här Gramegna huet nach gëschter am „Lëtzebuerger Wort" iwwert d'Entwécklung geschwat, an och iwwert déi jäerlech Iwwerschëss vun der Sozialversécherung ass gëschter fir d'Éischt richteg geschwat ginn. An der Vergaangenheet ass dat ëmmer vergiess ginn.

D'Fro, déi ee sech also muss stellen, wa mer gesinn, datt mer iwwer Joren e stramme Wuesstum hunn an och iwwer Joren en Defizit, d'Fro ass da berechtegt: Dee stramme Wuesstum, dee mer gemaach hunn an deen och vun dëser Regierung weider ugepeilt gëtt, ass dat positiv oder negativ fir d'Statsfinanzen? Da muss een ënnert dem Strëch soen: „Neen, trotz dem stramme Wuesstum si mer ëmmer mat engem negative Resultat erëmkomm."

An och d'Steierreform, et gëtt gesot: „Déi kënne mer eis leeschten. Mir hunn den néidege Sputt geschafen." Här President, ech hunn ëmmer gemengt a menger Naivitéit, wann ee Sputt hätt, dann hätt ee Sue rescht. Mä dës Regierung huet den Defizit vun eppes 400 Milliounen op eng Milliard eropgedréckt an dat nennt si e Sputt. Ma dann hätte mir all Intérêt, wa mer zwou Milliarden Defizit hätten, dann hätt Der nach vill méi e grousse Sputt!

(Brouhaha)

Dann hätt Der nach vill méi e grousse Sputt, fir kënne Gelder ze verdeelen!

Dir verdeelt hei Gelder, déi mer net hunn. Déi ganz Steierreform musse mer iwwer Emprunte finanzéieren. Dann ass gesot ginn: „Ma neen, déi Emprunten, déi sinn do, fir d'Investitiounen ze finanzéieren."

Ma wann ech kucken, wat den Defizit vun 2016 op 2017 an d'Luucht geet am Budget, an ech kucken, wat d'Investitioune vun 2016 op 2017 an d'Luucht ginn, da sinn dat 130 Milliounen. Natierlech kann ee soen: „130 Milliioune hu mer weider Defizit." Mä dat anert, muss ee kloer soen, dat ass d'Steierreform an et ass den Accord salarial, déi eis dozou féieren, datt mer erëm eng Milliard Defizit am Statsbudget hunn. An de Rapporteur huet gëschter am „Wort" awer richteg geschriwwen, wou e seet: „Durch die Steuerreform steigt das Defizit jetzt kurzfristig wieder an."

Da gëtt geschwat vun där soziaalster Steierreform, déi jeemools gemaach ginn ass. Ech hat gemengt, mir bräichten haut net méi op d'Steierreform anzegoen, mä well meng Virriedner awer erëm dat esou hei presentéiert hunn, wëll ech dat dann och nach eng Kéier hei diskutéieren.

Den Här Gramegna sot am „Background" den 10. Dezember, an d'lescht Woch huet en et och nach eng Kéier hei an der Chamber gesot, datt mer hei déi soziaalste Steierreform hätten, déi jeemools gemaach gi wier. An den Här Gramegna huet e Beispill ginn. E seet: „De soziale Mindestloun kritt 61% Steiererliichterung". Den Här Berger huet dat de Mëtten och nach eng Kéier hei gesot: „De qualifizéierte Mindestloun: 42%, an en Akommes vun 10.000 Euro de Mount kritt 125 Euro."

Här President, ech huelen un, datt jiddwerengem opgefall ass, datt e beim Mindestloun vu Prozenter geschwat huet an datt e beim Akommes vun 10.000 Euro de Mount vun Euroe geschwat huet. Et war sécherlech e Lapsus, well d'Regierung seet jo ëmmer d'Wourecht.

Mä wann een dann awer kuckt, wat déi 61% Steiererliichterung beim Mindestloun ausmaachen, da sinn dat 38 Euro, wann ech kucken, géint 125 Euro Steiererliichterung bei 10.000. An d'Abattementer, wann een déi awer dann derbäirechent, déi iwwert dës nei Steierreform kommen, da gesi mer, datt d'Haushaltshëllef vun 3.600 op 5.400 eropgaangen ass. Dat sinn 1.800 Euro weider Abattement, déi ee kritt. 43% dovunner si 774 Euro Abattementer, Steiererliichterung, déi ee kritt. Dat si 65 Euro de Mount.

Wann een elo kuckt, wat iwwerhaapt eng Persoun, déi esou vill verdéngt, un Abattement kritt, fir d'Botzfra doheem ze bezuelen, da sinn dat am Ableck 5.400 Euro. 43%, dat gëtt 2.150 Euro. Op de Mindestloun ëmgerechent kritt déi Persoun 179 Euro de Mount oder, et kann ee soen, 18 Stonnen de Mount Botzfra iwwert de Wee vun de Steiere bezuelt.

Wa mer dann och nach den Elektroauto bäihuelen, wat eng typesch gréng Politik ass, do kann ee 5.000 Euro ofsetzen, déi awer nëmmen déi Leit mat groussem Akommes kënnen ofsetzen, an ee Klengen, deen de Mindestloun oder eppes Klenges iwwert de Mindestloun, 3.000 Euro, verdéngt, dee kann näischt dovun ofsetzen. Et ass also hei, et mengt ee grad, déi gréng géifen nëmmen aus Räiche bestoen, si wéilte just d'Stëmme vun deene klenge Leit kréien. Op jidde Fall mécht den Abattement vum Elektroauto bei engem Revenu vun 10.000 Euro 2.150 Euro d'Joer oder 179 Euro de Mount aus.

A wann ech dann erëm op dem Här Gramegna seng Prozenter zréckkommen, da gesi mer, datt deen um Mindestloun 61%, dat ass e gewaltege Prozentsaz, un Erliichterung kritt, dat sinn 38 Euro. An den Här Berger huet de Mëtten hei gesot, dee vun 10.000 Euro, deen hätt nëmme 5% Erliichterung. Wa mer dat dann zesummerechnen, wat en direkt kritt iwwert den Abattement vun der Haushaltshëllef, iwwert den Abattement vum Elektroauto, da kritt deen 369 Euro de Mount Steiererliichterung. Also 61% maachen 38 Euro aus a 5% maachen 369 Euro aus.

Här President, ech hätt an dësem Fall léiwer 5% Steierreduktioun wéi 61%! An elo hu mer nach déi aner Abattementer guer net derbäigerechent, Här President, wéi d'Bauspueren, d'Pensiounen, alles dat.

Mir gesinn also, wat mer hei Rechekünstler an der Regierung hunn, déi Prozenter asetzen, wann déi se arrangéieren, an déi Euroen asetzen, wann déi se arrangéieren. Mä wann een déi zwou Saachen zesummerechent, kënnt dat heiten eraus: 61% sinn 38 Euro a 5% sinn 369 Euro. An dat ass dann, wéi gesot, déi soziaalste Steierreform, déi jeemools hei am Land gemaach ginn ass.

Här President, en anere Punkt: d'Investitiounen. Et ass richteg, datt mer héich Investitioune maachen. Mä mir si condamnéiert duerch dee stramme Wuesstum, duerch deen Zouwuess vun Aarbechtsplazen, duerch deen Drock um Wunnengsmaart, an d'Infrastrukturen ze investéieren. A mir kommen net méi no mat Investitioune finanzéieren.

An dat huet de Jean-Claude Juncker 1999 eng Kéier hei an der Chamber gesot, en huet gesot, deemools hätt d'Regierung rechne gelooss an erausfonnt, datt de stramme Wuesstum net genuch Gelder géif generéieren, fir seng eegen Nofolgekäschten ze finanzéieren. An dat hu mer jo och iwwer all déi Jore gesinn, well mer am Statsbudget defizitär sinn. Mir kommen net no, fir dat ze finanzéieren, wat de stramme Wuesstum vun ons verlaangt. An duerfir musse mer investéieren. A mir kommen trotzdeem net no, fir esou vill ze investéieren, wéi mer nach missten investéieren.

Also och de stramme Wuesstum bréngt eis net genuch Suen, fir ebe seng Konsequenzen ze bezuelen.

De Chômage. De Chômage ass en anere Problem, Här President, wou gesot gëtt: „Ma mir mussen dee stramme Wuesstum hunn, fir Aarbechtsplazen, fir de Chômage, fir Aarbechtsplazen ze schafen a fir de Chômage ze bekämpfen."

Här President, mir hunn an deene leschten zéng Joer 100.000 nei netto Aarbechtsplaze geschaaft, an der Moyenne 10.000 d'Joer. An deemselwechten Zäitraum, wou mer déi 100.000 Plaze geschaaft hunn, ass de Chômage eropgaange vun - elo muss ech hei kucken, datt ech kee Feeler soen -, vun 13.000 op 23.000, op 23.774.

Dat heescht, obscho mer 100.000 Aarbechtsplazen an deem Zäitraum geschaaft hunn, ass de Chômage an deem Zäitraum och nach ëm 10.000 geklommen. Also ass et net esou, datt mer musse massiv Aarbechtsplaze schafen, fir datt mer de Chômage bekämpft kréien, mä de Chômage, dee mer hei am Land hunn, kréie mer net duerch massiven Zouwuess vun Aarbechtsplaze ofgeschaaft, mä wa mer eng uerdentlech Formatioun maachen, wa mer eis Leit esou ausbilden, wéi den Aarbechtsmaart se brauch. Dat brauche mer. Mir hu verschidde Reforme gemaach, déi och punktuell Léisunge bréngen. Mä mir schafen en net of, andeem mer d'Aarbechtsplazen zu 80% mat Frontaliere besetzen, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Just d'lescht Joer ass de Chômage ëm 800, 900 zréckgaangen. Mä et muss een awer wëssen, datt mer an deenen zwee leschte Joer 2015, 2016 25.000 nei Aarbechtsplaze geschaaft hunn, an en ass 900 Stéck zréckgaangen. Och wa mer dat an d'Relatioun stellen, mengen ech, seet eis dat datselwecht.

An dëser Legislaturperiod gi 60.000 nei Aarbechtsplaze geschaaft. Den Här Gramegna huet deen Dag, wéi de Budget hei deponéiert ginn ass, owes op RTL op der Televisioun gesot: „Ma mir schafen dëst Joer 15.000 nei Aarbechtsplazen an d'nächst Joer erëm eng Kéier 15.000 Aarbechtsplazen."

Dir kënnt Iech erënneren, datt ech deemools bei der éischter Reaktioun op de Budget gesot hunn: „Et ass verréckt an onverantwortlech, wat mer hei maachen." A genau dat ass dat, wat ech domadder mengen, wann eng Regierung mengt, si misst e Budget maachen, deen op Rekordwuesstum opsetzt, wou mer wëssen, wat fir eng Konsequenzen dat alles hannendrun huet, datt et eis méi Problemer schaaft, wéi et der léist. An duerfir hunn ech dat deemools gesot: „Et ass verréckt an onverantwortlech." An datt dat d'Politik vun dëser Regierung ass - ech kommen nach op eis gréng Kolleegen herno ze schwätzen -, datt dës Regierung radikal a maximal op Wuesstum setzt, dat ass einfach verréckt an onverantwortlech! Dat féiert d'Land mëttel- a laangfristeg an eng Katastroph eran.

60.000 nei Aarbechtsplazen, déi ginn zu 80% vun de Frontaliere besat. Dat sinn 48.000 Frontalieren, déi mer an där Legislaturperiod hei weider an d'Land kréien. An déi 48.000, déi kommen erëm zu 80% mam Auto schaffen. Dat wësse mer alleguer. An en Auto, dee brauch am Stau sechs, siwe Meter. Dat heescht, wa mer 38.000 Autoe weider kréien, wat dat ausmécht, dann hu mer 260 Kilometer Stau weider, moies an owes duerch d'Land verdeelt, net op enger Plaz, mä duerch d'Land verdeelt si moies an owes 260 Kilometer Autoe weider.

Dat ass d'Realitéit! An duerfir ginn déi Stauen och vun Dag zu Dag méi grouss. An och dat gëtt net geléist mam Tram. Iwwregens hunn d'Kolleege vun der CSV elo, déi den Tram jo gestëmmt hunn, an d'Stad Lëtzebuerg, d'CSV huet festgestallt, datt den Tram de Problem net léist. Mir wiere frou gewiescht, si hätten dat e puer Joer méi fréi gesinn, wéi mir et och scho gesot hunn, well all Mënsch weess: Hei kënnen dräi Trammen an der Stad hin- an hierfueren, niewenteneen an iwwereneen an hannereneen, duerfir gëtt de Stau ronderëm d'Stad kee Meter méi kleng!

An de Stau ronderëm d'Stad, dee wiisst vun Dag zu Dag. A mat där heiter Politik kënne mer maachen, wat mer wëllen, do kréie mer dee Problem do ni an de Grëff. Mir kënne Vëlospiste maachen, wat ënnerstëtzt gëtt. Mir kënnen och de Carpooling maachen, mir kënnen och soen, d'Leit sollte sech treffen, zesumme fueren, mir kënnen och nach dräi Appen aféieren, fir datt se dat besser kënnen organiséiert kréien. Mä dat ass eng Drëps, dat ass eng Drëps op de waarme Steen, bei deem, wat mer vun Autoen duerch déi heite Politik weider hei an d'Land eranzéien! Dorunner wäert sech näischt änneren.

An da muss een och d'wirtschaftlech Konsequenze kucke vun esou engem Stau. D'Uni Lëtzebuerg huet eng Etüd elo gemaach viru Kuerzem, wou se seet, datt de Stau ongeféier 200 Milliounen d'Joer u Käschte géif mat sech bréngen, wirtschaftlech Käschte fir déi Leit, déi am Stau stinn, duerch Zäitverloscht, duerch Bensinn, dee verbraucht gëtt, an d'Aarbechtszäiten, déi do verluer ginn, an esou virun. An dobäi, hat se gesot, sinn emol d'Betriber, d'Geschäftsleit, déi mat de Camionen, mat hire Gefierer ënnerwee sinn, net do mataberechent. An dat ass e Käschtepunkt, dee muss de Konsument bezuelen, well wann d'Entreprisë mat hire Camionen an hiren Autoe stonnelaang am Stau stinn, dat muss bezuelt ginn. An et ass de Konsument, deen déi Aarbecht gemaach kritt, dee muss dat och mat bezuelen. Also wësse mer, mat där Politik, déi elo gemaach gëtt, ginn eben och déi Käschten an den nächste Jore weider an d'Luucht.

De Logement. Här President, eis Logementsministesch, déi mer haten, ech wëll elo weider net op hir politesch Aktivitéiten agoen, déi se hei hat, mä mir wësse jo awer, datt d'Regierung versicht huet, se iergendwéi am gëllenen Exil zu Dubai ënnerzekréien. Mä och den neie Logementsminister, dee jo mat engem formidabelen Engagement erugaangen ass, huet elo kierzlech gesot, datt och hie keng Wonner kéint bewierken. En huet also relativ séier festgestallt, datt en och net de Problem esou séier wäert geléist kréien.

A well mer esou weider wuessen, wéi mer wuessen, wäerte mer den Drock op de Logement och net lassginn! Well, wa mer all Joers 10.000, 15.000 Aarbechtsplaze schafen, dann ass et jo normal, datt déi Leit, déi et sech kënne leeschten, och d'Frontalieren, déi eng gutt Plaz hei hunn, déi et sech kënne leeschten, fir zu Lëtzebuerg nach sech en Eegentum unzeschafen oder lounen ze goen, datt déi versichen, esou no wéi méiglech bei d'Aarbecht ze kommen, well se net wëllen all Dag zwou, dräi Stonne fir hin an heem am Stau stoen. An duerfir gëtt den Drock op de Logement ëmmer méi grouss! Dee kréie mer net an de Grëff.

Dat ass also och eng Konsequenz vun deem stramme Wuesstum, wa mer de Problem vum Logement net kënne léisen, an da gëtt dat ëmmer méi deier. Mir hunn héieren hei, an d'Etüde si jo och dëser Deeg erauskomm, datt d'lescht Joer d'Präisser am Logement erëm eng Kéier 5% geklomme sinn. Dat heescht, mir ginn also iwwer Joren all Joers 5% an d'Luucht. Wa mer higinn, mir huelen en Appartement, net dat deierst, mä en Appartement vu 400.000 Euro an dat gëtt 5% méi deier: Dat ass eng Augmentatioun vun 20.000 Euro d'Joer, wou en Appartement méi deier gëtt! Wéi soll dann eng jonk Koppel…? Souguer wann déi et fäerdegbréngt, 20.000 Euro am Joer ze spueren, wat vill Geld ass fir eng jonk Koppel, dann huet se nach sech net bäigeschafft, dann huet se just d'Präishausse opgefaangen, déi an deem Joer stattfënnt.

Duerfir musse mer also wëssen, wa mer esou weider wuessen, da bleift den Drock bestoen a mir wäerten de Wunnengsbauproblem, egal wien, soen ech, an der Regierung ass, net esou séier geléist kréien, wa mer net de Problem vum stramme Wuesstum an de Grëff kréien.

D'Pensiounen, Här President. Ech hunn hei iwwer Jore verschidde Leit gelangweilt, well ech praktesch all Joers datselwecht bei de Pensioune gesot hunn. Mä ech soen et dëst Joer nach eng Kéier. A firwat soen ech et dëst Joer nach eng Kéier? Ma well mer et dëst Joer elo viru Kuerzem vun der IGSS confirméiert kritt hunn!

Ech hunn ëmmer gesot: „D'Leit, déi ëmmer soen, mir missten e stramme Wuesstum hunn, fir eise Pensiounsproblem ze léisen, dat ass déi falschsten Ausso, déi ee ka maachen!" Fir ee Pensionär brauche mer zwee Aktiver. An da wësse mer, wa mer 200.000 Pensionären hunn, da brauche mer 400.000 Aktiver, wa mer 400.000 Pensionären hunn, da brauche mer der 800.000, a wa mer der eng Kéier 800.000 hunn, da brauche mer 1,6, an da kënne mer esou weiderfueren, da kënne mer eiser Fantasie fräie Laf loossen.

Dat ass d'Realitéit, wéi eise Pensiounssystem opgebaut ass. Ech hunn et all Joers hei gezielt. Mä wa mer elo dëst Joer d'Chiffere kucken, déi d'IGSS eis elo kierzlech ginn huet, jiddwereen huet se jo kritt, da stelle mer fest, datt mer dat Joer, vun 2015 sinn d'Chifferen, knapp 400.000 Versécherter hunn an 165.000 Pensionären. Dat heescht, mir hunn eppes méi wéi zwee Aktiver op ee Pensionär. An duerfir maache mer jo och Iwwerschëss am Ableck. An duerfir hu mer dann och 16, 17 Milliarden Iwwerschëss, wat 4,5-mol d'Joresdépensen ass.

Mä d'IGSS seet eis awer och, datt, wa mer a Richtung 1,1 Milliounen Awunner fueren, an dës Regierung fiert jo an déi Richtung - et ass en Zil, dëse Budget peilt d'Zil vun 1,1 Milliounen Awunner un -, dann hu mer am Joer 2060, dat muss ee sech virstellen, 805.000 Versécher-ter hei am Land. 805.000 Leit, déi schaffen, net déi hei wunnen, dat sinn der nach vill méi. A mir hu 500.000 Pensionären am Joer 2060. Dat léisst sech jo liicht ausrechnen, wann d'Leit an der Moyenne 40 Joer schaffe ginn. Mir wëssen elo schonn, wéi vill der 2020 hei am Land schaffen, da wësse mer och, wéi vill datt mer der 2060 hei an der Pensioun hunn.

Also seet d'IGSS: Dann hu mer 490.000 Pensionéierter géint 805.000 Aktiver an da wësse mer - da wësse mer -, datt dee System, an dat wousst och jiddwereen, net kann halen. A mir wëssen och schonn, d'Chiffere sinn de Mëtte genannt ginn - ob déi elo zwee, dräi Joer no hanne réckelen oder no vir réckelen, ass jo onwesentlech, ob mer 2021 un dee Punkt kommen, wou déi annuell Recettë just nach duerginn, fir déi annuell Dépensen ze decken, oder ob dat 2024 ass, dat mécht der Kaz kee Bockel -, mir wëssen, et kënnt iergendwann. A mir wëssen och, ob et 2030 ass oder 2035, datt mer d'Reserve praktesch alleguer opgeschafft hunn.

An da fannen ech et onverantwortlech, datt eise Statsminister de leschte Samschdeg am „Background" um Radio seet: „D'Rentemauer ass net fir muer." E Statsminister, deen esou eng Visioun huet, deen dat dote weess - an dat weess all Mënsch! Dat weess all Mënsch, datt dat do d'Entwécklung ass -, an dann higeet a seet, d'Rentemauer wier net fir muer! Dat heescht, hie wäert ausgerechent hunn, wéi laang hien eventuell nach statistesch kéint derbäi sinn, ob et géif nach fir hien duergoen. Mä wa mer un déi kommend Generatiounen denken, dann ass dat doten, Här Berger, déi onverantwortlechst Ausso, déi e Statsminister ka maachen, wann e seet: „Mir brauchen näischt ze maachen, well d'Rentemauer, déi ass eréischt fir méi laang."

Mir ginn haut Geld aus ouni Rücksicht dann op déi kommend Generatiounen. Duerfir d'Fro: Brauch een e stramme Wuesstum, fir de Rentesystem ofzesécheren? Et ass kloer: Neen! Mir däerfen net op de stramme Wuesstum opbauen, fir eise Rentesécherungssystem opzebauen. Mä mir mussen e System maachen, an do si mer alleguer gefuerdert an ech kommen herno och nach dorop zréck, mir mussen e System maachen, wou mer och ouni stramme Wuesstum e Rentesystem opbauen, dee mëttel- a laangfristeg méi iwwerliewensfäeg ass.

E weidere Punkt, Här President: Ass d'Schéier tëschent Räich an Aarm méi kleng oder méi grouss ginn?

Och hei huet den Här Berger eis de Mëtte mat Prozenter geschwat. En huet gesot, d'Aarmutsgrenz ass gefall vun eppes iwwer 17 op eppes ënner 17. An et ass, wéi ech virdru scho gesot hu beim Här Finanzminister: Wann dann d'Prozenter een arrangéieren, dann nennt ee Prozenter, a wann d'Chifferen een arrangéieren, dann nennt ee Chifferen.

Meng Fro, déi ech dem Här Berger wollt de Mëtte stellen - du sot en, ech sollt him se herno stellen, duerfir stellen ech se elo -, datt en eis da seet, wann et prozentual erofgaangen ass, wéi et dann zueleméisseg ass, wéi vill Leit effektiv ënnert der Aarmutsgrenz leien oder net. Mir stellen da fest, datt déi Zuel net erofgaangen ass. Mä et ass just doduerch, datt d'Populatioun an d'Luucht gaangen ass, datt de Prozentsaz erofgaangen ass, awer d'Zuel vun deene Leit, deenen et méi schlecht hei geet, hei am Land schlecht geet, déi ass net méi kleng.

Dat heescht also, dee stramme Wuesstum huet och näischt un der Aarmut hei am Land geännert. En ass (veuillez lire: Dee Prozentsaz ass) an deene leschte Joren, deen ass vun do un, datt ech mech kann erënneren, datt mer dat heibannen diskutéiert hunn, vun 12% op elo bal 17% geklommen, trotzdeem mer e stramme Wuesstum hei am Land hunn!

An dann huet den Här Bettel, Här President, de Samschdeg am „Background" gesot: „Déi lescht dräi Joer geet et de Leit hei am Land besser." Wou kann e Statsminister esou eppes soen? Déi dräi lescht Joer? En hätt och kënne soen: „Zënter ech Statsminister sinn, geet et de Leit hei am Land besser."

Richteg ass, an dat weess all Mënsch hei am Land, datt et déi dräi lescht Joer dem Här Bettel besser gaangen ass!

(Hilarité)

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé (suite)

et

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020 (suite)

- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, Mme Octavie Modert, M. Claude Haagen, M. Gast Gibéryen, M. David Wagner (renvoi de la motion en commissions)*

3. Résolution de M. Laurent Mosar relative à la condamnation ferme des mesures répressives disproportionnées appliquées en Turquie depuis la tentative manquée de coup d'État militaire en juillet 2016, à la réaffirmation de l'engagement en faveur du maintien de l'ancrage de la Turquie à l'UE et au ralliement à entamer un gel temporaire des négociations d'adhésion en cours avec la Turquie

- *Exposé: M. Laurent Mosar*
- *Discussion générale: M. Marc Angel, Mme Anne Brasseur, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Vote sur la résolution (rejetée)*

4. Motion de M. Laurent Mosar relative au soutien de toutes les initiatives politiques mettant en œuvre et stabilisant un cessez-le-feu durable à Alep

- *Exposé: M. Laurent Mosar (dépôt d'une nouvelle motion)*
- *Discussion générale: M. Marc Angel, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Vote sur la motion (adoptée)*

5. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

6. 7016 - Projet de loi concernant l'organisation du temps de travail et portant modification du Code du travail

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Marc Spautz, Mme Taina Bofferding, M. Claude Lamberty, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum (dépôt de six amendements)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *Amendements: M. Marc Baum, M. Georges Engel*
- *Votes sur les amendements 1 à 6 (rejetés)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Jean Asselborn, M. Nicolas Schmit, M. Romain Schneider, M. Pierre Gramegna et Mme Lydia Mutsch, Ministres.

(Début de la séance publique à 09.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen d'Sëtzung op.

Ech mengen, ech brauch déi klassesch Fro net ze stellen, wat d'Kommunikatioun ugeet. D'Kommunikatioun ass d'Äntwert vum Finanzminister zu den Debatten iwwert de Budget 2017. Mir sinn de Moien op der Ligne droite. An d'Wuert huet de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna, fir op d'Interventioune vun der Chamber ze äntwerten. Här Gramegna, Dir hutt d'Wuert.

2. 7050 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

9) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé (suite)

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016 - 2020 (suite)

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Här Premierminister, léif Kolleegen aus der Regierung, Dir Dammen an Dir Häre Deputéierten, d'Budgetsdebatt ass ëmmer e staarken an e wichtege Moment am parlamentaresche Liewen. Dat ass traditionell esou, an dat war och erëm eng Kéier dëst Joer esou, gëschter. Ech hu fonnt, dass vill kritiséiert ginn ass, vill analyséiert ginn ass, vill kommentéiert ginn ass. An dat ass och gutt esou!

Ech hunn e bësse vermësst, dass keng Géigepropositioune komm sinn. Mais j'en prends acte.

Ech wäert meng Presentatioun en fait an zwee Deeler andeelen: en éischten Deel, deen dann op d'Kriticken alleguerten oder op e groussen Deel dovunner ageet, an en zweeten Deel, wou ech awer de roude Fuedem an d'Haaptmierkmaler vun dësem Budget 2017 nach wëll eng Kéier en perspective setzen.

Den éischten Deel geet also iwwert déi Kriticken, déi gemaach gi sinn. Gott sei Dank si keng Kriticke vun de Majoritéitsparteie komm, wat ech begréissen a wat mech frou mécht. Mä et muss een awer och feststellen, dass een aus dem Ausland och keng Kriticke kritt. D'Kriticke komme just nëmme vun doheem. A wann ech dann nach eng Kéier e bëssen drop aginn, wat déi verschidden international Institutioune gesot hunn, da schwätzt dat jo awer eng kloer Sprooch.

Den FMI ass zitéiert ginn, och vun der Oppositioun, fir dann e puer Passagen erauszeplécken, wou op Risiken higewise gëtt. Ma dat ass och ganz gutt, dass op Risiken higewise gëtt. An et ass och d'Roll vum FMI, dat ze maachen. A mir huelen dat och zur Kenntnis. Mä den FMI huet awer net nëmme Kriticke gemaach. En huet ënner anerem gesot, dass eis Situation financière gesond ass an dass dat erlaabt, dass mer eng Steiersenkung zu Lëtzebuerg maachen.

D'OCDE huet eis encouragéiert, wéi alleguerten d'Länner an Europa, fir eng méi expansiv Politik ze hunn. Och dat ass eendeiteg.

An da wëll ech awer e bësse méi laang iwwert d'Europäesch Kommissioun schwätzen, well si jo schliisslech de Gardien des traités ass vun der Unioun an dorop muss oppassen, dass d'Länner alleguerten de Pacte de stabilité et de croissance sollen anhalen.

Nu seet d'Kommissioun, dass et wichteg wier, dass alleguerten d'Länner, déi d'Marge de manœuvre hunn, sollen d'Croissance relancéieren oder stäerken. A mir zu Lëtzebuerg maachen dat. Ech wëll mech net bretzen, an ech mengen, och d'Regierung wëllt sech net bretzen, well mer esou eng héich Croissance hunn. Mä ech wëll mech awer och net derfir mussen entschëllegen!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Wann eng gutt Croissance zu Lëtzebuerg ass, dann ass dat och natierlech net nëmmen de Verdéngscht vun der Regierung. Dat ass de Verdéngscht vun den Entreprisen, déi gutt drop sinn, déi produktiv sinn, déi kompetitiv sinn a vill Leit astellen.

A wann ee vill Leit astellt, wéi dat zu Lëtzebuerg de Fall ass, et kann ee sech nëmmen dorobber freeën, da geet de Chômage erof. Dass een dat net ka positiv begréissen, ass fir mech e Rätsel. An ech muss lech soen, dass, wann ech mat mengen auslännesche Kolleegen zesumme sinn am Eurogroup an am Ecofin, déi beneiden eis alleguerten. Déi wéilten an där Situatioun sinn, wou Lëtzebuerg ass.

D'Kommissioun ass jo och mam gudde Beispill virgaangen, andeem se ganz am Ufank vun hirem Mandat den Europäesche Fong fir strategesch Investissementer lancéiert huet, de sougenannte Juncker-Plang. An dee fonctionnéiert och ganz gutt. A se encouragéiert natierlech d'Memberstaten, deen EFSI auszenotzen, an awer och encouragéiert se se, selwer vill ze investéieren.

Leider ass et esou, dass Europa nach haut déi Géigend an der Welt ass, déi no der Weltwirtschafts- a Finanzkris am lueste wiisst. Et ass och dofir net erstaunlech, dass deen Opruff fir den Investissement gemaach gëtt.

Ech hat a menger Ried gëschter gesot, dass an de Joren 2015, 2016 an och 2017 Lëtzebuerg op Plaz Nummer eent ass - op Plaz Nummer eent ass -, wat säi Solde structurel ubelaangt a wat seng Statsfinanze sinn. Wa mir als Land, wat d'Nummer eent ass, solle schlecht sinn, wéi d'Oppositioun dat seet, da muss et an deenen anere Länner alleguerte katastrophal sinn!

Dat heite si jo nëmme Faiten, déi Zifferen, déi d'Kommissioun op den Dësch leet. D'Ratingagencen och kucken nëmmen d'Zifferen. Déi kucken net, wien an enger Regierung vertrueden ass. Si kucken d'plakeg Zifferen. An alleguerten d'Agencë ginn eis en Triple-A mat stabler Previsioun. Dat ass déi bescht Nott, déi ee ka kréien.

Loosst mech elo e bëssen op d'Kriticken agoen, déi vun de Beruffschambere gemaach gi sinn. Déi sinn heiansdo emol zitéiert ginn, awer net ganz vill. Ech stelle Folgendes fest: dass d'Beruffschamberen, déi dem Patronat méi nostinn, explizitt begréissen, dass den Investissement esou héich ass. An trotzdeem, dass en esou héich ass, fanne se, dass en nach ëmmer net héich genuch ass, a froen, dass mer nach méi sollte maachen. Am selwechten Otemzuch soen déiselwecht Beruffschamberen, déi no beim Patronat stinn, dass eisen Defizit ze héich ass. Jo, et kann een net dat eent soen an dann de Géigendeel verlaangen!

Wann ech och kucken, wat iwwert d'Steierreform gesot ginn ass, hunn och déi Chambere gefuerdert, dass vill méi misst fir d'Entreprisë

gemaach ginn, dass deenen hir Steierlaascht misst ëm Honnerten an Honnerte Millioune reduzéiert ginn. An da schreiwe se an de Budgetsavis, dass eisen Defizit ze grouss ass. Dat ass net kohärent.

Wann ech kucken, wat d'Chambre des Salariés seet: Si begréisst eng ganz Rëtsch Saachen, déi mer an der Steierreform hunn an an dësem Budget, dat ass jo matenee verbonnen, fannen, dass et net wäit genuch geet. Dat kann een novollzéien. Si setze sech a fir d'Salariéen an hätten am léifsten, dass nach méi do soll gemaach ginn. Mä méi kann de Moment net gemaach ginn, soss wär eise Budget net nohalteg.

Ech kommen elo zu de Kriticke vun der Oppositioun. Ech fannen et dat Normaalst an der Welt, dass de Budget vun enger Regierung kritiséiert gëtt. A well de Budget d'Réckgrat ass vun der Politik, déi eng Regierung mécht, ass et jo ganz verständlech, dass een de Budget net ka stëmmen an dass een do sech opposéiert.

Ech stelle fest, dass eng Partei an der Oppositioun, an zwar déi Lénk gesot hunn, dass d'Statsfinanze gesond sinn. Op deem Punkt si mer eis eens. Dat ass jo och net ëmmer, wou mer eis eens si mat deene Lénken, mä hei si mer eis emol eng Kéier eens.

Dass déi Parteien, déi ni an der Regierungsverantwortung waren, alles kritiséieren an de Contraire, ass och e Klassiker. Mä dass déi Partei, déi 34 Joer laang de Premierminister gestallt huet an de Finanzminister gestallt huet, systematesch a pauschal alles um Budget kritiséiert, fannen ech net ganz konstruktiv.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Der Positioun vun der CSV feelt et wierklech u Kredibilitéit. An ech wëll hei dräi Elementer opzielen, déi dat ënnermolen. Mat Ausnam vum Sukuk vun 200 Milliounen huet dës Regierung keng Schold gemaach. Dat heescht: Déi ronn 11 Milliarde Scholden, déi mer hunn, déi si vun der CSV a vun deene viregte Regierunge getätegt ginn.

Zweetens: Ech rappeléieren et ëmmer erëm, dass mer jo eng schéi Lee krute vun enger Milliard, déi géif verschwannen an der TVA électronique, an do ass net anticipéiert ginn, obwuel dat laang gewosst war. A mir hunn d'Schierbele missten erëm zesummemaachen.

Drëtte Punkt, an dat ass awer fir mech deen allerwichtegsten, vun deem, a mengen Aen, net genuch geschwat gëtt. Dat ass, dass am Abrëll vum Joer 2013 déi viregt Regierung an déi deemoleg Responsabel fir d'Finanzen an de Budget op Bréissel geschriwwen hunn, fir ze soen: „Mir wäerten an Zukunft de Stabilitéits- a Wuesstumspakt net anhale méi. Fir d'Éischt an eiser Geschicht! Mä maacht Iech keng Suergen, mir wäerte Mesuren huelen, dass mer 2016 oder 2017 erëm positiv dostinn an de Pakt erëm anhalen!"

Jo, dann ass et awer net kredibel, fir dës Regierung esou hefteg an esou generell ze kritiséieren, déi et jo fäerdegbruecht huet, dass mer net aus der Bunn gerode sinn an dass mer bis 2018 einwandfrei dostinn.

Et ass gesot ginn, an ech si frou driwwer, dass den Här Frieden den Triple-A gerett huet an dass mir dee geierft hunn. Dat ass richteg an doriwwer solle mer eis freeën. Mä ech kann Iech awer soen, dass, wa mer dat gemaach hätten, wat déi viregt Regierung am Abrëll 2013 gesot hat, dass mer géifen de Stabilitéitspakt verloossen, dann hätte mer den Triple-A ganz séier verluer.

Ech géif gären e bësse méi laang iwwert den Objectif à moyen terme schwätzen, well dat jo en fait d'Kärstéck ass vun der Europapolitik an d'Manéier, wéi gemooss gëtt, ob e Land seng Finanzen am Gréff huet an och d'Regele respektéiert. Den Objectif à moyen terme gëtt all dräi Joer vun der Kommissioun fixéiert. En ass dëst Joer fir Lëtzebuerg op minus 0,5% vun eisem Räichtum vun der Kommissioun, onofhängeg vun ons, fixéiert ginn. Wat huet dës Regierung gemaach? Si huet gesot: „Majo, wann d'Kommissioun eis dat doten Zil gëtt, dann alignéiere mir eis op dat Zil a mir respektéieren dat Zil."

Firwat hu mer dat gemaach? Net nëmmen, wéi Verschiddener dat hei ënnerstellen oder gesot hunn, well mir eis d'Liewe wollte méi einfach maachen, mä haaptsächlech: Als Finanzminister hunn ech näämlech wierklech léiwer, wann den Objectif à moyen terme méi streng ass, mä als Finanzminister muss ech awer och feststellen, dass, wann ech mer en Zil géif ginn, wat méi héich ass wéi dat, wat obligatoresch ass, da ginn ech gemooss op deem méi héijen Zil. A wann ech dann op deem méi héijen Zil heiansdo eng Pann hunn, da geroden ech aus dem Pacte de stabilité eraus an da ka mer d'Ausland, d'Kommissioun, Mesuren imposéieren. An dat, well ech mer Ziler ginn hunn, déi méi héich si wéi déi, déi ech misst hunn. Dofir, aus Grënn vun der Souveränitéit vun eisem eegene Land, hu mer dach keen Intérêt, dat ze maachen!

Ech fannen et awer richteg, wa gesot gëtt, an d'CSV huet dat gesot, dass ee soll méi en ambitiéist Zil hunn, intern. An Dir sot, wann Dir un der Muecht wiert, da géift Dir en Zil vu plus 0,25% maachen. Eh bien, ech kann Iech soen, dës Regierung mécht dat! Kuckt op eis Zifferen! Eise Solde structurel, dee schwaachsten Taux, dee mer hunn, ass 0,2%. Plus 0,2%! Dat heescht, mir maachen an där Hisiicht eng ganz prudent Politik.

Wann ech op eng e bëssen humoristesch Aart a Weis dat kéint resüméieren, wat d'CSV eis seet, da géif ech soen, dass d'CSV Folgendes mécht - seet -, seet plutôt: „Maacht wat ech soen, mä maacht net, wat ech gemaach hunn!"

D'Bild, wat mer hei kréien, ass, wann een der Oppositioun nolauschtert, wierklech inkomplett. Ech mengen, iergendwéi ass eng Amnesie op d'Oppositioun gefall fir d'Joren 2014, '15 a '16, well si hu vun deenen dräi Jore praktesch net geschwat! Si hunn net driwwer geschwat, well do ass vill Guddes geschitt. Do hu mer näämlech d'Statsfinanze sanéiert. Déi sinn haut am Équiliber. Mir respektéieren de Pacte de stabilité et de croissance.

Mir wëssen, dass et Risike gëtt, an ech hu se selwer a menger Ried opgezielt. Et gëtt der eng ganz Rëtsch. Ech widderhuele se net, si sinn en long et en large zitéiert ginn, a se si berechtegt. Ech hunn awer och déi positiv Saachen erausgeschielt. Et ass näämlech wichteg, dass een de Leit en équilibréiert Bild gëtt, dass een hinnen d'Saachen erzielt, esou wéi se sinn, se net schéiriet, mä se awer och net schlechtriet. Mir sollen net an den Negativismus verfalen oder den Däiwel un d'Wand molen. Eisem Land geet et, relativ gesinn, par rapport zum Ausland gutt. A mir hunn eis elo mat der Sanéierung vun de Statsfinanzen deen néidege Raum, deen néidege Sputt erschafft.

Ech kommen dann zum zweeten Deel vu menger Ried. Dat ass e Rappell vun eiser Budgetspolitik, de roude Fuedem. Dat si véier ganz einfach Iddien: 1) d'Statsfinanze sanéieren, 2) méi investéieren, 3) eng Sozialpolitik weiderféieren a 4) Kompetitivitéit.

Zum Sanéiere vum Statsbudget: Dat ass net vum selwe geschitt! Dat ass net geschitt, well d'Konjunktur esou gutt war. Well wann dat esou einfach gewiescht wier, dann hätte mir jo och keen Zukunftspak misse maachen. Or deen Zukunftspak, dee jo beileiwen net dat Populärst ass, wat een an der Welt ka maachen, deen ass jo ofgeleent gi vun der Oppositioun. Dat ass hiert gutt Recht. An op eng relativ cocasse Aart a Weis freet se eis regelméisseg, wou mer dann dru si mat deem Zukunftspak, fir ze wëssen, ob mer en da wierklech ëmsetzen. An ech muss Iech do soen: Mir hunn do guer näischt ze verstoppen, well mir schaffen transparent! Mir hunn dee Plang op den Dësch geluecht virun dräi Joer a mir sinn amgaangen, deen ëmzesetzen.

Jo, et kann ee wahrscheinlech déi eng oder déi aner kleng Mesure fannen, wou een da seet: „Déi doten hutt Der net ëmgesat." Dont acte! Mä da kommt, mir kucken awer d'Resultater, déi mer erreecht hunn! An och gëschter hate mer, duerch den Zoufall vum Kalenner e Mëttwoch, gëschter Mëttwoch moies, d'Adoptioun vun de Konte vun 2015. A wat hu mer do gesinn? Dass den Defizit, amplaz, dass en 800 Milliounen no den europäesche Regele gi wier, wéi virgesinn, nëmmen 200 Milliounen ass! A wat hat ech do ënnerstrach? D'Resultat ass dräi Véirel besser ginn, aus welcher Explikatioun? Eh bien, 70% vun der Explikatioun kommen, well d'Dépensë manner gewuess si wéi virgesinn, a mir hate se scho relativ niddreg ugesat, an 30% wéinst der Konjunktur. Et ass also falsch, fir ze soen, dass et nëmmen déi gutt Wirtschaftslag ass, déi eis hei hëlleft.

An elo vläicht nach eng Kéier d'Eckwäerter, déi d'Regierung sech ginn huet, wat d'Verschëldung ubelaangt, well hei ginn och Kommentare gemaach, déi net korrekt sinn. Dës Regierung huet ni gesot - ni gesot -, si géif keng Emprunte méi ophuelen. Si huet och ni gesot, dass se wéilt d'absolutt Schold vum Land erofsetzen. Dofir, wann d'Oppositioun seet: „Fir mech ass dat de Moossstaf", kann d'Oppositioun dat soen, mä dat ass net eis Politik! Mä wat mer gesot hunn am Regierungsprogramm ass, dass mer wéilten à tout moment an der Legislaturperiod ënner 30% Schold hu par rapport zu eisem Räichtum.

A wou sti mer haut? Haut sti mer, am Dezember 2016, bei 20% Verschëldung - 3% besser - par rapport zu eisem Räichtum. An, par la bande soen ech awer dann och, dass mer et fäerdegbruecht hunn, souguer am Absolutte manner Schold ze hunn, obwuel dat net eist Zil war, well mer och nach en Emprunt vu 400 Milliounen dëst Joer rembourséiert hunn. Et ass jo nach besser, d'Resultat.

Mä eist Zil ass et net, onbedéngt elo déi absolutt Schold ze begrenzen, guer net! An déi Politik, déi mer verfollegt hunn à court terme, géif ech awer och gär nach eng Kéier hei erklären, well si ass vun der Oppositioun kritiséiert ginn. Wéi gesot, et ass hiert gutt Recht, mä ech wëll dofir dat an dee richtege Kontext setzen.

Et ass gesot ginn, dass mer am Joer 2016 eelefmol Recours haten op eng Kredittlinn, déi iwwregens null kascht, null Prozent. Dat ass richteg. Mä mir sinn och eelefmol aus dem Negativen erëm an de Positive gaangen. Dofir konnt ech och gëschter soen: „Mir sinn haut op null, wat d'Kreditter ubelaangt." Mir brauchen, op den Dag vu gëschter, keng Kredittlinn! Well mer Schwankungen hu ronderëm null! A firwat soll ech dann, oder soll de Stat da sech laangfristeg verschëlde goen an e groussen Emprunt ophuelen, wou en dann Intérêten drop bezilt, wann e kann à court terme zu null geléint kréien?! Do hu mer d'Milliounen Zënse gespuert. An dozou stinn ech!

Dass mer d'nächst Joer léine ginn, ass guer keen Zweifel. Mir wäerten dat maachen, mir assuméieren dat. Mä ech wëll awer an engems soen, dass mer mussen och eis bewosst sinn, dass mer e Spillraum hunn, mä deen ass awer och zu engem gewëssenen Deel limitéiert. Ech wëll d'Saach hei net méi schéiriede wéi se ass! Mir hunn d'nächst Joer eng Milliard Schold am Zentralstat. An dofir musse mer oppassen, dass mer dat uerdentlech ëmsetzen an dass mer eis Dépensen am Gréff behalen, well doriwwer ewech däerfe mer net goen. Als Finanzminister ass dat mer natierlech ganz wäertvoll.

A wou lande mer dann 2020 mat de Previsiounen, wéi mer se haut hunn? Majo, bei enger Verschëldung vun 22% vun eisem Räichtum; dat ass déi Ziffer, déi ech Iech gëschter ginn hunn, dat ass déi aktuellst, déi mer hunn. Dat ass also 1% manner wéi dat, wat mer geierft hunn: Do ware mer bei 23%. An dat ass da wäit ënnert den 30%, déi mir eis als internt Zil ginn hunn. Hei ass och iwwregens en exzellent Beispill, wéi dës Regierung sech en internt Zil gëtt, wat vill méi streng ass wéi dat vun Europa, well mir wëssen, an Europa ass d'Grenz bei 60%.

Loosst mech nach, an dat ass dann den Iwwergang op den zweete wichtege Punkt vun dësem Budget, eppes iwwert den Investissement soen. Ech hunn dat gëschter ënnerstrach, ech wëll dat haut och nach eng Kéier soen:

Mir finanzéieren iwwer fënnef Joer ongefëier zéng Milliarden Investissements publics. Dovunner wäerte mer ronn ee Véierel mat Schold finanzéieren an dräi Véierel mat eise lafende Recetten. Dat ass en Dramresultat, muss ech Iech soen! Dat huet kee Land! Déi viregt Regierung huet an enger Legislaturperiod och vill investéiert, aacht Milliarden, an huet 60% geléint a 40% selwer finanzéiert. Ech mengen, déi Ziffere sinn net contestabel a weisen, dass mer eng prudent Politik hunn.

Zum Investissement wëll ech e puer Wuert soen, well et ass de Schlëssel vun dësem Budget. Punkt Nummer eent ass: En Investissement ass net eng lafend Dépense! Dat muss ee ganz anescht considéréiere wéi einfach lafend Käschten. Wat bréngt den Investissement? Den Investissement bréngt Innovatioun, e bréngt Kompetitivitéit, en erlaabt, méi a Besseres fir de Klimaschutz, fir den Ëmweltschutz a fir de Waasserschutz ze maachen, an en erlaabt, méi a besser Infrastrukturen ze hunn, a leschtens, en erhéicht eis Liewensqualitéit. Dofir soll ee sech iwwer all Euro, deen investéiert gëtt, freeën!

Den drëtte Punkt ass en traditionellen: Mir sinn eng Regierung, déi vill Soziales mécht. Bal d'Halschent vum Budget ass deem gewidmet. Doriwwer freeë mer eis och an dat soll esou weidergoen. Ech hu gëschter a menger Ried déi wichtegst Elementer erausgeschielt, wou ganz grouss Erhéijunge vu Prestatioune virgesi sinn, ob dat elo Congé parental ass oder ob dat och d'Formation multilingue ass an dem Précoce.

Véierte Punkt, d'Kompetitivitéit, an et ass och dee leschten an ech kommen dann och op de Schluss, Här President.

Wann eng Wirtschaft wéi déi vu Lëtzebuerg 4% wiisst, dann ass dat jo en Zeechen, dass et deene meeschten Entreprisen, net hinnen alleguerten, mä awer deene meeschten Entreprisë gutt geet. Dat ass awer och en Zeechen an engem Land, wat e ganz klenge Marché intérieur huet - e ganz klenge Marché intérieur -, wann dee mat 4% wiisst, jo, dann ass dat en Zeechen, dass vill Leit op Lëtzebuerg net nëmmen kafe kommen, mä investéiere kommen. A wa vill Entreprisen zu Lëtzebuerg investéieren, ass dat en Zeechen, dass mer attraktiv sinn an dass mer kompetitiv sinn! A mir gesinn en Trend, de Wirtschaftsminister an ech, dass mer immens vill sollicitéiert gi sinn an deene leschten zwielef Méint, vill méi wéi virdrun. A wéi gesot, doriwwer soll ee sech freeën, dat ass eng positiv Saach.

Ee Wuert iwwert d'Finanzplaz, wat eise wichtegste Secteur ass: Der Finanzplaz geet et gutt - mir hunn dat an der Kompetitivitéitsdebatt en long et en large gesot - an zwar trotz ganz schwiereger internationaler geopolitescher Lag, trotz niddregen Zënsen, trotz Iwwerreguléierung an deem Secteur, dee ganz deier kascht, an trotz - oder soll ech soen „dank"? - der Transparenz an Tax-Saachen, déi dës Regierung gewisen huet.

Als Konklusioun: Eis wirtschaftlech a Finanzlag ass haut vill besser wéi 2013, an dat justifiéiert, dass hei e Budget gemaach gëtt, wéi en ass.

Zweetens: De Budget suergt fir Kohärenz an eiser Regierungspolitik an et ass en fait d'Réckgrat vun eiser Politik.

Dëse Budget ass gutt fir d'Leit, en ass gutt fir d'Entreprisen, en ass och positiv fir eis Kanner dank den héijen Investitiounen. Am Resümee: Dat heiten ass dee richtege Budget am richtege Moment!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Finanzminister. Ech ginn dovun aus, dass mer um Enn vun eisen Debatten ukomm sinn an dass mer elo kënnen iwwert de Budget an iwwert d'pluriannuel Finanzplanung ofstëmmen.

Mir géifen da fir d'Éischt iwwert de Projet de loi 7050 ofstëmmen an dann duerno iwwert de 7051.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7050 et dispense du second vote constitutionnel

Ech lancéieren d'Ofstëmmung. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Budget 2017 ass mat 32 Jo-Stëmmen, bei 28 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

Plusieurs voix.- Jo.

D'autres voix.- Neen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Neen? Dir wäert jo net verlaangen, dass ech nach eng Kéier ofstëmme loossen? Schenkt Der mer Vertrauen?

(Assentiment et brouhaha)

Gutt. Da ginn ech dovun aus, dass mer och eng Majoritéit hunn, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen. Villmools Merci.

A mir géifen dann op de Projet de loi 7051 iwwergoen.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Neen, neen! Mir huelen d'Motioun hannendrun, no de Votten, gell? Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Déi zwee hänke jo zesummen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Entschëllegt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Neen, et ass kee Problem.

Mir géifen dann de Projet 7051 betreffend d'pluriannuel Finanzplanung zur Ofstëmmung brëngen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7051 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

An d'Resultat ass datselwecht: 32 Jo-Stëmmen an 28 Nee-Stëmmen. Domat ass och de Projet 7051 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers (par Mme Diane Adehm), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Gilles Roth) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech gi jo dann dovun aus, dass mer kënnen d'Dispens vum zweete Vott froen. Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen dann zur Motioun iwwergoen.

Motion 1

Här Rapporteur, kann ech dovun ausgoen, dass se motivéiert ass?

(Assentiment)

Vläicht e Wuert vun der Regierung zu der Motioun?

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Déi Motioun iwwert den Télétravail, déi de Rapporteur Claude Haagen déposéiert huet, ass eng gutt Initiativ. Et ass näämlech eng Aarbechtsform, déi mer mussen zu Lëtzebuerg méi verbreeden, déi der digitaler Ekonomie ganz natierlech verwandt ass an déi natierlech och eis Stroossen an eis Transportweeër erliichtert, erliichtere wäert.

Et ass esou, dass och am Privatsecteur den Télétravail ëmmer méi gefërdert gëtt. D'UEL huet och an deem Domän en Accord fonnt mat de Sozialpartner an dat ass dëst Joer 2016 geschitt.

Et ass och esou, dass mer an der Fonction publique eng Phase pilote de Moment lafen hunn am Centre informatique de l'État. Dat verleeft gutt an do waarde mer, fir kënne Konklusiounen draus ze zéien, wéi dat sech duerchgespillt huet.

A schlussendlech menge mer effektiv, dass och an der Fonction publique Potenzial ass, fir méi Télétravail ze maachen. Dofir géif ech fannen, dass et eng gutt Saach wier, dës Motioun ze ënnerstëtzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sinn nach weider Wuertmeldungen? D'Madamm Modert.

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Merci, Här President. Och d'CSV ass fir den Télétravail. Grad wéi si an der Regierung war, ënner anerem eng Kéier mat der DP, eng Kéier mat der LSAP, sinn och Moossnamen an deem Kontext gemaach gewiescht ginn:

Ech erënneren drun, datt et an de Statutageschriwwe ginn ass 2003; dunn hat d'DP de Fonction-publiques-Minister.

Ech erënneren drun, datt an der Legislaturperiod 2004-2009 Pilotprojeten am ëffentlechen Déngscht gemaach gi sinn; ech erënnere mech zum Beispill dorunner, datt dat am SER de Fall war. Dorauser ass och e Règlement grand-ducal entstanen, deen ass vum 10. Oktober 2012, sou datt Der gesitt, datt et ëmmer eng gemeinsam Suerg war, fir den Télétravail ze förderen, déi vu ville Leit gedeelt ginn ass. Dir gesitt also, datt och d'CSV den Télétravail ënnerstëtzt grad wéi déi aner och.

Mä mir verstinn dohier dës Motioun net: entweder wëllt hei d'Rad vun der Zäit zréckgedréit ginn, oder si ass falsch. Ech hunn elo grad déi Moossnamen opgezielt, déi et scho ginn, déi et fir den ëffentlechen Déngscht ginn. Déi hunn e legalen a reglementaresche Kader. Dofir kann ech mer näischt Richteges ënnert dëser Motioun virstellen, wou drasteet, et sollt een emol Pilotprojete maache beim Stat - or, déi sinn et scho ginn -, et sollt een an der Administration publique de Potentiel stäerken - domadder kann ee sech ëmmer d'accord erklären - an et sollt ee Recommandatiounen erausginn.

Ech verstinn och net, firwat déi Motioun sech just op den ëffentlechen Déngscht beschränkt an net awer och nach doriwwer erausgeet. Well wa mer schwätze vu Cadre légal, deen ee kéint nach besser maachen am Beräich vum Droit fiscal, vun der Sécurité sociale an esou weider, dann ass dat sécherlech de Fall grad och am Beräich vum Privatsecteur, wou ganz vill Grenzgänger bestëmmt kéinte ganz gutt profitéiere vum Télétravail.

Fir déi Froen do vläicht méi genau erkläert ze kréien, ausser mir géifen dat elo haut kënnen hei beim Mikro gemaach kréien, géif d'CSV virschloen, datt mer d'Motioun vläicht géifen an déi zwou Kommissiounen huelen, wou mer da kéinte méi am Detail driwwer schwätzen, wat de Rapporteur vum Budget, deen och d'Motioun hei hannerluecht huet, géif dorënner verstoen, fir datt een da vläicht eng gemeinsam Aktioun tatsächlech dorauser géif kënne maachen. Well esou, wéi et elo hei steet, ass et am Fong: Déi Saachen, déi sinn do, déi hei gefrot ginn, déi besti schonn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Weider Wuertmeldungen? Den Här Rapporteur, wëllt e vläicht drop reagéieren?

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Jo, Merci. Also vun dëser Motioun war de Sënn, fir ganz einfach ze kucken, datt éischtens déi Analys poursuivéiert gëtt an der Fonction publique, well ausser deem Règlement grand-ducal, deen Dir ugeschwat hutt, ass et duerno nach e Règlement grand-ducal gi vum 15. Mäerz 2016, wou dat Ganzt natierlech och nach eng Kéier preziséiert gëtt. An an deem Règlement grand-ducal ass d'Fonction publique näämlech net dran, op Basis vun deem Accord vun der UEL a vun de Gewerkschaften.

Et ass awer richteg, datt e virdru gemaach ginn ass. Mir wollten dat heiten elo nach eng Kéier - oder ech perséinlech -, nach eng Kéier pousséieren, fir op dee Wee ze goen, notamment och fir e Signal ze setzen, och am Secteur privé.

Dir wësst, wann Télétravail gemaach gëtt, dann ass et och esou, datt et nëmme kann a verschiddene Secteure gemaach ginn, do wou et iwwerhaapt méiglech ass, haaptsächlech an administrative Beruffer. A wann dat pousséiert soll ginn, zum Beispill um Niveau vu Leit, vu Frontalieren, dann ass et kloer, datt et och steierlech encadréiert muss ginn, well mer aner steierlech Moossnamen hunn, wa mer a Frankräich sinn, wann Télétravail gemaach gëtt, deemno wat fir eng Durée datt et ass, wéi an der Belsch, wéi an Däitschland. Dat heescht, et ass och an deem Sënn, wou dat Ganzt soll gekuckt ginn.

Ech hunn absolutt kee Problem, wa mer dat an deenen zoustännege Kommissioune maachen, fir de gesetzleche Kader ze kreéieren, fir ganz einfach den Télétravail ze pousséieren an deenen doten Domänen, notamment steierlech, awer och aarbechtsrechtlech an och beteffend d'Disponibilitéit, well dat awer trotzdeem kënnt. An iwwert d'Fonction publique kann een natierlech herno goen, fir am Secteur privé, wou dat muss nogekuckt ginn, och gesetzlech verankert ginn oder encadréiert ginn, fir dat do ze analyséieren.

Dofir ass guer kee Problem, fir dat an déi zoustänneg Kommissiounen ze ginn.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat heescht, wann ech dat richteg verstanen hunn, stëmme mer net iwwert d'Motioun of.

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Mir maachen e Renvoi an d'Kommissiounen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ass dat am Sënn vun der...?

Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech si frou, datt mer elo deen dote Wee fonnt hunn. Mir hunn déi Motioun do zougestallt kritt elo gëschter oder virgëschter. Mir hate se och an der Finanzkommissioun undiskutéiert a mir hate se gëschter zougestallt kritt, fir se eventuell ze ënnerschreiwen. Mir hu se net matënnerschriwwen, well ech och an der Kommissioun gesot hunn, datt ech et net dee richtege Wee fannen, datt eng Finanzkommissioun eng Motioun eragëtt iwwert d'Fonction publique, ouni datt déi an där zoustänneger Kommissioun behandelt ginn ass.

Ech sinn der Meenung, datt d'Finanzkommissioun soll Saachen als Motioun eraginn, déi direkt d'Finanzen ubelaangen, an datt déi eenzel Ressortkommissioune solle Motiounen eraginn, déi si betreffen. Duerfir hu mir déi Motioun net ënnerschriwwen, quitte datt mer mam Inhalt averstane sinn. An duerfir sinn ech elo frou, datt mer awer elo zu där Konklusioun komm sinn, datt déi zoustänneg Kommissioun sech soll fir d'Éischt ëm déi Motioun bekëmmeren, ier mer se hei an der Chamber zum Vott brëngen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Wagner huet d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo, Merci, Här President. Also mir sinn och ganz zefridden u sech mat deem, wat elo hei décidéiert ginn ass, fir déi Motioun ze diskutéieren an enger Kommissioun. Well ech mengen, datt déi Fro vum Télétravail net anodin ass, plus spécifiquement elo an der Fonction publique, mä souwisou en général, an datt een natierlech net prinzipiell géint den Télétravail ka sinn, well en enger Partie Besoinen och kann entsprieche vun de Leit, mä datt sech awer och eng Partie Saachen, eng Partie Geforen deemno wéi, och nach derhannert verstoppen, iwwert déi ee muss kënnen diskutéieren.

Natierlech, och d'Motioun gesäit vir, datt een dat mat de Gewerkschaften a mat de Salariatsvertrieder diskutéiert, wat och korrekt ass. Also d'Motioun geet u sech och éischter an déi richteg Richtung. Mä ech mengen, et ass gutt, datt mer déi Diskussioun e bësse méi approfondéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Majo, dann ass dat, wann d'Chamber do dermat d'accord ass, esou décidéiert: Mir géifen d'Motioun an déi zoustänneg Kommissiounen iwwermëttelen. Merci villmools.

Domat wäre mer um Enn vun eise Budgetsdiskussiounen ukomm. Ech soen de Kolleege villmools Merci, och selbstverständlech der Regierung, fir déi dauernd Präsenz, a wa mer eis net méi sollte gesinn, alles Gutts!

(Brouhaha et hilarité)

A mir fueren da weider mat eisem...

(Interruptions)

Neen, Dir kënnt roueg bleiwen, Dir sidd häerzlech wëllkomm!

(Hilarité)

Dir sidd selbstverständlech häerzlech wëllkomm!

Mir géifen dann zu deem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Mir hunn eng Resolutioun an eng Motioun um Programm a géife mat der Resolutioun ufänken, déi vum Deputéierte Laurent Mosar abruecht ginn ass an ëm déi Evenementer an der Türkei an d'Konsequenzen, déi mer sollten doraus zéien, dréit. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

3. Résolution de M. Laurent Mosar relative à la condamnation ferme des mesures répressives disproportionnées appliquées en Turquie depuis la tentative manquée de coup d'État militaire en juillet 2016, à la réaffirmation de l'engagement en faveur du maintien de l'ancrage de la Turquie à l'UE et au ralliement à entamer un gel temporaire des négociations d'adhésion en cours avec la Turquie

(Résolution déposée en séance publique n°9 du 24 novembre 2016 - à consulter au compte rendu n°4/2016-2017 en page 108)

Exposé

M. Laurent Mosar *(CSV), auteur.*- Här President, Här Ausseminister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, viru gutt véier Wochen hu mer hei an der Chamber à l'unanimité eng Resolutioun zu der besuergniserreegender Situatioun an der Türkei ugeholl. Gläichzäiteg ass awer eng Resolutioun vun eiser Fraktioun iwwert d'Äfréiere vun de Bäitrëttsgespréicher mat der Türkei vun enger Majoritéit ofgeleent ginn.

Mir hunn eis dozou entschloss, eng nei Resolutioun eranzebréngen, déi nach eng Kéier freet, datt dës Bäitrëttsgespréicher op Äis solle geluecht ginn. Dës Resolutioun ass wuertgenau déi, déi vun enger iwwerwältegender Majoritéit am Europaparlament ugeholl ginn ass, a bei deem Vott hunn all déi grouss Parteifamilljen, déi och hei am Haus vertruede sinn, matgestëmmt.

Firwat, Här President, dës nei Initiativ? Ma mir stelle fest, datt sech d'Situatioun an der Türkei all Dag verschlechtert an den Här Erdoğan sech ëmmer méi wäit vun de Wäerter vun enger Europäescher Unioun ewechbeweegt. 100.000 Statsbeamte sinn entre-tremps aus dem Statsdéngscht entlooss ginn, dorënner Riichter, Membere vun der Arméi an der Police, awer och vill Oppositiounsdeputéierter, déi einfach emol esou, ouni weidere Prozess, verhaft gi sinn!

Derniewent besteet d'Meenungs- an d'Pressefräiheet just nach um Pabeier an international Journalisteverbänn schwätzen am Kontext vun der Türkei vum gréisste Prisong op der Welt fir Journalisten.

Ech wëll hei net weider op déi deelweis dramatesch Situatioun vun de kurdesche Minoritéiten an der Türkei hiweisen, wou verschidde Mënscherechtsorganisatioune scho vun Horrorzeenarie schwätzen.

An als Kiischt op dem Kuch, wann ech dat kann esou soen, proposéiert dann den Här Erdoğan och nach d'Aféiere vun der Doudesstrof a wëllt doriwwer eraus d'Statsgrenzen, esou wéi se an de Verträg vu Lausanne festgeluecht sinn, erëm a Fro stellen.

Mir sinn also ganz wäit ewech vun deem, wat de Statsgrënner vun där moderner Türkei, den Atatürk, eng Kéier als déi grouss Ambitioun vun der Türkei definéiert hat, näämlech Fridden doheem a Fridden an der Welt.

Här President, d'Türkei beweegt sech säit enger Rei vu Joren ewech vun der EU. An dat ass einfach eng Realitéit, där mer eis alleguerte musse stellen! D'Situatioun huet sech allerdéngs an deene leschte Wochen ëmmer méi zougespëtzt. D'Regierung Erdoğan ass amgaang, mat allen demokratesche Wäerter ze briechen, a steiert schnurstracks an eng Diktatur.

Et muss ee wëssen, datt et eigentlech dem Här Erdoğan nëmmen ëm den Erhalt vu senger Muecht geet, a säi Verhalen ass net eng Reaktioun op e Putschversuch, mä ass selwer e Putsch géint d'Demokratie.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV), auteur.*- Trotz onzielege Warnunge vun héchsten EU-Vertrieder fiert den Här Erdoğan konsequent viru mat dëser Politik, déi längst de Wee vun der Rechtsstaatlechkeet verlooss huet.

Wat fir eis awer en absolutten No-Go ass, dat ass déi Aart a Weis, wéi europäesch Spëtzepolitiker vun hiren Homologen an der Türkei deelweis erniddregt ginn, wéi mer bei enger rezenter Visitt vum däitschen Ausseminister Steinmeier leider hu misse feststellen. Duerfir huet dann och eng iwwerwältegend Majoritéit vun den Europadeputéierte gesot, gradesou wéi meng Fraktioun et och elo seet: „De Point de non-retour ass einfach hei iwwerschratt."

All Gespréicher mam Här Erdoğan hunn d'EU bis elo kee Millimeter weiderbruecht. Au contraire, den Här Erdoğan setzt sech iwwer all rechtsstaatlech Prinzipie weider ewech a mécht alles, fir d'Europäesch Unioun ze provozéieren a lächerlech ze maachen.

Duerfir si mir grad wéi d'Europaparlament der Meenung, datt mer der Türkei eng staark Äntwert musse ginn. An dat ka fir eis nëmmen elo emol e Stopp vun de Bäitrëttsverhandlunge sinn. Alles aneschters wär en Aknécke virun den Erpressungsversich vun der Erdoğan-Regierung an domadder verbonnen och e substanzielle Verloscht vun der Glafwierdegkeet vun der Europäescher Unioun an hiren eenzelne Memberstaten.

Mä e Stopp vun de Bäitrëttsverhandlungen, Här President, bedeit fir eis weder en Ofbroch nach en Enn vum Dialog mat der Türkei. Au contraire! Mir sinn nohalteg der Meenung, datt en Dialog op villen Niveaue mat dësem Land a senger Regierung muss virugeféiert ginn, sief dat an der NATO, am Conseil de l'Europe, am Kader vum Flüchtlingsaccord a last but not least am Kader vun där neier Zollunioun, déi am Moment jo soll verhandelt ginn.

Ech deelen duerfir och net d'Meenung vum Här Ausseminister, datt e Stopp vun de Bäitrëttsverhandlunge gläichzäiteg e Stopp vum Dialog mat der Türkei an hirer Regierung géif bedeiten. Mir si just, gradesou wéi d'Europaparlament, der Meenung, datt d'Bäitrëttsverhandlungen zu dësem Moment keng glafwierdeg Grondlag méi hunn an datt mer se net kënne viruféieren ouni de Risk vun engem Verloscht vun eiser Glafwierdegkeet.

Europa brauch weider d'Türkei als Partner, esou wéi d'Türkei Europa als Partner brauch. Allerdéngs setzt eng gutt Partnerschaft en éier-

lechen Ëmgang ee mat deem anere viraus. Mir plädéieren duerfir éischter derfir, fir erëm op de Wee zréckzekomme vun dësem éierlechen Dialog, ewéi Bäitrëttsverhandlungen am Moment virunzeféieren, déi esou oder esou ni wäerten, an do si mer eis alleguerten eens, zu engem positiven Ofschloss, zumindest an deenen nächste Joren, kommen.

Mir soe kloer „Jo" zu engem Dialog mat der Türkei. Mä mir soen awer gradesou kloer „Neen" zu weidere Bäitrëttsverhandlungen, dat zumindest esou laang, bis dat Land a seng Regierung erëm de Wee vun der Rechtsstaatlechkeet erëmfonnt hunn.

Fir eis, Här President, sinn d'Mënscherechter keng eidel Wierder. A mir wëllen eis och nach muer an de Spigel kucken. Duerfir gëtt et fir eis keen anere Choix, wéi d'Bäitrëttsverhandlungen elo emol op Äis ze leeën. Et geet hei in fine ëm eng Fro vun der Glafwierdegkeet vun der Europäescher Unioun, awer och vu jiddwerengem Eenzelne vun eis.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Mosar. An d'Wuert huet elo den Här Marc Angel.

Discussion générale

M. Marc Angel *(LSAP).*- Jo, Här President, villmools Merci. Mir haten déi Diskussioun jo hei schonn, wéi den Här Mosar gesot huet, de 16. November hei an der Chamber, wou mer reagéiert hunn op eng Resolutioun vun déi Lénk, nodeem esou vill Deputéiert verhaft gi sinn an der Türkei. A mir hunn als Chamber dunn déi Resolutioun vun déi Lénk ausgebaut. Mir hunn net nëmme fir d'Deputéiert, mä och d'Journalisten an all déi Zéngdausende Beamten, déi do der Purge an der Türkei zum Opfer gefall sinn, dunn dat condamnéiert. Mir hunn och de Coup am Juli condamnéiert. Mir hunn déi terroristesch Attacke condamnéiert. Mir hunn eis besuergt erkläert iwwert d'Äusserung iwwert d'Doudesstrof. A mir hunn awer och d'Kurdefro behandelt, andeem mer gesot hunn, mir hätte gär eng Relance vum Processus de paix, dass och d'Gewalt an deene kurdesche Gebidder zu engem Enn kënnt. Mir hunn do eng Unanimitéit fonnt an dat war gutt esou!

Derniewent hat d'CSV eng zweet Motioun, wou et gaangen ass ëm eben dee Gel, déi Gespréicher mat der EU, d'Verhandlungen zwëschen der Türkei an der EU anzefréieren. Déi Resolutioun ass deemools net hei vun enger Majoritéit ugeholl ginn. A mir hunn, vill vun eis hunn argumentéiert, dass mer net sollen an déi Provokatioune vum Erdoğan erafalen an dass mir net sollen déi sinn, déi de Fuedem duerchschneiden an déi d'Dier zoumaachen. Mä wann een dat soll maachen, da soll hien et maachen.

A mir hunn drun erënnert, dass et an der Türkei nach aner Parteie gi wéi d'AKP, dass et an der Türkei eng Oppositioun gëtt. D'Madamm Brasseur an ech, mir ware viru Kuerzem an der Türkei a mir hunn dat och bericht an der aussepolitescher Kommissioun d'lescht Woch, wou mer mat Oppositiounsvertrieder zesummekomm si vun der kurdescher Partei, awer och vun aneren Oppositiounsparteien. Ech si mat Journalisten aus der Oppositiounspress zesummekomm, déi eis all gesot hunn: „Faalt net drop eran! Maacht net d'Dier zou, dréit Dir eis de Réck net! Mä wann déi Verhandlungen, wann et do zu engem Stopp soll kommen oder engem Gel, da soll dat den Här Erdoğan sinn, deen dat Zeeche setzt, an net Dir!" Et si ganz vill Millioune Mënschen an der Türkei, déi op eis kucken!

Zu de Verhandlunge wëll ech just soen, dass d'Verhandlungen..., et gëtt bei engem Bäitrëtt jo net verhandelt iwwert d'Kopenhagener Kritären. Dat si Mënscherechtskritären, dat si Kritären, déi net ze verhandele sinn! Et geet bei esou Négociatiounen drëms, e Land op eis Standarden ze bréngen, e Land ze ënnerstëtzen op deem Wee zu onse Standarden. Dorëm geet et. An nach eng Kéier gesot: Déi Dier wëlle mir net zoumaachen.

An et huet sech ausser dem Vott am Europaparlament an der Zilsetzung vun där Resolutioun net vill geännert. Dofir, mir wäerten eis Meenung net änneren. Mir sinn där nämlechter Meenung wéi och de Premierminister, den Ausseminister et bei eis an der Kommissioun gesot hunn, a virun allem awer och de Kommissiounspresident Jean-Claude Juncker, deen och gesot huet, et wär net dee richtege Wee, elo déi Verhandlungen anzefréieren.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Angel. Weider Wuertmeldungen? Madamm Brasseur, wann ech gelift.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Här President, Dir Dammen, Dir Häre, mir haten eng Debatt hei viru ronn véier Wochen iwwert dat Schrecklecht, wat an der Tierkei lass ass. An ech mengen, et muss een awer an dësem Kader nach eng Kéier d'Condoléenzen ausdrécke visà-vis vun all deenen Affer an der Tierkei vun terroristeschen Uschléi, awer och vun deem, Gott sei Dank, verhënnerte Coup d'État.

Et muss mat rechtsstaatleche Mëttelen dorop geäntwert ginn! D'Terroristen hu bis elo ganz vill Mënscheliewe geholl, mä mir mussen den Tierken hëllefen, dass d'Terroristen et net fäerdegbréngen, ons Demokratie och nach futtizemaachen, ons Wäerter och nach futtizemaachen. An dofir ass d'Zesummenaarbecht mat der Tierkei esou wichteg!

Den Här Angel, deen huet et elo grad gesot, ech wor, genee wéi hien, awer an anere Missiounen, an der Tierkei. Ech hat d'lescht Woch nach d'Geleeënheet, mat Vertrieder vun der Majoritéit a Vertrieder vun der Oppositioun ze schwätzen. A si soe mer, déi vun der Oppositioun genee wéi d'ONGen, d'Journaliste soe mer: „Et ass net de richtege Wee, elo d'Bäitrëttsverhandlungen anzefréieren, well Europa ass deen Hoffnungsschimmer, dee mir gesinn, un dee mer ons kënne klameren." An den Här Erdoğan waart nëmmen drop, fir dass déi Brécke vun ons zougemaach ginn, fir dass hie seng Politik ka viruféieren!

An ech denken un déi honnertdausend Leit, et ass inadmissibel! An ech si mam Här Mosar an der Analys selbstverständlech d'accord: Wat do geschitt, ass wierklech einfach net ze erdroen!

Mä ech si mat senge Konklusiounen awer net d'accord, éischtens mat der Motioun, esou wéi se do ass. An den Här Mosar seet: „Dat ass vun deene grousse politesche Familljen am Europaparlament gedeelt ginn." Jo! Dat wëllt awer net heeschen, dass dat iwwerall d'selwecht an de politesche Famillje gesi gëtt. Ech erënneren un den Här Juncker a seng Kommissioun, déi anerer Meenung sinn, an déi gehéiere jo och deeneselwechte politesche Familljen un, soudass dat also menger Meenung no keen Argument ass.

Ech wëll och soen, dass am Europarot, zum Beispill an der EVP-Fraktioun, also der Fraktioun vum Här Mosar, dass do wierklech d'Positiounen och gedeelt sinn a vill méi nuancéiert sinn.

Den Här Mosar huet zum Schluss vu sengen Ausféierungen hei op der Tribün gesot, dass d'Mënscherechter keng eidel Wierder däerfe sinn. Jo, do sinn ech domat d'accord. A mir mussen natierlech derfir suergen, well all Eenzelnen an der Tierkei muss geschützt ginn. Den Här Mosar huet weider gesot, et géif ëm d'Glafwierdegkeet vun Europa goen an et géif och ëm ons Glafwierdegkeet goen.

Ech muss dem Här Mosar soen, Här President, dass et virun allem hei ëm d'Tierke selwer geet, ëm d'Awunner an der Tierkei. An dofir, no menger Missioun an der Tierkei hu mer e Rapport gemaach, an deem steet, dass mer sollen am Europarot de Monitoring erëm opmaachen - wou d'Vertrieder vun der EVP-Fraktioun awer éischter reservéiert sinn -, dat heescht, d'Tierkei méi genee nach kontrolléieren, wéi dat bis elo ass.

An dat Zweet: An der Assemblée parlementaire vum Europarot hu mer eng Méiglechkeet, d'Pouvoire vun enger Delegatioun ze suspendéieren. Mir hunn als Delegatioun unanime festgehalen, dass mer dat net sollte maachen. Well wa mer dat maachen - dat ass eng Sanktioun -, dann huet d'Oppositioun, déi och op Stroossbuerg kënnt, emol net d'Méiglechkeet, sech do ze expriméieren! An da géife mer just déi Falsch bestrofen, well deene musse mer effektiv hëllefen.

An aus all deene Grënn géif ech soen, dass den Text vun där Resolutioun selbstverständlech eng ganz Partie Punkten opwerft, mat deene mer kënnen d'accord sinn, mä ech gleewe jo net, dass den Här Mosar d'accord wier, am éischten Dispositif dann de Saz: «se rallie à la résolution du Parlement européen» ze sträichen an och den zweete Paragraf hannendrun.

Dat wier meng Proposition d'amendement. Wann d'CSV d'accord wier, dat unzehuelen, da kéint ee selbstverständlech iwwert de Vott diskutéieren. Mä hei ass wierklech, mir hu schonn driwwer diskutéiert, an ech mengen, mir haten ons Positiounen, elo nach eng Kéier dorop hinzewierken, fir datselwecht nach eng Kéier hei ze debattéieren, mengen ech, ass net de Sënn dovun. Mir mussen den Tierken hëllefen. An ech hunn en enormen Estime fir dat Land. A mir mussen hinnen hëllefen, dass se um richtege Wee bleiwen, a bestëmmt net, andeem d'Bäitrëttsverhandlungen elo agefruer ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Ganz richteg!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Brasseur. An d'Wuert huet elo den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Mir haten de 16. November hei an der Chamber eng Resolutioun gestëmmt, mat där mer déi rezent Entwécklungen an der Tierkei bedauert a condamnéiert hunn. An dës Resolutioun war och unanime ugeholl ginn. An do stoung eigentlech alles dran, wat zu deem Zäitpunkt zur Tierkei ze soe war a wat och haut nach ëmmer richteg ass.

Ech ginn net ganz an den Detail an, just kuerz a Stéchwierder. Am Mee 2016 hunn 138 Deputéierten hir parlamentaresch Immunitéit verluer. E Schrëtt, dee mir als Parlamentarier nëmme kënne condamnéieren. De Coup d'État vum 15. Juli 2016, deen inakzeptabel a brutal war a vill Mënscheliewe kascht huet, huet an der Tierkei zu Moossname gefouert, déi net méi a Relatioun sti mat de Faiten, och wann déi schrecklech waren.

An der Tierkei sinn Dausende vu Bierger vun hirer Aarbechtsplaz entlooss ginn. Honnerte vu Journaliste si verhaft ginn, Zeitungen zougemaach ginn. Honnerte vun ONGe sinn duerch déi tierkesch Regierung opgeléist ginn. Et gëtt verstäerkt op alle politeschen Ebenen iwwert d'Erëmaféiere vun der Doudesstrof geschwat.

An d'Situatioun huet sech, an do ginn ech dem Här Mosar recht, an deene leschte Wochen net verbessert. An der Tierkei gëtt eng Politik vun der Schwaarz-Wäiss-Molerei bedriwwen. Déi Gutt sinn déi, déi bedéngungslos dem grousse Führer Erdoğan alles gutthalen, wat hie seet, denkt a mécht. All déi aner sinn déi Schlecht. Dat féiert zu engem Klima vun extreme Spannungen, vu Beschëllegungen. An dat Klima gëtt och bewosst iwwert d'Grenze vun der Tierkei eraus exportéiert, zum Beispill an Däitschland.

De 16. November 2016 hate mer also hei an der Chamber en Zeeche gesat, wéi mer alleguer zesummen dës Entwécklung an der Tierkei condamnéiert haten. An dëst staarkt Zeechen hat leider e Schéinheetsfleck, well niewent där Resolutioun, déi eis Kolleege vun déi Lénk initiéiert haten an déi vun eis alleguer an der Kommissioun opgepäppelt gouf, nach eng zweet Resolutioun um Ordre du jour stoung. An deen eenzege fundamentalen Ënnerscheed war, datt dës Resolutioun, déi deeselwechten Här Mosar déposéiert hat, deen d'Motioun (veuillez lire: d'Resolutioun) vun haut déposéiert huet, e Gel vun den EU-Bäitrëttsverhandlunge mat der Tierkei verlaangt hat.

An dës Resolutioun war deemools mat 34 Stëmmen ofgeleent ginn. An e puer Deeg drop koum et zu engem Reload. Firwat? Ech mengen, den Här Mosar huet et erkläert. D'EU-Parlament hat eng Resolutioun gestëmmt, déi der Fuerderung vun der CSV nokënnt.

(Interruption)

Déi Resolutioun war zu Stroossbuerg vun allen EU-Parlamentarier, Lëtzebuerger EU-Parlamentarier bis op d'Madamm Delvaux votéiert ginn. Dat ass eis natierlech net entgaangen. An dat ass eis och net egal.

All d'Considérante vun der Resolutioun vum Här Mosar sinn an eisen Ae korrekt. Si sinn och duerchaus vergläichbar mat deene vun eiser Resolutioun vum 16. November, déi mer do ugeholl haten.

Ech mengen, mer sinn eis heibannen och eens, an dat ass och duerchblécke gelooss ginn, datt d'Bäitrëttsverhandlunge mat der Tierkei de facto op Äis leien. D'Fro, ëm déi et hei geet, ass also éischter d'Fro vum Ëmgang vun eis Europäer mat deenen neie staarke Männer, déi zurzäit an der Politik Héichkonjunktur hunn. Ech schwätze vun deene modernen Despoten, wéi dem Erdoğan, dem Putin; denken awer och u Kaczyński, Orbán, eventuell Trump, et weess ee jo net, wat nach alles ënnerwee ass.

Fir eis Gréng ass et kloer, éischtens, wat eis Wäerter ugeet, d'Mënscherechter, d'Onofhängegkeet vun der Justiz, d'Meenungsfräiheet vun de Leit a vun der Press, do däerfe mer keng Kompromësser maachen. Duerfir sinn d'Verhandlunge mat der Tierkei jo och praktesch agefruer.

Wat d'Diplomatie ugeet, soll eist Signal sinn: Mir klake keng Dier zou. Mir sinn a bleiwe berechenbar. Europa ass e Friddensprojet. Wie wëllt bei eis kommen, muss d'Konditiounen erfëllen, an dann ass hie wëllkomm. A genausou kloer ass: Wien net wëllt bei eis kommen, dee soll dat och soen. Et muss keen an d'EU kommen. Et muss emol keen an der EU bleiwen, wann en dat net wëllt.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Wéi gi mer mat Despoten ëm? Handele mer nom Alen Testament, Auge um Auge, Zahn um Zahn? Mir mengen, datt dat net de Wee ass.

Knécke mer an? Oder gi mer op eng Provokatioun an? Gi mer der Provokatioun no, wa mer déi Resolutioun hei stëmmen?

Ech mengen, datt et net richteg ass, wa vun de Kolleege vun der CSV gesot gëtt, si géifen déi Resolutioun hei abréngen, well si sech nach wéilten an de Spigel kucken. Ech behaapten, datt mir kënne géint déi Resolutioun stëmmen an eis och an de Spigel kënne kucken. An ech froe mech, ob dann och de Jean-Claude Juncker sech nach kann an de Spigel kucken, well e jo och hei eng aner Meenung vertrueden huet.

Duerfir, bei allem Respekt a bei allem Versteesdemech fir d'Argumentatioun, dee klenge moraleschen Ënnertoun do, op dee kéint ech gutt verzichten. Mir wäerten déi Resolutioun hei net stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. An den Här Kartheiser ass scho prett. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech soen och dem Här Mosar Merci fir déi Initiativ, déi e geholl huet. D'CSV mécht hei e Schrëtt an déi richteg Richtung. Et ass awer nëmmen e Gel temporaire, dee gefrot gëtt.

Ech erënneren drun, datt d'ADR eng aner Positioun huet. Mir denken, datt d'Tierkei net soll Member vun der Europäescher Unioun ginn, well mer eben un den europäesche Gedanken duerchaus gleewen, well mer säin Notze gesinn a well mer gesinn, well mer d'Tierkei jo och gutt kennen an hire Strukturen, an hirer Denkweis, an hirer Kultur, datt eng Europäesch Unioun mat der Tierkei eng komplett aner wär. An all déi, déi soen, d'ADR wär eng eurokritesch Partei, déi solle sech dann hannerfroen, wa se gär hätten, datt d'Tierkei eng Kéier Member an der Europäescher Unioun ass, ob et dann net déi sinn, déi dat fuerderen, déi schlussendlech d'Europäesch Unioun an hirem laangfristege Bestand a Gefor bréngen.

Mir hunn also als ADR eng aner Positioun. Trotzdeem - trotzdeem! - stëmme mer déi Motioun (veuillez lire: Resolutioun), déi d'CSV proposéiert huet, mat, well mer eben denken, datt et e wichtegt Signal am Ableck ass an, wéi gesot, e Schrëtt an déi richteg Richtung.

Déi Resolutioun stellt och ganz kloer d'Fro vun der Kohärenz an der Regierungspolitik. Et ass dach an eisen Aen net normal, datt zwou vun deenen dräi Parteien, déi d'Regierung stäipen, zu Stroossbuerg eng aner Positioun vertrieden, wéi se et hei maachen! Déi Blo stëmmen zu Stroossbuerg fir de Gel temporaire. Hei stëmme se dergéint. déi gréng stëmmen zu Stroossbuerg fir de Gel temporaire. Hei stëmme se dergéint.

A wat déi gréng ugeet, ass et och net déi éischte Kéier. Ech erënneren do u CETA an aner Saachen, wou déi gréng zu Stroossbuerg eng aner Positioun vertrieden, wéi mer se hei vertrieden. Mir hate gëschter am Budget vun Doppelzüngegkeet vun där Partei geschwat. Mir hunn e jonke grénge Politiker, deen aus deem Grond elo zréckgetrueden ass. Abee, dat hei ass erëm en neit Beispill vun enger grénger Denkweis, déi dat eent seet an dat anert mécht. A fir eis ass dat wierklech net akzeptabel.

D'Regierunge lafen der Tierkei no. Si wëlle souguer e Sommet maachen. Et ass elo den 10. Mäerz geplangt, fir e Sommet ze maache mat der Tierkei. Ech freeë mech schonn op déi Foto, wien alles do mam Här Erdoğan op déi Foto geet. An dat ass wéinst enger falscher Migratiounspolitik am Ableck, haaptsächlech, wou mer eis an d'Hänn ginn hunn, wou mer erpressbar sinn engem Diktator zu Ankara, deen dat do mécht.

Mir hunn déi Argumenter vum Här Asselborn héieren, dee seng Positioun wëllt justifiéieren. Hie seet, wa mer de Gel temporaire maachen, dann hätte mir keen Afloss méi op Ankara.

Här Asselborn, et ass ëmgekéiert! Ankara huet den Afloss am Ableck op d'Europäesch Unioun. Mir kënnen net erkennen, datt mir géifen en europäeschen Afloss op déi tierkesch Regierung geltend maachen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dann d'Zypern-Gespréicher, sot Der eis, wa mir elo géifen de Gel temporaire maachen, dann hätte mir keen Afloss méi op d'Zypern-Gespréicher, déi ënnert der UNO-Égide lafen, net ënnert der Europäescher Unioun, a wou bis elo an deem,

wat d'Europäesch Unioun an den Zypern-Gespréicher hätt kënne maachen - den Afloss zum Beispill op d'Ankara-Protokoller, datt déi agehale ginn -, ni eppes gemaach gouf.

Firwat dann elo op den europäeschen Afloss op déi Gespréicher insistéieren, deen extrem minim ass a bis elo souwisou ni gegraff huet? Mir hunn e Bréif vum zypriotesche Parlament kritt, eng eestëmmeg Resolutioun vum 2. Dezember, eestëmmeg, vum zypriotesche Parlament…

Ass nach Zäit? Oder ass dat…?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, jo, et ass Zäit. Dir hutt bei de Motiounen net esou vill Zäit.

(Brouhaha général)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ah, da maachen ech virun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech war schonn zimlech large.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Da maachen ech dat fäerdeg.

…a wou einfach dat zypriotescht Parlament seet, mir sollten ofbriechen.

A wat d'Mënscherechter ugeet, Här Asselborn, an dann halen ech domadder op, mä et wär nach vill ze soen, do wëll ech Iech just soen, datt et dach komesch ass, datt Dir Bäitrëttsverhandlungen zur Europäescher Unioun, zu enger Wäertegemeinschaft féiert mat engem Land, wat no Äre Wierder Nazimethode benotzt, Folter, Ënnerdréckung vun der Press,…

(Interruption)

…Minoritéiten ënnerdréckt an an Nopeschstaten amarschéiert.

Fir eis ass déi Motioun (veuillez lire: Resolutioun), déi elo virläit, en éischte Schrëtt an déi richteg Richtung. Mir stëmmen déi mat.

Merci.

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An den Här David Wagner huet d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President.

(Interruptions)

Une voix.- Aïe, aïe, aïe!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Et ass jo iergendwéi och kee richtegt Wonner, wann d'EU-Parlament… Bei allem Respekt fir d'EU-Parlament, mä et weess ee jo och, datt et eng Institutioun ass, déi net onbedéngt d'Welt zum Erschüttere bréngt, wa se eng Décisioun hëlt. An de Vott vum Europaparlament muss een an deem Zesummenhang gesinn.

(Interruptions)

Wéi?

M. Laurent Mosar *(CSV), auteur.*- Contrairement zu eis!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo!

(Hilarité)

Mä mir wësse ganz genau, datt vläicht eng Décisioun geholl ginn ass, déi natierlech vu ville Gruppen am Europaparlament ënnerstëtzt ginn ass, déi a Wierklechkeet awer och u sech näischt um Status quo ännert. Et ass scho gesot ginn: Déi Négociatiounen tëschent der Europäescher Unioun an der Tierkei, déi leie schonn zënter Joren op Äis. U sech géif dat guer näischt änneren. Duerfir ka sech wahrscheinlech dat Parlament och erlaben, déi Décisioun ze huelen, vu datt se um Status quo näischt wäert änneren.

Also fir eis als déi Lénk, et gouf och scho gesot, mir hate jo schonn eng éischt Resolutioun erabruecht, well fir eis d'Situatioun vun de Mënscherechter an der Tierkei ganz wichteg ass, grad och well an éischter Linn fortschrëttlech Kräften, awer net nëmmen natierlech, mä déi si jo betraff. Op jidde Fall sinn et och lénk a fortschrëttlech Deputéierter, déi am Prisong stiechen. Also, et kann eis net egal sinn, wat do leeft.

Mä grad dowéinst versiche mer trotzdeem, och ze lauschteren, hate mer schonn d'leschte Kéier gesot, wat grad déi Kräften och soen, wat hir Meenung op der Plaz ass, well - et gouf och scho gesot vum Här Angel - si wëllen net, datt mer dee Wee ginn. Éischtens, well et souwisou näischt bréngt, mä zweetens wär et en Argument méi gi fir den Här Erdoğan, fir seng Positioun nach ze verstäerken an ze verhäerten an der Tierkei. An ech mengen, da gi mer genau an eng aner Richtung.

Wann een awer wéilt vläicht e bësse méi seriö diskutéieren, da kéint ee vläicht aner Dossieren opmaachen. An et ass eng Fro, déi ech opwerfen zum Beispill. Mä et kéint een iwwert d'NATO diskutéieren. Dat ass eppes ganz Konkretes, an ech mengen, do wier vläicht d'Regierung zu Ankara e bësse méi sensibel, wann een deen Dossier do géif opmaachen. Oder et misst een déi ganz Geschicht vläicht och op UNO-Niveau diskutéieren.

Mä ech mengen, dat heiten ass kontraproduktiv, wa mer déi heite Resolutioun géifen unhuelen. Duerfir wäerte mer wéi d'leschte Kéier eben och erëm eng Kéier net derfir stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. Mir sinn um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm, an d'Wuert huet elo den Ausseminister, den Här Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Jo, Här President, ech soen Iech an der Chamber Merci, dass ech nach eng Kéier däerf d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung an där Fro hei ënnersträichen. Ech kann nëmmen hei oder ech wëll och nëmmen hei a Stéchwierder schwätzen, well beim leschten Débat hu mer dat an allen Detailer gemaach.

D'Mënscherechter, d'Rechtsstaatlechkeet ginn net verbessert, wa mer iergendeng Form vu Stopp, vun Ofbriechen oder vun Afréieren an der Europäescher Unioun décidéieren. Vill Millioune Leit, dat ass e Fait, gleewen nach ëmmer un d'Europäesch Unioun an der Türkei. Dat wier en total falscht Signal.

An ech géif och soen, Här Mosar, et muss een oppassen, wann Der Aussoe maacht, dass fir d'CSV d'Mënscherechter keng eidel Wierder sinn. Déi Leit, déi an der Türkei am Prisong sëtzen, ob Türken, ob Kurden, ob Journalisten oder ob Oppositiounspolitiker, soen eis ganz kloer: Mir sollen dee Schrëtt net maachen. Och déi wëssen, wat d'Mënscherechter sinn!

Ech wëll och soen, dass a Saachen Zypern ech absolutt net averstane sinn, wat hei elo grad gesot ginn ass. Souwuel déi zypriotesch Regierung wéi déi griichesch Regierung soen eis, am Januar kéint en Duerchbroch geschéien, Januar 2017, a mer sollen näischt maachen, wat do dergéint geet, d'Polver och net verschéissen a Saachen Drock maachen, schlechten Drock maachen, wann dee Projet vum Erëmaféiere vun der Doudesstrof sollt kommen.

Also, fir kloer ze sinn, d'Europaparlament ass dat engt - an ech respektéieren d'Europaparlament -, de Ministerrot ass dat anert. 27 Ministere vun 28 waren där Meenung, déi ech elo hei vertrueden hunn, déi mer hei zesumme beschloss hunn als majoritär Positioun an der Kommissioun. Et ass hei gesot ginn: De President vun dem Conseil européen huet mat Recht refuséiert, déi Fro do op de Conseil européen ze bréngen, dëst am Zesummespill mam President vun der Kommissioun an och mam President vum Parlement européen. Och dat, mengen ech, muss een ënnersträichen.

Also, et ass just schued, dass am leschte Conseil des ministres mer et net fäerdegbruecht hunn - duerch d'Positioun vun engem Ausseminister -, Konklusiounen iwwert de Balkan ze kréien, wat erbäärmlech ass. Dat ass zënter zwielef Joer net de Fall gewiescht an dat muss och séier redresséiert ginn. An, wéi ech héieren hunn, ass Wien do amgaangen, fir do d'Kéier ze kréien.

Also Fazit: Kritik, schaarf Kritik, keng eidel Wierder un d'Adress vun der türkescher Regierung, mä d'Kanäl oploossen, fir Afloss ze behalen a fir Drock ze maachen. Duerfir géif ech bieden, dass d'Chamber sech un déi Linn hält, déi mer hei virun e puer Woche fixéiert hunn, an déi Positioun, déi selbstverständlech mat Recht d'CSV huet, net guttheescht.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Minister.

M. Laurent Mosar *(CSV), auteur.*- Ganz kuerz, Här President. D'Madamm Brasseur hat virdrun eng Fro gestallt, ob mer net wéilten hiren Amendement unhuelen. Ech soen der Madamm Brasseur, datt mer dat net maachen, well déi Resolutioun, déi mir proposéieren, ass u sech e Copy-paste, Copy-paste! Mir hu kee Wuert geännert un där Motioun (veuillez lire: Resolutioun), déi vun der liberaler Fraktioun an dem Här Verhofstadt am Europaparlament erabruecht ginn ass. An den Här Verhofstadt huet eigentlech d'Droits d'auteur vun där Motioun (veuillez lire: Resolutioun) a mir wäerten näischt dorunner änneren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. D'Positioune schéngen also kloer ze sinn. An ech géif dann d'Resolutioun zur Ofstëmmung bréngen.

Vote sur la résolution

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

D'Motioun (veuillez lire: D'Resolutioun) ass bei 26 Jo-Stëmmen a 34 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Domat géif ech och dovunner ausgoen, dass d'Chamber déi Resolutioun vu virun e puer Woche bestätegt huet.

(Assentiment)

Voilà!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da géif ech zu der nächster Motioun iwwergoen. Och do ass den Auteur den Här Laurent Mosar, an et dréit ëm deen Drama, dee sech zu Aleppo ofwéckelt. Merci.

4. Motion de M. Laurent Mosar relative au soutien de toutes les initiatives politiques mettant en œuvre et stabilisant un cessez-le-feu durable à Alep

(La motion déposée en séance publique n°15 du 14 décembre 2016 est retirée et remplacée par une nouvelle motion déposée par M. Laurent Mosar en son nom personnel et en celui de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration)

Motion

La Chambre des Députés,

- bouleversée par la situation sécuritaire générale en Syrie après une guerre meurtrière qui dure depuis près de six ans, avec plus de 300.000 morts, près de 6,3 millions de personnes déplacées à l'*intérieur du pays et plus de 4,8 millions de réfugiés dans les pays voisins et dans le reste du monde;*

- outrée par la politique de brutalité du régime du président syrien Bachar el-Assad et de ses alliés et par l'utilisation de la stratégie de sièges à Alep mais aussi dans bon nombre d'autres endroits en Syrie;

- choquée par les actes barbares des groupes terroristes et djihadistes tels que l'«État islamique» / Daech et le Front Fatah al-Gham (anciennement Front al-Nosra);

- condamnant avec fermeté les crimes de guerre et les crimes contre l'humanité perpétrés en Syrie et en Irak;

- consternée par la situation dramatique et tragique à Alep qui fait endurer aux habitants de cette ville un véritable martyre;

- préoccupée par le sort de la population civile et tout particulièrement des enfants d'Alep;

- exprimant sa solidarité avec la population civile à Alep et en Syrie;

- déplorant l'impuissance de la communauté internationale à trouver une issue à cette crise politique et humanitaire, à tous les niveaux, y compris celui de l'Union européenne, et la longue incapacité de l'Organisation des Nations Unies face à cette crise en Syrie et en particulier à Alep;

*- saluant l'adoption à l'unanimité par le Conseil de sécurité des Nations Unies de la résolution 2328 destinée à faciliter l'*évacuation des civils des secteurs est d'*Alep par le déploiement d'observateurs de l'ONU;*

- exprimant l'attente que les termes de cette résolution du Conseil de sécurité seront respectés par toutes les parties au conflit en Syrie afin d'en permettre la mise en œuvre;

- exprimant l'espoir que les efforts en cours pour mettre en place sous les auspices de l'ONU un mécanisme d'établissement des faits permettront dans le futur de juger les responsables des crimes commis en Syrie depuis mars 2011;

- rappelant l'engagement pris par le Gouvernement de contribuer 7,5 millions d'euros par an jusqu'en 2020 par un soutien aux activités des ONG et agences onusiennes présentes en Syrie,

invite le Gouvernement

1. à soutenir toutes les initiatives politiques mettant en œuvre et stabilisant un cessez-le-feu durable à Alep mais également dans le reste de la Syrie;

2. à soutenir l'installation de couloirs humanitaires permettant l'accès immédiat, en toute sécurité et sans restriction, condition ni entrave, de l'aide humanitaire à la population civile;

3. à intervenir auprès de toutes les parties au conflit afin de garantir l'évacuation sûre de la population civile et des combattants des quartiers d'Alep touchés par le conflit, dans les termes prévus par la résolution 2328 du Conseil de sécurité;

4. à s'engager en faveur de la reprise des pourparlers inter-syriens, sous les auspices de l'Envoyé spécial du Secrétaire général des Nations Unies pour la Syrie, Staffan de Mistura, afin d'offrir une paix durable au peuple syrien;

5. à s'engager dans les instances de l'Union européenne pour que cette dernière joue un rôle plus actif dans la recherche de solutions à tous les aspects de la crise syrienne, en concertation avec toutes les parties régionales, la Russie et les États-Unis ainsi que les Nations Unies;

6. à intervenir auprès de la Commission européenne afin d'intensifier et d'augmenter l'aide humanitaire de l'Union européenne pour Alep et la Syrie;

7. à poursuivre ses efforts humanitaires et son aide d'urgence en faveur de la population civile d'Alep et de Syrie conformément aux engagements pris lors de la Conférence de Londres en février dernier;

8. à soutenir les efforts déployés au niveau de la communauté internationale en vue de traduire en justice les auteurs des crimes de guerre et des crimes contre l'humanité perpétrés à Alep, en Syrie et en Irak.

(s.) Laurent Mosar, Claude Adam, Marc Angel, Gusty Graas, Fernand Kartheiser, David Wagner.

Exposé

M. Laurent Mosar *(CSV), auteur.*- Här President, Här Ausseminister, Dir Häre Ministeren, léif Kolleginnen a Kolleegen: „Et ass d'Enn vun der Mënschlechkeet." Esou huet d'amerikanesch Vertriederin bei de Vereenten Natiounen, d'Madamm Samantha Power, virun e puer Deeg d'Situatioun am belagerten Aleppo beschriwwen.

Mat e puer Kolleegen hei aus der Chamber hate mer virun enger Woch d'Geleeënheet, bei enger Konferenz derbäi ze si mam Buergermeeschter vun Ost-Aleppo an dem Dokter Pitti, engem fréiere Militärdokter vun der franséischer Arméi, dee ganz aktiv am Moment a Syrien ass.

Ech muss Iech perséinlech soen, datt déi Beschreiwung, déi dës zwee courageiert Mënsche vun der Situatioun zu Aleppo gemaach hunn, mech net nëmmen extrem beréiert huet, mä mech och opgewullt huet.

Wann ee sech dee Video, dee mer do gesinn hunn, iwwert déi Weesekanner ukuckt an an deenen hir traureg Ae kuckt, da kënnt een net derlaanscht, sech vill Froen ze stellen, och Froen iwwer eiser aller Verantwortung un där humanitärer Katastroph, déi sech am Moment a Syrien, awer ganz besonnesch zu Aleppo ofspillt.

Aleppo ass esou gutt wéi gefall an et ass ze spéit, fir doriwwer ze kräischen. Et ass ze spéit, fir sech ze froen, wat mer enges Daags eise Kanner erzielen, wat mer an d'Geschichtsbicher schreiwen, fir eis Ohnmacht an eist Ewechkucke vun enger ganzer Generatioun ze justifiéieren. Et ass ze spéit, fir eist Onvermeigen ze erklären, firwat datt mir eis net mat alle Moyenen dergéintgestäipt hunn, datt d'Zivillbevëlkerung a Syrien wärend Jore mat Streebommen a Chlorgas bombardéiert ginn ass.

Dësen Zivillkrich wäert eng traureg Éiereplaz am Patrimoine mondial vun der Onmënschlechkeet kréien. Mam Fale vun Aleppo wäert och e Stéck vun eis mat falen, näämlech déi humanistesch Wäerter, op déi mer esou stolz an Europa sinn an déi mer och ëmmer wëllen dobausse viru vermëttelen.

Mir kënnen och hei net soen, mir hätten et net gewosst. Mir kënnen zum Beispill net behaapten, datt mer net au courant waren, datt an deene leschte Méint a Jore systematesch Spideeler bombardéiert gi sinn. Mir kënnen och net soen, mir hätten net gewosst, wat géif zu Ost-Aleppo oflafen, well déi wéineg Awunner hunn all Dag hiert trauregt Schicksal iwwert d'sozial Réseauen ëmmer erëm nei dokumentéiert. «Parfois on se demande ce qui est plus douloureux: le bruit des bombes ou le silence du monde?», huet ee vun deene wéinegen Iwwerliewende vun Ost-Aleppo an de Sozialnetzer gepost.

Här President, haut ass net de Moment, fir iwwert d'Responsabilitéit vun dëser humanitärer Katastroph eng detailléiert Analys ze maachen. Ech mengen och net, datt et hei nëmmen een eenzelne Responsabele gëtt. Ugefaange mat der Responsabilitéit vum Assad-Regimm a vu sengen Alliéierten, Russland an dem Iran, derniewent awer och vun all deenen terroristeschen Organisatiounen, déi vun der Situatioun profitéieren, fir sech an deem opgewulltene Land ze positionéieren.

Och d'Amerikaner hu sech sécherlech an dësem Konflikt net mat Glanz bekleckert, souwéi all déi arabesch Nopeschstaten, déi duerch d'Ënnerstëtzung vun där enger oder anerer Säit nach Uelech op d'Feier geschott hunn an déi derzou bäigedroen hunn, datt Zéngdausende vun onschëllege Mënschen, virun allem Muslimen, awer och vill Chrëschten, Jesiden an aner ethnesch Minoritéite massakréiert gi sinn.

Och ganz besonnesch d'Vereenten Natiounen, awer och d'Europäesch Unioun hunn et leider net fäerdegbruecht, dat Schlëmmst hei ze verhënneren. An och mir alleguer droen en Deel vun där Responsabilitéit, well mer vläicht net genuch eis Stëmm erhuewen hunn a vläicht och ze vill gläichgülteg virum Schicksal, ganz besonnesch vun der Zivillbevëlkerung waren. Déi franséisch Journalistin Delphine Minoui huet am Kontext vun Aleppo vun engem - ech zitéieren - «échec des consciences endormies» geschwat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat kënne mir Deputéierten, awer och all eenzelne Bierger konkret ënnerhuelen, fir déi dramatesch Situatioun vun der Zivillbevëlkerung zu Aleppo wéi och déi an anere syresche Stied ze erliichteren? Mir kënnen a mir mussen als Politiker Drock maachen op eis Regierung, datt d'Evakuatioun vum Ostdeel vun Aleppo - an datt si och an deem Sënn intervenéiert - endlech a Sécherheet fir déi betraffen Awunner kann iwwert d'Bün goen. Mir mengen och, datt et eng gutt Iddi wier, fir dës Evakuatioun vun den Observateure vun de Vereenten Natiounen begleeden a surveilléieren ze loossen.

Mir kënnen eis staark derfir maachen, souwuel perséinlech wéi als Politiker um Niveau vun der Europäescher Unioun, wéi awer och um Niveau vun der Kooperatiounspolitik, fir datt déi humanitär Hëllef verstäerkt an deenen nächsten Deeg a Syrien bei de Mënschen ukënnt. Dat alles froe mir an där Resolutioun (veuillez lire: Motioun), wou ech frou sinn, datt se vun allen an der Chamber vertruedene Fraktioune gedroe gëtt a wou ech och dem Kolleeg Marc Angel wëll e ganz besonnesche Merci ausdrécke fir säi proaktiven Engagement an datt en och d'accord war, déi Resolutioun (veuillez lire: Motioun) gemeinsam ze droen.

Mir kënnen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virun allem eppes, näämlech eis Stëmm erhiewen a soen: „Et geet elo duer!" Et ass Zäit, fir ze erwächen an zesumme mat villen anere Parlamentarier a Politiker a Parlamenter an anere Länner géint d'Gläichgültegkeet an d'Feigheet unzekämpfen. Eis gemeinsam Resolutioun (veuillez lire: Motioun) ass e wichtegt Signal, an et steet der Lëtzebuerger Chamber gutt zu Gesiicht, heimadder nach eng Kéier hir Solidaritéit mam syresche Vollek, awer och ganz besonnesch mat der syrescher Zivillbevëlkerung auszedrécken.

An deem Sënn e grousse Merci un all déi, déi dës Resolutioun (veuillez lire: Motioun) wäerten herno ënnerstëtzen. Doriwwer eraus geet et awer virun allem drëm, fir all Mënschemméiglecht ze maachen, fir en anert Aleppo net nach eng Kéier méiglech ze maachen. Net a Syrien, awer och néierens aneschters op der Welt!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Mosar. An d'Wuert huet elo den Här Marc Angel.

Discussion générale

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, ech schléisse mech natierlech deem un, wat den Här Mosar gesot huet. Ech wëll mech och senge Mercien uschléissen. Et ass wichteg, dass mer hei elo eng gemeinsam Motioun hunn, déi mer zesummen ausgeschafft hunn an déi mer och mat Hëllef vum Minister konnten op de Pabeier bréngen.

Ech wollt soen, dass dat, wat mer déi lescht Wochen an déi lescht Méint gelies hunn, gesinn hunn, a besonnesch och d'Situatioun vun Aleppo, am Fong d'Grenze vun deem, wat eis Virstellunge waren, sprengt. An ech war och op där Konferenz, déi den Här Mosar ugeschwat huet, déi vum Cercle culturel syrien a vun engagéierte Biergerinnen a Bierger hei zu Lëtzebuerg organiséiert ginn ass mam Buergermeeschter vun Aleppo-Osten a mam Professer Raphaël Pitti.

Deen Dag drop war iwwregens nach eng aner Konferenz vum Europaparlament organiséiert mat den zwee jesidesche Laureate vum Prix Sakharov. A wann een dat dann esou no materlieft, da gesäit een nach eng Kéier, wéi recht een hat, wann ee seet: „Den Droit international humanitaire ass dout." Ass en nach ze retten? En ass gerett ginn, net fënnef vir Mëtteg, mä eng Minutt vir Mëtteg, andeem et leschte Méindeg zu deem Vott komm ass vun där Resolutioun am UNO-Sécherheetsrot.

Dës Resolutioun ass ee vun deenen zwee Punkten, op déi ech wëll agoen, wat déi nei Elementer sinn an der Motioun par rapport zum éischte Virschlag vum Här Mosar. Am UNO-Sécherheetsrot ass et also dann de leschte Méindeg endlech an no laangen a schwierege Verhandlungen, gepusht vu Frankräich - Frankräich war iwwregens ënnerstëtzt vun allen aneren EU-Länner -, wéi gesot, do zum Kompromëss komm. A Russland huet zum Gléck kee Veto ageluecht.

Dës Resolutioun fuerdert, fir dass Beobachter vun der UNO kënnen zu Aleppo um Terrain präsent sinn, fir d'Evakuatioun vun der Zivillbevëlkerung aus dem Ostdeel vun Aleppo ze iwwerwaachen. Dass dëst batter néideg ass, mengen ech, erkenne mer och dorunner, dass mer ëmmer nach widderspréchlech Informatiounen aus deem Gebitt kréien. An dofir ass et wichteg, dass dës Resolutioun elo onofhängege Beobachter Zougang gëtt an dass dës Resolutioun, wéi virdru gesot, wéi ech gesot hunn, och vu Russland gedroen ass.

Dat Allerwichtegst ass awer natierlech, dass dës Resolutioun och um Terrain ëmgesat gëtt an dass déi Dausende vun Leit, déi haut nach ëmmer am Oste vun Aleppo ënner schreckleche Bedéngungen ausharren, kënnen a Sécherheet bruecht ginn. Dofir hu mer an dëser gemeinsamer Motioun d'Fuerderung un ons d'Regierung derbäigesat, sech bei alle Konfliktparteien derfir anzesetzen, dass dës Resolutioun vum UNO-Sécherheetsrot och ëmgesat gëtt.

Zweetens fuerdere mer d'Regierung op, all Efforten op internationalem Plang ze ënnerstëtzen, fir alleguerten déi, déi zu Aleppo, net nëmmen zu Aleppo, mä och am Rescht vu Syrien an am Irak Mënscherechtsverletzungen a Krichsverbriechen ausüben, viru Geriicht ze bréngen. Mir hunn an deene leschten Deeg ëmmer erëm héieren, dass den Droit international humanitaire dout wier.

Ah jo, dëse brutale Krich a Syrien, grad wéi déi brutal Attacken, déi ëmmer erëm am Irak stattfannen, loossen dës Fro wierklech opkommen: Wat ass den Droit international humanitaire nach wäert, wann hie vun de Krichsparteie konsequent ignoréiert a violéiert gëtt, wa souguer geziilt op Strukture geschoss gëtt, an deene sech virun allem Zivilisten ophalen, wéi zum Beispill Spideeler a Schoulen, a wa mir hei derzou verdaamt sinn, dobäi just nozekucken? Dofir, zumindest ass et immens wichteg, dass mer alles drusetze mussen, déi Verbriecher fir hir Verbrieche viru Geriicht ze veruerteelen.

An net méi spéit wéi gëschter ass am UNO-Sécherheetsrot eng Resolutioun diskutéiert ginn. Et war bis spéit an d'Nuecht an, ech mengen, se ass och ugeholl ginn, no menge leschten Informatiounen, déi en internationalen an onofhängege Mechanismus fuerdert, fir dass dës Verbrieche mussen ënnersicht ginn an dass déi Responsabel viru Geriicht musse bruecht ginn. An dëser Fuerderung schléisse mer ons natierlech an dëser Motioun och un.

Mir hunn och déi vill Efforten an eis Motioun derbäigesat, déi Lëtzebuerg scho gemaach huet, Engagementer, déi et geholl huet. Bei der Conférence de Londres am Februar 2016 hu mer eis engagéiert, 37,5 Milliounen bis 2020 fir d'Action humanitaire a Syrien fräizesetzen. Dat si 7,5 Milliounen pro Joer.

A mir kruten och vum Kooperatiounsminister Schneider an der Kommissioun erkläert, dass vun deene 7,5 Milliounen een Drëttel - 2,5 Milliounen also - u Lëtzebuerger ONGe ginn, déi a Syrien aktiv sinn. Een Drëttel geet un UNO-Agencen. An een Drëttel geet un d'Unicef, fir de Programm „No Lost Generation" fir d'Flüchtlingskanner aus Syrien, dass déi e Recht op Éducatioun hunn. Dat ass eppes, wat mer begréissen, a mir encouragéieren och d'Regierung, an déi dote Richtung weiderzegoen.

Dat gesot, wäert d'LSAP dës Motioun och matstëmmen. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Angel. Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir Häre Ministeren, zënter dem Mäerz 2011 ass Biergerkrich a Syrien. Ech hunn hei lescht Zuele vum syreschen Zentrum fir politesch Fuerschung. Do gëtt vu 470.000 Doudeger geschwat, 11,5% vun der Populatioun sinn entre-temps gestuerwen oder verletzt. De materielle Schued gëtt op ronn 226 Milliarden Euro geschätzt. Et ass ouni Zweifel e Krich vu ganz grousser Barbarei. Ech erënneren drun, datt virun zwee Joer Gëftgas do agesat gouf.

Mä haut, et ass net méi e klassesche Biergerkrich, mä et ass e Krich, deen eng international Dimensioun kritt huet, well et sinn eng ganz Rei Akteuren, déi entre-temps do eng gewësse Roll spillen. D'Tierkei a Saudi-Arabien si fir eng Interventioun géint den Assad-Regimm, Russland an den Iran kämpfen op der Säit vum Assad, am Norde vu Syrien ass de syreschen Aarm vun der tierkescher kurdescher Aarbechterpartei PKK, am Süde sinn et d'Drusen, verschidde Rebellemilize fonctionnéieren ënnert dem Dschabhat Fatah asch-Scham a salafistesche Gruppen. Den IS wëllt de Stat Syrien ganz ofschafen. An et sinn nach eng Rei Punkten, déi een hei kéint ouni Zweifel opzielen.

Ech mengen, wéi gesot, dee Konflikt do beinhalt extrem vill negativt Potenzial. A wann de Westen zum Beispill géif mat den arabesche Golfstaten intervenéieren, da wéisste mer, wat d'Konsequenz wier: Dann hätte mer en direkten amerikanesch-russesche Konflik. Duerfir mussen all Moossname geholl ginn, fir, wéi gesot, ee méi gréisseren Ausbroch vun engem Krich hei definitiv ze verhënneren.

Duerfir begréisse mer och als Demokratesch Partei d'Initiativ hei vun dësem Parlament. Och wann natierlech den Afloss vun enger lëtzebuergescher Chamber limitéiert ass, esou däerfe mer awer net vergiessen, datt awer och dëse Krich direkt Auswierkungen op eis, op Lëtzebuerg hei huet, an och op eng Rei vu Gemengen. Ech wëll nëmmen hei och un d'Flüchtlingszentren erënneren, déi amgaange sinn aménagéiert ze ginn oder wäerten entstoen, well, wéi gesot, och dat eng direkt Konsequenz vun deem barbaresche Krich hei ass.

Aleppo steet ouni Zweifel zënter Méint fir eng besonnesch brutal Symbolik vun dësem Krich. Leit ginn do agespaart, kréien emol net méi elementar Moyenen, fir kënnen ze iwwerliewen. Duerfir muss och déi UN-Resolutioun, déi elo den 19. Dezember geholl ginn ass, 2328, eng gewëssen Hoffnung duerstellen, nodeems jo awer och sechs Initiative vu Russland blockéiert gi waren.

An ech wëll och hei de franséischen Ambassadeur bei der UNO, den Här François Delattre, zitéieren, deen am Virfeld vun der Ofstëmmung gesot huet: «Alep risque d'être le tombeau de l'ONU.» An dat ass richteg. Wann, wéi gesot, hei net déi doten Initiativ geholl gi wär, da wär d'Katastroph mat Sécherheet definitiv virprogramméiert ginn. Datt muss konkret Hëllef um Terrain geleescht ginn, ass ganz evident. Et ass inakzeptabel, wéi gesot, datt do och nach de Korridor verschloss ginn ass, fir datt d'Leit kéinten evakuéiert ginn.

Natierlech kéint een hei iwwert den neie Rôle och vu Russland diskutéieren. Ech wëll dat elo net maachen. Dat ass och vläicht net onbedéngt haut hei de Rôle vun der Diskussioun. Mä et däerf een awer net vergiessen, datt Russland hei elo e bëssen en neie Wee gaang ass. Well wien huet am Fong geholl de Korridor zougemaach? Dat waren u sech schiitesch Milizen. A mir wësse jo och, op wéi enger Säit datt déi stinn.

Allerdéngs soll een och elo net ze vill Optimismus hei kréien. Et weess een, datt dee Konflikt mat Sécherheet nach net haut an och net muer geléist wäert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass evident, datt mir eis hei musse fir méi humanitär Hëllef asetzen, net nëmmen direkt wat Aleppo ubelaangt, mä wat Syrien insgesamt ubelaangt. Wie sinn ëmmer déi grouss Leidend? Dat sinn natierlech d'Zivillpopulatioun a virun allem Fraen a Kanner. Duerfir muss een enorm grousse Respekt och hei vis-à-vis vun deene villen ONGe weisen, vis-à-vis vun MSF, déi net scheien, sech do um Terrain ze engagéieren.

A leider hu jo besonnesch déi Konflikter eng nei Perversitéit entwéckelt, well haut net méi gezéckt gëtt, fir besonnesch dann awer och kruzial Punkten ze attackéieren. Ech wëll hei drun erënneren, datt net méi spéit wéi de leschte 6. August an der syrescher Stad Millis eng Klinik attackéiert gouf, wou MSF aktiv war. 13 Leit koumen ëm d'Liewen, ënner anerem fënnef Kanner. Dowéinst ass et ganz evident, datt mer eis Hëllef, wou mir et als Lëtzebuerg maachen, och weiderhi mussen op deem héijen Niveau halen.

Leider muss een och feststellen, datt d'EU bis elo net onbedéngt déi allerbeschte Roll an deem ganze Konflikt gespillt huet. Et spiert een, datt et do un engem gewëssene Profill feelt. Et spiert een och, datt et un enger gewëssener Eenegkeet feelt. An ech wëll och hei vläicht op eng Ausso vum nach däitschen Ausseminister Frank-Walter Steinmeier erënneren. Hien huet gesot, et gëtt kee Waffestëllstand ouni den Assad, awer och keng Zukunft a Syrien mam Assad. An dat ass och richteg. An et solle sech och vläicht Länner wéi Spuenien, wéi Éisträich dorunner halen. Evident ass, datt natierlech och mussen an Zukunft weider Négociatioune gefouert ginn, fir en dauerhafte Fridde kënnen ze erreechen.

An ech wëll och un d'UN-Resolutioun 2254 hei erënneren, déi virun engem Joer geholl ginn ass, wou jo och wierklech op e politesche Wiessel a Syrien higeschafft gouf.

Mir begréissen, wéi gesot, als Demokratesch Partei virun allem, datt awer och hei zréckbehale ginn ass an där Motioun, datt d'Krichsverbriecher, wann dee Konflikt eng Kéier op en Enn kënnt - a mer hoffen dat -, och esou séier wéi méiglech solle virun den Internationale Geriichtshaff gestallt ginn.

Ofschléissend si mer frou, datt mer och hei als Parlament dës Initiativ ënnerhuelen, well et ass wichteg, datt mer all Moyene notzen, fir datt dat wierklech schéint, historesch wäertvollt Land net ganz dem Ënnergang geweit ass.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Graas. An d'Wuert huet elo den Här Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci fir d'Wuert, Här President. Wann ech mer selwer hätt kënnen eraussichen, iwwer wéi ee Sujet ech elo fir d'Lescht hei géif an der Chamber virun de Feierdeeg an am Joer 2017 schwätzen, wier et bestëmmt net Syrien an Aleppo gewiescht, well eigentlech ass dat, wat do geschitt, eppes, wat mir d'Schwätze schwéier mécht. An ech hu mer och iwwerluecht, ob een net einfach soll soen: Kommt, mer maachen eng Schweigeminute, eng Denkpaus, well d'Politik do eigentlech op allen Ebene versot huet!

D'Politik huet versot a Länner hu versot: d'USA, Russland, d'Europäesch Unioun, China, Iran, d'Tierkei. Kee Land ass positiv an dëser Géigend opgefall. De Libanon, Palästina, Israel an Irak, dat sinn ënner anerem Nopeschlänner, a mer wëssen och alleguer, datt d'Sécherheetslag och an deene Länner alles anescht ass wéi gutt an och wéineg Plaz fir Optimismus léisst.

Besonnesch traureg mécht eis natierlech och, datt d'UNO versot huet am Syrien-Konflikt. Dëse Méindeg ass no laangem Hin an Hier d'Resolutioun 2328 vum UN-Sécherheetsrot ugeholl ginn. Gutt, datt et endlech dozou komm ass! D'UNO huet am Dossier Syrien ganz laang versot. A mir mengen, datt dat och virun allem mam Fonctionnement ze dinn huet. D'Vetorecht dierft eigentlech net gëllen, wann et ëm d'elementar humanitär Mënscherechter geet.

An der Resolutioun 2328 steet véiermol den Term „Droit international humanitaire". Dorënner versteet een eigentlech e Regelwierk, dat soll gëllen, fir am Krichsfall d'Zivillpopulatioun an d'Zivillinstallatiounen ze schützen. Den Droit international humanitaire, esou wéi en an de Konventioune vu Genève 1949 festgehale gouf, ass eng Weiderentwécklung vum Krichsrecht a geet zréck bis op d'19. Jorhonnert an op d'Grënnung vum Internationale Roude Kräiz.

D'Mënschheet war zu der Erkenntnis komm, datt och am Krichsfall elementar humanitär Wäerter net dierften ausgeschalt ginn. Mä genee dat ass a Syrien geschitt! An et ass fir eis ganz schwéier oder eigentlech onméiglech ze soen, ob et och nëmmen ee Grupp gëtt, dee sech net Verstéiss géint elementär humanitär Wäerter misst virwerfe loossen. Spideeler a Schoule si bombardéiert ginn, Ziviliste sinn als Geisel geholl ginn, den Honger ass als Waff agesat ginn, Folter, Mord. A Syrien ass näischt ausgelooss ginn, wat dem Mënsch vu Grausamkeet kann afalen.

Mir begréissen an ënnerstëtze selbstverständlech déi Motioun vun den Häre Mosar an Angel. Déi Motioun ass eng Drëps op de waarme Stee vum Ohnmachtsgefill, wat mer hu vis-à-vis vun de schrecklechen Zoustänn a Syrien.

Jo, mir si bereet, Suen zur Verfügung ze stellen engersäits fir Aide humanitaire directe, anerersäits och fir den Opbau, wann erëm un en Opbau ze denken ass.

Si mer dann och bereet, weider Flüchtlingen opzehuelen, wa mer, wéi den Här Mosar gesot huet, an déi traureg Ae kucken? Wat ziele mer eise Kanner, wa mer dat net maachen? Kommt, mir loossen eis net dovun ofhalen, mënschlech ze denken an ze handelen, och wann Terroriste sech ënnert déi Leit mëschen, déi op der Flucht sinn!

Jo, kommt, mir dokumentéieren, wat a Syrien geschitt! Och wann Aleppo eis zweifelen a verzweifele léisst, ob de Mënsch fäeg ass, aus der Geschicht ze léieren, da menge mer awer, datt mer d'Hoffnung net däerfen opginn, eng Kéier Kloerheet an deem Drama ze kréien. Fir datt an Zukunft d'Grausamkeet, d'Mënscherechtsverletzungen an d'Krichsverbrieche kee Persilschäi kréien, musse mer dokumentéieren, fir datt déi Generatiounen no eis kënne jugéieren an eventuell korrigéieren. Eis Generatioun schéngt dat jo net fäerdegzebréngen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir deelen als ADR selbstverständlech all déi humanitär Suergen a mir leiden am Geescht mat deenen, déi dohannen an der Nout sinn. Mir soen och dowéinst dem Här Mosar an dem Här Angel an all deenen, déi matgeholl hunn, dësen Text opzesetzen, Merci fir deen Effort. Et ass ganz wichteg.

An deem onendlech ville Leed, wat mer a Syrien hunn, musse mer selbstverständlech d'UNO ënnerstëtzen. An ech sinn och frou, datt Lëtzebuerg do en Effort mécht. Deen Effort soll och grousszügeg sinn a bleiwen an de Besoinen entspriechen, déi op der Plaz sinn. A mir solle selbstverständlech dat humanitäert Vëlkerrecht ënnerstëtzen.

Firwat ass dee Krich a Syrien? Och dat musse mer eis ëmmer froen. En ass net nëmmen e Biergerkrich, dat ass e vläicht ëmmer manner. Et ass e Krich ëm Uelech, et ass e Krich ëm den Tracé vu Pipelinen an där Regioun. Et ass eng Décisioun, déi geholl ginn ass, nodeem de President Assad décidéiert huet, wie wéi eng Pipelinen duerch Syrien däerf bauen a wien net.

Et gëtt vill aner regional Akteuren. Den Här Graas huet der e puer opgezielt. Et gëtt d'Tierkei, mat där mer jo den 10. Mäerz e Sommet hunn, déi do hire Problem mat de Kurden oder territorial Usprëch wëllt duerchsetzen. Et gëtt anerer. Den „regime change" ass och esou eng Saach, déi Doktrinn vum „regime change", wou jo an engem Kader vun engem „wider Middle East" gedreemt gouf, fir Diktatoren duerch Demokratien an där Géigend ze ersetzen. D'Resultat gesi mer! Mir gesinn et am Irak, mir gesinn et a Libyen a mir gesinn et elo a Syrien.

An dowéinst ass et och interessant, fir ze gesinn, wéi déi nei amerikanesch Administratioun hir Attitüd zu der Doktrinn vum „regime change" bäibehält oder wiesselt - anscheinend jo wiesselt.

Mir mussen eis rappeléieren, datt mer Sanktioune géint Syrien a Kraaft hunn, Sanktiounen, ënnert deenen och d'Zivillbevëlkerung leit an déi och derzou bäidroen, datt Flüchtlingen an Europa komm sinn. Bei der Tierkei wëlle mer keng Sanktiounen huelen. Beim syresche Vollek hu mer Sanktioune geholl!

An et ass natierlech de Kampf géint den Terrorismus, den Islamesche Stat, eng erbäermlech Mäerderband, déi och elo erëm eng Kéier zu Berlin gewisen huet, wéi se ass.

Aleppo ass awer och eng Plaz vu ganz vill - wéi a ville Kricher, wou d'Wourecht ëmmer dat éischt Affer ass -, eng Plaz vu vill Propaganda, an et muss ee ganz gutt Uecht dinn, fir ze wëssen, wat ee seet a wiem ee wéi eng Reprochë mécht.

Ech halen op, well ech héieren, datt den Här President mech un d'Zäit erënnert. Dofir wëll ech mat engem Saz ophalen. Mir mussen eis och iwwerleeën, ob mer net an en duebele Standard eraginn: ob mer net higinn an den Ënnerscheed maachen, terminologesch, tëschent deene gudden Terroristen, dat sinn eis, an deene béisen Terroristen, dat sinn déi aner.

Ass et net och eng Schan fir eis, datt mir als Westen, als Natiounen, déi un Demokratie a Mënschewäerter gleewen, mat engem Sammelsurium vun, wa mäi lescht Ziele stëmmt, 17 verschiddene Mouvementer zesummeschaffen an zesummekämpfen, vun deenen der eng Partie net besser si wéi de Regimm vum President Assad, duerch déi mer keng Verbesserung fir dat syrescht Vollek géife kréien oder hierféieren, wa se da géifen un d'Muecht kommen?! An al-Nusra oder al-Sham gehéieren och dozou. Ech mengen, och eis Glafwierdegkeet steet an der Wiel vun eisen Alliéierten a Syrien um Spill.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen zum Amendement 3 iwwergoen, soubal wéi de Computer..., voilà, elo ass et esou wäit.

Vote sur l'amendement 3

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

2-mol Jo, 57-mol Neen. Huet jiddwereen ofgestëmmt?

(Assentiment)

Gutt. Domat ass och den Amendement 3 ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 3 est rejeté par 58 voix contre 2 voix.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zum Amendement 4 iwwergoen.

Vote sur l'amendement 4

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

2-mol Jo, 58-mol Neen. Domat ass den Amendement 4 och ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zum leschten Amendement iwwergoen. Dat ass den Amendement 6.

Vote sur l'amendement 6

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

2-mol Jo, 58-mol Neen. Domat ass och dee leschten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de gesamten Text vum Projet de loi 7016 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7016 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet ass mat 32 Jo-Stëmmen, 25 Nee-Stëmmen an 3 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir sinn dann elo um Enn vun der Sëtzung vun de Moien ukomm. Mir gesinn eis erëm de Mëtten um zwou Auer, fir iwwert deen nächsten aarbechtsrechtleche Projet ze diskutéieren. Merci lech alleguer an deene Leit, déi eis bis elo suivéiert hunn. Gudden Appetit!

(Fin de la séance publique à 12.19 heures)

SÉANCE 20 JEUDI, 22 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 7092 - Projet de loi portant modification des articles L.511-5, L.511-7, L.511-12 et L.631-2 du Code du travail

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Claude Lamberty, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. 7053 - Projet de loi portant introduction d'une certification de la durabilité des logements et modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

7054 - Projet de loi concernant la collecte, la saisie et le contrôle des dossiers d'aides relatives au logement

7055 - Projet de loi relative à un régime d'aides à des prêts climatiques

et

7046 - Projet de loi

1. instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement

2. modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

- *Rapports de la Commission du Logement sur les projets de loi n°7053, n°7054 et n°7055: M. Max Hahn*
- *Rapport de la Commission de l'Environnement sur le projet de loi n°7046: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Marco Schank (dépôt d'une motion), Mme Taina Bofferding, M. Claude Lamberty (interventions de M. Marco Schank, Mme Nancy Arendt et M. Gilles Baum), M. Henri Kox, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner (interventions de M. Max Hahn et M. Claude Lamberty), M. Yves Cruchten (intervention de M. Gast Gibéryen)*
- *Prises de position du Gouvernement: M. Marc Hansen, Secrétaire d'État au Logement, Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*

4. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

5. 6931 - Projet de loi portant transposition de la refonte du 1er paquet ferroviaire et modifiant

1. la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire;

2. la loi modifiée du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation;

3. la loi modifiée du 22 juillet 2009 relative à la sécurité ferroviaire; et

4. la loi du 3 août 2010 sur la régulation du marché ferroviaire

- *Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché*
- *Discussion générale: Mme Josée Lorsché, M. Serge Wilmes, M. Roger Negri, M. Gusty Graas, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

7. Résolution relative à la proposition de directive du Conseil concernant une assiette commune pour l'impôt sur les sociétés (COM(2016) 685) et de la proposition de directive du Conseil concernant une assiette commune consolidée pour l'impôt sur les sociétés (ACCIS) (COM(2016) 683)

- Art. 168 du Règlement de la Chambre

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
- *Vote sur la résolution (adoptée)*

8. 7098 - Proposition de modification des annexes 4 et 5 du Règlement de la Chambre des Députés

- *Rapport de la Commission du Règlement: M. Alex Bodry*
- *Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés (adoptée)*

9. Discours de fin d'année de M. le Président

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président, Mme Viviane Loschetter*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Nicolas Schmit, M. François Bausch, Mme Corinne Cahen, Mme Carole Dieschbourg et M. Marc Hansen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gudde Mëtteg! Ech maachen d'Sëtzung, déi lescht vun dësem Joer, op a ginn dovun aus, dass zënter de Moien d'Regierung keng nei Matdeelungen ze maachen huet.

(Négation)

Merci.

Da géife mer mat eisem Ordre du jour weiderfueren. Deen zweete Projet, deen d'Aarbechtsrecht betrëfft, dat ass de Projet de loi 7092, eng Ofännerung vum Code du travail. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

2. 7092 - Projet de loi portant modification des articles L.511-5, L.511-7, L.511-12 et L.631-2 du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et geet ëm de Chômage partiel, och Kuerzzäitaarbecht genannt. D'Zil vum Projet de loi ass, de Chômage partiel ze reforméieren, an dat no den Erfahrungen an de leschte Joren a Saache Chômage partiel, mä och, wat déi zäitlech begrenzte Regelungen a Saache Chômage partiel de source structurelle ugeet.

Wat ass dann d'Zil vun deem Chômage partiel? Ma d'Salariéen an der Aarbecht ze halen, dorëms geet et, andeems een déi Entreprisen ënnerstëtzt, déi musse kuerzschaffen. Dat heescht, dass en Deel vun deene Paie vun de Salariéen, déi da kuerzschaffe mussen, duerch de Fonds pour l'emploi iwwerholl ginn.

Bis ewell war dat fir 50% vun der Aarbechtszäit iwwer (veuillez lire: bis) sechs Méint méiglech, de Chômage partiel de source structurelle souguer bis zéng Méint. An déi nei Regelung, déi seet Folgendes: D'zäitlech Begrenzung vu sechs Méint gëtt ofgeschaaft respektiv déi Period bis zwielef Méint gëtt da gezunn, fir esou de Chômage partiel méi flexibel ze gestalten. Déi maximal Stonnenzuel geet op 1.022 Stonne pro Joer erop. An och dat si 50% vun der normaler Aarbechtszäit op ee Joer gekuckt. Haut sinn et der 423 Stonnen.

De Statsrot huet a sengem Avis bemängelt, dass am Text net de Prinzip steet, dass de Patron 16 Stonne muss selwer finanzéieren, a freet sech och, ob een domadder de Patron net zum Deel déresponsabiliséiert. Effektiv hunn d'Entreprisë bis ewell all Mount missen déi éischt 16 Stonne Chômage partiel selwer iwwerhuelen. An elo gëtt dee Prinzip do nach just eemol ugewannt. Déi 16 Stonnen, déi vum Patron selwer solle bezuelt ginn, déi si vun der Gesamtstonnenzuel ofgerechent ginn, dat heescht, si bei deenen 1.022 Stonne schonn direkt ofgerechent. D'nei Bestëmmunge gëlle fir all Regimmer vu Chômage partiel, sief et fir de Chômage partiel de source structurelle, de source conjoncturelle, fir de Fall vun der Force majeure oder vun enger Dépendance économique.

Zousätzlech gëtt och nach d'Lëscht vun den ëffentlechen Institutiounen erweidert, déi kënnen am Kader vun engem Prêt temporaire de main-d'œuvre Salariéen iwwerhuelen, déi ze vill an deenen Entreprisen am Privatberäich sinn. Dir wësst, dass déi da kënnen op aner Plaze schaffe goen. An hei ass eng Lëscht, déi elo erweidert gëtt, fir dass do och méi Méiglechkeete bestinn, fir dass déi Leit do och da kënnen enger Aarbecht nogoen oder op eng aner Aarbecht affektéiert kënne gi wärend där Zäit.

Et ass eng Reform, déi souwuel de Betriber wéi och de Salariéen zeguttkënnt, well domadder nach besser kann évitéiert ginn, dass ee Betrib, dee manner Aktivitéit huet, dann och muss Leit entloossen. Dat wär keng gutt Moossnam. Dofir ass déi heiten absolutt ze ënnerstëtzen. Si geet an déi Richtung, d'Leit an der Aarbecht ze halen. Do iwwerhëlt de Stat säi Rôle. An dat ass och ganz gutt esou.

Duerfir géif ech Iech proposéieren, dëst Gesetz hei ze stëmmen. An ech géif och heimadder den Accord gi vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci fir d'Nolauschteren!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den Här Aly Kaes.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Ech géif mer erlaben, direkt dem Rapporteur an eisem President vun der Commission du Travail Merci ze soe fir deen detailléierte mëndlechen a schréftleche Rapport.

Hei ass e Projet de loi, dee fir eis als CSV an déi richteg Richtung geet, well en nach eng Kéier e Stéck méi wäit geet, wat de Maintien dans l'emploi ugeet, ganz einfach, well mer heimadder wierklech de Betriber zousätzlech Méiglechkeete ginn, nach méi flexibel an där Hisiicht ze sinn, an op där anerer Säit awer och finanziell, esou wéi et scho gesot ginn ass, well jo nëmme méi eng Kéier 16 Stonne pro Joer à charge vun de Betriber sinn, dat heescht also een och nach eng Kéier um finanzielle Plang de Betriber enorm entgéintkënnt.

Fir d'CSV a fir mech perséinlech, deen awer, jo, scho laang engagéiert ass am Beräich vun deene Leit, déi eng Aarbecht sichen - an ech weess, wéi schwéier datt et ass ganz dacks, d'Leit erëm zréck op eng Aarbecht ze brëngen -, ass et also wichteg, ganz wichteg, datt d'Leit an enger Aarbecht bleiwen. Dat ass emol déi eng Saach.

Déi zweet ass, datt u sech d'Leit, oder de Betrib villméi Leit huet, datt, wann erëm eng Kéier d'Konjunktur besser geet, da sinn déi Leit direkt fit, fir erëm ze produzéieren. Wa missten nei Leit erëm agestallt ginn, da missten déi erëm zousätzlech forméiert ginn, wat erëm eng Zäit géif, jo, an Usproch huelen. An duerfir ass et also wichteg, datt d'Leit esou laang wéi méiglech kënnen an de Betriber bleiwen.

Wéi gesot, mir begréissen dëst Gesetz, dëse Projet de loi, deen dann herno wäert gestëmmt ginn.

Mir soen awer ganz kloer: Et kann awer net sinn, an et ass jo och vum Rapporteur drop higewise ginn, datt de Statsrot u sech gesot huet, e géif fäerten, datt dat Ganzt e bëssen, ech soen et emol esou, à la légère géif genotzt ginn, well et jo manner kascht a well ee jo nëmmen eng Kéier 16 Stonnen zu senge Laaschten als Betrib huet. Ech hoffen am Numm vu menger Partei, datt dat wierklech responsabel vun de Betriber genotzt gëtt, an datt net, wann eng Kéier d'Konjunktur net méi esou ass ewéi haut, datt dann effektiv d'Käschten op deem dote Plang wierklech an d'Luucht ginn, well ganz einfach net dat, wat u sech d'Basis ass an deem Gesetz, genotzt gëtt, näämlech: Et soll een, ier ee Chômage partiel ufreet, emol virun allem fir d'Éischt alles dat ausschëpfen innerhalb vum Betrib, ier ee Chômage partiel ufreet.

An ech hoffen och, datt de Comité de conjoncture, dee jo déi Dossiere behandelt, an deem ech laang Member war a wou dat ëmmer ganz responsabel gemaach ginn ass an och nach haut ganz responsabel gemaach gëtt, dann och e speziellt A op déi Betriber hält, déi dat vläicht manner seriö maachen. Op jidde Fall kann et net sinn, datt dat hei en einfache Wee ass, fir, jo, fir d'ëffentlech Hand u sech ze belaaschten a sech ze entlaaschten als Betrib.

Duerfir nach eng Kéier: Hoffentlech ginn d'Betriber responsabel domadder ëm! Anerefalls een dach awer nach eng Kéier, jo, misst kucken, ob een net an deem Fall géif eng Rei vun Adaptatioune maachen, wat ech net hoffen.

Dat gesot, géif ech awer natierlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kaes. Nächste Riedner ass den Här Claude Lamberty.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Also ech géif och dem Rapporteur Merci soe fir dëse Rapport. An ech wollt domadder d'Zoustëmmung gi vun eiser Fraktioun, der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz. Et geet also drëm, an dësem Projet de loi d'Moderniséierung vun der Deelzäit-Chômage-Gesetzgebung virzehuelen, méi Flexibilitéit dranzekréien, ze verhënneren, dass Leit mussen entlooss ginn. Dat ënnerstëtze mir als Gréng voll a ganz. An duerfir och eis eestëmmeg Zoustëmmung. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Merci un de Rapporteur. Et ass e gudde Projet an e fënnt d'Zoustëmmung vun der ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An den Här Marc Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Den Här Kaes huet virdru schonn op eenzel Geforen higewisen, déi dach déi awer relativ large Applikatioun vun deem dote Gesetz zouléisst. Mir mengen och, datt et eng aner Gefor gëtt, näämlech déi, datt doduerch, datt de Champ d'application zäitlech erweidert gëtt op en halleft Joer, natierlech och d'Salariéë Gefor lafen, déi dodra sinn, datt se iwwert d'Joer gesinn och manner verdéngen, wesentlech manner, wéi dat bis elo de Fall war. An dat ass eigentlech och de Grond, firwat mir net géint dat heite Gesetz sinn, eis awer enthale wëllen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An den Här Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit, huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Merci fir déi positiv Reaktiounen.

Zwee Punkten. Éischtens: Enn des Joers leeft ee System vu Chômage partiel aus. Dat muss een nach eemol soen. Dat ass de Krisesystem, dee besonnesch engem Secteur besonnesch vill gehollef huet. Dee leeft aus. An dat heiten ass e System, dee fir jiddwereen, fir all Entreprisen, gutt ass. Et ass also de Régime normal fir all Entreprisen.

Deen zweete Punkt. Ech huelen dat gär op, wat den Här Kaes gesot huet: De Chômage partiel dierf net Deel vun engem Geschäftsmodell sinn. Dat ass ganz kloer. An duerfir musse mer ëmmer erëm kucken, ob wierklech eng Entreprise dee Chômage partiel brauch. An duerfir ass de Comité de conjoncture do, fir Analysen ze maachen, ob dat déi richteg Antwert op eventuell e Problem ass, oder ob et ganz einfach eng Manéier ass, fir Käschten ze spueren. De Chômage partiel huet eng Finalitéit a kann nëmmen intervenéieren a verschiddene prezise Situatiounen. An duerfir ass et wichteg, och déi Situatiounen ze suivéieren an ze analyséieren.

An drëttens, bon, mir hunn ons hei en Instrument ginn, wat méi flexibel ass. Mir hunn de Muere vill iwwer Flexibilitéit geschwat. An duerfir ass dat och en Instrument, wat besonnesch dem Maintien dans l'emploi hëlleft. An onst Zil muss sinn, net nëmmen de Chômeuren ze hëllefen. Onst Zil muss sinn, datt esou mann wéi méiglech Leit iwwerhaapt an de Chômage falen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

Domat kënne mer zu der Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 7092.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7092 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

(Interruptions)

M. Aly Kaes *(CSV).*- Mäin Apparat huet e Blackout.

(Brouhaha et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also ech hoffen, dass dem Här Kaes säin net blo ass.

(Brouhaha et hilarité)

Mir maachen dat alles an d'Rei. Sot eis just Bescheed, wou et net geklappt huet!

Ech wëll awer elo emol dat provisorescht Resultat ginn. Ech mengen, déi Stëmmen, déi eis feelen, déi änneren näischt Fundamentales. Mir hunn 52 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen. Da wäerte mer, wann et gutt geet, herno op 58 oder an déi Géigend kommen. Jiddefalls ass de Projet mat grousser Majoritéit ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7092 est adopté par 54 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Aly Kaes, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Roger Negri), Claude Haagen (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Cécile Hemmen (M. Alex Bodry) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech géif d'Chamber froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze froen.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann direkt zu deene véier nächste Projeten, déi mer mat engem Rapport an enger gemeinsamer Diskussioun wäerten ofhandelen. Et sinn d'Projete 7053, 7054, 7055 a 7046. - Mir hunn zwee Rapporteuren, entschëllegt. An déi Projete betreffen alleguer méi oder manner de Logement. An deen éischte Rapporteur, dee scho prett ass, ass den Här Max Hahn, herno suivéiert vum Här Henri Kox.

3. 7053 - Projet de loi portant introduction d'une certification de la durabilité des logements et modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

7054 - Projet de loi concernant la collecte, la saisie et le contrôle des dossiers d'aides relatives au logement

7055 - Projet de loi relative à un régime d'aides à des prêts climatiques

7046 - Projet de loi

1. instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement

2. modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

Rapports de la Commission du Logement sur les projets de loi n°7053, n°7054 et n°7055

M. Max Hahn *(DP), rapporteur.*- Här President, déi nohaltegst Energie ass déi, déi ni gebraucht gëtt. E schlecht isoléiert Doheem ass wéi eng riseg Heizung matzen an der Landschaft: Si wiermt zwar no bannen, mä si bléist och vill Energie sënnlos an d'Loft. Leider si vill vun eise Gebaier Energieverbëtzer, déi méi Wäermt verléieren, wéi si an deenen eegene véier Wänn dobannen halen.

Beim Neibau dergéint huet scho längst en neien Zäitalter ugefaangen. De Passivbau ass vum nächste Joer un hei zu Lëtzebuerg Standard, an d'Zukunft, déi versprécht souguer Haiser, déi méi Energie produzéieren, wéi se verbrauchen.

Beim Albau dergéint sti mir nach ganz am Ufank. Dobäi sinn eis al Haiser am Kär nohalteg, mat enger Liewensdauer vun ëm déi 100 Joer. Mä d'Bautechnik vum leschte Jorhonnert léist net d'Klimaproblematik vun haut a vu muer.

Den Albau huet awer Zukunft. Mä dofir muss et eis geléngen, dës Gebaier energetesch fit ze maachen. D'Klimabank wäert an Zukunft e staarke Partner sinn, fir eis al Wunngebaier an den Zäitalter vun der Energieeffizienz ze féieren a fir geziilt akommensschwaache Stéit ze hëllefen, hir Energiekäschten erofzesetzen.

Här President, et stinn haut véier Gesetzesprojeten um Ordre du jour, déi als Package ze verstoe sinn. Dës Projete verbanne virun allem zwou Saachen: Éischtens, d'Wunnen zu Lëtzebuerg soll méi nohalteg a méi energieeffizient ginn, an zweetens soll de Bierger et esou einfach an esou onbürokratesch wéi méiglech gemaach kréien, un Informatiounen a staatlech Ënnerstëtzungen an dësem Beräich ze kommen.

Dës véier Projete sinn awer och am Kontext vun eisen nationale Klimaschutzziler ze verstoen. D'lescht Joer huet d'EU sech op der Weltklimakonferenz zu Paräis ganz ambitiéis Ziler ginn. Mir wëlle bis d'Joer 2030 eis CO_2-Emissiounen ëm 40% erofschrauwen. Dat ass ganz ambitiéis. A mir mussen elo konkret handelen, fir dëst Verspriechen och an d'Realitéit ëmzesetzen.

Nieft dem Transport, dee fir 70% vun eise gesamten CO_2-Emissioune verantwortlech ass, stécht och am Wunnen e risegt Aspuerpotenzial. Ronn 15% vun eise gesamten CO_2-Emissioune falen op eist Wunnen zréck, virop natierlech op d'Hëtzen. Beim Neibau kënne mer an Tëschenzäit soen: Mission accomplie. Jo, ech mengen, an all Neibau kann ee soen, dass mir quasi um Optimum ukomm sinn, well vum 1. Januar d'nächst Joer un de Passivhausstandard fir all neit Haus obligatoresch ass.

Här President, elo gëllt et awer och, den Albau energetesch fit ze maachen. An dëse Package vu véier Gesetzer wäert dozou bäidroen. Mäi Kolleeg, den Henri Kox, wäert lech de Rapport zum neie Gesetzestext iwwert déi nei Aiden - PRIMe House - herno maachen. An ech wäert a menger Ried op déi dräi Gesetzesprojeten zur Klimabank, zur Lëtzebuerger Nohaltegkeetszertifizéierung, kuerz LENOZ, an iwwert de Guichet unique agoen.

Här President, bal d'Halschent vun eisen Haiser si virun 1980 gebaut ginn, also an enger Zäit, wou d'Isolatiounstechnike fir Haiser nach an de Kannerschong waren. Et si grad dës Haiser, déi en enormt Potenzial hunn. Duerch eng anstänneg Isolatioun kënnen déi bis zu 80% un Energiekäschten, un Heizkäschten also, aspueren.

Wann een de Bilan mécht, wéi vill Wunnunitéite pro Joer den Ament energetesch sanéiert ginn, da stellt ee fest, dass, trotz méigleche Subsiden an Héicht vun 20 bis 30%, ganz wéineg Albausanéierungen duerchgefouert ginn. An dat, obwuel energetesch Sanéierunge vun eisem Haiserbestand e wichtege Schlëssel sinn, fir eis CO_2-Emissiounen an de Gréff ze kréien an eis international Klimaverflichtungen anzehalen.

Wourunner läit et also, dass esou mann Leit eng energetesch Sanéierung vun hirem Eegenheem maache loossen?

Ee Constat ass, dass vill Stéit mat engem manner héije Revenu Schwieregkeeten hunn, Eegekapital zesummenzekréien, fir eng Sanéierung duerchzefëieren. Et verwonnert dann och net, dass grad dës Leit tendenziell éischter an engem schlecht isoléierten Albau wunnen, ewéi an engem fonkelneien Niddregenergie- oder Passivhaus. Dëse Stéit ass och net gehollef, wa si 20 bis 30% vum Stat rembourséiert kréien, besonnesch well an der Vergaangenheet d'Subsiden oft eréischt laang no der Duerchféierung vun den Aarbechten iwwerwise gi sinn.

Doriwwer eraus stellt een awer och fest, dass nach ganz vill Viruerteeler bei nodréiglechen Isolatiounsaarbechte bestinn, beispillsweis wat d'Schimmelbildung ugeet, och wann ech muss soen, dass hei „myenergy" an d'Gemengen eng virbildlech Opklärungsaarbecht an deem heiten Dossier maachen.

Här President, d'Klimabank setzt elo genee bei deem Punkt un, wou dee renge Subsidesystem d'Leit net erreecht.

Une voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP), rapporteur.*- Dat geschitt, andeems d'Klimabank de Stéit eng komplett Virfinanzéierung vun hirem Sanéierungsprojet garantéiert. Vum 1. Januar u kréien déi Stéit mat engem klengen a mëttleren Akommes iwwert d'Klimabank e komplett zënsfräie Prêt, fir hire Projet integral virzefinanzéieren, an on top steiert de Stat e Subsid an Héicht vun 10% vun der geléinter Zomm bäi.

An all déi aner Stéit kréien e Prêt fir energetesch Sanéierungen zu engem ganz favorabelen Taux, deen am Moment mat dem niddrege Leetzëns souguer ëm 0% wäert sinn.

Jo, dat ass en Novum an eiser Klimapolitik! Heimadder gëtt der Tatsaach Rechnung gedroen, dass éischtens bei Leit, déi am meeschte vun der Energieaarmut betraff kënne sinn, den aktuelle Subsidesystem net gräift, an zweetens bei ganz ville Stéit nom Kaf vun hirem Eegenheem kee Geld méi iwwreg bleift, fir och nach energieeffizient Moossnamen duerchzefëieren, an dat, obwuel et gutt investéiert Sue sinn, well d'Käschte fir d'Hëtzen doduerch däitlech reduzéiert kënne ginn.

Effektiv kann e gudden Deel vum Klimaprêt iwwert déi duerch d'Sanéierung agespuerten Energiekäschten zréckbezuelt ginn. Ech soen hei bewosst, en Deel, well d'Energiepräisser bekanntermoossen am Moment nach wäit ënnert de Rekordpräisser sinn, déi mir nach virun e puer Joer kannt hunn. An deemno sinn d'Energieerspuernisser och..., d'Erspuernisser, pardon, och méi kleng.

Mä maache mir eis näischt vir! Mir wëssen, dass dës Zäiten och erëm ännere wäerten. An do gëllt et virzebeugen, well wann den Energiebedarf niddreg ass, ass d'Hausse vun den Energiepräisser och vill besser ze verdauen, wéi wann de Compteur vun der Heizung erëm méi séier dréit.

Här President, erlaabt mir, awer och nach eemol detailléiert drop anzegoen, wien elo vun der Klimabank profitéiere kann. Egal ob Privatpersoun oder Gesellschaft, jiddwereen, deen en Haus oder en Appartement hei am Land besëtzt, dat méi wéi zéng Joer al ass a fir Wunnzwecker genotzt gëtt, kann de Klimaprêt ufroen. Dobäi spillt et keng Roll, ob d'Wunnhaus engem Eenzelnen, enger Kopropriétéit oder enger Gesellschaft gehéiert, virausgesat, et gëtt fir Wunnzwecker genotzt.

Elo kann ee sech froen: Firwat dierfen och Gesellschaften heivu profitéieren? Ma aus zweeërlee Grënn. Éischtens, well et dem Weltklima egal ass, wiem d'Gebai gehéiert, dat CO_2-Emissiounen an d'Loft bléist. Wëlle mir eis Klimaziler näämlech erreechen, musse mir esou vill Wunngebaier wéi nëmme méiglech energetesch sanéieren. An zweetens sollen och d'Locatairen indirekt profitéiere kënnen, andeems esou vill Propriétairë wéi méiglech energieeffizient Mesuren duerchféieren.

Fir ze garantéieren, dass dës Mesuren och energietechnesch Sënn maachen, muss en Energieberoder de Suivi vum Sanéierungsprozess maachen. Et ass näämlech och immens wichteg, dass betraffe Stéit eng realistesch Aschätzung vum Energieverbrauch kréien, dee si reell aspuere kënnen. Kloer ass, dass d'Klimabank nëmmen aspréngt, wann e Sanéierungsprojet och wierklech Sënn mécht.

Wéi fonctionnéiert d'Klimabank konkret?

Ma d'Klimabank ass am Fong eng Partnerschaft tëschent dem Stat a private Banken, äänlech wéi dat haut scho beim System vun de Studenteprêten de Fall ass, wat jo impeccabel klappt. Dat huet dee Virdeel, dass jiddweree sech u seng eegen Hausbank wende kann, fir do säi Klimaprêt ze maachen.

Et gëtt elo zwou Zorte vu méigleche Prêten.

Éischtens, dee fir Stéit mat éischter klengem Akommes. Si kréien en zënsfräie Prêt op 15 Joer an Héicht vu maximal 50.000 Euro, fir deen de Stat biergt, d'Zënsen iwwerhëlt an zousätzlech dozou 10% vum investéierte Montant als Subsid bäidréit. Wichteg ass och, dass de Stat hei souguer déi integral Energieberoderkäschten iwwerhëlt.

An zweetens ass et e Prêt, dee fir jiddwereen op ass, an dat onofhängeg vum Revenu. Dëse läit ënnert dem reguläre Zënstaux vum Marché an ass op 15 Joer an op eng Héicht vu maximal 100.000 Euro limitéiert. Hei iwwerhëlt de Stat 1,5% vum Zënstaux. Deemno läit de Prêt den Ament och do bal oder no bei 0% Zënsen.

Här President, wat sinn d'Konditiounen, déi fir e Klimaprêt mat 0% Zënsen erfëllt musse ginn?

Fir dëse Klimaprêt gëlle sozial selektiv Kritären, well hei d'Stéit mat éischter klengem Akommes cibléiert sinn. Bei Eenzelpersounen dierf de versteierbare Revenu net iwwer 40.696 Euro d'Joer leien. Dat entsprécht engem versteierbare Revenu vun 3.391 Euro de Mount. Fir eng Koppel ouni Kanner sinn et 3.714 Euro de Mount. A bei engem Stot mat zwee Kanner läit de Montant bei 4.521 Euro. Zousätzlech dierfen dës Persounen net nach Propriétaire vun engem anere Logement sinn a mussen nach weider zéng Joer am Haus oder Appartement wunne bleiwen.

Do dernieft gëtt et awer och Limitten, wat d'Gréisst vum Logement ugeet. Fir en Haus muss d'Fläch tëschent 65 m^2 an 140 m^2 leien a fir en Appartement tëschent 45 m^2 an 120 m^2. Vläicht och wichteg an deem heiten, wat d'Quadratmeteren ugeet: D'maximal Fläch geet pro Kand ëm 20 m^2 an d'Luucht.

Wéi verleeft elo déi genee Prozedur, fir de Klimaprêt mat 0% Zënsen an Usproch ze huelen?

Ma als Éischt geet een an de Guichet unique, wou een en Dossier ugeluecht kritt a wou iwwerpréift gëtt, ob een d'Kritären erfëllt. Ech komme spéider nach eemol op de Guichet unique ze schwätzen.

Am Guichet unique gëtt zesumme mat engem Energieberoder, fir deen de Stat d'Käschte bis zu engem Montant vun 3.000 Euro iwwerhëlt, dann e Sanéierungskonzept ausgeschafft, fir festzestellen, wat fir eng energetesch Sanéierungsmesuren och wierklech Sënn maachen.

Nodeems de Guichet unique säin Accord fir eng Mesure ginn huet, kann den Demandeur bei seng Hausbank goen a kann do e Prêt kréien. Selbstverständlech virausgesat, d'Bank huet eng Konventioun mam Stat ënnerschriwwen. Et sief hei bemierkt, dass schonn am Moment eng ganz Rei Konventiounen tëschent dem Stat an deene verschiddene Banken ënnerschriwwe si respektiv amgaange sinn ënnerschriwwen ze ginn.

Den zënsfräie Prêt, deen ee kréie kann, dierf sech, wéi scho virdru gesot, op maixmal 50.000 Euro belafen, an dat op eng Lafzäit vu 15 Joer. De Stat bezilt heibäi net nëmmen d'Zënsen un d'Bank, mä e spillt och Bierg, fir dass de Prêt och sécher accordéiert gëtt. Zousätzlech kann déi Persoun, déi sech fir eng energetesch Sanéierung entscheet huet, eng Prime unique vun 10% vun de Käschte vum Projet kréien, also maximal 5.000 Euro. Dëse Subsid bezilt de Stat iwwregens direkt op de Kont vum Prêt zréck.

Fir e konkret Beispill ze nennen: Mat engem Klimaprêt mat null Zënse kéint eng Famill zum Beispill den Daach an d'Baussemauere vun hirem Eefamilljenhaus besser isoléieren an och nach en Holzuewen norüsten. Mat dëse Mesurë kéinten d'Heizkäschten an engem ale Wunnhaus substanziell no ënne gedréckt ginn.

Wat de Käschtepunkt vum Stat betrëfft, kann ee pro Wunnunitéit vu ronn 16.000 Euro ausgoen, wann ee vun engem Invest vu 50.000 Euro ausgeet an engem Marchéstaux vun 2% ausgeet. Dobäi kommen dann nach déi Primmen, déi een iwwert d'PRIMe House ka kréien, op déi mäi Kolleeg Henri Kox herno am Detail agoe wäert.

Nieft dësem Klimaprêt mat null Prozent gëtt et awer och nach eng zweet Zort vu Prêt, an zwar de Klimaprêt mat engem reduzéierten Taux. Dësen ass, wéi ech virdru scho gesot hunn, onofhängeg vum Akommes. Hei ass d'Prozedur ganz äänlech wéi virdrun. Et gëtt e Sanéierungskonzept mat engem Expert op d'Bee gestallt. An deen Dossier geet da weider un eng konventionéiert Bank. Hei kann een e Prêt bis zu 100.000 Euro op 15 Joer finanzéiert kréien, fir deen de Stat 1,5% vun den Zënsen iwwerhëlt.

Och hei e konkret Beispill: Beim Klimaprêt mat reduzéiertem Zënstaux kéint een zum Beispill d'Fënstere mat Dräifachverglasung oprüsten an doriwwer eraus den Daach an d'Baussemauere besser isoléieren an e Pelletsuewen installéieren. De Käschtepunkt fir de Stat läit hei bei ronn 10.000 Euro, bei engem Invest vum Stot vun 100.000 Euro. An och hei gëllt selbstverständlech, dass iwwert d'PRIMe House nach weider Hëllefe kënnen ugefrot ginn.

Wéi vill Stéit wäerten elo viraussiichtlech vum Klimaprêt profitéieren?

De Logementsministère rechent pro Joer mat ronn 400 Dossieren, dovunner een Drëttel mat engem Null-Zëns-Prêt an zwee Drëttel als Prêt mat reduzéiertem Taux. Fir d'Joer 2017 wieren deemno d'Käschte fir de Stat bei enger knapper Millioun an am Joer 2021 wieren et viraussiichtlech bal zwou Milliounen Euro, well bis dohinner jo méi Leit Demanden a Sanéierunge gemaach hunn.

Dëst si Suen, déi, mengen ech, immens gutt investéiert sinn, net nëmme fir de Klima a fir eis Emwelt duerch manner héich CO_2-Emissiounen, mä och fir d'Privatstéit duerch manner héich Energiekäschten, an net zulescht och fir eis Handwierksbetriber, déi hei awer e wichtege Secteur fannen, wou se gebraucht ginn.

Här President, nach e Wuert zu den Avisen. D'Avisen zu dësem Projet sinn éischter positiv. Fir den Detail verweisen ech op mäi schréftleche Rapport. Et bleift nach ze bemierken, dass de Statsrot véier Opposition-formellen hat, déi awer ganz liicht behuewe konnte ginn, andeems mer verschidden Dispositioune méi kloer erkläert hunn.

Här President, nohaltegt Bauen ass awer méi wéi Energieeffizienz. An deene leschte Joren huet d'Politik mam Energiepass a mat méi strengen energetesche Virschrëften e Kader geschaaft, deen d'Energiespuere fir d'Awunner an de Fokus geréckelt huet. Beim Baue vun der Zukunft spillen awer ëmmer méi d'Nohaltegkeet vun de Materialien an eng ganz Rëtsch weider nohalteg Kritären eng Roll.

Ee Stéchwuert ass hei zum Beispill déi gro Energie, also déi Energie, déi gebraucht gëtt, fir Material hierzestellen, fir et ze transportéieren, fir et ze demontéieren a fir et ze entsuergen. Net all Material ass gläich gutt a senger Ökobilanz. Ech ginn Iech e Beispill: Aluminiumsfënstere sinn duerch hir energieintensiv Hierstellung am Verglach zu Holz- oder PVC-Fënsteren zwar vläicht manner ökologesch, mä well se méi wiederbestänneg sinn, sinn déi zum Beispill ganz gëeegent, fir déi zumindest an deem Deel no baussen, deen also der Witterung ausgesat ass, fir se do ze installéieren. A firwat net bannen e méi nohaltegt Material notzen, zum Beispill Holz?

A genee heifir, well d'Nohaltegkeet méi ass wéi en AA-Pass, huet d'Regierung e Projet de loi déposéiert iwwert d'Lëtzebuerger Nohaltegkeetszertifizéierung vu Wunngebaier, kuerz LENOZ. Ech wëll awer gäre betounen, dass de LENOZ scho gréisstendeels ënnert dem Marco Schank ausgeschafft ginn ass, och wann an deem virleiende Projet nei ass, dass dorunner Aidë geknäppt ginn, fir och den néidegen Ureiz ze schafen, dësen Outil ze notzen.

De LENOZ ersetzt an Zukunft déi sougenannte gréng Hausnummer. D'gréng Hausnummer ass, wann een esou wëllt, eng Lightversioun vun där neier Zertifizéierung. Oder ëmgedréit,

de LENOZ ass eng Versioun 2.0 vun der grénger Hausnummer, déi elo schonns all Joer Eefamilljenhaiser auszeechent, déi besonnesch nohalteg gebaut gi sinn.

De LENOZ geet awer däitlech méi wäit. En ëmfaasst insgesamt 150 Kritären. Zil war et, eng fräiwëlleg Zertifizéierung unzebidden, déi esou komplett wéi méiglech ass. Ech betounen hei dat klengt Wuert „fräiwëlleg", well et hei net dorëms geet, de Bauhäre weider Chargen opzeleeën, mä dësen an deene verschiddenen Akteuren um Terrain en Outil an d'Hand ze ginn, deen et hinnen erlaabt, méi bewosst Décisiounen ze treffen. De LENOZ ass dofir als Guide ze verstoen, wou jiddweree ka Punkt fir Punkt d'Nohaltegkeet vun deem engen oder deem anere Choix iwwerpréiwen.

Déi 150 Kritäre sinn a sechs Kategorien ënnerdeelt. Fir e puer Kritären erauszegräifen: Dat kann zum Beispill eng akustesch Isolatioun vun enger Wunneng sinn, well Kaméidi - an ech denken, dat misst deene meeschten hei bewosst sinn - ass eng Belaaschtung fir d'Leit. An déi Belaaschtung gëtt ganz oft ënnerschat.

Et sinn awer och Kritären technescher Natur dran, wéi zum Beispill d'Installatioun vu Solarzellen oder enger Reewaassernotzungsanlag. Mä och Kritäre wéi d'Méiglechkeet, en Haus alters- a behënnertegerecht ëmzebauen, also e barrièrëfräit Wunnen, kommen am LENOZ vir.

Ech invitéiere fir de Rescht déi Leit, déi et interesséiert, sech eng Kéier dee ganze Kritärekatalog unzekucken. Dat ass eng ganz interessant Lektür.

Här President, an dësem Gesetzesprojet ass nei, dass finanziell Hëllefe fir d'Ausschaffe vun der Zertifizéierung agefouert ginn. De virleienden Text proposéiert duerch en zousätzlechen Artikel am Gesetz vun 1979, dass déi Leit, déi sech derfir entscheeden, dës Zertifizéierung ze maachen, mat 1.500 Euro fir en Eefamilljenhaus a 750 Euro fir en Appartement vum Stat ënnerstëtzt kënne ginn, wa si déi Zertifizéierung vun engem Energieberoder maache loossen. D'Käschte fir de Stat belafe sech op ronn 300.000 Euro d'Joer. An et gëtt mat engen 180 bis 220 Dossieren am Joer gerechent.

Och hei, doriwwer eraus, gëtt et Subsiden, dës Kéier souguer ganz neier. De Kolleeg Henri Kox wäert herno a sengem Rapport sécherlech agoen op déi substanziell Hëllefen, déi een an Zukunft kritt, wann een de LENOZ-Standard erreecht.

Nach e Wuert zu den Avisen. D'Avisen zu dësem Projet sinn och éischter positiv, wat de Besoin vun dësem Outil ugeet. Et bleift nach ze bemierken, dass de Statsrot hei zwou Opposition-formellen drop hat, déi awer ganz liicht ze behiewe waren, andeems éischtens verschidden Elementer aus Réglement-grand-ducallen an d'Gesetz iwwerholl gi sinn, an zweetens ass dem Statsrot seng Propos, fir e Paragraf ëmzeformuléieren, iwwerholl ginn.

Här President, ech kommen dann zum drëtte Projet vum Pak Klimabank an nohaltegt Wunnen. Fir d'Wunne gëtt et eng ganz Rei staatlech Hëllefen. Dat sinn op där enger Säit sozioekonomesch Hëllefen, déi de Stéit mat méi engem klenge Portmonni hëllefen, fir sech en Eegenheem ze leeschten oder eng Hand beim Loyer unzepaken. An op där anerer Säit hu mir Hëllefe fir d'Energieeffizienz an nohaltegt Bauen. Dobäi kënnt selbstverständlech an Zukunft d'Méiglechkeet vun der Virfinanzéierung iwwert d'Klimabank.

Mat dem Guichet unique schafe mir elo eng eenzeg Plaz fir all d'Wunnhëllefen. Dem Bierger ass et näämlech egal, wat fir eng Kompetenze bei wéi engem Ministère leien. De Bierger wëllt eng eenzeg Ulafstell, wou hie weess, dass hie gehollef kritt. A wat dann hannendru passéiert, wie wat fir en Dossier traitéiert, ass zumindest fir d'Leit dobaussen niewesächlech.

Et ass also an Zukunft no baussen, op Neilëtzebuergesch, en „one-stop shop", an no bannen eng Kollaboratioun, wou de Service Aides au logement an d'Emweltverwaltung Hand an Hand schaffen. Dat ass e gutt Beispill fir eng bürokratesch Vereinfachung am Interessi vum Bierger, déi och an deene verschiddenen Avise vun alle Säite begréisst gi sinn. Fir den Detail verweisen ech och hei op mäi schréftleche Rapport.

Nieft den Avise vum Statsrot an de Chambres professionnelles sinn och zu deenen eenzelne Gesetzesprojeten Avise vum OAI, vum Mouvement écologique a vun der CNPD erakomm, op déi ech aus Zäitgrënn net eenzel agoe kann, mä déi derwäert sinn, gelies ze ginn. An och hei verweisen ech op mäi schréftleche Rapport.

Här President, de Package Klimabank an nohaltegt Wunnen, dee mir haut stëmmen, ass ee vu ville Schrëtt, déi néideg sinn, fir dem Lëtzebuerger Klimaversprieche vu Paräis konkret Liewen anzehauchen. Et ass awer e ganz wichtege Schrëtt, well mir heimadder als Land weisen, dass et eis seriö ass an dass mir Verantwortung iwwerhuelen, net nëmme fir eis selwer, mä och fir de Weltklima. De Potenzial, fir CO_2 anzespueren, ass am Wunnberäich net nëmmen enorm, mä et sinn och Investitiounen, déi sech villfach rentéieren. All Investitioun, déi mir haut an en aalt Gebai maachen, wäert sech muer bezuelt maachen, bezuelt fir d'Bewunner, fir de Klima, fir eist Handwierk a fir de Stat.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an erschreckt elo net, ech ginn net den Accord vun eiser Fraktioun, mä dat iwwerloossen ech mengem Kolleeg a gudde Frënd, dem Claude Lamberty, deen herno nach eng Kéier heirop agoe wäert.

Plusieurs voix.- Très bien! Ooh!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Da sot Der, mir sollen eis net erschrecken!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir freeën eis schonn.

(Hilarité)

Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt deen nächste Rapporteur, den Här Kox.

Rapport de la Commission de l'Environnement sur le projet de loi n°7046

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Jo, Merci, Här President. Mäi Virgänger, de Max Hahn, huet de Gros schonn, wat d'Finalitéit vun dësem Gesetz ugeet, erkläert. Dofir direkt am Ufank: Et geet hei ëm substanziell Aiden, déi mat dësem Gesetz wäerten d'Begleedung vun deem ganze Package maachen. Et geet drëms, d'Promotioun vun der Durabilitéit, der Utilisation rationnelle de l'énergie an natierlech vun den Énergies renouvelables mat dësem Gesetz ze förderen.

Dann ass natierlech och eng Ännerung am Gesetz vum 23. Dezember 2004 néideg, näämlech fir déi néideg Fongen och aus dem Klimafong da bereetzestellen.

An direkt am Ufank kommen ech dann op déi méi technesch Daten, dass och hei bei dësem Gesetz eng Rei vun Avise komm sinn. Ech mengen, wéi virdrun och scho gesot, d'Chambre des Employés publics, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers, d'Chambre des Salariés, alleguerten hunn hiren Avis plus ou moins positiv heizou ofginn. An och den Ordre des architectes et ingénieurs-conseils.

De Statsrot hat och eng Rei vu Bemierkungen ze maachen. Et muss een awer och soen, an dat war och bei deene Gesetzer virdrun, et waren e puer Opposition-formelle mat drageschriwwe ginn, näämlech och d'Erklärung, wat dann elo e Logement durable ass. A mat enger Navette mam Statsrot hu mer dat awer kënne clarifiéieren, soudass elo souwuel am Gesetz vu virdru wéi och an dësem Gesetz ganz kloer drasteet, wat een dorënner versteet, an domadder och no baussen déi néideg Informatioun gemaach gëtt.

Et ass virdru gesot ginn, an dat ass och wichteg hei ze betounen: Dëst Gesetz oder dëse Pak schreift sech an an eng méi breet gefächert Klimapolitik, awer net nëmme Klimapolitik, och Logementspolitik, an et gesäit ee jo duerch d'Präsenz vun de Ministeren haut, dass et eng Gemeinschaftsaktioun ass. An dat ass wichteg. Et ass eng Cohérence des politiques, déi hei vun dëser Regierung ëmgesat gëtt. An dofir wëll ech dat och nach eng Kéier hei ganz kloer betounen.

Et huet d'Finalitéit natierlech, net nëmmen eng Förderung ze maachen, mä et huet och d'Finalitéit, déi sougenannten Energieaarmut e bësse besser kënnen an de Gréff ze kréien. Awer et geet net duer, nëmmen dës Moossnam vun dësem Paket ze erwänen. Ech komme vläicht herno, wann ech nach eng Kéier hei op d'Bün kommen, wou ech kee Rapport maachen, da kann ech dat och nach eng Kéier betounen.

Et ass e Package vu véier. Och do ass virdrun nach eng Kéier gesot ginn, dass am Logementsberäich, et ass virdru vu 15% gesot ginn, ech hunn nach déi neiste Chifferen nogekuckt vun 2015: Mir sinn, wann een d'Logements habituels, also d'Wunngebaier, an awer och déi Notzgebaier wéi Büroen an esou weider zesummerechent, souguer bei 18%. Dat heescht, et ass e grousst Potenzial, wat gemaach gëtt.

Dëst Gesetz ännert u sech en aalt Réglement grand-ducal, wat elo ausleeft. Dofir ass et gutt, dass mer et haut stëmmen, dass mer näämlech zum 1.1.2017 erëm prett sinn, fir déi néideg Subventiounen ze ginn. Et ass de Réglement grand-ducal vum 12. Dezember 2012, wat heimadder geännert gëtt, wat gemengerhand ënner PRIMe House bekannt ass an dat de Marco Schank - hien ass schonn eng Kéier genannt ginn - och deemools mat op de Wee ginn huet.

Et ass, wéi gesot, ganz wichteg, well d'Ziler, déi mir ëmzesetzen hunn, an déi sinn och genannt ginn, eis Obligatiounen, déi mer zu Paräis mat ënnerschriwwen hunn, déi si substanziell. Mir hunn ee Pad, eng Obligatioun fir 2020 ze erreechen. Do si mer „on track", wéi mer dat esou schéi soen. Mir wäerten dat Zil erreechen. Mä d'Zil 2030 vu minus 40% ass natierlech nach vill méi grouss. A wa mer all soen, 2050 solle mer eng Dekarbonisatioun ustriewen, da wësse mer alleguerten, dass nach vill Aarbecht virun eis steet.

Wéi eng Subventioune gëtt dëst Gesetz dann elo mat op de Wee an dee Package hei eran?

Et sinn éischtens Subventioune fir Neibau, et si Subventioune fir d'Renovatioun an et sinn d'Subventioune fir d'erneierbar Energien, déi am Beräich vum Logement kënnen agesat ginn.

Wat ganz wichteg ass: Et ass d'Konstruktioun an den Assainissement, also de Renouvellement oder d'Verbesserung vun der Wunnstruktur, déi hei gemaach gëtt. Et ass och scho virdru gesot ginn, mir probéieren duerch Kritären, déi erageféisse sinn, an d'Gesetz ass LENOZ, dat ass gesot ginn, wa mer do déi néideg Kritären erafléisse loosse vun dem nohaltege Material, da kréie mer natierlech och heiduerch, duerch dëst Gesetz e Bonus, wat d'Subventioun ubelaangt, an natierlech d'Simplification administrative ass och schonn ugeschwat ginn, wat ganz wichteg ass.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

An dann ass och hei an dësem Gesetz nei opgemaach ginn, näämlech dass net nëmmen d'Personnes physiques, mä och d'Personnes morales hei bei der Renovatioun, well do wësse mer, dass ganz vill ze huelen ass, dass déi gläichzäiteg mat ënnerstëtzt ginn.

De Kritär vun der Énergie climatique politique (veuillez lire: vun der Politique énergétique et climatique) vun dëser Regierung ass awer och, muss ee fairerweis soen, vun där viregter Regierung scho mat op de Wee gesat ginn, dass engersäits d'Obligatiounen ëmmer méi streng ginn, insbesondere wat Neibauten ubelaangt. Dat ass esou e bëssen de Prinzip, dass ee méi streng, méi séier op en Zil hischafft. An op där anerer Säit sinn awer d'Hëllefstellunge ganz wichteg, d'Hëllefsstellungen, mengen ech, déi do musse kommen, fir dass dat och esou séier wéi méiglech ëmgesat gëtt.

An dat Instrument vun der Klimabank ass eng zousätzlech Partnerschaft, fir näämlech niewent de Subventiounen dann och nach aner Beräicher mat an d'Boot ze kréien. Dëst gëllt souwuel, wat d'erneierbar Energien ubelaangt, mä och, wat den Assainissement vu Gebaier ugeet.

Ech kommen dann op déi eenzel Punkten.

Dat ass eng Kéier, wann een en neit Gebai baut, wësst Der, dass ab dem 1.1.2017 eng Rei Kritäre genannt ginn, déi natierlech anzehale sinn. Fir en Neibau, do sinn d'Kritäre méi verschäerft ginn. Wann een awer hei méi eng pousséiert Renovatioun duerchféiert, dann hu mer dofir de LENOZ, deen eis déi néideg Kritären dann erfëllt. An dee LENOZ seet eis jo: Wéi ass et mat der Ekologie? Wéi ass et mat der Technik, déi do dann an deem neie Gebai installéiert gëtt? Wéi ass et mat der Fonctionnalitéit vun deene Kritären? A wann ee 60% vun deene Kritären erfëllt huet, da kann et awer eng substanziell Erhéijung ginn, an dat beleeft sech bei enger Neikonstruktioun bis op 24.000 Euro, wat u sech net näischt ass.

A well mer gesot hunn, dass d'Appartementshaiser, also d'Wunnunitéiten, wou méi Leit ebe wunnen, dass déi bis elo außen vor waren an dass et wichteg ass, wéi de Max Hahn och dat virdru gesot huet, dass et dem Klima u sech egal ass, wou mer den CO_2 kënnen aspueren. An dofir ass och hei eng substanziell Ënnerstëtzung do an déi geet bis 14.600 Euro. Dat ass, wat den Neibau ugeet.

Den Assainissement ass och ganz wichteg, d'Renovatioun. Mir mussen effektiv den Albaubestand mobiliséieren. Mir wëssen, mir doen eis do e bësse méi schwéier, fir déi drunzekréien. Dofir ass jo déi Aide ganz wichteg, dass ee seet: Mir kënnen e Vorschuss kréien a mir ginn da Suen zur Verfügung, fir dat meescht dann unzepaken. An hei kommen awer och substanziell Aiden derbäi.

Ech ginn elo net op déi eenzel Kritären an, well dat geet e bëssen ze wäit. Et fënnt ee se op deene Sitten, op guichet.lu kann een déi Kritäre fannen. Wat fir mech awer ganz wichteg ass, wat ze ënnersträichen ass, also d'Ekologie gëtt gekuckt, et gëtt awer och gekuckt, dass ee wäit mat der Isolatioun geet, dass een et richteg mécht. An dofir wëll ech extra op ee Punkt agoen, mengen ech, dat ass awer dee wichtegsten, deen awer bäikomm ass, dat ass dee vum Conseil agréé.

Dat ass deejéinegen, deen hëlleft, éischtens emol e Projet opzebauen, de Projet esou gutt wéi méiglech no den neisten Technologien, no de Kritären, déi mer virdru gesot hunn, an dann domat awer e Package ze maachen. An dann eréischt soll am Guichet unique den Accord de principe gemaach ginn, wat och ganz wichteg ass, an da gëtt de Suivi gemaach.

Mir wëssen alleguerten, déi an de Gemengen täteg sinn, wann eng Baugeneemegung ausgestallt gëtt an et geet ëm de Contrôle vun der Isolatioun: Ass se dann och elo esou ausgefouert ginn oder net?, dann, mengen ech, ass et awer hei gutt, dass duerch dëst Gesetz e Conseil énergétique mat erakënnt, deen d'Begleedung vun der Ëmsetzung mécht. An do huet et oft gehapert, mengen ech, soudass dat zu engem ganz positiven Effekt wäert féieren an dass mer wierklech do och eng Rei méi där Projeten elo wäerte kréien.

Ech mengen och, hei geet d'Regierung hin an ënnerstëtzt dat mat engem Betrag, an dat ass och erëm wichteg. Ech mengen, mir mussen d'Leit entspriechend an dësem Fall vun der Erneierung oder vun der Sanéierung an d'Hand huelen. An da gëtt d'Zil och éischter erreecht.

Da vläicht zu den erneierbaren Energien. Ech mengen, och do ass et wichteg, déi Subventioune wäerte weider bleiwen. Et ass virdru gesot ginn, dass den Energiepräis déif ass. Mir wësse jo och, firwat den Energiepräis déif ass, well en u sech verstoppte Käschte mat dran huet, déi en awer net a sengem Präis huet. Ech mengen, all d'Emweltkäschte vum CO_2, do doe mer eis jo schwéier, do doe mer eis ganz schwéier, endlech e Präis, e gerechte Präis deem CO_2 ze ginn. Dofir musse mer déi erneierbar Energien dann entspriechend förderen.

An dofir ass et ganz wichteg, dass d'Solarthermie, also d'Waarmwaasserproduktioun weiderhi gutt ënnerstëtzt gëtt, substanziell mat 50%, awer de Bonus, deen derbäikënnt, dat ass, wann een eng Kombinatioun zum Beispill mat Holz mécht, da kënnt en Dausender mat drop. Ech mengen, dat sinn Hëllefstellungen, déi wichteg sinn. A wann den Energieberoder dat och richteg de Leit mat op de Wee gëtt, da sinn ech sécher, dass et och wäert weider zu erfollegräichen Applikatioune kommen.

Dann, d'Fotovoltaik ass weiderhin ënnerstëtzungsberechtegt mat 20%, soudass mer och bis zu engem Montant vu 500 Euro pro Kilowatt... Mir wëssen, dass insbesondere d'Fotovoltaik an deene leschte Joren eng extrem präiswäert Technologie ginn ass, haut souwuel méi wäit wéi deels Atomkraaftwierker, déi mer dohier nach wëllen opriichten, soudass dat och weiderhi vun dëser Regierung wäert ënnerstëtzt ginn.

Dann ass d'Wärmepompel och nach ëmmer an der Ënnerstëtzung, och 50%, an och do d'Kombinatiounen. Ech mengen, dat ass wichteg. Do ginn et substanziell Erhéijungen. Dofir ass et gutt, dass an deem Guichet unique, wou d'Leit zesummekommen, déi eenzel Ënnerstëtzungen da kënnen erkläert ginn an och drop higewisen ass, wou et sënnvoll ass a wou et net sënnvoll ass, déi eng oder déi aner Technologie anzesetzen, an dass am Endeffekt, an dofir zum Schluss vläicht och do nach eng Kéier e Beispill, wat ee sech kann erwaarden, wann een eng substanziell Renovatioun mécht.

Dat zum Beispill bei engem neie Gebai, wou een och nach dat meescht un erneierbaren Energië mat afléisse léisst, da kann een awer, wann ee seet, ech huelen alles, déi 24.000 beim Bau, bei ekologesche Materialien, an da kommen awer all déi Technologien derbäi, dass een herno ënnert dem Stréch op 35.000 Euro ka kommen. A wann een d'Rechnung mécht längerfristeg, gëtt dat Haus am Gebrauch herno am Fonctionnement vill méi bëlleg, wéi wann een dat klassesch géif ugoen.

Dann e Beispill och nach, wann een en Haus wëllt renovéieren, ben, do gëtt et verschidde Standarden. Wann een elo de Mëttelstandard hëlt an et probéiert een, d'Fassad, den Daach, all Méigleches dann och gutt ze maachen, mat der Hëllefstellung vum Energieberoder, da kënnt een, wann een eng reng thermesch Sanéierung duerchféiert, op - soe mer hei - 26.000 Euro. A wann een all d'erneierbar Energien nach mat derbäiberechent, da komme mer op 45.000 Euro.

Sou, mir hunn déi 40 Minutten opgebraucht, déi zwee Rapporteuren. Ech denken, dass mer hei e gudde Package zesummegeschnüürt hunn. Déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer an deene Kommissiounen haten, dofir kommen ech... Ech kommen herno nach eng Kéier erop, soudass ech elo nach net den Accord gi vun der grénger Partei, awer dat war dann d'Presentatioun vum véierte Gesetz vun deem Package.

Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Rapporteur Henri Kox. Als

éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marco Schank.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV).*- Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stëmmen haut de Mëtten iwwer eng Serie vu véier Projeten, Gesetzestexter of am Beräich Logement an Emwelt respektiv Klimaschutz. D'Zil vun dëse Gesetzer - et ass däitlech ginn duerch déi zwee Rapporteuren - ass d'Promotioun vum nohaltege Wunnengsbau an dat konkret iwwert d'Sanéierung, d'energetesch Sanéierung an natierlech och erneierbar Energien.

Am Resümee geet et ëm véier Aspekter: éischtens, d'Aféierung vun de sougenannte Prêts climatiques am Kontext nohaltege Wunnengsbau, zweetens, d'Aféierung vum Lëtzebuerger Nohaltegkeetscertificat, dem LENOZ, drëttens, d'Asetze vun engem Guichet unique am Beräich vun de Wunnengsbäihëllefen, a véiertens ëm déi sougenannten „PRIMe House", déi elo zum Schluss vum Rapporteur Henri Kox virgestallt ginn ass.

An ech wëll, Madamm Presidentin, direkt am Ufank deene béide Rapporteure Merci soe fir hiren ausféierleche mëndlechen an och schréftleche Rapport, dem Max Hahn an dem Henri Kox.

Ech wollt och direkt am Ufank soen, datt d'CSV-Fraktioun déi véier Projete wäert stëmmen,...

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Marco Schank *(CSV).*- ...an dat aus enger Rei vu Grënn, ënner anerem éischtens, well se an der Kontinuitéit vun deem leien, wat och déi viregt Regierung ugestouss huet, an zweetens, well och eng Rei elementär Aspekter iwwerholl goufen, déi schonns um legislativen Instanzewee waren.

Mir begréissen also déi Projeten, déi haut zum Vott stinn. A mir begréissen och, an ech soen dat kloer an däitlech, datt verschidde vun deenen initiale Proposen an deene véier virleiende Projete positiv adaptéiert an erweidert goufen. Dat ass gutt, well ëm wat geet et am Endeffekt?

D'Zilsetzung ass ganz kloer déi - dat ass och däitlech ginn an de Rapporte virdrun - , d'nohaltegt Wunnen ze favoriséieren, d'Energieeffizienz ze steigeren, datt d'Leit net an d'Energiefal rutschen, ass ee ganz wichtegen Aspekt, an dat Ganzt duerch eng Panoplie vu Moossnamen, fir de Leit dobaussen, méiglechst ville Leit dobaussen entgéintzegoen, datt se kënne profitéieren dovunner, an net nëmmen d'Leit dobaussen an hiren Haiser, an hire Wunnengen, mä och eis Betriber, eis Handwierksbetriber, d'Entreprisen um Bau, déi hei wäerte kënne profitéieren. A last but not least och de Klimaschutz insgesamt.

Datt mer do aktiv ginn, wou nach ganz vill Reserve sinn, dat ass selbstverständlech am Bestand bei der Albausanéierung. An ech wollt dann och eppes zum Klimaschutz soen. De Klimaskeptiker sief gesot, datt et esou ausgesäit, wéi wann d'Joer 2016 weltwäit d'Temperaturrekorder nach eemol wäert brieche par rapport zu deene Jore virdrun, 2014 an 2015, also déi Virgängerrekordjoren, an als wäermste Joer déi Joren iwwertreffe wäert, an och d'Symptomer vun der Äerderwärmung briechen all Rekorder.

Mir sinn zu Marrakesch gewuer gi vun der Weltorganisatioun vun der Meteo, der WMO, datt d'Konzentratioun vun Zäregasen an der Atmosphär ëmmer méi héich gëtt, datt d'Mieresäis an der Arktis zréckgeet an och déi extrem Wiederphenomeener zouhuelen.

Da wëll ech och soen, datt d'Regierung am Kontext vun dëse véier Gesetzer d'Rad awer elo net nei huet missen erfannen. Duerfir wëll ech och e kuerze Bléck zréck maachen.

Den 8. Abrëll 2011, dat sinn elo iwwer fënnef Joer hier, hunn ech op enger Pressekonferenz deemools de Paquet Logement presentéiert. A fir d'Saachen auserneenzehalen: Paquet Logement ass net de Pacte Logement, deen ass nach an der Regierung do virdru komm gewiescht.

An dëse Paquet Logement huet eng 21 Punkte beinhalt, dorënner eben och eng Partie, déi an deene véier Projeten zréckkommen. Dës Propose waren op verschiddene Punkten net esou wäit ausgedäitscht, wéi dat haut an de Projeten ass, mä d'Stoussrichtung an d'Zilsetzung waren deemools schonn déiselwecht. Ech ziele se nach kuerz op.

Éischtens war dat d'Aféierung vun engem, deemools hu mer dat „Éco-prêt à taux zéro" genannt fir d'Albausanéierung fir d'Leit mat klengem Akommes; zweetens, d'Upassung vun der traditioneller Bonification d'intérêt an eng Écobonification, gekoppelt u Kritäre vun der Energieperformanz; drëttens, d'Zertifizéierung vum nohaltege Bauen; véiertens, eng steierlech Mesure, de sougenannten Amortissement accéléré fir Investissementer bei der Sanéierung vu Mietwunnengen, e wichtegen Aspekt, a fënneftens, d'Ofännerung ebe vum Reglement iwwert d'Performance énergétique vun de Wunngebaier, ënner anerem och wéinst den Échéancen, déi mer jo haten a wou mer elo - et ass gesot gi virdrun - ënner anerem ab 2017 just nach AA-Haiser am Neibau zouloossen.

Dës Mesuren a vill anerer sinn dunn an ee Projet de loi agefloss, de Projet de loi relative à la promotion du logement et de l'habitat durables, deen den 20. Juni 2013 an der Chamber déposéiert gouf. An, wéi den Titel et seet, war den Objet vun dësem Projet selbstverständlech d'Promotioun vum nohaltege Bauen. De Projet ass och duerch d'Bank positiv aviséiert gi gewiescht, och vun enger Chambre des Métiers, och vun engem Mouvement écologique. Just den Avis vun dem Statsrot stoung nach aus.

Madamm Presidentin, mir hunn eis deemools och gefreet, muss ech Iech soen, wéi dem Minister Marc Hansen seng Virgängerin, d'Maggy Nagel, an där éischter Logementskommissioun, déi mer haten am Januar 2014, ugekënnegt huet, de Projet géif vun där neier Majoritéit ëmgesat ginn. An deemools huet et geheescht, et géif just op den Avis vum Statsrot gewaart ginn an déi entspriechend Réglements grand-ducaux wieren amgaangen ausgeschafft ze ginn.

Dunn huet d'Ministesch awer néng Méint méi spéit an der Kommissiounssëtzung vum 23. Oktober 2014 gesot, de Projet géif amendéiert ginn, fir dunn nach eemol fënnef Méint méi spéit ze décidéieren, de Projet am Mäerz 2015 zréckzezéien.

Dëst ass der Regierung hiert gutt Recht. Mä mir fannen et schued, datt et deen Hin an Hier vun ëmmerhi 15 Méint gouf, an dunn no annerhallwem Joer bis d'Regierung den 31. August respektiv de 15. September du véier Projeten nei op den Instanzewee ginn huet. A Projeten, déi sech wéinstens a puncto Zilsetzungen an Nohaltegkeetskritären net riseg vun deem ënnerscheet hunn, wat 2013 schonn um Dësch louch.

Mir sinn awer zefridden, datt mer haut kënnen doriwwer ofstëmmen. A mir sinn zefridden, datt esou munche Punkt an déi véier Projeten iwwerholl ginn ass, wann och net zu 100%, mä awer datt d'Basisiddien allemol do zréckgeholl goufen.

Ech erënneren och drun, datt de Kolleeg Marc Lies am Kader vun deem Débat Logement, dee mer 2015 hei am Haus haten, och eng Proposition de loi déposéiert hat, fir an zwee Punkten nach eng Kéier op dee Projet de loi zréckzekommen, näämlech beim Prêt à taux zéro fir d'energetesch Sanéierung an eben och am Kontext vun de Kritäre fir d'Salubritéit, d'Hygien an d'Sécuritéit am Wunnberäich.

Op dëser Plaz wollt ech dann och e puer Wuert zu deene véier Projete soen.

An éischter Linn wëll ech hei op d'Aféierung vum Klimaprêt à taux zéro respektiv taux réduit agoen, de Projet 7055. De Grondgedanke vun där Moossnam ass et eben, mannerbemëttelte Leit a Stéit eng energetesch Sanéierung vun hirer Wunneng virzefinanzéieren, woubäi de Stat och - ech mengen, dat ass e wichtegen Aspekt - d'Garantie vun de Prêten iwwerhëlt. Dëst ass eng effikass Mesure géint d'Energieaarmut, well fir vill vun dëse Leit stellen nieft de Wunnkäschten d'Heizkäschten dacks dee gréissten Deel vun den Dépensë vun engem Stot duer.

Et ass, wéi schonns gesot, eng Win-win-Situatioun, well duerch d'Energieaspuere solle sech zumindest zum Deel d'Sanéierungskäschte quasi selwer finanzéieren. A fir sozial schwaach Stéit ass een Nullzënsprêt jo do virgesinn. Awer och besserbemëttelt Leit souwéi Betriber, et ass virdru gesot ginn am Rapport vum Kolleeg Max Hahn, kënnen an de Genoss vun dësem Prêt kommen, awer dann net zum Nullzëns, mä zu engem reduzéierten Zënssaz.

Mat der Aféierung vum Taux réduit mécht d'Regierung däitlech Faveuren, well hei net no soziale Kritäre viru gekuckt gëtt, an dat verwonnert dach. Als Beispill: Ech erënnere mech, deemools beim Eropsetze vun der TVA Logement bei Zweetwunnenge vun 3 op 17% ass do nach anescht argumentéiert ginn.

(Interruptions)

Ob dës Offer als solch an dësem Moment bei natierlech historesch niddregen Zënssätz vun de Leit wäert wouergeholl ginn, dat bleift ofzewaarden. Mir wënschen eis dat. Och ass d'Prozedur, bis et zum Ofschloss vun esou engem Prêt ka kommen, net ëmmer gradesou einfach. Op jidde Fall, d'Accordéiere vun de Kreditter erfollegt an Zesummenaarbecht mat de Banken, déi mam Stat eng Konventioun mussen ofschléissen, dat ass och virdru gesot ginn, wann een esou Prête wëllt ubidden.

An an deem Zesummenhang wier et interessant, och vum Logementsminister, dem Marc Hansen, ze héieren, ob et schonn Démarchë gouf - ech ginn dovunner aus - a wéi wäit déi scho gedie sinn, datt mat de Banken op der Plaz kënnen esou Konventiounen ënnerschriwwe ginn.

Ganz wichteg ass am Zesummenhang vun dësen neie Mesuren och den Aspekt vum Informéieren a vum Sensibiliséiere vun de Biergerinnen a Bierger, wann ee wëllt Succès hu mat dëse Mesuren; ech mengen, datt dat e wichtegen Aspekt ass. Et muss de Leit matgedeelt ginn, datt et an Zukunft eben dës Offer gëtt, an hinnen, mengen ech, och virun allem unhand vu konkrete Beispiller däitlech gemaach ginn, wat d'Virdeeler vun der Energiesanéierung kënne fir si duerstellen.

Vill Leit, virun allem mannerbemëttelt Stéit, sinn dacks retizent, wann et drëm geet, e Prêt opzehuelen, well se dann eng Schold hunn, déi se belaascht. An duerfir ass et ëmsou méi wichteg, kloer ze weisen, datt et eventuell kee Käschtepunkt ass, mä een Invest an d'Zukunft, en Invest an Energiespueren.

A mir ginn och dovunner aus, datt d'Regierung elo schonns e konkret Konzept am Tirang huet, an de Minister respektiv déi béid Regierungsvertrieder elo op den Terrain ginn, fir déi nei Mesuren an Aiden ze erklären an ze promouvéieren. Ech denken, datt deen Effort wichteg ass. Also duerfir och meng Fro un de Minister respektiv d'Ministesch, ob esou eng Démarche geplangt ass, a wa jo, wéi eng dat dann ass.

Madamm Presidentin, en anere Projet aus der Serie ass de Gesetzesentworf 7053, mat deem en neie fakultativen Zertifizéierungssystem am Logement soll agefouert ginn, näämlech de LENOZ. Hei geet et net fir d'Lescht drëms, d'Sensibilitéit fir de Sujet vum nohaltegen an och am Sënn vum gesonde Wunnen dobaussen eropzesetzen.

Et ass och scho virdru gesot ginn, zënter 2008 gëtt et dee vereinfachte System vun der grénger Hausnummer, fir nohaltegt Wunnen ze zertifizéieren. An dës gréng Hausnummer stoung och um Ufank eigentlech vun de Beméiunge vun der viregter Regierung, fir äänlech wéi am Ausland och fir Lëtzebuerg eng Zertifizéierung auszeschaffen. An Dir kennt déi Modeller, déi Systemer am Ausland, zum Beispill an Däitschland den DGNB, Deutsche Gesellschaft für Nachhaltiges Bauen, oder de BREEAM, deen aus England kënnt, vun engem brittesche Forschungsinstitut entworf ginn ass, respektiv den NF Habitat aus Frankräich.

Vill Leit sinn haut mat Allergien ënnerschiddlechster Aart geplot a reagéieren op schiedlech Wierkstoffer, op schiedlech Produkter, wéi zum Beispill Léisungsmëttel, wéi se a Faarwen, wéi se a Collen oder Äänlechem ze fanne sinn. A wann een en neit Haus no dem LENOZ-Prinzip baut, kann dëse Problemer Rechnung gedroe ginn an déi op ee Minimum limitéiert ginn. An ech mengen och, datt déi Zertifizéierung, de LENOZ, ganz wichteg ass, fir spéider e Keefer ze fannen, wou ee jo ka ganz transparent genee opweisen, ma esou ass d'Haus gebaut ginn, esou gesond sinn déi Baustoffer gewiescht, déi agesat goufe beim Bau vum Haus, an datt och d'Haus oder d'Wunneng u Valeur gewënnt. An ech mengen, datt dat e wesentlechen Aspekt ass.

Wichteg ass beim LENOZ, eiser Meenung no, och, datt een no enger éischter Phase de démarrage och relativ séier kuckt, fir eng Evaluatioun ze maachen, an ënner Emstänn dann och, wann et néideg ass, Réajustementer ze maachen; iwwregens eppes och, wat ënner anerem d'Chambre des Métiers gesot huet, wat sënnvoll wier. An duerfir wollt ech och an deem Sënn eng Motioun hannerleeën, Madamm Presidentin.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *constatant que la mise en place du certificat «LENOZ» («Lëtzebuerger Nohaltegkeets-Zertifikat fir Wunngebaier») constitue un élément du paquet «Klimabank an nohaltegt Wunnen» du Gouvernement;*

- *saluant que cette certification vise à accroître la sensibilité au sujet de la durabilité des logements et la transparence du marché immobilier;*

- *constatant qu'outre la performance énergétique, les impacts des matériaux de construction sur le bien-être et la santé, l'accessibilité, le trafic ou encore d'autres éléments sont pris en compte pour évaluer la durabilité des logements;*

- *constatant que la certification LENOZ est une certification volontaire et qu'à partir de 2017 une certaine sélection de critères est à la base des critères d'éligibilité pour le régime d'aides financières «PRIMe House» en cas de nouvelles constructions;*

- *estimant qu'un bâtiment durable certifié va générer des retours sur investissement plus longtemps qu'un bâtiment non durable;*

- *saluant qu'une aide financière pour l'établissement de ce certificat est prévue, afin d'encourager la propagation de cette nouvelle certification;*

- *estimant cependant que la certification ne sera couronnée de succès que lorsqu'elle sera simple et facile à utiliser,*

invite le Gouvernement

- *de faire une évaluation après la phase de démarrage et de procéder à des réajustements le cas échéant,*

- *à promouvoir les nouveaux procédés de construction activement auprès des maîtres d'ouvrages, des maîtres d'œuvre et des entreprises, des bureaux de conseil et des conseillers en énergie agréés.*

(s.) Marco Schank, Sylvie Andrich-Duval, Félix Eischen, Marc Lies, Marcel Oberweis.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci.

M. Marco Schank *(CSV).*- De LENOZ-System ass doriwwer eraus awer ausschlaggebend, dat ass virdrun och gesot ginn, bei der Attributioun vun den neie PRIMe-House-Bäihëllefen, wou ebe méi e staarken Akzent op d'nohaltegt Wunne geluecht gëtt, wat d'energetesch Sanéierung vun de Gebaier ubelaangt. An iwwregens ass et och normal, ech soen dat dann, datt d'PRIMe House, d'PRIMe-House-Reglement ugepasst gëtt, well jo ab dem 1.1.2017 AA-Haiser Standard ginn, Passivhaiser Standard ginn.

An der Vergaangenheet war et awer sécher déi richteg Décisioun, fir verstäerkt Bäihëllefen ze ginn, fir d'Leit dobaussen ze sensibiliséieren, fir Energiespuerhaiser, duerno Niddregenergiehaiser respektiv Passivhaiser ze bauen. An ech mengen, datt een dat och mierkt déi lescht Joren, datt virun allem och jonk Stéit dorobber zréckgegraff hunn, net gewaart hu bis 2017, wou et da Standard ass, mä scho virdrun och deen Incentive, deen de Stat ginn huet, dee Coup de pouce matgeholl hunn, fir Wunnengen opzeriichten, Haiser opzeriichte mat ganz niddregem Energieverbrauch.

Och nach ee Wuert zum drëtte Projet de loi, dem 7054. Ech mengen, datt d'Noutwendegkeet fir d'Mise en place vun engem Guichet unique, fir all d'Aiden am Wunnen zesummenzebréngen, déi sozioekonomesch, déi am Logementsministère si respektiv waren, an déi ekologesch Aiden, déi am Environnement waren, dat ass mir selwer deemools zimlech séier bewosst ginn, besonnesch well ech och déi zwou Kapen hat, de Logement an den Environnement. An duerfir, mengen ech, ass dat definitiv eng gutt Saach, datt dat elo prett gëtt, fir de Leit dobaussen et méi einfach ze maachen, sech un eng eenzeg Stell, un en eenzege Büro fir all d'Aiden ze adresséieren, egal, wéi gesot, ob et sech ëm d'sozioekonomesch oder ëm ekologesch Aiden handelt. An dat ass ganz kloer eng Mesure vu Simplification administrative. An ech denken och, datt d'Chambre des Métiers recht huet, wa se an hirem Avis seet, datt och dat eng Viraussetzung ass, fir datt um Enn den Traitement vun den Dossieren och nach méi séier, méi reibungslos ka fonctionnéieren.

Dann de véierte Volet respektiv de Projet 7046, wat jo d'Reform vun dem Regimm vun de Bäihëllefen ass, do wëll ech net ze vill laang drop agoen, deen ass relativ technesch. Do sinn eng ganz Partie Saachen dran, déi am Rapport vum Henri Kox jo gesot goufen. Dat ass e wesentlecht Instrument, fir einfach den nohaltege Wunnengsbau dobaussen attraktiv ze maache weiderhin. An duerfir, wéi gesot, ass dat ee wichtegen Aspekt, fir déi ambitiéis Ziler och vu Lëtzebuerg am Klimaschutz ze erreechen en vue vun 2020, awer och doriwwer eraus, well jo am Kader vun dem europäeschen „effort sharing" déi minus 40% am Raum stinn. An dat ass eng richteg Erausfuerderung.

No den ausféierleche mëndleche Rapporte vun de Kolleegen Hahn a Kox muss een, mengen ech, och bei der PRIMe House, beim Weiderféiere vum PRIMe-House-Reglement net op d'Detailer agoen. Vläicht just zwee Changementer, déi wesentlech sinn. Dat Éischt ass deen, datt d'Nohaltegkeetskritären an de Régime d'aides agebonne ginn. Ech mengen, dat ass ee wichtegen Aspekt. An dann och, datt méi attraktiv Subventiounen am Kontext vum thermeschen Isoléiermaterial an Zukunft méiglech sinn.

Souwäit wéi ech et iwwerblécken, ass net ganz vill geännert gi bei den Aiden am technesche Beräich, also bei der Fotovoltaik, bei den thermesche Solaranlagen, de Wärmepompelen, den Holzchaudièren oder och de Wärmenetzer.

Madamm Presidentin, wann d'Majoritéit seet, hir Propose wieren der Evolutioun ugepasst a géife méi wäit goen, wéi déi aus dem Projet vun der viregter Regierung, da fält mir och keen Zack aus der Kroun, fir ze soen: Dat ass esou!

(Brouhaha)

Wat fir eis zielt, ass dat, wat fir d'Leit an eisem Land u Positivem herno derbäi erauskënnt. An duerfir soen ech och nach eng Kéier: Et ass wichteg, datt d'Regierung higeet a wierklech d'Promotioun vun deene Mesurë mécht, well vum selwe geet dat ganz sécher net.

Vläicht awer nach ee Saz zu engem Punkt, wou ech respektiv déi viregt Regierung wollt méi wäit goe wéi dat, wat mer elo hunn. Ech wëll dee just ernimmen och am Kontext vun der Energieaarmut. No der Philosophie vun der AIS, der Agence immobilière sociale, war eis Iddi déi, fir eng staatlech Käschtebedeelegung am Kontext vun enger Gestion locative sociale fir d'Gemengen an d'Institutiounen anzeféieren. Ech mengen nach ëmmer, datt dat eng gutt Saach wier.

Um Enn wollt ech der Ëmweltministesch awer och nach eng Fro stellen, déi mam weidere Virgoe vun der Regierung am Kontext Klimaschutz zesummenhängt. A si ass mer jo net béis, ech hunn déi Froe schonn dräi- oder véiermol gestallt. Elo viru Chrëschtdag kréien ech méiglecherweis och eng Äntwert.

An der Vergaangenheet hunn ech scho méi dacks op dëser Plaz drop higewisen, datt, wa mer déi Challengen unhuelen, déi ustinn, a wou mir gären och een Deel sinn, fir déi Erausfuerderung vum Klimaschutz ze meeschteren, datt een dann d'Biergerinnen an d'Bierger muss an d'Boot huelen, datt een d'Zivillgesellschaft am Boot brauch, well ouni e staarke Réckhalt an der Regierung (veuillez lire: an der Bevëlkerung) geet dat net. A wann ee wëllt dat Abezéie vun der Zivillgesellschaft strukturéieren, da muss een och duerfir ee Konzept hunn. An ech hat deemools an där Proposition de loi, Dir erënnert Iech, proposéiert - dat ass ee Wee, et ginn och vläicht anerer -, fir ee Partenariat vun der Zivillgesellschaft, also de Gemengen, den ONGen, de Gewerkschaften, dem Patronat an esou weider zesummenzesetzen.

Wéi gesot, et ginn och aner Méiglechkeeten. An ech denken och dodrun, well déiselwecht Diskussioun hu mer elo am Kader vun dem Débat iwwert de qualitative Wuesstum zu Lëtzebuerg! An ech hunn dem Minister fir Landesplanung, dem François Bausch, eben déi Fro gestallt gehat: Wéi maacht Dir dat dann elo, fir d'Zivillgesellschaft ze participéieren? An ech muss soen, op déi Fro hunn ech eng Äntwert kritt, wou een duerchaus ka soen, déi gëtt engem Satisfaktioun! En huet mer gesot: Mir hunn eben e participative Prozess virgesi mat enger „crowdsourcing"-Campagne, duerno engem Grupp vun Experten, déi dann déi Äntwerten evaluéieren, mat uschléissend Interviewen, regionalen Approchen an, an, an. Ech muss soen, dat fannen ech eng sënnvoll Approche, fir dat ze maachen. Dat wënschen ech mer dann awer och am Klimaschutz! Duerfir wollt ech einfach nach eng Kéier nofroen: Ass do scho gewosst, wéi mer virginn, fir d'Zivillgesellschaft am Klimaschutz anzebannen? Ech wier frou iwwer eng Äntwert.

An da wëll ech eng allerlescht Fro stellen, an dat ass déi, ob respektiv wéini den Nohaltegkeetscheck kënnt, deen am Regierungsprogramm steet.

An domat, Madamm Presidentin, wollt ech Merci soe fir d'Nolauschteren, ouni ze widderhuelen, datt mir als CSV-Fraktioun déi véier Projete wäerte stëmmen. Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Schank. Als nächst Riednerin hunn ech ageschriwwen d'Madamm Taina Bofferding. Oder?

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Neen, ech mengen net.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Ben, op menger Lëscht ass et d'Madamm Bofferding.

(Interruptions)

Ech mengen, dat ass och richteg, vu dass de Rapporteur vun der DP war. Et ass un der Madamm Bofferding!

(Interruptions diverses)

Da sidd ganz gentil, da maache mer Ladies first! Maache mer Ladies first. D'Madamm Bofferding fänkt elo un.

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Selbstverständlech!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert. Elo muss se kämpfe bis de leschte Moment hei!

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Jo. Merci, Madamm Presidentin. Bei eis am Land gestalt sech den Accès zu bezuelbarem Wunnraum fir ganz vill Leit nach ëmmer schwiereg. Deen zënter méi wéi zwee Jorzéngten op der Säit vun der Demande entstoenden Drock gëtt duerch déi verännert sozioekonomesch Situatioun vun de Ménagen, wéi Singleménagen, Monoparentaux oder och Bevëlkerungsalterung, awer och duerch de staarke Bevëlkerungswuesstum, sprécht d'Immigratioun nach verstäerkt. Opgrond vun dësen Entwécklunge versicht déi éffentlech Hand, nei Solutiounen ze fannen a bestoend Instrumenter vun der Logementspolitik ze verbesseren.

De Stat offréiert eng Panoplie u Mesuren zur Ënnerstëtzung vu perséinlechen Initiativen zum Bau, um Kaf, dem Lounen oder der Renovatioun. Dës Initiativen, déi elo mat deenen eenzelne Projet-de-loie wäerte geholl ginn, si keng Bäihëllefen, déi d'Wunnengsoffer méi bëlleg gestalten oder de Bau vu soziale Wunnenge wäerten ukuerbelen. Dofir sinn Efforte gemaach ginn, wéi zum Beispill d'Verduebelung vum Budget fir de soziale Wunnengsbau, méi Moyene fir d'SNHBM an och de Fong oder, e weidert Beispill, d'Besteierung vun eidel stoendem Wunnraum a broochleienden Terrainen, déi verschidde Gemengen agefouert hunn, d'Ewechfale vun der Valeur locative, net ze vergiessen déi nei Aspekter, déi mat der Steierreform a Kraaft trieden, genausou wéi d'Modifikatioune fir d'Ofsetze vum Bausparvertrag an, nach e weidert Beispill, d'Aféierung vun der Subvention de loyer, wou mer och iwwregens duerfe gespaant sinn, wann deen éischte Bilan gezu gëtt, fir ze kucken, ob dann och schlussendlech all déi Leit, deene mer jo gehofft haten, mat dësem Gesetz ënnert d'Äerm ze gräifen, ob déi dann och wierklech kënne vun dëser Mesure profitéieren.

Déi Initiativen, iwwert déi mer haut ofstëmmen, viséieren aner Punkten an der Logementspolitik, déi awer net manner wichteg sinn: nohaltegt Wunnen, energetescht Sanéieren an d'Simplification administrative. De ganze Package beinhalt véier Instrumenter respektiv véier Gesetzer, déi de Rapporteur, den Deputéierte Max Hahn, virdrun op eng ganz verständlech Manéier presentéiert huet a woufir ech em dann och wëll Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

D'Konzept ass eng Mëschung aus Subventiounen a staatlecher Virfinanzéierung. Erhofft gëtt sech doduerch eng Sanéierungswell, déi gläichzäiteg e positiven Effet op den Energieverbrauch an op d'Klimabilanz vun eisem Land laangfristeg soll hunn. Mat deenen eenzelnen Initiative striewe mer net just eng Ännerung am Denkmuster an der Klimapolitik un, mä och an der Politik vum Logement.

Fir d'Energieeffizienz vun de Wunngebaier ze verbesseren, den Energieverbrauch an den Ausstouss vun CO_2 ze reduzéieren, sinn an deene leschten aacht Joer vill legislativ Efforte gemaach ginn, fir europäesch Direktiven an dësem Beräich ëmzesetzen.

Fir eis Sozialiste war an ass ëmmer wichteg, datt ökologesch Konditiounen, déi un d'Ausbezuele vun eenzelnen Aidë gebonne sinn, net dierfen dozou féieren, déi finanziell méi schwaach gestallte Stéit vun deenen, also vun engem Deel vun dësen Hëllefen auszeschléissen. Dofir war fir eis och viru Joren d'Propos, de Fokus nëmmen op déi ökologesch Komponent ze leeën, net sozial gerecht. D'Iwwerleeung deemools zum Beispill, d'Halschent vum bëllegen Akt dovunner ofhängeg ze maachen, ob d'Wunneng, déi ee keeft, verschiddenen ökologesche Kritären entsprécht, wär fir eis keng gutt Neierung gewiescht. Et hätt näämlech eng ganz kloer Verminderung vum sozialen Aspekt bedeit. Nëmmen déi, déi sech et hätte kënne leeschten, hätten am Endeffekt dovunner profitéiert. A wann een d'Ëmwelt wëllt schützen, da soll een dat op eng positiv Aart a Weis maachen an Ureizer schafen.

Wat een awer net soll maachen, ass aus reng ëmweltpoliteschen Argumenter Logementshëllefe kierzen. Esou eng Politik brëngt der Ëmwelt guer näischt. Domadder gi keng CO_2-Emissioune reduzéiert. Dat Eenzegt, wat dobäi erauskënnt, ass, datt d'Leit, déi dréngend Hëllef brauchen, manner Ënnerstëtzung kréien.

Et ass sënnvoll, geziilt akommesschwaache Stéit ze hëllefen, fir hir Wunneng energieméisseg ze verbesseren, well déi oft net de Choix hunn an eng al a schlecht isoléiert Wunneng kafen oder loune mussen. An dofir begréisse mer ënner anerem d'Aféierung vun enger Klimabank, eng weider Initiativ, fir nohalteg Wunnengsbaupolitik ze promouvéieren a géint Energieprekaritéit virzegoen.

De sozialen Aspekt besteet doranner, datt virgesinn ass, datt jee no Héicht vun der Pai d'Leit entweder e Prêt kréien, wou se keng Zënse musse bezuelen, oder wa se méi verdéngen, e Prêt mat engem reduzéierten Taux kréien. Mat de Suen, déi se duerno energietechnesch spueren, soll de Prêt dann deelweis zréckbezuelt ginn. Dat huet zum Virdeel, datt vill Leit hir Wunneng kënnen isoléieren oder sanéieren, an net nëmmen déijéineg, déi niewent der Subventioun nach genuch Eegekapital hunn.

Fir eis Sozialisten ass wichteg, datt finanziell méi schlecht gestallte Stéit d'Méiglechkeet kréien, fir energetesch Sanéierungen ze maachen, ouni mussen d'Geld am Virfeld op den Dësch ze leeën, wat dës Stéit, wéi gesot, oft net kënne maachen, well se einfach net déi finanziell Capacitéiten hunn. De Part iwwerhëlt de Stat duerch d'Virfinanzéierung.

Wéi gesot, dëst Gesetz huet e sozialen Aspekt, mä ass awer keng reng sozial Mesure. Déi Stéit mat engem wierklech ganz klenge Revenu wäerten ni eng Klimabank opsichen, well si weder en Haus hunn nach Moyenen hunn, fir kënnen ze renovéieren. Hei ass awer vläicht e gudden Usaz ginn, datt och d'Propriétairen, déi d'Wunnenge verlounen, op d'Klimabank duerfen zréckgräifen. Sou kënnen Appartementshaiser, Studioen, déi an engem schlechten Zoustand sinn, endlech renovéiert ginn. Dës Renovatioune kommen da schlussendlech och nees deene Ménagen zegutt, besonnesch deene finanziell méi schwaachen, well et sinn oft déi, déi sech keng eege Wunneng kënne leeschten a wéi gesot mussen oft loune goen.

D'Spiral vun der Energieprekaritéit gëtt, ofgesinn duerch Käschtefroen, nach doduerch verstäerkt, datt dës Leit dacks a schlecht isoléierte Wunnenge liewen. An duerch anstänneg Sanéierunge kënne si un de Käschten am Energieverbrauch spueren. Et wär am Endeffekt eng Win-win-Situatioun souwuel fir de Propriétaire wéi och fir de Locataire.

Wichteg an deem Kontext ass och d'Zesummenaarbecht mat „myenergy", fir datt d'Leit kënnen erausfannen, wou Energie ka gespuert ginn a wat si nach vun Hëllefe kënne respektiv duerfen ufroen.

Weider gëtt och op d'Zesummenaarbecht mat den Offices sociaux gesat, déi wichteg Begleeder an deenen Démarchë sinn. Déi spille fir meng Partei eng ganz wichteg Roll, well d'Offices sociaux sinn oft déi éischt Ulafstell, un déi d'Leit sech wenden, fir ze kucken, ob se Hëllefe kënne kréien. An dofir ass et an eisen Aen och ganz wichteg, datt d'Leit, déi do schaffen, déi néideg Informatiounen hunn an och um neiste Stand vun den Informatioune sinn, fir d'Leit am Domän vun der Energieaarmut beschtméiglech kënnen ze ënnerstëtzen.

Niewent der Klimabank ass de Guichet unique en zweet Gesetz, op dat ech nach wëll agoen. Déi aner wäert herno den Deputéierten Yves Cruchten kommentéieren. Et wäert fir d'Bierger an Zukunft vill méi einfach a manner stresseg sinn, well si sech just nach mussen un een eenzege Büro wenden, also e Guichet unique mussen adresséiere fir déi eenzel Aiden. Et muss ee sech net méi Gedanke maachen, wou a wéini een nach iwwerall muss higoen, an eventuell herno d'Gefor leeft, eppes Wichteges ze vergiessen oder Délaien ze verpassen. De Guichet unique wäert an eisen Aen de Leit sécherlech d'Liewe vereinfachen.

Et ass an hirem Interessi, datt d'Fichiere mat de jeeweilegen Donnéeë regruppéiert ginn, egal ob déi Aiden herno vum Logementsministère oder vun deem vun der Ëmwelt bezuelt ginn. Wichteg ass, datt d'Bierger déi richteg Informatiounen op enger eenzeger Plaz kréien, ëmfangräich berode ginn an an hiren Démarchen och adequat begleet ginn.

D'Ëmwelt schounen a fir spéider Generatiounen erhale fonctionnéiert am beschten, wa mer d'Nohaltegkeet fest an eisen Alldag integréieren. An dat gëllt och fir d'Wunnen.

Mir si gefuerdert, derfir ze suergen, eis Bierger virun Energieaarmut ze schützen an hir sozial Ausgrenzung ze verhënneren. Hei steet d'éffentlech Hand an der Verantwortung, Persounen eng suffisant Grondversuergung mat Energie ze garantéieren a se virun Energieprekaritéit ze schützen. Energieaarmut däerf keen neit soziaalt Risiko sinn. Dofir ënnerstëtzt d'LSAP de Package Klimabank an nohaltegt Wunnen. An all weider Efforten, déi an dës Richtung ginn, si mer der Meenung, datt déi an déi richteg Richtung ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci der Madamm Bofferding. Dann ass et elo um Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Merci, dass Der d'Madamm Bofferding virgelooss hutt! Mir mussen dat kontrolléieren. Et ass elo un Iech.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, en Débat an e Vott zur Schafung vun enger Bank, ëmsou méi vun esou enger spezieller Bank wéi der Klimabank, ass sécherlech keen alldeegleche Virgang hei am Parlament. Dës Bank, déi esou vill Virdeeler huet, dass ee vun enger véierfacher Win-win-win-win-Situatioun ka schwätzen, setzt e Meilesteen a ganz verschiddene Beräicher a setzt haaptsächlech en déckt Ausrufezeechen hannert d'Volontéit vun dëser Majoritéit, fir politesch Visiounen zu Realitéiten ze maachen.

Mat der Klimabank komme mir zu engem Paradigmewiessel, ewech vun enger renger Subsidiepolitik hin zu enger Politik, wou mir d'Bierger aktiv mat an d'Boot huelen, fir positiv Veränneren zum Wuel vun der Ëmwelt, dem Handwierk an eise Betriber a schlussendlech dem eegene Portmonni ze realiséieren.

De Stat gëtt also vun engem renge Subsidieninstitut zu engem aktive Begleeder a Motivatiounscoach fir seng Bierger, e vill méi zilorientéierte Wee, deen och bäi Wäitem méi erfollegverspriechend ass, wéi dat bis elo de Fall war.

Firwat? Ma well de Stat d'Bierger do ënnerstëtzt, wou si e brauchen, a si do motivéiert, wou vläicht Gedankespiller bei de Leit stattfannen: Soll ech oder soll ech mäin Haus elo net renovéieren?

De Rapporteur Max Hahn huet déi technesch Detailer zur Klimabank schonn exemplaresch illustréiert an erkläert. Ech wëll mech dofir méi op de politesche Kontext vun dësem Projet konzentréieren.

Ech hu mat engem, kommt, mer soen, Mix vu Verwonnerung an heiansdo och liichtem Schmunzele verschidden Aussoen an de leschte Wochen a Méint an de Medie verfollegt.

Et ass schonn erstaunlech a gläichzäiteg awer och schéin ze gesinn, dass Projeten an Iddien, dass Visiounen, déi ee lancéiert a fir déi een am Ufank éischter spëtteg Remarquen aus verschiddenen Ecke kritt - ech ka mech do erënneren, virun aacht, zéng Joer: Wat wëllt d'DP dann elo fir eng Bank schafen? -, jo, um Enn, wa se da kuerz virum Erfolleg sinn, kommen aus deeneselwechten Ecker éischter Luef, vläicht souguer heiansdo Remarquen: Dat wëlle mir jo eigentlech genau d'nämlecht maachen! - majo, do kënne mir just soen: Dat ass schéin ze héieren!

Et kéint een dat intituléieren: „Vum Kritiker zum Gebuertshelfer". Dat ass jo emol eng Evolutioun, déi mir als Demokratesch Partei mat Satisfaktioun zur Kenntnis huelen. Et beweist awer och, dass déi Visioun, déi d'Demokratesch Partei viru genee zéng Joer eng éischte Kéier an d'Gespréich bruecht huet, an déi extrem positiv Auswierkunge fir d'Gesellschaft, fir d'Ekonomie, fir eis handwierklech Betriber, fir d'Ëmwelt, fir d'Klima, jo fir d'Liewensqualitéit an de Portmonni vun de Leit mat sech brëngt, jo, dass déi Visioun, déi haut Realitéit gëtt, dee richtege Wee war.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et ass och de Beweis, dass ee Visioune muss hunn, wann ee wëllt positiv Veränneren erreechen a wann een eng Gesellschaft wëllt, déi no Fortschrëtt strieft. Well näischt anescht war dat 2006: eng politesch Vue an d'Zukunft! Eng Vue, wou een d'Leit géif aktivéieren a wou ee se mat an d'Boot géif huelen, fir Klimaziler ze erreechen, a sech an der Lëtzebuerger Ekonomie dobäi gläichzäiteg nach eppes Guddes géif doen.

Et ass och de Beweis, dass et sech lount, Visiounen ze verfollegen, eegen Iddien an Iwwerzeegungen ze hunn an och dofir ze kämpfen.

Ech wëll Iech e klengen Iwwerbléck ginn, wéi et zu der Klimabank koum, ganz besonnesch well jo verschidde Parteien net just Gebuertshelfer, mä quasi, jo, wéi solle mer soen, Papp vum Klimabankprojet wëlle sinn.

De Logementsminister aus der viregter Regierung huet 2013 e Projet de loi deponéiert, an deem en „Éco-prêt à taux zéro" fir Albausanéierung virgesi war. Dat ass wuel richteg an och en Deel vum Projet Klimabank, mä ebe just en Deel. De Modell vun der viregter Regierung hätt zu engem méi héijen administrativen Opwand gefouert, fir eng méi begrenzten Zuel u Stéit am Land. Also méi Opwand fir manner Leit.

Firwat? Ganz einfach, well am Modell vum „Prêt à taux zéro" vun der aktueller Regierung de Plaffong vum Revenu vun de Leit, also dat,

wat d'Leit dierfe verdéngen, fir vun der Hëllef ze profitéieren, net esou déif ass wéi am Här Schank sengem Modell. Do sollten u sech d'Leit mat ganz niddregem Akommes ënnerstëtzt ginn.

Den aktuelle Regierungsprojet awer wëllt eng breet Majoritéit vun de Bierger fir de Klimaschutz gewannen. Dës Majoritéit huet also, nieft de Leit mat niddregem Akommes, och d'Mëttelschichten net vergiess, fir zum Zil ze kommen. Renovatiounen a Sanéierungen, fir Energiekäschten ze spueren a Klimaziler ze erreechen, dat war d'Zil an dat geléngt mat der Klimabank vun dëser Koalitioun. Konkret...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Lamberty, erlaabt Der, dass den Här Schank, deen Der indirekt ugeschwat hutt, Iech eng Fro stellt?

M. Claude Lamberty *(DP).*- Selbstverständlech!

M. Marco Schank *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wollt just eng Fro stellen un de Kolleeg Lamberty, ob hie sech erënnert, wat deemools am DP-Programm stoung an deem Kontext, wat eng Klimabank sollt sinn.

Ech wollt just zwee Sätz soen. Do stoung: „Die Klimabank soll Risikokapital für die im Bereich der erneuerbaren Energien tätigen Start-ups oder Unternehmen zur Verfügung stellen, Investoren bei größeren Projekten zusammenbringen und Versicherungen oder Garantien bei sinnvollen aber risikoreicheren Investitionen (...) bieten." An da geet dat esou virun: „Innovation, Forschung und Entwicklung" an esou weider. Do si mer awer nach net!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Nach net, nach net. Also, ech huelen Är Remarque gär zur Kenntnis a se war och ganz sécher richteg, well se stoung jo am DP-Programm!

(Hilarité et interruption)

Gutt. Komme mer dann zréck, wat dat elo konkret heescht. Konkret heescht dat: De Stat, deen hëlleft a motivéiert däitlech méi Leit, hiert Haus ze renovéieren an esou hir Energiekäschten no ënnen ze drécken. Dat nennt een: Politik fir d'Bierger maachen. Mat der Ouverture op d'Gesellschaften an dem „Prêt à taux réduit" wäert et insgesamt e spierbar méi décke Volume un Dossiere ginn. An dat ass an dësem Fall absolutt positiv!

Komme mer awer zréck, wéi aus der Visioun Klimabank eng Realitéit gouf. Ech wëll drun erënneren, dass déi éischt Iddie vun der Klimabank Enn 2006 gebuer goufen, déi do wärend ville Méint an Aarbechtsgruppe vun der Demokratescher Partei ausgeschafft goufen. An ech verweisen op de Positiounspabeier vun der DP vum 2. Juni 2008 ebe mam Titel „Umweltpolitik, die Zukunft hat! Gezielt fördern, gerecht fordern".

An ech ka mech nach gutt un déi éischt Schrëtt vun der Klimabankdiskussioun erënneren, well et war déi Zäit, wou ech d'Chance hat, als President vun de Jonken Demokraten zesumme mam heitege Rapporteur, mam Max Hahn, d'Iddien an d'Suerge vun deene jonke Generatiounen an deenen Aarbechtsgruppen ze vertrieden.

Ëm wat ass et der DP deemools gaangen? No Analys an Dialog mat villen Akteuren um Terrain ass et der DP drëms gaangen, en Outil ze schafen, deen op d'Virfinanzéierung opgebaut ass.

Wat war de Grondproblem vu ville Leit? De Grondproblem war ganz einfach d'Feele vum néidege Startkapital. Well, wat notzt et, nodeems ech mäin Haus oder mäin Appartement renovéiert hunn, wann ech da gesot kréien, 20% oder 30% vun de Sanéierungskäschte gi vum Stat iwwerholl, wann een awer dès le début guer net an der Lag war, fir de Projet kënnen an Ugréff ze huelen, well een ebe keng finanziell Moyenen hat, also kee Geld hat, fir d'Renovatiounen iwwerhaapt kënnen an Ugréff ze huelen? Näischt! Näischt heescht, ech renovéiere guer net, well ech mir et net leeschte kann.

Dat féiert dozou, dass d'Bausubstanz bei ville Gebaier net verännert gëtt. Dat féiert dozou, dass genee déi Haiser an Appartementer, an deenen déi Leit wunnen, déi net emol einfach esou 20.000 oder 30.000 Euro virstrecke kënnen, Haiser an Appartementer, wou et awer grad Sënn maache géif, eng Sanéierung an d'Aen ze faassen, jo genee déi Gebaier bleiwen op der Streck a ginn net renovéiert. Dat heescht gläichzäiteg, dass déi Leit, déi dora wunnen, och net an de Genoss kommen, fir Energie kënnen anzespueren, well jo ebe keng Aspuerunge méiglech sinn, well d'Heizkäschten zum Beispill net erofginn.

D'Visioun war also kloer: En Outil schafen, deen de Leit et erméiglecht, dee se motivéiert an hinnen hëlleft, déi Renovatioune kënnen ze maachen, an duerch deen Outil de Leit, dem Handwierk, der Ekonomie an dem Klima ze hëllefen. Et war eng grouss Erausfuerderung. Mä d'Diskussioune ware fruchtbar a wann een haut hei steet an der Chamber an zu deem Projet dierf schwätzen, deen dësen Outil schaaft, da weess een, wéi richteg et war, dëse Projet ni aus den Aen ze verléieren. Besonnesch d'Leit dobaussen an d'Klima sinn déi ganz grouss Gewënner!

Ech hu gesot, dass d'Demokratesch Partei d'Klimabank 2006 ugeduecht, 2008 esou richteg lancéiert an 2011 du mat engem weidere Positiounspabeier „Die Klimabank bringt Schwung in die Klimapolitik" weider ausgebaut a verdéift huet. Et war mäin heitege Fraktiounspresident a fréiere Statssekretär am Emweltministère, den Eugène Berger, deen ëmmer erëm op d'Klimabank opmierksam gemaach huet.

(Brouhaha)

2011 huet d'Klimabank de Wee dunn och bis an d'Chamber fonnt. Eng Motioun an der Chamber gouf ugeholl, ebe genau, fir d'Méiglechkeet vun esou enger Klimabank ze analyséieren. Ech si mer sécher, dass sech verschidde Leit heibannen nach erënneren un den deemolege Premier an u seng Wierder. Ech zitéieren de Jean-Claude Juncker, lauschtert gutt no: „Zu där Klimabank - eng Iddi, déi den Här Meisch a seng Partei jo schonn e puermol ugesprach hunn - géif ech gäre Folgendes soen: Wann et méi ausgewalzten Texter gëtt um Niveau vun der Demokratescher Partei, da soll een eis déi zoukomme loossen. Onofhängeg dovun, wéi prezis dass déi Iwwerleeunge scho konnte gemaach ginn, géif ech gären am Numm vun der Regierung soen, dass d'Regierung averstanen ass, eng Etüd ze maachen iwwert d'Aféiere vun enger Klimabank, wou een dann déi Iwwerleeungen, déi et vun der Demokratescher Partei gëtt, ka mat afléisse loossen." Dat war de Jean-Claude Juncker.

Dat also 2011. Dunn huet et nach zwee Joer gedauert, bis e Projet de loi vum deemolege Logementsminister deponéiert gouf, also ganzer fënnef Joer nodeems d'DP d'Klimabank konkret lancéiert hat. Fënnef Joer also bis eppes geschitt ass!

Elo unzedeiten, ech schwätzen elo net vun haut de Mëtteg, mä haaptsächlech dat, wat een an de leschte Wochen a Méint konnt liesen an héieren, dass mir dräi Joer verluer hätten, nëmme well dës Regierung de viregte Projet vum „Prêt à taux zéro" nach eng Kéier op de Leescht geholl huet, dat ass dann awer e bëssen abstrus!

Ech hunn awer dem Marco Schank ganz gutt nogelauschtert, dass hien och gesot huet, dass him keng Zack aus der Kroun géif falen, fir ze soen, dass dës Projeten, déi de Mëtteg hei um Ordre du jour stinn, en absolutte Gewënn sinn. An dofir wollt ech awer och soen: Merci fir déi Wierder, déi Der do un d'Regierung an un eis hei gewannt hutt!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Ministèreiwwergräifend gouf déi lescht Méint vill a gutt geschafft. Hei just nach eemol d'Haaptpunkten, déi nach um Gesetzestext geännert goufen. De Prêt à taux réduit. De Klimaprêt à taux réduit ass onofhängeg vum Revenu vum Demandeur. Domat ass de Produit fir vill méi Leit accessibel. A genau dat ass dach d'Stäerkt vun enger Klimabank, dass näämlech eng Offensiv an der Albausanéierung lancéiert gëtt. Dës Form vu Prêt à taux réduit gouf et am Projet de loi vum Här Schank guer net. Et rechent een allerdéngs dermat, dass an Zukunft zwee Drëttel vun den Empfänger vun de Klimaprêten an dës Klass wäerte falen.

E weidere Plus ass, dass elo och d'Gesellschaften, déi Wunnenge fir Wunnzwecker notzen, vum Klimaprêt profitéiere kënnen. Dëst wäert bedeiten, dass och am Locatif méi sanéiert wäert ginn. Et geet also net nëmmen ëm d'Propriétairen, mä och ëm déi Leit, déi lounen. Och si wäerten also an Zukunft vu Renovatioune profitéieren an esou no deene Renovatiounen och vu manner héijen Energiekäschte profitéieren. Och dat ass nennens- a luewenswäert.

Ass elo mat engem Ustuerm u Projeten ze rechnen? Et gëtt geschätzt, dass an enger éischter Phas mat dësem Projet vun der Klimabank ronn 400 Stéit am Joer dovu profitéiere wäerten. Hätte mer de Projet de loi vum Här Schank eent zu eent ëmgesat, wären et der sécherlech manner gewiescht, ebe well do just e Prêt à taux zéro virgesi war a well et ebe méi restriktiv gewiescht wär. Et ass also eng Steigerung vum aktuelle Projet par rapport zum viregte Projet.

Nei ass, dass de Bierger, dee vun engem Prêt à taux zéro profitéiert, eng Prime unique vun 10% geschenkt kritt. Dat sinn also bis zu 5.000 Euro, déi de Stat engem Stot einfach emol direkt schenkt, wann e mat op de Wee geet, fir ze renovéieren an ze sanéieren. Déi Suen hëllefen also direkt deemjéinegen, dee bereet ass, ze renovéieren, an esou aktiv zum Klimaschutz bäidréit.

Ech resüméieren d'Upassung. Éischtens, d'Schafe vum Prêt à taux réduit, deen net u finanziell Konditioune gebonnen ass. Dat heescht, all Mënsch am Land kann dervu profitéieren. Zweetens, de Klimaprêt à taux réduit, deen elo och op ass fir Gesellschaften. Domat erreeche mer, dass och Wunnengen energetesch sanéiert ginn, déi verlount ginn. An domat gëtt och géint den Energieaarmut am Locatif virgaangen. Drëttens, e Prêt à taux zéro, vun deem einfach méi Stéit profitéiere kënnen. A véiertens, e Prêt à taux zéro mat enger Prime unique vun 10%.

Also, ech si frou, dass mer déi doten Upassunge gemaach hunn. Et ware keng verluere Joren. Et waren e puer Méint, an deene ganz gutt geschafft gouf, fir d'Klimabank op stabill Féiss an op eng méi breet Basis ze setzen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Wann ee sech d'Fakten emol ukuckt, da muss ee feststellen: Hei hu mer keen Étiquettëschwindel, Här President. Hei hu mer eng aktiv Klimapolitik. Hei hu mer e Projet, deen iwwer zéng Joer lues a lues gewuess ass, an deen um Enn aus enger Zukunftsvisioun e konkrete politesche Projet gemaach huet, vun deem mer schlussendlech alleguerte profitéieren.

Et ass also genau déi véierfach Win-win-win-win-Situatioun, vun där ech am Ufank geschwat hunn: den eenzelne Bierger, deen an enger renovéierter Wunneng ka liewen an Energiekäschte kann aspueren; d'Lëtzebuerger Betriber, déi mat Sécherheet méi Opträg an och nei Opträg kréien, esou Aarbechtsplaze schafen a voll Optragsbicher wäerten hunn; d'Lëtzebuerger Land, well d'Ekonomie an d'Handwierk ugekuerbelt ginn an esou och Steieren an d'Statskees erakommen, an natierlech well duerch eng besser Klimabilanz Strofgelder kënnen agespuert ginn; a véiertens - an dat misst eis, mengen ech, alleguerte freeën - d'Klima. Lëtzebuerg huet mat dësem Projet e weidere wichtegen Deel zum aktive Klimaschutz bäigedroen. Gebaier gi sanéiert, d'CO_2-Bilanz gëtt verbessert.

Här President, ech kommen zum Schluss. D'Iddi vun der Klimabank gouf 2006 gebuer, 2008 vun der DP lancéiert. 2011 gouf d'Konzept weidergeduecht. Enn 2014 hat d'DP eng Pressekonferenz, fir dem Public dëse System vun der Virfinanzéierung ze erklären. Am Juli 2016 elo huet de Logementsminister Marc Hansen de respektive Gesetzestext deponéiert. Haut gëtt en hei an der Chamber gestëmmt, an dann ass d'Klimabank ab dem 1. Januar 2017 Realitéit. Ech mengen, dëst ass e schéint Beispill, wéi gutt Iddien an der Politik verwierklecht kënne ginn, wann de Wëllen do ass.

(Interruption par M. Michel Wolter)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Halleluja!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Dat ass emol e gudde Sproch, Här Wolter.

(Hilarité)

Sot deen emol nach eng Kéier haart!

Ech sot „eng gutt Iddi". Jo, ech mengen dat och esou, well d'Klimabank derzou bäidroe wäert, d'Potenzial a verschiddene Beräicher fräizesetzen.

Éischtens, an de Kolleeg Max Hahn huet et gesot, an eiser Bausubstanz stécht nach ganz vill Potenzial, wat eis CO_2-Emissiounen ugeet. Duerch energetesch Sanéierungen iwwert d'Klimabank kënne mer eis CO_2-Bilanz verbesseren an esou eisen Deel am Kampf géint de Klimawandel bäidroen.

Zweetens, besonnesch déi Leit, déi an engem Logement wunnen, wat vläicht net esou gutt isoléiert ass, profitéiere vun der Klimabank. Mir hëllefen dëse Leit also speziell, aus der Energieaarmut erauszekommen.

Drëttens, eis Betriber wäerten esou hiren Know-how an dësem Beräich ausbaue kënnen a weider Aarbechtsplaze schafen.

Däitlech méi Gewënner mat der Kreatioun vun der Klimabank also!

Dat gesot, Merci de Kolleege Max Hahn an Henri Kox, Rapporteure vum Projet.

Plusieurs voix.- Aah!

Une voix.- Très bien!

M. Michel Wolter *(CSV).*- Merci der DP.

(Interruptions)

M. Claude Lamberty *(DP).*- Ech widderhuelen dann nach eng Kéier: Den Här Wolter seet och der DP Merci. Ech respektéiere seng Wierder. Ganz grouss.

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- D'Welt wär verluer ouni DP.

M. Claude Lamberty *(DP).*- An ier mer dann awer zum Chrëschtmaart kommen, wollt ech awer am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei natierlech den Accord zu dësem Projet ginn.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Gilles Baum *(DP).*- Bravo! Tipptopp!

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech gesinn, dass mer alleguer frou sinn.

(Hilarité)

An ech wollt nach just soen, dass mer bei der Riednerfolleg hallef richteg an hallef falsch waren. Well mer e gréngen an e bloe Minister hunn, hätte mer zwou Versioune kënnen huelen,...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ...a vu dass et schwéier gewiescht wär, zwëschent deene Versiounen ze entscheeden, hu mer dann eben déi drëtt Versioun geholl, déi dann och nach gewisen huet, dass et nach Gentlemen an dëser Chamber gëtt.

(Brouhaha)

Voilà!

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Zweemol hallef falsch, da sidd Der ganz falsch.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Zweemol en Hallwe gëtt e Ganzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, Dir misst et als Aptikter eigentlech wëssen.

(Hilarité)

Zweemol hallef ass ganz.

(Interruptions)

Sou!

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Et ass zwar eng schéi Stëmmung hei de leschten Dag.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass schéin, dass mer no esou engem laangen Dag awer och nach kënnen e bëssen Humor weisen. A fir dann erëm zum eeschten Deel ze kommen, ginn ech dem Här Kox d'Wuert, fir eis erëm op de Buedem zréckzebréngen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Merci. Also, ech maachen et kuerz. Virdrun als...

(Hilarité)

Et ass alles elo gesot gi virdrun. Ech mengen...

(Hilarité)

Ech konnt virdrun als Rapporteur vun engem Deel vun deem ganz gudde Package...

(Brouhaha)

Här President, ech...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo. Sou! Wann ech gelift, kommt mer...

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Ech konzentréiere mech dann.

Also, als Rapporteur vidru konnt ech net direkt op déi eng oder aner Remarque nach agoen, respektiv och op déi dräi Projeten, déi vu mengem Virriedner elo nach eng Kéier ausféierlech erkläert gi sinn. Ech wollt och net allze vill doriwwer soen. Ech wollt awer nach eng Kéier hei betounen, dass dat heite jo eigentlech net e renge Logementsprojet ass oder e Klimaprojet. Ech mengen, dës Projeten hu ganz vill Facetten, an dat soll een och ëmmer betounen.

Ech wollt haut nach eng Kéier eropkommen, well ech och de Moien um Radio e puer Aussoe gesot hunn. Éier de Kolleeg vun der lénker Sensibilitéit hei Stellung hélt, wollt ech en am Virfeld awer vläicht iwwerzeegen, de Projet dach matzestëmmen.

Fir d'Éischt sinn ech emol frou, an dat éiert dann och mäi Kolleeg Marco Schank, dass en d'CSV da mat an d'Boot geholl huet, fir dëse Projet mat ze ënnerstëtzen. Dat war virun engem Joer beim Klimarapport net esou de Fall. Ech mengen awer, dass et wichteg ass, dass dee Projet hei eng ganz breet Majoritéit kritt.

De Moien hunn ech eng Kritik héiere vun deem Guichet unique, dass dat vläicht ze schwéierfälleg wär. D'Dossiere géifen net séier genuch traitéiert ginn. An ech wollt awer grad do nach eng Kéier eng Lanz briechen, dass dat wierklech dat ass, wat mer alleguerte sichen a brauchen. Mir schwätzen dauernd vu Réforme-administratiiven, mir schwätze vun Zesummenaar-

becht, mir schwätze vu Koordinatiounen, mir schwätze vu Cohérencen. An ech mengen, grad dee Guichet unique ass d'Beispill derfir, dass een déi Cohérence des politiques ka maachen, dass een zesummen e Projet kann ugoen. Et ass net ee Ministère, et sinn e puer Ministèren, déi do an engem Boot sinn. An dofir mäi Plädoyer nach eng Kéier, fir dass dat eng gutt Saach ass.

An ech hunn och de Moien nach eng Kéier um Ministère nogefrot: Wéi ass et dann effektiv mat deene Retarden oder Netretarde vun den Demanden, déi do virleien, sief et bei den erneierbaren Energien, sief et bei de Renovatiounen? A si konnte mer confirméieren, dass haut kee Mount méi muss gewaart ginn, fir eng Behandlung vun deenen Demanden ze maachen.

Dat heescht, et gëtt direkt traitéiert, et sief den Dossier ass net komplett. An dat muss een ëmmer erëm soen an dat mierke jo déijéineg, déi an enger Gemeng täteg sinn. Dat ass och bei der Baugeneemegung. Do seet een ëmmer: „Et schleeft, et schleeft, et schleeft." Mä oft ass den Dossier net komplett.

An dat gëllt natierlech och hei an deenen Demanden, déi ee muss maachen, dass den Dossier komplett ass. An da gëtt e schnellstméiglech traitéiert.

An dofir mengen ech, dass dëse Fall grad vun engem Guichet unique, wou ee sämtlech Informatiounen zesummen huet... An och do nach eng Kéier op de Klimaberoder, deen elo mat am Boot ass, fir deene sur place ze hëllefen, fir se un der Hand ze huelen, mat de Leit, wéi de Marco Schank och virdru gesot huet. Mir mussen d'Leit mat an d'Boot huelen. Mir sinn all an der Responsabilitéit. Et si genuch Gemengemammen a -pappen heibannen, fir am Kader vum Pacte Climat déi néideg Informatiounspoliticken ze maachen, zesumme mat engem Logement, zesumme mat engem Environnement, fir dass mer eben heirauser wierklech, wéi virdru gesot gouf, eng Win-win-win-win-Situatioun - véiermol „Win" - erauskréien.

Ech mengen, d'Obligatiounen, déi mer hu vis-à-vis vun dem Klimaschutz, sinn enorm. Mir wëssen et alleguerten. Dat fir 2020 wäerte mer packen, awer effektiv fir 2030 an doriwwer eraus wäert et net esou einfach ginn, fir dat ze maachen.

An de Logement ass effektiv net nëmmen en CO_2-Problematikequivalent, well et ass jo alles, wat do gerechent gëtt, mä et ass och do, wou mer wëllen hëllefen. Dat ass an der Energieaarmut. An ech mengen, dee Rapport, deen erauskomm ass vun dem Statec iwwert d'Monoparentallen, an esou wieder: Wou ass de meeschte Besoin? Dat ass am Wunnengsbau!

Mä dës Klimabank oder och d'nohaltegt Wunne wäerten deen Dossier net eleng packen. Dofir si mer jo a ville Beräicher am Logement amgaangen, eng Ënnerstëtzung ze ginn. An do si mer all gefuerdert: Dat ass de Stat, fir am soziale Beräich ze investéieren; ech mengen, gëschter beim Budget hu mer dat nach eng Kéier bewisen. An d'Gemenge sinn och alleguerte mat opgeruff ginn, fir do matzehëllefen.

Dat wollt ech nach hei erabréngen, fir ze soen, dass dëst Gesetz wierklech deene wäert hëllefen, déi et brauchen, an zousätzlech en Uschub gëtt, fir méi an der Renovatioun ze maachen. Dofir hoffen ech, dass déi puer Wierder vläicht deen een oder anere Skeptiker nach iwwerzeegt hunn.

Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kox. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wéilt ufänken, fir am Numm vun der ADR deenen zwee Rapporteure villmools Merci ze soe fir all déi Erklärungen, déi se eis ginn hunn. Ech mengen, mir hu ganz vill Positives iwwert dëst Gesetz de Mëtten héieren. Mir sinn och der Meenung, datt dat wichteg a positiv Moossname kënne sinn. An d'ADR wäert déi véier Gesetzer och matstëmmen.

Ech wëll awer soen, datt déi Argumentatiounen, déi hei gefouert gi sinn, heiansdo vläicht ze vill optimistesch sinn. Net alles kann iwwerzeegen. Ech wëll just vläicht am Ufank op e puer Froen agoen an och weider Aspekter herno e bësse méi genau diskutéieren, iwwert déi mer haut de Mëtten nach net geschwat hunn.

Eng éischt Fro ass: Wéi realistesch ass dat, déi minus 15% CO_2 beim Wunnen? Mir hunn dat scho gesot, mä ech soen et nach eng Kéier: Mir hunn eng grouss Croissance hei am Land, ëmmer méi Land kommen an d'Land wunnen. Ass et iwwerhaapt realistesch, déi Ziler ze erreechen? An ass et net esou, datt mat deene minus 15%, wou mer probéieren CO_2-Reduktioune beim Wunnen ze kréien, den Drock op d'Leit ëmmer méi grouss gëtt an och d'Intrusioun vum Stat an d'Privatsphär ëmmer méi grouss gëtt? Well een, deen hei wunnt, ka sech jo net dem staatlechen Drock an där doter Hisiicht entzéien.

Eng zweet Fro ass an dësem Kontext: Kënne mer déi Ausgaben, déi mer hei maachen, urechne loossen? Et ass eis als ADR net egal, a wéi engem Zoustand eisen nationale Budget ass. Mir hunn en Defizit vun enger Milliard d'nächst Joer. Ech weess, et gëtt Leit, déi mengen, dann hätte mer nach méi Sputt. Mir denken dat net. Mir wëllen, datt mer alles, wat mir ausginn als Stat a kënnen international urechne loossen, och urechne loossen, fir keng onnéideg Verloschter do ze hunn a finanzieller Natur.

Vill méi grav ass awer, datt mer eis musse froen, ob wierklech bei deenen, déi Energieprekaritéit hunn, ëm déi et jo hei soll goen, déi Leit, déi net esou vill hunn, ob déi wierklech kënne profitéieren. Ech weess net, ech hunn do déi Rechebeispiller nogelauschtert, an awer stellen ech mer Froen. Huele mer emol eng Famill, déi en Haus keeft, wat un d'Grenzen... Leit, déi net vill hunn, déi dann eppes kafen iergendwou, wou d'Wunnen nach méi bëlleg ass, a si hunn d'Grenze vun hirer Kredittfäegkeet ginn. Dofir kafe se en Haus vun 250.000, 300.000 Euro, wat net an engem gudden Zoustand ass, wat grouss Energieverloschter huet, mä wou se un d'Grenze vun hirer Kredittfäegkeet ginn. An da wëlle se dat vläicht sanéieren.

Huele mer och un, einfach als Rechebeispill, se ginn 200 Euro de Mount aus fir Energiekäschten. An da ka sanéiert ginn. An no der Sanéierung, dann hu se 50% gewonnen an da bezuele se nach 100 Euro. Mä se bezuelen net nëmmen déi 100 Euro Energiekäschten, mä mat deem zënslose Kreditt, dee se da kréien, 50.000 Euro, 5.000 Subventioun, kréie se e Kreditt vu 45.000 Euro, dee se iwwer 180 Méint mussen ofbezuelen. Dat sinn 250 Euro de Mount.

Dat heescht, Leit, déi scho souwisou un der Grenz vun hirer Kredittfäegkeet sinn, hunn dann e Kreditt vun 250 Euro de Mount ofzebezuele plus d'Halschent vun deenen Energiekäschten, déi si virdrun haten. Da si se bei 350 Euro amplaz 200 Euro.

Dat ass awer e Rechebeispill, fir ze weisen, datt déi Äermst oder déi, déi an enger Energieprekaritéit sinn, net onbedéngt heivunner profitéieren, an datt mer dofir déi Iddi vun enger Subventionéierung fir extra déi dote Leit net sollen aus den Ae verléieren an net soen: „Mat der Klimabank hu mer elo déi dote Problemer all geléist." Dat ass sécher net de Fall!

Eng aner Fro ass och: Wa mer elo kucken, no wéi enge Kritären oder wat déi Projete sinn, déi do kënne subventionéiert ginn, dann ass d'Fro och: Ass alles sënnvoll? Ass et sënnvoll Pelletheizungen ze subventionéieren; och no Ëmweltkritäre gesinn? Well mer wëssen, wéi ëmstridden dat och ass. Mir wëssen, datt d'Pellets vill méi Transport verursaache wéi aner Energieformen, wéi zum Beispill de Gas, an datt deenen hir Gesamtëmweltbilanz vläicht guer net esou positiv ass. An awer gi se an dësem Gesetz gefërdert.

Mä wat elo fir eis interessant ass, dat ass, fir hei Froen ze stellen an op d'Geforen opmierksam ze maachen, déi bis elo nach net gestallt gi sinn, well et ass jo hei awer alt erëm eng Kéier och erëm e Versuch vum Stat, fir Mentalitéiten ze beaflossen, fir d'Verhale vun de Leit ze änneren. Et ass also schonn intrusiv. A mir wollten dofir vläicht op e puer Sujeten ze schwätze kommen.

Dat eent ass deen ëmmer penale Charakter vun deene Mesuren, déi geholl ginn. Ech huelen als Beispill den Energiepass. Den Energiepass, do kann ee sech wierklech froen, ob et néideg ass, eng penal Strof virzegesinn, wann ee keen Energiepass huet, an och de Sënn, ob den Energiepass ëmmer sënnvoll ass. Ass et wierklech sënnvoll, datt en Haus, dat muss ofgerappt ginn, nach en Energiepass brauch? Dat steet nach ëmmer am Gesetz, wann ech richteg informéiert sinn, och wann d'Notairen do e bëssen eng aner Praxis schéngen ze huelen. Mä dat schéngt nach ëmmer esou ze sinn. En Haus, wat zwangsversteigert gëtt, brauch een Energiepass.

Ass et de Leit wierklech zouzemudden, déi en Appartement an enger Residenz hunn, datt eng ganz Residenz muss en Energiepass ausstelle loossen, wéinst engem Appartement, wat soll verkaaft oder verlount ginn? Och do musse mer eis d'Fro stellen, ob mer net ze wäit ginn, souwuel an deem penalen Aspekt wéi och an der Sënnhaftegkeet vun deenen Dispositiounen, déi mer hunn.

An deen Zwangscharakter vun der staatlecher Intrusioun am Ëmweltberäich, dee gesi mer och bei anere Saachen. Mir gesinn e bei där Méiglechkeet vu Kontrollen Dag an Nuecht praktesch an Ëmweltgesetzer, wou och keng Proportioun méi ass tëschent deem, wat wierklech erreecht soll ginn duerch e Gesetz, an der Häert vun der Kontroll an der Konsequenz vum staatlechen Agréff an d'Liewe vun de Leit. Mir hunn et gesi bei de Quecksëlwerbieren, fir e ganz einfacht Beispill ze nennen, wou mer och net vergiessen, wéi séier d'Leit do mat Saache konfrontéiert ginn, déi an hir eege Wunneng kommen, déi awer héichgëfteg sinn.

Mir hunn also hei eng Rei Entwécklungen. An ech wëll unhand vun dräi konkrete Beispiller, eent direkt, wat hei an de Gesetzer virgesinn ass oder op dat mer elo ze schwätze koumen, weisen, wéi d'Gesellschaft sech entwéckelt a wou Gefore kënne leien.

Dat Éischt ass de Begréff vun der Suffizienz. Dat ass och eppes, wat am Kontext vun der Energieprekaritéit ëmmer erëm gesot gouf: Mir sollen de Leit vermëttelen, wat duergeet un elektreschen Apparater, wat duergeet un Energieverbrauch. Dat ka sënnvoll si bei Leit, déi Problemer hunn, mat hirem Budget ëmzegoen. Bei Leit, déi wierklech net eens gi mat Suen, kann et natierlech sënnvoll sinn, se ze beroden. Mä och hei ass d'Gefor, datt iergendwéi ni eng Kéier de Stat higeet an de Leit seet: „Ma et geet duer, wann s De eng Televisioun hues, et geet duer wann s De ee Radio hues, an du muss esou an esou liewen", well alles wär net méi responsabel, well et ze vill Energie verbraucht.

Dat gesi mir och an engem Zesummenhang mat deenen intelligente Compteuren, déi elo kommen. Dat kann eng gutt Saach sinn, wann et de Leit hëlleft, Energie ze spueren. Mä maache mer dach d'Aen net zou virun all deene Gefore fir d'Privatsphär, déi och kënnen domadder verbonne sinn! Déi Donnéeën, déi gesammelt ginn, wou mer net wëssen oder net sécher si mat leschter Konsequenz, wéi se sauvéiert ginn, firwat se kënne gebraucht ginn, wou de Stat elo eng Kontroll kann driwwer hunn, wie wéini doheem ass, wat en do mécht. Ass dat harmlos, kombinéiert mat all deenen aneren Efforten, fir de Leit ëmmer méi do eng Liewensweis virzeschreiwen?

Ech wëll emol net op déi Gefore wéi Elektrosmog an esou weider agoen, mä ech mengen, mir hunn hei eng Entwécklung hin zu dem gliesene Bierger. De Stat, deen dann technesch d'Méiglechkeet huet, de Bierger komplett ze duerchliichten, ze kontrolléieren am Ëmweltberäich, och an anere Beräicher vum Liewen. An ëmsou méi grouss muss d'Verantwortung vum Stat sinn, fir déi Gefore selwer ze erkennen a sech selwer Limitten opzeerleeën, fir datt esou Dériven net kënne geschéien.

An Är Iddi vun de Passivhaiser, déi elo obligatoresch sinn, erënnert eis och a méi wéi enger Hisiicht un dat dote Verhale staatlechersäits. Et wier also erëm eng penal Saach, well wien net passiv baut, deen hält sech jo net un de PAP vun enger Gemeng, un de Plan d'aménagement particulier. A wie sech net dorunner hält, dee mécht sech ebe penal stroffälleg.

Also och hei erëm eng Kéier ganz, ganz staark en Agréff vum Stat fir eng Technologie, déi nei ass, fir eng Technologie, déi nach dowéinst net richteg erpréift ass iwwer laang Zäiten, wou mer awer Etüde gesinn hunn aus Kalifornien, déi soen, datt e Passivhaus u sech net manner Energie verbraucht, well sech och d'Verhale vun de Leit op eng Manéier ännert, mat där een net gerechent hat.

Et gëtt sécher positiv Säiten. Wann d'Handwierk elo kann nei Talenter hei entwéckelen, nei Beruffer vläicht entwéckelen, datt méi muss geschafft ginn am Energieberäich, alles dat ka positiv Niewewierkungen hunn, mä loosse mer och hei bei de Passivhaiser net d'Aen zoumaache virun de Problemer! De Schimmel an den Haiser. Wéi ass mat den Isolatiounsmaterialien, déi an der Fassad an op anere Plaze sinn? Wéi ass et mat der Renovatioun vun engem Passivhaus? Dat gëtt vill méi deier, well dat Sondermüll zum Deel ass. Wéi ass et mam Baupräis iwwerhaapt vun engem Passivhaus duerch déi Technologien? Ginn déi net nach méi deier, wéi déi Haiser, déi mer am Ableck bauen? A maache mer et dofir net nach méi Leit onméiglech, hei am Land Wunnraum kënnen ze kafen, Haiser kënnen ze bauen, ganz einfach well déi nei Virschréften, déi nei Technologien d'Bauen nach vill méi deier maachen?

Alles dat si Froen, déi mer eis stellen, wou mer eigentlech ëmmer erëm opmierksam maachen op déi Spannungsfelder, déi mer hei entwéckelen tëschent dem Besoin fir den Ëmweltschutz oder den Atmosphäreschutz oder de Klimaschutz op där enger Säit an dem Recht vun de Leit op Privatsphär an awer och dem Recht vun de Leit op wunnbar an op bezuelbart Wunnen hei am Land wa méiglech.

Mir hunn och festgestallt, datt an deene Gesetzer, wéi se eis elo haut presentéiert gi sinn, u sech d'Betriber net incitéiert ginn oder net gehollef kréien, fir hir Energierenovatioun ze maachen, ausser elo eng Gesellschaft, déi an der Locatioun, am Wunnraum ass. Mä et ass jo och wichteg, datt eis industriell Landschaft, eis Kleng- a Mëttelentreprisen och finanziell gehollef kréien. An do ass d'Fro: Wat mécht d'Regierung speziell an deem Beräich, fir och eis Betriber ze entwéckelen a fir hinnen do an deem Beräich ze hëllefen?

Ass d'Zäit ofgelaf?

Da wollt ech zum Schluss kommen. Merci, Här President. An iwwert de LENOZ... Gutt, mir denken och, dat muss alles fräiwëlleg sinn. Dat gesot, wëll ech also hei als Konklusioun soen, datt mer eis deene Geforen an deene Froe ganz bewosst sinn, déi mer an deem dote Beräich vun der Gesellschaftsentwécklung hunn. Mä déi véier Gesetzer, déi mer haut virleien hunn, déi wäert d'ADR matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. An den nächste Riedner ass den David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Lëtzebuerg steet bei der Reduktioun vun den Zäregase viru groussen Erausfuerderungen. Eisen Ausstouss muss äusserst rapid erofgoen. Mir sinn engersäits mënschlech dozou verflicht, well eisen Ausstouss pro Kapp ee vun den héchsten op der Welt ass a fir vill Mënschen haut schonn eng Gefor bedeit, well e mathëlleft, d'Liewensgrondlagen a ganze Regiounen a besonnesch am globale Süden och ze zerstéieren. Mir sinn awer och rechtlech u sech schonn op internationalem Plang verflicht, well mer den Accord vu Paräis ratifizéiert hunn a vun der EU verbindlech Ziler beim Klimaschutz gesat kréien.

De Gesetzespak, dee mir elo hei diskutéieren, dee soll an éischter Linn eben déi Effikassitéit an déi Aspuerunge beim Energieverbrauch vun de Wunnenge betreffen. Den Ausstouss, deen duerch de Verbrauch vun Energie an den Haiser an an den Appartementer entsteet, stellt och en net ze négligéierenden Undeel vum Gesamtausstouss duer. Et ass also wichteg, Instrumenter ze entwéckelen, fir dat wierklech wierksam kënnen unzegoen.

Wann ee mat Hëllef vun der energetescher Sanéierung Klimaschutzpolitik wëllt maachen, esou wéi et jo och am Exposé zumindest emol ugedeit ass, da muss een awer och definéieren, wéi ee Bäitrag se leeschte soll a kann. Wat sinn d'Ziler vun der Regierung? Wéi een Impakt gëtt uviséiert? Wivill Wunnenge solle pro Joer energetesch sanéiert ginn? Ouni kloer Zilsetzunge weess een net, wat een iwwerhaapt erreeche wëllt. Doduerch kann een och ni kloer gesinn, ob en Instrumentarium Erfolleg hat oder net a wéi een duerno och noajustéiere muss. Mä do huet jo och den Här Schank dozou eng Motioun déposéiert, déi vläicht an déi Richtung geet.

Dat deit fir eis op alle Fall emol drop hin, datt dëse Projet keng grouss Prioritéit huet an och net vill Wierkung wäert hunn an dass d'Regierung dat eigentlech u sech och scho weess.

Här President, déi Gesetzer an dësem Pak, déi véier Gesetzer, déi ëmmer als Klimabank souwisou genannt ginn... Mir si ganz wäit ewech vun enger Bank d'ailleurs. Et huet zwar mat Banken ze dinn.

Une voix.- Allerdéngs!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Et huet mat Banken ze dinn. An déi gewannen och drun; dat däerf een net vergiessen. Mä ça n'a rien à voir mat enger Bank. Déi solle grosso modo déi heiten Zwecker erfëllen. D'Aidë beim Neibau vu Wunnengen a fir d'energetesch Sanéierung a fir d'Installatioun vun erneierbaren Energië ginn an engem Gesetz festgehalen, ouni gréisser Neierungen awer par rapport zum ale Reglement. Eng nei, méi ëmfaassend a méi sënnvoll Zertifizéierung fir d'Qualitéit vun de Logementer gëtt agefouert, an all d'Hëllefen am Beräich Logement, also och déi, déi d'Energie uginn, kënnen zukünfteg an engem Guichet unique ugefrot an traitéiert ginn.

Här President, ech mengen och, datt den Här Kox mech ugeschwat hat, oder wahrscheinlech. Ech ginn dovunner aus, well ech gëschter en Interview ginn hat. Mir hu jo och en... Et war hei um véier Auer. Matzen an de Budgetsdebatten hunn ech schnell eppes gesot, awer...

(Interruption)

Esou ass dat. Mä mir hunn eis falsch verstanen. Ech misst mech eng Kéier erëm nohéieren. Mir si bei Wäitem net géint de Prinzip vum Guichet unique. Dat hunn ech, mengen ech, awer och souguer kloer gesot. An dat wäerte mer jo och matstëmmen, maacht Iech do keng Suergen! Also, dat mécht wierklech Sënn an eisen Aen. Mir sinn d'autant plus mam Prinzip vum Guichet unique averstanen. Dat, wat mir kritiséieren, ass de Pensum un Aarbecht an u sech d'Opstockung.

(Interruption)

Jo, ech gleewen dorunner, datt déi Leit prett sinn - dat ass net de Problem - a kompetent sinn. Mä souwäit ee versteet, kënnt eng Persoun bäi. Ob dat wierklech wäert duergoen, dat ass awer higestallt. Mir sinn net déi eenzeg, déi dat soen d'ailleurs och. Also, de Mouvement écologique seet dat och. Mä wann een natierlech dovun ausgeet, datt een eng relativ kleng Unzuel u sech vu Renovatiounen upeilt, da versteet een, datt ee vläicht net ganz ambitiéis ass op deem Niveau. Mä ech wollt awer ënnersträichen, datt mer de Prinzip vum Guichet unique selbstverständlech - selbstverständlech! - ënnerstëtzen.

Am Exposé des motifs och zum Gesetz iwwert d'Aiden steet kloer dran, dass déi energetesch Sanéierung zu Lëtzebuerg bis elo wéineg Erfolleg hat an hannert den Erwaardungen zréckbliwwen ass. Am Saz drënner steet awer dann direkt, dass awer näischt Grondleeëndes geännert gëtt. Jo, wann eppes näischt ginn ass, da misst ee sech awer vläicht d'Fro stellen, firwat een net versicht, grondleeënd eppes ze veränneren. Dofir verwonnert et dann och net weider, wann an der Fiche financière justement och déi Opstockung vun deem Guichet unique just mat enger Persoun virgesinn ass, wéi ech dat virdru gesot hunn.

Här President, hei soll dann och nach eng nei Méiglechkeet fir Stéit, e Klimakreditt mat 0% oder mat engem Taux réduit opzehuelen, Ofhëllef schafen. Dat ass u sech de Kär och e bësse vun dëser Reform. E Stot, deen also an Zukunft wéilt eng energetesch Sanéierung maachen, ka bei eng Privatbank goen a Suen dofir léinen, an de Stat iwwerhëlt d'Zënse ganz oder deelweis. Bei engem Kreditt mat 0% Zënse bis 50.000 Euro garantéiert de Stat dann och de Prêt.

Wéi kann ee sech dat dann elo awer an der Praxis virstellen? Dann huet een eng Famill mat zwee Kanner, déi wëllt hir Energiekäschten drécken, iwwerleet sech dann och, wéi se sech dat leeschte kann. An da lieft se no un der Aarmutsgrenz. Se huet der leschter Statec-Etüd no also e verfüügbart Akommes pro Mount vu knapp 4.000 Euro. Si hat Chance natierlech, well se en Haus geierft huet. Well wie ka sech schonn zu Lëtzebuerg mat 4.000 Euro de Mount en Haus kafen? Also, wat fir eng Méiglechkeet huet déi Famill? Si kënnt a Fro fir de Klimakreditt bis 50.000 Euro mat 0% Zënsen, well dee kann eng Famill mat zwee Kanner bis e Revenu mensuel vun ongeféier 4.500 Euro kréien.

Wa se elo awer eng anstänneg Sanéierung plange wëllt, duerfir ginn - an dat wësse mer - 50.000 Euro bei Wäitem net duer, da rëtscht se awer an de Prêt mam Taux réduit eran. Se muss also Zënse bezuelen, an de Prêt ass och net méi vum Stat assuréiert.

Mä wien erwaart sech da konkret vun esou enger Famill, datt si sech verschëlt, vläicht zousätzlech, fir eng energetesch Sanéierung ze finanzéieren? Et muss ee souwisou scho motivéiert sinn; dat ass net onbedéngt jiddwereen, dat ass en anere Problem. Mä et muss een och dee Risiko agoen. Well ech mengen och, déi Famill kuckt dann éischter, fir um Enn vum Mount iwwert d'Ronnen ze kommen a wëllt och net weider Mensualitéiten op engem Prêt rembourséieren, mat oder ouni Zënsen d'ailleurs. A se ka sech wahrscheinlech iwwerleeën, fir mat deene Suen eppes aneres ze maachen natierlech. Besonnesch och net, wann net kloer ass, datt d'Mensualitéit net méi grouss ass wéi schlussendlech d'Energiekäschten, déi pro Mount duerch d'Sanéierung agespuert ginn.

Mir mengen also, dass dat Gesetz hei ganz wäit vun der Realitéit vun deenen allermeeschte Stéit ewech ass. Wann déi Famill och nach Locataire wier an net Propriétaire, da wier se nach méi domm drun. De Klimakreditt mat 0% ass net applikabel fir verlounte Wunnengen. A generell hunn d'Bailleuren éischter manner Interessi, fir eng Wunneng ze sanéieren, an där se selwer net wunnen an an där si déi héich Energiekäschten net bezuele mussen.

Mir sinn der Meenung, dass ee vun de meeschte Leit net erwaarden an och net verlaange kann, dass si sech verschëlden, fir hiert Haus ze sanéieren. Esou funktionéiert dat an der Praxis einfach net oder et trëfft nëmmen eng Minoritéit vu Leit, déi äusserst bewosst sinn. Mä do stellt ee sech d'Fro, ob dat weiderhin effikass ass.

An do muss ee sech iwwerhaapt d'Fro stellen: Firwat huet et an deene leschte Jore mat der energetescher Sanéierung souwisou net esou geklappt, obwuel et awer schonn Aidë goufe fir Aarbechten? Mä well d'Stéit keng Schold kënnen a wëllen ophuelen, fir dat ze maachen, scho guer net, wa se finanziell net besonnesch gutt dostinn an och ekonomesch keng Sécherheet hunn, well se zum Beispill vläicht en CDD hunn. Well do si mer erëm natierlech bei engem Prêt.

Iwwerhaapt gesi mer dës Approche, déi doranner besteet, sech erëm op de Marché ze verloossen an de Banke schlussendlech e gutt Geschäft ze erméiglechen, ganz kritesch. Well d'Banke verzichten net op hir Zënsen. De Stat bezilt se an domadder och schlussendlech d'Salariéen an d'Locataren an esou weider. Déi ëffentlech Gelder wieren an eisen Ae besser direkt an Transitiounsprojeten investéiert, anstatt datt se an d'Bilane vun de Banken erafléissen.

Zum Ofschloss, Här President: Mir gesinn den Invest an d'energetesch Sanéierung vum Wunnengspark an och an den Ausbau vun den erneierbaren Energien als eng grouss Chance, net nëmme fir de Klimaschutz, mä och fir verschidden Ongläichheeten ofzebauen, a fir déi sozial an ekologesch Transformatioun vun eiser Wirtschaft mat der Schafung vun Aarbechtsplazen an engem Secteur, an deem vill Handwierksbetriber aktiv sinn. Mir sinn awer der Meenung, datt esou Investitiounen nëmme mat ëffentleche Mëttelen déi fortschrëttlech Wierkung op d'Gesellschaft kënnen hunn, och well nëmmen ëffentlech Finanzéierungsmodeller, déi net bei all Operatioun de Profitt als iewescht Zil hunn, sozial Akzenter erméiglechen.

Mir hu jo och schonn als déi Lénk virun engem Joer - ech hunn dat kuerz gëschter nach ugeschwat - eng Schafung vun enger nationaler Wunnengsbaugesellschaft virgeschloen, déi ëffentlech Locatiounswunnenge kéint bauen. Mir haten och als Finanzéierungsquell de Pensiounsfong virgesinn, dee jo souwisou schonn Immobiliekreditter vergëtt. A bei der energetescher Sanéierung kéint ee sech dat och äänlech virstellen. Do kéint ee sech och e Mix virstelle vu Finanzementer iwwert d'Banque d'investissement européenne, déi och souwisou schonn esou Kreditter mécht, an anerersäits ëffentleche Gelder an eben och dem Pensiounsfong.

Et gëtt och Modeller, an net wäit ewech souguer vun der Groussregioun, an der Région Picardie, mengen ech, a Frankräich, wou dat och iwwert, et ass net genau dee Modell do, mä iwwert d'ëffentlech Hand leeft an net iwwert déi Subventioune vu Prêten a vun Tauxe bei Banken.

Dofir wäerte mer also net hallef, mä zu dräi Véierels u sech mat Jo stëmmen, an ee Projet de loi wäerte mer net unhuelen. Dat ass de 7055, dee justement iwwert de Régime d'aides. Deenen anere gi mer awer trotzdeem eis Zoustëmmung, och alles dat, wat de Guichet unique betrëfft.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Bleift nach eng Sekonn hei! Ech mengen, den Här Rapporteur wëllt Iech eppes mat op de Wee ginn.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Yes.

M. Max Hahn *(DP), rapporteur.*- Jo, vläicht souguer zwou Saachen, an der Hoffnung, dann awer vläicht dem Här Wagner seng Partei ze iwwerzeegen, och nach dee véierte Projet hei ze stëmmen, well et wier jo da flott, wa mer hei Konsens bei deene véier Projete géife kréien.

Zum engen huet den Här Wagner a sengem Communiqué, dee se gëschter als Partei erausginn hunn - en huet dat awer haut och um Riednerpult gemaach -, eigentlech bemängelt, dass een net konkret vun Zuele géif ausgoen, wivill Zuelen dann d'Regierung hei mat deem heite Gesetzestext - ech schwätze ganz kloer vun de Klimaprêten - géif cibléieren.

An dat ass wierklech kee Virworf un Iech, Här Wagner! Verstitt mech net falsch! Mä wann ee sech d'Fiche financière vun deem heite Gesetz ukuckt, da stellt ee fest, dass mer vu 400 Dossiere wäerten ausgoen.

(Interruption)

Une voix.- Ass dat eng Fro?

M. Max Hahn *(DP), rapporteur.*- Et ass souguer esou opgedeelt, dass een Drëttel dovun à taux...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass de Rapporteur, deen eng Prezisioun gëtt.

M. Max Hahn *(DP), rapporteur.*- Merci. Et ass souguer esou, dass een Drëttel…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Wolter hat komplett recht.

(Interruption)

M. Max Hahn *(DP), rapporteur.*- Et ass souguer esou, dass een Drëttel dovun à taux zéro wäert sinn - also 133 Dossieren -, an 277 wäerten à taux réduit sinn. Dat vläicht als just Bemierkung. Wéi gesot, dat ass Iech vläicht entgaangen.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Ech hunn dat awer mentionnéiert, pardon, entschëllegt. Also déi 400 hat ech mentionnéiert, jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, wann Der wëllt weider diskutéieren...

(Hilarité générale)

M. Max Hahn *(DP), rapporteur.*- Mä, wéi gesot, d'Zil...

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Dir kënnt heemgoen. Also, den Här Hahn an ech ginn eens.

(Interruption)

M. Max Hahn *(DP), rapporteur.*- D'Zil ass et jo, fir den Här Wagner och nach iwwerzeegt ze kréien. Als Rapporteur, denken ech, ass dat eng vu mengen Aufgaben.

Da wëll ech nach op eppes opmierksam maachen, wat mech dach awer iwwerrascht huet, wann den Här Wagner dervu schwätzt, dass hei eigentlech net vill Leit cibléiert wieren. Ech wëll em zum enge soen: D'Leit sinn eigentlech all cibléiert heivun, wéi gesot, well mer zum engen en Taux réduit (veuillez lire: en Taux zéro) hunn, wou mer awer fir eng eenzel Persoun vun engem Revenu imposable schwätze vun 3.400 Euro - Revenu imposable! - de Mount, respektiv fir d'Famill. Well Dir dat Beispill gesot hutt mat den zwee Kanner, do schwätze mer vun engem Montant vu 4.500 Euro Revenu imposable de Mount.

An da wëll ech Iech soen, wann Dir sot, do wier et Stop, da géif ech soen, dann hätt Der mat Ärer Kritik recht. Mä et ass jo esou, dass mer eigentlech en zweete Prêt agefouert hunn, an zwar deen à taux réduit, wou een den aktuellen Zënssaz minus 1,5% hëlt, an dann, bei deenen aktuellen Zënssätz, déi mer haut kennen, leie mer och bei 0%. An dat ass komplett onofhängeg vum Akommes.

Dat vläicht just nach als zousätzlech Bemierkung. Ech weess net, ob ech Iech beweegt kréien, dann awer vläicht eng kleng Marche arrière ze maachen. Mä, wéi gesot, ech wollt et op d'mannst probéiert hunn.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Allez, Här Wagner! Hëpp! Allez!

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Huet de Rapporteur Iech iwwerzeegt?

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Also, wann en d'nächst Joer vläicht dat Gesetz mat enger Proposition de loi ännert, da kann en erëm eng Kéier versichen, mech ze iwwerzeegen, mä...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat wäert Der um Enn vun Ärer Riedezäit. An deen nächste Riedner ass den Yves Cruchten.

(Interruptions et hilarité)

Vu wiem ass dee gros Soupir do komm?

M. Yves Cruchten *(LSAP).*- Ech si kengem béis, Här President.

(Hilarité)

Et ass ganz ondankbar, fir hei als Leschten ze schwätzen, well jiddwereen ëmmer dovunner ausgeet: Wann den David Wagner bis fäerdeg ass, dann ass et geschwënn eriwwer.

Une voix.- Maja!

M. Yves Cruchten *(LSAP).*- Leider ass d'Reglement esou, wéi et ass. Mä bon, mir kënnen eis jo alleguerten domadder tréischten, dass mer déi véier Gesetzer beieneen huelen. Dat erspuert eis wéinstens, dass véier Leit vun all Partei am Ganzen dozou geschwat hätten. Ech verspriechen Iech och, dass ech probéieren, et esou kuerz ze maache wéi méiglech. Et ass natierlech als siwente Riedner quasi onméiglech, net Saachen ze widderhuelen.

Bei verschiddene Saachen ass et vläicht awer och souguer gutt, wann ee se widderhëlt, wa se wichteg sinn. Zum Beispill huet meng Kolleegin, d'Taina Bofferding, virdru kloergemaach, dass et sech bei dësem Gesetzespak net direkt ëm sozial Mesuren handelt an et och net virrangeg drëms geet, de Bestand vun de Wunnengen drastesch an d'Luucht ze schrauwen. Allerdéngs sollte mer net vergiessen, dass vill vun de méi schlecht gestallte Ménagen net nëmmen deier an op klengem Raum wunnen, mä leider allze dacks och a qualitativ schlechten, jo heiansdo souguer ongesonde Wunnenge liewe mussen.

D'Sanéiere vun de Wunnengen duerf deemno net just eppes fir déi Räich sinn, déi sech et leeschte kënnen. Dofir ass et wichteg ze ënnersträichen, dass sech dës nei Gesetzer och un d'Propriétairë riichten, déi hir Wunnenge weider verlounen, an deenen et vläicht bis elo net esou wichteg war, wéi hir Locatairë wunnen.

Am Kader vum Paquet Klimabank an dem nohaltege Wunne ginn déi finanziell Hëllefen ugepasst, déi am Moment ënnert dem Numm PRIMe House bekannt sinn. Et gëtt am Projet de loi 7046 zwou wichteg Ännerungen, déi hoffentlech derzou féieren, dass méi staark wéi bis elo op dës Hëllefen zréckgegraff gëtt.

Éischtens gëtt gekläert, wéi dës Hëllefe bei Copropriétairen opgedeelt ginn, an zweetens wäerten an Zukunft och d'Personnes morales dovu profitéieren. Dës finanziell Ënnerstëtzung ass deemno gréisstendeels net nei, mä et ass awer derwäert, dass ee vun Zäit zu Zäit iwwerpréift, ob se an där Form nach Sënn mécht oder net a muss iwwerschafft ginn.

Als LSAP si mir der Meenung, dass dës Hëllefe Sënn maachen. Wa mer zu Lëtzebuerg wëllen eis Ofhängegkeet vu fossiller Energie a vum Import vun Energie reduzéieren, da musse mer insgesamt eis Energieeffizienz verbesseren a selwer méi erneierbar Energie produzéieren. All d'Etüden, déi mer iwwert déi lescht Jore gemaach hunn, weisen eis, dass de Logement ee vun deene Beräicher ass, wou mer e grousst Verbesserungspotenzial hunn.

D'Rifkin-Etüd gräift dat nach emol op. Mä dat bekräftegt am Fong just, wat mer schonn zanter enger Rei Jore wëssen an och schonn hei an der Chamber méi wéi eng Kéier gesot hunn. Dofir hu mer jo schrëttweis d'Norme fir nei Haiser méi streng gemaach. Et gëtt awer och Grenze beim deem, wat de Stat de Leit zoumudde kann. Wann een nei baut no den aktuell beschtméiglechen Energiestandarden an et wëllt een och nach méiglechst energiefrëndlech bauen an ëmweltfrëndlech bauen, dann huet dat säi Präis. An dat an enger Situatioun, wou e ganz groussen Deel vun de Leit grouss Schwieregkeeten huet, iwwerhaapt un eng Wunneng ze kommen.

Bei der Albausanéierung ass de Problem ganz äänlech. Mir hunn e grousse Bestand un Haiser, déi vun der Isolatioun hier alles anescht si wéi gutt. Si gi meeschtens kaaft vu Leit, déi sech en Albau esou just leeschte kënnen a keng Sue méi Rescht hu fir e konsequenten Assainissement énergétique oder och nach eng Fotovoltaikanlag. Als Stat hu mir awer en Interessi dorun, de Bestand vun eisen Haiser no an no op en Niveau ze bréngen, deen och méi laangfristeg gutt ass. Iwwert déi nächst Jorzéngte gekuckt, wäerten d'Energiepräisser mat grousser Wahrscheinlechkeet zolidd an d'Luucht goen. An déi Haiser, déi mer haut bauen a renovéieren, wäerten dann zu engem gudden Deel nach ëmmer stoen.

De Stat versicht, mat esou Mesurë wéi deene Projeten, déi mer haut stëmmen, Privatleit eng Stäip ze ginn, fir Investitiounen ze maachen, déi éischter laangfristeg e positiven Effet wäerten hunn, souwuel op d'Klima wéi och op de Portmonni.

Ech begréissen d'Verbesserunge vun de Bäihëllefen, déi mer elo maachen. Fir datt dës Bäihëllefen hiren Zweck erfëllen, ass et extrem wichteg, dass d'Ëmsetzung an der Praxis och gutt fonctionnéiert. Dofir ass de Projet de loi 7053 iwwer eng nei Form vun Zertifizéierung e wichtege Complément. Et geet ënner anerem dorëms, wärend dem Bau e besseren Iwwerbléck ze behalen, wéi sech eenzel baulesch Moossnamen op d'Energieeffizienz auswierken.

D'LSAP fënnt et an deem Kontext ganz gutt, datt vum 1. Januar un elo och Wäert geluecht gëtt op d'Energiebilanz vum Material, wat um Bau verschafft gëtt. Dat ass och e wichtegen Aspekt vum nohaltege Bauen. Vill ze laang gouf eleng op den Energieverbrauch vum Haus gekuckt, ouni Rücksicht ze huelen op d'Material. D'LENOZ-Zertifizéierung erméiglecht eis, Erfahrungen ze sammelen a spéider eventuell dës Zertifizéierung unzepassen. Et gëllt jo hei, en Équiliber ze fannen téscht op där enger Säit dem Opwand an de Käschten, deen esou eng Zertifizéierung mat sech bréngt, an op där anerer Säit deem tatsächlechen Notzen.

Et bleift ofzewaarden, wéi gutt sech dat Instrument an der Praxis uwenne léisst an ob et déi erwaarte Plus-value bréngt. Méiglecherweis ergi sech dobäi och nei Erkenntnisser, wéi mer besser garantéiere kënnen, dass am Resultat déi gewënschten Effizienz och wierklech erreecht gëtt.

Et ass awer weiderhi keen zouverlässege Kontrollmechanismus virgesinn, fir ze iwwerpréiwen, ob beim Oflaf vum Bau all technesch Detailer wéi zum Beispill d'Vermeide vu Kältebré-

cken uerdentlech ausgefouert goufen. Do beschränkt sech de Stat weiderhin op den Dossier „As Built", deen ee fir d'Subside muss zesummestellen. Dësen Dossier garantéiert awer a kenger Weis d'Qualitéit vun der Exekutioun um Schantjen.

Une voix.- Très bien!

M. Yves Cruchten *(LSAP)*.- Och wann zum Beispill all d'Materialien den Donnéeë vum Energiepass entspriechen, kann eng falsch Mise en œuvre déi gesamt Efforten op de Koup geheien an dem Bauhär seriöe Schued bereeden.

En Haus bauen, ass ëmmer erëm eng Prototyp-Aarbecht. Do ass d'Kontroll um Schantjen immens wichteg, well et si schliisslech Mënschen a keng Roboter, déi eis d'Haiser bauen. E Feeler ass do séier geschitt, a leider huet deen haut vill méi Konsequenze wéi nach viru 15 Joer. Wann net no de Règles de l'art gebaut gëtt, dann huet natierlech de Bauhär dee gréisste Schued. Mä och de Stat gëtt geschruppt, well e vläicht Subsiden ausbezilt, déi net geschëlt sinn. Zulescht ginn och eis Klimaziler, déi mer eis gesat hunn, net erreecht.

Net vergiesse sollt een och, dass eng falsch oder schlecht Isoléierung an eenzelne Fäll och kann en Impakt op d'Gesondheet hu vun deene Mënschen, déi an deenen Haiser liewen. D'Kontroll ass dofir ëmsou méi wichteg.

Ech wëll domat net den Entreprisen ënnerstellen, dass si generell hir Aarbecht net gutt géife maachen. Grad de Contraire ass de Fall! Et gëtt awer och am Bausecteur wéi iwwerall soss och schwaarz Schof, déi all deenen aneren deloyal Konkurrenz maachen, well se mat onqualifizéierte Leit an ouni déi néideg Suergfalt schaffen.

E bessere Konsumenteschutz ass an dësem Beräich souwuel am Interessi vun deene ville Betriber, déi an d'Formatioun vun hire Leit investéieren an eng qualitativ héichwäerteg Aarbecht ubidden, wéi och am Sënn vum Bauhär, deen ee Recht drop huet, eng fair Leeschtung ze kréien, fir déi Suen, déi en investéiert huet.

Wann de Stat d'Qualitéitsstandarden, déi e selwer setzt, net konsequent iwwerwaacht, da riskéiert et ze goen, wéi bei der... Elo kréien ech schonn dem Taina seng Kränkt.

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat ass en Zeechen.

M. Yves Cruchten *(LSAP)*.- Dat ass en Zeechen. Et ass dréchen heibannen.

(Brouhaha)

Wann de Stat d'Qualitéitsstandarden, déi ee selwer setzt, net konsequent iwwerwaacht, da riskéiert et ze goe wéi bei der Automobilindustrie, wou mer zanter Jore vermeintlech emissiounsaarm Auto subsidiéieren, nëmme fir herno festzestellen, dass d'Constructeuren et duerch Manipulatiounen an Tricksereie fäerdegbruecht hunn, d'Emissioune virun allem um Pabeier ze drécken. Der Ëmwelt an de Clienten ass domadder keen Déngscht geleescht.

Et ass kloer, dass dee Problem net esou einfach ze léisen ass. Kontrolle verlaangen e grousst Fachwëssen an alle Beräicher vum Bau. Et muss een och déi néideg Zäit a Präsenz um Schantjen opbréngen, fir esou eppes ze kontrolléieren. An dat verursaacht natierlech erëm Käschten, déi mer als Stat net onnéideg wëllen an d'Luucht dreiwen.

Duerch eng besser Kontroll, duerch déi Feeler vermidde ginn, kann een allerdéngs och Sue spueren. D'Erfahrunge mat der LENOZ-Zertifizéierung kënnen eis vläicht eng Indikatioun ginn, ob et sënnvoll wier, méi eng systematesch Kontroll wärend der Bauzäit virzegesinn. Dës Kontroll dem Stat oder de Gemengen ze iwwerloossen, ass absolutt net virstellbar. D'Implantatioun, d'Mitoyennetéit, d'Alignementer an de Gabarit solle weider vum Gemengenarchitekt respektiv dem Service technique iwwerpréift ginn, mä hinnen och nach d'Kontroll vum Bau u sech opzeerleeën, ass einfach onméiglech.

Une voix.- Très bien!

M. Yves Cruchten *(LSAP)*.- Et gëtt awer aner Méiglechkeeten. An der Belsch zum Beispill iwwerwaacht den Architekt dee ganze Bau. Dat ass hei zu Lëtzebuerg net virgesinn. Dem Architekt seng Missioun ass bei eis obligatoresch bis d'Baugeneemegung. Duerno ass de Constructeur eleng gelooss. Et soll een awer emol driwwer nodenken, ob dee belsche Modell net och eng Pist wier, fir d'Qualitéit bei eis um Bau ze garantéieren.

De Stat huet e grondsätzlechen Interessi dorunner, dass eis Subsiden, déi et gëtt, net ouni reellen Impakt bleiwen. An et misst am Fong och méiglech sinn, e Subsid zréckzefroen, wann duerch eng schlecht Emsetzung um Bau Effizienzziler net erreecht kënne ginn. Allerdéngs wär dat onfair vis-à-vis vum Bauhär, dee jo selwer dee gréisste Schued huet. Hei misst een driwwer nodenken, ob een net Weeër fënnt, de Bauhär besser ofzesécheren an him et méi einfach ze maachen, eventuell indemniséiert ze ginn.

Et geet mer awer net nëmmen drëms, dass d'Baufirmen, déi net korrekt schaffen, fir dëse Schued mussen opkommen. Ee systematesche Realitéitstest mécht et eis als Politiker vläicht och bewosst, wa mer bei där enger oder anerer Bestëmmung einfach ze vill verlaangen an eis Normen net mat der Realitéit um Terrain iwwereneestëmmen.

Dat bréngt mech zu mengem leschte Punkt, dee mer awer och wichteg schéngt. Et geet hei ëm d'Planungssécherheet an déi administrativ Vereinfachung vun de Prozeduren. Et muss een derfir suergen, datt eis Kritären an Normen net dauernd änneren. Dat ass fir de Bausecteur e grousse Problem, well si sech permanent mussen un déi Saachen upasse mat Schulungen an zousätzlechen administrative Paperassen. Dat kann op Käschte vun der Qualitéit um Bau goen. Mir mussen en Équiliber fannen tëschent enger positiver Evolutioun, wou mer nei technesch Méiglechkeete systematesch notzen, an deem zousätzlechen Opwand an de Käschten, déi doduerch entstinn.

Haiser sollen och an Zukunft net un éischter Stell Energiekraaftwierker sinn, mä virun allem Wunnraum, deen de Bedürfnisser vun de Leit entsprécht. Wunnraum, wou se sech wuelfillen, an dee se sech nach iergendwéi leeschte kënnen, ouni dofir mussen zwee Drëttel vun hirem Akommes auszeginn.

Dëst sinn déi puer Iwwerleeungen, déi ech mat Iech wollt deelen, a gi selbstverständlech den Accord vu menger Partei zu deene véier Projeten.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Cruchen. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An ech ginn dervun aus, dass de Wunnengsbauminister, den Här Marc Hansen, als Éischte schwätzt, well e schonn ënnerwee ass. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Prises de position du Gouvernement

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll als Éischt den zwee Rapporteure Merci soe fir hiren exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. An da wëll ech awer och begréissen, dass mer haut e ganze Koup u Projeten hei zesumme wäerte praktesch stëmmen an dass et e grousse Konsens gëtt an deem heiten Haus, fir déi véier Projeten hei ze ënnerstëtzen.

Wat näämlech wichteg ass an där heiter Saach, dat ass, fir nach eng Kéier op d'Haaptpunkten hinzeweisen. An ech wäert mech do natierlech kuerzhalen, mä et stoung am Regierungsprogramm am Dezember 2013, dass et eng vun de Prioritéite wär, fir den Assainissement vun de bestehende Gebaier ze maachen, fir eben allgemeng d'Consommatioun vun der Energie ze verréngeren an awer och de Risque vun Energieaarmut vun de méi fragille Ménagen duerch ëmmer méi héich Heizkäschten ze évitéieren.

Ech mengen, dat stoung an deem heite Regierungsaccord an et ass awer op dëser Plaz och schonn de Mëtteg vun dem Marco Schank hei ënnerstrach ginn, dass et och schonn Impulser gouf an der Zäit virdrun, wat ech och op dëser Plaz natierlech esou ka confirméieren. Et si Punkten, déi dee Moment och schonn thematiséiert gi waren. Déi sinn ausgebaut ginn. Dat hate mer an deene verschiddenen Historiquen. Haut de Mëtteg hu mer dat héieren. An dat ass och ganz richteg.

An och do brécht mir keen Zack aus der Kroun, souwéi dem Marco Schank och keen Zack aus der Kroun brécht, fir ze soen, dass et do Impulser gouf, wou mir natierlech och awer Erweideerunge gemaach hunn. An dat huet jo och de Marco Schank an déi verschidde Riedner vun deenen anere Fraktiounen op dëser Plaz ënnerstrach.

Déi sinn awer och net onwichteg, mengen ech, op där heiter Plaz. Dat gouf natierlech och schonn ënnerstrach. Et geet drëm, fir jo och haaptsächlech de Prêt à taux réduit ganz nei bäizesetzen. Dat ass ee vun de wichtege Punkten, déi een awer och soll ënnerstäiche bei der Klimabank, fir dee Moment d'Zuel vun deene Leit, déi dovunner kënne profitéieren, méi breet ze maachen an dat Ganzt och auszeweiden op d'Personne-morallen, fir natierlech d'Haaptzil ze erreechen, dass et en Assainissement vun de Gebaier gëtt. An ech mengen, dat ass awer e wichtege Punkt, fir deen dat Ganzt, déi Gedanken, déi gefouert goufen, nach eng Kéier an d'Luucht gesat goufen.

Eppes, wat awer och wichteg ass bei dem Prêt à taux zéro, wat mer awer nach bäigesat hunn, dat ass eben, dass och 10% vun der gefroter Zomm net remboursabel si fir de Client vun dem Prêt à taux zéro. Dat kënnt och a ville Punkten, wat déi verschidde Riedner hei gesot hunn, fir eben och do d'Méiglechkeet ze ginn, fir deene Leit och nach eng Kéier méi ënnert d'Äerm ze gräife wéi eleng iwwert de Wee vun dem Prêt.

Domadder hu mer op dëser Plaz eppes geschaf en, wat Sënn mécht, wat Sënn mécht fir d'Klimapolitik a wat Sënn mécht op där anerer Säit awer och fir déi Leit, déi dorëmmer an de Gebaier, an den Appartementer an an den Haiser wunn, fir deenen eng besser Liewensqualitéit ze garantéieren. Well et muss ee jo och soen, dass et hei net nëmmen och ëm den Assainissement vun de Gebaier geet, wat jo och wichteg ass, mä wann déi Gebaier och esou équipéiert sinn, wéi dat hautzudaags dann Usus ass, mengen ech, liewen déi Leit och besser an deenen Haiser. Et ass eng besser Liewensqualitéit. D'Wunnqualitéit, déi geet do an d'Luucht. An dat soll een natierlech och op jidde Fall hei eng Kéier ernimmt hunn.

Et goufen e puer Froe gestallt haut de Mëtteg, op déi ech e puer Äntwerte wëll ginn. Well, ech mengen, dat ass dat Neit, wat ech vläicht nach ka mat erabréngen, well déi aner Riedner dat alleguerte schonn ënnerstrach hunn. Et ass ëm d'Finanzéierung gaange vun deene Banken, wéi et do mat de Konventioune steet. Dat war eng vun deene Froen, mengen ech, déi de Mëtteg vum Marco Schank hei ervirbruecht gouf. Déi Konventioune sinn natierlech preparéiert. Do wäerten déi Konventiounen dann och Enn Januar ënnerschriwwe ginn.

Mir an natierlech och d'Banken op där anerer Säit waarden op de Vott vun der Chamber. Mir kënne jo do net der Saach virsprangen. Mä et wär awer och net räsonabel gewiescht vun eiser Säit, fir dat nach net unzegoen, soudass dat alles preparéiert gëtt an dass herno déi meeschte Bierger och bei hirer Hausbank, wou déi meescht nun emol Client sinn, kënne mat deem heite Produkt bei hir Bank ebe goen. Dat ass eng Saach, esou ëm den 20. Januar, mengen ech, ass dat an der Preparatioun, fir dat dee Moment hinzekréien. An dat war eng vun de Froen.

Dann awer och, wat wichteg ass: Wéi gi mer elo domadder bei d'Leit? Wéi ass et mat der Informatioun? Dat ass awer och scho preparéiert ginn. Dir hutt och ganz recht, dat hei ass och eppes, wat awer komplex ass, op ville Plazen och technesch ass, wou mer och selwer musse Spezialiste mat derbäihuelen, fir eis eben do selwer op deene verschiddene Punkten, haaptsächlech och an der PRIMe House awer och bei dem LENOZ oder anere Punkten, ënnerstëtzen ze loossen.

An dat muss een natierlech de Leit méi no brénge mat einfache Wierder; wat och net ëmmer ganz evident ass. Dat ass och an der Preparatioun. Et ass eng ganz Campagne do an der Preparatioun mat allen Outilen, déi derzougehéieren, déi hautzudaags Sënn maachen, fir eben de Leit dat ze erklären a fir ze kucken, dass esou vill wéi méiglech Leit dovunner profitéieren.

Well hei sinn ech der Iwwerzeegung, an, ech mengen, d'Chamber awer och, wann ech dat haut de Mëtteg héieren hunn, dass mer solle kucken, fir vill méi wäit nach ze komme wéi déi 400, déi elo zum Beispill bei der Klimabank hei ageschriwwe sinn, fir do nach vill méi wäit ze kommen, wéi déi, déi ugestrieft sinn, an och an deene Joren duerno dat nach an d'Luucht ze hiewen. Well, ech mengen, dat mécht Sënn, souwuel fir alleguerten d'Leit, déi hei wunnen, déi dovunner kënne profitéieren, wéi awer och d'Klimaschutzziler.

An dofir, mengen ech, musse mer do all Efforten drop setzen. Do si Saachen ugeduecht, do wäerte mer dat och am Laf vum Joer natierlech nach eng Kéier kënne verbesseren.

Ech kann dobäi och ernimmen, dass ech selwer wäert zwësche Januar a Mäerz en Tour maachen op sechs verschidde Plazen am Land, fir mat de Leit iwwerhaapt iwwer Logement ze schwätzen, fir do ze héieren, wat deenen hir Suerge sinn, fir eis Aiden nach eng Kéier alleguerten ze presentéieren, déi et gëtt, fir mat deenen Akteure wéi „myenergy", mat den Eck-Akteuren, déi an deem heite Kontext schaffen, de Leit dat alles méi no ze bréngen an och op hiren Dossiere sur place e bësse méi dezentral kënnen déi Saach ze diskutéieren. An do wäert dat heiten natierlech och en Thema ginn. An ech wäert och zesumme mat der Ëmweltministesch nach weider Explikatiounen och dem grand Public iwwert dëse Sujet ginn. An da steet natierlech vum 1. Januar un dee Guichet unique, deen haut de Mëtteg och gestëmmt gëtt, och mat dem Akteur wéi „myenergy" de Leit zur Verfügung, fir hir Froen ze stellen.

Et ass awer wichteg, dass mer déi Saach eng Kéier ugeschwat hunn, mä dat sinn awer och Saachen, déi a Preparatioun sinn a wou mer natierlech duerno musse kucken.

Guichet unique - dat héieren ech op jidde Fall eraus -, do waren net vill Diskussiounen heibannen. Dat ass eppes, wat souwisou eppes ass, wat op ville Plaze Sënn mécht; hei zemools, dass dat op enger Plaz gemaach gëtt.

D'Diskussioun, déi de Mëtteg eng Kéier gefouert gouf, ob et do duergeet mat deene Leit, déi natierlech do an deem Guichet unique da wäerte sëtzen, dat sinn net nëmmen déi, déi an der Fiche financière stinn, mä do sëtzt dee ganze Service des aides au logement natierlech och op därselwechter Plaz. An déi wäerten natierlech alleguerten och kucken, fir dass de Guichet unique un d'Fonctionnéiere kënnt. An déi wäerten och eng Hand mat upaken.

Dat heescht, mir hunn do och nach méi wéi déi Persounen, déi heifir spezifesch fir de Guichet unique do sinn. Do hu mer awer och dee ganze Service des aides au logement mat méi wéi 50 Leit, déi do an den Asaz kommen, fir dat ze maachen.

An och do wäerte mer natierlech kucken, wann et eng Kéier zu deem Punkt kënnt, dass mer iwwerlaf ginn, musse mer natierlech och nach Leit derbäisetzen, fir dass dat och esou séier wéi méiglech ka gemaach ginn. Do brauche mer natierlech och Erfahrungswäerter an där éischter Zäit, bis een dat doten natierlech dann och definitiv um Rullen huet.

De LENOZ, dat ass natierlech och scho méi laang e Gespréich. Dat wäert dann och déi gréng Hausnummer ersetzen. Do sinn nach e puer Dossieren, déi mer am Moment nach am Tube hunn. Déi wäerten och ofgeschloss sinn. An dann hu mer eben de LENOZ, deen dee wäert ersetzen. An ech mengen, dat ass jo och eppes, wat fakultativ ass. An op där anerer Säit - do wäert d'Kolleegin herno driwwer schwätzen - sinn eben och 46 Kritären, déi un d'PRIMe House gebonne sinn. An dat ass natierlech och dann e Schrëtt weider, wéi do, wou mer den Ament sinn.

Ech géif awer nach eppes ernimmen, wat awer net onwichteg ass op där heiter Plaz, wouvun de Mëtteg elo kee geschwat huet, mä wat awer och nach vläicht eng Kéier wäert Adaptatioune mat sech bréngen. Well eben och an der Diskussioun, an den Oppositioune vum Statsrot verschidde Saachen an d'Gesetz erop hu misse gehuewe ginn, du sinn och déi Amortissementstableauen den Ament elo alleguerten an d'Gesetz gehuewe ginn. Zum Beispill an der Annex 2 fannt Der d'Amortissementstableauen.

Dat ass eppes, wat een awer och deemno wéi eng Kéier muss adaptéieren. Do hu mir dee Moment och agesat op deenen zwee, souwuel bei dem Klima-Prêt à taux zéro wéi beim Klima-Taux à prix réduit, 0,75%, fir déi auszerechne mat theoretesche Wäerter. Et kann natierlech sinn, deemno wéi dat gerechent ass op déi 15 Joer Lafzäit, dass et do nach liicht Décalagë gëtt an dass een déi eng Kéier muss adaptéieren. An da musse mer dann eng Gesetzesadaptatioun maachen, a kënnen et net méi maachen iwwer e Changement vun dem Règlement grand-ducal, wéi dat an der Zäit emol de Fall war.

Ech wollt just eng Kéier hei ernimmen, dass et do natierlech nach deemno wéi méi eng komplex Aart a Weis an Zukunft gëtt, fir dat mussen ze adaptéieren. Mä do ware mer eis och eens an der Kommissioun. Do konnte mer jo och net anescht virgoen.

Ee Wuert och nach iwwert déi Motioun, déi de Marco Schank hei éinescht déposéiert huet. Ech hu kee Problem domadder. An ech ginn och dovunner aus, dass déi gradesou breet dann och vun de Membere vun der Chamber wäert ënnerstëtzt ginn.

Ech kann awer och dozou soen, dass natierlech och scho mat dem Secteur am Virfeld geschwat ginn ass. Et steet jo och do, fir an Zukunft nach verdéift mat deenen ze schwätzen. Déi ware jo och hei agebonnen, och an dem Ausschaffen, och mat de Spezialisten, mat de Büroen, déi eng Hand eben do mat ugepaakt hunn. Mä dat doten ass richteg.

A mir sollen och eng Evaluatioun maachen, wat ech och d'éinescht ugedeit hunn, well mer jo och hei wärend dem Prozess nach wäerte léieren, wat een nach weider ka vläicht adaptéieren an da wat fir eng Modullen een och nach weider kann an déi Klimabank do asetzen.

Well ech mengen, dat huet de Max Hahn och op dëser Plaz eng Kéier ernimmt, an de Claude

Lamberty, mir hunn hei eng Klimabank mat zwee Modullen am Moment, dat ass den Taux réduit an den Taux zéro. Dat sinn déi éischt zwee Modullen, déi an déi Klimabank do agesat gi sinn. Do kann een natierlech och nach iwwer aner Saachen an Zukunft nodenken.

Mä ech mengen, dat heiten ass gutt, fir dat un d'Rullen ze kréien. An dofir kann een an Zukunft natierlech och kucken, wéi een dat nach weider wäert gestalten, wat do nach méiglech ass. An ech si bal dovunner iwwerzeegt, dass dat hei net déi leschte Kéier ass, wou un deenen dote Punkten hei an der Chamber geschafft gëtt, an dass mir eis och nach weider Iwwerleeunge wäerten dozou maachen.

D'Motioun, wéi gesot, mengen ech, do kënne mer domadder liewen, dass déi herno gestëmmt gëtt. An da sinn ech definitiv frou an zefridden, dass dat heiten awer ganz breet gedroe gëtt. Well déi Leit, déi dovunner kënne profitéieren, dat sinn der ganz vill hei am Land, souwuel déi, déi sozial vläicht net déiselwecht Moyenen hunn, wéi awer op där anerer Säit d'Betriber.

Domadder kréie mer eppes geschafen, an deem mer Klimapolitik kënne maachen an donieft awer och Liewensqualitéit fir se alleguerte maachen. An dofir ass dat, mengen ech, eng gutt Saach, déi mer haut nach esou kuerz virun der Chrëschtvakanz da stëmmen, fir das se den 1. Januar a Kraaft kann trieden, an dass mer dat dann eben och esou breet maachen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An d'Mikroe si waarm.

(Hilarité)

D'Madamm Ëmweltministesch, d'Carole Dieschbourg, huet d'Wuert.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, och fir mech ass haut e groussen Dag, e grousse Schrëtt an déi richteg Richtung mat deene véier Projeten.

Dat weist, dass mer d'Volontéit hunn, net nëmme méi effizient ze ginn am Wunnengsbau, well mir hate jo schonn eng PRIMe House, mä virun allem och en Ekobonus quasi anzeféieren. Dat heescht, dass mer net nëmmen d'Effizienz kucken, mä dass mer och nach d'Baumaterialie kucken a soumadder wierklech e Schrëtt an déi richteg Richtung maachen.

An déi Richtung, wéi mer och am Rifkin zum Beispill gesinn, wou mer vun „smart green" an „circular buildings" schwätzen, also vu klugen, gréngen, nohaltege Gebaier schwätzen, déi zukunftsweisend sinn an déi net zulaaschte weder vum Klima nach vun der Natur, nach vun der Ëmwelt ginn, mä déi fir eis Kanner sinn, wou keen herno Problemer huet, eppes ze recycléieren. A grad dat ass déi Richtung, wou mir wëllen higoen.

An ech wäert mech och op e puer Remarquen am Beräich vun der PRIMe House beschränken, well ech mengen, et goufen immens vill Saache gesot. An dofir wëll ech och de Rapporteuren, dem Max Hahn an och dem Henri Kox, e grousse Merci soe wierklech fir hir gutt ausféierlech Rapporten.

An ech freeë mech och iwwert déi breet Zoustëmmung, déi et fir dëse Projet gëtt, dee wierklech an enger Kohärenz erstallt gouf. Et gëtt e Spréchwuert, wat mer dozou afält: „Eleng geet ee schnell, zesumme geet ee wäit".

Dat heiten ass e Projet, deen net nëmme vum Logementsminister a vun dem Ëmweltministère ausgeschafft gouf, mat den Administratiounen a mat de Leit, déi dru souzen, mä awer och an Zesummenaarbecht mat dem Ekonomiesministère a mam Finanzministère. An ech mengen, dat weist einfach d'Kohärenz, wéi mer mat där Klima- an Ëmweltpolitik als Regierung ëmginn.

An ech wëll hei profitéieren, fir all eise Mataarbechter aus de Ministèren e grousse Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer haten, fir d'Kollaboratioun. Well et war eng gutt Zäit, wou mer wierklech wäit komm sinn an elo eppes op den Dësch leeën, wat wierklech Sënn mécht. Wat Sënn mécht fir d'Zukunft, wat Sënn mécht fir d'Leit, fir d'Energieaarmut ze bekämpfen a fir och spéider Käschten, déi beim Recycling kéinten ufalen, ze reduzéieren.

Ech ginn awer ganz gären elo op déi puer Froen an, déi gestallt goufen. Ech mengen, en Deel dovu gouf scho vum Logementsminister beäntwert. Natierlech gehéiert zu deem Paquet hei och, dass mer dat de Leit dobausse vermëttelen.

D'PRIMe House ass sécherlech an dësem Volet schonn dat, wat scho säit Jore leeft. Mir gesinn, dass d'Tendenz do och esou scho steigend war. 2015 an 2016 leie mer bei 26 Milliounen, déi awer do ënnert d'Leit koumen, bei iwwer 2.000 Projeten, déi konnten ënnerstëtzt ginn. Dat sinn der schonn eng jett!

An dofir kënne mer - an dofir sinn ech net esou skeptesch wéi den Här Kartheiser – soen: Mir si schonn um ganz gudde Wee. Well am Wunnengsbau, deem Beräich, deen awer 18% vun eisen nationalen Emissiounen ausmécht - oder 12% aus dem Wunnengsbau, de Rescht aus anere Gebaier -, do hu mer schonn eng Entkopplung: Tëschent 2005 an 2015 hu mer do schonn 12% reduzéiert. Dat mécht awer pro Haus a pro Awunner, pro Awunner virun allem, mécht dat eng Reduktiouun vun 30% un Energie, déi mer haut schonn aspuere vis-à-vis vun 2005!

An ech mengen, et wär onlogesch, net déi neisten Technologien ze verwenden an déi effizientsten Haiser ze bauen, fir net künftege Generatiounen eppes opzebürden, wou mer Ofhängegkeete schafen, Ofhängegkeete vu Gasnatiounen, vun Uelechscheichen. Ech mengen, dass et wierklech besser ass, wa mer do konsequent dat, wat mer haut scho wëssen, maachen an dat förderen.

An ech muss ganz éierlech soen, wann Der Iech e bësse méi mam Projet beschäftegt hätt, dann hätt Der gesinn, dass mer elo energieeffizient Haiser bauen, also quasi Nullenergiehaiser. Dat ass e Règlement vun 2012. Dat war hiräichend bekannt, fënnef Joer.

Wat mer elo hei en plus maachen, ass de Bonus an den Ureiz schafen, dass mer niewent der Effizienz virun allem och am Neibau grad eben nohalteg Materialien huelen, Materialien, déi herno kee Problem sinn, déi entweder mineralesch... An et gëtt jo nach Top-uppen da fir déi nowuessend Materialien, wou mer och nach Chancë gesi fir eis Landwirtschaft. Mir schwätzen hei also net vu penale Saachen. Mir schwätzen hei dervun, méiglechst vill Leit mat op de Wee ze huelen, fir dass se kënne gutt an hiren Haiser liewen.

Ech mengen, dass ech elo net méi extra op déi eenzel Themen aginn. Ech mengen, de Neibau ass wichteg. Do si mer scho gutt, de Max Hahn hat dat nach eng Kéier ënnerstrach, do hu mer eis Regelen. Mä do läit den Haaptakzent, wat ee ka kréien, wierklech op deene gudde Materialien. Do kann ee bis zu 24.000 Euro kréien, plus - wann een dann nach erneierbarer mat eranhëlt, en „solar panel" zum Beispill op den Daach leet -, da kann een awer bis iwwer 30.000 Euro zousätzlech kréien. Dat ass e gudde Batz Geld, mat deem ee bei esou engem Projet dann awer vum Stat ënnerstëtzt gëtt, als Subsid kritt.

Bei der Sanéierung, jo, do hu meng Virriedner recht, do musse mer nach e gudde Schrack maachen. Nëmmen dräi Milliounen Euro waren am leschte Joer fir d'Renovéierunge gebraucht ginn. Do brauche mer méi Usazpunkter. An do wäert et och esou sinn, dass mer zesumme mat dem Ekonomiesministère, deen do de Lead huet, wäerten nach eng Campagne lancéieren.

D'Betriber, déi goufen och erwäänt. D'Betriber, déi hunn natierlech nach eenzel Mesuren, sief et elo déi ganz grouss, wou mer éischter eng „learning factory" fir Effizienz maachen, sief et awer elo all Ureizer, déi am Ekonomiesministère och am Beräich vun de Betriber gemaach ginn, oder iwwert de Klimapakt, wou mer jo och ëmmer méi, nieft de Bierger, mat de Gemengen op déi kleng Betriber duerginn.

Wichteg ass och, dass, wa mer Ganzrenovéierunge maachen - an do, mengen ech, hapert et am Moment, oft goufen d'Renovéierungen nëmmen als esou kleng Deelprojete gemaach -, hu mer hei d'Combinaisoun tëschent der Klimabank, also der Virfinanzéierung, plus de Subsiden herno, déi erhéicht goufen. Well wann een e Klassesprong schafft, da gëtt et jo nach eng Kéier emol e Bonus: dee gouf verduebelt.

Duerch d'Combinaisoun vun deenen eenzelne Projeten erhoffe mer eis, dass d'Leit wesentlech méi ugereegt sinn, e ganze Projet ze maachen an eng Komplettsanéierung ze maachen: Dee Schrëtt, deen eis bis ewell gefeelt huet. An dann den Top-up vun der Combinaisoun vun den erneierbaren... (veuillez lire: erneierbaren Energien), deen hat den Henri Kox och a senger Ried scho genannt.

Wichteg ass, dass dat Ganzt begleet gëtt, dass d'Berodung gutt ass. Do hu mer gutt Partner. Dat wäerte mer natierlech ausbauen.

An domat mengen ech, dass ech just nach ka vläicht op dem Här Schank seng Fro zum Schluss agoen, deen d'Suerg hat, dass mer eis am Beräich Klima net genuch mat de Leit beschäftegen. Ech kann Iech awer soen, do kënnt Der Iech berouegen. Mir sinn am Moment amgaangen... Ech hunn de Conseil supérieur du développement durable jo beoptragt gehat, ech hunn dat hei op der Tribün schonn eng Kéier gesot, fir mer eng Evaluatioun ze maache vum zweete Klimaaktiounsplang. An deen drëtten, deen d'nächst Joer soll lancéiert ginn, dee gëtt mat ganz breeder Participatioun gemaach.

A wann Der den Avis vum Conseil d'État zu Ärer Propos gelies hutt, da gesitt Der, dass mer haut op engem ganz anere Standpunkt sinn, wéi mer nach virun e puer Joer waren. D'Leit wäerte mat agebonne ginn an de participative Prozess, genausou wéi ech et hei schonn eng Kéier erkläert hunn. Mir wäerte mat jonke Leit schaffen, mat ONGe schaffen. Mir loossen eis natierlech begleeden an da wäerte mer en drëtte Klimaaktiounsplang opstellen, dee pro Secteur wäert agéieren. An ech mengen, dat wäert e flotte Prozess ginn, wou mer versichen, innovativ ze sinn. An do wäert natierlech jidderee säin Deel musse bäidroen, dat en parallèle och zur Ëmsetzung, zur Nohaltegkeetsagenda, wat mer jo och um Leescht hunn, wou mer äänlech wëlle virgoen.

De Klimaschutz, an do kommen ech op mäin initiale Sproch erëm, kënne mer net eleng léisen. Fir de Klimaschutz, do brauche mer jidderee. A wa mer wëlle wäit goen, da brauche mer Iech all.

Ech soen Iech Merci fir déi breet Ënnerstëtzung.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat wiere mer um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert déi ganz Rei vu Projeten ukomm. An ech géif proposéieren, dass mer da schéin nom Mëllerprinzip géifen iwwer een nom aneren ofstëmmen, d'Projete 7053, 7054, 7055 an de Projet 7046. Mir géifen ufänke mat dem Projet de loi...

(Brouhaha)

Une voix.- An d'Motioun?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Iwwert d'Motioun gëtt ëmmer duerno ofgestëmmt. Fir d'Éischt de Vott iwwert de Projet an dann d'Motioun. Sidd Der mat mer d'accord?

(Assentiment)

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Mir géifen dann ufänke beim Projet 7053.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7053

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo: Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Wann Der erlaabt, froen ech herno bei deene véier mateneen.

7054, deen nächste Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7054

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo: Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mer géifen direkt zum nächste Projet iwwergoen, de 7055.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7055

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

58-mol Jo an zweemol Neen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Max Hahn), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et hat näischt gedéngt!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- A mer géifen dann zum Projet de loi 7046 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7046

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo: Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Dispenses du second vote constitutionnel des projets de loi 7053, 7054, 7055, 7046

Däerf ech Iech da fir déi véier Projete froen, ob mer d'Dispens vum zweete Vott froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Dann zu der Motioun. Wann ech dat richteg verstanen hunn, ka jiddwereen - oder bal jiddwereen - domat liewen. Jiddwereen! Da géif ech Iech froen, ob mer dat kënne per Handophiewe maachen.

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien domat d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen. Géigeprouf: Wien ass dogéint? Wien enthält sech?

Domat ass d'Motioun unanime ugeholl. Merci.

4. Ordre du jour

A mer géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dat ass deen nächste Projet de loi. Mir hunn herno nach eng Resolutioun. Ech géif proposéieren, dass mer déi um Enn huelen. Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Elo ware mer amgaang.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass net zu deem Projet.

Den nächste Punkt ass de Projet 6931 iwwert deen éischten... - et kënnt mer net iwwert d'Lëpsen -, iwwert deen éischte Paquet ferroviaire. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Rapporteur, d'Josée Lorsché, déi och scho bereet ass.

5. 6931 - Projet de loi portant transposition de la refonte du 1er paquet ferroviaire et modifiant

1. la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire;

2. la loi modifiée du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation;

3. la loi modifiée du 22 juillet 2009 relative à la sécurité ferroviaire; et

4. la loi du 3 août 2010 sur la régulation du marché ferroviaire

Rapport de la Commission du Développement durable

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Merci, Här President. Mir komme vun den Haiser zu de Schinnen, wou et drëms geet, d'Reform vum éischte Paquet ferroviaire ze stëmmen. Dës Reform entsprécht der Logik vun der europäescher Eisebunnspolitik, op déi ech kuerz weilt agoen. Déi ganz Geschicht ass näämlech zimlech komplex an awer och ganz ëmstridden.

Wéi Dir wësst, ass déi Europäesch Kommissioun schonn zanter den 90er Joren drop aus, den europäeschen Eisebunnssecteur ze liberaliséieren, en eenheetlechen europäeschen Eisebunnsraum mat gläiche Rechter fir d'Ubidder ze schafen an de Secteur op déi Manéier méi konkurrenzfäeg ze maachen.

An deem Kontext huet déi Europäesch Kommissioun am Laf vun der Zäit véier Paquets ferroviaires adoptéiert. Deen éischten am Joer 2001, dee sech op d'Liberaliséierung vum Giddertransport fokusséiert huet. Deen zweeten am Joer 2004, deen der Osterweiterung vun Europa mat dem Bäitrëtt vun zéng Memberstate Rechnung gedroen huet an och zu der Kreatioun vun der europäescher Eisebunnsagentur gefouert huet.

Deen drëtte Paquet staamt aus dem Joer 2004 a war geduecht, fir nom Giddertransport och de Persounentransport ze liberaliséieren. A fir dee ganze Prozess ofzeschléissen, ass net méi spéit wéi de 14. Dezember vun dësem Joer en éischten Deel vum véierte Paquet ferroviaire vum Europaparlament ugeholl ginn.

Esou vill zum Gesamtkontext, an deem déi europäesch Eisebunnspolitik an domat och dëse Projet de loi sech beweegt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi komme mer zréck op den éischte Paquet ferroviaire, deen ech virdrun erwäänt hunn, deen d'Liberaliséierung, wéi gesot, agelaut huet, dat am Joer 2001. Dësen éischte Paquet muss nogebessert ginn. E besteet aus dräi EU-Direktiven, déi am Laf vun de Jore modifizéiert gi sinn an zu enger Rei Onkloerheeten an Ongerechtegkeete gefouert hunn. Fir déi legal Basis vum éischte Paquet ferroviaire ze verbesseren, sollen dës dräi Direktive mat dem Projet de loi vun haut an engem eenzegen Text konsolidéiert ginn. Dohier kënnt dann och den Term „refonte".

Wat ass den Inhalt vun deenen dräi Direktiven? Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi dräi Direktiven definéieren d'Zougangsrechter zu den Infrastrukturen a sollen dofir suergen, dass keng Diskriminatioun beim Zougang soll entstoen. Donieft enthalen déi Direktiven eng Rei Dispositiounen, déi d'Onofhängegkeet an d'Kompetenze vun den nationale Kontrollorganismen am Eisebunnssecteur sollen ofsécheren. Dat si gutt gemengten Ziler, mä déi initial Texter hunn awer eng Rei Lacunnen opgewisen. Dat huet sech duerno erausgestallt.

Déi Europäesch Kommissioun koum an engem grouss ugeluechte Bilan am Joer 2011 näämlech zur Konklusioun, datt déi transnational Eisebunnsoperateure beim Zougang zum Marché mat ze vill techneschen, juristeschen a politeschen Hürde konfrontéiert wieren.

Aus deem Grond huet d'Kommissioun décidéiert, am Kader vun der Refonte, méi kloer Bestëmmungen, méi Gerechtegkeet a méi Transparenz an d'Gesetzgebung an domat och an dee ganze Secteur ze brëngen: éischtens, um Niveau vum Finanzement vun der Infrastruktur; zweetens um Niveau vun den Zougangsbestëmmungen; drëttens um Niveau vun der Tarifikatioun, wou d'Redevancë fir den Accès reduzéiert sollte ginn; a véiertens dann nach um Niveau vun der Kompetitivitéit, wou et drëms geet, den Eisebunnssecteur par rapport zu aneren Transportsecteuren ze stäerken. Dëst opgrond vun der Tatsaach, datt just 10% bis 12% vun de Gidder an Europa iwwert d'Schinn transportéiert ginn an de ganze Rescht iwwert d'Strooss, de Fliger oder d'Schëff, wat schonn eleng ekologesch net tragbar ass!

Donieft gesäit dës Refonte och vir, déi confidentiell Daten, déi fir statistesch Zwecker benotzt ginn, besser ze schützen an d'Onofhängegkeet vun den nationale Kontrollinstanzen ze verstäerken, dat op Basis vum Resultat vum Bilan, deen ech virdrun erwäänt hunn.

Wat heescht dat alles elo fir Lëtzebuerg? Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Projet de loi vun haut transposéiere mer eng weider EU-Direktiv, d'EU-Direktiv 2012/34, an nationaalt Recht a verhënneren domat, datt Lëtzebuerg eng Astreinte vu ganz genee 8.710 Euro am Dag un d'Europäesch Kommissioun muss bezuelen. Dat wiere bal 3,2 Milliounen Euro Strof am Joer!

Dëse Projet de loi modifizéiert awer och eis national Gesetzgebung an deem Sënn, datt verschidden Dispositiounen an eise véier nationalen Eisebunnsgesetzer aus de Joren 1995, 1999, 2009 an 2010 musse modifizéiert ginn.

Dat éischt Gesetz, dat vun 1995, bezitt sech op d'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur. Dat zweet op den Accès an op d'Benotzung vun der Infrastruktur. Dat ass d'Gesetz vun 1999. Dat drëtt op d'Sécherheet vum Eisebunnsréseau an dat véiert op d'Regulatioun vum Eisebunnsmarché. Dat ass dann d'Gesetz vun 2010.

Dir verstitt, datt ech aus Zäitgrënn net op déi 110 Artikele vun dësem Projet de loi aginn.

Plusieurs voix.- Ooh!

(Hilarité)

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Ech verschounen Iech och vun de fënnef Annexen a verweise fir all Interesséiert op mäi schréftleche Rapport. Dir hutt gläich Vakanz a kënnt en iwwert d'Chrëschtdeeg liesen, wann Der keng besser Lektür doheem parat hutt.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu den Aarbechte vun der Nohaltegkeetskommissioun an zu deene verschiddenen Avisen.

Nodeems de Projet de loi den 21. Dezember 2015 vum Nohaltegkeetsminister François Bausch déposéiert gi war, huet de Statsrot säin éischten Avis de 27. Oktober 2016 ofginn, also iwwer zéng Méint nom Dépot vum Projet de loi, wat de Retard bei der Emsetzung net grad verkierzt huet.

Net begeeschtert war de Statsrot iwwert d'Approche vun den Auteuren, mat dësem Projet de loi véier Gesetzer ze modifizéieren, amplaz sech op en eenzegen neie Gesetzestext ze limitéieren. Donieft hätt de Statsrot begréisst, wann d'Auteure méi Erklärungen zu den Artikele geliwwert hätten, vu datt et sech jo hei ëm eng zimlech komplex Matière handelt, jiddefalls fir Leit, déi net an deem Domän doheem sinn.

Wat déi textuell Ännerungen ugeet, déi de Statsrot proposéiert huet a sengem éischten Avis, huet d'Nohaltegkeetskommissioun deene Proposen alleguer Rechnung gedroen, an am Avis complémentaire vum 6. Dezember 2016 huet de Statsrot keng Kritik méi erhuewen an huet de Projet de loi integral guttgeheescht.

Ech komme bei d'Chambre de Commerce, déi sech och zu dësem Projet de loi zu Wuert gemellt huet, dëst an hirem Avis vum 25. Januar 2016. Dës Beruffskummer gesäit am europäeschen Eisebunnsmaart e grousst ekonomescht Potenzial a begréisst och, datt dëse Projet de loi souwuel d'Qualitéit wéi och d'Effikassitéit vum Schinnentransport soll verbesseren. Manner zefridden ass d'Beruffskummer awer doriwwer, datt am Projet de loi keng Referenz gemaach gëtt op eng méiglech an och ganz wichteg finanziell Bedeelegung vum Stat, well et jo ebe just muss drëms goen, den Eisebunnssecteur par rapport zu aneren Transportsecteure méi konkurrenzfäeg ze maachen.

Dann zum Avis vun der Chambre des Salariés, déi e ganz extensiven a ganz kriteschen Avis eraginn huet, dat war de 16. Dezember 2015 (veuillez lire: 16. Februar 2016), an deen eigentlech déiselwecht Meenung vertrëtt wéi d'Gewerkschaften an dëser Matière. Laut der CSL geet esou eng Politik, déi hei verfollegt gëtt, net nëmmen op Käschte vun den Aarbechtskonditiounen a vun de sozialen Errungenschaften am Secteur vun der Eisebunn, mä och op Käschte vun der Sécherheet, der Qualitéit an der Pérennitéit vun den Infrastrukturen a vun de Réseauen.

Aus deem Grond verlaangt d'CFL, pardon, verlaangt d'CSL, datt de Stat seng Responsabilitéit weiderhi soll a muss iwwerhuelen an datt keng Trennung tëschent dem Gestionnaire vun der Infrastruktur an den Operateuren däerf entstoen. Dat heescht, eng Fragmentéierung vum Réseau muss onbedéngt verhënnert ginn!

D'Nohaltegkeetskommissioun huet sech hiersäits a véier Sëtzunge mat dësem Projet de loi befaasst an huet mäi Rapport de 15. Dezember 2016 ugeholl.

Zum Schluss wéilt ech dem Här Jeannot Poeker, dem Chargé de direction vun den CFL am MDDI, e grousse Merci fir seng kompetent Ënnerstëtzung an dësem Dossier ausdrécken, dann awer och senge Mataarbechterinnen Anouk Ensch an Irena Medakovic. E weidere Merci, wéi ëmmer, geet och un eis Sekretärin Rachel Moris.

Här President, domat hunn ech meng Aarbecht als Rapportrice ofgeschloss. A wann Dir erlaabt, klammen ech nach kuerz an d'Haut vun der grénger Fraktioun, fir d'Positioun vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi duerzeleeën.

Discussion générale

Dir Dammen an Dir Hären, als gréng Fraktioun sti mir ganz kloer zu Europa. A fir eis ass d'Netëmsetze vun enger europäescher Direktiv mat enger Strof vun 3,2 Milliounen am Joer keng Optioun, och wann net all Direktiv eis gefält. Dowéinst ënnerstëtze mir dëse Projet de loi.

Am Kontext vun der europäescher Eisebunnspolitik si mir awer als Gréng och iwwerzeegt, datt eng Direktvergab vun den Eisebunnsservicer ouni ëffentlech Ausschreiwung déi eenzeg Méiglechkeet ass, fir d'Qualitéit an d'Quantitéit vun de Servicer oprechtzeerhalen a fir déi sozial Errungenschaften am Secteur ofzesécheren.

Eng Trennung tëscht dem Gestionnaire vun der Infrastruktur an den Operateuren, déi d'Infrastruktur jo eigentlech just aus Profitgrënn benotzen, wier an eisen Ae fatal fir eist Land, an net nëmme fir Lëtzebuerg, mä och fir vill aner kleng Länner a Regiounen.

Firwat? Ganz einfach, well déi kleng an dowéinst manner rentabel Eisebunnslinnen domat séier condamnéiert wären. Aus deem Grond begréisse mir, Här Minister, datt Dir Iech wärend der Lëtzebuerger EU-Présidence am Oktober 2015, wou iwwert de véierte Paquet ferroviaire verhandelt ginn ass, konnt duerchsetzen, zimlech radikal, an datt Dir Derogatioune fir kleng a mëttelgrouss Eisebunnslinnen a Réseauen erausgeschloen hutt.

Fir Lëtzebuerg heescht dat, datt mir eis d'nächst Joer am Kader vun den Diskussiounen iwwert de véierte Paquet ferroviaire mat engem gudde Gesetz kënne befaassen, wat déi Lëtzebuerger Eisebunnsservicer an hir Salariéë virun der Liberaliséierung wäert schützen a wat d'Risiken, déi sech hannert der Refonte verstoppen, eliminéiert, well eist Land net forcéiert gëtt, eng Ausschreiwung virzehuelen.

An deem Sënn freeë mer eis op déi Diskussioun an ech ginn elo schonn den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet de loi a soen Iech och nach Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Lorsché. Dann huet d'Wuert den Här Serge Wilmes.

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Jo, ech soe Merci fir de Rapport an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dat war rekordverdächteg! An d'Wuert huet elo den Här Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech e grousse Merci soen der Rapportrice, der Madamm Josée Lorsché, fir hire gudde schréftlechen a mëndleche Rapport. An, wéi se gesot huet, sinn et iwwer 105 Artikelen. Et ass net einfach, fir do virun allem d'Essenz erauszeschielen. An dofir nach eng Kéier och en extrae Merci.

Zanter ronn 15 Joer liberaliséieren an harmoniséiere mer an Europa schrëttweis de Schinneverkéier. De Gesetzesprojet, deen haut virläit, bréngt par rapport dozou keng ganz grouss Emännerungen. Et handelt sech un éischter Stell, wéi d'Rapportrice gesot huet, ëm eng Refonte, wou déi besteeënd Direktiven zesummegesat ginn a wou mir déi jo dann och a véier Gesetzer ëmsetzen.

Ech wëll awer vläicht eng kuerz Remarque maachen zum Kontext, an dee sech dëse Projet de loi aschreift. Dat deklaréiert Zil vun alle Mesuren, déi d'EU an deene leschte Joren a Jorzéngten am Beräich vum Schinneverkéier geholl huet, ass, fir méi e groussen Undeel vum Wueren- a vum Persounentransport vun der Strooss op d'Schinn ze kréien an domat méi ëmweltfrëndlech Transportweeër ze kréien, zu deenen natierlech och d'Eisebunn gehéiert.

D'Ursaach, firwat d'Eisebunnen net méi konkurrenzfäeg sinn, sinn net ëmmer bei den Eisebunnen ze sichen. Dat gëtt awer gemaach. Net effizient, ze vill protektionistesch gefouert, ze vill verschidden technesch Standarden. Géint all dës tatsächlech oder vermeintlech Mëssstänn ass d'EU mat enger konsequenter Liberaliséierungspolitik virgaangen. An och dëse Projet schreift sech an dës Logik an.

Mir hunn eis hei zu Lëtzebuerg un d'EU-Reglementatiounen ëmmer ugepasst an, d'Rapportrice huet et gesot, mir hunn och keen anere Choix! Ech mengen, dofir war et jo och de Wonsch vum Transportminister, fir dat nach dëst Joer hei geneemegt ze kréien, well eis soss eng Strof drot. An ech mengen, dat solle mer eis net undoen, well mer souwisou jo vun aneren Dossiere wëssen, wéi dat ausgeet.

Mä et ass net ëmmer ganz einfach als klenge Réseau mat eise Spezifissitéiten, wou mer direkt eis grouss Nopere ronderëm hunn, eis unzepassen. Dofir muss een och ganz gutt oppassen, wéi déi Saache sech do entwéckelen.

De véierte Paquet ferroviaire steet jo och da virun der Dier an do gi mer dann och dovun aus, dass mer an därselwechter Logik wéi bis elo do virginn. An och hei wéilt ech mech der Rapportrice uschléissen, un de Merci un den Transportminister, deen et jo da fäerdegbruecht huet an der leschter Présidence zu Lëtzebuerg, wierklech do am Kader vum Conseil sech duerchzesetzen an och fir Lëtzebuerg do eng gutt Léisung erauszeschloen.

Dofir, Här Minister, wëll ech Iech extra Merci soen. Ech mengen, d'Europaparlament huet och jo elo de Paquet gestëmmt. An ech mengen, Dir hat eis jo och an der leschter Kommissiounssitzung gesot, dass Der schonn amgaange sidd, och dorunner ze schaffen, an do wënsche mer Iech och all Succès an do kritt Der och eis Ënnerstëtzung.

D'Argument, firwat mer awer dee véierte Paquet elo mussen ugoen, ass, laut der EU, d'Feststellung, dass den Undeel vun der Bunn um Verkéier net zou- mä ofgeholl huet. Et kann ee vläicht just eng Kéier kuerz déi Chifferen do nennen. Et kann een am Fong et esou résuméieren, dass op der Eisebunn 2% manner Trafic ass an de Stroosseverkéier all Joer ëm 2% zouhëlt.

Aner wesentlech Hindernisser ginn ausser Uecht gelooss. Soulaang wéi mer de Stroosseverkéier méi staark ënnerstëtze wéi de Schinneverkéier, brauche mer eis iwwert dat Resultat awer guer net ze wonneren. A wa mer wëllen, dass e substanziellen Deel vum Verkéier vun der Strooss op d'Schinn verluecht gëtt, da brauche mer och dofir déi entspriechend Capacitéiten.

D'LSAP stëmmt dësem Projet de loi och zou. Et geet awer net duer, d'Eisebunnsgesellschaften ënnerteneen ënner erhéichte Konkurrenzdrock an Europa ze setzen, fir e bessere Service oder méi attraktiv Offeren am Schinneverkéier ze kréien. Et brauch een och regelméisseg Investitiounen an d'Infrastruktur.

Dat geschitt hei zu Lëtzebuerg, awer nach net iwwerall an Europa, wa mer da wëlle wierklech an deem Sënn do konkurrenzfäeg ginn. Dofir musse mer eis um europäeschen Niveau dofir asetzen, dass méi Suen an d'Eisebunn, an d'ëffentlech Infrastrukture gesat gi wéi an de Stroossebau. Zu Lëtzebuerg hu mer do eng Trendwend jo zanter e puer Joer erreecht. Mä dat muss dann, wéi gesot, a ganz Europa

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

geschéien, wa mer eng Chance wëllen hunn op der Schinn géint de Stroosseverkéier.

Ech wëll just nach eng Kéier ganz kuerz soen: Firwat ass dann och dee Problem esou grouss? Et ass net, dass op den Eisebunnsréseauen - do kann een nach vill verbesseren, dat wësse mer alleguerten -, mä op der Stroossesäit... Gitt lech emol eng Kéier op der Aire de Berchem oder Aire de Capellen ukucken, ënner wat fir enge Konditiounen déi Leit, déi Camionschauffeuren do musse liewen. Déi féieren eng Aart Nomadeliewen. An ech mengen, dat ass deelweis net mënschewürdeg!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Ech sinn direkt fäerdeg, Här President. An ech mengen, soulaang wéi do näischt geschitt an deem Beräich, huet d'Schinn géint d'Strooss keng Chance!

An deem Sënn wëll ech den Accord gi vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Negri. Dann huet den Här Gusty Graas d'Wuert. Dee Richtegen.

(Hilarité)

M. Gusty Graas *(DP)*.- Gëtt et och nach e Falschen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ma neen, ech hat jo den Här Berger mat lech verwiesselt.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Dat kënnt vir. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn e puer Chifferen, déi engem dach ze denke ginn, an zwar, wann een emol d'Eurostat-Analysen hei e bësselchen nach eng Kéier ervirbréngt. Wat elo den Undeel vum Zuch- par rapport zum Autosverkéier an zum Camionsverkéier ubelaangt, da mierkt ee jo ganz séier, datt och an deem leschte Jorzéngt do keng grouss Entwécklung vir sech gaangen ass. Zum Beispill 2012 ware 7,4% vun allen Déplacementer an der Europäescher Unioun nëmme mam Zuch gemaach ginn. 2002 waren dat 6,8%. Also nëmmen eng liicht Verbesserung no uewen.

Mir als Lëtzebuerger Land stinn zwar do méi positiv do. Et muss een och hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer jo enorm Efforten an deene leschte Méint och hei gemaach hunn, besonnesch ënnert där neier Regierung. Ech wëll nëmmen zum Beispill un déi nei Streck erënneren, déi mer gestëmmt hunn zwësche Lëtzebuerg a Beetebuerg, wat ouni Zweifel eng grouss Valorisatioun vum Eisebunnsréseau wäert mat sech bréngen.

Allerdéngs hu mer nach ganz grousse Retard, wat de sougenannten „modal split" ubelaangt, och hei zu Lëtzebuerg. Ech wëll drop hiweisen, datt Eisträich zum Beispill dat Land ass, wat de Moment am Fong geholl déi beschte Proportioun huet, virun Ungarn an Dänemark. Mir sinn do nach net onbedéngt am absolutte Spëtzepeloton. Mir mussen also och nach gewëssen Aarbechte maachen.

Et däerf ee jo net vergiessen, datt d'Europäesch Unioun, och wa se elo wahrscheinlech e Memberstat wäert verléieren, datt se awer bei der Awunnerzuel wäert an den nächste Joren trotzdeem nach wuessen. Dat stellt eis natierlech virun nei Erausfuerderungen, wat den ëffentlechen Transport an den Transport insgesamt ubelaangt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut iwwer eng Reform vum éischte Paquet ferroviaire. Gläichzäiteg gëtt awer schonn iwwert de véierte Paquet ferroviaire dichteg diskutéiert. Dat ass natierlech eng ganz cocasse Situatioun! Mä bon, dann ass dat eben esou.

De Bilan vun deem éischte Paquet ass jo net onbedéngt positiv, fir net méi ze soen. Duerfir sinn an dësem Gesetz jo awer trotzdeem eng Rei vu Verbesserunge virgesinn. Ech wëll se net nach eng Kéier all hei am Detail diskutéieren, wéilt awer vläicht op e puer Punkten agoen.

Mir begréissen, ënner anerem, datt de Réseau jo soll nach ausgebaut ginn. Virun allem denkt een natierlech hei un éischter Linn och un den TGV, wat eng seriö Alternativ zum Fliger ass, virun allem awer wat deen ekologeschen Aspekt ubelaangt. Da soll eng Internalisatioun vun den Ëmweltkäschte jo méi seriö virgeholl ginn. Och däerf een net vergiessen, datt nei Tracée vun der Eisebunn awer kënnen eng Rei Schied um Niveau vun der Ëmwelt mat sech bréngen. Dat gesi mer jo och elo beim drëtte Gleis, wat gebaut gëtt. Dowéinst musse jo Kompensatioune virgesi ginn.

En zweete Punkt, op deen ech kuerz hei wëll agoen, dat ass natierlech de Volet Konkurrenz, deen zum Deel och ëmmer fir gewëssen Opregunge suergt a verschiddene Gesellschaftsdeeler, wat ech verstinn. Mä et däerf een awer net vergiessen, wa mer gär eng effikass Eisebunn hätten, da muss awer och en Deel Konkurrenz matspillen, och wa mer eis hei, wéi gesot, an engem delikate Beräich bewegen.

Da si mer natierlech och séier bei der Kontroll. Dat bréngt mech dann zum drëtte Punkt, op deen ech wëll kuerz hei agoen, dat ass de Sécherheetsaspekt. Och do muss ouni Zweifel nach méi eng Harmoniséierung um europäesche Plang ugestrieft ginn. Mir stellen nach ëmmer eng gewëssen Diskrepanz do fest. Wann een eng Analys vun deenen eenzelne Réseaue mécht, da gesäit ee jo awer, datt eenzel Länner, an ech wëll se elo net hei namentlech nennen, awer nach mussen do ganz grouss Efforte maachen. Mir hu jo och e gewëssene Personalmangel, wat de Kontrollberäich ubelaangt. Et weess ee jo, datt awer déi meescht Accidenter op mënschlech Feeler zréckzeféiere sinn. An déi Kontrollinstanze mussen natierlech och méi onofhängeg ginn. Dat ass e wesentlechen Aspekt.

Vläicht dann nach e véierte Punkt. Et ass gutt, datt d'Roll vun de Gestionnairen am Fong geholl hei elo méi kloer definéiert gëtt, datt méi eng genee Opschlësselung ka kommen, wat eben déi staatlech Subventiounen dann ubelaangt. De CFL hir juristesch Qualifikatioun gëtt dann och hei méi preziséiert.

Vläicht dann nach e kuerzt Wuert zu der Administration des chemins de fer. Déi ass jo 2009 duerch Gesetz geschafe ginn. Dat war deemools och net ganz onëmstridden. Entretemps, mengen ech awer, datt et sech erausgestallt huet, datt dat eng gutt Décisioun war. An ech wëll och op deen Délai hiweisen, deen hei fixéiert gëtt, datt se zum Beispill musse bannent véier Méint eng Äntwert ginn. Eng Iwwerleeung, déi ee vläicht kéint op aner Domänen transposéieren.

Ech mengen, dat, wat mer jo haut décidéieren, ass ganz wichteg, virun allem, et ass schonn e puermol hei gesot ginn, well mer ebe soss riskéieren, eng Amende ze bezuele vun 3,2 Milliounen d'Joer. Mir erliewen dat jo quasi dagdeeglech och an engem anere Beräich. Duerfir wier et jo méi wéi schued, wa mer erëm eng Kéier misste Geld bezuelen, well mer eis Hausaufgab net an deem Sënn gemaach hunn.

Wéi gesot, de Moment gëtt jo dann e véierte Paquet hei diskutéiert. Ech wëll och drop hiweisen, datt d'Ouverture vum Marché vun den nationale Servicer fir de Persounentransport bis 2019 jo soll dann definitiv iwwert d'Bün goen. Dat bréngt jo dann natierlech och eng Rei Froe fir d'Eisebunn mat sech.

Bon, ech gesinn, datt meng Zäit hei ofleeft. Da muss ech mech also nach méi kuerz faassen, wat dann d'Konklusioun ubelaangt.

Jiddefalls, d'Demokratesch Partei ralliéiert sech och deem, wat meng Virriedner hei bis elo scho gesot hunn. Mir stinn och zu den Décisiounen hei, zu deem Gesetz hei an ech bréngen den Accord vun der DP. Ech wëll awer dann och nach der Madamm Lorsché Merci soe fir deen exzellente schréftlechen an och mëndleche Bericht.

Plusieurs voix.- Aah! Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech gesinn, den Här Wagner wénkt mer. En ass ganz frëndlech an en däerf och direkt op d'Riednerpult.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Ech bleiwen emol hei, da geet et méi schnell, Här President. Et ass souwisou fir ganz kuerz.

Den Albert Einstein huet eng Kéier gesot, datt d'Definitioun vum Wahnsinn déi ass, ëmmer erëm déiselwecht Saach ze maachen a sech dobäi aner Resultater ze erwaarden. Ech hunn e bëssen den Androck, datt dat och e bëssen de Slogan kéint si vun der Liberaliséierungspolitik vun der Europäescher Unioun.

Elo stëmme mer eng Reform vum éischte Liberaliséierungspak. Ech faasse mech kuerz. Et wäert lech och net wonneren. Mä ze behaapten, datt méi Konkurrenz op der Schinn, op der Bunn profitabel wier fir iergendeen, fir den Usager - ech benotze bewosst den Terme „Client" jo net -, fir den Usager an iwwerhaapt fir d'Infrastrukturen a fir d'Qualitéit vun der Eisebunn, dat ze behaapten ass Quatsch!

Et muss een ophalen. Ech verstinn net, datt een nach esou eppes ka behaapten. Et brauch ee just ze kucken: D'Realitéit ass genau de Géigendeel. Et huet sech degradéiert a Länner wéi Frankräich, an der Belsch an esou weider. An et huet directement eppes domadder ze dinn. D'Eisebunn degradéiert sech, den ëffentlechen Transport degradéiert sech, an dat ass eng Konsequenz vun der Konkurrenzpolitik op der Eisebunn.

Den Här Negri huet à juste titre vun de Camionschauffeure geschwat, déi an deene Sociétéite schaffen an déi quasi an onmënschlechen, quasi sklavenhalterméissege Konditioune musse schaffen. Et ass en immens liberaliséierte Milieu. Do herrscht Konkurrenz. Ech verstinn net. Am Prinzip misst jo alles ganz gutt sinn, well zënter 20, 25 Joer héieren ech soss näischt vun ëmmer deeneselwechten: „Konkurrenz a Liberaliséierung, dat ass gutt fir d'Qualitéit, gutt fir den Usager, gutt fir d'Leit" an esou weider.

Et weess jiddwereen, datt dat totale Quatsch ass, totale Brach ass! Dofir wäerte mir och dergéint stëmmen. Mir wäerten eis prinzipiell ëmmer géint all Form vun Aménagement vun der Liberaliséierung wieren. Et muss ee sech dergéint wieren. D'Leit musse sech dergéint wieren. An ech sinn dervun iwwerzeegt, datt à moyen et à long terme all déi Liberaliséierungen, op der Schinn an och uewen am Himmel, datt déi erëm wäerten zréckgängeg gemaach ginn. Ech wäert mech ganz staark drop freeën, a Millioune Leit och.

Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo den Här Nohaltegkeetsminister, deen ënner anerem och fir deen heite Beräich zoustänneg ass.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Fir d'Eischt emol Merci natierlech un d'Rapportrice fir dee gudde schréftlechen a mëndleche Rapport, an natierlech allen Deputéierte respektiv Fraktiounen, mat Ausnam vun enger, fir dann d'Zoustëmmung.

Ech muss soen, ech sinn e bëssen iwwerrascht iwwert déi Aussoen, déi elo um Schluss gemaach gi sinn. Bon, Dir wësst, datt ech sécherlech an deem heiten Domän kee ferventen Unhänger sinn effektiv och vun där iwwerdriwwener Liberaliséierung, wéi se an Europa gemaach ginn ass. Dat war jo och de Grond, firwat ech mer zum Zil gesat hat, fir am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence dee véierte Paquet ferroviaire esou ëmgeännert ze kréien, datt mer net nëmme fir Lëtzebuerg an déi kleng Länner do eng ganz aner Situatioun erauskritt hunn, mä generell e Richtungswiessel kritt hunn an der Ausriichtung vun der Eisebunnspolitik oder vum schinnegebonnene Verkéier an Europa. Well dat, wat elo vum Parlament och definitiv verofschit ginn ass, dat ass eigentlech dat, wat mir ënner Lëtzebuerger Présidence ausgehandelt haten. Do ass net méi wesentlech vill dru geännert ginn. An dat ass schonn e wesentleche Richtungswiessel par rapport zu virdrun.

Ech muss allerdéngs soen, datt, wann hei emol esou einfach locker behaapt gëtt, datt déi Degradéierung, déi mer hätten an den Eisebunnsréseauen an Europa, datt dat nëmmen dermat ze dinn hätt, datt mer extrem Liberaliséierung an Europa gehat hätten an de leschte 15 Joer, datt dat net stëmmt.

Ech kann lech soen, ech hu vill ze di mat mengen Nopeschkolleegen, Nopeschréseauen. An och wann ech kee ferventen Unhänger si vun där iwwerdriwwener Liberaliséierung, wéi se gemaach ginn ass, muss ech lech awer och soen: Et kann net méi esou weidergoen, wéi et am Moment ass a verschiddene Länner, datt Eisebunnsgesellschaften - ech wëll emol soen - e bësse wéi Dinosaurier fonctionnéieren a sech net bewegen. Ech mengen, et muss awer och Bewegung dra kommen, well näämlech, wann den Eisebunnssecteur sech soll entwéckelen, da muss sech awer och d'Mentalitéit an den Eisebunnsgesellschaften e bëssen änneren; fir et emol fein auszedrécken.

(Interruption)

Jo, dat ass awer net... Ech kann lech soen, ech komme gär eng Kéier an d'Kommissioun. Da ginn ech lech genuch Beispiller vun Diskussiounen, déi ech de Moment hu mat Nopeschréseauen, wou mir ganz vill gutt Iddien hunn. A wann ech gesinn, mat wat fir enger Schwéierfällegkeet déi zum Deel ëmgesat ginn, dat ass awer och net ëmmer grad esou, wéi mer den Eisebunnstransport fit gemaach kréien. An dat huet näischt mat der Liberaliséierung ze dinn, mä dat huet eppes dermat ze dinn, datt awer och do Strukture sinn, déi, mengen ech, dem 21. Jorhonnert net méi grad ugepasst sinn. Dat muss een awer och emol eng Kéier soen. Duerfir, dat ze reduzéieren op Liberaliséierung, dat ass sech d'Liewen einfach gemaach.

An duerfir, wann Der hei kuckt, ëm wat et hei geet. Hei gëtt jo näischt Wesentleches méi geännert un deem, wat an deene leschte Jore geschitt ass. Et gëtt am Fong just festgestallt: Éischtens, am Virfeld vun där Direktiv ass festgestallt ginn, datt net esou investéiert ginn ass an d'Réseauen, wéi sech dat erwaart ginn ass, och net vun de Länner an och net vun de Gesellschaften. An da gëtt versicht hei, verschidde Saachen ze clarifiéieren, ze moderniséieren, de Kader besser ze setzen, fir den Investissement ze stimuléieren.

Ech kann nëmme feststellen: Mir sinn zwar hei verklot ginn als Lëtzebuerg, well mer d'Direktiv ze spéit ëmsetzen. Et kascht eis zwar elo näischt, well mer stëmmen et jo elo haut an dann huet dat, souguer wann nach en Uerteel sollt kommen, null Inzidenz. Dat heescht, dat kascht de Lëtzebuerger Stat elo keen Euro. Firwat dat elo esou laang gedauert huet, ech wëll net dorobber agoen, d'Madamm Rapportrice huet dat schonn zum Deel gemaach.

Mä ech kann awer just feststellen, wann ech d'Zuele kucken, a mir hunn eis emol d'Méi gemaach, déi emol e bëssen erauszeschreiwen aus deem heite Kontext, datt op alle Fall déi Kriticken, déi gemaach gi sinn, a firwat et zu där heiter Reform komm ass bei den Investissementer, dat fir eis, op alle Fall fir déi lescht Joren, net zoutrëfft.

Wann ech kucken, wat mer tëschent 2014 an 2018 an den Eisebunnsréseau investéieren, dat sinn 1,7 Milliarden Euro! Ech géif dat gär vergläichen och am Verhältnis zu deem, wat a grousse Länner, am Ausland, souguer wou liberaliséiert ass, investéiert gëtt. 1,7 Milliarden! A mir hu jiddefalls am Pluriannuel virgesinn, datt och no 2018 zousätzlech pro Joer 400 Millioune sollen investéiert ginn an eenzelne Projeten. Dat sinn enorm Zommen! Do musst Der wäit zréck siche goen an d'Geschicht vu Lëtzebuerg. Do musst Der wahrscheinlech an d'Virkrichszäit goen, fir ze kucken, ob jeemools eng Kéier an enger Legislaturperiod esou vill investéiert ginn ass wéi dat heiten.

Ech wollt dës Chifferen emol nach eng Kéier hei erëm erwänen, well jo och emol an der leschter Zäit, et ware jo och elo Budgetsdebatten, oft behaapt ginn ass... an et gëtt ëmmer erëm versicht ze behaapten, dat wär net esou. An dat ass d'Realitéit, an dat hu mer gemaach, ouni datt den éischte Paquet ferroviaire gestëmmt ginn ass. Dat ass einfach eng politesch Décisioun, déi derzou gefouert huet, datt mer dat maachen.

A wann Der d'Zuele kuckt, wou mer de Moment stinn! Dat kënnt Der an d'Zuele vun der Kommissioun nokucke goen. Ech wëll der just dräi eraushuelen. Dat Eischt ass d'Augmentatioun vun de Clienten am Joer tëschent 2009 an 2014. Do leie mir mat 5% op der drëtter Plaz an der EU; dat heescht extrem gutt. E Land wéi Frankräich zum Beispill, an duerfir hunn ech virdrun drop higewisen, läit op der 18. Plaz. 18. Plaz! Dat heescht, do hu mer ganz sécher eng Rei Problemer - an déi hunn och näischt mat der Liberaliséierung ze dinn -, firwat datt et do net virugeet. Also, och mat falsche Strategien, déi geholl gi sinn, deelweis vun deene jeeweilege Gesellschaften.

An dann, wann Der d'Augmentatioun och vun den Tonne pro Kilometer beim Fret kuckt tëschent 2009 a 2014, zu Lëtzebuerg ass dat plus 10%, do leie mer op Plaz 3. Dat heescht, mir leien och do am Top 3. An dann natierlech interessanterweis, wann ech dann am Persouneverkéier kucken, wou mengt Der dann - dat gëtt jo och gär zu Lëtzebuerg vill diskutéiert -, wou et déi gënschtegsten Tarifikatioun gëtt - ech zielen England emol nach derbäi, well dat ass jo dat Land, wat am meeschte liberaliséiert huet scho laang am Eisebunnsberäich - vun den 28 EU-Länner? Ma dat ass zu Lëtzebuerg!

Mir sinn Nummer 1 de Moment. Mir hunn déi gënschtegst Tariffer am Persounennoverkéier a ganz Europa. Ech wollt dat och emol nach eng Kéier hei ënnersträichen, wa sech emol lénks a riets beklot gëtt iwwert d'Tariffer, déi anscheinend esou deier wären, oder da gemengt gëtt, et misst ee vu Gratistransport schwätzen, wéi wann dat elo eng grouss Inzidenz hätt op d'Usteige vun dem Passagéieropkommen.

De véierte Paquet ferroviaire, ass gesot ginn, deen ass um Umarsch. Ech maache mer fir Lëtzebuerg do elo keng Suerge méi, well mir hunn dat effektiv do am Kader vun der Présidence gutt hikritt. An dat war net einfach, kann ech Iech soen, well am Ufank, wéi mer dermat ugefaangen hunn, stounge mer zimlech eleng do. An, bon, mir hunn et awer fäerdegbruecht, an dat ass eng gutt Saach. Dee Paquet ferroviaire wäert och dat dann endlech maachen, wat de Statsrot kritiséiert huet. Mir wäerte versichen, dann d'Texter ze bündelen, datt mer méi eppes Kohärentes kréien, méi eppes Visibeles vun Text erauskréien.

An ech hoffen op alle Fall, datt, wann dee véierte Paquet ferroviaire, deen, wéi gesot, dank der Aarbecht, déi mer wärend der Présidence gemaach hunn, fir eis ganz gutt ass, wann deen elo gestëmmt ass, datt mer dann emol déi nächst Jore Rou hunn an datt sech konzentréiert gëtt op dat, wat mir hei zu Lëtzebuerg maachen, näämlech op den Invest an den Ausbau vun den Eisebunnen, an datt net een op d'Iddi kënnt ze mengen, gläich hannendrun erëm e fënnefte Pak ze schécken.

Ech si frou, d'Kommissärin de Moment ass do total menger Meenung. Déi wäert dat op alle Fall net maachen. An ech mengen, datt et elo drop ukënnt, mat deenen Instrumenter, déi mer hunn, mat deene Korrekturen, déi mer mam véierte Pak virgeholl hunn, och an der Ausriichtung, datt d'Eisebunne sech an den nächste Jore gutt kënnen entwéckelen. Aus villfälteger Hisiicht ass dat extrem wichteg.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Nohaltegkeetsminister.

Domat wäre mer prett, fir iwwert de Projet de loi 6931 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6931 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen an 3 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Och hei d'Fro vun der Dispens vum zweete Vott. Sidd Der d'accord?

(Assentiment)

Merci.

6. Ordre du jour

An dann hu mer d'Optioun, entweder d'Resolutioun ze huelen oder eist Reglement.

Une voix.- D'Resolutioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dann huele mer d'Resolutioun.

7. Résolution relative à la proposition de directive du Conseil concernant une assiette commune pour l'impôt sur les sociétés (COM(2016) 685) et de la proposition de directive du Conseil concernant une assiette commune consolidée pour l'impôt sur les sociétés (ACCIS) (COM(2016) 683)

- Art. 168 du Règlement de la Chambre

D'Finanzkommissioun, Kolleeginnen a Kolleegen, huet décidéiert, en Avis motivé un d'Europäesch Kommissioun ze riichten. D'Finanzkommissioun war am Kader vun der Kontroll vun der Subsidiaritéit mat engem legislative Virschlag vun der EU-Kommissioun befaasst. Dee Virschlag betrëfft eng Assiette commune fir d'Steieren op d'Gesellschaften. An d'Finanzkommissioun koum zur Konklusioun, datt de Subsidiaritéitsprinzip net respektéiert respektiv verletzt ginn ass.

Résolution

La Chambre des Députés,

considérant l'article 168 du Règlement de la Chambre des Députés;

rappelant que la Commission des Finances et du Budget a été saisie de la proposition de directive du Conseil concernant une assiette commune pour l'impôt sur les sociétés (COM(2016) 685) et de la proposition de directive du Conseil concernant une Assiette commune consolidée pour l'impôt sur les sociétés (ACCIS) (COM(2016) 683), propositions émanant de la Commission européenne et relevant du contrôle de subsidiarité;

constatant que la Commission des Finances et du Budget a adopté un avis motivé au sujet des propositions précitées;

décide de faire sien cet avis motivé de la Commission des Finances et du Budget ayant la teneur suivante:

«La Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg a examiné avec attention la proposition de la Commission européenne relative à une assiette commune pour l'impôt sur les sociétés et celle relative à une Assiette commune consolidée pour l'impôt sur les sociétés (ACCIS).

La Chambre des Députés, tout en saluant les efforts déployés par la Commission européenne dans la lutte contre les pratiques d'évasion fiscale ayant une incidence directe sur le fonctionnement du marché intérieur, souhaite exprimer ses préoccupations quant aux propositions de directives précitées et considère qu'elles ne respectent à ce stade ni le principe de subsidiarité ni le principe de proportionnalité au sens de l'article 5 du Traité sur l'Union européenne.

La Chambre des Députés rappelle que l'article 5 du Protocole n°2 sur l'application des principes de subsidiarité et de proportionnalité impose à la Commission européenne de motiver ses propositions législatives au regard des principes de subsidiarité et de proportionnalité. Le respect de cette exigence de motivation exige notamment la production d'„une fiche contenant des éléments circonstanciés permettant d'apprécier le respect des principes de subsidiarité et de proportionnalité". Toutefois, la Chambre des Députés est d'avis que la Commission européenne est en l'occurrence restée en défaut d'apporter des éléments de preuve adéquats quant au respect de ces principes, notamment au regard des problématiques suivantes:

L'harmonisation de l'assiette imposable qui est induite par les propositions de directives impacte directement la prérogative des États membres de déterminer librement des aspects essentiels de leur politique fiscale. Or, la politique fiscale représente non seulement un élément fondamental de la souveraineté des États membres, mais constitue également l'expression de choix de politique sociale et économique tenant compte des spécificités de chaque État. En l'occurrence, la mise en œuvre des propositions conduiraient à ce que ces considérations (d'ordre politique, social et économique) propres à chaque État ne puissent plus être dûment prises en compte au niveau national, mais devraient à l'avenir être négociées à l'unanimité au sein du Conseil.

De par leur effet budgétaire négatif sur certains États membres - dont le Luxembourg -, les propositions de la Commission européenne sont également susceptibles de réduire de facto la marge d'appréciation des États membres pour déterminer leurs taux d'imposition, étant donné que la baisse des recettes fiscales résultant pour certains États membres de la mise en œuvre de l'ACCIS devra être compensée par l'actionnement d'autres leviers budgétaires, dont notamment le niveau de taux d'imposition. Dans ce contexte, la Chambre des Députés note avec préoccupation que les propositions risquent d'impacter de façon disproportionnée les petites économies ouvertes au sein de l'Union. Dans la mesure où après mise en œuvre de l'assiette commune, le seul facteur de différenciation entre États membres serait le taux d'imposition des sociétés, la Chambre des Députés redoute une course vers le bas excessive.

La Chambre des Députés constate avec inquiétude que la Commission européenne n'a pas fourni d'arguments convaincants permettant de comprendre les raisons pour lesquelles une harmonisation de l'assiette imposable serait devenue nécessaire pour lutter contre l'évasion fiscale, alors que le Conseil de l'UE vient d'adopter en juillet 2016 une directive ayant pour objectif de lutter contre les pratiques d'évasion fiscale[1] et fixant à cet égard un degré minimum de coordination dans l'Union. À défaut de commencement de mise en œuvre de la directive 2016/1164, les avantages additionnels résultant de la mise en place d'une assiette commune consolidée et qui justifieraient une action au niveau de l'Union n'ont pas été clairement établis par la Commission européenne.

La Chambre des Députés nourrit également des doutes que les propositions en cause puissent permettre d'aboutir à un allègement des charges administratives. De par la mise en place d'un système d'imposition coexistant en parallèle avec le système d'imposition national, il est à craindre que l'éventuelle réduction des coûts de mise en conformité pour les entreprises ne soit en fin de compte contrebalancée par l'augmentation des coûts administratifs pour les administrations fiscales nationales, qui devront à l'avenir mettre en œuvre en parallèle deux systèmes d'imposition différents. La Chambre des Députés craint qu'une telle solution ne soit source de complexité additionnelle pour toutes les parties prenantes et qu'elle risque pour le surplus de poser des problèmes d'un point de vue du principe d'égalité devant la loi et l'impôt.

Les propositions de la Commission impliquent également que les règles en matière de prix de transfert ne s'appliqueront à l'avenir plus au sein de groupes de sociétés tombant dans le champ d'application de l'ACCIS. La Chambre des Députés craint qu'une telle solution ne contribue à créer des divergences entre les solutions agréées au sein de l'Organisation de coopération et de développement économiques (OCDE) et celles retenues par l'UE. En effet, si elles étaient mises en œuvre, les propositions de la Commission seraient susceptibles de porter une grave atteinte aux règles existantes agréées au sein de l'OCDE et seraient donc potentiellement en contradiction avec les conventions internationales applicables au Luxembourg, en Europe et au-delà. Une telle solution mettrait en doute l'attachement que les États membres de l'UE portent à l'efficacité des solutions trouvées au sein de l'OCDE, notamment dans le domaine des règles de prix de transfert.

(s.) Eugène Berger.

D'Prozedur, déi applizéiert gëtt, ass geregelt am Artikel 168 vun eisem Chambersreglement. Den Avis motivé vun der Finanzkommissioun ass Iech a Form vun enger Resolutioun verdeelt ginn. E Vote sans débat gëtt virgeschloen.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Vote sur la résolution

An ech géif dann direkt zum Vott iwwert d'Resolutioun iwwergoen.

Sidd Der d'accord mat engem Vote à main levée?

(Assentiment)

Wien ass mat där Resolutioun d'accord?

Wien ass dergéint?

Zwou Géigestëmmen.

Enthalungen?

Keng.

Domat ass déi Resolutioun an deem Sënn ugeholl, dass mer se un d'Europäesch Kommissioun weider kënne ginn.

An da géife mer op de virleschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Ech hunn nach eng kleng Iwwerraschung fir Iech.

1 Directive (UE) 2016/1164 du Conseil du 12 juillet 2016 établissant des règles pour lutter contre les pratiques d'évasion fiscale qui ont une incidence directe sur le fonctionnement du marché intérieur

Plusieurs voix.- Aah!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat ass d'Modifikatiounspropositioun vun eisem Chambersreglement. An de Rapporteur, den honorabelen Deputéierten Alex Bodry, ass prett am Numm vun der Reglementskommissioun, de Rapport dozou ze maachen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

8. 7098 - Proposition de modification des annexes 4 et 5 du Règlement de la Chambre des Députés

Rapport de la Commission du Règlement

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Bei dëser Modifikatioun vun den Annexe 4 a 5 vun eisem Reglement vun der Chamber geet et eigentlech ëm zwee verschidde Punkten. Et geet an éischter Hisiicht drëm, fir déi nei gesetzlech Regele vum Congé parental och fir d'Personal vun der Chamber ëmzesetzen. Duerch e Gesetz vum 3. November 2016 ass jo de Regimm vum Congé parental geännert ginn. En ass, insgesamt gesinn, verbessert ginn a Richtung vu méi Flexibilitéit vun neie Modeller a verschiddene Modalitéiten, respektiv ännert och de Rémunérationsmechanismus par rapport zu der Gesetzgebung virdrun.

Fir d'Fonction publique u sech um Niveau vum Stat, um Niveau vun de Gemengebeamten, sinn déi néideg Ofännerunge scho vun Texter gemaach ginn am Kader vun deem Gesetz vum 3. November 2016, well do och dat modifizéiert Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Generalstatut vun de Statsfonctionnairë gläichzäiteg mat ëmgeännert ginn ass.

Mir mussen also hei eng spezifesch Ëmsetzung maachen, wat elo d'Personal vun der Chamber ugeet. Dat geschitt, wéi gesot, duerch déi heite Modifikatioun vun enger Annex vun eisem Reglement. Dat ass also den éischte Punkt vun deem heiten Text, wou mer eis selbstverständlech eent zu eent un dee Modell halen, deen an der allgemenger Fonction publique och gëllt.

Dann déi zweet punktuell Verännerung, déi mer haut virhuelen, wa mer déi Modifikatioun vun eisem Reglement hei stëmmen, dat ass déi, dass mer de Besoldungssystem vun eisem Personal änneren an deem Sënn, dass mer jo haut eigentlech eng Dualitéit hunn. Déi Leit, déi virum 18. Mäerz 2005 agestallt si ginn, déi hunn en anere Besoldungssystem, en anere Statut, wat d'Rémunératioun ugeet, wéi déi, déi duerno, also ab dem 18. Mäerz 2005 agestallt gi sinn.

Déi Dualitéit bleift bestoen, mä déi Dualitéit war Deel vun enger Contestatioun, déi sech iwwer laang Joren och ënner anerem a Geriichtsverfahren erëmgespillt huet, virun eise Verwaltungsgeriichter. An doropshin ass probéiert ginn, e Modus vivendi ze fannen, wat de Rémunérationssystem also vum Chamberpersonal ugeet. D'Dualitéit bleift bestoen, mä fir déi Leit, déi also ab dem 18. Mäerz 2005 agestallt si ginn, kënnt e System vu Prime d'astreinte mat bäi, deen op verschidden Etappe vun Anciennetéit am Service opgebaut ass, soudatt dat fir déi dote Leit eng Verbesserung vun hirer Rémunératioun gëtt.

Zu deem ganzen Accord, deen och fonnt ginn ass tëschent dem Chambersbüro an der Vertriedung vum Personal hei vun der Chamber, gehéiert dann och eng nei Regelung, wat den Horaire respektiv besonnesch wat d'Berechnung vun den Iwwerstonnen hors cadre ugeet. An déi nei Regelung, déi wäert derzou féieren, dass manner Iwwerstonne wäerten ausbezuelt ginn.

Dat gëllt fir d'gesamt Personal. Hei ass also e Gesamtaccord fonnt ginn, wou net nëmmen eigentlech dat méi rezent agestallte Personal mat Partie prenante ass, mä et ass fäerdegbruecht ginn, fir en Accord ze fannen, wou dat gesamt Personal eigentlech och säin Accord zu där Regelung ginn huet, a wou si och direkt mat betraff sinn duerch déi nei Bestëmmungen, wat d'Ausbezuelung vun den Iwwerstonnen ugeet.

Soudass mer kënnen hei soen, dass mer also hei um Punkt sinn, dass mer dee gemeinsam ausgehandelten Accord hei och kënnen an eisem Chambersreglement iwwerhuelen, an eisen Annexen. Dat Ganzt trëtt den 1. Januar 2017 a Kraaft. An ech géif Iech dann och am Numm vun der zoustänneger Reglementskommissioun, déi mech de 15. Dezember als Rapporteur designéiert huet, bieden, dës Modifikatioun vun eisem Chambersreglement ze stëmmen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur.

Gëtt et Wuertmeldungen do derzou?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da géife mer iwwert d'Änneruge vum Chambersreglement ofstëmmen.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

A mer fänke mam Vott un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass schonn eriwwer.

Mir hunn Unanimitéit an der Ofstëmmung.

Résultat définitif après redressement: la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés est adoptée par 59 voix pour et 1 abstention.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

S'est abstenu: M. Michel Wolter.

Ech soen Iech Merci dofir a wëll och alle Bedeelegten e ganz grousse Merci soe fir dee konstruktive Geescht, an deem déi heiten Diskussioune gefouert gi sinn. Merci!

An da wäre mer bal um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Ech bieden Iech just nach ëm zwou Minutte Gedold.

9. Discours de fin d'année de M. le Président

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn um Enn vun eiser leschter Sëtzung am Joer 2016 ukomm. A wa mer op dat Joer an eis Aarbechten zréckkucken, dann denke mer fir d'Éischt un déi schrecklech Biller aus Aleppo, Terrorattacken zu Berlin, Bréissel, Nice an der Tierkei oder soss an der Welt, d'Äerdbiewen an anere Regioune vun der Welt, an Italien, an un déi Honnertdausende Mënschen, déi viru Krich, Terror a Misär vun doheem an eng ongewëss Zukunft hu misse flüchten. De Brexit an d'Wahlen an den USA si weider Evenementer op internationalem Plang, déi eis nach laang an Otem hale wäerten.

Zu Lëtzebuerg hu mir och 2016 eng grouss Solidaritéit bewisen an alles gemaach, wat méiglech ass, fir Mënschen an Nout opzehuelen. Den Challenge, deen elo op eis zoukënnt, ass net manner grouss, geet et dach drëm, Leit, déi de Statut vum Réfugié kréien, an eis Gesellschaft ze integréieren.

Ech si frou, datt eis Chamber groussen Engagement weist, fir d'Ursaache vun deem Flüchtlingsdrama ze bekämpfen, a sech fir Fridden, Entwécklung a politesch Stabilitéit an alle Krisegebidder asetzt. Dat hu mer haut erëm eng Kéier gemaach mat eise Resolutiounen, Motiounen.

Um nationale Plang huet d'Chamber och 2016 weider Efforte gemaach, fir d'Leit dobausse méi an den demokrateschen Décisiounsprozess anzebannen, zum Beispill duerch d'Consultatioune fir déi nei Constitutioun an d'Journée des portes ouvertes, Visitten an der Chamber. 168 Petitioune sinn erakomm, a siwen Debatten iwwert d'Petitioune sinn hei an der Chamber gefouert ginn; net zulescht och eisen Engagement, fir d'politesch Bildung hei zu Lëtzebuerg ze verbesseren.

Mir hunn hei am Haus dëst Joer kleng a grouss Dossiere verofschit, zum Beispill d'Steierreform, d'Reform vun de Gemengefinanzen, de Budget fir 2017 haut, d'Reform vum Congé parental. Mir hate ganz vill Aarbecht, virun allem och an deene leschten Deeg, mä mir konnten déi Aarbecht ënner gudde Konditioune leeschten. Ech mengen, eis Reaktioun vum leschte Joer huet och net zulescht derzou bäigedroen, dass mer zwar intensiv, mä awer grëndlech konnte schaffen.

Fir 2017 stinn aner grouss Projeten um Programm, wéi d'Nationalitéitegesetz oder d'Omnibusgesetz, de Spidolsplang, fir nëmmen déi ze nennen, déi esou gutt wéi sprochräif sinn. Et waart also och 2017 vill Aarbecht op eis!

Ech wëll Iech an där leschter Sëtzung e ganz grousse Merci soen. Fir d'Éischt Iech, Kolleeginnen, Kolleegen, all de Mataarbechter aus der parlamentarescher Verwaltung mat un der Spëtzt dem Generol...

(Hilarité)

...a sengen zwee Adjointen. Merci der Regierung fir déi gutt Zesummenaarbecht an och déi Reaktivitéit, wa mer Problemer identifizéiert hunn. Merci der parlamentarescher Press, déi eis all Dag hëlleft, d'Aarbecht vum Parlament no baussen ze bréngen.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech wënschen Iech, Äre Familljen an all de Leit dobausse schéin, friddlech a gerousam Feierdeeg, a virun allem eng gutt Gesondheet, an eis all, datt 2017 d'Welt e bësse besser gëtt.

Merci villmools!

An da si mer bal um Enn. Madamm Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, erlaabt mer am Numm vun alle Kolleeginnen a Kolleegen hei, fir virop emol all deene Leit, déi heibannen an dësem Haus schaffen, och e Merci auszeriichte fir déi geleeschten Aarbecht a fir hir Disponibilitéit, net nëmmen d'ganzt Joer, mä virun allem déi lescht Wochen an Deeg, wou mer ganz intensiv heibanne geschafft hunn.

Iech awer och, Här President, e grousse Merci an onser aller Nimm, fir ons d'ganzt Joer an och besonnesch déi lescht Wochen an Deeg dach awer gutt duerch den Ordre du jour gefouert ze hunn an ëmmer mat där noutwendeger léiwer Flexibilitéit op ons agaangen ze sinn.

Mir wënschen Iech alleguerten hei an dësem Haus friddlech an erhuelsam Feierdeeg an e bësse Rou, fir erëm e bëssen Energie ze tanken. A wa mer eis kënnen alleguerten eppes wënsche fir dat nächst Joer, dann ass et, wéi Der et gesot hutt, Här President, datt d'Joer 2017 e bësse méi friddlech gëtt. A vläicht kënne mir duerch ons Aarbecht heibannen och e bëssel-chen dozou bäidroen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An da maache mer dat esou.

Une voix.- Voilà!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Sëtzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.47 heures)

Sommaire des séances publiques nos 18, 19 et 20

18e séance

Ouverture de la séance publique p. 228

7050 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

9) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé (suite)

et

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020 (suite)

- *Discussion générale* p. 228-246

Ordre du jour p. 246

19e séance

Ouverture de la séance publique p. 247

7050 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

9) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé (suite)

et

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020 (suite)

- *Prise de position du Gouvernement* p. 247-248

- *Votes* p. 248-249

Résolution de M. Laurent Mosar relative à la condamnation ferme des mesures répressives disproportionnées appliquées en Turquie depuis la tentative manquée de coup d'État militaire en juillet 2016, à la réaffirmation de l'engagement en faveur du maintien de l'ancrage de la Turquie à l'UE et au ralliement à entamer un gel temporaire des négociations d'adhésion en cours avec la Turquie p. 249-251

Motion de M. Laurent Mosar relative au soutien de toutes les initiatives politiques mettant en œuvre et stabilisant un cessez-le-feu durable à Alep p. 251-253

Ordre du jour p. 253

7016 - Projet de loi concernant l'organisation du temps de travail et portant modification du Code du travail p. 253-259

20e séance

Ouverture de la séance publique p. 260

7092 - Projet de loi portant modification des articles L.511-5, L.511-7, L.511-12 et L.631-2 du Code du travail p. 260-261

7053 - Projet de loi portant introduction d'une certification de la durabilité des logements et modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement,

7054 - Projet de loi concernant la collecte, la saisie et le contrôle des dossiers d'aides relatives au logement,

7055 - Projet de loi relative à un régime d'aides à des prêts climatiques

et

7046 - Projet de loi

1. instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement

2. modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre p. 261-270

Ordre du jour p. 270

6931 - Projet de loi portant transposition de la refonte du 1er paquet ferroviaire et modifiant

1. la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire;

2. la loi modifiée du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation;

3. la loi modifiée du 22 juillet 2009 relative à la sécurité ferroviaire; et

4. la loi du 3 août 2010 sur la régulation du marché ferroviaire p. 270-272

Ordre du jour p. 272

Résolution relative à la proposition de directive du Conseil concernant une assiette commune pour l'impôt sur les sociétés (COM(2016) 685) et de la proposition de directive du Conseil concernant une assiette commune consolidée pour l'impôt sur les sociétés (ACCIS) (COM(2016) 683)

- Art. 168 du Règlement de la Chambre p. 272

7098 - Proposition de modification des annexes 4 et 5 du Règlement de la Chambre des Députés p. 272-273

Discours de fin d'année de M. le Président p. 273

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU **N°07** • SESSION ORDINAIRE 2016-2017

Sommaire des questions parlementaires

Question n°	Auteur	Objet
2618	Max Hahn, Claude Lamberty	Distribution de comprimés d'iode
2620	Martine Mergen	Projet «Luxembourg Medical School»
2621	Josée Lorsché	Extension de la psychiatrie juvénile aux Hôpitaux Robert Schuman
2622	Laurent Mosar, Gilles Roth	«Rulings»
2623	Marc Lies	Musée de la Police grand-ducale
2624	Henri Kox, Josée Lorsché	Premier bilan de la nouvelle loi taxis
2627	Marcel Oberweis	Réseau du tramway
2628	Josée Lorsché	Attractivité des gares ferroviaires
2630	Diane Adehm, Gilles Roth	Port franc du Luxembourg
2631	Josée Lorsché	Retards des trains CFL
2632	Françoise Hetto-Gaasch	Décharges pour déchets inertes
2635	Josée Lorsché	Brevets sportifs nationaux
2636	André Bauler	Impact des embouteillages sur l'économie
2638	Lex Delles	Construction d'un futur lycée à Mondorf-les-Bains
2639	Laurent Mosar, Gilles Roth	Islam radicalisé
2640	Sylvie Andrich-Duval, Françoise Hetto-Gaasch, Martine Hansen	Cours de premiers secours
2641	Sylvie Andrich-Duval, Françoise Hetto-Gaasch, Martine Hansen	Service de psychologie et d'orientation scolaires
2643	Gilles Roth, Diane Adehm	Nation Branding
2644	Josée Lorsché	Système d'information en temps réel pour les clients CFL
2645	Marc Spautz	Pratique des «faux cadres» dans les secteurs bancaire et financier
2646	Martine Hansen, Marco Schank	Sylviculture
2647	Gusty Graas	Projet «Quiet-Track»
2648	Martine Mergen, Octavie Modert	Augmentation des tarifs de POST Luxembourg
2649	Yves Cruchten	Émissions des véhicules
2650	Claudia Dall'Agnol	Immatriculation de camionnettes
2651	Marc Spautz	Usage de pistolets à impulsions électriques par les forces de l'ordre
2652	Josée Lorsché	Mesures préconisées dans le Plan national de lutte contre le tabagisme (PNLT)

Question 2618 (07.12.2016) de **MM. Max Hahn** et **Claude Lamberty** *(DP)* concernant la **distribution de comprimés d'iode:**

Au vu des discussions en Belgique au sujet de la distribution de comprimés d'iode (iodure de potassium) à la population, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Intérieur et à Madame la Ministre de la Santé:

1. Les Ministres peuvent-ils m'informer du nombre total de pilules achetées par l'État ainsi que les coûts y relatifs (par boîte et en total)?

2. Combien de boîtes ont été retirées par la population?

3. Comment les nouveaux résidents sont-ils informés de la possibilité de bénéficier de la mise à disposition de telles pilules?

4. Sachant que la prise de comprimés d'iode est non recommandée aux personnes de plus de 45 ans, combien de boîtes ont été retirées par ces dernières?

5. Combien de boîtes ont été mises à la disposition des entreprises?

6. Quel était le coût de la campagne d'information et de sensibilisation d'octobre 2014?

7. Étant donné que ces pilules sont à consommer lors d'une catastrophe nucléaire émanant des réacteurs de Cattenom, est-ce qu'une demande de remboursement (ou une participation aux frais) a été adressée à son exploitant?

8. Existe-t-il des stocks de comprimés d'iode au sein des écoles, des maisons relais, des crèches, des foyers de jour et des garderies? Le cas échéant, le personnel respectif a-t-il obtenu une formation spécifique pour pouvoir administrer ces pilules en cas d'urgence?

9. Le personnel peut-il distribuer les pilules sans le consentement explicite des parents, une fois que les autorités ont instruit leur consommation?

10. Des formations spécifiques pour le personnel communal et les services de secours ont-elles été effectuées?

Réponse commune (16.01.2017) de **M. Dan Kersch,** *Ministre de l'Intérieur,* de **Mme Lydia Mutsch,** *Ministre de la Santé,* et de **M. Xavier Bettel,** *Premier Ministre, Ministre d'État:*

ad 1. En vue du lancement de la campagne de distribution de comprimés d'iodure de potassium, l'État avait acquis 250.000 blisters à dix comprimés. Le prix pour un blister s'élevait à 0,38 euros HTVA, le coût total pour l'acquisition des 250.000 blisters s'élevait dès lors à 95.000 euros HTVA.

ad 2. Globalement, 182.000 personnes se sont procuré des comprimés d'iodure de potassium mis à leur disposition par le Gouvernement à titre de prévention lors de la campagne de 2014.

ad 3. Sur base de la circulaire n°3189, envoyée le 29 septembre 2014 aux administrations communales, chaque personne qui se présente pour déclarer son nouveau lieu de résidence habituelle sur le territoire d'une commune se voit d'office proposer la remise d'un blister de comprimés d'iodure de potassium ainsi qu'une brochure d'information. Par ailleurs, les communes disposent d'une autonomie en matière d'information des nouveaux résidents.

ad 4. Des informations renseignant l'identité ou l'âge des personnes ayant retiré les comprimés d'iode ne sont pas disponibles.

ad 5. À ce jour, quelques 15.000 blisters ont été distribués à 150 entreprises qui en ont fait la demande. La commande de comprimés d'iode par les entreprises est toujours possible et la Division de la radioprotection du Ministère de la Santé continue à recevoir régulièrement de telles demandes par les entreprises.

ad 6. Les coûts, engendrés par la campagne d'information dont notamment le développement et l'impression d'une brochure d'information, s'élevaient à 250.000 euros.

ad 7. En effet, en date du 21 juillet 2014, une lettre fut adressée au président d'Électricité de France (EDF) de l'époque lui demandant de contribuer aux efforts réalisés par le Luxembourg dans le cadre de la mise en place de mesures préventives face à un accident nucléaire à la centrale de Cattenom. EDF n'a cependant pas réservé de suite favorable à cette demande argumentant que le champ de compétence d'EDF se limite au périmètre du plan particulier d'intervention de Cattenom sur le territoire français.

ad 8. Des comprimés d'iodure de potassium sont également d'ores et déjà stockés en quantité suffisante dans l'ensemble des établissements scolaires du pays ainsi que dans la majorité des infrastructures liées à l'enfance (crèches, maisons relais,...). Les établissements souhaitant disposer d'un stock ou faire un ajustement du stock existant de comprimés d'iode peuvent faire une demande à la division de la radioprotection. Le stock de comprimés d'iode est livré et accompagné d'une note explicative dédiée au personnel enseignant.

ad 9. Le Plan opérationnel du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, élaboré dans le cadre du Plan d'intervention d'urgence en cas d'accident nucléaire, entré en vigueur par l'instruction ministérielle du 3 octobre 2014, prévoit que, sur ordre de la Cellule de crise et selon les recommandations du Ministre de la Santé, le personnel est chargé de distribuer les comprimés d'iodure de potassium.

ad 10. La circulaire d'information n°3189 résumant les responsabilités incombant aux communes en cas d'accident nucléaire ainsi que les tâches leur incombant dans le cadre de la distribution des comprimés d'iodure de potassium a été adressée en date du 29 septembre 2014 à toutes les communes du pays. Il y a lieu de noter que des instructions précises quant à l'utilisation et à la prise des comprimés d'iodure de potassium existent également sur le site www.infocrise.lu.

Question 2620 (07.12.2016) de **Mme Martine Mergen** *(CSV)* concernant le **projet «Luxembourg Medical School»:**

Tout récemment encore, l'Association des médecins et médecins-dentistes (AMMD) ainsi que l'Association luxembourgeoise des étudiants en médecine (ALEM) ont mis en garde contre la pénurie des médecins qui résultera du fait que la génération des «baby-boomers» est sur le point de partir à la retraite et que les jeunes médecins, à l'instar des autres jeunes professionnels, cherchent à mieux concilier leur vie professionnelle et leur vie familiale que leurs aînés.

Grâce à l'engagement de la profession et des gouvernements passés, il fut instauré une formation de 3e cycle recrutant un nombre approximativement suffisant de jeunes médecins, qui, en outre du savoir-faire et du savoir-être médical, sont férus de la langue et du système de santé du pays.

Cependant, nos étudiants rencontrent également des difficultés de se faire admettre en 2e année de médecine à l'étranger après avoir réussi le certificat d'études supérieures en sciences médicales à l'Université du Luxembourg. De ce fait est née l'idée de créer une «Medical School» à Luxembourg.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche:

- Sachant que dans une réponse à une question parlementaire de l'honorable Députée Martine Hansen le Gouvernement a promis le résultat d'une étude y relative pour la fin de l'année, est-il possible de savoir quand les résultats de cette étude seront présentés?

- Dans l'hypothèse où les conclusions aboutiraient à la faisabilité dudit projet, quels sont les moyens prévus pour mettre en œuvre ledit projet?

- Dans la négative, quels sont les moyens envisagés pour répondre aux besoins en personnel de la profession médicale et faire face à la pénurie de médecins?

Réponse commune (13.01.2017) de **Mme Lydia Mutsch,** *Ministre de la Santé,* et de **M. Marc Hansen,** *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche:*

En réponse à la question parlementaire de l'honorable Députée Martine Mergen au sujet de la formation médicale, nous avons l'honneur de renvoyer à la réponse de Monsieur le Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche à la question parlementaire n°2408 de Madame la Députée Martine Hansen et d'apporter les précisions suivantes.

Erschreckend ass awer, Här President, wann ee sech mam Opklärungstaux vun deene Strofdote beschäftegt. Deen ass weider réckleefeg. Goufen 2013 nach 8,2% opgekläert, esou waren et der 2014 just nach 6,3% oder 273 Fäll, 2015 5,6% oder 202 Fäll. 2015 konnten also 38% manner Abréch opgekläert gi wéi nach 2013.

An Däitschland goufen 2015 zum Beispill, en moyenne, 15,2% vun de Fäll opgekläert. Mir klären also 5,6% vun allen Abréchfäll op, woubäi den Taux an Däitschland dräimol esou héich ass!

Bal 95% also vun allen Abriecher konnten net ermëttelt ginn. Den 21. Oktober 2015 hate mir dem Minister eng schréftlech Fro zu dësem Sujet gestallt, fir gewuer ze ginn, wat d'Regierung un neie Moossname géif treffen, fir méi Fäll opzedecken. D'Ministere Schneider a Braz hunn an hirer Äntwert eigentlech just op e Groupe mixte d'enquête verwisen, dee säit 2009 fonctionnéiert. Mir stellen haut fest, datt den Opklärungstaux eropgaangen ass, pardon, erofgaangen ass. Dofir, mengen ech, wier et un der Zäit, nozebesseren.

Den Här Minister Schneider hat am Dezember 2014, am Kader vun eiser Heure d'actualité, drop higewisen, datt déi Abréch oft a Welle géife geschéien an datt et ganz oft organiséiert Banden aus dem Osten, aus fréieren Ostblockstate wieren. Fir d'CSV ass op alle Fall kloer, datt hei national Léisungen eleng net duerginn!

Wéi gëtt de Centre commun de coopération policière et douanière, deen de Sëtz hei zu Lëtzebuerg um Findel huet, an deem Kontext mat agebonnen? Wéi eng Moyene ginn zur Verfügung gestallt?

Et ass fir eis och net nozevollzéien, firwat Lëtzebuerg Enn Oktober 2016 am länneriwwergräifenden Treffen zu Aachen net derbäi war, wou sech déi hollännesch, belsch an däitsch Autoritéite getraff hunn, fir sech an der sougenannter Aachener Erklärung ze engagéieren, un enger besserer Koordinatioun zur Bekämpfung vun de grenziwwerschreidenden Abréch ze schaffen.

Hätt dat net missen och d'Äntwert vun der Regierung op d'Konklusioune vum Conseil vum 13. Oktober 2016 iwwert d'organiséiert Wunnengsabréch sinn? Och wann de Minister op eng gestallte Fro vun der Kolleegin Dall'Agnol versicht huet, ze beschwichtegen, denke mir, datt hei muss nogebessert ginn. D'CSV fuerdert dofir, datt d'Regierung hir Versäumnisser, wann dat net an Zwëschenzäit sollt geschitt sinn, nohëlt.

Och am Zesummenhang mat den Abréch hunn ech de Minister scho méi wéi eng Kéier op informatesch Fréiwarnsystemer higewisen. Een dovunner nennt sech PRECOBS. Als Äntwert op eng gemeinsam Fro vu mengem Fraktiounskolleeg Laurent Mosar a mir selwer vum Februar 2016 huet de Minister keng Stellung geholl, wat d'Effikassitéit vun esou Logiciellen ugeet. Et gouf just drop higewisen, datt de PRECOBS-System fir Lëtzebuerg wéinst senger geografescher Taille net adaptéiert wier.

Wann een op där enger Säit seet, datt e groussen Deel vun den Abréch op de Konto vu mobille Bande geet, déi a Wellen operéieren, op där anerer Säit méiglech Piste mat engem Handwësch ofweist, ass dat ze kuerz gegraff. Ech wier dofir frou, wann de Minister eis kéint Opschloss ginn, ob esou Systemer net awer um Niveau vun der Groussregioun kéinten agesat ginn.

Här President, den zweete Punkt, deen ech wëll beliichten, ass d'Drogekriminalitéit. D'Präsenz vum Drogemilieu an enger Uertschaft ass definitiv e Problem. D'Stad Lëtzebuerg steet hei ëmmer erëm besonnesch am Fokus, mä och an anere grousse Stied gëtt et dee Problem. Mir stelle fest, datt, nodeems den Här Mosar an och d'Madamm Polfer aktiv gi sinn, Bewegung an den Dossier komm ass.

Zanter 2012 sinn d'Fäll vun Drogekriminalitéit kontinuéierlech an d'Luucht gaangen, mat enger Hausse vu bal 80%! Ech denken, datt hei an de leschte Méint vill Bewegung erakomm ass. Vill Drogendealer konnte verhaft ginn. An et schéngt es, wéi wann hei eng Rei Erfolleger ze vermelde wieren. Dat begréisse mir. Dës Efforte solle weidergefouert ginn.

Datt den Drogeproblem trotzdeem net geléist ass, ass awer och en oppent Geheimnis. Virun e puer Woche konnt een zum Beispill an der Press liesen, datt eben elo net méi op der Strooss gedealt gëtt, mä an den Hannerzëmmeren. Et ass also deels zu enger geografescher Verlagerung komm, vum Trottoir an d'Bannenhäff. An d'Police, esou stoung et an der Press, ass oft ee Schrëtt ze lues. Dës Situatioun dréit net zur Verbesserung vum Sécherheetsgefill vun de Bierger bäi.

En drëtte Problem, deen ech wëll uschneiden, ass dee bekannte Problem vun der Mendicitéit. Mir wëssen, datt d'Mendicitéit e villschichtege Problem ass. D'Mendicitéit huet oft sozial Ursaachen an déi wëll ech hei net klengrieden an déi mussen och ugaange ginn.

Et entsteet awer eng Kontrovers ëm d'Mendicitéit, wann et offensichtlech gëtt, datt se organiséiert ausgeüübt gëtt. Dat ass eng Infraktioun. An d'Leit verlaangen, datt déi Autoritéiten, déi dofir zoustänneg sinn, och aktiv ginn.

Derniewent gëtt d'Mendicitéit och zum Problem, wann déi betraffe Leit déi ëffentlech Uerdnung stéieren. Meng Fraktiounskolleege Serge Wilmes a Laurent Mosar goufen an deem Dossier jo schonn aktiv, éier déi Saach am Summer 2015 héichgekacht ass.

D'Medien hu sech awer missen aschalten, fir déi responsabel Politiker waakreg ze réselen. An der Hetz hunn duerno eis Ministere Bettel, Schneider a Braz de Sujet wëllen dréinglechst behandelen. D'„Wort" huet getitelt: «Le Gouvernement prend les choses en main».

Datt näischt dobäi erauskomm ass, weist och, datt d'Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg am August 2016 dësen Appell un d'Regierung gemaach huet, ech zitéieren: „Dofir maachen ech wierklech e waarmen Appell un all d'Autoritéiten, déi hei Kompetenzen hunn, fir hei zesummenzewierken, fir datt mer déi do Situatioun an de Gréff kréien. Well dat do gëtt vun de Leit als eng Ofdankung vun der ëffentlecher Muecht oder Uerdnung ugesinn an dat si geféierlech Momenter an enger demokratescher Gesellschaft." Fin de citation.

Dat si kloer Wierder vun der Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg. Och elo nach am Dezember d'lescht Joer sinn nach ganz vill Heescherten ënnerwee gewiescht. Eleng ronderëm de Royal Hamilius souzen op 100 Meter dräi bis véier Heescherten. Hei huet een d'Impressioun, datt et sech ëm organiséiert Mendicitéit handelt.

Mä och an anere gréisseren Uertschafte kënnt de Phenomeen periodesch op. Mir haten den 20. Abrëll 2016 an enger Justizkommissioun gefrot, de Sujet nach eng Kéier op den Ordre du jour ze kréien. Dat ass bis haut net geschitt! Mir ginn d'Gefill net lass, datt d'Regierung sech hirer Responsabilitéit an dësem Dossier einfach entzitt.

Fir d'CSV muss op verschiddenen Niveauen agéiert ginn. Wann déi ëffentlech Uerdnung duerch d'Verhalen, oder villméi d'Feelverhale vu verschiddene Persoune gestéiert gëtt, da mussen eis Polizisten déi néideg Moyene kréien, fir agéieren ze kënnen. Wann d'Schwätzen, esou wäit dat méiglech ass, nääämlech näischt bréngt, da muss eis Statsgewalt och Leit vun diverse Plaze verweise kënnen an noutfalls och aus dem Verkéier zéien. Dofir mécht d'CSV sech staark, fir de Plazverweis an eis Gesetzestexter anzeschreiwen, a gëtt och hei vun der DP-Buergermeeschtesch aus der Stad ënnerstëtzt.

Mä och den SNPGL fuerdert de Plazverweis. De Plazverweis hu mir schonns an eisem Wahlprogramm vun 2013 stoen. Dat ass eppes, wat et och an anere Länner gëtt, wéi zum Beispill Sachsen oder Baden-Württemberg.

Sollt de Plazverweis net duergoe respektiv d'Persoun sech net un de Verbuet halen, da kann och haut schonn d'Persoun aus dem Verkéier gezu ginn, esou d'Madamm Procureur général d'État an hiren Ausféierungen an der Commission juridique vum 9. Dezember 2015.

Madamm Presidentin, ech deponéieren eng Motioun, fir d'Regierung opzefuerderen, am Kader vun de lafenden Aarbechten iwwert d'Police-Reform en Amendement anzebréngen, deen de Plazverweis verankert. Sollt d'Regierung refuséieren, dëst ze maachen, wäerte mir als CSV en Amendement parlementaire areechen. An ech ginn dovunner aus, datt d'Kolleege vun der DP eis do ënnerstëtzen.

Wann ech gelift, Madamm Presidentin!

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que les citoyens éprouvent un sentiment subjectif d'insécurité;

- que la sécurité est un préalable indispensable à l'exercice effectif des droits et libertés publiques;

- considérant que le maintien de la sécurité et de l'ordre publics constitue une mission primaire de l'État et des autorités communales;

- qu'il résulte en effet du décret du 14 décembre 1789 relatif à la constitution des municipalités que les autorités communales doivent faire jouir les habitants des avantages d'une bonne police, notamment de la propreté, de la salubrité, de la sûreté et de la tranquillité dans les rues, lieux et édifices publics;

- considérant qu'à défaut, cette situation est ressentie par nos citoyens comme «une abdication de la force publique ou un renoncement à l'ordre» et «ce sont des épisodes dangereux dans une société démocratique», aux dires des responsables politiques de la Ville de Luxembourg;

- considérant que le projet de loi de réforme de la Police grand-ducale contient une liste d'instruments de police administrative à disposition des forces de l'ordre;

- considérant que cette liste doit être utilement complétée par le «Platzverweis», c.-à-d. le pouvoir d'enjoindre à des personnes qui troublent l'ordre public de quitter un lieu donné, voire de leur interdire de s'y rendre pendant une période donnée;

- considérant que le «Platzverweis» est ancré dans diverses législations étrangères;

invite le Gouvernement:

1. à compléter le projet de loi n°7045 portant réforme de la Police grand-ducale par l'instrument dit du «Platzverweis»;

2. à offrir à tous les agents de police une formation adéquate afin de garantir un recours approprié à cet instrument.

(s.) Léon Gloden, Emile Eicher, Félix Eischen, Serge Wilmes, Claude Wiseler.

Madamm Presidentin, fir d'Kommunikatioun mat de Betraffenen ze verbesseren, hate mer e Projet, deen zu Paräis erfollegräich war, och zu Lëtzebuerg virgeschloen. An zwar hätte mer gär, datt mer an eise Grousssttied, wou mer mat dësem Phenomeen konfrontéiert sinn, verschiddentlech Polizisten aus de concernéierten Heemechtslänner vun de Leit mat op Patrull schécken.

Madamm Presidentin, e weidere Punkt sinn d'Incivilitéiten. Incivilitéite si Saachen, déi de Leit uewe leien. Dëst ass schonns an engem Rapport vun der Commission juridique vum 20. Juni 2007 op Demande vun der deemoleger DP-Fraktioun constatéiert ginn. Wéi Der all wësst, sinn déi kommunal Autoritéiten zoustänneg: «Pour la tranquillité et le bon ordre publics, la sûreté et la commodité du passage dans les rues, les voies et les places publiques».

A wéi steet et am Exposé des motifs vum Projet de loi 5916 vum 16. September 2008 vum deemolege Justizminister Luc Frieden an Innenminister Jean-Marie Halsdorf: «(...) les autorités communales sont placées au début de la chaîne de l'ordre public». An dofir mussen déi

betraffen Autoritéiten och d'Moyene kréien, fir hiren Attributiounen nokommen ze kënnen.

Incivilitéite si keng Kavaléiersdelikter. D'Futtischloe vun anere Leit hire Saachen, Leit uspäizen, beleidegen, Autoscourssen op Parkingen däerfen net duerchgoe gelooss ginn! Als Buergermeeschter weess ech, datt et net einfach ass, d'Poliziste permanent ze ruffen, wa Gemengereglementer net respektéiert ginn. Dat läit net un de Polizisten, mä einfach un hirer Auslaaschtung. Si kënnen a sollen och net all Hondskacka nolafen.

Duerch de Fait, datt eng Rei Proximitéitskommissariater ofgeschaaft ginn, wier et ubruecht, d'Agents municipaux, am Volleksmond „d'Pecherten", opzewäerten. Hei kéinten d'Polizisten an hirer alldeeglecher Aarbecht entlaascht ginn a méi no um Bierger agéieren, fir eben déi méi kleng Doléancen. Dofir fuerdert d'CSV, datt d'Pecherten, déi e gewësse schouleschen Niveau mussen hunn, eng adequat Formatioun duerchlafe mussen, fir datt se déi néideg Kompetenzen iwwerdroe kréien. Geschitt dat net, kréie mer dëse Problem net an de Gréff!

De Projet de loi vun 2008 ass an dës Richtung gaangen. An déi aktuell Regierung huet jo ugekënnegt, dës Gesetzesvirlag als Basis ze huelen an déi Verbesserunge virzehuelen, déi de Statsrot opgeworf huet.

D'Agents municipaux musse kënnen Infraktioune betreffend d'Sécurité an d'Commodité de passage am ëffentleche Raum an d'Tranquillité an d'Salubrité publique constatéieren. Si mussen hei kënnen direkt Strofe verhänken, am beschten ënner Form vun administrative Strofen, esou wéi d'CSV dat och an hirem Wahlprogramm stoen huet. Am Fall vun administrative Strofe kann dann och d'Verwaltungsgeriicht eventuell Recoursen tranchéieren.

Wat déi deemoleg Kritik vum Statsrot zu der Multiplikatioun vu kommunale Strofgesetzbicher ugeet, ass ze soen, datt all Gemeng hiert Police-Reglement huet an déi divergéieren op eenzelne Punkten ebe vu Gemeng zu Gemeng.

D'Agents municipaux sollen am Prinzip ënnert der Autoritéit vum Buergermeeschter stoen. D'Agents municipaux solle bei gréisseren Evenementer, zum Beispill Concerten, eng grouss Sportsmanifestatioun, kënnen op Demande vun der Police deenen hëllefen. An deem Fall géife se dann der Autoritéit vun der Police ënnerstoen. D'Agents municipaux mussen och kënnen d'Identitéit kontrolléieren, wann eng Infraktioun géint e kommunaalt Reglement virläit oder een Doute iwwert d'Identitéit vun enger Persoun do ass. D'Agents municipaux mussen eng Formatioun beim INAP maachen. Fir d'CSV ass et och kloer, datt d'Agents municipaux keng Waff däerfen droen.

Mixte Équippe vu Polizisten an Agents municipaux ass eng weider Pist. Éischtens huet dat de Virdeel, datt d'Agents municipaux méi Respekt gezollt kréien, wa se mat engem Polizist ënnerwee sinn. Zweetens, vu datt den Agent municipal permanent um Terrain ass, kann hien och de Polizisten déi sougenannten Hotspots weisen. Zu Gréiwemaacher wéi och zum Beispill zu Hesper gëtt dat schonn an d'Praxis ëmgesat. Hei gëtt et gemëschte Patrullen an dëst kënnt souwuel bei de Leit wéi och bei de Polizisten an de Pecherte gutt un.

E leschte Punkt, Madamm Presidentin, sinn d'Attacke géint d'Beamten an Uniform, sief et Polizisten, sief et Zuchbegleeder oder Buschauffeuren oder aner Beruffer. Nach kierzlech gouf vun engem Ugréff op eng Buschauffeurin bericht: Fir d'Éischt mat enger Pistoul bedrot, du mat engem Messer gepickt. Glécklecherweis konnt se den Täter nach aus dem Bus geheien. Wie weess, wat soss nach geschitt wier!

De Minister Bausch hat sech uganks 2015 fir eng Spezialunitéit vun der Police fir den ëffentlechen Transport ausgeschwat. De Minister fir bannenzeg Sécherheet, den Här Etienne Schneider, deelt dës Meenung net.

Fakt ass, datt duerch Brutalitéit an Attacken a Bus oder Zuch eng Rei Leit, a besonnesch Kanner a Jugendlecher, d'Transports publics net méi huelen. Dat ass kontraproduktiv! Mir wëssen, datt et säit 2009 e Gesetz iwwert d'Uerdnung an d'Sécherheet am ëffentlechen Transport gëtt. Dofir ass d'CSV der Meenung, datt ee verstäerkt Sécherheetsagenten, ënnert dem Statut vum Employé de droit public, soll asetzen.

2015 gouf et 28 Fäll manner vu Rebellioun géint Policebeamten an och 35 Fäll manner wat Outrages à agent ugeet. De Réckgang par rapport zu 2014, wou d'Rekorder gebrach goufen, soll awer net doriwwer ewechtäuschen, datt vun 148 Aarbechtsaccidenter 40 op Rebellioun zréckzeféiere sinn! Mir wiere gutt beroden, dës Zuelen am A ze behalen an, wann néideg, mussen d'Strofen aus dem Code pénal eng Kéier iwwerduecht ginn. Och ass d'CSV der Meenung, datt de Stat systematesch Schuedenersatz soll froen, wann e Polizist am Asaz zu Schued kënnt.

Madamm Presidentin, am Summer d'lescht Joer si jo och eng Rei Politiker an Dageszeitungen interviewt ginn, wou d'Fro gestallt ginn ass: Freiheit oder Sicherheit? An deene meeschte Fäll war d'Äntwert: Keng Fräiheet ouni Sécherheet. Let's do it!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Gloden fir d'Aféierung an dëse ganz interessante Sujet. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech déi honorabel Deputéiert, d'Madamm Claudia Dall'Agnol. Madamm Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

Débat

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP)*.- Merci, Madamm Presidentin, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, Merci mengem Virriedner, dem Interpellant, deen, Dir hutt et elo just héieren, haut wollt mat eis, mä awer virun allem och mat der Regierung iwwert d'Sécherheetslag hei zu Lëtzebuerg schwätzen, mä awer och, dat huet hie gesot, iwwert d'Roll vun der Police a vun de Gemengen an natierlech och iwwert d'Roll vun der Justiz.

Dëst ass e relativ vast, e relativ grousst Feld. Ech wäert awer probéieren, an där Zäit, déi ech hunn, op déi wichtegst Punkten alleguerten eemol anzegoen an dat aus der Vue natierlech vun der LSAP, de Sozialisten.

Kommt, mir fänken einfach emol fir d'Éischt u mat der aktueller Sécherheetslag hei am Land! D'Kriminalitéit ass 2015 zu Lëtzebuerg fir déi éischte Kéier säit Joren erëm erofgaangen, ëm 6,35%. Virun allem d'Zuele vun den Abréch, vu geklaute Géigestänn a vun allen Zorte vun Attacke géint Persoune sinn erofgaangen.

Op eng Question parlementaire, déi ech dem Minister gestallt hat, an den Interpellant ass och dorobber agaangen, koum d'Äntwert, dass d'Abréch 2016 par rapport zum leschte Joer souguer ëm 15% erofgaange sinn! Dat ass jo emol, wann een et vum Statisteschen hier kuckt, eng gutt Noriicht. Allerdéngs, an ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, ass all eenzelne Fait een ze vill, virun allem fir deen, deen et schlussendlech betrëfft.

Mir wëssen, an och dat hunn ech schonn eng Kéier hei gesot, dass doduerch, dass d'Bannegrenzen ofgeschaaft goufen an duerch d'EU-Erweiderung bis wäit an den Osten eran, sech och d'Sécherheetsëmfeld staark verännert huet. An deem musse mer Rechnung droen, wa mer eng Reform vun eise Sécherheetsorganer maachen, esou wéi mer dat eben elo just mat der Police amgaange sinn.

D'Aufgabe vun der Police um internationalen Niveau sinn ëmmer méi komplex ginn, si hunn natierlech och net ofgeholl. Ganz au contraire, si hunn zougeholl! An dernieft ass a bleift et immens wichteg, dass si d'Méiglechkeet huet, sech och ëm déi kleng Alldagskriminalitéit ze këmmeren. Well den Otto Normalbierger, deen interesséiert, dass säin Abroch opgeklaert gëtt, dass d'Police séier kënnt, dass ebe just net viru senger Hausdier oder der Schoul vu senge Kanner gedealt gëtt oder sech prostituéiert gëtt, dass a senger Strooss net mat 100 à l'heure derduerchgerannt gëtt a seng Kanner ebe sécher kënnen dobausse spillen. Dofir bezilt de Bierger seng Steieren an dofir hätt en natierlech och gär, dass de Buttek rullt!

An de leschte Méint huet een dacks gutt gemierkt, wou jo d'Drogeproblematik op der Gare am Vierdergrond stoung, an de Bierger an d'Biergerin, mat Recht, drop higewisen huet, dass hei muss agegraff ginn, wat d'ailleurs jo och geschitt ass.

D'Fixerstuff an d'Hëllefsugebueder fir déi Ofhängeg sinn iwwregens an eisen Aen, an den Ae vun de Sozialisten e ganz wichtegt Ugebuet un dës Leit. An dat ass och dofir complémentaire zur Bekämpfung vun den Dealere geschitt.

Wann een d'Situatioun op der Gare haut mat där vu viru ronn engem Joer vergläicht, da gesäit een och, wéi sech d'Lag engersäits berouegt huet an anerersäits sech awer och d'Dealeren un déi nei Situatioun upassen. Se dealen eben elo net méi am Dag op der Strooss, mä se kommen owes eraus a maachen et dann och net méi esou offensichtlech. D'Entwécklungen op der Gare weise ganz gutt, wéi et och am Grousse leeft.

D'Sécherheetslag verännert sech. Se verännert sech permanent, an d'Briganden, déi passe sech un. A genausou muss d'Police sech och ëmmer erëm nees kënnen upassen, fir d'Situatioun eben dobaussen am Gréff ze behalen. A fir dass d'Police dat ka maachen, wëlle mer se jo och mat der Reform entspriechend gutt opstellen.

Ech hu schonn eemol hei op der Tribün drop higewisen, dass et där Problematike méi gëtt a se net all nëmmen d'Stad Lëtzebuerg betreffen. An ech profitéiere vun dëser Geleeënheet, fir et nach eng Kéier kloer ze betounen, näämlech dass all Bierger déiselwecht Rechter a puncto Sécherheet huet an dat egal wou en an dësem Land wunnt. Nëmmen dann huet de Bierger näämlech och entspriechende Respekt virun der Police a gesäit si och als Freund und Helfer, wéi dat esou schéin heescht, dee si soll sinn an deen déi eenzel Polizistinnen a Polizisten och wëlle sinn.

Déi wichtegsten Alliéierte vun der Police, dat soen d'Polizistinnen an d'Poliziste selwer ëmmer erëm, dat sinn d'Bierger, déi mat hinnen zesummeschaffen, andeems se Strofdote mellen, sech als Zeien zur Verfügung stellen. An esou kann am géigesäitege Respekt zesummegeschafft ginn an och e positive Bäitrag zu eiser Gesellschaft geleescht ginn.

Wa mer elo hei an der Chamber iwwert d'Sécherheet diskutéieren, da solle mer awer probéieren, net ze iwwerdreiwen a mir sollen och virun allem probéieren, keng Panik ze maachen. An och dat hunn ech schonn eng Kéier hei op der Tribün gesot: Et soll keng Partei probéieren, esou ze maachen, wéi wa se de Monopol hätt, wat d'Sécherheet vun de Leit hei am Land ubelaangt.

An et gëtt och hei am Land e grousst subjektivt Onsécherheetsgefill. Jo, mir sollen dat eescht huelen a mir sollen och d'Leit berouegen, zum Beispill doduerch, dass eben erëm méi Patrullen dobaussen ënnerwee sinn.

Et muss an et soll awer just duerch dat, wéi ech elo grad gesot hunn, subjektivt Onsécherheetsgefill och net op all Eck e Polizist oder eng Polizistin stoen an och net op all Eck eng Kamera sinn. D'Fräiheet a virun allem och déi individuell Fräiheet vun all Eenzelnem ass genausou wichteg wéi d'Sécherheet. An et gëtt souwisou keng honnertprozenteg Sécherheet, egal wéi staark d'Kontrolle kéinte sinn!

Gedanke musse mer eis awer och iwwert d'Preventioun maachen, d'Preventioun vu Gewalt. Dofir brauche mer vläicht manner eis Police, mä awer d'Schoul, d'Elteren an och déi sëllech Asblen, déi sech mat der Jugend auserneesetzen.

A virun allem muss all Bierger a virun allem och all Jonken eng fair Chance an eisem System kréien, wat seng Schoulausbildung ubelaangt, och seng Chancen um Aarbechtsmarché, an och muss seng Bezuelung esou sinn, dass en a gudde Konditioune sech a seng Famill kann ernieren. Da brauch keen anzebriechen oder der Bom dobaussen de Portmonni oder d'Posch ze klauen, fir kënnen ze iwwerliewen, wéi dat a munche Länner leider hautdesdaags de Fall ass. Dat ass och d'Verantwortung vun der Politik, an net nëmmen de Sécherheetsapparat ze reforméieren oder deen opzestocken.

Eng Aufgab, déi d'Police jo och scho mécht, ass am Beräich Preventioun, wou se zum Beispill Programmer ubitt, fir ze sensibiliséieren op Themae wéi Gewalt, Abréch, awer och Graffitien. Se mécht och Formatiounen, sief dat vum Schoulpersonal oder awer och zum Beispill vum Fleegepersonal, fir Leit kënnen ze erkennen, déi probéiere géifen, al Leit ze beducksen. Dat ass eng vu villen Aufgaben, déi eis Police haut scho mécht, an déi gëllt et och nach verstäerkt auszebauen an der Zukunft.

D'Sécherheetsgefill, an ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, ass e Stéck Liewensqualitéit an et ass virun allem och e Grondrecht vun all Biergerin a Bierger.

Mir wësse jo, dass et Länner gëtt, wou déi sougenannten - tëschent Gänseféiserchen - „Déck", also déi mat vill Geld, sech Sécherheet kafen, dat heescht, eng privat Firma astellen, fir fir hir Sécherheet ze garantéieren.

Oder dass sech, wéi dat och an Däitschland emol de Fall war, op eemol sougenannte Bürgerwehre bilden, déi mengen, si kéinten d'Sécherheet an d'Recht an déi eegen Hand huelen. Da si mer net méi an engem Zeenario, deen ech virdru beschriwwen hunn, wou positiv a mat Respekt de Bierger mat der Police zesummeschafft, neen, well dann iwwerhëlt de Mob d'Gewalt an dat géint d'Police a géint d'Gesetzer am Land. A mir mussen alles maachen, dass et ni zu esou eppes hei am Land ka kommen!

An dofir mussen, dat ass och scho gesot ginn, d'Effektiver vun eiser Police séier, mä awer och systematesch an den nächste Joren an d'Luucht goen, fir dass mer ni méi an esou en Enkpass kommen, wéi mer elo dra sinn. Well all Reform, och déi, mat där mer elo amgaange sinn hei an der Chamber, steet a fält mat hirem Personal an deemno och mat genuch Personal.

D'Reform, ech hunn et elo just gesot, déi mer elo grad hei an der Chamber behandelen, soll jo och e besseren Déngscht um Client - Client, dat sinn an deem Fall d'Biergerin an de Bierger - garantéieren. An dorunner gëtt déi Reform och herno gemooss. A fir dat ze erreechen, muss d'Police net nëmmen opgestockt ginn, mä se muss och besser organiséiert sinn a se muss virun allem och méi effizient kënne schaffen.

Dozou gehéiert och - an ech weess ganz genau, dass dat dacks uneckt an och net jiddwerengem gefält, ganz au contraire! -, mä ech hunn et schonn eemol hei op der Tribün gesot an ech wäert et och ëmmer erëm soen, dass et nëmmen eng Police gëtt.

Et mécht hei zu Lëtzebuerg kee Sënn, d'PJ aus der Police erauszehuelen an déi wëlle bei der Justiz ze integréieren. Grad well mer eben net genuch Leit hunn, mussen all d'Poliziste kënnen zesummen effikass schaffen a se sollen net auserneendiviséiert ginn. All Unitéit vun der Police feelt et u Leit, deene mat an och deenen ouni Uniform. Der PJ genausou wéi deenen eenzelne CIen a CPen. A mir däerfen dofir an dëser Policereform net ufänken, ee spezielle Grupp zefriddenzestellen op d'Käschte vun deenen aneren.

Ech mengen och net, dass ech nach eemol, fir d'x-te Kéier, muss dat Beispill bréngen, wou keng Patrull ka gefuer ginn, well soss de Büro muss zoubleiwen oder vice versa. Ech mengen, dat Beispill ass mëttlerweil jiddwerengem heibanne bekannt an e Begréff.

Deen éischte Kommissariat vun der neier Generatioun, „Porte du Sud", fonctionnéiert jo schonn, wann ech mech richteg erënneren, zënter Enn November. A mir wäerten dann och kënne gesinn, wat d'Resultater vun der Fusioun vun zwee méi klenge Kommissariater sinn. D'Patrulle sinn op alle Fall an deem Zeenario nees méiglech an éischt konkret Verbesserunge sinn also um Terrain amgaangen, ëmgesat ze ginn.

D'Poliziste solle sech erëm op hiren „core business" konzentréiere kënnen, well d'Leit erwaarde sech méi Police-Präsenz dobaussen an och, dass d'Police déi néideg Zäit huet, wa si se brauchen. Dat heescht, eng vill méi staark Disponibilitéit, wéi dat bis elo de Fall war.

Da kënnt der Police jo och net nëmmen déi sougenannte repressiv Roll zou, mä si muss och kënne preventiv schaffen. Dorop sinn ech virdru schonns agaangen. An och déi Zäit muss se erëm hunn an dofir ebe vun aneren Aarbechte kënnen entlaascht ginn.

Dozou gehéiert dann zum Beispill, dass d'Rezeptioun an d'Sekretariat um Policebüro och kéinte vun Zivillpersonal gemaach ginn. De Polizist selwer, dee muss net alles um Büro selwer maachen. E soll op den Terrain, do, wou d'Kriminalitéit ass.

Déi richteg Leit sollen also op déi richteg Plazen, a mir musse fir d'Zukunft virsuergen, dat heescht, en Organigramm opstellen, wou genau drasteet, ob ee muss Polizist sinn oder net, fir déi eenzel Aufgaben ze maachen.

Wat bei der Roll vun de Polizisten awer och wichteg ass, dat ass d'Erfahrung. Et ass net gutt, zwee jonk Beamten op Patrull ze schécken. Et ass wichteg, dass se kënne vun der Erfahrung vun eelere Beamte léieren. Heiansdo sëtzen an engem Auto zesumme ganzer véier Joer Beruffserfahrung, an dat ass net gutt!

De fréiere Procureur, de Robert Biever, dee sot den 2. Mäerz 2010 op engem Colloque a menger Heemechtsstad zu Diddeleng, an ech zitéieren en elo: «Dans l'organisation actuelle de la police, il est également préoccupant que de nuit l'on ne trouve pas un policier de plus de 32 ans sur le terrain. Ceci ne va pas sans créer certaines difficultés lorsqu'il y a des incidents.» Enn vum Zitat. Ech huelen un, déi Ried kéint en haut genau esou nach eng Kéier halen. A wéi gesot, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat ass net gutt!

Wéi ass et mat den Agent-municipallen, wéi ass et mat de Bannhidder, wat kënnen déi zum Beispill och iwwerhuelen, fir d'Police ze entlaaschten? Si däerfen natierlech, an dat huet mäi Virriedner och betount, si däerfen net zu enger Police bis ginn, mä si kënnen awer duerchaus eng grouss Hëllef sinn, och fir d'Gemengen a fir hir Reglementer duerchzesetzen, wat zum Beispill d'Verschmotzungen oder de Kaméidi ubelaangt. An et gi vill Aufgaben, déi déi Leit kéinten iwwerhuelen, ouni dass se eng Waff mussen droen.

Den Innenminister, den Dan Kersch, an e lauschtert opmierksam no, deen huet zum Thema vum Ausbau vun de Kompetenze vun den Agents municipaux jo schonn d'Richtung virginn an do extra nach eng Kéier och selwer

betount, dass hei keng Police bis soll entstoen, dass déi Leit keng Waff sollen droen an och keng Identitéitskontrollen däerfen duerchféieren. D'Iwwerpréiwung vun der Identitéit ass eng eendeiteg Kompetenz vun der Police, déi net esou einfach un zivillt Personal kann iwwerdroe ginn. Si sollen awer bei enger Rei vu méi klengere Verstéiss, déi dann och no méi enger einfacher Prozedur kënne gehandhabt ginn, e Protokoll schreiwen.

Da kann ee sech froen, firwat mer esou e Gesetz net scho laang hunn, well et gëtt zanter Joren eng konstant Demande vun de Gemengepäpp a -mammen, fir den Agents municipaux méi Aufgabe kënnen ze iwwerdroen. D'Schwieregkeet läit awer eben doran, d'Aufgabendeelung an d'Kompetenze vun der Police engersäits an den Agents municipaux anererséits kloer ze definéieren. De Wonsch vun de Gemengen, fir kënnen d'Agents municipaux anzesetzen, kënnt jo dohier, dass se eben d'Erfahrung gemaach hunn, dass d'Police net esou staark um Terrain präsent ass, wéi se sech dat géifen erwaarden, a Verstéiss géint d'Gemengereglement oft als net esou wichteg agestuuft ginn an deemno net ëmmer mat aller Konsequenz renforcéiert (veuillez lire: duerchgesat) ginn.

Et besteet also de Risiko, dass aus engem Mangel u Personal eraus um Enn d'Agent-municpallen um lokalen Niveau d'Aufgabe vun der Police iwwerhuelen, ouni awer deeselwechten Niveau u Formatioun an och déiselwecht Moyenen ze hunn, fir eventuell méi heikel Situatiounen unzegoen. An doraus ergëtt sech da logescherweis d'Demande vun deene Betraffenen, fir méi Moyenen zur Verfügung gestallt ze kréien, sief dat d'Recht, de Leit d'Carte d'identité ze froen, se festzehalen oder souguer vläicht d'Recht, eng Waff ze droen. Dat kann awer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, net d'Léisung sinn.

D'Agents municipaux sollen d'Police an hirer Aarbecht ënnerstëtzen. Si däerfen awer mat deenen Aufgaben net eleng gelooss ginn a musse jidderzäit op d'Police kënnen zréckgräifen, wann eng Situatioun riskéiert ze eskaléieren.

A bei der Police däerf d'Bedeitung vun deene klengen Alldagsproblemer, déi iwwer Gemengereglement e Kader gesat kréien, och net ënnerschat ginn. Autofuerer, déi an den Uertschaften ze schnell ënnerwee sinn, Noperen, déi dacks nuets Kaméidi maachen, Graffitien un der Fassad, Hondsdreck um Trëttoir, et j'en passe, all déi kleng Incivilitéiten hunn e ganz negativen Impakt op d'Liewensqualitéit an och op d'Sécherheetsgefill vun den Awunner. Et däerf bei de Bierger also net den Androck entstoen, dass et kee Wäert huet, d'Police ze ruffen, well déi souwisou wéinst esou „méi klenge Faiten" ni kënnt.

D'Agent-municipalle kënnen a sollen also e Lien maachen tëschent de Bierger um lokalen Niveau, déi och fir kleng Regelverstéiss dann en Uspriechpartner brauchen, an der Police, déi muss agräifen, wa Konflikter sech eben net am Gudde léise loossen.

Allerdéngs fonctionnéiert dat natierlech och nëmmen, wann all Gemengen am Land sech e Gemengereglement ginn, dat déi méi kleng Verstéiss do regelt. An hei sinn dann natierlech méi verstäerkt d'Gemenge gefrot.

Zur Justiz: Bei der Justiz, do hu mer e ganz äänleche Problem wéi bei der Police. D'Servicer vun der Justiz sinn iwwerlaascht. Eng Law-and-Order-Strategie fueren, wou all Affär muss vum Parquet ofgehandelt ginn, ass schonn eleng dowéinst guer net dran. Dovun ofgesinn ass dat awer och guer net néideg an au contraire éischter kontraproduktiv. Dat gesi mer jo un deene villen Affären, déi haut einfach klasséiert ginn. D'Justiz soll d'Zäit an de Fräiraum hunn, sech mat deene wichtege penalen Affären ze beschäftegen, an net ënnergoen a Klengegkeeten, déi se da souwisou muss klasséieren, well se guer keng Zäit huet, sech drëms ze këmmeren. Doduerch schaaft ee just Frustratioune bei de Polizisten, déi déi Affären awer hu misse weiderginn, fir dass dann näischt geschitt. An dem Täter, bon, deem kann et da jo souwisou egal sinn.

Wa sech d'Situatioun bei der Justiz also ganz äänlech presentéiert wéi bei der Police, dann ass et och nëmme konsequent a logesch, och äänlech Léisungen unzegoen: Op där enger Säit muss se entlaascht ginn an op där anerer Säit d'Personal opgestockt ginn, genau ebe wéi och bei der Police.

All déi kleng Incivilitéiten, vun deene mer elo grad nach soten, dass se vun Agent-municipalle kënnen iwwerholl ginn, fir d'Police ze entlaaschten, déi entlaaschte jo dann och d'Justiz direkt mat.

Ma och d'Police selwer ka Parquet a Strofgeriichter nach weider entlaaschten. Dofir musse mer de System vun den Avertissements taxés an den administrative Strofe weider ausbauen. Dat ass méi direkt, et geet och méi schnell an et huet eiser Meenung no och eng direkt Wierkung, am Contraire zu deem momentane System. Beim Steierrecht, zum Beispill, si mer jo elo op dee Wee gaangen.

Och mat der Aféierung vun der Transaction pénale hu mer eng vereinfacht Prozedur geschaaft, fir laang a schwéierfälleg Prozesser ze évitéieren. Am Gesetz vum Februar 2015 iwwert dee sougenannten „jugement sur accord" kënnen d'Partië sech eens ginn op eng Strof. Doduerch entlaaschte mer d'Geriichter an erméiglechen och der Justiz, méi schnell ze sinn. An deem Kontext wär et vläicht och interessant, gewuer ze gi vum zoustännege Minister, ob et e Bilan gëtt iwwert d'Zuel a vläicht och d'Effikassitéit vun esou Transaktiounen.

Op där anerer Säit, wéi gesot, muss awer och d'Justiz personell opgestockt ginn. An dofir begréisse mir et och, dass d'Regierung virun e puer Wochen e Rekrutéierungsplang fir d'Justiz guttgeheescht huet, fir dann och dësem Personalmanktum kënnen entgéintzewierken.

Doriwwer eraus bleift och d'Spezialisatioun an och d'Weiderbildung vun de Riichter, sief dat um Niveau Parquet oder um Niveau Jugementsriichter, immens wichteg. Och hei musse mer ëmmer erëm kucken, dass mer um leschte Stand sinn.

Madamm Presidentin, Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech faassen elo nach eng Kéier alles zesummen: Objektiv gesinn ass d'Kriminalitéit hei zu Lëtzebuerg zréckgaangen, d'Sécherheetslag ass also deemno besser ginn. Mir mussen awer och dat subjektivt Sécherheetsgefill vun de Leit weider verbesseren. Dozou gehéiert, dass mer méi Polizisten um Terrain hunn. Dozou gehéiert och eng nei Roll fir eis Agent-municipallen, ouni dass si zu enger Police bis mutéieren. An dozou gehéiert eng onofhängeg an effikass schaffend Justiz, déi sech op déi wichteg Affäre konzentréiere kann.

Virun allem gehéiert dozou, dass mer mat positive Projeten, mat enger intensiver sozialer Aarbecht och a mat Preventivmoossnamen derfir suergen, dass den Zesummenhalt vun der Gesellschaft erhale bleift a guer net eréischt esou Situatioune kommen, an deene sech d'Leit onsécher fille mussen.

Dat gesot, soen ech lech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Madamm Dall'Agnol. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Dës Interpellatioun, déi war jo schonn eng Kéier programméiert, fir am November 2016 op den Ordre du jour vun der Chamber ze kommen. An ech hat dee Moment keen Zougréff zum Internet, konnt mer also net direkt d'Interpellatioun vum Här Gloden ukucken. Ech hat awer Zäit, fir mer Gedanken ze maachen, wat een dann esou ënnert der «situation sécuritaire» zu Lëtzebuerg kéint verstoen.

An do ass mir fir d'Éischt den internationalen Terrorismus agefall. An ech wäert och kuerz, just ganz kuerz, op de Sujet zréckkommen. Ech weess jo elo selbstverständlech, well ech mëttlerweil gutt Zäit hat, fir dem Här Gloden säi Bréif ze liesen, datt dat net de Sujet vu senger Interpellatioun ass. Ech war allerdéngs och net deen Eenzegen, deen un den Terrorismus geduecht huet. Et war och eng kleng Notiz am „L'Essentiel" vum 14. November, deen huet geschriwwen: «Le terrorisme, un ans après Paris - Un ans après les premières mesures de sécurité face à la menace terroriste, les parlementaires veulent faire le point sur la situation sécuritaire au Grand-Duché». Dat war, wéi et eng éischte Kéier um Ordre du jour stoung. Vläicht hat dee Journalist och keen Zougang zum Internet.

(Interruption)

Mir ass och nach agefall, datt eis Situation sécuritaire sech eventuell fundamental verännert, wann den neie President vun den USA dat ëmsetzt, wat en als Kandidat versprach huet. D'USA wëllen net méi wéi an der Vergaangenheet fir déi europäesch NATO-Partner matbezuelen. „D'NATO ass vereelzt, iwwerholl!", huet den Här Trump nach virun e puer Deeg an engem Interview gesot. An domat stéingen d'NATO-Membere virun enger grousser Erausfuerderung. An och de Fait, datt mir Lëtzebuerger eise Bäitrag vun 0,4% op 0,6% vum PIB eropsetzen, kéint een net als Léisung vum Problem betruechten. Och dat ass eng spannend Fro, déi awer haut net zur Debatt steet.

Mä do gëtt et jo d'Interpellatioun vum honorabelen Här Alexander Krieps, deen déi schonn am Juni 2016 iwwert de Rôle vu Lëtzebuerg an der NATO gestallt hat. An et gëtt och nach eng Interpellatioun vun der ADR iwwer „eng modern Arméi fir nei Erausfuerderungen" vum Abrëll 2016. Och hei gesi mir e plus ou moins enken Zesummenhang mat der Situation sécuritaire zu Lëtzebuerg.

Mä, wéi gesot, haut wëllt den Interpellant haaptsächlech iwwert d'Bekämpfung vun der „petite délinquance", also der Klengkriminalitéit, d'Bekämpfung vum Drogenhandel a vun der Mendicitéit, der Heescherei, schwätzen.

Ënnert de Begréff „délinquance" fält alles, wat géint d'Gesetz verstéisst. Dem Här Gloden geet et virun allem ëm d'petite Délinquance, wou par définition esou Saache wéi Déifstall ouni Gewalt an ouni gréisser materiell Enjeuen, Nuetsstéierung, Excès de vitesse oder Incivilitéiten, wéi en dat och genannt huet, derzougehéieren.

Och wann déi hei évoquéiert Faite manner schlëmm si wéi d'Délinquance moyenne - dozou zielen Autofueren en état d'ivresse, Vandalismus, Menacen - a wéi d'grande Délinquance: Iwwerfall, Vergewaltegung, Mord, dann däerfe mer dës Akten awer net vernoléissegen an och net verharmlosen. All Zort vu Kriminalitéit ass e Verstouss géint d'Gesetz. An all Zort vu Kriminalitéit dréit zu der Veronsécherung an eiser Gesellschaft bäi.

Sécherheet ass awer nun emol e Grondbedürfnis an eiser Gesellschaft. De Mënsch, all Bierger a Biergerin huet e Recht drop, sech a sengem Land, a senger Gemeng, a sengem Haus sécher ze fillen. Dëst Recht ass, wéi dat nun emol esou oft mat esou Rechter ass, keen absolutt Recht. Eng absolutt Sécherheet kann och kee Stat garantéieren. Dat ännert awer näischt un der Flicht fir de Stat, méiglechst alles fir dës Sécherheet vu senge Bierger ze maachen.

Duerfir ass et wichteg, datt de Stat e Gewaltmonopol huet an uechtsam mat dësem Gewaltmonopol ëmgeet. Duerfir hu mir eng Police, déi hirer Aufgab nogeet, an eng Justiz, déi onofhängeg ass, well dat eng absolutt Noutwendegkeet an engem demokratesche Stat ass. An duerfir debattéiere mer och vun Zäit zu Zäit iwwert d'Sécherheet an d'Sécherheetsgefill hei am Land.

Ech erënnere mech nach gutt, an den Interpellant huet och haut drun erënnert, un d'Heure d'actualité vum Dezember 2014. Déi war ugefrot ginn als Suite vun enger aussergewéinlech héijer Zuel vun Abréch am Hierscht 2014. Mir wëssen aus de Statistiken, datt d'Zuel vun den Abréch an de Wanterméint besonnesch héich ass. Dat ass déi Zäit, wou d'Auer geréckelt gëtt, wou vill Leit eréischt vun der Aarbecht heemkommen, wann et schonn däischter ass.

Mindestens gradesou schlëmm wéi de materielle Verloscht duerch en Abroch - mir si jo och zum gréissten Deel gutt verséchert - ass de moraleschen, de psychesche Schued. D'Verletzung vu mengem Wunnraum, vu menger Intimitéit an domadder verbonnen d'Gefill vun Onsécherheet, Angscht a Bedroung sinn alles anescht wéi Bagatellen. D'Angscht virun Abréch gëtt mam Alter méi grouss. Et ass scho beonrouegend ze wëssen, datt iwwert d'Halschent vun deene Leit, déi iwwer 75 Joer al sinn, Angscht hunn, bei hinne géif agebrach ginn.

Angschtgefiller sinn ëmmer subjektiv. Eng Situatioun, déi fir deen ee Mënsch scho beängschtegend ass, reegt een aneren eventuell iwwerhaapt net op. Wann ee moies mam Vëlo vun der Stater Gare an d'Uewerstad fiert, ass dat fir deen ee liewensgeféierlech, fir deen aneren Alldag. Wann een owes ze Fouss vun der Uewerstad op d'Gare geet, ass dat fir deen ee spannend an interessant, fir deen anere bedrolech an onheemlech.

A well grad just d'Gefill vun Onsécherheet an Angscht esou subjektiv ass an domat och beaflossbar ass, fanne mir et verwerflech, wann ëmmer erëm probéiert gëtt, dës Gefiller ze manipuléieren, fir politesch Ziler ze erreechen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- An et sinn net nëmmen déi soi-disant Rietspopulisten, déi ëmmer erëm drop drécken, mir wiere permanent bedrot! Ons Journalisten, déi ech éischter géif als seriö bezeechnen, schéngen heiansdo net laanscht eng tendenziell Beschreiwung ze kommen.

Haut stoung vun engem Journalist, deen ech wierklech als normalerweis ganz seriö géif bezeechnen, Folgendes iwwer eis ëffentlech Sëtzung vun haut ze liesen: „Deren Hauptthema ist alles andere als gemütlich und angenehm. Mit Blick auf die Kriminalitätsstatistiken verfügen die Deputierten über ausreichend Diskussionsstoff. Allein 2015 wurden hierzulande 40.000 Straftaten begangen, darunter 3.608 Einbrüche und Einbruchsversuche." An dann ass d'Notiz zu dësem Sujet fäerdeg!

Dat hannerléisst jo den Androck: Et ass alles schrecklech, alles geet d'Baach an! Am Moment sinn awer d'Statistiken éischter gënschteg, fir d'Gefill vu Sécherheet ze festegen. Mir wäerten nach musse bis an den Abrëll waarden, bis mer d'Statistike vun 2016 kréien, an et ass och riskant, sech allze vill op dat statistescht Material ze verloossen, fir sech aus der Fënster ze leenen. Mä ëmmerhin: Den Taux de criminalité op 100.000 Awunner, deen an de leschte Jore permanent an d'Luucht gaangen ass, ass 2015 eng éischte Kéier erofgaangen, an zwar ëm 8,56% par rapport zu 2014. Dat huet den Interpellant och gesot.

D'Zuele vun den Abréch ass ëm 17,8% par rapport zu 2014 erofgaangen. Dat ass interessant, well d'Police sech dat als eent vun den Haaptziler vun hirer Aarbecht gesat hat. A wann deen Trend sech 2016 confirméiert, an et gesäit esou aus, dann hunn d'Beméiunge vun der Police sech also bezuelt gemaach.

Wier et dann net méi richteg gewiescht, wann haut am „Wort" gestanen hätt: Die Diskussion wird diesmal angenehm und gemütlich werden,...

(Interruption)

...jedenfalls mehr als in den vergangenen Jahren. Der Blick auf die Kriminalitätsstatistik sagt, dass die Verbrechensrate deutlich gesunken ist. Dat wier och méiglech, fir un de Sujet erunzegoen. Dat ass awer leider net geschitt.

(Interruption)

Ech wëll net weider mat Statistiken operéieren. Mat Zuele kann ee jo bekanntlech dat eent an och säi Géigendeel beleeën. A beim Ëmgang mat Zuelematerial muss een ëmmer erëm hannerfroen, wat déi Zuele bedeiten, wou se hierkommen a wéi ee se muss interpretéieren. Mir sollten och net vergiessen, datt eis Populatioun relativ schnell wiisst an datt dagsiwwer méi wéi 750.000 Leit hei am Land sinn.

Ech hat virdru gesot, zur Klengkriminalitéit géifen och d'Excès de vitesse gehéieren. Heibanne sëtzt emol zumindest een, dee sech schonn eng Kéier ëffentlech geout hat, datt en ertappt gi wier. Et ass net deen Eenzegen. No sechs Méint huet de Minister Bausch an engem éischte Bilan gesot, datt an der Zäit vum 16. Mäerz bis de 16. September 2016 168.000 Infraktioune festgestallt gi sinn. Dat mécht 914 Verstéiss géint d'Gesetz pro Dag. An haut stoung kuerz a knapp am „Tageblatt", datt et am Zäitraum bis den 31. Dezember, also an 9,5 Méint, schonn 245.991 Gefierer gewiescht wieren, déi geblëtzt gi sinn.

Wa mer elo dës Zuele mat den Zuele vun de Jore virdru vergläichen, da kënne mer jo nëmme feststellen, datt mer eis zu engem Vollek vu Klengkriminellen entwéckelt hätten. An dat ass natierlech Quatsch! Mä mir sollen och net d'Excès de vitesse bagatelliséieren. Et si Verstéiss géint d'Gesetz, si droen zur Veronsécherung am Stroosseverkéier bäi a schlussendlech ware 45% vun den déidlechen Accidenter am Joer 2015 op eng iwwerdriwwe Vitesse zréckzeféieren.

Dëst ass e krasst Beispill, fir drop hinzeweisen, datt och de Fait, datt mer zum Beispill 2015 34,3% méi Finanzdelikter festgestallt hate wéi 2014, eventuell op besser Moyenen zréckzeféieren ass, fir dës Delikter iwwerhaapt emol ze detektéieren. Fir net mëssverstanen ze ginn: Ech stellen d'Nëtzlechkeet vun de Statistike vun der Police absolutt net a Fro, ech recommandéiere just, och dës Statistike mat der néideger Suergfalt ze interpretéieren an net ze mëssbrauchen.

D'Gefill vu Sécherheet an Onsécherheet ass eppes ganz Subjektives. Ech hat viru Kuerzem d'Chance, d'Madamm Bharati Chaturvedi, Direktesch vun der indescher Chintan-Ëmweltgrupp, kënnenzeléieren. Hir Organisatioun vertrëtt d'Interesse vun de Müllsammler zu Neu-Delhi. Si war am Kader vun der Semaine de la coopération d'lescht Joer zu Lëtzebuerg. Mir haten e ganz interessant Gespréich iwwer vill Aspekter - ech hat scho kuerz an der Debatt iwwert d'Kooperatioun driwwer geschwat -, dat passt alles net heihin. Interessant war awer fir d'Debatt vun haut, datt d'Madamm Chaturvedi zum Schluss vun eisem Gespréich gesot huet, dat, wat si am meeschte géif an Europa an och zu Lëtzebuerg schätzen, dat wier dat Gefill vu Sécherheet, wat een hei hätt. Dat wier eppes immens Wichteges a Flottes. Dovu kéinten d'Mënschen an Indien nëmmen dreemen.

A well ech awer wousst, datt d'Madamm an engem gudden Hotel an der Stroossbuerger Strooss hei an der Stad logéiert war, hat ech se gefrot, ob se dann d'Ëmfeld vun hirem Hotel net géif bedenklech an onsécher fannen. A si huet gemengt, si hätt eng hallef Stonn virum Hotel op ee gewaart, dee se sollt mat ewech-

huelen, si hätt relativ gutt gesinn, wéi den Drogenhandel an deem Quartier géif funktionéieren a floréieren, mä onsécher hätt se sech trotzdeem doduerch net gefillt.

Woubäi mer da bei engem Facteur wieren, deen zu Abréch, Kriminalitéit an Onsécherheet bäidréit: Eng grouss Unzuel vun Delikter ginn op de Kont vun der Beschafungskriminalitéit, vu Leit, déi vun illegalen Drogen ofhängeg sinn. Hei wier et och un der Zäit - an et ass net fir d'Éischt, datt ech et soen -, fir méi eng gescheit Drogepolitik ze maachen.

De Vott an den USA vum neie President war och an e puer State mat engem Vott iwwert d'Legaliséierung vum Marihuana verbonnen. Mëttlerweil hunn 20% vun den Amerikaner d'Méiglechkeet, legal Marihuana ze kafen. Jo, et gëtt eng Rei gutt Grënn géint d'Liberaliséierung vun de sougenannte méi soften Drogen. Mir sinn allerdéngs der Meenung, datt zumindest eng Entkriminaliséierung vum Konsument vun Drogen an en Enn vun der Marihuana-Prohibitioun och zu enger Bekämpfung vun der Drogekriminalitéit kéinte bäidroen.

An der Stad ronderëm d'Gare ass d'Police massiv géint d'Drogendealer virgaangen; dat hu scho meng Virriedner gesot. Dat war och eng Prioritéit fir d'Police am Joer 2016. A vläicht erkläert dat och, firwat datt d'Statistiken do an d'Luucht gaange sinn, datt méi Leit gepëtzt gi sinn, well dat ebe méi fokusséiert ginn ass.

Den Asaz vun der Police war e Succès. Dës Woch ass de Prozess géint 21 Leit ugaangen, déi zum gréissten Drogennetzwierk ronderëm d'Gare solle gehéieren. An awer stelle mer fest, datt dës repressiv Moossnamen dem Problem vum Dealen a Consommëiere vun Droge keen Enn setzen. Si verännere virun allem d'Gewunnechten. Den Handel ass méi verstoppt. D'Dealer si méi professionell, droe keng Droge méi bei sech, sinn duerfir och schwéier ze erwëschen.

Den Här Gloden ernimmt och d'Heescheleit a senger Interpellatioun. Jo, et sëtze vill Leit op der Strooss ze heeschen. Wann ech owes op d'Gare ginn, da sëtzen alt fënnef oder méi Personnen an der Aler Avenue, hire Becher fir e Sou auszestrecken. Dat ass och mir - ech ginn et zou - lästeg, dat ass awer kee Crime. Et kann een dervun ausgoen, datt vill Leit, déi op der Strooss sinn an heeschen, méi oder manner zentral organiséiert a gestéiert sinn...

(Interruption)

...gesteiert, pardon. Merci. A gesteiert sinn. Oh, iwwer „gestéiert" kéint een och nach philosophéieren, well, ech mengen, iwwer psychesch Krankheeten an deem Kontext kéint een och nach referéieren. Dat ass dann allerdéngs ee Crime, mä mer wëssen alleguer, wéi schwéier d'Beweislag ass.

An et deet mir och wéi, datt bei deene Minustemperaturen, déi mer haut hunn, déi mer zurzäit hunn, esou vill Leit op der Strooss sinn a sëtzen, an déi sech och drop ariichten, fir d'Nuecht do ze verbréngen. An ech muss awer och zouginn - an dat stéiert mech och un der Debatt -: Ech si mat der Zäit selwer manner empfindlech ginn. Ech weess, datt mer zu Lëtzebuerg Strukturen hunn, wou mer deene Leit och kënnen hëllefen, wa si sech u se wenden. An ech weess, datt mer et zu engem groussen Deel mat organiséierte Banden ze dinn hunn. Zu dem Phenomeen vun der Mendicitéit gëtt et ënner anerem eng ganz Rei Question-parlementairë vun deem engen oder aneren CSV-Deputéierten an och déi jeeweileg Äntwerte vun den zoustännege Ministeren.

Duerfir gesinn ech, datt meng Riedezäit och zu engem Enn kënnt. Ech muss soen, am Géigesaz zu dem kuerzen Artikel am „Wort", datt et mer haut sécher méi angeneem ass, iwwert d'Sécherheetssituatioun zu Lëtzebuerg ze schwätzen, wéi zum Beispill virun de Feierdeeg iwwert d'Versoe vun der internationaler Communautéit a Syrien an a Libyen.

A villes kann ech net méi uschwätzen, wat och nach interessant wier. De Minister Schneider hat viru Kuerzem en Interview an der „Revue" iwwert déi sougenannt Gefährder; ee Phenomeen, e Wuert, wat ech eréischt kennegeléiert hunn no den Attentater zu Berlin. Ech mengen, och dat gehéiert zur Sécherheetssituatioun. Do kann ech elo leider net méi drop agoen. Interessant ass och, datt d'europäesch Zesummenaarbecht sech verbessert huet.

Dann zum Schluss nach e kuerzt Wuert iwwert d'Agents municipaux. Zum gréissten Deel si mer eis do, mengen ech, alleguer eens heibannen: Et soll keng zweet Police sinn, mä et soll awer d'Police kënnen ënnerstëtzen. An ech sinn immens frou, wann zu Gréiwemaacher an zu Hesper d'Agents municipaux zesummeschaffe mat der Police. Ech muss lech awer soen: Ech kommen aus enger Gemeng, do gëtt et keng Agents municipaux. An zu mengem Erstaunen ass déi gréng Partei déi eenzeg, déi zënter zéng Joer laang freet, fir Agents municipaux ze kréien, well mer Situatiounen hu vun, wann et nëmme Parking ass, wou mer e puer grouss Schoulen hunn an eng Gare hunn, wou et awer scho relativ lästeg fir d'Leit ass. An duerfir muss ech scho soen: Fir mech ass dat schwéier verständlech, firwat datt mir déi Eenzeg sinn, déi do esou Agente wëllen.

Dann en allerlescht Wuert. Et ass och ugeschwat ginn... Do hat den Här Gloden anscheinend eng Meenungsverschiddenheet tëschent dem Här Bausch an dem Här Schneider festgestallt, wat d'Sécherheet am ëffentlechen Transport ugeet. Ech fuere bal all Dag mam ëffentlechen Transport. Ech muss soen, datt ech bis elo nach ëmmer Chance hat. Ech muss och soen, datt ech feststellen, datt ganz oft Leit vun enger privater Sécherheetsgesellschaft derbäi sinn. Dat ass anscheinend eng positiv Auswierkung op de Klima. Ech ginn emol dovun aus.

Den Här Bausch huet gemengt, datt een natierlech soll an d'A faassen, fir esou eng Brigad ze schafen. En huet awer och gemengt, dat kéint een net vun haut op muer, well Dir wësst alleguer, den Här Gloden och, datt mer en absolutte Mangel un Effektiver hunn. Dir hutt och dem Minister Froe gestallt: „Wou kënnt dee Mangel hier? Firwat kënne mer net méi Leit rekrutéieren?" Mir kennen d'Äntwerten e bëssen. Ech sinn och frou, fir se dann nach eng Kéier ze lauschteren. An duerfir musse mer emol fir d'Éischt genuch Beamte rekrutéieren, ier mer kënnen an déi dote Richtung goen.

Da soen ech lech Merci fir Är Opmierksamkeet. An ech gi mech sëtzen.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner hunn ech den Här Max Hahn ageschriwwen, wann en dann elo laanschtkënnt. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

M. Max Hahn *(DP)*.- Madamm Presidentin, et ass eng Käraufgab vum Stat, d'Sécherheet vun de Bierger ze garantéieren. Jo, dat si mer eise Bierger schëlleg. Wien awer vu Sécherheet schwätzt, schwätzt och vu Fräiheet a vu Biergerrechter. Dat ass déi aner Säit vun der Medail. An et ass d'Aufgab vun der Politik, dat richtegt Gläichgewiicht tëschent dëse Wäerter ze fannen. An dëst grad och an Zäiten, wou d'Onsécherheetsgefill bei de Leit zouhëlt.

Angscht an Aktionismus ass kee gudde Beroder, generell net an nach vill manner a Sécherheetsfroen. Dofir muss een, wann ee vun neie Sécherheetsinstrumenter schwätzt, genee ofweien, wéi eng Instrumenter sënnvoll sinn a wéi eng net. Ech begréissen dofir am Numm vun der Demokratescher Partei d'Initiativ vun dëser Interpellatioun, déi et eis erlaabt, dës komplex Thematik am Fong a mat der néideger Rou ze diskutéieren.

De Sujet Sécherheet huet vill Aspekter: vun der Kleng- a Beschafungskriminalitéit iwwert d'Prostitutioun an d'Heescherei. A grad doweinst muss een oppassen, net alles an een Dëppen ze geheien. Zum Thema Sécherheet gehéiert awer ouni Zweifel och den Terrorismus an d'Attentater, déi am Häerz vun Europa stattfonnt hunn. Dës Menacë brauchen eng ganz spezifesch Äntwert, wéi zum Beispill Antiterror-Preventiounsmoossnamen oder de Plan „Vigilnat". Well dës Zorte vu Gefor awer net vum Interpellant opgeworf gi sinn, erlaben ech mer, dës Thematik ronderëm den Terrorismus op dëser Plaz, och wéi meng Virriedner, auszeklameren.

Madamm Presidentin, d'Sécherheetsdiskussioun ass eng Thematik, déi sporadesch hire Wee an d'Zeitunge fënnt a wou dann iwwert d'Zoustänn vu verschiddene Stied oder verschiddene Quartiere bericht gëtt. Mat deene Mëttelen, déi se hunn, suergt d'Police Dag an Nuecht fir d'Sécherheet uechtert d'Land.

Natierlech ass och Sputt no uewen, an dat am Kader vun der Police-Organisatioun. Fir dass hir Aarbecht awer och hir Friichten dréit, ass d'Kooperatioun tëschent all den Akteuren awer eng Grondviraussetzung. Op béid Aspekter wäert ech méi spéit nach ze schwätze kommen.

Madamm Presidentin, de Stat muss fir d'Sécherheet vun de Bierger suergen. An och wa Lëtzebuerg a seng gréisser Stied net méi oder manner geféierlech si wéi aner vergläichbar Stied aus der Groussregioun, ass awer dat subjektivt Sécherheetsgefill vun de Leit ganz eescht ze huelen.

D'Fuerscher vun der Uni Lëtzebuerg hunn zesumme mam Statec virun dräi Joer eng Etüd iwwert d'Sécherheetsgefill bei den Awunner duerchgefouert. An dobäi ass erauskomm, dass 80% vun de Befrotene sech a Sécherheet oder zimlech sécher fillen, wa si nuets eleng duerch hire Quartier trëppelen. Éischter positiv Zuelen, kéint een also soen, mä et muss een och d'Detailer kucken. Persounen iwwer 60 Joer, déi am seltensten Affer vun enger Strofdot ginn, hunn am meeschten Angscht. D'Onsécherheetsgefill ass och bei de Frae wesentlech méi grouss wéi bei de Männer.

Derbäi kënnt, dass d'Angscht an d'Onsécherheetsgefill klammen, wann ee schonn eng Kéier Affer vun engem Gewaltverbrieche gouf. Bal 70% vun de befrotene Leit hu gemengt, dass d'Kriminalitéit zu Lëtzebuerg zougeholl huet. E Gefill, Dir Dammen, Dir Hären, ass net esou einfach ze steieren, besonnesch net, wann ee sech selwer betraff fillt. Och wann d'Zuel vun de Gewaltdoten zréckgeet, wéi et eis jo vun der Police fir d'Joer 2012 bestätegt gouf, fillen d'Leit sech dofir awer net onbedéngt méi sécher. Dëst Onsécherheetsgefill huet een dann och emol éischter am ëffentlechen Transport oder an oder ronderëm gréisser Garen.

Madamm Presidentin, d'Realitéit ass déi, dass sech 42% vun den Delikter an onser Haaptstad ofspillen. 5.500 Strofdote pro Joer geschéien eleng am Garer Quartier. Mä och aner gréisser Stied, wéi zum Beispill Esch/Uelzecht, Déifferdeng, Ettelbréck oder och nach d'Grenzgebitt Péiteng/Rodange, sinn tendenziell méi betraff wéi aner Géigenden. Fir déi Leit, déi regelméisseg mat Kriminalitéit konfrontéiert sinn, well se entweder do wunnen oder do schaffen, ass déi Situatioun keng einfach an et muss weider eppes ënnerholl ginn. Virun allem den organiséierten Drogenhandel an d'Prostitutioun maachen op eenzelne Plazen den Awunner an de Geschäftsleit ze schafen.

Esou wéi ee mat Respekt a Solidaritéit zu deene Mënsche muss stoen, déi um Rand vun der Gesellschaft stinn, wéi zum Beispill d'Toxicomanen oder d'Prostituéiert, esou muss een awer ouni Matleed eppes géint déi Persounen ënnerhuelen, déi géint eis Gesetzer verstoussen.

An deem Kontext ass et och net verkéiert, iwwert d'Konsequenze vun eiser repressiver Drogepolitik nozedenken an ze kucken, ob et net och aner Modeller gëtt. Déi néideg Mëttel hu mir eis schonn zum Deel ginn. Eng verstäerkte Police-Präsenz um Terrain a grouss ugeluechte Razzien hunn hir Friichte gedroen an d'Situatioun huet sech och berouegt. Wat d'Stad betrëfft, ass de Commissariat de proximité an der Gliesener Strooss och nees opgaangen a souguer mat méi Personal besat ginn.

Dës Mesurë si sécherlech en Ufank, mä d'Problemer si just deelweis geléist a villes ass ganz einfach just verlagert ginn. D'Aarbecht vun der Police ass an dësem Kontext vu ganz grousser Wichtegkeet. Fir e flächendeckenden Asaz garantéieren ze kënnen, musse méi Polizisten an de Garer Quartier détachéiert ginn, wéi dat bis ewell de Fall ass. Ausserdeem mussen d'Poliziste fir déi spezifesch Kriminalitéit am Garer Quartier ausgebilt sinn an Erfahrung am Kampf géint Drogen- a Mënschenhandel hunn.

Wann et néideg gëtt, muss och d'Spezialunitéit vun der Police kënne séier an den Asaz geschéckt ginn. Och an Zukunft mussen ëmmer erëm an ëmmer erëm gezillte Razzie géint dës organiséiert Banden, déi am Drogen- a Mënschenhandel aktiv sinn, duerchgezu ginn. Si solle spieren, dass se net a Rou gelooss ginn an dass mir hiert Wierken net toleréieren.

Madamm Presidentin, ganz oft kann d'Police hir Aarbecht um Terrain net richteg maachen, well si entweder wéinst administrative Prozeduren um Büro sëtzen oder wéinst Klengegkeete geruff ginn. Fir d'Police op deenen zwee Voleten ze entlaaschten, sollen engersäits déi administrativ Aarbechten, wéi zum Beispill d'PVen ze tippen, vun ziville Beamte gemaach ginn, an anerersäits sollen d'Agent-municipallen an hire Pouvoire gestäerkt ginn, fir d'Dispositiounen aus de Police-Reglementer vun de Gemenge kënnen ze kontrolléieren. Do denken ech zum Beispill un de Knascht, deen en Awunner op der Strooss hannerléisst, oder déi ze haart Musek, déi den Noper stéiert. Meng Fraktioun begréisst, dass an der geplangter Policereform d'Erweiderung vun de Kompetenze vun den Agent-municipallen endlech Realitéit gëtt.

Madamm Presidentin, erlaabt mer och, op dëser Plaz en Thema unzeschwätzen, wat an esou Debatten ëmmer nees opgeworf gëtt, an zwar dat vum Plazverweis. Meng Fraktioun ass sech bewosst, dass dës Police-Kompetenz ëmmer nees fir kontrovers Diskussioune suergt. A genee dofir fanne mir, dass d'Motioun, déi d'CSV virdrun déposéiert huet, an där zoustänneger Kommissioun soll breet diskutéiert ginn an, d'selwecht wéi mer dat eigentlech an der Debatt haut de Mëtte bis elo gemaach hunn, do an aller Serenitéit soll diskutéiert ginn an déi richteg Konsequenzen do solle getraff ginn.

Mir denken awer, dass de Plazverweis der Police géif hëllefen, a brenzleche Situatiounen den Iwwerbléck ze behalen an d'Sécherheet vun den Awunner an de Geschäftsleit ze garantéieren. Grad och d'Erfahrungen am Ausland, beispillsweis zu München, weisen, dass de Plazverweis e ganz effizient Mëttel ass.

Dir gesitt, d'Police-Aarbecht ass de Schlëssel, fir dës Problemer an de Gréff ze kréien. Dass den Asaz och seng Friichten dréit, hu mir un den Zuele vun den Abréch gesinn. Nodeems de Minister d'Bekämpfung vun deem Problem als prioritär agestuuft huet, sinn d'Zuelen däitlech erofgaangen. Déi preventiv Campagne, déi am Kader vun der Police gemaach gouf, fir besser opzepassen, huet bei de Bierger sécherlech verschidde Reflexer bewierkt. Esou soll ee beispillsweis d'Tëlee net onbedéngt méi haart dréien, wann dem Noper seng Alarmanlag uspréngt. Mir gesinn also, et deet sech eppes. Mä dat dierf och net op d'Käschte vun anere Problemer goen. An dofir brauch eis Police genuch Mëttelen, fir dat hinzekréien.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Här President, am Ufank vu menger Ried hunn ech op d'Zesummeschaffe vun deenen eenzelnen Akteuren, déi am Kader vun der Sécherheet agéieren, higewisen. D'Aarbecht vun der Police ass näämlech just een Deel vun de Mesuren, déi zur Sécherheet bäidroen. Wann d'Police eng Persoun erwëscht, déi en Delikt oder e Verbrieche gemaach huet, a se da festgeholl gëtt, muss d'Justiz entscheeden, ob se poursuivéiert gëtt. Mä nodeems d'Police e Kriminelle festgeholl huet, kënnt et vill ze vill oft vir, dass d'Persoun ouni Poursuite judiciaire lafe gelooss gëtt. Dës Virgoensweis wierkt sech negativ op d'Moral vun eenzelne Polizisten aus a suergt derfir, dass kriminell Banden d'Justiz net méi faerten.

Dat ass elo awer net dem Parquet seng Schold. De Parquet brauch tout simplement genuch Personal, fir seng legal Obligatiounen erfëllen ze kënnen an derfir ze suergen, dass sech Krimineller fir hir Aktioune viru Geriicht verantwerte mussen.

Här President, de repressive Volet geet awer eleng net duer. Den Asaz vu gutt forméierte Streetworker, déi sech ëm Drogenofhängeger a Prostituéierter këmmeren, muss weider ausgebaut a verbessert ginn. D'Streetworker, genausou wéi déi entspriechend Strukturen, wéi d'Fixerstuff, musse 24 Stonnen op 24 a siwen Deeg op siwen disponibel sinn.

Mir wëssen, dass de Groussdeel vun den Toxicomanen an d'Stad kommen, well sech hei d'Strukture befannen. An deem Kontext ass et dofir wichteg, dass an de Regiounen, wou et Sënn mécht, och sougenannten «Accueils bas seuil» ugebuede ginn, dat heescht Plazen, wou an éischter Linn Drogesüchteger opgefaange ginn.

Ech wëll och nach eng Kéier op den Aktiounsplang Prostitutioun an de Gesetzesprojet iwwert de Kampf géint d'Ausbeutung an der Prostitutioun, d'Zuhälterei an de Mënschenhandel erënneren. Och hei hu mir d'Instrumenter. Elo kënnt et op d'Ëmsetzung un.

Här President, loosst mech nach e puer Wierder zur Heescherei soen, déi eis och virun Erausfuerderunge stellt a besonnesch an der Stad Lëtzebuerg fir Kappzerbrieches suergt. D'Politik däerf net zouloossen, dass déi negativ Konsequenzen en alldeeglechen Impakt op déi aner Bierger hunn, sief dat d'Geschäftsleit, d'Leit, déi hir Akeef maachen, oder d'Touristen. D'Instrument vum Plazverweis géif hei scho ganz vill hëllefen. Kloer muss een hei ënnerscheeden tëschent organiséierte kriminelle Banden an Heescherten, déi op der Strooss liewen.

Et gëtt eng gesetzlech Basis, déi der Justiz an der Police gewësse Mëttele gëtt, wann de Verdacht besteet, dass hannert der Heescherei Mënschenhandel besteet. Och fir d'Mendicité en réunion gëtt et déi néideg gesetzlech Basis, fir ze handelen. Mä d'Aarbechten um Terrain sinn net esou evident, wéi dat am Gesetz virgesinn ass. D'Enquêten dauere Méint an et ass een op international Kooperatioun ugewisen, fir déi Réseauen opzedecken.

Mä mir däerfen eis och näischt virmaachen: Déi organiséiert Heescherei ass Realitéit zu Lëtzebuerg. Vun Hannermänner ginn déi Leit all moies zesummen an d'Stad geschéckt, fir hei ze heeschen. D'Äntwert op de Problem vun der Heescherei gesäit d'DP an enger sozialer Äntwert. Natierlech, déi Leit, déi Hëllef froen, mussen och gehollef kréien. A Mesuren, déi et hinnen erlaben, en normaalt Liewen an eiser Gesellschaft ze féieren, musse weiderhin ënnerstëtzt ginn.

Här President, mir wëssen, wéi wichteg et ass, d'Situatioun an de Gréff ze kréien. Gëtt d'Situatioun näämlech toleréiert, kann et zu weidere gréisseren an negative Konsequenze kommen. Wann ënnerschiddlech Leit openeentreffen, kann dat fir d'Awunner vun engem Quartier eng grouss Beräicherung sinn. Wann d'Zou-

stänn, an do gehéiert d'Onsécherheet derzou, awer déi sinn, dass déi Leit, déi sech et leeschte kënnen, fortplënneren an nëmmen nach Persounen a prekäre Situatiounen am Quartier wunnen, besteet d'Gefor vu sozialer Ausgrenzung. Fir dass d'Integratioun an de soziale Lift fonctionnéieren, brauch et eng gewësse sozial an och wirtschaftlech Mixitéit. E Quartier muss eng funktionell Mëschung ubidde kënnen: Et muss eng Plaz si fir ze wunnen, fir ze schaffen, fir anzekafen, wou ee seng Fräizäit verbrénge kann a wou d'Kanner an d'Schoul kënne goen.

Dat ass a mengen Aen och eng Äntwert op de Problem. De repressive Volet ass just eng Äntwert, mä et muss och gekuckt ginn, dass et guer net dozou kënnt. Dat bedeit, preventiv Weeër fannen, fir d'Zesummeliewe positiv ze gestalten.

Wéi et Beispiller an aneren europäesche Stied scho bewisen hunn, gëtt d'Quartiersentwécklung an éischter Linn iwwer baulech respektiv urbanistesch Moossname beaflosst. D'Broken-Windows-Theorie beseet, dass kleng Beschiedegungen am ëffentleche Raum ganz oft de Kontext fir weider Beschiedegunge schafen. Sanéierungsaarbechte revaloriséieren an deem Sënn den Image vum Quartier.

Här President, d'Liewensqualitéit vun den Awunner dierf selbstverständlech net nëmmen optesch verbessert ginn, mä et muss och derfir gesuergt ginn, dass d'Planung d'Mixitéit op deene verschiddenen Niveauen ënnerstëtzt. Logementer musse fir all sozial Schichte virgesi sinn, onofhängeg vum Alter an der familiärer Situatioun. D'Offer muss sech also u jonk Leit, Familljen a Studente riichten. D'Fräizäitgestaltung ewéi Spillplazen, Parken oder Treffpunktstrukture mussen natierlech och hir Plaz am Entwécklungsplang fannen. Fir dass e Quartier net reng zum Dortoir gëtt, mussen d'Geschäfter an d'Büroe gläichermoossen attraktiv sinn. Allgemeng musse genuch Ureizer geschafe ginn, fir dass ee Loscht kritt, an deem Quartier ze wunnen an ze liewen.

Här President, ech wëll op dëser Plaz och nach eemol op d'Burka oder d'Vollverschleierung agoen. Fir d'DP ass et selbstverständlech, dass een enger Persoun, déi een op der Strooss begéint, muss kënnen an d'Gesiicht kucken. Eng Burka passt net an eng modern an oppe Gesellschaft. Si passt net an eis Virstellung vun enger Gläichberechtegung vun de Geschlechter. A jo, och ech fille mech net wuel, wann ech mengem Géintiwwer net emol an d'Ae kucke kann. Dofir ass et fir d'DP och ganz kloer, dass mir hei wëllen handelen, woubäi nach ze kucken ass, wat dat bescht legislativt Instrument heifir ass.

Här President, d'Problematik vun der Sécherheet ass komplex, well d'Ursaachen an d'Konsequenzen och esou verschidde sinn. D'Kriminalitéit, déi aus dem Ausland kënnt, verlaangt eng aner Äntwert wéi d'Beschafungskriminalitéit. D'Drogeréseaue passe sech méi séier u wéi ee kucke kann. Mënschenhandel a Prostitutioun ginn dacks Hand an Hand. Mä de Lien hierzestellen, bleift fir d'Autoritéiten eng regelrecht Erausfuerderung.

Jo, zu Lëtzebuerg ginn et Situatiounen, déi ee kann als geféierlech bezeechnen. Mä dass d'Stad Lëtzebuerg eng vun deene sécherste Stied aus Europa a souguer vun der ganzer Welt ass, huet eng rezent Analys vu Mercer 2016 erginn. Och d'Zuele vun der Police hu gewisen, dass am Verglach zum viregte Joer déi global Kriminalitéit 2015 ëm 6,25% erofgaangen ass. An der globaler Evaluatioun sinn d'Zuelen hei eng éischte Kéier erofgaangen.

Här President, och trotz dëse positiven Zuele muss weider un der Situatioun geschafft ginn. D'Demokratesch Partei gesäit an der Policereform een Deel vun der Äntwert: Gutt ausgebilt Beamten a virun allem Beamten a méi enger grousser Unzuel wierke preventiv an d'Reaktiounszäit um Terrain geet erof.

Mä dat eleng geet net duer. De Suivi um Niveau vun der Justiz souwéi déi sozial Äntwerte musse weiderhin ënnerstëtzt ginn. Et gëtt net eng Mesure, mat där een d'Kriminalitéit reduzéiere kann, mä et ass villméi en Zesummespill vun eenzelne Mesuren. Ech denken do ënner anerem un de Plazverweis, un d'Erweiderung vun de Kompetenze vun den Agents municipaux an d'Iwwerdenke vun eiser repressiver Drogepolitik.

Här President, Dir Dammen, Dir Häre, Merci fir Är Opmierksamkeet. A Merci dem Interpellant Léon Gloden, fir eis d'Méiglechkeet ginn ze hunn, iwwert dës ganz wichteg Thematik hei haut de Mëtten dierfen ze diskutéieren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Hahn. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, wann ech gelift.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, och ech wéilt dem Här Gloden als Alleréischt Merci soen, datt en dëse Sujet hei opbruecht huet. En ass extrem wichteg. Mir si frou, hei kënnen eise Bäitrag ze leeschten an op d'Sécherheetssituatioun an eise Gemengen anzegoen.

Mir hunn héieren, datt bis elo d'Regierungsvertrieder, déi Parteien, déi hei d'Regierung droen, haaptsächlech berouegend wollten optrieden. Dat ass normal, dat kann ee verstoen. Mä ech mengen, mir mussen d'Realitéit am Land awer kloer am A behalen. Och wann am Ableck d'Statistike schéngen drop hinzeweisen, datt déi eng oder aner Kategorie vu Verbriechen, vun Delikter ofhëlt, esou bleift et awer, datt et der ze vill sinn, datt et ëmmer erëm zu Gewalt géint Persoune kënnt, besonnesch an der Stad op der Gare, zu Ettelbréck, zu Esch, datt et ëmmer erëm zu Abréch kënnt oder Abrochserien. An dat ass eng Situatioun, mat där mer eis net däerfen offannen, wou mer net däerfe berouegen, mä mir musse konsequent dergéint optrieden.

Et ass net eis Aufgab, hei eng Situatioun wëllen ze dramatiséieren oder se wëlle politesch einfach auszebeuten. Mä et ass eng gemeinsam Aufgab vun eis alleguer, fir ze kucken, datt d'Leit hei am Land kënne sécher liewen. An dat musse mer kucken, fir dat och ze realiséieren.

Et ass eng zweet Saach derbäi, déi haut nach net ugeschwat ginn ass: Net nëmmen, datt mer musse kucken, fir d'Verbriechen objektiv ze kucken, mä mir mussen och derfir suergen, datt d'Informatioun iwwert d'Verbrieche wierklech och objektiv an éierlech gemaach gëtt. Well et ass och ganz schlëmm fir d'Sécherheetsgefill vun de Leit, wa se dat Gefill hunn, datt weder d'Autoritéiten, weder d'Regierung nach d'Medie wëllen de Problem a senger Ganzheet uschwätzen, aus iergendwelleche politeschen Iwwerleeungen oder aus Iwwerleeunge vun enger falsch verstanener politescher Korrektheet.

Wann d'Leit dat Gefill hunn, datt se net méi gewuer ginn, wéi d'Situatioun wierklech ass, dréit dat zu engem Mëisstrauen an d'Autoritéiten bäi an och zu deem eengen oder anere Reflex, dee mer net wëllen. Et ass also wichteg, datt mer do zréckginn an eng Situatioun, fir de Leit wierklech kloer ze soen, wéi d'Sécherheet hei ass, fir d'Täterbeschreiwunge kloer, objektiv ze maachen. Nëmmen esou kënnen d'Leit erëm e Vertrauen an d'Medien an an d'Autoritéiten zréckkréien, wat awer haut heiansdo feelt.

Fir eis als ADR ass ganz kloer, datt mer eis bekennen zu enger Stäerkung vun der ëffentlecher Sécherheet, datt mer hannert der Police stinn, fir d'ëffentlech Sécherheet ze garantéieren, well mir gesinn an der ëffentlecher Sécherheet, wéi och den Här Hahn et scho gesot huet, eng Käraufgab vum Stat, eppes, wourun d'Effikassitéit am Déngscht vum Bierger vun de staatlechen Autoritéite kann direkt gemooss ginn a wat dowéinst och muss gutt gemaach sinn.

Déi Policereform, déi den Här Minister Schneider eis hei presentéiert huet an déi am Ableck diskutéiert gëtt, déi geet a verschiddene Punkten nach net wäit genuch. Och mir si fir de Plazverweis, wéi d'CSV, an anscheinend och d'DP. Mir wäerten och dofir deen Text, deen d'CSV eis hei proposéiert huet, an deem Sënn ënnerstëtzen.

Et ass wichteg, datt bei der Police administrative d'Police genuch Kompetenzen huet, och am Vergläich mam Ausland, bei de Fouillen, bei de Contrôles d'identité, ouni datt do laangwiereg Prozeduren iwwert de Minister oder de Generaldirekter vun der Police musse sinn. An datt, wa bei der Police administrative esou Moossname geholl ginn, och Sanktiounen domat verbonne sinn, wa Persoune probéieren, sech ze opposéieren - och d'Rebellioun géint d'Police kann net higeholl ginn.

Mä wéi laang nach, Dir Häre Ministeren, wéi laang nach brauche mir Gedold hei am Land, bis mer dee Problem vun der Mendicitéit hei endlech geléist kréien? Et ass dach eppes, net nëmmen, datt d'Leit gedirängelt ginn, datt se a Situatioune kommen, wou se ugeschwat ginn, wou jiddweree sech onwuel fillt, mä et ass dach eng reell existéierend Situatioun vun Ausbeutung, vu kollektiver Ausbeutung vu Mënschen, mat där mer hei konfrontéiert sinn! Loosse mer eis dach näischt virmaachen!

A wéi ass et méiglech, datt no all deene Joren, wou et och heibannen ëmmer erëm vu verschiddene politesche Parteie Kritik dorunner gëtt, nach ëmmer keng Moossname geholl gi sinn, déi där Saach kënnen effikass en Enn setzen? Et ass net an all Stad an Europa, wou et déi Situatioun do gëtt. A ville Stied an Osteuropa gëtt et net toleréiert. A mat Recht net: Et ass organiséiert Ausbeutung vu Mënschen! Et sinn zum Deel mafiös Strukturen do derhannert. A mir wësse jo, wou se sëtzen, wéi déi Leit iwwert d'Grenz kommen. An awer ass hei eng Inaktioun vun der Regierung, déi praktesch komplizenhaft derzou bäidréit, datt déi Situatioun net endlech ophéiert.

Et ass e Mëssbrauch vun der Bewegungsfräiheet, well d'Ofschafung vun de Bannegrenzen an déi Méiglechkeet, fräi an Europa ze reesen, ass net gemaach ginn, fir et organiséierte Banden ze erlaben, sech an anere Länner nidderzeloossen, do Leit vun enger bestëmmter Ethnie auszebeuten, fir zu mafiöse Strukture bäizedroen. Et ass en Zoustand, deen net akzeptéiert gi kann! Weder fir déi Leit hei am Land, fir d'Geschäftsleit, wou geklaut gëtt, fir déi Leit, déi op de Stroosse gedirängelt an heiansdo souguer gestouss ginn - ouni wëllen ze dramatiséieren -, mä och fir déi Leit selwer, déi do betraff sinn an hir Deeg op der Strooss an der Keelt verbréngen, fir fir aner Leit missen do Suen ze sammelen.

Mir wäerten op jidde Fall als ADR alles maachen, fir géint déi do Zort vu Kriminalitéit, net d'Heesche selwer, mä d'Ausbeutung dovunner, virzegoen. A mir wäerten d'Regierung ënnerstëtzen, wa se endlech dee Courage huet, fir dergéint virzegoen!

Och déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit ass eng Konsequenz vun der Ofschafung vun de Bannegrenzen. D'Madamm Dall'Agnol hat dorobber schonn higewisen. En Deel vum Lëtzebuerger Drogenhandel ass direkt hannert der Grenz. D'Droge ginn op Lëtzebuerg bruecht zum Deel an einfache Bustransporter, wat fréier alles op der Grenz kontrolléiert ginn ass. Dat ass elo net méi de Fall.

Mir bekennen eis och zu oppene Grenzen! Ech mengen, wéi ee Lëtzebuerger wéilt erëm zu deem System vu fréier zréckkommen? Awer mir hätte gär limitéiert, cibléiert Grenzkontrollen, well mir soen: „Oppe Grenze jo, mä fir déi éierlech Leit!" A fir déi aner muss et awer kloer sinn, datt eng Grenz net einfach e Stréch um Pabeier ass, mä och fir si nach kann eng Gefor duerstellen, a fir d'Leit hei am Land eng Barrière vun der Sécherheet géintiwwer Geforen, déi vun anere Plaze kommen.

Am Drogenhandel hu mer hei vun der Säit vun der grénger Partei, mengen ech, komesch Aussoen héieren: „Eng Damm aus Indien steet an der Stroossbuerger Strooss a fillt sech net bedrot, wa se eng hallef Stonn virun hirem Hotel steet." Dat ass gutt. Dat ass sécher gutt! Mä déi Konklusioun, déi déi gréng dorauser zéien: Si gesäit den Drogenhandel, fillt sech selwer net bedrot. Mä den Drogenhandel heescht, eis Jugend an aner Konsumente gi futtigemaach, ginn ausgebeut! Dat ass eng kloer Onsécherheetssituatioun an e perséinlecht Drama fir déi Leit, déi dovu betraff sinn. Et ass net esou, datt den Drogenhandel, wann e grad net gewalttäteg ass - och dat gëtt et -, mä datt een deem kann nokucken; dat kann een op jidde Fall net!

An da stelle mer eis och d'Fro, an den Zeitunge steet: „Dat si Leit aus Nigeria, aus Guinea-Bissau...", „Nordafrikaner", steet an den Zeitungsartikelen. Da froen ech awer d'Vertrieder vun der Regierung: Wéi een Openthaltsstatut hunn déi Leit dann do? Dat si Leit aus Drëttstaten. Si hu jo keng Autorisation de commerce fir Drogenhandel. Si hu kee Seege vun der Regierung, net offiziell! Wéi ass dat méiglech? Ënner wéi engem Statut sinn déi Leit hei am Land? Firwat gëtt net direkt agegraff? Firwat kënne se net direkt ausgewise ginn, bei esou Situatiounen? Firwat musse mer dat do iwwerhaapt erdroen?

Et ass eng Fro! Do géif ech wierklech d'Regierung bieden, eis emol ze soen, wann do legal Lacunne si beim Openthaltsrecht, wéi se dann envisagéiert, dat do ofzeschafen.

Wéi ass et mat deenen déboutéierten Demandeurs de protection internationale?

D'ADR ass sécher net déi Partei, déi wëllt do iergendwéi eppes dramatiséieren. Ganz sécher net. Mä mir hunn ëmmer méi Leit hei am Land, an ech hunn och eng Question parlementaire zu deem Sujet gestallt, déi déboutéiert sinn, déi awer d'Land net verloossen. Déi vläicht net kënnen direkt d'Land verloossen oder och vläicht aus medezinnesche Grënn et net kënnen, mä d'Zuel wiisst. A mir hunn de Problem, datt mer - am Ausland op jidde Fall; hei, souwäit ech weess, woren dat just ganz, ganz wéineg Situatiounen - och Iwwergréff haten, och Iwwergréff vu sexueller Belästegung an aner Situatiounen, déi mir hei am Land net wëllen. An ech mengen, Dir wëllt se och net! Ech mengen, och dat ass Konsens.

Dofir d'Fro: Wat gëtt gemaach bei Leit, déi déboutéiert sinn, déi hei am Land sinn, oder bei anere Persounen, bei deenen awer, wéinstens no den Erfahrungen am Ausland, kann e gewëssent Bedroungspotenzial gesi ginn? Mir wëssen ausserdeem, datt bei deene Leit, oder bei den Demandeurs de protection internationale allgemeng, eenzel Persoune sinn, déi och eng Gefor fir déi ëffentlech Sécherheet sinn. Wat gëtt gemaach, fir deene Geforesituatiounen effikass entgéintzetrieden? Mir haten d'Situatioun hei am Land, wou nëmmen 8% vun deene Leit, déi iwwert d'Grenz komm sinn, erfaasst gi sinn, am Joer 2015.

Bei de Gemengen: Natierlech muss preventiv geschafft ginn, do si mir absolutt d'accord. Jugendaarbecht, baulech Moossnamen, dovun ass nach net geschwat ginn, Eskort vu Kanner, alles dat ass ganz richteg...

Ech gesinn, datt meng Zäit lues a lues hei ofleeft, dofir wëll ech mech just nach op een oder zwee Punkte konzentréieren.

Mir brauche Gesetzer och am Drogeberäich, déi net eng Beschafungskriminalitéit favoriséieren. D'ADR wor ëmmer op, fir d'Drogepolitik ze iwwerpréiwen, och mat Ersatzdrogen, mat Plazen, wou déi Leit kënnen higoen, awer fir d'Kriminalitéit ze bekämpfen, fir de Leit selwer ze hëllefen a fir d'Kriminalitéit ronderëm d'Drogesituatioun ze bekämpfen. Dat ass eppes anescht wéi verschidde Parteien et hei fuerderen, fir d'Drogen ze legaliséieren. Doranner gesi mer ganz grouss Geforen.

Wat déi Agents communaux ugeet, Här President, an domadder halen ech op, si mer och der Meenung, datt et net kann zu Kompetenzproblemer kommen tëschent Police an Agents communaux. An och, wa mer den Agents communaux dann..., vun hinnen erwaarden, datt se e Bäitrag zur ëffentlecher Sécherheet leeschten, kann dat net am Beräich vun der Burka sinn. Ech hunn elo d'Zäit net méi, fir dorobber anzegoen, mä do hätte mer gär en nationaalt Gesetz an eng kloer Kompetenz vun der Police.

Ech soen Iech Merci.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet elo den Här David Wagner. Här Wagner!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Et ass scho gesot ginn, urspréinglech war dës Debatt am November vum leschte Joer ugeduecht ginn, ugekënnegt ginn. An deemools war schonn och am „Tageblatt" ugekënnegt ginn, datt mer eis da mat der Sécherheet géife beschäftegen. An do hat de Journalist - net ouni Ironie - och dat Wuert Angscht tëschent Guillemete gesat.

An ech mengen, d'Ironie, déi war net vu Muttwëll, well et muss ee sech d'Fro stellen: Wourëms geet et an dëser Debatt? Geet et ëm d'Sécherheet? Wat fir eng Zort vu Sécherheet? Oder geet et ëm d'Angscht? Oder geet et souguer ëm Angschtmaacherei? Well ech mengen, dat muss een och kënnen thematiséieren.

An d'Onsécherheet, déi gëtt a ville Beräicher. A mir als Lénk, mir gesinn - och ouni wëllen d'Klengdelinquenz, Cambriolagen erofzespillen - a mir wësse jo och, datt ee muss iwwert d'Ursaachen diskutéieren. A mir sinn eis jo bewosst, datt d'Onsécherheet déif gräifend ass, awer vläicht och net onbedéngt an deene Beräicher, déi elo vun der CSV ernimmt gi sinn.

D'Onsécherheet an eiser Gesellschaft ass déi, datt mer och an engem Gesellschaftsmodell liewen, dee sech ëmmer méi duerch eng alldeeglech Brutalitéit u sech auszeechent. Et ass net onbedéngt eng direkt physesch Brutalitéit. Et ass eng Onsécherheet, datt een um Enn vum Mount iwwerhaapt iwwert d'Ronne kënnt. Et ass d'Onsécherheet, fir eng Wunneng ze fannen oder de Loyer bezuelen ze kënnen. Et ass d'Onsécherheet, fir seng Aarbechtsplaz ze behalen, och wann ee seng Aarbecht korrekt mécht. Et ass d'Onsécherheet, fir iwwerhaapt op senger Aarbechtsplaz korrekt behandelt ze ginn.

Et ass och d'Onsécherheet, wat d'Iessen ugeet: Vergëft ee sech, vergëft ee sech net? Dat ass e ganz grousse Sujet, mengen ech. An neierdéngs - neierdéngs a leider! - och d'Onsécherheet iwwerhaapt, wat de Fridden ugeet op der Welt a vläicht och an Europa a vläicht och bei eis - eng Diskussioun, déi virun e puer Joer vläicht emol nach net aktuell war.

All déi Onsécherheeten zesummen, all déi Saachen, un déi een am Alldag muss denken, wann een dann och eng Kéier nach vläicht ugegraff gëtt, de Portmonni geklaut kritt, beraubt gëtt, da platzt engem natierlech och - an dat ass selbstverständlech, et ass human - de Kolli. Dat sinn awer Saachen, déi glécklecherweis net systematesch, permanent all Dag jiddwerengem geschéien.

Et muss een och drun erënneren, datt keen Dag vergeet hautzudaags, wou d'Leit sech net mussen unhéieren, datt se u sech mussen eng Form vu Brutalitéit am Alldagsliewen an op der Aarbechtsplaz weisen, ënner engem Vokabel, dee permanent benotzt gëtt a seelen a Fro gestallt gëtt - mir maachen dat zwar -, de Vokabel

vun der „Kompetitivitéit". Déi meeschtens och nach vu Leit gepriedegt gëtt, déi selwer a sécheren Dicher sinn!

Well Kompetitioun, dat ass e besser kléngend Wuert, fir de sozialen Iwwerliewenskampf ze beschreiwen. An dee gëllt haaptsächlech fir déi, déi ënnen an der sozialer Hierarchie sëtzen. Déi solle géinteneen untrieden, déi solle méi schaffen, meeschtens fir manner Geld, dat heescht fir méi Wuesstum, fir méi Triple-A a fir méi Profitt, e Profitt, dee si meeschtens net gesinn, mä anerer, fir déi se schaffen.

Dee permanenten Drock, déi permanent Onsécherheet, datt ee säi Liewen u sech net esou gestalte kann, wéi een et fir richteg hält oder wéi een et och verdéngt hätt, mä esou wéi anerer an den héijere Sphären et fir richteg halen, dat alles mécht d'Leit midd. An dat mécht se vläicht och aggressiv. An déi Aggressivitéit, déi ka sech natierlech och entlueden. Géint wien entluet sech déi Aggressivitéit? Géint Multien, déi Steieren hannerzéien, déi d'Salariéen erwirtschaft hunn? Neen, dee Frust, dee gëtt ausgenotzt vu gewëssene Parteien oder vu gewëssene Politiker géint den Heeschert, géint de Roma, géint den RMGist, géint de Chômeur, géint de Frontalier, géint de Flüchtling, géint den Drogendealer, géint d'Prostituéiert. Haaptsaach een oder eent, deen/dat net fir seng Konditioun kann oder sech kaum oder net verteidege kann.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, kann ech dem Här Wagner eng Fro stellen?

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Selbstverständlech.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann den Här Wagner do dermat d'accord ass?

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech soen lech villmools Merci. Ech mengen, ech hu ganz vill Sympathie fir eng Analys, déi sozial Ursaache wëllt opdecken. Mä ech froe mech, ob den Här Wagner awer a senger sozialer Begeeschterung hei net ze wäit geet. Mengt Dir dann, Här Wagner, datt de Roma, deen op der Strooss sëtzt, fir ze heeschen, datt dat e soziale Problem ass? Oder gesitt Dir net déi Ausbeutungssituatioun an déi Strukture vun engem organiséierte Réseau do derhannert? Betrëfft Iech dat net mënschlech, fir ze gesinn, datt do Leit exploitéiert ginn? Oder gesitt Der déi Exploitatioun net an deenen dote Situatiounen?

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Ma selbstverständlech!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Et kéint een och nach iwwert déi Situatioune vun de Roma diskutéieren, déi relativ komplizéiert ass. Ech kann nach drun erënneren, ech mengen, Dir waart nach derbäi, wéi mer deemools am Stater Gemengerot waren, wou mir och wollten dee Sujet - dat war eng Initiativ vun eis, vun déi Lénk am Stater Gemengerot -, wou mer wollten dee Sujet thematiséieren, awer net op eng stigmatiséierend Aart a Weis, mä justement op eng Aart a Weis, fir ze verstoen, éischtens, wéi een deene Leit kann hëllefen.

An dat ass keng einfach Fro, dat huet och mat de Liewenskonditioune vun deene Leit ze dinn an den Ursprongslänner. Datt se selwer ausgebeut ginn hei op der Plaz, ass eng Evidenz. Mä ech ka mer kaum virstellen..., an et ass evident, datt kee Mënsch esou wëllt liewen an deene Konditiounen! An do muss een dovunner ausgoen, selbstverständlech, ech wëll dat net erofspillen.

Ech hunn zéng Minutten, et ass eng Fro... Mä Dir kënnt jo awer och net verneinen, Här Kartheiser, datt vill Leit och, oder gewësse Leit - net vill, mä gewësse Leit! - versichen, déi Fro vun de Roma ze instrumentaliséieren, an datt déi Leit, déi meeschtens als Zigeiner bezeechent ginn - mir wëssen, datt et an der Geschicht ëmmer kleng Gruppe goufen, och an Europa, déi stigmatiséiert goufen -, datt déi wierklech dohinnergestallt ginn, wéi wa se den Iwwel vun allem wieren, obwuel se u sech um Enn vun der Kette sinn, net den Iwwel, mä u sech déi Exploitéiertst sinn. Also déi Diskussioun misst ee féieren, jo, natierlech. Mä ech kann elo net dorobber agoen.

Mä et ass evident, datt Leit dat instrumentaliséieren, fir de Leit Angscht ze maachen. Ech mengen, dat hate mer souguer nach am leschte Summer an engem Lieserbréif gehat.

Ech ginn dorobber..., ech hunn elo zwou Minutte verluer, mä ech gi weider.

(Interruption)

Ech wollt nach kloer iwwer...

Ma neen, mä ech äntwerten op Froen, dat ass kee Problem.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Wagner, probéiert emol um Mikro, fir deen e bësse méi wäit ewechzehuelen, well mir hunn e komeschen Echo hei an der Anlag.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo, jo.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Oder hutt Der en Häerzschrittmacher?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Nach keen! Ech bräicht een an dëser Chamber heiansdo, mä...

Wat ech wollt soen, et gëtt awer..., mir kommen net derlaanscht, dat Éischt, wourunner ech geduecht hunn - an den Här Adam, deen huet dat och schonn ugedeit, a mir hunn awer och an der Fraktioun bei eis driwwer diskutéiert -, dat Éischt, wourunner een denkt, dat ass, datt dës Interpellatioun u sech éischter eng Instrumentaliséierung ass, natierlech an engem Kontext, wou d'Wahlen ëmmer méi no kommen.

Ech wollt nach eng kleng Anekdot erzielen. Nach d'lescht Joer souz ech an enger Brasserie an der Stroossbuerger Strooss am Garer Quartier. An do huet de Restaurateur mech ugeschwat an en hat mech gefrot, ob ech bei Geleeënheet meng Kolleegen an der Politik oder an der Press kéint eng Kéier uschwätzen an hinne vläicht un d'Häerz leeën, datt Verschiddener sollte vläicht e bësse méi roueg déi Saach ugoen, wat d'Situatioun am Garer Quartier ugeet oder an der Stroossbuerger Strooss: datt een och do liewe kann, datt een och do e Restaurant ka féieren, datt och sympathesch Leit do liewen an datt een net all dräi Meter ugegraff gëtt. Bestëmmt och net vun enger Prostituéierter, well déi huet natierlech nach aner Suergen. Ech hat him versprach, dat ze maachen. Ech hunn dat elo gemaach.

Ech mengen, et muss een awer och e bëssen déi ganz Dialektik gesinn, éierlech gesot! Wa mer gewësse Leit innerhalb vun der CSV kucken, ech wëll net jiddweree mat an de Pak huelen, mä wa gewësse Leit innerhalb vun der CSV, awer eng Partei, wou ee muss soen, déi awer iwwer Jorzéngten déi politesch an ekonomesch Elitt vum Land ugezunn huet an erugezunn huet an och u sech am Interessi vun dëser Elitt ëmmer geschafft huet, an eng gewëssen CSV-Elitt, déi sech seelen, ganz seele fir d'Interesse vun den einfachen a schaffende Leit asetzt, mä awer all, all Kéiers - all Kéiers - eng Lanz brécht fir d'Finanzoligarchie, fir där hir Interessen ze verteidegen - ech mengen, och an der Finanzkommissioun kréie mer dat ganz oft mat -, an duerno hu mer esou eng Partei, eng CSV, déi esou mécht, wéi wa se sech fir d'Suerge vum klenge Mann oder vun der klenger Fra géif asetzen!

(Brouhaha)

Ma neen! Wat gëtt gemaach? Si weist justement op den Heeschert mam Fanger. Si weist mam Fanger op de Roma. A si leet awer d'Hand, eng schützend Hand iwwert déi Finanzoligarchie! Ech mengen, dat ass och eng Form vu komescher Approche, wat verschidde Forme vun Delinquenz ugeet.

Ech mengen, déi Klengdelinquenz, déi ass natierlech ustrengend, zemools wann ee bis eng Kéier och Opfer vun der klenger Delinquenz gëtt. Selbstverständlech, et ass kee frou doriwwer. Mä si ass awer net d'Ursaach, si ass d'Konsequenz vun enger Gesellschaft, déi net richteg funktionéiert. An dat muss een awer och ernimmen!

Ech mengen, Leit, déi dat permanent versichen ze maachen, déi permanent déi sécuritaire Fro wëllen thematiséieren, si meeschtens déi Leit, déi vun Onsécherheet schwätzen, an dat si ganz seelen déiselwecht Leit, déi och vu Gläichheet schwätzen an eiser Gesellschaft. A mir kommen net derlaanscht ze soen, datt mer ouni Gläichheet net kënnen an enger Gesellschaft liewen, wou och all Form vu Sécherheet geséchert ass; wuelverstanen, et kann een ni eng honnertprozenteg Sécherheet hunn.

Wësst Der - ech sinn elo gläich fäerdeg, mat dëser Ried op jidde Fall -, ech si weder Riichter nach Polizist an och kee Sozialaarbechter. An ech weess awer och ganz oft, datt Sozialaarbechter a Police hiert Bescht ginn, fir mat relativ komplizéierte Situatioune kënnen eens ze ginn. Well esou einfach ass et jo och net ëmmer, fir ze soen: Hei bumm, do ass e Problem, do muss een einfach esou dropklappen!

Mä déi Leit, Sozialaarbechter, Polizisten, Riichter an esou weider, déi sinn net dofir do, dat ass net hiren Job, fir géint Ongläichheeten ze kämpfen. Dofir si mir do a Wierklechkeet! Dat ass eisen Job. An do misst een u sech d'Diskussioun féieren, wéi een eng méi solidaresch a gläich Gesellschaft ka schafen. An dat ass zurzäit net de Fall, dat muss ee ganz einfach gesinn! An dann däerf ee sech och net wonneren, datt jiddwereen op sengem Niveau e bësse méi brutal a manner civique gëtt. An dat ass schlecht fir déi ganz Gesellschaft!

Mä ech mengen awer, datt mer awer musse feststellen, datt déi, déi ganz uewe sinn, dat ass vläicht e Credo an der Weltgeschicht, mä déi, déi ganz uewe sinn, déi kënne sech vill méi erlaben, d'Gesetzgebung net ze respektéieren, wéi déi, déi ënne sinn.

An nach eng ganz lescht Saach, konkret, déi ass och ugeschwat gi vu mengem Virriedner: Jo, fir ganz konkret ze sinn, d'Drogepolitik, ech mengen - dat ass heiansdo och scho vun dëser Regierung plus ou moins ugekënnegt ginn a mir haten och schonn eng Kéier eng Diskussioun virun dräi Joer oder zwee Joer, mengen ech, vun enger Associatioun, wat d'Drogen ugeet -, datt ee wierklech do muss an eng aner Richtung goen. Legaliséierung ass vläicht net dat richtegt Wuert, et muss ee reglementéieren.

Et muss ee seriö driwwer diskutéieren, wéi ee kann dee Problem upaken, well déi repressiv Schinn, déi ass gescheitert, dat wësse mer. A si kascht immens vill. Si kascht finanziell a si kascht och human gesinn a gesondheetlech gesinn. Ech mengen, ech hoffen, datt mer och an nächster Zäit wäerten e bësse méi konkret Schrëtt maachen. Ech gesinn, de Justizminister sëtz och hei. Vläicht kann en och dorobber agoen.

Ech soen Iech awer Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här David Wagner. Domat wäre mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm an d'Wuert huet elo d'Regierung, de Minister fir déi bannenzeg Sécherheet, den Här Etienne Schneider.

Prises de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Reaktioun op d'Interpellatioun vum honorabelen Deputéierte Léon Gloden géif ech fir d'Éischt emol soen, dass ech awer e bëssen erstaunt sinn - awer e bëssen erstaunt! -, fir mer haut hei vun der CSV-Fraktioun musse soen ze loossen, wat mer alles net gemaach hätten a wat mer nach alles misste maachen, nodeem mäi Virgänger bei der Police jorelaang keng zousätzlech Polizisten agestallt huet, quasi just dat agestallt huet, wat a Pensioun gaangen ass, a mir, wéi mer hei de Ressort iwwerholl hunn, virun engem Desaster stoungen, well mer iwwerall e Mangel u Leit haten, iwwerall e Mangel u Polizisten haten an engem Land, dat all Joer ëm 2,5% an der Populatioun wiisst a wou och d'Kriminalitéitsforme sech all Dag änneren. Also eng Situatioun, déi mer opfonnt hunn, déi mer net vun haut op muer kënnen änneren.

Ech sinn awer och erstaunt driwwer, dass ech dann hei Lektioune vun der CSV kréien, wéi ee muss fir Sécherheet suergen, wa genee déi CSV jorelaang un enger Policereform gedoktert huet, awer keng fäerdegbruecht huet. An elo, wou mir eng dohileeën, ass näischt gutt, wat an där Policereform dran ass.

Da muss ech awer och soen, sinn ech, drëttens, erstaunt driwwer, dass mer hei iwwer Sécherheet schwätzen an dass d'CSV der Meenung ass, dass d'Terrorismusgefor net zu deem Sujet gehéiert, awer d'Heescherte schonn e Sujet ass, dee préoccupant ass.

Ech kann Iech soen...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also, zu där anerer Diskussioun, Här Schneider, do komme mer nach ganz gär.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Ganz gär.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat do ass e wéineg eng einfach Argumentatioun.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Ech kann Iech soen, dass déi heite Regierung d'Sécherheet ganz eescht hélt. An eleng de Fait, dass de Justizminister, den Innenminister an ech selwer haut hei bei deem Débat derbäi sinn, misst Iech dat beweisen.

An et ass net evident, d'Sécherheet an engem Land ze garantéieren, wann Der fir d'Sécherheet responsabel sidd an net genuch Effektiver hutt. Schwätzt emol eng Kéier mat deene Leit an der Police an da frot Der déi, wéi et ass, wann ee muss mat där Situatioun eens ginn a vir an hannen net genuch Leit huet, well jorelaang vergiess ginn ass, Leit anzestellen!

Mir wëssen dat a mir hunn direkt reagéiert. An dës Regierung huet direkt décidéiert, dass jiddwereen, dee wëllt Polizist ginn, a jiddwereen, deen dann och seng Exame packt, vun der Regierung agestallt gëtt, fir Polizist kënnen ze ginn. Dir wësst awer och, dass esou eng Formatioun zum Polizist zwee Joer dauert, dass et also mindestens zwee Joer dauert, bis dat seng Effete weist. A mir sinn elo an enger Period, wou déi éischt positiv Effete sech weisen.

Mir hunn eis awer doriwwer eraus méi wäit Gedanke gemaach a gesot: „Et geet net just duer, dass mer méi Polizisten astellen, mä mir mussen och d'Police u sech reorganiséieren. Mir musse méi effikass ginn an der Organisatioun vun der Police." An dofir hu mer déi Décisioun geholl, fir zum Beispill déi 51 Proximitéitskommissariater, déi mer iwwer Land hunn, deelweis ze regruppéieren, fir méi effikass kënnen ze schaffen.

Wat hu mer dervun, wa mer an engem Duerf e Policekommissariat hu vu fënnef Leit, offiziellen Effektiv, an a Wierklechkeet sinn der nëmmen dräi do, well deen een a Formatioun ass, deen aneren am Congé parental oder am Congé oder krank oder wat och ëmmer? Mir wëssen, dass, wann déi Polizisten op Sträif ginn, musse se zu zwee sinn, a wa se mussen de Büro op halen, musse se och zu zwee sinn. Also kënne se ëmmer nëmmen eng Aufgab erfëllen.

En plus ass et esou, dee Regruppement vun de Policekommissariater, wat jo ganz staark vun der CSV kritiséiert ginn ass, féiert derzou, dass déi net nëmmen op enger Schicht an Zukunft schaffen, mä op zwou Schichten. An doriwwer eraus brénge mer et fäerdeg, dass permanent kënne Patrullen duerch d'Land fueren. Ech mengen, dat ass wichteg, fir de Leit hir Sécherheet och ze garantéieren.

Dann hu mer awer och dru geduecht, fir dee ganzen Apparat vun der Police méi liicht ze maachen, andeem mer Regioune fusionéieren, andeem mer vu sechs Regiounen zréckginn op véier Regiounen. Mir hunn agefouert, dass an Zukunft all déi Kommissariater, déi elo zesumme schaffen, op zwou Schichte schaffen an net nëmme méi op enger. A mir wäerten derfir suergen, dass et massiv méi Patrulle wäerte ginn hei am Land.

An da wonneren ech mech och, dass den Här Gloden seet, mir hätten eng Reform gemaach a mir hätten net mat dem Parlament geschwat. Ech hat emol d'Impressioun, wéi wann ech am Juni hei en Débat de consultation gehat hätt, wou d'CSV awer och hei zu menger Rietser souz, wou allerdéngs net ganz vill Kreatives oder Positives ze héiere war. Dat ass scho ganz richteg.

Ech wëll och drun erënneren, dass mer der Police administrativ eng ganz Rei weider Méiglechkeete ginn, fir géint d'Kriminalitéit virzegoen. An ech wëll hei drun erënneren, dass, och wat den Équipement vun der Police ugeet, dës Regierung net een Euro - net een Euro! - gestrach huet, deen ugefrot ginn ass vun der Policegeneraldirektioun, fir d'Police ze équipéieren. Ech erënneren ënner anerem un d'Waffen, wou d'Revolveren duerch Pistoulen ersat ginn aus verschiddenen technesche Grënn, déi vun der Police an och vun der Policegewerkschaft opgeworf gi sinn. Mä och pour le reste kritt d'Police all Équipementer, déi se brauch, fir méi effikass kënnen ze schaffen.

Dann, ee Sujet, deen hei ugeschwat ginn ass, ass dee vum Drogenhandel. Och do hu mer ganz vill Mesurë geholl. An déi Mesuren hunn derzou gefouert, dass d'Strofdoten am Beräich Drogen e gutt Stéck erofgaange sinn; fir Iech d'Zuelen ze soe vun 2015: vu 4.675 Drogenaffären op haut - also op 2016 - 3.845. An dat kënnt och net vun näischt. Dat kënnt doduerch, well mer konkret an effikass dergéint virginn, well mer massiv Präsenz um Terrain hunn.

A mir hunn dat gemaach zesumme mat där Taskforce, déi mer geschaaft hu mat der Stad Lëtzebuerg, mat dem Ministère vun der Sécurité intérieure a mat der Police. Mir hu geziilt Razzie gemaach a mir hunn der permanent gemaach. Eleng d'lescht Joer hu mer eelef grouss ugeluechte Razzie gemaach, fir den Drogendealer op d'Schléch ze kommen.

Doduerch, dass de Minister fir d'bannenzeg Sécherheet, wat ech sinn, och Wirtschaftsminister ass, deen d'Autorisations de commerce gëtt, hunn ech als Wirtschaftsminister derfir gesuergt, dass iwwerall do, wou Caféë sinn, op der Gare oder op anere Plazen am Land, wou mer wëssen, dass mat Droge gedealt gëtt, dass deenen d'Autorisation de commerce entzu gëtt. Dat heescht, mir hu konkret déi Schlupflächer, déi se hunn, zougemaach.

Mir hunn e weidere Büro oder en ale Büro an der Rue Glesener an der Stad erëm opgemaach, deen elo op zwou Schichte schafft a wou den Haaptbut deen ass, permanent Patrullen ze maachen. Mir hunn de Centre d'intervention an der Gare dramatesch opgestockt, wat d'Leit ugeet. Et geet nach net duer a mir wäerten der och nach do bäiginn. Mä Dir musst eis natierlech d'Chance ginn, dass hanne Leit nowuessen, fir dass mer dat och kënne maachen.

Mir hunn eleng hei am Quartier Gare an Hollerech d'lescht Joer am Beräich vun der Drogekriminalitéit 140 Leit verhaft. Mä wann ech dovu schwätzen, dann ass et net just hei an der Stad, wou mer géint d'Drogekriminalitéit kämpfen. Mir maachen dat an alle Regiounen a mir maachen dat och an alle Stied, wou d'Drogekriminalitéit e Sujet ass.

Mir maachen et awer net nëmmen do. Mir maachen et och an de Caféen, wou mer permanent Razzie maachen iwwert d'Land. Mir maachen et an de Lycéeën. Mir maachen et an den Zich. Mir maachen et op der Strooss. A mir maachen et op der Aire de Capellen, op der Aire de Berchem, fir ebe Leit ze pëtzen, déi mat Drogen iwwert d'Grenze kommen. An dat maache mer zesumme mat der Police aus der Grenzregioun. An och dat geschitt mat ganz vill Succès.

An ech wëll hei och drop hiweisen, an et huet ee Virriedner doriwwer geschwat: De Kampf géint d'Drogen ass net just e repressiven, mä et ass och e preventive Kampf. An dofir huet d'Police eleng d'lescht Joer 427 Drogepreventiounsséancen an de Schoule gemaach, fir deene jonke Leit ze weisen, dass d'Drogen net dee richtege Wee sinn.

Och wat d'petite Délinquance ugeet, muss ee soen, dass och do d'Zuelen erofginn. Och wat d'Abrech ugeet, ginn d'Zuelen erof. Ech weess awer, dass et der nach ëmmer vill ze vill sinn. Mä mir wëssen och, dass mer e Riseproblem hu mat den Abréch doduerjer, dass dat ganz oft Bande sinn, déi aus dem Ausland kommen, déi dann iwwert d'Land hierfale wärend e puer Wochen an da si se erëm verschwonnen. Dofir ass et jo esou schwéier, och déi Delikter opzeklären. An dann ass et ganz oft esou: Wann dann ee gepëtzt gëtt, dann ass dee meeschtens responsabel fir x Delikter. An dofir variéieren natierlech och d'Opklärungsquote vun engem Joer op dat anert.

Ech kann Iech just soen, dass mir an all deenen dote Beräicher wierklech all Efforte maachen, fir de Leit Sécherheet ze ginn. An et war vum Interpellant och gesot ginn, mir géifen net genuch länneriwwergräifend schaffen. Ech kann dat net esou stoe loossen. Mir hu länneriwwergräifend eng ganz Rei Kontakter, wou mer zesummeschaffen a wou mer dat och mat ganz vill Succès maachen.

Et ass ugeklonge vun Iech, Här Gloden, dass een de Pechert eventuell sollt begleede loossen duerch e Polizist, wann ech dat richteg verstanen hunn. Mä wéi soll dat da goen? Wat maache mer da mat Pecherten, wa mer dann awer e Polizist mussen hunn, dee mat em duerch d'Duerf trëppelt? Et soll jo eigentlech sinn, fir dass d'Police entlaascht gëtt. Mä wa mer elo nieft all Pechert och nach mussen e Polizist stellen, dat ka jo beim beschte Wëllen net fonctionnéieren.

M. Léon Gloden *(CSV), interpellateur.*- Kommt op Maacher kucken! Do klappt et.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- An dann hutt Der dat opgeworf mat der Police an den Zich. Et ass effektiv esou, dass mäi Kolleeg, de François Bausch, dat eng Kéier als eng Méiglechkeet ugesinn huet. Et ass awer esou, dass mer immens vill Zich hunn, déi de ganzen Dag fueren. A wa mer Poliziste wëllen an d'Zich setzen, bleift d'Fro da muer: „Firwat setzt Der da keng an d'Bussen?" Mir hunn net esou vill Bussen... Mir hunn net esou vill...

(Hilarité)

…Polizisten, wéi mer Bussen an Zich hunn.

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Dach, Bussen hu mer der vill.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Dat ass iwwerhaapt net denkbar. Dovun ofgesinn...

M. Léon Gloden *(CSV), interpellateur.*- Här Schneider, ech hu keng Poliziste gefrot, ech hunn Employés sous le statut de droit public gefrot, wann Der mer nogelauschtert hutt; d'Gesetz 2009. An den Här Bausch huet et op der leschter Generalversammlung vum Syprolux nach eng Kéier gesot.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Da soen ech Iech dozou, dass mer jo mat den CFL amgaange sinn, fir déi Leit, déi Begleeder an den Zich sinn, ze forméieren, fir dass se wëssen, wéi se sech solle behuelen, wann et zu Aggressiounen an engem ëffentleche Verkéiersmëttel kënnt.

Da war vun der Madamm Claudia Dall'Agnol, awer och vun alle Riedner eigentlech dat subjektivt Sécherheetsgefill opgeworf ginn. Ech wëll hei just soen, dass mer e ganz kloeren Trend hunn, dass d'Kriminalitéit zu Lëtzebuerg erofgeet, well mer eng ganz Rei Aktiounen iwwert déi lescht zwee Joer geholl hunn.

Dass dat subjektivt Gefill vu Sécherheet bei de Leit awer net onbedéngt do ass, dat heescht, dass d'Leit awer fäerten, dat huet awer och ganz vill ze di mat eiser transparenter Kommunikatiounspolitik. Wann alles, wat mir mellen, all Kéier am Radio ass respektiv all Kéier an de Medien ass, dann ass et normal, dass d'Leit op eemol d'Gefill hunn, se géife bei den Hottentotten hei liewen. Dat ass jo e Problem. Dofir, wa mer vum subjektive Gefill schwätzen, da gëtt et eigentlech just eng Méiglechkeet, näämlech déi, dass mer net méi iwwert d'Kriminalitéit an der Ëffentlechkeet schwätzen.

An ech mengen, dass mer dat och net kënne maachen. Dofir ass dat doten eng Situatioun, déi mer relativ schwéier geléist kréien. Soulaang wéi mir alles mellen an d'Police alles mellt an alles an de Medien opgegraff gëtt, ass dat dote Gefill an deem Sënn net an de Grëff ze kréien. Mä ech wëll awer nach eng Kéier un Iech alleguerten appeléieren: Kommt, mir kucken déi objektiv Zuelen!

An da wëll ech nach eppes zu deenen objektiven Zuele soen. Mir kucken ëmmer: Wivill Abréch hate mer dann 2012, wivill 2013, wivill 2014, et cetera? An da kucke mer dat als Chiffre absolu an da gesi mer: Et geet erop oder erof. Mä mir considéréieren an deenen Zuelen iwwerhaapt net d'Augmentatioun vun eiser Populatioun. Eis Populatioun klëmmt all véier Joer ëm 10%. Dat misst een also nach eng Kéier domadder relativiséieren. Da géift Der gesinn, dass eigentlech den Trend zu manner Kriminalitéit nach méi staark ass wéi deen, deen ech Iech elo just gesot hunn.

Ech wëll hei schléissen, well meng Kolleege Justizminister an Innenminister och nach op divers Aspekter, déi haut ugeschwat gi sinn, wäerten agoen. Ech kann Iech just soen, dass d'Regierung d'Sécherheet vun hire Bierger extrem eescht hëlt an dass mer wierklech alles maachen, wat mer kënne maachen, fir d'Kriminalitéit hei am Land erofzekréien.

An ech mengen, dass een dat misst gesinn, objektiv misst gesinn an der Personalpolitik vun der Regierung, fir d'Police opzestocken, an der Infrastruktur- a Materialpolitik, déi d'Regierung mécht, fir d'Police beschtméiglech ze équipéieren, an am Kader vum Reformprojet vun der Police, deen net nëmmen drëm geet, fir d'Police méi effikass opzestellen, mä och fir d'Zesummenaarbecht mat den Autorités judiciaires ze verbesseren.

Voilà! Dat gesot, soen ech Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An d'Wuert huet elo den Här Justizminister.

Une voix.- Hien ass anzwousch hin.

Une autre voix.- Verstoppt?

Une troisième voix.- Elo hu mer ee verluer.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Elo kënnt den Här Justizminister mat propperen Hänn.

(Interruption et hilarité)

Une voix.- En huet sech d'Hänn an Onschold gewäsch.

(Hilarité)

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Ech wëll wéi de Kolleeg Etienne Schneider och aganks eng kleng Iwwerraschung ausdrécken, näämlech déi, wouriwwer dass mer haut an der Haaptsaach geschwat hunn. Esou wéi d'Interpellatioun ugekënnegt war an hirem Titel, ware mer eigentlech éischter drop agestallt, dass mer géifen iwwert déi grouss Sécherheetsbedroungen am Land schwätzen. Mir si jo wéi anerer an Europa och ganz konzentréiert op déi Bedroungen, déi mer haut an Europa hunn. Stéchwuert: Terrorismus. Mä dat eent verbitt jo dat anert net. Mir hunn och domadder kee Problem.

Dat Zweet ass, ech sinn och doriwwer e bëssen iwwerrascht: Den Etienne Schneider huet eng Rei Zuele genannt, déi Der och scho méi laang kennt iwwert d'Entwécklung vun der Kriminalitéit zu Lëtzebuerg.

An, et ass iergendeppes mam Mikro.

Une voix.- Et schaalt.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Et schaalt. Hei ass permanent...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, d'Technik ass amgaangen, drun ze schaffen.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Jo, okay.

Den Etienne Schneider huet, wéi gesot, déi Zuele genannt, déi réckleefeg sinn, an elo kann een als Oppositioun ganz kritesch zu der Regierungsaarbecht stoen a Saache bemängelen a Saache vun der Regierung fuerderen. Ech mengen awer och, dass e klenge Merci un d'Adress vun deenen, déi derfir suergen, dass déi Zuele réckleefeg sinn, eis Polizisten, och d'Justizautoritéiten, déi hei zesummen Hand an Hand schaffen, net ze vill gewiescht wär. Och dat hätt ee kënne maachen. An da kann een nach ëmmer ganz villes un d'Adress vun der Regierung soen. Mä dass déi Zuele réckleefeg sinn,...

M. Léon Gloden *(CSV), interpellateur.*- Här Braz, dann hutt Der mer net nogelauschtert. Ech hunn dat gesot.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- ...dat ass d'Aarbecht vu Leit. An e Merci och aus der Oppositioun eraus däerf een an deenen dote Fäll maachen. Och déi Leit appréciéieren dat doten.

Vu déi kuerz Zäit, déi mer hunn, wëll ech synthetesch op eenzel Punkten agoen. Ech huelen direkt d'Stéchwuert vun der Mendicitéit. Dir hutt ganz zu Recht, Här Gloden, drop higewisen, dass et e villschichtege Problem ass. Ech wëll och duerfir kuerz soen, wat déi Schichte sinn. A wa mer déi Schichten eenzel diskutéieren an net matenee vermëschen, dann ass och eng sachlech Diskussioun iwwert déi Theme méiglech.

Stéchwuert: Mendicité simple. Déi ass zu Lëtzebuerg net strofbar. Dat ass eng konstant Jurisprudenz vun de Lëtzebuerger Geriichter. Eng lescht Décisioun hu mer vum Bezierksgeriicht Dikrech an där doter Matière virun zwee, dräi Méint kritt, déi dat och nach eng Kéier bestätegt. Dat ass, wat een nennt Mendicité simple.

Wa mer da vun engem Phenomeen schwätzen, deen emol méi, emol manner an der Press an an der Ëffentlechkeet ass, dee vun den Troubles à l'ordre public, dat ass jo dat, wat do beschriwwe gëtt, dann ass et dem Gesetz egal, wien den Auteur ass. A wann een d'Mendicitéit an den Trouble à l'ordre public an engem Otemzuch nennt, da mécht een eppes, wat een a mengen Aen net soll maachen.

Den Trouble à l'ordre public an d'Rechter hei zu Lëtzebuerg an d'Flichten, déi sinn onofhängeg vun där Plaz, op där een an der sozialer Leeder steet. Wann een e Strummert ass, en Heeschert ass, huet een duerfir net manner Rechter. A wann een een ass, deen op der sozialer Leeder ganz héich steet, huet een duerfir net méi Rechter. Wann also en Trouble à l'ordre public virläit, dann ass dem Gesetz den Auteur egal, ob dat e Millionär ass oder een, deen heesche muss, fir sech säin Alldag e bëssen ze verbesseren.

Duerfir, wa mer wëllen doriwwer schwätzen, wéi zu Lëtzebuerg an de Gemengen d'Polizei an och d'Justiz mat den Auteure vum Trouble à l'ordre public ëmginn, doriwwer kënne mer an aller Serenitéit an all Detail diskutéieren, mä dann däerf dat Wuert „Strummert" dobäi net falen, well dat, wat een ass, huet keen Afloss dorobber, wat d'Gesetz vun engem verlaangt, an op dat, wat erlaabt oder verbueden ass. Déi zwee solle mer ganz däitlech auserneenhalen! An dat geléngt eis net ëmmer.

Dat Drëtt ass d'Mendicité en réunion. Den Här Gloden ass och dorobber agaangen. Et stellt sech awer eraus, dass net alles dat, wat no Mendicité en réunion ausgesäit, der och ass, respektiv dass ee se och muss beweisen, wann ee wëllt hunn, dass Leit bestrooft ginn. Mir hu wuel oft de Verdacht, dass dat ass. Et ass och ganz sécher méi oft de Fall, wéi vläicht deen een oder anere mengt, mä tëschent där Erkenntnis oder där Impressioun, déi een huet, an dem Fait, dass ee belaaschtbar Beweiser huet aus enger Polizeienquête eraus, fir kënnen op engem Geriicht zu enger Condamnatioun ze kommen, dat ass eng aner Diskussioun.

A Fäll, déi och zu Lëtzebuerg emol schonn an der Press waren, sinn och vun enger Polizeienquête wärend Wochen deemools begleet ginn. An um Enn war déi Polizeienquête net concluant, dass konnt Mendicité en réunion nogewise ginn, wat awer net heescht, dass et net geet, well mir hunn zu Lëtzebuerg iwwert déi lescht Joren, souwuel zu Dikrech wéi am Bezierksgeriicht Stad, Condamnatioune fir Mendicité en réunion gehat. Et ass also net, dass et dat hei net gëtt an dass dat och net geet.

Déi véiert a lescht Schicht, dat ass déi vum Mënschenhandel. Et ka bei Mendicité en réunion sinn, dass et zousätzlech ëm Mënschenhandel geet. Dëser Regierung ass dat guer net egal, well mir hunn déi Infraktioun eréischt 2014 geschaaft duerch e Projet de loi, deen dës Regierung déposéiert huet. An deen Text ass och séier gestëmmt ginn.

Wann also haut de Mënschenhandel och bei der Mendicitéit ka penal verfollegt ginn, dann doduerch, dass dës Regierung dat doten eescht geholl huet. Dës Regierung huet och dëst Joer - 2016 - wärend der Lëtzebuerger Présidence vum Benelux de Mënschenhandel zum Haaptthema gemaach. Dat war virdrun net de Fall. Dat war och eng Initiativ vun der Lëtzebuerger Regierung, fir am Kader vun der Beneluxpräsidence eis Efforten drop ze konzentréieren am Beräich Justiz a Police, fir justement dem Mënschenhandel bäizekommen.

Mir hunn och duerfir als Regierung d'lescht Joer eng Campagne gestart, fir hei zu Lëtzebuerg op de Mënschenhandel opmierksam ze maachen. An de Mënschenhandel ass net am meeschte bei der Mendicitéit; et ass just de Contraire.

Et gëtt graff véier Fäll, wou ee Mënschenhandel zu Lëtzebuerg och virfënnt. Dat ass de Beräich vun der Prostitutioun; dat ass deen heefegsten. Dann de Beräich, wou Betriber Leit ënner Konditioune vu Mënschenhandel fir sech schaffe loossen. Dat ass also an der Aarbechtswelt. Dat ass dat zweet Beispill, also haaptsächlech am Beräich Horesca, awer och um Bau. An als véierten ass effektiv d'Mendicitéit och ee vun deene Fäll, wou et Mënschenhandel gëtt. Dat ass awer vun deene véier Fäll deen am mannsten heefegsten zu Lëtzebuerg. Kee Grond, fir en net eescht ze huelen. Mä kommt, mir kucken och an halen och d'Aen op an d'Oueren op iwwert déi vill méi aner heefeg Fäll bei der Prostitutioun, um Bau, an der Restauratioun, wou et och Mënschenhandel zu Lëtzebuerg gëtt! Dat misst eis zumindest gradesou vill Wierder wäert si wéi dat anert.

Dann ass och den Här Gloden, mengen ech war dat, op déi Geforesituatioun agaangen, an där sech Polizisten heiansdo erëmfannen. Mir sinn do amgaangen un enger neier Infraktioun ze schaffen, déi awer genereller Natur soll sinn, näämlech déi vun der Mise en danger de la vie d'autrui. Dat kann eventuell an esou engem Kontext ugewannt ginn, awer net nëmmen. Et kann och bei Infraktiounen am Beräich vum Stroosseverkéier zur Uwendung kommen an doriwwer eraus nach. Déi Aarbechte sti kuerz virum Ofschloss an da wäerte mer e Projet de loi déposéieren iwwert d'Mise en danger de la vie d'autrui, wat och grad an deem dote Fall zur Uwendung ka kommen. An ech halen dat och perséinlech fir e wichtege Punkt.

Da war och eng Fro gestallt ginn zum Jugement sur accord. Dozou kann ech soen, well Zuele gefrot gi waren: Mir hunn zënter, dass et dat gëtt, also zënter ronn 18 Méint, eng 15 Fäll gehat. Dat sinn der vläicht elo nach net esou vill, mä déi Prozeduren, déi sinn elo rodéiert. Dat fänkt u bekannt ze ginn. A mir wäerten och do also eng relativ staark Augmentatioun, hoffen ech zumindest, kënne kenneléieren.

Voilà! Dat waren déi puer Remarquen, Här President, déi ech wollt maachen, complémentaire zu deene vum Här Schneider an en attente vun deene vum Här Innenminister Dan Kersch. Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Justizminister. An d'Wuert huet elo den Här Innenminister, den Här Dan Kersch.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Merci, Här President. Ech wäert probéieren, mech a mengem Bäitrag op d'Erweiderung vun de Kompetenze vun den Agent-municipallen ze beschränken, well dat jo och, mengen ech, des Laangen an des Breede vun eenzelnen Orateuren ausgefouert ginn ass an och an de Kontext gesat ginn ass vun der Bekämpfung vun deene sougenannten Incivilitéiten oder, wéi mer et och kéinten ausdrécken, an der Ëmsetzung vun de Gemengereglementer, wou mer alleguerte wëssen, dass mer zënter enger gewëssener Zäit vu Jore Problemer hunn, dass dat, wat an de Gemengereglementer steet, och wierklech um Terrain kann ëmgesat ginn.

An ech wëll Iech direkt soen, Här Gloden, dass Der mat Ärer Propositioun bei mir oppen Dieren arennt, well och wa mer eis bewosst sinn, dass en éischte Versuch vun de Kolleegen Halsdorf a Frieden gescheitert ass opgrond vun enger Rei vu Awänn vum Statsrot, da sollt dat eis awer net drun hënneren, en zweete Versuch ze woen, wou d'Agent-municipalle wesentlech méi Kompetenze kréien, wéi dat haut de Fall ass.

A fir dass eis net dat nämlecht geschitt, wéi et an engem éischten Ulaf geschitt ass, hunn ech och probéiert, eng ganz Rei vu Concertatiounen am Virfeld ze maachen, engersäits mam Syvicol, wou mer e puermol doriwwer geschwat hunn, virun allem awer och mat der Gewerkschaft vun den Agent-municipallen. An eng Geleeënheet, wou ech ganz vill bäigeléiert hunn, dat war, wou mer eng grouss Versammlung zu Bartreng gemaach hunn, wou d'Agent-municipallen alleguer eenzel, egal aus wéi enger Gemeng dass se komm sinn, invitéiert waren, fir e bësse vun hiren Erfahrunge vum Terrain ze zielen. An et ass och meng Ambi-

tioun, fir esou vill wéi méiglech vun deem, wat mer do als Input kritt hunn, och an de Gesetzestext afléissen ze loossen.

Et muss ee feststellen, an ech hat et scho bei enger anerer Geleeënheet gesot, dass, wa mer iwwer Gemengereglementer a Gemengepolicereglementer schwätzen, 44 Gemengen zum heitegen Zäitpunkt iwwerhaapt kee Gemengepolicereglement hunn. An ech mengen, dass d'Fro berechtegt ass, wéi Gemengen, déi keen esou e Reglement hunn, hirer Obligatioun, déi se awer aus dem Dekret vu 1789 a 1790 hunn, nämlech fir d'Tranquilitéit, d'Salubritéit an d'Sécuritéit ze suergen, wéi se där kënne gutt nokommen, wa se keen esou e Reglement hunn.

An ech wëll och hei menger perséinlecher Meenung Ausdrock verleeën, dass ech der Meenung sinn, dass mer nom belsche Modell am Fong missten an e System kommen, wou all Gemeng u sech gezwonge wär, esou e Gemengepolicereglement ze hunn. An et ass fir mech ganz spannend, dann och eng Kéier gewuer ze ginn, wéi d'Positioun vun der Oppositioun zu där doter Thematik ass.

Wa mer iwwer eng Reform vun den Agent-municipalle schwätzen, mengen ech, si mer eis eens iwwer eng Rei vu Prinzipien.

En éischte Prinzip ass deen, dass d'Police, esou wéi et haut ass, och an Zukunft wäert responsabel bleiwe fir d'Emsetzung vun de Gemengereglementer. Et gëtt also och an Zukunft keng Obligatioun fir d'Gemengen, fir Agent-municipallen anzestellen. Alles, an och do, mengen ech, si mer eis eens, wat an d'Zukunft d'Agent-municipallen dierfen a kënne maachen, muss och vun der Police kënne gemaach ginn. D'Police kritt also hei eng Hëllef. D'Aktivitéite vun den zukünftegen Agent-municipalle sinn net eng Alternativ zur Policeaarbecht, mä musse complémentaire zur Policeaarbecht gesi ginn.

Den zweete Prinzip, deen a mengen Ae genausou wichteg ass, ass deen, dass mer bei de Gemengepolicereglementer sollen usetzen. An do, wou mer haut nëmmen exklusiv penal Sanktiounen hunn, déi an de Gemengepolicereglementer stinn, mat där Problematik, déi mer alleguerte kennen, dass et oft schonn net einfach ass, de Polizist ze iwwerzeegen, iwwerhaapt déi Saach opzehuelen. A wann en et dann och nach gemaach huet an e Protokoll geschriwwen huet, dass deen dann op de Parquet kënnt an a ganz ville Fäll de Parquet dat einfach klasséiert, well en och einfach iwwerlaascht ass mat deenen dote Geschichten a wesentlech méi wichteg Saachen ze traitéieren huet wéi dat, vun deem mir hei schwätzen. Dofir och d'Iddi an, ech mengen, och do si mer eis eens, fir nieft deene penale Sanktiounen och administrativ Sanktioune mat enger vereinfachter Prozedur anzeféieren.

An dann den drëtte Prinzip, dass all Agent soll d'Incivilitéiten aus dem Gemengereglement vun administrativer Natur dierfe feststellen. Also ganz kloer, wa mer iwwert de Wee vu Sanctions administratives sollte fueren, ass all Agent municipal dann och berechtegt, déi Incivilitéite festzestellen.

An dann eng Iddi, déi awer nach ze diskutéieren ass, mä wou ech awer mengen, dass et ganz wichteg ass, dass déi Agenten, déi de Promotiounsexame gemaach hunn an déi eng speziell Formatioun kritt hunn, déi mer och zesumme wäerte mat der Justiz maachen, dass déi och sollen de Statut vum APJ kréien, dat heescht also vum Agent de police judiciaire, an domadder och befäegt ginn, fir déi Saachen aus de Gemengereglementer, déi penal musse verfollegt ginn, kënnen opzehuelen. Ech mengen och, dass dat e ganz gudde Kompromiss ass, dee mer och mat der Gewerkschaft vun den Agent-municipalle beschwat hunn, déi sech och mat esou enger Prozedur kéint averstan erklären.

An dann de véierte Prinzip. E klengt Vergehen, eng kleng Incivilitéit, och kleng Folgen, eng administrativ Sanktioun, wéi mer gesot hunn: am beschten direkt op der Plaz geregelt duerch d'Bezuele vun enger klenger Strof. Da wär domadder och u sech d'Affär ofgeschloss. An eis Iddi ass et, fir dass an esou engem Fall dann och d'Amende ëm 50% géif reduzéiert gi par rapport zu engem System, wou ee sech géif weigeren, déi kleng Strof ze bezuelen, a wou dann natierlech eng aner administrativ Prozedur nach hannendru muss gehaange ginn. An do schwieft eis vir, e Fonctionnaire sanctionnateur op enger zentraler Plaz, ënner Emstänn am Intérieur, unzesidelen, deen dann déi administrativ Strofe misst verhänken.

An dann eppes, wat och virdru schonn ugeschwat ginn ass: An deem Fall misst selbstverständlech och eng Méiglechkeet bestoen, fir e Recours dergéint ze maachen. Dat kéint um Tribunal administratif geschéien. An de Justizminister huet u sech scho säi prinzipiellt Averständnis ginn, dass mer do eng vereinfacht Prozedur géifen aféieren, wou d'Leit also net gezwonge wären, en Affekot ze huelen. Mä och dat ass nach am Detail ze diskutéieren.

An de fënnefte Prinzip, an, ech mengen, deen ass genausou wichteg, well da schwätze mer vun deene Leit, déi da fir eis Sécherheet musse suergen. Méi Verantwortung, dat heescht och méi Unerkennung. An d'Diskussioune mat de Gewerkschafte ginn op de Wee, dass mer iwwert de Wee vun zousätzleche Primmen dann nach wäerten unerkennen, dass déi Leit an Zukunft méi musse leeschte wéi dat, wat se haut musse maachen. An déi zousätzlech Zousoen, déi mer do am Gespréich hunn, dat kéint bei eenzelnen Agente bis zu 500 Euro de Mount ausmaachen, wat jo awer net näischt ass. An ech mengen, dass dat och méi wéi gerechtfertegt wär. Dat ass och en Zeeche vun der Unerkennung vis-à-vis vun deene Leit, déi do fir eis Sécherheet suergen.

Erlaabt mer vläicht, nach ee Wuert ze soen zur Identitéitskaart, well dat och hei kuerz thematiséiert ginn ass. Ech mengen, dass mer gutt berode sinn, och an Zukunft ze ënnerscheeden tëschent dem einfache Feststelle vun der Identitéit, dat heescht also d'Recht, eng Identitéitskaart oder en aneren Titre ze froen, oder dem Contrôle d'identité, deen haut exklusiv der Police virbehalen ass an dat och an Zukunft, op jidde Fall a menger Optik, soll bleiwen.

Dat sollt eis awer net drun hënneren, dem Agent municipal d'Recht ze ginn, eng Carte d'identité ze froen. A wann en dat da verweigert kritt, selbstverständlech och d'Police zur Hëllef ze ruffen, fir dass déi déi Identitéit och kënnen da feststellen.

Ech wéilt och nach vläicht schléisse mat enger Fro, wou, mengen ech, och ganz grouss Eenegkeet besteet. Dat heescht, dass déi zukünfteg Agent-municipallen net solle bewaffnet ginn. Dat sollt net heeschen, dass mer hinnen net d'Méiglechkeet ginn, fir sech och besser kënnen ze verteidegen. An de Gespréicher mat mir hu se gefrot, fir kënne Coursen ze beleeë vu Self-defense. Ech mengen, dass dat eng ganz gutt Approche ass, déi een hinnen och sollt zougestoen, well mer alleguerte wëssen, dass si keng einfach Aarbecht hunn.

E bësse méi kritesch, Här Deputéierte Gloden a léif Kolleegen, gesinn ech allerdéngs d'Méiglechkeet, fir d'Agent-municipallen a bestëmmte Fäll ënnert d'Befeelsgewalt vun der Police ze stellen, well ech mengen, dass mer do riskéieren, zwee verschidde Systemer mateneen ze vermëschen, ënner anerem och déi Leit vläicht e bëssen ze iwwerfuerderen, an och eng ganz Rei vu Problemer vu Statut a vu Sécherheet vun deene Leit dann och nach géife kreéieren. Do sinn ech also e bësse méi kritesch, ouni dass ech dat awer a priori wéilt ausschléissen.

Am Moment si mer jo och an enger anerer Logik, dass am Fall vun enger besonnescher Situatioun de Buergermeeschter d'Police requéiert an d'Agent-municipalle souwisou zu senger Verfügung stinn. Mä ech mengen, dat ass nach Matière à discussion. Ech verschléisse mech do kengen neien Iddien. Ech wollt just soen, dass ech awer an der Hoffnung sinn, dass mer an enger grousser Eenegkeet deen heite Projet kéinten evakuéieren, an dat och esou séier wéi méiglech, well d'Gemengen an d'Leit dobausse waarden drop.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, Dir erlaabt eng Fro vum Här Kartheiser?

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Jo.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, villmools Merci, Här President.

Här Minister, ech wollt nach eng Kéier zréckkommen op déi Fro vun der Burka. Dir wësst, mir hate gefrot, datt do en nationaalt Gesetz soll gestëmmt ginn, dat dat soll verbidden. Kuerz drop huet d'CSV quasi textgläich déi Iddi och nach eng Kéier opgeholl. Mir hunn haut och héiere vun der DP, datt si dat net gutt fënnt, wa Leit mat enger Burka ronderëmlafen.

Ech hunn an Erënnerung, datt d'Regierung déi Iddi, fir en nationaalt Gesetz ze maachen, net gutt fonnt huet an éischter eng aner Approche préconiséiert huet, nämlech ze soen, datt dat misst eng Gemengekompetenz sinn. An Dir hat, mengen ech, deen Ableck proposéiert, datt sollt e Kadergesetz gemaach ginn, wou deen Aspekt da mat géif berücksichtegt ginn.

Elo wollt ech Iech froen, Här Minister: Wou si mer domadder drun? Wéini kënnt dat Kadergesetz? Wat ass d'Approche vun der Regierung haut an der Problematik Burka? Sidd Der nach ëmmer der Iwwerzeegung, datt dat soll ëmgesat ginn? A wéini gëtt dat ëmgesat?

Ech soen Iech Merci.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech mengen, mir hunn eis déi do Fro wéi vill aner Froen net einfach gemaach. Mir hunn natierlech gekuckt: Wat hu mer haut an deenen eenzelne Gemengereglementer, wat de Verbuet vun enger Burka géif ausschwätzen? Do gëtt et eng Rei Gemengen, déi dat hunn, eng Rei anerer hunn et net. Mir hunn och gekuckt: Wat ass d'juristesch Basis vun deene Gemengereglementer? Mir hunn eng Rei vun Avis-juridiquen erageholl. Mir hunn eis och beim Statsrot schlaugemaach, wéi mer déi dote Fro wäerten tranchéieren. An d'Regierung wäert an deenen nächsten zwee Méint dozou eng Äntwert ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun iwwert d'Interpellatioun ukomm.

(Interruption)

Jo, jo. Mir si mat enger Motioun saiséiert. Den Auteur wëllt dozou eppes soen.

Motion 1

M. Léon Gloden *(CSV), interpellateur.*- Merci, Här President. Bon, ech kommen elo net am Detail op déi Motioun zréck. Mir invitéieren d'Regierung, fir eben am Kader vun der Policereform de Plazverweis anzefügen. Ech hunn elo hei vu kengem vun de Vertrieder vun der Regierung doriwwer eppes héieren. Duerfir wier ech fir d'Éischt frou, wa se awer nach eng Kéier dorobber konkret géifen äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dat froe mer dann och direkt. D'Madamm Dall'Agnol huet d'Wuert.

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP).*- Wann ech mäi Mikro géif fannen, dä wär et méi schnell gaangen. Voilà!

Bon, ech mengen, et ass vun engem vun de Virriedner virdru gesot ginn, fir se an d'Kommissioun ze verweisen. Ech mengen, als Presidentin vun där Kommissioun ass dat e ganz gudde Wee. Dir wësst, datt mer mat den Aarbechten amgaange si vun deem Projet de loi. Dir wësst och, datt emol nach keen Avis vum Statsrot do ass. An ech mengen, ech brauch Iech net ze soen, datt ganz seelen e Projet de loi d'Chamber esou verléisst, wéi en erakënnt, an datt doudsécher nach eng ganz Rëtsch Amendementer un deem Projet wäerten an och wäerte misse gemaach ginn. Mir sollen also net virun den Zuch sprangen.

Ech mengen, mir kënnen dat gären an der Kommissioun diskutéieren. A wann d'Zäit vun den Amendementer komm ass, da kann d'Regierung, wa se dat wëllt, natierlech gären dat Amendement maachen, wat Dir fuerdert, oder wéi Dir virdru selwer gesot hutt: Wann dat net geschitt, dann ass d'CSV nach ëmmer fräi, et ze maachen, oder och all aner Partei. An ech mengen, bis dohi kënne mer gären nach eng Kéier d'Thema op den Ordre du jour vun enger Kommissioun huelen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, den Här Hahn huet d'Wuert.

M. Max Hahn *(DP).*- Jo, ech mengen och, dass dat eng Propos ass, déi ganz sënnvoll ass, där mir eis natierlech dann uschléissen. Ech hat och virdrun gesot, ech mengen, dat heiten ass e ganz wichtegt Thema, wou mer op kee Fall sollte politiséieren. Ech mengen, dat ass de ganze Mëtteg hei net passéiert. An dofir denken ech och, wa mer an der Kommissioun hei an aller Rou an an aller Serenitéit iwwert dëse Sujet kënne schwätzen an, ech mengen, och mat de Fachleit...

An ech géif dann och vläicht gär soen, dee Sujet, den Här Gloden huet et gesot, deen hätt och d'CSV am Wahlprogramm gehat. Ech wëll soen: Wann dat jo esou einfach ëmzesetze gewiescht wär, ech denken, dann hätt Der dat jo an der Vergaangenheet längst gemaach.

(Brouhaha)

Dofir géif ech op dëser Plaz da vläicht proposéieren, dat an d'Kommissioun ze verweisen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Gloden.

M. Léon Gloden *(CSV), interpellateur.*- Här President, also ech hat am Fong d'Regierung gefrot fir eng Äntwertstellung. D'Regierung huet elo zwee Pressespriecher bäikritt.

(Hilarité)

Ech erënneren...

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Et feelt nach en drëtten. Ah, d'Regierung steet op.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech mengen...

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Här Gloden, soulaang Dir deen Job net iwwerhuelt, kënne mir domat liewen.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir sinn awer frou, Iech ze héieren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, d'Regierung ass prett.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Also, et ass net esou, dass mer e Spriecher brauche vun de Fraktiounen, fir eis hei eng Äntwert ze ginn op Är Fro. Ech soen lech ganz kloer, dass mir laang iwwert dee Plazverweis diskutéiert hunn, intern an der Koalitioun, mä och mat der Police an de Policegewerkschaften. Mir sinn der Meenung, dass dee Plazverweis, fir - ech soen elo emol entre guillemets - „géint Heescherte virzegoen", dass deen eis séier wéineg bréngt.

Ech mengen, dat ass wierklech eng vun deene Mesuren, déi permanent diskutéiert gëtt, mä déi awer net vill bréngt, well mir kënne se zwar virun engem Geschäft verjoen, mä da gi se bei dat nächst. Mir kënne se net aus dem Land verweisen, mir kënne se just vun enger Plaz verweisen. A wa mer se aus där enger Strooss oder vun där enger Plaz ewech verweisen a se sinn dann an där anerer Strooss, ech weess net, ob mer do ganz vill gemaach hunn.

Mä wéi gesot, et ass jo dann d'Propositioun, fir dat an d'Kommissioun ze verweisen. An da kënne mer do nach eng Kéier d'Argumenter alleguerte mateneen austauschen. Mir mengen op alle Fall net, dass dat doten der Saach vill géif déngen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Nach eng Kéier den Här Interpellant.

M. Léon Gloden *(CSV), interpellateur.*- Merci fir dës Prezisiounen, Här Minister. Wëssend, dass de fréiere Buergermeeschter an haut Statsminister ëm Jean-Claude Juncker an engem Bréif vun 2013 extra de Plazverweis gefrot huet; wëssend, dass de Plazverweis en long et en large och scho vun de Kolleege vun der DP gefrot ginn ass, fuerderen ech, dass d'Motioun elo hei ofgestëmmt gëtt.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ma dann...

(Interruption)

Den Här Kartheiser. Entschëllegt!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, villmools Merci, Här President. Ech mengen, datt déi Propositioun, déi den Här Gloden hei virbruecht huet, ganz opportun ass, well mir hunn elo d'Äntwert vun der Regierung héieren, an d'Regierung bezitt sech an engem Beispill op déi speziell Situatioun vun den Heescheleit. Elo geet awer e Plazverweis a sengem Notzen an der Polizeiaarbecht wäit doriwwer eraus. Éischtens kann et duerchaus och sinn, datt ee kann enger Persoun, déi heescht, soen, se soll sech op eng aner Plaz sëtzen, vläicht well se en Hindernis ass op där Plaz, wou se grad ass; mä dat ass nach eng Detailfro.

Mä de Plazverweis léisst sech an enger grousser Zuel vun Interventioune vun der Police sënnvoll asetzen. Dat heescht, ech wéilt et net reduzéieren op déi speziell Situatioun vun den Heescheleit, mä och op aner Situatiounen, wou et ka kuerzfristeg zu enger, zum Beispill, Iwwersiichtlechkeet vun enger Situatioun bäidroen; och preventiv Evakuatioune vun enger Plaz kënnen duerchgefouert ginn, eng kuerzfristeg Berouegung vun enger Situatioun kann erliichtert ginn.

An ech mengen, datt all déi Aspekter an der Polizeiaarbecht awer sollte berücksichtegt ginn. An ech hu wéinstens bis elo an der Argumentatioun vun der Regierung weder an der Kommissioun nach haut hei eppes héieren, wat mech géif dervun iwwerzeegen, datt de Prinzip vun der Platzverweisung a säi sënnvollt a moossvollt Asetzen iergendee Problem géif opwerfen, deen eis hei kéint drun hënneren, der Polizei en Instrument an d'Hand ze ginn, wat se mat Sécherheet mat Verantwortung a Virsiicht awer géif benotzen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Kartheiser. Nach eng Kéier de Minister fir Sécherheet.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Jo, ech wëll just hei, fir dass mer verstinn, vu wat mer schwätzen... De Plazverweis hunn ech Iech erkläert, firwat dat näischt bréngt bei den Heescherten, fir déi just vun enger Plaz op déi aner ze verjoen. Dat wär jo dat.

An ech fille mech net wuel, wa mir als Regierung Mesuren huelen, fir déi Äermst vun deenen Aarme just duerch d'Stad ze joen; surtout wann et en plus herno näischt bréngt. Duerfir, mengen ech, ass dat doten déi falsch Mesure.

Dat, wat Dir uschwätzt, Här Kartheiser, dat ass an deem neie Gesetz vun der Policereform virgesinn, an dem Kader vun der Police administrative. An dat ass de Périmètre de sécurité, wou d'Police zu all Moment do, wou Gefor um Mann ass respektiv wou eng Situatioun ass, wou se net wëllt, dass d'Leit ronderëmstinn ze hënneren an ze gaffen, dee Perimeter kann ausruffen an deklaréieren.

Dat sinn zwou verschidde Saachen. Dofir, fir de Plazverweis géif ech Iech wierklech bieden, dat ze vergiessen, well et bréngt definitiv näischt! Dir verlagert just de Problem, wann Der dat als Problem gesitt. Dir verlagert e just vun enger Plaz op déi aner.

(Problème de sonorisation)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, ech mengen, mir sinn zwar elo...

Une voix.- Mir hunn zwou Propositiounen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir hunn zwou Propositiounen. Ech wéilt elo, dass mer dat esou maachen, wéi eist Reglement dat virgesäit: Ech hunn hei zwou Propositiounen...

Ah, entschëllegt, den Här Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Mir deelen an dësem Fall och d'Aschätzung éischter vun der Regierung, datt dat en Instrument ass, e Plazverweis géint d'Mendicitéit, wat just déi Äermsten trëfft, an ënnerstëtzen domadder och net d'Motioun vun der CSV respektiv déi Proposen, déi virdru vun der ADR gemaach gi sinn. Mir mengen, déi Motioun an d'Kommissioun ze huelen, do wësse mer och net, ob dat esou vill Sënn mécht. D'CSV ka jo gegebenenfalls an den Diskussioune ronderëm d'Gesetz en Amendement presentéieren, wat jo dann och an der Kommissioun kann diskutéiert ginn. Mä an där doter Form kënne mer dat do net matdroen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da maachen ech hei d'Feststellung, dass mer mat...

(Interruption par M. Eugène Berger)

Den Här Berger, wann ech gelift.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, Här President, ech wollt just froen, mä ech mengen, Dir waart amgaangen, dat elo unzedeiten, datt ee jo hei dann zwou Propositiounen huet, entweder d'Motioun elo ze stëmmen oder an d'Kommissioun ze verweisen. Ech mengen, mir hate jo och derfir plädéiert, well et ass en interessanten Débat. Da kann een deen nach vläicht do op där Plaz da finaliséieren. Mä, voilà, nach eng Kéier, fir ze froen, datt dann déi Propositioun eben och...

(Problème de sonorisation)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Berger. Bon, mir sinn elo mat zwou Propositioune saiséiert: déi eng, fir elo direkt ofzestëmmen, déi aner, fir d'Motioun an d'Kommissioun ze iwwerweisen. Sou, elo kënne mer et einfach maachen oder mir kënnen et e bësse méi komplizéiert maachen.

(Interruption)

Mir kënnen hei d'Question préalable stellen, dann definéiere mer zwou Froestellungen an dann décidéiere mer, iwwer wat fir eng Froestellung dass mer dann herno ofzestëmmen hunn. Oder mir kënnen hei eng Optioun zur Ofstëmmung bréngen. Dat heescht: Si mer derfir, dass se an d'Kommissioun geet,...

Plusieurs voix.- Jo.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ... oder si mer derfir, dass se direkt ofgestëmmt gëtt? Wa mer ofstëmmen, dass se an d'Kommissioun geet, da géifen déi, déi der Meenung sinn, dass se an d'Kommissioun soll goen, mat Jo ofstëmmen, an...

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Neen! Neen.

Une voix.- Ma dach.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Majo selbstverständlech! Also, mir hunn hei, dat misst de Chamberspresident, dee viru mir hei souz, wëssen, en Artikel 86 (2). Deen Artikel 86 (2), dee seet formell,...

(Interruption)

...dass entweder d'Conférence des Présidents oder d'Chamber décidéiert, wat mat enger Motioun ze geschéien huet, ob ofgestëmmt gëtt, ob se un d'Regierung iwwerwise gëtt oder ob se an eng Kommissioun iwwerwise gëtt. An där Situatioun si mer elo! Elo kënne mir awer soen: „Dat ass d'Conférence des Présidents, déi dat ze maachen huet." Mä hei huet d'Chamber et an der Hand, fir ze décidéieren, wat mat där Motioun ze geschéien huet, ob se wëllt driwwer ofstëmmen, da muss eng Majoritéit soen: „Mir stëmmen of", oder ob mer se an d'Kommissioun iwwerweisen, da muss eng Majoritéit soen, dass mer se an d'Kommissioun iwwerweisen. Kuckt Ären Artikel 86 (2)! Ech maachen Iech et einfach, da braucht Der net nozesichen. Mä dat do ass d'Formulatioun. Ech kann Iech den Artikel och virliesen.

Une voix.- ...d'Fro, stellt d'Fro...

M. Michel Wolter *(CSV).*- ...et ass jo net domadder gedoen.

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen! Neen, well duerno, et ass jo net, dass eng Motioun an engem schwaarze Lach verschwënnt. Et gëtt eng Ronn an der Kommissioun gemaach, an innerhalb vun dräi Méint muss déi Motioun erëm hei presentéiert ginn. Dat heescht, esou oder esou, wa mer eis net eens ginn an där Kommissioun, da gëtt iwwert déi Motioun ofgestëmmt,...

(Interruptions)

...dann eben dräi Méint méi spéit. Mä den Artikel ass ganz kloer. Kuckt Iech en un, ech wëll Iech och hei net drängen.

Une voix.- Neen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kuckt Iech en a Rou un! Et ass genee dat.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Déi Zeile si schnell gelies, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Si sinn och ganz kloer.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- De Fraktiounspresident vun der CSV, den Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här President, Dir hutt elo d'Interpretatioun vum Reglement esou gemaach, wéi et am Reglement och steet. Just fir kloer an däitlech eis Meenung hei ze soen: Mir sinn der Meenung, mir waren der Meenung, op déi éischt Propositioun vun de Majoritéitsparteien, datt mer kéinten d'accord sinn, fir se an d'Kommissioun ze schécken, hunn awer dunn un de Reaktioune vun der Regierung gemierkt, datt e Schécken an d'Kommissioun no Ausso vun der Regierung wierklech näischt géif bréngen, net sënnvoll wär, soudatt mer estiméieren, datt e Schécken an d'Kommissioun ënnert deenen do Viraussetzunge just eng Zäitverschwendung wär. An duerfir si mir der Meenung, datt se sollt haut ofgestëmmt ginn.

Kënnt awer elo d'Majoritéit zu enger anerer Konklusioun, dann insistéiere mer, fir datt se esou fréi wéi méiglech erëm hei an de Plenum zréckkënnt, fir ofgestëmmt ze ginn.

Une voix.- Voilà!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat ass absolutt Äert gutt Recht. An ech mengen, dat kann och kee contestéieren.

Sidd Der domat d'accord, dass mer elo verzichten op d'Question préalable, ob mer sollen iwwert dat eent oder dat anert ofstëmmen, an dann direkt driwwer ofstëmmen, ob et dat eent oder dat anert ass?

(Assentiment)

D'accord!

Also: Déi, déi derfir sinn, dass déi Motioun an d'Kommissioun kënnt, géife mat Jo ofstëmmen. An déi, déi der Meenung sinn, dass direkt misst ofgestëmmt ginn, déi stëmme mat Neen. Ass dat korrekt formuléiert?

(Assentiment)

Also: Renvoi an d'Kommissioun ass Jo, Ofstëmmung ass Neen. Sou, da géife mer elo ofstëmmen.

Vote sur le renvoi en commission de la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Sou: 32-mol Jo, 28-mol Neen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Dat heescht, si geet an d'Kommissioun a si kënnt innerhalb vun...

(Interruptions et hilarité)

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Hunn ech elo eppes falsch verstanen?

Une voix.- Neen, neen!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Da steet just an dem Rapport herno: „Verschidde Stëmmen".

(Hilarité)

Ech hu verschidde Stëmme gehéiert.

Domat ass et kloer: Si geet an d'Kommissioun a si kënnt innerhalb vun dräi Méint an där doter Form oder an enger anerer Form erëm heihin. Merci gesot!

An domat géife mer dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7043 iwwer eng Deelreorganisatioun vum ILNAS. An de Rapporteur vum Projet de loi ass den honorabelen Här Haagen, deen eis dann och erzielt, wat sech hannert der Ofkierzung ILNAS verstoppt a wat mer dorun änneren.

5. 7043 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l'ILNAS

Rapport de la Commission de l'Économie

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Jo, Här President, Merci. Dir Dammen an Dir Häre, de Gesetzestext 7043 betreffend d'Reorganisatioun vum ILNAS - Här President, dat heescht „Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services", gouf vum zoustännege Wirtschaftsminister den 31. August vum leschte Joer déposéiert. De 25. August an 29. September koumen d'Avise vun der Handwierkerkummer an der Handelskummer, déi alle béid positiv waren.

De Statsrot huet säin éischten Avis de 27. September ofginn. Den 29. November koum dunn nach den Avis complémentaire, well d'Kommissioun op Recommandatioun vum Statsrot nach en neien Artikel 7bis iwwert d'Notifikatioun un den OLAS, dat ass den „Office luxembourgeois d'accréditation et de surveillance", bäigesat hutt.

Komme mer zum Fong vum Projet de loi, wat en technesche Fong ass. D'Zil vun dësem Gesetzesprojet ass et, dem ILNAS zousätzlech Missiounen ze ginn. Wéi Der Iech kënnt erënneren, zum Schluss vum leschte Joer hu mer hei an der Chamber zwee Gesetzestexter, déi den ILNAS concernéieren, och gestëmmt, wat d'Missiounen erweidert huet vum ILNAS, dat am Beräich vun de Schëffséquipementer an dem Schëffsmaterial. Dat waren d'Projets de loi 6981 souwéi 6902.

Mam Gesetzesprojet, deen haut zur Ofstëmmung steet, gëtt den ILNAS dann elo och déi zoustänneg Autoritéit fir d'Iwwerwaachung vu motoriséierte Gefierer, dëst well no de rezente Skandaler an der Automobillsbranche huet déi Europäesch Kommissioun reagéiert, wéi Der wësst, an hir Reglementatioun adaptéiert. Nom Ofgasskandal notamment vu VW huet d'EU-Kommissioun décidéiert, fir d'Geneemegungsprozedure vu motoriséierte Gefierer a Remorquë méi staark ze reglementéieren an och de Marché selwer mat zousätzleche Moossname méi streng ze iwwerwaachen.

Opgrond vun der EU-Reglementatioun 167 an 168 vum Europaparlament a vum Conseil européen vum 5. Februar 2013 respektiv 15. Januar 2013 kritt den ILNAS dofir elo hei zu Lëtzebuerg dräi zousätzlech Missiounen iwwert dëse Projet de loi. An zwar wäert an Zukunft den ILNAS och motoriséiert Gefierer iwwerwaachen, déi an der Landwirtschaft a bei Bëschaarbechten agesat ginn, Gefierer mat zwee, dräi Rieder a Quadricyclë souwéi och motoriséiert Gefierer mat Remorquen an déi dozou passend technesch Systemer a Baudeeler vun dëse Gefierer.

D'Kontrollen, déi aktuell am Beräich vun der Automobillsbranche en vigueur sinn, si prinzipiell Kontrollen ex ante, dat heescht, datt et aktuell den nationalen Autoritéiten iwwerlooss ass, fir ze zertifiéieren, ob d'Gefierer den europäesche Konditiounen entspriechen, fir kënnen eben um Marché zougelooss ze ginn.

Duerch dës nei Reglementatioun vu Bréissel mussen déi national Autoritéiten elo zousätzlech a vill méi spezifesch Obligatiounen anhalen, wa se dës Gefierer kontrolléieren. Esou ginn zousätzlech Tester an Inspektiounen ënnerholl, fir d'Konformitéit vum Gefier kënnen ze zertifiéieren, och nodeems si schonn um Marché sinn. Dat geschitt also ex post.

Am Résumé heescht dat Ganzt, datt déi aktuell Kontroll vun de Gefierer, éier se op de Maart kommen, bestoe bleift, mä ergänzt gëtt duerch eng méi streng Iwwerwaachung vun de Gefierer, wa se bis um Maart sinn.

All d'Memberstate sollten also an deem Kontext eng Autoritéit, déi responsabel ass fir d'Iwwerwaachung vum Marché, bestëmmen, fir dës nei Mesure kënnen ëmzesetzen. An dat ass an dësem Fall fir eis hei den ILNAS. Den ILNAS ass domadder dann och an Zukunft responsabel fir d'Iwwerwaachung vum Automobillsmarché.

D'Gesetz vum 4. Juli 2014 iwwert d'Reorganisatioun vum ILNAS gëtt an deem Kontext dann ëmgeännert. Laut dem Paragraf 4 vum Artikel 8 ass den ILNAS, wéi gesot, responsabel fir d'Iwwerwaachung vum Automobillsmarché, vun deenen elo grad genannte Gefierer.

Zousätzlech hat d'Ekonomieskommissioun, wéi gesot, den Artikel 7bis bäigefüügt iwwert d'Notifikatioun, wat den OLAS ubelaangt, an dofir war souwuel am éischten Avis vum Statsrot souwéi och am Avis complémentaire keng Opposition formelle.

All weider Detailer fannt Der an deem technesche Rapport, deen och schréftlech verfaasst ass (veuillez lire: All weider Detailer zu deem technesche Projet fannt Der an deem schréftlech verfaasste Rapport.).

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Projet de loi. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An dann huet d'Wuert den Här Félix Eischen.

Discussion générale

M. Félix Eischen *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll just dem Här Haagen Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. Den honorabelen Deputéierten huet eis duerch deen technesche Rapport gutt guidéiert. An ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Eischen. D'Madamm Elvinger.

Mme Joëlle Elvinger *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Ech géif och dem Rapporteur Merci soe fir säi gudde Rapport a ginn den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dann den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Här President, ech schléisse mech de Virriedner un an ech géif den Accord vun der grénger Fraktioun ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech ginn dovun aus, dass déi aner Kolleegen, déi normalerweis d'Wuert géife kréien, och do dermat d'accord sinn. An da géif ech direkt der Regierung d'Wuert ginn, wa se wëllt.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här President, ech soen och dem Rapporteur Merci, dass e sech mat deem héich techneschen a komplexen Thema auserneegesat huet. Ech huelen un, dass et net einfach war, een ze fannen, dee wollt Rapporteur dofir ginn.

(Hilarité)

Hien huet dat awer ganz gutt gemaach. Merci.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Ma da wäre mer prett, fir iwwert de Projet de loi 7043 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7043 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo an e puer Sekonnen eriwwer.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Här President,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech hunn awer schonn hei 60 Stëmmen.

(Exclamations et interruptions diverses)

Une voix.- Wien huet dann do zweemol...?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also dann, wann Dir dat sot, da gleewe mer lech an net dem Computer. Neen, et hat vläicht een e bësse frëi gedréckt. Stëmmt dat esou?

Voilà. An de Projet de loi ass mat 60 Stëmmen, also unanime, ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Question élargie N°21 vum Här Alex Bodry iwwer méiglech Colocatiounen. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Fro ze formuléieren, d'Regierung huet zéng Minutten, an den Auteur huet nach d'Recht op eng Zousazfro. Den Här Alex Bodry huet d'Wuert.

6. Question élargie n°21 de M. Alex Bodry sur la colocation

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net déi éischte Kéier, wou mer hei an dësem Haus iwwert d'Fro, d'Problematik vun de Wunnengen a vun de feelende Mietwunnengen hei zu Lëtzebuerg diskutéieren. Mir wëssen och, dass et do net déi Léisung gëtt, dat Patentrezept gëtt, mä dass et eigentlech nëmme méiglech ass, mat enger ganzer Rëtsch vu Moossnamen ze probéieren, d'Situatioun besser an de Grëff ze kréien. Mir brauchen hei d'Promotioun vum Bau vun neie Wunnengen, besonnesch och am Sozialwunnengsberäich. D'Regierung huet jo viru Kuerzem och do en neie Programm verabschit. Mir brauche Sanéierunge vun ale Wunnengen an d'Beleeë vu Wunnengen, déi eidel stinn. Mir wëssen och, dass Dausende Wunnengen hei zu Lëtzebuerg fir den Ament net besat sinn an eidel stinn.

An do niewendrun, mengen ech, muss ee sech och un d'Problematik eruwoe vun de Wunngemeinschaften, vun der sougenannter „Colocatioun", eng Pist, déi een a mengen Ae muss systematesch och hei zu Lëtzebuerg ugoen. D'Erausfuerderungen, dat wësse mer, sinn enorm. Eleng wa mer de Rhythmus bäibehalen, dass pro Joer hei 10.000 bis 15.000 Leit zousätzlech eis Bevëlkerung uwuessen dinn, dann heescht dat, eleng fir dat opzefänken, dass mer misste 5.000 bis 6.000 Wunnengen zousätzlech all Joers bauen, nieft deem Retard, dee mer an deem dote Beräich accumuléiert hunn.

Duerfir ass eng Direktioun, déi ee verstäerkt sollt probéieren unzegoen, déi vum Deelen, vum Partage, Deele vu besteeëndem Wunnraum. Mir hunn zu Lëtzebuerg iwwerduerchschnëttlech grouss Wunnengen, mat der Méiglechkeet also, fir e Partage vu besteeëndem Wunnraum ze maachen. Natierlech net zwangsméisseg, mä op fräiwëlleger Basis. Et ass net esou, also esou, wéi ech emol gelies hunn an engem Kommentar, dass ech wéilt Kommunismus hei zu Lëtzebuerg aféieren an d'Leit expropriéieren an dass se forcéiert ginn,...

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...fir hir Wunnengen ze deelen. Neen, dat wollt ech net maachen, dat läit eigentlech och net esou a mengem Naturell. Hei geet et natierlech drëm, dass Leit sech fräiwëlleg dozou bereet erklären, fir de besteeënde Wunnraum mat aneren ze deelen.

Am Ausland, besonnesch an de Groussstied, besonnesch och an den Universitéitsstied, ass dat e Phenomeen, d'Wunngemeinschaften, d'Colocatioun, deen immens verbreet ass. Bei eis gëtt et selbstverständlech och dee Phenomeen, mä en huet net déi Envergure, wéi dat am Ausland ass. Ech hunn eng Etüd gesinn, déi a Frankräich gemaach ginn ass virun zwee Joer. An do huet sech erausgestallt, dass an där Tranche d'âge vun 18 bis 24 Joer 31% géifen a Colocatioun liewen. Dat ass en immens héije Prozentsaz. Dovu si mer natierlech hei zu Lëtzebuerg wäit ewech. Duerfir ass d'Fro: Wéi kann een eigentlech an deem dote Beräich d'Situatioun stimuléieren, net nëmmen nokucken, wat d'Entwécklung ass, mä wéi kann ee vu staatlecher Säit probéieren, do dat Deele vu besteeëndem Wunnraum, déi Colocatioun weider ze förderen?

Den Avantage ass ganz kloer: D'Colocatioun gëtt d'Méiglechkeet, zu engem méi bëllege Loyer eigentlech lounen ze goen, zu Präisser, déi ee fir eng Wunneng eleng normalerweis net virfënnt. An et bréngt och, mengen ech, méi Convivialitéit, en Zesummeliewen, wat och kann en Atout si par rapport zu eenzel ze beleeënde Wunnengen.

A Frankräich hu se sech 2014 en eegene legale Kader ginn. Dat ass éischter eng Ausnamesituatioun. Déi meescht Länner, obwuel se de Phenomeen kenne vun der Colocatioun, fueren eigentlech mat hiren normale Mietgesetzer weider. Dach fannen ech, dass dee franséische Modell net oninteressant ass, zemools well en eng gewësse Rechtssécherheet gëtt, an zweetens, well en och gekoppelt ass un d'fiskal Förderungsmoossnamen, déi d'Loi Pinel och virgesinn huet, an deem Sënn, dass do och Privatleit, déi kafen oder bauen, fir ze verlounen, steierlech Begënschtegunge kréien, äänlech wéi mir et eigentlech elo virgesinn hunn am Kader vun der Steierreform, fir dat ze maachen, wa Leit hir Wunnengen enger sozialer Ariichtung oder de Gemengen zur Verfügung stellen, fir se weiderzeverlounen.

Duerfir also meng Fro un d'Regierung, wéi wäit si statistescht Material huet, wat déi Lag hei zu Lëtzebuerg ass, ob et esou statistescht Material gëtt, wéi wäit d'Colocatioun schonn hei zu Lëtzebuerg besteet, wat si dovunner hält, fir e spezifesche gesetzleche Rumm och hei am Land ze schafen, fir d'Colocatioun nach zousätzlech ze förderen, wéi et mat fiskalen Incitatiounen ass, fir dee Phenomeen nach vläicht och ze pushen, a virun allem awer och, wéi d'Regierung d'Fro gesäit vun den administrative Barrièren, déi kënne bestoe mat der Colocatioun.

Besonnesch Leit wéi Refugiéen, déi unerkannt si ginn, sichen oft, fir méi bëlleg eigentlech an esou Wunngemeinschaften eranzekommen. Dat heurtéiert sech awer ganz oft mat Bestëmmungen, déi och mam RMG zesummenhänken, wou se da gären als Communauté domestique betruecht ginn, obwuel se an enger schéi geuerdneter Wunngemeinschaft sinn. An dat mécht et natierlech bal onméiglech fir si, op deen dote Wee ze goen.

Also dat sinn e puer Aspekter vun där Problematik. Ech hunn och gesinn, dass d'Associatioun IDEA (veuillez lire: d'Fondatioun IDEA) och déi dote Fro opgeworf huet a leschter Zäit. An duerfir wär ech frou, wann ech do kéint Erklärunge vun der Regierung zu deem Phenomeen kréien.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bodry. An d'Wuert huet de Wunnengsbauminister, den Här Marc Hansen.

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement.*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech mengen, déi Fro, déi den honorabelen Deputéierte Bodry hei opgeworf huet, dat ass eng ganz interessant.

Den éischte Constat, deen e gemaach huet, an deen deelen ech och mat em an deen hu mer jo och an dem Regierungsaccord esou stoen, dee geet drëm, fir iwwerhaapt de Locatif och am soziale Beräich méi ze stäerken. Dat ass eng Pist, déi mer komplett amgaange sinn ze spillen. An Dir hutt et och ernimmt hei, dee leschte Programm vun de Constructions d'ensembles - deen ass nach keng Woch al, wéi mer deen am Regierungsrot ugeholl hunn -, op deem gesäit een och schonn, dass de Locatif do gestäerkt gëtt: Op deenen neie Projete si mer praktesch bei zwee Drëttel Locatif, deen do ënnerstëtzt gëtt, an een Drëttel an der Propriétéit.

Dat ass en éischten Effort. Do musse mer nach laang dru schaffen, well mir sinn natierlech an der Situatioun hei am Land - déi awer och spezifesch ass, wann Der och de Verglach op anere Plaze maacht mat deenen anere Länner -, dass mer iwwer 70% Propriétairen hunn an dass de Locatif natierlech nach e ganze Koup u Retarden do opzehuelen huet, haaptsächlech och do, wou d'ëffentlech Hand kann eppes maachen.

De Sujet ass méi wéi aktuell, well, Dir hutt et selwer ernimmt, och gëschter hunn ech nach de Rapport gesi vun der Fondatioun IDEA, déi eben och do iwwert d'Colocatioun geschwat huet, dass dat eng Méiglechkeet wier. Ech ginn och elo net méi an op déi vill Virdeeler, déi et bei där Colocatioun gëtt, well dat hutt Dir ganz richteg beschriwwen hei an Ärer Presentatioun, fir Wunnraum ze deelen. Et brauch een net onbedéngt - mä vläicht och haaptsächlech als Jonken - e ganzt Haus oder méi wéi 100 m². An do ass et eng ganz flott Wunnform.

Dir hutt och de Kader e bëssen aus dem Ausland ugeschwat, notamment d'Gesetz vun 2014 a Frankräich ernimmt, déi Loi Alur, déi do am Mäerz gestëmmt ginn ass mat deem spezifesche Kader, deen et do gëtt. Déi hu souguer nach eng Kéier am August d'lescht Joer, also 2015, nogeschoss gehat mat der Loi Macron, wou se och fir déi Persounen, déi bestuet waren oder déi iwwer e Pacs zesumme verbonne waren, dragesat hunn, dass déi elo net méi kéinten als Colocatairen zesummesëtzen, well do ass dat och plazeweis net esou richteg gehandhabt ginn. An dat weist jo och schonn d'Problematik, wa mer elo op den zweeten Deel da kommen.

An do gëtt et dann och zum Beispill en Délai an där neier Loi Macron, dee virgesäit, dass de Locataire, deen erausgeet, just nach sechs Méint ka gehale ginn, fir mat do zur Responsabilitéit gezunn ze ginn; well dat ass jo och ee vun de Punkten, soss ass dee Problem natierlech och gär.

An der Belsch, do gëtt et kee spezifescht Gesetz. Do ass et e bësse wéi bei eis. An do ass och dat Gesetz eben aus der Belsch vun 1991 iwwert d'Bailen, déi do dat Ganzt reglëieren.

Bei eis hei am Land gëtt et och keng spezifesch Dispositioun am Gesetz. Et kann awer ënnert dem aktuelle Gesetz vun 2006 gemaach ginn. An ënnert deem Gesetz - an dat ass vläicht wichteg, dass een dat och ernimmt -, wann dat geschitt, dann huet ee sech och un d'Gesetz ze halen, wat de Loyer ugeet. Déi 5% vum Capital investi oder déi 10%, wann et miwwléiert ass, mat anere Konditiounen, déi zielen och fir déi, déi Colocatioun praktizéieren. Ech mengen net, dass et zu anere Saachen do soll kommen. An da kann een dat natierlech nach eng Kéier erklären. An et zielt och de Reglement iwwert d'Salubritéit. Dat zielt och fir déi, déi Colocatioun ënnert deem dote Gesetz lafen hunn.

Dir hutt ee Punkt ugeschwat, dee ganz wichteg ass, wéi Der gesot hutt. A Frankräich sinn, hutt Der fonnt, ganz vill Jonker, déi dat maachen. Dat ass e Wee, dee mir hei am Land och amgaange sinn ze maachen. An ech hunn Iech hei d'Broschür matbruecht vun dem Logementsministère, dat ass d'Nummer 10: „L'accès au premier logement", wou mer genee och fir déi Jonk - well dat heiten ass zesumme mat der Éducation nationale erausginn - do da Kapitelen drastoen hunn.

Fir dat grad bei deene Jonken och ze pushen, hu mer bei den Typologies de logement d'Habitation en communauté - et ass eng franséisch an eng däitsch Versioun - oder d'Wohngemeinschaft, déi gëtt och do nach extra propagéiert. Dat ass ausgedeelt gi vum Service national de la jeunesse bei de Jugendhaiser. Déi dote Broschür ass ebe fir déi Jonk spezifesch an do gëtt och beschriwwen, wat d'Virdeeler si vun der Wunngemeinschaft a wat natierlech och d'Problemer kënne sinn, déi eben och domadder zesummenhänken.

An där Broschür, fir deene Jonken och déi dote Wunnform ze presentéieren, ass och eng ganz Säit u praktesche Conseilen derbäi, wou souguer zwou Variante presentéiert ginn, wéi een ebe kann an esou enger Wunngemeinschaft verfueren a wéi do Kontrakter missten ausgesinn. Dat heescht, do sinn och schonn 2014 déi Efforte gemaach ginn, fir et un déi Populatioun erunzekréien a fir deenen dovunner d'Avantagen, awer och d'Problemer natierlech ze erklären, déi domadder verbonne sinn.

Dir hutt natierlech och an deem schréftleche Volet vun Ärer Fro d'Saach duergestallt, dass vill eeler Leit vläicht Loscht hunn, dat doten ze maachen. Dir hutt d'Saach vun de Flüchtlingen, déi de Statut hunn, ernimmt, wéi dat kéint goen.

Déi falen natierlech alleguerten am Moment ënnert déi aktuell Legislatioun. Et ass méiglech, mä et ass awer, an do hutt Der recht, mat ville Schwieregkeete verbonnen. Do ginn ech lech och komplett recht. An déi Schwieregkeeten, déi hutt Der ernimmt: Dat geet u mat dem Umellen, wou verschidde Gemengen natierlech dat e bësse méi strikt gesi wéi anerer, wat natierlech dann d'Situatioun ugeet, wou verschiddener - gëtt dorëmmer gesot - da sech d'Fro stellen: Jo, an deem Gebai sinn awer schonn immens vill Leit ugemellt, ass dat dann...? Dir kennt d'Situatioun, ech mengen, soss hätt Der d'Fro jo net gestallt.

Wat awer de Punkt natierlech ass, an dat kënnt net aus dem Logementsberäich, dat kënnt aus anere Beräicher, dat ass, dass déi Leit, déi an esou eng Gemeinschaft eraginn, dass déi natierlech dann, wa se do ugemellt sinn, an deem „ménage" - fir et nach eng Kéier esou nach ze nennen - do dra sinn a verschidden Allokatiounen oder Aiden dann net onbedéngt kënne kréien. Wann Der op esou enger Plaz e Monoparental wunnen hutt - zum Beispill, fir dat eben ze ginn -, deen ass dann do mat sengem Kand, an da kënnt eng zweet Persoun mat derbäi. Ma da mécht déi Persoun dann, deemno wéi, fir verschidde Gesetzgebungen Deel vun där doter Konstellatioun. Dat ass, mengen ech, de Problem vun dem aktuelle Gesetz. Do si mer eis eens, dass do de Problem ass.

Mir gesinn déi Wunnform - well déi Froe jo och do gestallt sinn, wéi mir déi Saach dann elo gesinn -, mir gesinn déi Wunnform, dass dat eppes ass, wat ganz interessant ka sinn - wat mer jo dann och scho mat der Promotioun beleeën - fir déi Jonk, wou déi Problematiken, wéi ech se beschwat hunn, vläicht net ëmmer optauchen. Well wann et véier Jonker zesumme sinn, ass dat méi einfach ze handhaben, wéi wann eben e Monoparental do wunnt mat dem Kand. Mä do fonctionnéiert dat, do hu mer d'Promotioun och dovunner gemaach.

Dir hutt d'Fro gestallt, wéi ee vläicht déi verschidde Saache kéint ugoen. Mir sinn dat bei eis um Ministère amgaangen ze kucken. Dat war an de leschte Méint och elo keng Prioritéit, well mer elo mat der Klimabank a mat deene Sujeten amgaange waren. Mir sinn awer amgaangen, dat, well mer dat och eng Zäitche schonn um Radar haten, ze kucken, wéi een dat kéint ännere. Geet et duer, andeem een zum Beispill eist Locatiounsgesetz, also d'2006er Gesetz, andeem een doranner géif dra schaffe goen, fir dat doten ebe méi spezifesch ze regelen an och d'Situatioun ze regelen, déi da mat anere Gesetzer verbonnen ass? Dat kucke mer och nach weider.

Dat heescht, de Sujet hei, dee fält net op daf Oueren. An ech huelen dat, wat ech och elo als Fro nach eng Kéier haut matkritt hunn, och mat an déi Reflexiounen eran, well et ass e Sujet, dee kéint hëllefen.

Dir hutt dann déi fiskal Approche ugeschwat. Ech mengen, mir hunn d'Steierreform natierlech elo just gemaach an do ass awer dee Volet, deen, mengen ech, och wäert vill bewierken a wou mer an deenen nächste Wochen a Méint och nach Efforten drop wäerte leeën, fir dat nach méi ze promouvéieren. Dat ass jo, wann e Propriétaire säin Haus oder seng Wunneng eben enger Associatioun, enger Gemeng zur Verfügung stellt, déi eng Konventioun mam Ministère hunn, dass deen och eng Exonératioun kritt vu 50% op sengem Loyer. Do ass et jo gemaach ginn, elo an der Steierreform.

Ech kucken natierlech och elo emol, wéi do den Impakt wäert sinn. Mä dat ass natierlech och eng Pist, déi een an deem dote Kontext dann nach kéint kucken, wann een d'Colocatioun eng Kéier weider verdéift.

Et ass eppes, wat als nei Wunnform net méi esou nei ass, och net méi bei eis am Land, mä et stellt déi Problemer, déi Der gesot hutt. An déi kucke mir och eng Kéier weider, fir vläicht eng Kéier an där dote Richtung eppes ze maachen, sief et en einfache Geste dran, fir am Locatiouns-, Bail- a Loyersgesetz eppes ze ënnerhuelen an déi dote Froen dann natierlech och an engems eng Kéier ze analyséieren. Mä et ass eppes, wat mir och als eng ganz interessant Pist erschéngt, fir weiderzekommen an ee weidert Puzzlesteck eben hinzekréien, fir der Logementsproblematik entgéintzewierken. Mä, an do hutt Der recht, déi Froen, déi Dir opgeworf hutt, dat sinn déi.

Et gëtt nach ee Punkt, deen ech awer kann ernimmen. An der Zäit war et och, dass souguer subventionéiert Wunnengen net konnten zum Beispill u Studente weiderverlount ginn, fir esou Colocatiounen ze maachen. Dat ass awer an engem Règlement grand-ducal vun 2011 entre-temps virgesinn, dat heescht souguer subventionéiert Wunnengen, wou soss aner Konditiounen drop leien, kann een dann awer ewell u Studente weider an enger Colocatioun bedreiwen. Dat ass erlaabt.

Ech huelen dat heiten awer och nach weider mat an eis Reflexiounen, wou mer och am Ministère nach weider wäerten dru schaffen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An de Froesteller huet d'Recht, eng Zousazfro ze stellen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, just eng Suggestioun an eng Fro.

D'Suggestioun wär: Ech mengen, Dir hutt eng Informatiounscampagne gemaach bei deene Jonken. Et wär allerdéngs wichteg, och eng ze maache bei de Propriétairen, well u sech muss jo fir d'Éischt emol de Propriétaire och bereet sinn, fir mat méi Leit eigentlech e Kontrakt ofzeschléissen. An do kann ech mer och virstellen, dass do och Barrièrë sinn, Mentalitéitsbarrièren, déi soen: „Bon, de Risiko, mat Problemer konfrontéiert ze ginn, ass vläicht manner grouss, wann ech nëmmen ee Locataire hunn, wéi wann ech mat méi Leit muss e Vertrag ofschléissen." Also, ech mengen, do muss een och geziilt vläicht de Leit e bëssen d'Angscht huelen, fir op dee Wee ze goen, fir esou e spezifesche Mietvertrag ofzeschléissen.

An dat Zweet ass: Well Der mer elo net op déi Fro geäntwert hutt, denken ech, dass do net vill Material do ass. Gëtt et eng Erhiewung iwwert den Observatoire de l'habitat, wat d'Envergure vun deem Phenomeen vu Colocatioun momentan zu Lëtzebuerg ugeet?

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement.*- Also, dorobber kann ech Iech eng Äntwert ginn. Ech hu bei eis am Ministère kee statistescht Material, fir dat dote réi ze erhiewen, well dat natierlech och schwéier ass, well mer natierlech bei eis am Ministère och net all dat dote Material zesummen hunn. A wann een dann och nach...

An dann hutt Der awer och recht, wann Der sot, dass de Problem fir de Propriétaire deen ass... D'Situatioun, déi ass jo am Fong eng duebel. Soulaang eng grouss Demande dobaussen ass, muss dee jo och net vill Efforte maachen, fir Locatairë sichen ze goen. Da fënnt deen och een, deen dat eenzel hëlt.

An d'Problematik, an dat géif fir mech awer elo ze wäit féieren, ass ebe genee déi: Wann dat ënnerschriwwe gëtt - an dat ass awer e bëssen an eiser Broschür hei erklärt -, entweder et ënnerschreift ee vun alleguerten de Colocatairen, da mécht deen ee Bail. An da muss deen herno mat sengen hannendru kucken, mat alle Problemer, fir dass deen déi Suen erbäikritt oder d'Kautioune vis-à-vis vun dem Propriétaire. A wann de Propriétaire dat awer mat e puer Stéck mécht, mécht dat d'Saach fir deen natierlech och vill méi komplizéiert, well do ka jo regelméisseg dann emol ee sinn, deen erausgeet. Dee kritt vläicht och dann de Loyer vu véier Leit iwwerwisen an dann ass et fir deen... Also, dat ass de Problem vun der Démarche.

An dann, an ech mengen, domadder géif ech och schléissen, an dat war och gëschter an deem Reportage oder där Pressekonferenz do erauskomm: Et ass och e Mentalitéitsproblem, dee vläicht domadder verbonnen ass; op Propriétairessäit, awer och op där anerer Säit vum Locataire. An ech mengen, dat ass och nach e laange Wee, mä mir sollen dat eben och... An dofir kucke mer dat och nach weider an dem Ministère, wéi een dat da ka begleeden, fir dat och en place ze setzen, dass deen Outil vläicht méi sécher ass a méi einfach ass haaptsächlech fir déi zwou Säiten, déi awer ufänken, sech derfir ze interesséieren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat ass dës Question élargie ofgeschloss.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, de Projet de loi 6990, wou et ëm Verpackunge geet an deen Offall, deen d'Verpackunge provozéieren. An de Rapporteur ass den Här Gérard Anzia, deen och scho prett ass.

7. 6990 - Projet de loi relative aux emballages et aux déchets d'emballages

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Gérard Anzia *(déi gréng), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet hei am Projet de loi 6990 och ëm e ganz technesche Volet, wéi de Kolleeg dat virdrun och gemaach huet. De Rapport ass hei e bësse méi déck: 54 Säiten; et si 24 Artikelen an zwou Annexen. An ech wäert natierlech net op all Artikel agoen an och net op déi 54 Säiten, zu Ärer grousser Enttäuschung.

Dëse Projet de loi ass den 12. Mee 2016 déposéiert ginn an et huet ganz genau aacht Méint an eng Woch gebraucht, dass en eben zu engem Vott kënnt. Ob dat elo eng gutt Moyenne ass oder net, ech weess et net ze soen. Do hunn ech nach net laang genuch Erfahrungsschätz, fir iwwer Jorzéngten do e Bilan ze maachen.

De Conseil d'État huet säin Avis den 11. Oktober vum leschte Joer ofginn. D'Chambre des Salariés, d'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce hunn dat zu den Date 25. Mee, 15. Juli, 5. Oktober d'lescht Joer och gemaach. An der Ëmweltkommissioun hu mer de Projet de 26. Oktober analyséiert, an ech si selwer Rapporteur genannt ginn, a mir hunn do eng Serie vun Amendements parlementaires mat op de Wee ginn.

Den Avis complémentaire vum Statsrot war och schnell hannendrun do: den 29. November 2016. An och déi concernéiert Chamberen hunn een Avis complémentaire dozou ofginn.

De 7. Dezember huet d'Ëmweltkommissioun den Dossier erëm an de Grapp geholl an huet eng nei Serie Amendement-parlementairë gemaach. An déi zweete Kéier ass den 23. Dezember 2016 en Avis complémentaire vum Conseil d'État komm. - An elo schaalt et hei erëm, an da fueren ech awer weider. Den zweeten Avis complémentaire hu mer eis den 11. Januar ugekuckt an duerno hu mer dann och dëse Rapport hei geholl.

Ëm wat geet et? Et geet an dësem Projet de loi also ëm Emballages an Déchets d'emballages. Et geet ëm d'Preventioun, et geet ëm d'Vermeidung also, et geet ëm Recyclage, d'nei Notzung. Et geet drëm, bei den Entreprisen, bei de Ménagen u sech d'Décheten erofzesetzen.

Et geet hei virun allem an awer och ëm Sacs en plastique, an zwar virun allem déi Sacs en plastique légers, dat sinn der, déi 50 Mikrometer déck sinn. Dat sinn déi, déi Der an der Keess kritt. Wann Der déi méi ökologesch Tut, den Écosac, doheem vergiess hutt, da gitt Der domat dépannéiert. Et geet drëm, déi Zuel vun deenen erofzesetzen. De Firwat, op dee wäert ech herno a mengem zweeten Deel vun der Interventioun agoen, an zwar an deem Interventiounsdeel, deen net vum Rapporteur ass, mä dee vun der grénger Fraktioun.

Et geet also drëm, manner Plastikstuten zu Lëtzebuerg ze gebrauchen. Am Moment hate mer do e Règlement grand-ducal, deen d'Direktiv 94/62 ëmgesat huet. Do ass eng Neioplag komm. Dat ass déi Direktiv 2015/720, déi net komplett iwwert dee Règlement grand-ducal ëmgesat gi war an duerfir elo an engem Projet de loi ëmgesat gëtt, wou ënner anerem och d'Zilwäerter drasti fir eben déi Consommatioun vu Sacs en plastique légers, déi vu 50 Mikrometer Déckt sinn.

Et geet also drëm, hei Rechtssécherheet ze schafen, déi europäesch Direktiven a Lëtzebuerger Recht ëmzesetzen. An et geet och dorëm, déi Zilwäerter natierlech anzehalen.

An dat si folgend dräi Voleten: eng Kéier d'Zilwäerter bis den 31. Dezember 2019: 90 där Plastikstuten op de Kapp; bis den 31. Dezember 2025 sinn et 40 där Plastikstuten op de Kapp a pro Joer, déi ee soll verbrauchen oder maximal duerf verbrauchen. An et gëtt een anere Volet nach dran, dat ass, dass déi gratis Tutevergab ab dem 31. Dezember 2018 verbueden ass.

Voilà! Domat ass an der Kommissioun awer och geschwat ginn iwwert déi Sacs en plastique très légers, also déi u sech nach vill méi dënn sinn, déi een an dem Rayon fënnt, wou ee sech kann zerwéieren, sief et de Geméisrayon oder Äänleches. Do ass d'Optioun net geholl ginn, fir déi hei mat an de Verbuet eranzehuelen.

Et ass gesot ginn: Mir mussen oppassen, dass net duerch esou e Verbuet, wéi en eben a Frankräich geholl ginn ass, méi zréckgegraff gëtt op de Préemballé. An da kommen ech herno a menger Interventioun op de Gaspillage alimentaire zréck, well dee ganz enk domat verbonnen ass. Ganz vill Gaspillage alimentaire entsteet duerch Préemballé en barquette, an da flitt dat Ganzt inklusiv de Liewensmëttel, inklusiv der Verpackung an d'Dreckskëscht. Duerfir ass hei eben op kee Verbuet zréckgegraff ginn.

Bon, Avis vum Conseil d'État. Ech gi ganz kuerz dorop an. Ech hat gesot, den 11. Oktober ass deen éischte komm; eng Partie Opposition-formellen, wou natierlech d'Kommissioun eben Amendementer ausgeschafft huet, fir deene Rechnung ze droen. Am Avis complémentaire sinn u sech déi Opposition-formellen aus deem éischten Avis behuewe ginn, ewechgeholl ginn. Et sinn der awer zwou bäikomm; dat ass heiansdo esou. An zwar eng Kéier op den Definitiounen, wou gesot ginn ass: Et feelen Definitiounen, also d'Direktiv ass net komplett ëmgesat ginn. An déi zweet Saach, déi am Gesetzestext net virgesi war oder déi u sech agefuerdert ginn ass vum Statsrot, dat war den Droit de recours, dass dee géif hei ageschriwwe ginn; de Recours en pleine juridiction, dass deen ebe virun der Juridiction administrative am Gesetz drasteet.

Mam zweeten Avis complémentaire hu mer deene Formulatioune Rechnung gedroen. An domat waren d'Opposition-formellen dann och elo behuewen.

Ech kommen zu den Avise vun de Chambres professionnelles, déi duerch d'Bank méi wéi positiv ware fir dëse Projet de loi. Den Avis vun der Chambre de Commerce weist hin op déi Initiativ, déi säit 2003 u sech zesumme gemaach gëtt am Partenariat public privé, dat ass den Écosac. Dat ass déi méi staark Polypropylensakafstut, déi et zwëschenzäitlech an zwou verschiddene Gréisste gëtt. Dat ass eng Success Story, an et ass u sech e Virzeigemodell op europäeschem Niveau. Herno kommen ech nach eng Kéier op d'Zuelen an engem Deel Interventioun vu menger Fraktioun.

Mir hunn an der Moyenne - schreiwe si och - 18 Tuten op de Kapp. Mir sinn also scho wäit ënnert der Valeur cible, déi mer solle fir 2025 erreechen. A mir hunn eis selwer och domat op d'Schëller geklappt a gesot: „Et huet jo awer eppes bruecht, dass u sech souwuel déi Entitéit Valorlux wéi d'Administration de l'environnement wéi d'Confédération luxembourgeoise du commerce zesummegeschafft hunn, fir de Problem vum Offall an den Offallsplastikstute Meeschter ze ginn."

D'Chambre des Salariés huet weider kee Commentaire dozou ginn an huet u sech den Aval ginn zu dësem Projet de loi. An d'Chambre des Métiers ass och ganz averstane mat dësem Projet de loi. Se begréisst och, dass een net drop zréckgegraff huet, och déi Tute mat 25 Mikrometer ze verbidden, wéi dat a Frankräich ass.

Klamer op: A Frankräich ass een do dann higaangen, dass een Tuten op de Maart bruecht huet, déi just e Mikrometer méi déck waren an domat net méi ënnert dee Verbuet gefall sinn. An domat hu se u sech hir Reglementatioun ëmgaangen. Och dat ass keng Léisung. Et muss een de Problem um Fong ugoen. Si soten: „Et ass dem Handel wichteg, dass déi ganz liicht Plastikstuten nach kënne genotzt ginn, fir ganz einfach d'Hygien méiglech ze maachen a fir net mussen op de Préemballage zréckzegräifen. An dat begréissen explizitt also eis PME-artisanallen. A virun allem hu mer jo och natierlech do all eis Bäcker, Épicieren an esou weider an esou fort."

Discussion générale

Bon, ech zéilt elo net méi weider op all Detail vum Projet de loi agoen a géif da fléissend iwwergoen op deen Deel, wou ech verschidde Saache verdéiwen, deen da méi menger Fraktioun Rechnung dréit.

Ech maachen do fënnef ganz kuerz Punkten, well ech jo prinzipiell fënnef Minutten als Fraktioun hunn. Dat Éischt: Wou sti mir? Firwat musse mer awer weider reduzéieren? Den Écosac ass - ech hat et scho gesot - eng Success Story. Déi drëtt Saach: Gëtt et Alternativen zu dëser Ekotut? Do läit elo eng Etüd vir vun der Valorlux, déi elo am Hierscht d'lescht Joer virgestallt ginn ass. De véierte Volet ass de Gaspillage alimentaire. Do hu mer och eng Studie virleien. Déi ass d'lescht Joer am Fréijoer presentéiert ginn. Dat ass d'Abfallstudie vun der Administration de l'environnement, datéiert op 2014. An zum Schluss wëll ech ophale mat OUNI; net ouni Fong, mä ouni Emballage.

Ech kommen zu deem éischte Punkt: Firwat dat Ganzt iwwerhaapt maachen? Ma de Plastik an der Natur ass e risege Problem fir d'Flora an d'Fauna an awer och fir eis Liewensmëttelsécherheet. A virun allem firwat? Well schlussendlech déi Plastike sech net komplett opléisen, mä zersetzen, an da gëtt et zum Mikroplastik, deen dann duerno d'Déiere friessen, an da kënnt en erëm zréck an d'Liewensmëttelketten, an dann hu mir en herno och am Kierper dran. Dat ass also den Haaptusazpunkt, fir ze soen: Mir mussen déi Emballagen nach zousätzlech reduzéieren.

Wou sti mer? Ma den Duerchschnëtt an Europa läit bei 200 Tuten. Am Moment hat ech a menger Statistik hei 20 Tuten. D'Chambre de Commerce hat jo gesot, si hätten der 18. Mir hunn awer do Extremer dran: Irland, déi ware bei 18; Lëtzebuerg 20; da gëtt et awer schonn e klengen Décalage, Éisträich, Däitschland: 51, 71; an da wär d'Schlussliicht hei Bulgarien mat 421 Tuten op de Kapp.

Déi zweet Saach, den Écosac, eng Success Story. Dat ass eng steif Tut am Polypropylen, e recycléierbart Material. En ass 2003 agefouert ginn. En ass awer dunn net direkt esou ugeholl ginn an huet net direkt zu enger riseger Reduktioun vun den Akafstute gefouert. De Knackpunkt war deen 2007, dass u sech d'Gratuitéit vun der Tut net méi gewäerleescht war. Dat heescht, nach virun der Keess huet ee misse bezuelen. De Moment, mengen ech, sinn et dräi Cent Euro, déi ee muss fir esou eng Tut hierginn. Dat ass duergaangen, fir en Incentive ze maachen a schlussendlech elo bei enger Reduktioun en poids vu 74% ze leien, vis-à-vis vun 2003, an en nombre vun den Tuten ëm 80%, wou mer jo hierkomme vun an déi 50 Milliounen Tute fir Lëtzebuerg, wou mer elo ëm déi 10 Milliounen Tute pro Joer leien.

Mir hunn awer eng stabel Consommatioun oder e Verbrauch vun deenen Tute vun 2008 bis 2013, déi ëm déi Valeur, déi ech elo sot, ëm 10 Milliounen an e bëssen Tute variéiert. Duerfir, et sinn der nach eng Part um Maart an déi soll ee sécherlech reduzéieren.

Déi drëtt Saach, déi ech hei wollt soen: Gëtt et Alternativen? Do läit d'Etüd vum 28. Oktober vun der Valorlux vir. Déi hu verschidde Vectoren ënnersicht, eng Ökobilanz gemaach, eng Kéier am Rohstoff, an de Ressourcen, dem Energieverbrauch, dem Transport, der Zweetnotzung oder dem Recycling, an zum fënnefte der Entsuergung.

An dann - dat ass awer elo net en Zoufall -, déi Etüd ass gewëssenhaft gemaach ginn, an dat geet vu biobaséierten Tuten iwwer Pabeierstute bis bei déi Mehrwegtuten, wéi mer se elo fannen, den Écosac. An do ass eben dann den Energieasaz vum Écosac am Polypropylen awer, well e recycléierbar ass, méi kleng wéi bei enger Baumwolltragetüte. An der Hierstellung ass et u sech dann déi gënschtegst Alternativ. Soudass hir Etüd, déi schonn op wëssenschaftleche Fakte baséiert, eben och derzou kënnt, dass déi Tut, déi elo am Ëmlaf ass, u sech déi bescht ass, déi een do kéint ergräifen.

Ee Wuert zum Gaspillage alimentaire. Gaspillage alimentaire, Liewensmëttelverschwendung, wat huet dat hei mat Emballage ze dinn? Dat huet ganz vill domat ze dinn, well ganz vill Préemballé doruechter zirkuléiert, wat u sech ganz vill vermeidbar wär. Wann ech also déi richteg Quantitéit akafen, dann hunn ech manner, wat an den Offall fält. An do läit och eng Studie vir vun der Ëmweltverwaltung, an zwar ass déi och héchst interessant. An déi hunn zwou Saachen ënnersicht. Eng Kéier: Wat mécht et un Tonnage aus? An: Wat mécht et u Geld aus, wat do verluer geet?

Dir hutt véier Akteuren, déi do concernéiert sinn. Dat sinn: Privathaushalter, Handel, Grousskichen, Gastronomie. D'Privathaushalter maachen iwwer 50% vun dem Gaspillage alimentaire aus. Dat sinn op de Kapp 63 kg, wouvun der ronn 30 vermeidbar wären. An dat mécht, wann een dat a Valeur monétaire ëmsetzt, fir d'ganzt Land 60 Milliounen Euro am Joer aus. Dat wieren also 105 Euro pro Persoun op de Kapp, wouvun ech mer der dann do kéint 50 Euro aspueren.

A fir zu enger Punktlandung ze kommen, gëtt et jo och keng gutt Ried ouni Schluss. OUNI ass u sech eng ganz flott Initiativ, déi fir déi gréng dräi verschidde flott Vectore bedéngt. Eng Kéier ass et e Projet ouni Emballage, wat natierlech en Emballage en location huet, deen e festen Emballage ass, wou u sech de Rescht en vrac ass, wou ee sech déi Quantitéit ofzaapt an ofweit, déi ee brauch.

Et ass eng Épicerie, déi och komplett op Bio setzt, op Bioprodukter, an e Projet, deen aus der Kooperativ eraus entsteet mat Biergerbedeelegung an a Form vun enger Kooperativ eben do opgestallt ginn ass. An do ass de Grand Opening den 21. Januar, elo dëse Samschdeg. Ech mengen, duerfir passt dat jo grad, dass mer haut zu deem Problem vum Emballage a vum Déchet d'emballage schwätzen.

Ech hunn zwar elo net d'Invitatioun, fir Iech matzeginn, mä ech géif mengen, et wär awer interessant, eng Kéier dohinner kucken ze goen. Ech ginn d'Zoustëmmung vun der Fraktioun an ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Et wär ee bal verleet, fir ze soen, et wär jo elo alles gesot.

(Hilarité et brouhaha)

Mä ech froen awer emol héiflechkeetshalber, ob nach een et wot, zousätzlech eppes ze soen. Et schéngt een ze woen: den Här Zeimet.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mer musse jo dacks hei héieren, wat alles net gemaach ginn ass, wéi d'CSV nach an der Regierung war. Nach haut de Mëtteg wat dat méi dacks de Fall. Dofir war ech elo e bëssen enttäuscht am Här Anzia sengem zweeten Deel, datt en net eng Kéier drop higewisen huet, wat dann alles gemaach ginn ass, wéi d'CSV nach an der Regierung war, besonnesch wat d'Gestioun vum Offall ugeet. An do hu mer jo dat neit Gesetz vun 2012, wat de Marco Schank ausgeschafft huet a wat seng Friichten dréit.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- An doropshi wollt ech profitéiere vun der Präsenz och vun der Ministesch, fir eng Kéier ze froen, wéi et da mam nationalen Offallplang wier, dee jo fir 2016 ugekënnegt war - elo si mer 2017 -, ob se eis nach eng Kéier just kéint soen, wou déi Aarbechten dru sinn.

Fir de Rescht, mengen ech, huet de Rapporteur, deem ech Merci soe fir säi Rapport, op villes higewisen. Natierlech kann ee wéi de Statsrot d'Fro stellen: „Wär et net awer méi sënnvoll gewiescht, fir dës Positioun hei vläicht awer am Gesetz vun 2012 ze iwwerhuelen?" Mir begréissen dee Plus u Sécurité juridique, dee mer kréien.

Et kann een och d'Fro stellen, wéi den Här Anzia dat och gemaach huet. Et bleift nach vill ze maache beim Emballage. Och de Statsrot huet drop higewisen, datt déi Direktiv vun 1994 net déi Resultater bruecht huet, déi ee sech erwaart huet. Dat stelle mer all Dag fest, wa mer akafe ginn, wann een elo gesäit, datt op Tankstelle schonn Uebst a klenge Barquetten ugebuede gëtt. Alles dat misst net onbedéngt sinn. Do si mer ganz no bei Iech, och wann et drëms geet, de Gaspillage alimentaire ze vermeiden.

Wat d'Ekotut ugeet, ech mengen, do si mer eis och alleguerten eens. Et gëtt bal näischt Schlëmmeres fir d'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger, wa se an de Supermarché fueren an ënnerwee feststellen, datt se hir Ekotut vergiess hunn. Dat ass e Succès, op dee mer kënnen houfreg sinn. Europa huet drop higewisen, datt et eng Best Practice ass.

Allerdéngs brauch et och net vill Courage, fir sech Ziler ze setzen, déi ee schonn erreecht huet. Mir hunn dat Zil schonn erreecht a mir hunn et erreecht net, andeems mer grouss Gesetzer gestëmmt hunn, mä andeems mer op Privatinitiativ gesat hunn. Och dat sollt eis vläicht awer ze denke ginn.

An deem Sënn ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen nach eng Kéier Merci fir de mëndlechen a schréftleche Rapport.

(Interruption)

Ech hu keen Zweifel dorun, Madamm Lorsché.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dann huet d'Wuert den Här Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President, an och e grousse Merci un de Rapporteur Gérard Anzia fir seng gutt Rapporten. Ech mengen, mir si frou, dass mer och am Beräich vun der Offallvermeidung an och vum Recyclage elo e Schrëtt weiderkommen. Ech mengen, mir hu schonn e groussen Deel do vun deene Missiounen erleedegt. Ech mengen, mir mussen op déi 75% do kommen. Duerch d'Biotonnen an esou weider si mer e grousse Schrëtt no vir komm. Natierlech bleift elo nach e groussen Deel ze maachen. Dat gëtt awer dee schwéiersten Deel.

An dofir wollt ech an deem Sënn och froen, ech mengen, den Här Anzia huet jo all déi Donnéeën do ginn, do, mengen ech, wär et ganz wichteg, wann och do eng Informatiounscampagne géif gemaach ginn, fir de Consommateur ze sensibiliséieren. Ech mengen, dat ass elo scho ganz gutt geschitt, wéi de Rapporteur gesot huet, mat deene grousse Plastikstuten, déi d'Leit mat an d'Geschäfter huelen.

Wou mer awer och frou sinn, dat ass, dass mer net dee Schrëtt maachen, fir déi dënn Plastiksstuten, wou haaptsächlech Alimentatioun, Uebst an esou weider, Geméis agepaakt gëtt, dass een aus Hygienegrënn op déi Vermeidung do verzicht. Well ech mengen, dat ass méi wichteg, wéi wann ee soss déi Gefor ageet, wou de Rapporteur gesot huet, dass dat herno préemballéiert gëtt mat Styropor an esou weider, wou mer da géifen e Schratt no hanne goen.

An deem Sënn wëll ech den Accord vun eiser Fraktioun ginn a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An dann, vill erwaart, huet elo d'Wuert den Här Max Hahn.

(Interruptions)

M. Max Hahn *(DP).*- Villmools Merci, Här President. Wie vun eis huet se net scho gesinn, d'Biller vu Villercher, doudege Villercher, déi op Inselen am Pazifik fonnt ginn, wou een no hirer Verwesung just nach de Skelett gesäit an d'faarweg Plastiksstécker? Ech weess, et si keng schéi Biller, a mir wëssen alleguer, dass de Mënsch schold heidrun ass.

Et ass e Fakt, dass iwwer 100 Milliounen Tonne Plastik an eise Weltmierer schwammen, an et ass och esou, dass de Plastik sech net an der Natur opléist, mä just a ganz kleng Stécker zerbröselt. Wann ee weess, dass Plastik bis zu 100 Joer an den Ozeanen iwwerliewe kann, da kann ee sech virstellen, wéi vill Schued dës kleng Stécker fir d'Fësch, d'Villercher an aner Déieren duerstellen, déi dës kleng Stécker mat eppes Iessbarem verwiesselen. An net ze vergiessen: Et kann och zu Gesondheetsrisike fir eis Mënsche féieren, andeems mir Fësch oder aner Mieresproduiten, déi belaascht sinn, konsomméieren.

Et freet mech dofir ëmsou méi, dass Lëtzebuerg e gudde Schüler ass, wat de Schutz vun der Ëmwelt ugeet, besonnesch och, wann et ëm d'Recycléieren an d'Offallvermeidung geet. De Prinzip vum Pollueur-payeur gëtt bei eis ëmgesat a vill Gemenge bidden hire Bierger un, fir esou vill wéi nëmme méiglech ze recycléieren, sief et de Pabeier, d'Glas, de Gréngschnëtt, de PMC, dee jo och iwwert d'Valorlux-Tut opgehuewe gëtt.

Besonnesch déi Deeg, wou d'Valorlux-Tuten dann agesammelt ginn, gesäit een op den Trottoiren déi sëlleche Plastikstute stoen, wat zum enge beweist, dass mer awer nach ëmmer ze vill Plastik verbrauchen, awer zum aneren, dass, wann de Mënsch an den Awunner et esou einfach wéi méiglech gemaach kritt, wéi bei der Valorlux-Tut, dass een dann och motivéiert ass, fir do matzemaachen an ze recycléieren, an dass een ebe grad dee Plastik net an déi gro respektiv déi schwaarz Dreckskëscht geheit.

Stellt Iech nëmme just emol ee Moment vir, déi 6.234 Tonne Verpackung, déi all Joers bei der Valorlux agesammelt ginn, géifen an den Hausmüll kommen an net recycléiert ginn!

Här President, d'Direktiv, déi mer haut an nationaalt Recht ëmsetzen, huet als eent vun hiren Ziler, d'Unzuel u Plastikstuten, déi an Ëmlaf kommen, erofzesetzen. Dozou muss ee soen, dass Lëtzebuerg scho säit Längerem dorunner schafft an duerch d'Aféiere vun der Ökotut am Joer 2004 - gesitt Der, Här Zeimet, ech ernimmen et! - d'Unzuel vun de benotzten Tute schonn enorm erofgaangen ass.

Jo, wann een d'Zuele mat deenen anere Länner an Europa vergläicht, kann ee soen, dass Lëtzebuerg an deem Domän e Virreider war an e Musterschüler ass. An d'Aféierung vun der Ökotut war de Schlëssel zum Erfolleg. D'Strategie, déi de Ministère zesumme mat Valorlux an der CLC ugewannt huet, war näämlech déi richteg. Si hunn de Leit eng gutt Alternativ zur herkömmlecher Plastikstut proposéiert. Wéi dunn déi normal Plastikstut ab - an elo passt op, Här Zeimet! - 2007 net méi gratis war, haten d'Leit nach en Argument méi, fir op d'Ökotut zréckzegräifen.

Da wëll ech nach soen, dass och ech et richteg fannen, dass mir vun der Méiglechkeet Gebrauch gemaach hunn, fir déi ganz dënn Tuten, déi mer aus dem Supermarché kennen, fir d'Geméis an d'Uebst anzepaken, net an dëst Gesetz mat anzebannen. Et gouf heibanne scho gesot vu mengem Virriedner, dem Gérard Anzia, dass dëst sécherlech a Saache Liewensmëttelverschwendung a Verpackungsvermeidung kontraproduktiv gewiescht wier.

Dass d'Leit sech awer och Gedanke maachen, wéi een op dës Tuten am Allgemenge verzichte kann, beweisen eis ënner anerem zwou Alternativen. Kierzlech ass hei an der Stad e Buttek opgaangen, deen OUNI heescht, wou een ouni Verpackung eigentlech seng Produite kafe kann a wou een entweder seng eegen Tuten oder seng Dëppercher ka matbréngen an och just genee eigentlech dat dodra mécht, wat ee wierklech brauch, an och dat suergt op där anerer Säit net nëmmen derfir, dass Verpackung agespuert gëtt, mä och Liewensmëttel vläicht manner verbëtzt ginn. De Client kënnt also mat sengen Tuten an Dëppercher dohinner, wéi gesot, ech fannen dat eng ganz, ganz flott Formule an ech ka just jiddwerengem recommandéieren, sech dat eng Kéier ukucken ze goen.

Eng aner Alternativ hunn ech kierzlech an engem Lëtzebuerger Supermarché gesinn. Dëse bitt sougenannten „veggie bags" un. Dat ass eng Aart Filet, wou ee säin Uebst a Geméis kann dramaachen. Dësen ass natierlech méifach gebrauchbar a kann och gewäsch ginn. Dir gesitt, och an dësem Beräich gëtt hei am Land probéiert, Alternativen ze fannen.

Wat ech awer och ganz positiv un dësem Gesetz fannen, ass, dass mir op engem anere Punkt méi wäit ginn, wéi d'Direktiv dat verlaangt. Ab dem 1. Januar 2019 sollen näämlech net nëmmen Tute mat enger Déckt ënner 50 Mikrometer eppes kaschte mussen, mä alleguerten d'Plastikstuten. Ech mengen, dass mir domadder vill erreeche wäerten, wat d'Ëmdenken an d'Ëmgoe mat Plastikstuten ugeet. Dobäi muss ee soen, dass an alle grousse Supermarchéë scho säit Längerem Plastikstuten, déi iwwregens 100%eg recycléierbar sinn, eppes kaschten, och wann dat nëmmen dräi Cent sinn.

A ville Kleedergeschäfter kritt een och scho laang keng Plastikstute méi, mä Pabeierstuten. Ech mengen, dëst Gesetz wäert dozou bäidroen - an dann halen ech och op -, dass mir a Saachen Offallvermeidung weiderhi gutt wäerten dostoen.

Dëst gesot, soen ech Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren an ech géif dem Rapporteur Gérard Anzia villmools Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. An ech ginn d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Hahn. An Nächsten ass den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, Merci, Här President. Ech muss Iech éierlech soen: Et fält mer elo näischt méi an, wat ech nach kéint zu dësem Projet soen!

(Hilarité générale)

Ech hat mer villes preparéiert. Meng Kolleegen hu mer de Botter ganz vun der Schmier geholl,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat ass ëmmer geféierlech, wann Dir näischt ze soen hutt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …soudatt ech just kann dem Rapporteur Merci soen an d'Zoustëmmung vun eisem Grupp bréngen.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Gibéryen. Dann den Här Wagner, an da géif ech mengen, dann ass d'Zäit vun den Tuten ofgelaf.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Also, Merci, Här President. Wa mer scho beim Tute sinn, wäert ech och nach dobäi bleiwen. Et ass schonn e puermol gesot ginn: Lëtzebuerg huet scho Modellcharakter, wat d'Tuten ugeet - wat „d'Tuten" ugeet!

(Hilarité générale)

A mir sollen a mir kënne roueg houfreg drop sinn.

Wéi gesot, do war nach eng Fro, déi nach…

(Interruption)

Et louch op der Hand, jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, ech géif Iech bieden, seriö ze sinn.

(Hilarité)

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Här President, mir schwätzen iwwer Tuten.

Bon, elo si mer erëm seriö. Also, d'Fro, déi nach am Raum stoung, war jo, fir ze wëssen, ob een déi ganz liicht Tuten - soss muss ee Säck soen, dat ass och net besser!

(Hilarité générale)

Ech weess och net.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sacheten! Sacheten!

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat, wou eppes dran ass!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Contenant a Contenu!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Also voilà! Déi Contenanten, ob een déi géif verbidden, déi ganz liicht, déi een do bei der Téik kritt, fir Geméis oder Uebst dranzemaachen. Ech hat och an der Kommissioun déi Fro opgeworf an ech mengen, datt d'Äntwert - déi och schonn de Rapporteur ginn huet, fir ze soen, datt mer elo dee Wee net géife goen, well dat éischtens net effikass wär, zweetens nach aner Problemer mat sech géif bréngen, ënner anerem de Gaspillage alimentaire - duerchaus nozevollzéien ass.

Natierlech wär déi beschte Léisung, dat bleift dobäi, datt ee weiderhi just eng Tut géif gebrauchen, déi ee méi oft, esou oft wéi méiglech kéint gebrauchen. Dat ass déi beschte Léisung. De Problem bei den Tuten ass jo haaptsächlech deen, datt et zwar vill Alternativen zu de konventionelle Plastikstute ginn, mä datt et och net onbedéngt ëmmer reell ëmweltfrëndlech Alternative sinn. An ech mengen, et misst een och oppassen, net op falsch Alternativen ze setzen. An do kann een zum Beispill un déi sougenannten „Bioplastikstuten" denken, well deen Term „Bioplastik" souwisou schonn net der Wourecht entsprécht, well déi Matière, aus där Bioplastik besteet, besteet meeschtens net aus Bioprodukter.

Et muss een och oppassen, wann een zum Beispill Tuten aus Maisstäerkt oder Gromperestäerkt esou hëlt, well, wéi mer jo och wëssen, déi jo och aus OGM-Produkter stamen, zemools wat de Mais ugeet. Doriwwer eraus kann et jo och zu sougenannten „Flächekonflikter" kommen, zum Beispill, wann Ubauflächen net méi benotzt ginn, fir lesswueren ze ziichten, mä fir aner Zwecker, wéi zum Beispill Emballagen.

En anert Beispill ass och de Bioethanol, wou ee ganz gutt muss oppassen, wou riseg Fläche benotzt ginn, fir Zockerkan zum Beispill ze planzen. Doranner ass e Land wéi Brasilien quasi Weltmeeschter ginn. An dat huet natierlech immens vill - vum Landraub net ze schwätzen, dat ass nach en anere Sujet -, mä dat huet immens vill negativ Konsequenze fir d'Ëmwelt an natierlech och fir eng nohalteg Agrarpolitik, déi do jo misst sinn, fir déi Flächen ze benotzen, fir d'Leit gesond kënnen ze ernieren.

De Problem bleift also weiderhin d'Benotze vun de ganz liichten Tute beim Apake vu Frëschprodukter am Eenzelhandel. Do ginn et natierlech och Alternativen, ënner anerem esou Léngenttuten an esou weider. Et wäert awer net vun haut op muer geschéien, datt jiddweree sech och - et gi jo och Realitéiten am Alldag - esou virbereet, fir ëmmer déi Tuten derbäi ze hunn. Well mir wësse jo all, datt mer och oft spontan akafe ginn oder wärend Pausen an der Aarbechtszäit. An et schleeft een och net ëmmer permanent e ganzt Assortiment vu Léngenttuten oder aner Forme vu Mehrwegtuten esou mat.

Bon, et ass jo och scho gesot ginn, datt sech soll inspiréiert ginn un esou Geschäfter, un esou Initiative wéi dee Buttek OUNI. Wéi gesot, mir verstinn d'Grënn, firwat elo net dee Wee gaange ginn ass, oder elo net direkt dee Wee gaange ginn ass vum Verbuet vun de ganz liichten Tuten. D'Argumentatioun mécht Sënn. A souwisou, wann een aner Weeër ka goen, fir dat ze reduzéieren, wéi dat mat aneren Tuten de Fall war, da muss een dat roueg kënne goen. D'Fro ass, awéifern et iergendeng Kéier da wäert néideg sinn. A vläicht wäert d'Madamm Ministesch och nach drop agoen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo d'Ëmweltministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Da wëll och ech mech de Mercien uschléissen un de Gérard Anzia fir säi ganz gudde schréftlechen a mëndleche Rapport. An ech freeë mech iwwert déi breet Zoustëmmung. Ech mengen, eis laang Diskussiounen och an der Kommissioun weisen, dass mer hei eng Approche wielen, wou mer do, wou et wierklech Sënn mécht, méi wäit ginn, wéi d'Direktiv et verlaangt, dat heescht bei deene groussen Tuten, dass mer do soen: „Mir huele se all", a bei deene klengen déi Approche wielen, déi fir Lëtzebuerg och an der Vergaangenheet… An do wëll ech natierlech och deenen, déi viru mir waren, an awer och de Gemengeresponsabele Merci soen, dass si ganz aktiv un der Offallpolitik geschafft hunn. Do, wou „public private partnerships" kënne sinn, wéi mer se elo schonn hu mam Écosac, wëlle mer dee Modell och bei deene klengen Tute goen.

Ech wëll Iech och verroden, well dat och vum Här Hahn a vum Här Wagner ugeschwat ginn ass: Jo, mir sinn amgaangen, konkret mat de Partner ze kucken, wat da gutt Alternative sinn, fir déi kleng ganz liicht Plastikstuten am frësche Rayon, am Geméisrayon, am Uebstrayon, awer och beim Fleesch a beim Fësch ze ersetzen. Do brauche mer gutt Modeller an dat musse mer mat eisen Entreprisen, souwuel deene klenge wéi deene groussen, déi dat da sollen ëmsetzen, maachen. An do si mer konkret um Schaffen.

An da wëll ech awer och nach dem Här Zeimet seng Fro beäntwerten. Et gouf elo annerhalleft Joer ganz vill mat ville Partner um Offallplang geschafft a verschiddenen Aarbechtsgruppen. Verschiddener hunn ech och selwer suivéiert. Ech war och op engem „kickoff meeting". Am Moment si mer amgaangen, alles ze kompiléieren, fir am éischten Trimester dëst Joer nach, wann alles riicht leeft, dat op de Wee ze bréngen, dass et dann och kann diskutéiert ginn an den Offallplang dann och erneiert gëtt.

Villmools Merci fir d'Zoustëmmung.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An da si mer prett fir d'Ofstëmmung iwwert de Gesetzesprojet 6990.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6990 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo. Domat ass de Gesetzesprojet 6990 unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Martine Mergen), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Et bleift mer just nach ze froen, ob d'Chamber bereet ass, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir sinn um Enn vun eisen Aarbechte vun haut ukomm. Mir hu Rendez-vous an ëffentlecher Sëtzung de 7., 8. an den 9. Februar. Merci gesot.

(Fin de la séance publique à 17.41 heures)

SÉANCE 22 MARDI, 7 FÉVRIER 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Communications

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. Heure de questions au Gouvernement

Question n°243 du 31 janvier 2017 de M. André Bauler relative aux perspectives de fusion des communes de la Nordstad, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

- *M. André Bauler - M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*

Question n°244 du 7 février 2017 de M. Laurent Zeimet relative aux mesures de sécurité à envisager par les communes pour les manifestations publiques d'une certaine envergure dans le cadre du plan «Vigilnat» niveau d'alerte 2, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

- *M. Laurent Zeimet - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*

Question n°245 du 7 février 2017 de M. Roger Negri relative à l'incinération de déchets de verdure, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

- *M. Roger Negri - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*

Question n°246 du 7 février 2017 de M. Gilles Roth relative à l'avis du Conseil d'État demandé dans le cadre de l'élaboration du projet de loi relatif à l'extension des compétences des agents municipaux par le présent Gouvernement, et se rapportant également à l'interdiction de la dissimulation du visage dans les lieux publics, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

- *M. Gilles Roth - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Claude Wiseler, Mme Octavie Modert et Mme Nancy Arendt)*

Question n°247 du 7 février 2017 de Mme Josée Lorsché relative au programme eSanté, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale

- *Mme Josée Lorsché - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*

Question n°248 du 7 février 2017 de M. Marco Schank relative aux critères d'obtention d'une carte d'accès au service de transport pour personnes à mobilité réduite (Adapto), adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Marco Schank - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°249 du 7 février 2017 de M. Edy Mertens relative à l'ordonnance médicale standardisée pour soins de kinésithérapie, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale

- *M. Edy Mertens - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*

Question n°250 du 7 février 2017 de M. Serge Wilmes relative aux modifications projetées au niveau des horaires de la CFL, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Serge Wilmes - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°251 du 7 février 2017 de M. Yves Cruchten relative à l'introduction d'un système de péage sur les autoroutes allemandes, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Yves Cruchten - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°252 du 7 février 2017 de M. Henri Kox relative au traitement des subsides «PRIMe House», adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

- *M. Henri Kox - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*

Question n°253 du 7 février 2017 de M. Franz Fayot relative aux travaux de refonte de la législation sur la conservation et la protection des sites et monuments, adressée à M. le Ministre de la Culture

- *M. Franz Fayot - M. Xavier Bettel, Ministre de la Culture*

5. Question élargie n°22 de M. André Bauler concernant la réforme de l'Agence pour le développement de l'emploi

- *M. André Bauler - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*

6. 6989 - Projet de loi portant

1. modification du Code du travail;

2. modification de l'article 3 de la loi du 17 juin 1994 fixant les mesures en vue d'assurer le maintien de l'emploi, la stabilité des prix et la compétitivité des entreprises

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes, M. André Bauler, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 6939 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 juin 2004 portant réorganisation de l'Administration des bâtiments publics

- *Rapport de la Commission du Développement durable: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Georges Engel, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

8. 6980 - Projet de loi portant modification de la loi du 16 août 2010 relative aux licences des contrôleurs de la circulation aérienne et transposant la directive 2006/23/CE du 5 avril 2006 du Parlement européen et du Conseil concernant une licence communautaire de contrôleur de la circulation aérienne

- *Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché*
- *Discussion générale: M. Serge Wilmes, M. Roger Negri, M. Gusty Graas, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Félix Braz, M. Nicolas Schmit, M. Romain Schneider, M. François Bausch, Mme Lydia Mutsch, M. Dan Kersch et Mme Carole Dieschbourg, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen d'Sëtzung op a froen den Här Premier- a Statsminister, ob d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dat ass net de Fall, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da géife mer zu eise Kommunikatiounen iwwergoen.

2. Communications

Och hei näischt Neits: D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass bei eis hei um Büro deponéiert. An d'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung an eis Administratioun erakomm sinn, ass un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 7 février 2017

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***7108** - Projet de loi arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans la magistrature et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire*

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 19.01.2017

***7110** - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°511/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux mesures concernant le respect par les utilisateurs dans l'Union du protocole de Nagoya sur l'accès aux ressources génétiques et le partage juste et équitable des avantages découlant de leur utilisation*

Dépôt: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 20.01.2017

***7111** - Projet de loi modifiant*

1) la loi modifiée du 25 juillet 2015 portant création du système de contrôle et de sanction automatisés

2) la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

3) la loi du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de

l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises

4) la loi modifiée du 23 février 2010 relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux sanctions pécuniaires

5) la loi du 5-15 septembre 1807 relative au Mode de recouvrement des frais de justice au profit du Trésor public, en matière criminelle, correctionnelle et de police

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 23.01.2017

***7112** - Projet de loi portant transposition la directive (UE) 2015/1794 du Parlement et du Conseil du 6 octobre 2015 modifiant les directives 2008/94/CE, 2009/38/CE et 2002/14/CE du Parlement européen et du Conseil et les directives 98/59/CE et 2001/23/CE du Conseil, en ce qui concerne les gens de mer*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 25.01.2017

***7113** - Projet de loi relatif au Revenu d'inclusion sociale et portant modification*

1. de la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées;

2. de la loi modifiée du 26 juillet 1980 concernant l'avance et le recouvrement de pensions alimentaires par le Fonds national de solidarité;

3. de la loi modifiée du 30 avril 2004 autorisant le Fonds national de solidarité à participer aux prix des prestations fournies dans le cadre de l'accueil aux personnes admises dans un centre intégré pour personnes âgées, une maison de soins ou un autre établissement médico-social assurant un accueil de jour et de nuit;

4. de la loi du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale et portant abrogation 1. de la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

Dépôt: Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 27.01.2017

***7114** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques*

Dépôt: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, le 27.01.2017

***7115** - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel à la Convention relative au contrat de transport international de marchandises par route (CMR) concernant la lettre de voiture électronique, fait à Genève, le 20 février 2008*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 30.01.2017

***7116** - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne relative à la protection du patrimoine audiovisuel faite à Strasbourg, le 8 novembre 2001*

Dépôt: M. Xavier Bettel, Ministre de la Culture, le 03.02.2017

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Da schléit d'Presidentekonferenz den Ordre du jour fir dës Woch vir, deen Der an de Fraktiounen an an de Sensibilitéiten zougestallt kritt hutt.

Ass d'Chamber mat där Propositioun vun der Presidentekonferenz averstanen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir kënnen direkt zu deem Ordre du jour iwwergoen, deen ufänkt mat enger Froestonn un d'Regierung. Dir kennt d'Prozedur: Den Deputéierten huet zwou Minutten Zäit an d'Regierung huet der véier, fir dorop ze äntwerten, ofwiesselnd Majoritéit an Oppositioun. An ech géif Iech bieden, den Zäitplang anzehalen, well mer eelef Froe virleien hunn an aus Kollegialitéit och wëllen, dass jiddwereen drukënnt.

Als Éischt kënnt d'Fro vum Här Bauler un den Här Innenminister, an do dréit et sech ëm d'Fusioun vun den Nordstadgemengen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

4. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°243 du 31 janvier 2017 de M. André Bauler relative aux perspectives de fusion des communes de la Nordstad, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

M. André Bauler *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Januar stoung an der Press ze liesen, datt de Gemengerot vun Ierpeldeng/Sauer mëttelfristeg eng Fusioun vun de sechs Nordstadgemengen ustrieft. Et konnt een och liesen, datt dës Propositioun och net direkt op eng iwwerwältegend Géigeléift bei deenen anere Gemenge gestouss ass. Et wor vläicht och, well dëse Virstouss e bëssen onerwaart koum.

Fest steet, datt ee bei esou enger Fusioun den Dossier gutt virbereeden, d'Awunner mat an de Prozess abannen a vill Froen am Viraus beäntwerte muss. D'Erfahrung weist och, datt besonnesch Froen iwwert déi zukünfteg Organisatioun vun de Verwaltungen oder de Schoulen net däerfen am Raum stoe bleiwen. Genausou kloer ass et, datt, wa méi Gemenge matenee fusionéieren, d'Emsetzung vun esou enger Fusioun net einfach gëtt. Den Däiwel stécht jo bekanntlech am Detail.

Wuel wëssend, datt e Fusiounsbestriewe vun de betraffene Gemengen an net vum Ministère ausgoe soll, wollt ech dem Här Innenminister dach awer e puer Froe stellen, well ech mer virstellen, datt hien och eng perséinlech Meenung heizou huet.

1) Wéi positionéiert den Här Minister sech par rapport zu dëser Thematik?

2) Ass den Zäitplang vun zéng Joer a sengen Ae realistesch?

3) Sollt een éischter schrëttweis zesummewuessen oder ass den Här Minister fir eng grouss Léisung?

A 4) Sollt de Fusiounsprozess eemol ufänken, misst een och kucken, wéi et mat der Gemeng Colmar-Berg weidergeet. Si ass déi eenzeg Nordstadgemeng, déi net am Wahlbezierk Norde wiele geet. Vläicht kann den Här Minister eis soen, ob am Ministère schonn éischt Iwwerleeunge gefouert goufen, fir Colmar-Bierg an de Kanton Dikrech an dann domadder och an de Wahlbezierk Norden ze integréieren.

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bauler. An d'Wuert huet den Här Innenminister, den Här Dan Kersch.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Merci, Här President. Merci och dem honorabelen Deputéierte fir d'Fro.

Ech mengen, Dir hutt et selwer ugeschwat: Am Regierungsprogramm ass et och, wat de Fusiounsprozess ugeet, relativ kloer, dass d'Regierung all Fusiounsbestriewungen, déi an de Gemengen opkommen, wäert offensiv ënnerstëtzen, an dat souwuel wat de finanzielle Volet ugeet wéi selbstverständlech och deen organisatoreschen, fir dat Ganzt dann och hinzekréien. An alleguerten déi Fusiounen, déi mer an dëser Legislaturperiod souwéi och an deene viregte gemaach hunn, si selbstverständlech och vum Ministère a senge Servicer begleet ginn.

Et ass och gesot ginn, eng Fusioun sollt net vun uewen erof diktéiert ginn, mä muss an de Gemenge selwer gedeien. Eng éischt Initiativ ass elo komm vun der Gemeng Ierpeldeng. An et entzitt sech menger Kenntnis, wéi déi aner fënnef Gemengen zu esou Fusiounsbestriewunge stinn. Ech kann Iech just soen, dass mengen Informatiounen no eng Kéier en éischten Ulaf war, fir eng Fusioun an deem dote Raum ze maachen, dat war Dikrech mat der Gemeng Bettenduerf. An no kuerzer Zäit huet d'Gemeng Bettenduerf do Raute gewénkt an domadder war de Prozess och ofgeschloss.

D'Regierung bleift och nach ëmmer bei hirer Positioun, dass et net wäert zu Zwangsfusioune kommen, mä dass selbstverständlech déi jeeweileg Gemengeréit an och d'Bierger an d'Biergerinnen aus deene Gemengen, déi eventuell géife matenee fusionéieren, ëm hir Meenung gefrot ginn an dass mer déi Meenung och géife respektéieren.

Da frot Der, ob den Zäitraum vun zéng Joer e realisteschen ass. Ech mengen, bei deene Fusiounen, déi mer bis elo hei am Land haten, war dat heiansdo souguer nach wesentlech méi séier gaangen. Dat hänkt also vum politesche Wëllen aus deenen eenzelne Gemengen of, wéi séier dass et kéint virugoen. Dat schrëttweist Zesummewuessen, ech mengen, an deem Prozess si mer schonn haut dran, och am Geescht vun deem, wat de Syvicol ëmmer gesot huet vun der Coopération renforcée. An dofir, mengen ech, ass jo och dee Syndikat gegrënnt ginn an ass en och amgaangen, seng Statuten nach neizeschreiwen, wann ech richteg informéiert sinn.

Wéi gesot, d'Regierung steet esou enger Iddi net negativ géintiwwer. Mä d'Initiativ muss vun de Gemengen, an net nëmme vun enger, mä vun all deene Gemengen, déi dovunner concernéiert sinn, gemeinsam kommen. An da géife mer och e Wee fannen, fir dat ze realiséieren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Laurent Zeimet, riicht sech un de Premier- a Statsminister an dréit ëm d'Sécherheetsmoossname bei gréissere Gemengemanifestatiounen.

- Question n°244 du 7 février 2017 de M. Laurent Zeimet relative aux mesures de sécurité à envisager par les communes pour les manifestations publiques d'une certaine envergure dans le cadre du plan «Vigilnat» niveau d'alerte 2, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Här President. Jo, meng Fro stellen ech am Kader vum Plang „Vigilnat", wou mer jo nach an der Sécherheetsstuf 2 sinn. An nodeems jo am Dezember verschidde Sécherheetsmesurë geholl goufen no den Attacke vu Berlin an och vun Nice, ass jo och zum Deel nogebessert ginn.

Elo ass et jo esou, datt am Laf vum Joer a ville Gemengen och gréisser Manifestatiounen ustinn. A vu datt d'Gemenge responsabel si fir d'Sécherheet op hirem Territoire, hinnen awer jo och d'Informatioune feelen iwwer méiglech Menacen a Risiken, wollt ech d'Regierung froen, ob se wëlles hätt - d'Regierung -, d'Gemengen ze informéieren iwwer ebe méiglech Menacen.

Natierlech dann och, ob se wéilt Recommandatiounen un d'Gemenge ginn, wat fir Mesuren ze huele wiere bei verschiddene Manifestatiounen.

An natierlech och, ob dann och déi néideg Moyene géifen zur Verfügung gestallt ginn an ob d'Gemenge kënnen op déi néideg Ënnerstëtzung dee Moment zielen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet den Här Premier- a Statsminister.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, ech soen dem honorabelen Deputéierten Zeimet Merci fir dës Fro, fir och eng Kéier drun ze erënneren, wéi d'Analys och vun der Situatioun gemaach gëtt.

Mir hunn haut d'Sécherheetssituatioun, déi gëtt regelméisseg vum Groupe de coordination en matière de lutte contre le terrorisme, dem GCT, analyséiert. An deem Grupp sinn den HCPN, de Service de renseignement, d'Police, de Procureur d'État général, de Procureur d'État, de Ministère vun der Sécurité intérieure, de Justizministère an den Ausseministère vertrueden.

Am Moment befanne mer eis, esou wéi den honorabelen Deputéierte gesot huet, um Niveau 2 vu véier verschiddenen Niveauen, déi och ausgeschafft gi sinn. Dat heescht, dass d'Menace als reell agestuuft gëtt, mä si ass abstrakt an deem Sënn, dass och keng Sécherheetsautoritéit eng Informatioun huet, dass eng konkret Attack oder eng Cible hei zu Lëtzebuerg och kéint sinn.

Um aktuellen Niveau 2 kënnt de GCT och eemol de Mount zesummen. An deem Kontext analyséiert de GCT d'Propose vun der Police, d'Lëscht vun de sensibele Punkte justement, wou d'Polizei renforcéiert an och kontrolléiert. Dës sensibel Punkte kënnen Infrastrukture sinn, wéi zum Beispill de Fluchhafen oder eng Gare. Dat kënnen awer och Manifestatioune sinn, déi sensibel sinn, zum Beispill duerch hir Gréisst oder duerch hir Natur. D'Kommemoratiounsfeier zum Beispill fir d'Affer vun der Shoa wor ee vun deene Punkten, wou wierklech gesot ginn ass, do misst ee besser oppassen.

Sollt eng Manifestatioun als sensibel agestuuft ginn, déi vun enger Gemeng géif organiséiert ginn, wéi zum Beispill viru Kuerzem d'Chrëschtmäert, huet een dat jo och matgedeelt kritt, kontaktéiert d'Police déi jeeweileg Gemeng, fir d'Sécherheetsmesuren ofzeschwätzen, fir dass d'Gemeng esou hirer Missioun, déi se um Niveau vun der ëffentlecher Sécherheet huet, och ka gerecht ginn.

Wéi gesot, d'Police huet de Contrôle sur place. A wéi gesot, si sinn déi, déi och d'Gemenge kontaktéieren a mat hinnen e Modus Vivendi fanne vun deem, wat méiglech ass, oder op jidde Fall mat Rot zur Säit stinn, wa Froe sinn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Statsminister.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Roger Negri, riicht sech un d'Ëmweltministesch a geet ëm d'Verbrenne vu Gréngschnatt, Hecken, Beemoffäll an esou weider. An den Här Negri huet d'Wuert.

- Question n°245 du 7 février 2017 de M. Roger Negri relative à l'incinération de déchets de verdure, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President. Déi Fro, déi ech der Ëmweltministesch wëll stellen, ass ganz einfach, ob een dierf dobausse Feier maachen, sief et, wéi den Här President elo grad gesot huet, fir Heckeschnëtt, wéi dat elo de Moment de Fall ass, ze verbrennen, oder net, oder ob een am Summer och op engem Chantier dierf e Feier maachen.

Dat ass am Fong ganz einfach déi Fro, déi ech wëll stellen. Well d'lescht Joer war jo eng gewësse Polemik, an déi hutt Dir, Madamm Ministesch, zesumme mat Ärem Statssekretär, dem Camille Gira, fir mech ganz kloer gekläert: dass gesot ginn ass, opgrond vum Gesetz vun 1994, dass et ganz einfach verbueden ass, e Feier ze maachen, egal ob et Hecke si fir ze verbrennen oder net. Ech mengen, Dir hat och d'lescht Woch a souguer gëschter Owend nach e ganz flotte Reportage op der Tëlee, wou een och gesot huet, dass een, amplaz d'Hecken ze verbrennen, déi kann och häckselen an esou weider an erëm zréckbréngen.

An deem Sënn wëll ech ganz einfach froen, well eben de leschte Samschdeg e Lieserbréif am „Lëtzebuerger Wort" war, wou dann e landbekannten Affekot an och Buergermeeschter vun enger Landgemeng am Fong genau de Contraire behaapt huet, am Fong och sech op den Artikel 42 beruff huet a gesot huet, dass do näischt drasteet, dass et verbuede wier ze verbrennen, wat mech dann awer immens verwonnert huet, a wou en och e bëssen draschreift, a sengem leschte Saz, dass een am Fong geholl roueg soll viru verbrennen, wat, ech mengen, e ganz einfache Contraire ass.

An ech géif Iech dee Saz einfach virliesen: „Sollte das Umweltministerium anderer Meinung sein, dann muss der Text in diesem Sinne geändert werden. Solange dies nicht der Fall ist, darf wie in der Vergangenheit verbrannt werden, ohne dass die Umwelt dadurch unerträglichen Schaden erleidet."

Dofir meng Fro ganz einfach: Ass et dann elo erlaabt oder ass et verbueden, dobaussen e Feier ze maachen?

Villmools Merci fir Är Äntwert!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Negri. An d'Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg, ass elo gläich hei, fir ze äntwerten.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Bon, ech soen dem Här Negri da villmools Merci fir dës Fro, well et schéngt awer nach ëmmer Konfusioun ze sinn, wou eigentlech keng Konfusioun misst sinn, well mir brauchen natierlech keng Ännerung vum Gesetz. Well zanter 1994 ass et net erlaabt, Décheten, also Offall, onsachgeméiss ze behandelen oder iergendwou hinzeleeën, leien ze loossen. Dat muss kontrolléiert gehandhabt ginn. A wann een deen ouni Autorisatioun verbrennt, dann ass dat verbueden. Duerfir muss dat Gesetz net geännert ginn.

An et gëtt eben nieft dem Artikel 42 vun dësem Offallgesetz och nach aner Artikelen, déi ënner anerem soen, wat eng gutt Handhabung, eng gutt Gestioun vun Déchete sinn. Eng gutt Gestioun wär an dësem Fall, wann een eppes Sënnvolles domadder mécht, et valoriséiert, an dat ass parfaitement méiglech. Do gëtt et zanter leschter Woch fir d'Landwirtschaft an d'Wënzer jo e Kollektsystem, wou et dann herno verwäert gëtt. A fir Privatleit si jo ëmmer nach d'Gemenge fir d'Gestioun vun dësen Décheten zoustänneg.

Da wëll ech awer nach des Weidere soen, dass et och am Offallgesetz nach en Artikel 10 gëtt, wou drasteet, dass eben och kee Risiko weder fir d'Waasser nach fir de Buedem nach fir d'Loftqualitéit dierf sinn. Eng sachgeméiss Kollekt an dann eng Valoriséierung droen dozou bäi, dass mer all zesummen aktiv gi fir de Klimaschutz a fir eng gutt Loftqualitéit. Duerfir brauche mer weder eng Ännerung nach musse mer eppes weider verbidden, well et ass zanter 1994 verbueden, onkontrolléiert Offäll ze verbrennen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Ëmweltministesch.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Gilles Roth un de Premier- a Statsminister iwwert dee vun der Regierung gefrote Préavis vum Statsrot iwwert d'Erweiderung vun de Kompetenze vun de Gemengenagenten an iwwert de Vermummungsverbuet. Den Här Roth huet d'Wuert.

- Question n°246 du 7 février 2017 de M. Gilles Roth relative à l'avis du Conseil d'État demandé dans le cadre de l'élaboration du projet de loi relatif à l'exten-

sion des compétences des agents municipaux par le présent Gouvernement, et se rapportant également à l'interdiction de la dissimulation du visage dans les lieux publics, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Ech muss eigentlech soen, dass et net normal ass, dass dës Fro iwwerhaapt muss vun engem Deputéierten haut de Mëtteg gestallt ginn.

D'lescht Woch...

(Interruption par M. Eugène Berger)

Jo, bei dëser Regierung, Här Berger, ass net alles normal. D'lescht Woch gouf et a Saache Vermummung...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Normalerweis ass et esou, dass just de Froesteller d'Wuert huet.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Et géif mech awer interesséieren, do Prezisiounen ze kréien.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Ma da lauschtert elo emol gutt no, Här Bausch!

D'lescht Woch gouf et a Saache Vermummungsverbuet e Revirement. Laut dem „Radio 100,7" soll d'Regierung nun awer op de Wee vun enger nationaler Regelung goen an net, wéi bis elo vun hir envisagéiert, fir d'Responsabilitéit eigentlech op d'Gemengen ze iwwerdroen. Fir dës 180-Grad-Kéier ze justifiéieren, baséiere Majoritéitsvertrieder, siefen dat Deputéierter, mä och eenzel Regierungsmemberen, sech dorops, dass et an deem Kontext den Avis vun dem Conseil d'État entre-temps gouf.

Den 1. Februar, also de leschte Mëttwoch, adresséiert sech d'CSV-Fraktioun schréftlech, offiziell via Chamberspresident, un de Statsminister, fir den Avis vun dem Conseil d'État da kënnen ze kréien. Den 2. Februar erkläert RTL, dass hinnen deen Avis vun dem Statsrot géif virleien.

Opgrond vun all deene Virgäng wëll ech dann elo folgend Froen un de Stats- oder den Innenminister - mir ass et egal - stellen:

Ass d'Regierung net der Meenung, dass den Avis vun dem Statsrot net nëmmen de Majoritéitsdeputéierten an RTL misst zougänglech gemaach ginn, mä der ganzer Chamber? Firwat krut d'Chamber dësen Avis vum Statsrot nach net zougestallt, an dat, obschonns dat ausdrécklech vun der CSV-Fraktioun d'lescht Woch schonns gefrot gouf? Misst d'Regierung net am Sënn vun där vun hir vill versprachener Transparenz dësen Avis dem breede Public zougänglech maachen?

A wéi gesäit d'Regierung hir Virgoensweis am Aklang mat dem Gesetzesprojet vum 5. Mee 2015 «relative à une administration transparente et ouverte»? Well do gesäit den Artikel 1 vir: «Les documents accessibles en vertu de la présente loi sont d'office», d'office!, net op Nofro, «rendus publics et diffusés auprès du public.» An dat bezitt sech net nëmmen op Dokumenter, déi am Besëtz vum Stat sinn oder vun de Gemengen oder vu soss Établissements publics, mä den zweete Saz vum Paragraf 2 gesäit ganz konkret vir: «Il en est de même des documents détenus par la Chambre des Députés, le Conseil d'État, le Médiateur et la Cour des Comptes.»

Ech soen Iech Merci, Här President.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, wann Der erlaabt, ech mengen, hei ginn e puer Saachen duerjerneegehäit! Mir hunn eng Question préjudicielle un de Statsrot gestallt am Kader vu Gesetzer, déi déposéiert gi vum Innenminister a vum Justizminister iwwert d'Kompetenze vun den Agents municipaux, a mat där Iddi, déi do war, fir Polizeireglementer an all Gemeng obligatoresch ze maachen.

Mir hunn eng Question préjudicielle gefrot. De Statsrot huet eis gesot, dat wier komplizéiert. Mir sinn um Projet de loi amgaangen ze schaffen. Dee wäert dëse Freideg fir d'Éischt och am Conseil de Gouvernement sinn. An déi Question préjudicielle, hei gëtt vun „Avis" geschwat, mä déi Positioun éischter vum Statsrot - et ass kee formellen Avis vum Statsrot - gehéiert an deen Dossier. An ech kann Iech hei garantéieren - hei ginn oppen Dieren agerannt -, dass, soubal deen Text ugeholl ass, selbstverständlech och déi Prise de position vum Conseil d'État an där doter Fro an deem Dossier wäert derbäi sinn, an dat wäert dann an den nächste Wochen och geschéien.

(Interruption)

Här President, och nach, well hei ass gesot, behaapt ginn, dass Majoritéitsdeputéiert d'Texter hätten: Ech kann Iech just soen, ech wor Récipiendaire vun där Prise de position vum Statsrot. Ech hunn deenen zwee concernéierte Ministere se weiderginn, an et ass kee Majoritéitsdeputéierten, deen hei besser traitéiert ginn ass wéi en Oppositiounsdeputéierten!

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech stellen awer just fest, dass mer et op RTL Radio virgelies kréien.

Une voix.- Mä dat ass jo och net vun eis!

(Brouhaha général)

Mme Octavie Modert *(CSV).*- ...ze ginn! Da brauch en et jo elo nëmme virunzeginn!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, lauschtert emol, et ass net u mir ze wëssen, wien et war!

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Et war net keen, et war net keen!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir géifen den Avis gär ganz liesen.

(Coups de cloche de la présidence)

Mir géifen den Avis gär ganz liesen, also.

(Interruption par M. Gilles Roth)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Neen!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir hunn en net op RTL ausgedeelt, well mir hunn en net.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et deet mer leed, Här Roth, mir sinn hei an der Prozedur vu Fro an Äntwert. De Minister war largement a senger Zäit. Ech hunn Iech schonn eng hallef Minutt méi ginn,...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- D'Äntwert war awer net gutt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ...wéi dat am Reglement virgesinn ass.

(Interruption par M. Alex Bodry et brouhaha)

Da géif ech zu där nächster Fro kommen. D'Fro kënnt vun der Madamm Lorsché, riicht sech un de Minister vun der sozialer Sécherheet an dréit ronderëm de Programm eSanté.

- Question n°247 du 7 février 2017 de Mme Josée Lorsché relative au programme eSanté, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Merci, Här President. Här Minister, meng Fro bezitt sech, wéi grad gesot, op den elektronesche Patientendossier, den Dossier de soins partagé, dee jo gratis vun der Agence eSanté zur Verfügung gestallt gëtt. D'Zil vun deem Dossier besteet bekanntlech doran, de konsequenten Austausch tëschent deene verschiddenen Akteuren aus dem Gesondheetswiesen, haaptsächlech den Dokteren, de Spideeler, den Apdikten an och de Réseauen, ze garantéieren, dëst iwwer en zentraliséierten Informatiounssystem, deen et soll erlaben, d'Prise en charge vun de Patiente besser ze koordinéieren an op déi Manéier duebel Behandlungen oder duebel Analysen ze verhënneren.

Souwäit ech weess, Här Minister, ass am Juni 2016 eng Pilotphas ugelaf mat deem System, deen enger limitéierter Zuel vu Patienten dunn zeguttkomm ass. Am Hierscht 2016 louch d'Bedeelegung menges Wëssens no bei 3%, bei 22.600 Patienten, mam Zil, datt bis Enn 2017 80% vun den Assuréen an deem System dra wären.

An deem Zesummenhang wéilt ech véier Froen un lech riichten:

1) Wivill Assuréé besëtze mëttlerweil en elektronesche Patientendossier?

2) A wéi enge Beräicher vum Gesondheetswiesen ass dëse System scho fonctionnell a wéini soll en op all déi aner Beräicher ausgedeent ginn?

3) Op wéi eng Manéier gëtt den Accès zum Dossier an d'Confidentialitéit vun de perséinlechen Donnéeën - dat si jo ganz sensibel Donnéeën - ofgeséchert a kontrolléiert?

4) An eng lescht Fro: Hutt Dir schonn en éischte Bilan gezu vun der Pilotphas, déi d'lescht Joer ugelaf ass? A wa jo, wär ech frou ze wëssen, wéi en ausgesäit.

An domat och scho villmools Merci fir Är Äntwert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet de Minister fir d'sozial Sécherheet, den Här Romain Schneider.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Merci och der Madamm Lorsché fir dës Fro. Ech mengen effektiv, den DSP, den elektronesche Patientendossier, dee jo ugesidelt ass an der Agence eSanté, déi jo eng Compétence liée ass tëschent engersäits dem Ministère de la Santé an anerersäits dem Ministère de la Sécurité sociale, ass effektiv op engem gudde Wee, fir virunzekommen. Ech mengen, Dir hutt zitéiert, datt mer effektiv ugefaangen hu mat engem Pilotprojet, deen zënter enger Rei Joren elo leeft, e Pilotprojet, deen an enger éischter Phas sech u Patiente gewannt huet, déi am Kader vum Médecin référent waren, an an der Tëschenzäit ausgeweit gouf op Patienten, déi op volontärer Basis wëllen esou en Dossier konstituéieren.

Dir hutt d'Zuelen hei richtegerweis genannt. Ech mengen, de Moment schwätze mer ongeféier vun e bësse méi wéi 3% vun der Populatioun, also e bësse méi wéi 23.000 Dossieren, Patientendossieren, déi bestinn. D'Zil bleift effektiv, bis 2018 80% ze realiséieren. An ech mengen, et ass och ganz kloer, datt mer virun allem och probéiert hunn, datt mer och déi eenzel Professionnels de santé mat an d'Boot géife kréien. An och hei, mengen ech, hu mer iwwer 170 vun esou enge Professionnels de santé, déi an der Tëschenzäit d'Partie maache vun dësem elektronesche Patientendossier.

Déi néideg Prozedur ass déi, datt mer amgaange sinn de Moment, de Règlement grand-ducal auszeschaffen. An dee Règlement grand-ducal wäert dann an Zukunft och d'Basis sinn - fir eigentlech op déi lescht Fro anzegoen -, d'Sécurisatioun dovunner. Do hänkt jo engersäits drun d'Commission nationale de la protection des données, déi iwwregens den Accord ginn huet, fir dëse Pilotprojet lafen ze loossen, déi natierlech och hei erëm wäert implizéiert ginn.

Mä natierlech, och dëse Règlement grand-ducal wäert jo duerch de Regierungsrot goen, duerno duerch déi eenzel Instanzen, Avise wäerten ugefrot ginn, de Conseil d'État zum Beispill, do kréie mer jo dann déi néideg Remarquen, déi néideg Impulsiounen och säitens vun deem Gremium eran, fir dann de Règlement grand-ducal effektiv operationell ze maachen.

D'Zil ass, dat bis Enn 2017 realiséiert ze hunn, soudatt mer ab 2018 effektiv den elektronesche Patientendossier kënne komplett aus der Pilotprojetsphas eraushuelen an operationell maachen.

Dir hutt déi eenzel Akteuren ugeschwat. Ech mengen, mat deenen eenzelnen Akteuren, do gëtt et der jo eng Rei, déi spillen, virun allem déi ganz Structure hospitalière. Hei hu mer engersäits emol fir d'Éischt eng Convention DSP pilote validéiert vun der FHL. An elo sinn et déi eenzel Haiser, déi effektiv och hei déi Konventiounen da mat der Agence eSanté ënnerschreiwen. Do sinn der eng Rei, déi dat scho gemaach hunn, zum Beispill den HRS oder den CHL. Anerer sinn de Moment amgaangen ofzeschléissen, wéi den CHdN oder de CHEM, déi en cours sinn, dat ze maachen. Anerer, wéi de Centre François Baclesse, den INCCI an de Rehazenter sinn och en cours, dat doten ze maachen.

Déi aner Akteuren, déi, wat d'Laboen ubelaangt, do sinn och hei eng Rei Konventiounen, déi schonn ënnerschriwwe sinn, anerer sinn en cours, fir gemaach ze ginn. A wat d'Réseauen ubetrëfft, ass ee Réseau, deen och schonn 2015 am Oktober esou eng Konventioun ënnerschriwwen huet, an deen zweeten ass en cours, fir et och ze maachen, soudatt mer also och d'Réseaue mat an d'Boot kréien, niewent enger ganzer Rei vun anere Strukturen, déi och lafen: wéi den Tricentenaire, wéi Kolpech zum Beispill oder wéi den Hôpital intercommunal vu Stengefort. Och dat wäerten Akteure sinn.

Mä wéi gesot, de Moment hu mer, wat d'Professionnels de santé ubelaangt, der 178, dovu 86 Médecins référents. Mir hunn 23.000 effektiv elektronesch Patientendossieren. An ech erwaarde mer effektiv herno vun der Mise en place définitive, datt mer effektiv eng grouss Plus-value hei fir d'Patiente kréien - et ass och dat, wat Dir ugeschwat hutt - an datt effektiv och hei déi ganz Gesondheetsversuergung nach besser kann organiséiert ginn, nach méi cibléiert kann organiséiert ginn an am Prinzip eng Win-win-Situatioun fir d'Patienten, awer och fir d'Professionnels de santé wäert ginn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Sozialminister.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Marco Schank, riicht sech un den Nohaltegkeetsminister an dréit ëm d'Konditiounen, fir an de Genoss vum Transportservice Adapto ze kommen. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°248 du 7 février 2017 de M. Marco Schank relative aux critères d'obtention d'une carte d'accès au service de transport pour personnes à mobilité réduite (Adapto), adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Marco Schank *(CSV).*- Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als „Novabus" gouf de Ruffbus fir Mënsche mat enger Behënnerung viru ronn zéng Joer an d'Liewe geruff. A virun zwee Joer koum et dunn zu enger noutwendeger - muss ee soen - Reform, an dat net fir d'Lescht, well dësen Transport am Endeffekt leider dacks vu Leit genotzt gouf, déi keng Mobilité réduite konnten noweisen.

Dat heescht, den „Adapto", wéi de Service haut heescht, ass geduecht fir Leit, deenen et net méiglech ass, sech fräi mam Auto oder mat normalen ëffentlechen Transportmëttele fortzebewegen. Berechtegt, fir den Adapto ze notzen, si Mënschen, déi am Rollstull sëtzen oder sech net ouni Rollator oder Géihëllef kënne fortbewegen, awer och séibehënnert Leit, Leit mat enger Otemnout an nach anerer.

Meng Fro elo: Deen een oder anere Fall ass déi lescht Méint u mech an u Kolleegen erugedroe ginn, wou Leit net kënne vum Adapto profitéieren, obwuel se géibehënnert sinn, an zwar aus deem Grond, well se de Führerschäin nach hunn. Dat krut ech och vum verantwortleche Service geschriwwen, wéi ech selwer per Mail nogefrot hunn. Ech krut schréftlech geäntwert, datt et e Problem ass, wann eng Persoun x de Führerschäin nach huet, fir eng Adapto-Kaart ze kréien, obwuel déi Persoun géibehënnert ass respektiv e Rollator brauch.

Elo steet awer d'Ofgi vum Führerschäin net an de Konditiounen, fir vum Adapto ze profitéieren, an dat zu Recht. An och vu Ministèresäit hunn ech dat eigentlech esou gesot kritt. Do ass jo dann e Widdersproch tëschent deem, wat de Service seet respektiv de Ministère.

Et gëtt jo och Leit, déi mat enger Behënnerung apte sinn, fir Auto ze fueren, respektiv eeler Leit mat enger Géibehënnerung, déi nach kuerz Strecke kënnen/däerfe fueren. Vläicht kann de Minister eis an där Saach hei Kloerheet ginn, fir datt een och de Betraffenen einfach eng kloer Äntwert ka ginn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, Här President, Merci dem Här Schank fir déi Fro. An och Merci, datt e gesot huet, datt et awer baséiert op eenzelne Fäll, wou hie selwer un de Ministère erugetrueden ass.

Et ass och esou, datt awer dat, wat en elo gesot huet, net alles erëmgëtt. Ech hunn hei d'Regele viru mer leie fir de Service Adapto, deen zwar reorganiséiert ginn ass, mä wou d'Regelwierk als solches awer net wesentlech geännert huet par rapport zu fréier, wëll ech soen.

Mir hunn déi ganz Servicer jo anescht opgestallt par rapport zu wéi se virdru waren. A wann Der do d'Explicatiounen, also d'Critères d'obtention généraux liest, do steet ganz kloer dran, d'Persoun muss en «handicap permanent» hunn an et steet awer och dran: «...qui ont de ce fait une mobilité réduite telle qu'elles n'ont pas la possibilité de se déplacer de manière indépendante, ni par leurs propres moyens (voiture), ni par les transports publics existants.» Dat heescht, et ass relativ kloer, wann natierlech eng Persoun de Führerschäin nach huet a per se kann Auto fueren, da ka se «par ses propres moyens» jo sech nach déplacéieren.

Et geet hei nëmmen ëm déi Leit, déi iwwerhaapt keng Méiglechkeet méi hätten ausser deem heiten, dat heescht, déi weder den ëffentlechen, den normalen ëffentlechen Transport, Bus oder Zuch, kéinten huelen nach selwer mam Auto fueren, datt déi dee Service hei kréien.

Ech muss awer drop hiweisen, et ass jo awer e Service - ech mengen, dat weess den Här Schank och -, deen an de leschten zéng Joer enorm an d'Luucht gaangen ass. Also, mir sinn haut op engem Käschtepunkt, deen ass extrem héich par rapport zu deem, wou mer gestart sinn. Bon, ech hunn och elo nach à la limite domadder kee Problem. Mä dat bedéngt awer, datt mer dat wierklech awer agrenzen op déi Leit, déi wierklech och dee Besoin hunn.

Duerfir si meng Servicer relativ strikt, wann ee vun de Kritären hei net erfëllt gëtt. Ech géif soen, zu 99,9% muss schonn een en extrem gutt Argument hunn, wat doriwwer erausgeet, fir datt mer dat periodesch vläicht emol autoriséieren. Mä normalerweis sollen d'Kritären esou applizéiert ginn, wéi et hei steet. An do gehéiert nun eemol derzou, datt, wann een nach de Führerschäin huet, donc selwer kann Auto fueren, datt een dann natierlech net ka vun deem heite Service profitéieren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Edy Mertens, riicht sech un de Minister fir sozial Sécherheet a betrëfft déi standardiséiert oder eventuell standardiséiert Ordonnancë fir d'Kinésithérapie. Den Här Mertens huet d'Wuert.

- Question n°249 du 7 février 2017 de M. Edy Mertens relative à l'ordonnance médicale standardisée pour soins de kinésithérapie, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale

M. Edy Mertens *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif gären eng Fro un den Här Minister vun der Sécurité sociale stellen, an zwar geet et, wéi gesot, ëm déi nei Kinésordonnancen. Ech muss soen, mir sinn zimlech als Leit vum Terrain dovun iwwerrascht ginn. Déi sinn einfach esou komm, ouni datt mer emol eppes woussten als Dokter. A mir hunn déi Ziedelen du gekuckt, déi nach net fäerdeg sinn. Et soll och elo gesot sinn, si misste recto verso sinn; wann et net esou ass, da géife se zréckgeschéckt. Elo musse mer dann emol kucken, datt een dat ka maachen. Also, et ass relativ komplizéiert.

Mir hunn och festgestallt, datt et op deenen Ziedelen net méi alles gëtt, wat soss vun dem Kiné offréiert gouf! An zwar gëtt et do eigentlech nëmme 14 Deeler vum Kierper, déi berücksichtegt ginn. Elo sinn awer Patienten, déi brauche ganz aner Behandlungen. Ech ginn lech e Beispill: Wann ech elo eng Zerräissung hunn, eng Verletzung oder ech hunn einfach nëmmen eng Deenung vum Quadrizeps am Been, da weess ech net, wat ech dodrop soll cochéieren.

Et ass och esou, datt dem Dokter zwou kleng Linne lénks ënne bleiwen, fir ze schreiwen. Do kritt en eppes geschriwwen, wat de Kiné net gelies kritt. Et ass awer esou, datt vill Kolleegen an och Spezialisten eng ganz genau Beschreiwung goufen dem Kiné, wat se gären als Rééducatioun hätten. An ech hunn esou Ordonnancë gesinn, déi eng ganz Säit ausmaachen. Et gouf gesot: „Jo, Dir huet jo d'Méiglechkeet, dat dann ze ergänzen an esou eppes derbäizeginn."

Dann hu mer e grousse Problem mat eelere Leit, déi doheem sinn oder an de Maisons de soins. Do sinn et der näämlech, déi Kiné gebraucht hunn, déi dat kruten, an dat muss ech als Praktiker soen, mat groussem Erfolleg, souguer zwee-, dräimol an der Woch. Dat leeft awer elo sou - well do dat net ëmmer en Alzheimer ass a just Alzheimer dropsteet, fir unzekräizen -, wann dat awer méi eng liicht Démence sénile oder esou virun ass, da wësse mer net, wat mer do solle maachen, wat mer sollen ukräizen, fir datt se dann als „pathologie lourde" gëllen an datt se eben an de Genoss vun deenen 62 oder 64 kommen. An déi Leit mussen all aacht Deeg da praktesch, well mer jo nëmmen aacht Stéck dann däerfen opschreiwen, bei den Dokter goen.

Ech wéilt de Minister just dozou froen: Ass et virgesinn, dat hei elo ofzewaarden, en éischte Bilan ze maachen an dann eventuell mat den Dokteren eng Kéier duerchzekucken an ze ergänzen?

Ech soen Iech villmools Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet de Sozialminister.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Jo, Merci, Här President. Merci och fir d'Fro vum Här Mertens. Ech mengen, et ass esou: Wou ech e bëssen iwwerrascht sinn, ass, datt d'Dokteren net Bescheed woussten, well effektiv och dës Changementer an dës Ordonnance standardisée zesumme mat der AMMD ausgeschafft goufen, zesumme mat der ALK, der Association luxembourgeoise vun de Kinéen, wat also eng Donnée war am Kader vu virun allem och där neier Nomenclature, déi jo zënter dem 1. Januar fir d'Kinéen a Kraaft getrueden ass.

Selbstverständlech, Här Mertens, ass et wéi bei all Projet respektiv bei all nei Saach, datt een dat eng Kéier bilanzéiert no enger gewëssener Zäit an datt ee selbstverständlech all Suggestioun kann eraginn, souwuel iwwert d'AMMD respektiv direkt un d'CNS, fir dann déi néideg Verbesserungen ze maachen, datt vläicht eenzel Mëssverständnisser kënnen opgehuewe gi respektiv eenzel Indikatioune kënnen derbäigesat ginn.

Dir hutt recht, déi Remarquen - ech hunn och selwer de Mëtteg nach eng Kéier um Formulaire gekuckt -, dat ass relativ kleng, fir dat ze mentionnéieren. Ob allerdéngs elo d'Kinéen et besser kënne liese wéi virdrun, déi Fro stellen ech mer! Wann een heiansdo déi Ordonnancë gesinn huet, déi einfach geschriwwe waren, do war vläicht heiansdo d'Handschréft och net esou lisibel, wéi se elo bei deene puer Remarquen hei ass.

Mä ech mengen, et ass ganz kloer, datt mer hei gaange sinn op eng Ordonnance standardisée, wat virun allem einfach och eng Rei Saache vereinfache soll, virun allem och eng Simplification administrative ass, selbstverständlech an éischter Linn fir d'Verwaltung, op deem zweete Volet och fir d'Kinéë selwer, an da mengen ech, an enger drëtter Linn och fir d'Doktere selwer, déi ganz schnell kënnen ukräizen, wat déi eenzel Rubricke sinn, déi si mengen, datt sollen traitéiert ginn.

Op där anerer Säit ass et de Kiné jo dann, deen da fir d'Techniken eng Libertéit huet, fir erauszesichen: Wat maachen ech elo mat där Indikatioun do, déi effektiv vum Dokter gefrot gouf?

Dës Ännerung ass jo am Mémorial vum Dezember publizéiert ginn. Ech mengen, do ass et a Kraaft gaangen. Mir hunn all... Iwwert d'CNS goufen engersäits all d'Kinéen informéiert iwwert déi Changementer, an och d'Doktere krute perséinlech e Bréif geschéckt. Um Site vun der CNS kënnt Der och all déi Indikatiounen noliesen, kënnt Der alles erëmfannen.

An ech sinn awer selbstverständlech bereet, wa Suggestiounen do sinn, déi entgéintzehuelen an dat och an enger mëttelfristeger Zäit dann ze änneren, datt effektiv och dat, wat gewënscht ass, och dann zu 100% kann erfëllt ginn.

Merci bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och.

An den Här Wilmes ass scho prett, fir seng Fro un den Nohaltegkeetsminister ze stellen, wou et ëm déi virgesinnen Ännerung bei de Fuerpläng vun den CFL geet. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°250 du 7 février 2017 de M. Serge Wilmes relative aux modifications projetées au niveau des horaires de la CFL, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Merci, Här President. Et ass d'Fro un den Här Transportminister, ob a wéini eng Campagne wäert gemaach ginn, fir d'Leit ze informéieren iwwert d'Changementer, déi am Horaire wäerte kommen, wa bis den Arrêt Pafendall-Kierchbierg an och den Arrêt, déi éischt Phas dovunner, um Houwald wäert opgemaach ginn, an och d'Mise en service vum Tram, well dat wäert jo Konsequenzen hunn.

Dat heescht, ass do eppes geplangt ze maachen?

A kéint Der och vläicht nach eng Kéier präziséieren, wéi vill Zich elo genau wäerten an enger éischter Phas op deenen zwee Arrêten aus dem Norden, aus dem Süden hier halen?

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An den Här Nohaltegkeetsminister ass schonn hei.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. An och Merci dem Här Wilmes fir déi Fro, déi ganz berechtegt ass, well ech mengen, effektiv, den 10. Dezember dëst Joer wäert op der Eisebunn e grousse Changement kommen. Da ginn zwou nei Garen op. Et ass scho laang hier an der Geschicht vun der CFL, datt mer zwou nei Garen opgemaach hunn.

An et sinn net iergendwellech Garen: Et sinn der, déi sinn entweder bal an der Stad oder um Rand vun der Stad an déi hunn en immensen Impakt op de gesamten Zuchréseau, respektiv natierlech bidde se och ganz nei Méiglechkeeten, fir d'Leit op déi eenzel Destinatiounen, haaptsächlech op hir eenzel Aarbechtsplazen, ze féieren. Well déi eng Gare, dat ass Houwald, déi läit natierlech tëschent där Zone d'activité Houwald op dem Hesper Gebitt, vun der Gemeng Hesper, an dat anert natierlech de Ban de Gasperich, wat e grousst Aarbechtsplazgebitt ass bei der Stad Lëtzebuerg. An dat anert natierlech bedeit den direkten Uschloss un de Kierchbierg, wou haut schonn iwwer 40.000 Aarbechtsplaze sinn, an der Zukunft der 60.000 wäerte sinn.

An d'Eisebunn huet och doriwwer eraus am Laf vum Joer 2016 eng Analys maache gelooss vun engem Schwäizer Büro iwwert de ganze Réseau, éischtens wat d'Verspéidungen ubelaangt, wou se hierkommen. Bon, en Deel wësse mer jo, dat huet mat Chantieren ze dinn. Mä et huet net nëmme mat Chantieren ze dinn! An duerfir gëtt deen Horaire och ugepasst a Fonctioun vun deene Recommandatioune vun deem Schwäizer externe Büro. An dat maache mer gär dann alles kombinéiert mat deenen neie Méiglechkeete vun de Garen, déi wäerten opgoen.

Dat heescht, de ganze Fahrplang wäert wierklech dramatesch Veränneruge kréien am Dezember dëst Joer. An ech hu mat der Eisebunn och ofgemaach, datt mer ganz fréi wëlle communiquéieren. Een Deel wäert scho gemaach ginn nach virum Summer, wou mer d'Perspektive wäerten opzeechnen, a wéi eng Richtung et geet, wéi de Réseau wäert reorganiséiert ginn. An da soll vum September bis den Dezember wierklech a Fonctioun vun deene Garen do erkläert ginn, wat do passéiert.

Et ass och esou, datt mer am Ufank natierlech nach e bësse limitéiert sinn, well d'Gare Pafendall soll jo an Zukunft ugebonne ginn zum Beispill vum Süden och mat sechs Zich d'Stonn, déi duerchgebonne ginn dann op Dummeldeng. Iwwerhaapt soll an der Zukunft de Fahrplang vun der Eisebunn net méi esou ausgeriicht ginn, datt alles achséiert ass op d'Stad Lëtzebuerg, mä méi mat duerchgebonnenen Zich.

Dat setzt awer viraus, datt mer an der Gare Lëtzebuerg e fënneften an e sechste Quai bäibauen. Um Projet hunn ech mat der Eisebunn enk geschafft. Deen hu mer wäit no vir gerëckelt. Dat war ursprénglech eréischt virgesi fir 2022-2023. Dee gëtt awer elo a Phase méi fréi gebaut. Dat heescht, deen éischte Quai, dee geet gläich lass. Den Atelier wäert ofgerappt ginn. Do wäert och elo communiquéiert ginn an deem Zesummenhang, wat dat alles beinhalt, wann déi Gare ausgebaut gëtt.

An da soll dee fënnefte Quai schonn, ech géif soen Enn 2018, Ufank 2019, opgoen. Dann hu mer schonn e gudden Deel méi Capacitéit, kënne mer och scho méi Zich duerchbannen op Dummeldeng. An da wäert 2020 dee sechste Quai och fäerdeg sinn. Dann ass d'Capacitéit wesentlech besser wéi haut. Dat heescht, da kënne mer sechs Zich d'Stonn duerchbannen.

Am Ufank wäert et elo ee sinn. Wa mer starten, wäert vum Süden hier een erof op Dummeldeng duerchgoen. Et gëtt awer esou organiséiert, datt méiglechst an der Gare Lëtzebuerg een och kann eriwwerswitchen, also datt ee vun engem Zuch op deen anere ka klamme Richtung Norden, wat nach ëmmer e Virdeel ass, wéi wann ech haut de Bus muss huelen an de ganzen Tour duerch d'Stad tingele mam Bus, par rapport zu engem direkten Zuch op d'Gare Pafendall. Mä et gëtt awer schonn e grousse Sprong no vir. Dat gëtt en éischte Virgeschmaach eigentlech, wat eis dat wäert bidden an der Zukunft.

Dann ass natierlech och den Ausbau vun der Beetebuerger Streck wichteg, well wa mer d'Gare Houwald opmaachen, dann huet dat natierlech eng Konsequenz, wann d'Zich do halen. Da wäert dat natierlech eng Aart Réckstau bedeite Richtung Beetebuerg, well logescherweis op der Streck d'Zich dann net esou séier kënnen nofollegen, wéi dat haut de Fall ass, well eng Gare dertëschent nach zousätzlech ass.

Eleng dowéinst gëtt och déi Reorganisatioun gemaach vum Zuchréseau. An da kënnt eng Transitiounsphas, géif ech soen, vun 2017 bis 2019, déi fir vill Leit ganz vill Verbesserunge bréngt, fir Eenzelner vläicht am Ufank e bëssen, ech wëll net soe Verschlechterungen, mä eng Rei kleng Nodeeler bréngt, mä dat ass awer reng transitoresch ze gesinn.

An dann, wann dann, wéi gesot, d'Gare Lëtzebuerg ausgebaut ass, ass kee Problem méi. Da feelt nach just natierlech d'Beetebuerger Streck op véier Gleiser. Wann déi bis fäerdeg ass, dat ass 2022 de Fall, dann hu mer eng Capacitéitssteigerung och op där Streck vu 70% méi par rapport zu haut. Dat heescht, dann hu mer kee Problem méi. An eréischt da gräift et och, dee Qualitéitssprong, dee mer wäerte maachen am ëffentlechen Transport.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Nohaltegkeetsminister.

A mir kommen un déi nächst Fro. Si kënnt vum Här Yves Cruchten, riicht sech un deeselwechten Nohaltegkeetsminister an dréit ronderëm d'„Maut", wéi se op där anerer Säit vun der Musel de Péage nennen. Den Här Cruchten huet d'Wuert.

- Question n°251 du 7 février 2017 de M. Yves Cruchten relative à l'introduction d'un système de péage sur les autoroutes allemandes, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Yves Cruchten *(LSAP).*- Merci, Här President. Jo, den Här Bausch ass haut de Mëtten e gefrotene Mann. Virun engem Mount huet hien a senger Qualitéit als Nohaltegkeetsminister erklärt, dass Lëtzebuerg eventuell géif géint déi däitsch Autobunnsmaut kloen; wat mech och gefreet huet, dass en dat gesot huet!

D'Iddi derhannert ass, sech anere Länner an Europa unzeschléissen, déi et och net richteg fannen, dass d'auslännesch Automobiliste sollen e Péage bezuelen, wärend zäitgläich déi däitsch Autofuerer da via hir Autosteier géifen entlaascht ginn.

Dozou just e puer ganz kuerz Froen. Meng éischt Fro: Wou si mer haut drun? Gëtt et do schonn eppes Neits?

Déi zweet Fro: Et gouf och emol eng Kéier déi Iddi vu sougenannte Pufferzonen, déi an de Grenzregioune kéinten entstoen. Ass dat eng realistesch Optioun? Wéi gesäit den Här Minister dat?

Drëttens: Huet den Här Minister scho vläicht eng Virstellung, wat esou eng Autobunnsmaut kéint fir Konsequenzen hunn op de Stroosseverkéier op de Landstroossen hei zu Lëtzebuerg? Well jo awer dann ze fäerten ass, dass deen een oder aneren Automobilist, fir déi Steier net mussen ze bezuelen, vun der Autobunn eroffiert an dann duerch eis Uertschaften an iwwert d'Landstroossen an Däitschland erafiert.

An dann, falls dat zu Problemer kéint féieren, falls esou eng Erkenntnis do wär, meng lescht Fro: Wéi kéint een dann dorobber reagéieren?

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet den Här Nohaltegkeetsminister.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci och dem honorabelen Här Cruchten fir déi Fro, déi och gutt gestallt ass, wat mer et dann och emol eng Kéier erlaabt, e puer Saache kloerzestellen.

Fir d'Éischt emol prinzipiell: Ech mengen, all Land an Europa huet d'Recht, eng Maut anzeféieren. Iwwregens gëtt et och an deene meeschte Länner Mauten oder Péagen, wat och ëmmer. Dat heescht, de Prinzip vun enger Aféierung vun enger Maut, eigentlech huet dat eis net ze..., bon, enfin, dach, et muss eis schonn interesséieren, wat et bedeit fir eis, wann an engem Nopeschland eng agefouert gëtt. Mä ech mengen elo emol, juristesch gesinn a formal gesinn ass dat näischt Anormales, well wéi gesot, déi meescht Länner hunn eng.

Ënner anerem och zum Beispill Éisträich huet eng, obschonn Éisträich am meeschten de Moment aus der Hëft geet, wann et drëms geet, déi däitsch Maut ze diskutéieren. Wat ech e bëssen eng speziell Situatioun fannen, well et gëtt genausou vill Grenzsituatiounen tëschent Éisträich - am ëmgedréitene Sënn - an Däitschland, wéi dat, wouriwwer si sech opreege par rapport zu Däitschland.

Meng Haltung war souwisou vun Ufank un an deem Dossier, an dat hunn ech och am Conseil européen scho virun zwee an engem hallwe Joer vertrueden, wéi déi Diskussioun ugaangen ass - dat war nach virun der Zäit vun der Madamm Bulc -, wou ech gesot hunn: „Wann ech gelift, Kommissioun, huelt Iech deem Dossier un a probéiert, europäesch Richtlinnen ze ginn, well dat doten, dat geet weider, an dann herno hu mer 28 verschidde Systemer an Europa, wat sécherlech net sënnvoll ass!"

Den deemolege Kommissär, dee war um Enn vu sengem Mandat, dat huet dee guer net interesséiert an deen huet einfach näischt mat deem Dossier gemaach an huet et lafe gelooss. Déi nei Kommissärin, glécklecherweis, ass do anescht. Déi huet sech entre-temps der Saach jo ugeholl an ass och am Fong där Meenung, déi ech scho virun dräi Joer oder zwee an engem hallwe Joer vertrueden hunn, datt eng europäesch Léisung muss kommen, soit datt mer wëssen, datt mer net vun haut op muer alles vereenheetlecht kréien, mä mindestens mussen éischt Richtlinne kommen. An da musse mer kucken, no an no dat Ganzt ze harmoniséieren.

Fir Lëtzebuerg stellt sech hei am Fong just eng eenzeg Fro, déi elo direkt juristesch gesi wichteg ass. Dat ass: Ass de System, deen an Däitschland agefouert gëtt, diskriminatoresch par rapport zu Netrésidenten an Däitschland?

An dat huet d'Kommissioun jo och gesot, do stelle sech zwou Froen: Dat eent ass d'Fro vun dem Intérêt général, a vun der Proportionalitéit stellt sech d'Fro. Dat eent ass éischter d'Fro, dat ass déi ganz Geschicht, wou am Ufank an der éischter Versioun drastoung, datt dann an Däitschland däitsch Bierger iwwer hir Autosteier déi Tax erëm géife kompenséiert kréien. Do huet d'Kommissioun gesot, dat géing net. Ganz kloer! A si huet eng Recommandatioun ausgeschwat a Richtung vun Däitschland, fir ze soen: „Dir kënnt zwar Differenzéierunge maachen an där Steier, zum Beispill aus Emwelt-

grënn an esou weider, wou Der eenzel Bierger aneschters behandelt, mä Dir kënnt net einfach generell eng Regel aféieren, wou Der sot, déi däitsch Bierger kréichen einfach dat komplett kompenséiert."

Doropshin huet den Här Dobrindt och gesot, da géif en dat zréckzéien an da géif en an déi Richtung eppes maachen. Or, deen Text, dee gëtt et awer nach net! An ech fannen et extrem problematesch, duerfir hunn ech och bis elo ëmmer gesot: „Mir behalen eis d'Recht vir", an ech hunn net gesot: „Mir gi kloen", well dat ass jo abstrus. Ier ech kloe ginn, muss ech jo emol wëssen, wéi den definitiven Text ausgesäit. An ech hu mer elo just en Avis juridique komme gelooss, fir déi genau Komplexitéit eng Kéier auserneeleën ze loossen a fir déi eenzel Cas-de-figuren ze kucke fir dann - wa mer d'Texter alleguerten hunn an och déi definitiv, dat ass och wichteg - déi definitiv Positioun vun der Kommissioun zum richtege Gesetz, wat dann am Bundestag wäert abruecht ginn. Eréischt da kënne mer genau kucken: Wat steet dann elo wierklech dran? Wat ass d'Positioun vun der Kommissioun? A gëtt et dodran diskriminatoresch Mesuren?

Déi Fro vun der Proportionalitéit, déi betrëfft déi Geschicht vun den Dagesvignetten an esou weider. An do gëtt et kloer och eng Meenung vun der Kommissioun. Dir kënnt net eppes maachen, wou Der elo zum Beispill géift higoen an eng Joresvignette froe vun engem Präis x, an da géift Der eng Dagesvignette froen oder eng Stonnevignette, wat och ëmmer, déi extrem vill méi héich wär am Verhältnis zu der Joresvignette. An och do musse mer kucken, wat herno derbäi erauskënnt, an da gesi mer dat.

Fir Lëtzebuerg ass den Impakt menger Meenung no, also elo wat de Verkéier ubelaangt, relativ kleng, fir net ze soen null, well wann Der elo emol kuckt a Richtung Däitschland, um Lëtzebuerger Réseau ass jo kee Problem. Déi grouss Transitbewegungen, déi hu souwisou wahrscheinlech herno d'Joresvignette, do fiert jo keen dann extra dowéinst iwwer sämtlech Landstroossen. Wann Der och déi Präisser kuckt, déi de Moment proposéiert ginn, do ass et zimlech sécher, datt déi meescht Leit an Däitschland..., oder de Camionsverkéier, dee bezilt souwisou d'LKW-Maut, do stellt sech d'Fro net. Da stellt sech d'Fro am regionale Verkéier natierlech.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, Dir misst zur Konklusioun kommen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech sinn direkt fäerdeg, Här President, nach ee Saz. Am regionale Verkéier stellt sech d'Fro natierlech Richtung Tréier oder esou. Mä do sinn éischter Nodeeler fir Däitschland ze erwaarde wéi fir Lëtzebuerg! Dat geet au détriment, géif ech soen, éischter vum Commerce an der däitscher Regioun, well dat als eng Schikan ugesi gëtt, wéi au détriment vun der Lëtzebuerger Säit. Also fir Lëtzebuerg gesinn ech elo direkt keng Nuisancen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci gesot.

An déi nächst Fro kënnt vum Här Henri Kox un d'Madamm Ëmweltministesch an dréit ronderëm d'Ofwécklung vun der PRIMe House.

- Question n°252 du 7 février 2017 de M. Henri Kox relative au traitement des subsides «PRIMe House», adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Merci, Här President. Jo, et ass eng Fro un d'Ëmweltministesch. D'PRIMe House ass eng finanziell Hëllef bei Investitiounen am Beräich energieeffizient Bauen an erneierbar Energien. Esou Hëllefe gëtt et säit e puer Joer, insbesondere fir d'Albaurenovéierung, wou och ganz vill Energie kann agespuert ginn, a beim Neibau natierlech fir energiespuerend Haiser an natierlech fir d'erneierbar Energien no vir ze brëngen.

Ee vun de Problemer, deen et gouf, ass natierlech d'Behandlung oder d'Beschaffung vun esou Demanden. Dat huet am Ufank relativ laang gedauert an ass natierlech och deels iwwer ee Joer erausgaangen. An dat huet och heiansdo bei verschiddenen Demandeuren awer e bësse Frust ausgeléist, well se net onbedéngt woussten, ob et elo eng positiv oder negativ Äntwert géif ginn.

Säit Dezember hu mer en neie Regimm, dass déi Hëllefen elo ausgeweit gi sinn op och ëmweltbewosst Baumaterialien an, wat ganz wichteg ass, et ass och elo en neien Accord de principe matagefloss, deen, mengen ech, ganz wichteg ka ginn an dësem Zesummenhang, wat d'Demandeuren an och d'Waardestellung ubetrëfft.

Dofir meng Fro un déi zoustänneg Ëmweltministesch: Fir déi Hëllefstellungen ze ginn, wéi laang dauert et haut am Allgemengen, fir esou eng Demande ze traitéiere vun der PRIMe House? An et kann elo natierlech nach net esou vill Erfahrung iwwert den Accord de principe ginn, awer den Accord de principe schéngt mer e ganz wichtegt Element ze sinn, fir deen och dem grand Public präiszeginn. Dofir meng Fro un d'Ëmweltministesch.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet d'Madamm Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Villmools Merci dem Här Kox fir déi pertinent Fro. Jo, wa mer wëllen eis Klimaziler erreechen a wa mer wëllen och am Hausbau, dee jo awer 12,5% vun eisen Emissiounen ausmécht, erofgoen an déi Entkoppelung, déi mer haut jo scho gesinn, déi iwwert déi lescht Jore geschitt ass, weiderféieren, dann ass et ganz wichteg, dass mer eis Leit ureegen, net nëmme beim Neibau ze kucken, well beim Neibau hu mer zanter dësem Joer just nach effizient Haiser, mä awer och bei der Albausanéierung. An dofir huet d'Regierung, dat heescht de Logementsministère an awer och den Ëmweltministère mam Finanzministère, jo dee ganze Paquet Klimabank an Aiden iwwerschafft.

Haut dauert et manner wéi e Mount, wann een eng Primm freet fir en Neibau. Et kritt een, an dat ass wichteg fir d'Planungssécherheet, en Accord de principe, an d'Leit ginn och iwwert de ganze Prozess beroden. Dat sinn dräi wichteg Elementer. Wann ee wëllt, dass d'Leit investéieren, musse se och sécher sinn, dass se herno dat Geld, wat se sech virstellen, och kréien. Dofir ass deen Accord de principe ganz wichteg. A well mer d'Dossieren haut innerhalb vun engem Mount traitéieren, wäert dat dann och ganz schnell goen, bis deen Accord de principe do ass. Deen ass iwwregens och wichteg fir d'Klimabank, well d'Prefinanzéierung ass jo e ganz wichtege Volet, grad wa mer vum Neibau a vun der Albausanéierung schwätzen.

Dës Retarde sinn also vu 14 Méint op ënner 3 Méint och bei der Albausanéierung erukomm, soudass mer haut schnell sinn, fir dass et Planungssécherheet gëtt.

An dann nach e leschte Schrëtt: D'Leit gi wierklech gutt beroden, an dofir hu mer och fir d'Beroder eppes méi gefrot: Mir froen do en Agrément, fir dass d'Qualitéit vun der Berodung och gutt gëtt. Well nëmme wann ee vun Ufank u weess, wéi eng gutt Materialien dass ee benotze soll a wéi eng Méiglechkeeten u Primmen et och gëtt - well déi si jo haut och vill méi héich ugesidelt, et kann een och méi héich Primme kréie fir besser an ëmweltbewosst Materialien, déi och wichteg si fir d'Gesondheet -, da gëtt dee Prozess insgesamt beschleunegt an d'Leit si sécher, dass se herno déi Primmen, déi hinnen zoustinn, och kréien.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Ëmweltministesch.

Mir kommen zur leschter Fro an der Froestonn. Si kënnt vum Här Fayot, riicht sech un de Kulturminister an dréit ronderëm eis Gesetzgebung am Beräich vum Denkmalschutz.

- Question n°253 du 7 février 2017 de M. Franz Fayot relative aux travaux de refonte de la législation sur la conservation et la protection des sites et monuments, adressée à M. le Ministre de la Culture

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Merci, Här President. De Statssekretär Guy Arendt huet den 11. Januar an enger Emissioun um 100,7, déi den État des lieux gemaach huet iwwert de Projet iwwert den Denkmalschutz, verschidden Ausserunge gemaach zu dësem Projet. An ech wollt dem Kulturminister an deem Rapport verschidde Froen och dozou stellen.

En huet éischtens gesot, dass et nach net kloer wär, ob dat Gesetz géif en eenheetlecht Gesetz ginn oder ob et éischter géif eng sektoriell Legislatioun ginn. Et gëtt jo elo effektiv d'Optioun, fir ee Gesetz ze maachen, wat all d'Domäne vum Denkmalschutz ofdeckt, oder d'Gesetz, wat d'Archäologie, de Patrimoine intangible an de Patrimoine bâti betrëfft. Ech wär frou, wann ech do méiglecherweis vläicht scho kéint méi Prezisioune kréien, ob do scho weider Reflexioune gefouert gi sinn zu deem Punkt.

En huet eng zweet Ausso gemaach, wou e gesot huet, dass d'Gemenge sollte méi Responsabilitéit kréien, och am nationalen Denkmalschutz. Dat war fir mech e bësse surprenant, well et am Fong géint d'Konklusioune gaangen ass vun deenen Assises du patrimoine, déi jo viru gutt zwee Joer gehale gi sinn a wou éischter eng Top-down-Approche prekoniséiert ginn ass. An och do wollt ech de Kulturminister froen, ob en do vläicht kéint méi Prezisioune ginn zu deem Punkt.

An en huet eng drëtt Ausso gemaach, wou en am Fong sech iwwert d'Terminologie, vläicht éischter iwwert de Champ d'application vum künftegen Denkmalschutzgesetz geäussert huet, wou e gesot huet, dass a sengen Ae just ganz wéineg Baute sollte vum nationalen Denkmalschutz concernéiert sinn. En huet Beispiller genannt wéi d'Kathedral, d'Iechternacher Basilika, de Palais oder d'Chamber, mä awer net vill méi wéi dat, wat am Fong drop hiweist, dass mer éischter an d'Richtung gi vun enger méi restriktiver Konzeptioun vum Denkmalschutz. An och do wollt ech de Kulturminister froen, ob e kéint méi Prezisioune ginn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet elo de Kulturminister, den Här Xavier Bettel.

M. Xavier Bettel, *Ministre de la Culture.*- Här President, ech soen dem honorabelen Deputéierte Fayot Merci, dass en déi Froe gestallt huet. Dat erlaabt mer, och e bëssen iwwert dee ganze Kontext vum Patrimoine culturel kuerz e puer Wuert kënnen ze soen.

Déi éischt Saach ass, dass säit Dezember 2013 d'Regierung och déi Aarbecht weidergefouert huet. Ech wëll just drun erënneren, dass et net den éischten Essai ass. D'Madamm Hennicot hat de 17. Oktober 2000 en Text déposéiert, en «Projet de loi relative à la protection et à la conservation du patrimoine culturel». Deen Text ass nach an der Chamber. Deen ass 2000 déposéiert ginn. Ech wollt just dorun erënneren.

Dat heescht, dass déi Matière eng ganz komplex Matière ass. Et gëtt, wann een iwwert de Patrimoine schwätzt, eng Kéier de Patrimoine bâti, eng Kéier de Patrimoine archéologique, eng Kéier de Patrimoine mobilier an eng Kéier de Patrimoine immatériel. An deem dote Kontext an och, fir méi prezis op d'Froe vum honorabelen Här Fayot anzegoen, si mir der Meenung, dass et wichteg ass, dass de Patrimoine national, dat heescht deen och en nationale Charakter huet, eng national Protektioun sollt verdéngen. Am Moment sinn an deem Patrimoine, wann ech e puer Zuele kann zitéieren, 422 Immeublen an Objeten aktuell klasséiert, wéi Monument national (veuillez lire: wéi de Service des sites et monuments nationaux) der proposéiert, fir klasséiert ze ginn an deem Kontext. An et sinn eng 702 Immeublen oder Objeten, déi am Inventaire supplémentaire ageschriwwe sinn.

Mir schaffen zesumme mat de Gemengen, esou wéi de Statssekretär Arendt och gesot huet, a mam Innenministère, fir dass déi Gebaier, déi e lokale Schutz verdéngen, iwwert d'Instrumenter vun de PAGen och besser kënne geschützt gi fir d'Zukunft. Heizou e puer Zuelen: 2.154 Gebaier vun 2.307 si reparéiert ginn iwwert de PAG an och bei 22 Gemenge geschützt ginn.

Et si Froen och gestallt ginn, wéi dat dann elo mam Text weidergeet, ob mer elo eenzel Texter maachen oder net. An Dir hutt och vun deem Rapport geschwat, dee gemaach ginn ass. Tatsächlech sinn eng Rëtsch vu Reuniounen, et sinn eelef Reunioune gewiescht, wou mer och mat Associatiounen zesummekomm sinn a mat de Professionellen. An eng vun deene Recommandatioune vun deem Aarbechtsgrupp wor emol: wat immens wichteg wier am Moment, wier, dass dee Retard bei de Conventions internationales sollt emol récupéréiert ginn.

An ech wëll och do der Chamber Merci soen, well d'Gesetzer vum 17. Dezember 2014, vum 24. Abrëll 2016 a vum 7. Dezember 2016 hu Konventiounen - Konventiounen! - an d'nationaalt Gesetz transposéiert, Konventioune vun 1970, vun 1992 a vun 1985! Also fir ze weisen, wéi ee Retard mer schonn hate vis-à-vis vun Obligatiounen, déi mer och um internationalen Niveau haten.

Parallèlement zu där doter Aarbecht sinn awer verschidde Saachen - an ech mengen, dat geet och an de Sënn vun der Fro vum honorabelen Här Fayot -, en triple Objectif, dee mer wëlle maachen. Deen éischten ass, dass mer d'Legislatioun, notamment d'Gesetz vun 1982, wëllen och reforméieren. Mir wëllen an Droit interne all déi Konventiounen, déi ech virdrun zitéiert hunn, och transposéieren. An de Projet de loi - an dat ass dat, wat ass - ka sech net nëmmen iwwert de Patrimoine bâti, mä och iwwert de Patrimoine mobilier, de Patrimoine archéologique an de Patrimoine immatériel erstrecken.

Am Moment sinn nach Hésitatiounen, ob ee soll ee groussen Text maachen, wou een alles géif drasetzen, oder ob ee verschidden Texter soll maachen, déi méi spezifesch dann an deen een oder an deen aneren Domän ginn. An, Här President, ech wollt dem honorabelen Deputéierten dozou soen, dass mer eben och dofir eis d'Moyene wëlle ginn an net wëllen aus der Hëft schéisse bei esou engem wichtegen Text, an dofir och eben déi Konsultatioune gemaach hu mat de Leit aus dem Secteur, an dass mer och en Travail de fond wëlle maache mat Droit comparé an och mam internationale Recht.

Mir sinn amgaange säit 2016 en Inventaire ze maachen, dee fir eis och ganz wichteg ass, wou mer am Fong Inventaristinnen agestallt hunn, déi en Inventaire scientifique och maachen. An elo ass dee vun der Fiels viru Kuerzem fäerdeg gemaach ginn.

Wéi gesot, am Moment ass et nach net definitiv: een Text oder verschidden Texter? Soubal eng definitiv Positioun bei eis am Kulturministère ausgeschafft ginn ass, wäert ech - oder de Statssekretär Arendt, dee méi spezifesch an deem doten Dossier och schafft - dann der Kommissioun dat direkt matdeelen. Mä et sinn nach Hésitatiounen, ob wierklech een Text dat Richtegt wier oder ob et méi spezifesch wierklech soll an déi eenzel Branchen agoen.

An, wéi ech virdrun och sot, fir ganz prezis dann op d'Fro ze äntwerten: Jo, et ass e Wëllen, fir mat de Gemenge méi enk ze schaffen. Ech hat net méi spéit wéi d'lescht Woch nach Rendez-vous mat engem Buergermeeschter aus enger Gemeng justement, wou och Dispositioune waren, wou deen een Avis an déi eng Richtung gaangen ass an en aneren an déi aner Richtung gaangen ass, wou mer da kucken, eben als Kultur zesummen eng Léisung ze fannen, fir all Parteien do kënnen zesummenzestellen.

Mä Patrimoine hu mer nëmmen een. Mir kënnen deen net futtimaachen! Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Premierminister.

Mir sinn um Enn vun eiser Froestonn ukomm an ech wëll souwuel de Froesteller wéi och de Ministere Merci soe fir d'Disziplinn. Mir hunn et fäerdegbruecht, a manner wéi enger Stonn déi eelef Froen ze traitéieren. Bei deem engen oder aneren ass vläicht nach e bësse méi Nohaltegkeet beim Emgang mat der Zäit ubruecht. Mä ech mengen, mir hunn hei gutt geschafft.

Mir géifen dann iwwergoen zu der erweiderter Fro vum Här André Bauler iwwert d'Reform vum Aarbechtsamt. Dir wësst, dass den Auteur vun der Fro fënnef Minutten Zäit huet an d'Regierung huet zéng Minutten Zäit. An den Au-

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

teur huet herno nach d'Recht, am Rame vu senger Zäit eng Fro no ze stellen. Den Här Bauler huet d'Wuert.

5. Question élargie n°22 de M. André Bauler concernant la réforme de l'Agence pour le développement de l'emploi

M. André Bauler *(DP).*- Merci, Här President. Virun iwwer 20 Joer war en éischten Audit vun der ADEM gemaach ginn. D'Konklusioune ware folgend:

- D'Qualitéit vun den Déngschtleeschtunge vun der ADEM entsprécht net den Erwaardungen,

- d'ADEM kennt d'Chômeuren net gutt genuch,

- d'ADEM kennt d'Bedürfnisser vun den Entreprisen net wierklech,

- d'ADEM communiquéiert net genügend, weder intern nach extern, an dann zum Schluss

- déi personell an informatesch Capacitéite vun der ADEM ginn net duer.

D'Konklusioune vun dësem Audit an aus villen Erfahrunge goungen der fréierer Regierung duer, fir eng Reform vun der ADEM duerchzeféieren. Dat ass 2011 ënnert der Ägid vum Nicolas Schmit geschitt. Fir eis als DP war dat deemools de Startpunkt souzesoen an eng nei Zäit. Fir eis war kloer: Alles steet a fält mat der konkreter Emsetzung vun der Reform.

Jo, et goung net drëm, nei Titelen an nei Posten ze schafen, mä d'ADEM wierklech zu enger Jobagentur ze maachen. Dat hate mer nach eemol hei am Plenum am Kader vun eisem Débat d'orientation iwwert d'Aarbechtsmaartpolitik beschwat.

D'Demokratesch Partei war ëmmer fir eng Aarbechtsmaartpolitik, déi als Zil huet, fir den eenzelnen Demandeur d'emploi ze betreien, ze mobiliséieren, ze guidéieren, eng Aarbechtsmaartpolitik, déi vun enger Aarbechts- a Weiderbildungsagentur vill méi proaktiv gëtt, wéi dat a fréieren Zäiten de Fall war, eng Aarbechtsmaartpolitik, déi vill méi effizient bei der Vermëttlung ass an esou dem Demandeur d'emploi eng reell Perspektiv op eng nei Aarbecht bitt.

No fënnef Joer ass et also Zäit, fir e klengen Tëschebilan ze zéien an e n Ausbléck ze maachen. De Minister Nicolas Schmit huet näämlech eng ganz Rëtsch Mesuren duerchgezunn a Projeten initiéiert; denke mer u verschidde spezifesch Programmen am Bankwiesen, der Informatik oder der Logistik, un d'Weiderbildungen, u spezifesch Servicer, un e kollegiaalt Direktiounsteam an esou weider.

Dofir wollt ech eng Rei Froe stellen:

Wéi effizient ass den neien Outil vum JobBoard, deen den Demandeur d'emploi an d'Entreprisë soll zesummekréien? Wéi ass d'Verwaltung an Tëschenzäit opgestallt? Ëm wéi vill Leit muss all Placeur sech am Duerchschnëtt këmmeren? An anere Wierder: Wat fir Servicer gëtt et zurzäit a wéi si se organiséiert?

Wat fir Programme lafen de Moment, fir d'Demandeurs d'emploi fit ze maachen? Denke mer un d'Weiderbildungen, un d'Owescoursen.

Wéi gesäit d'Prise en charge vun de Leit aus, déi Flüchtling sinn an elo eng Openthaltsgeneemegung hunn? Gëtt et dofir e speziellen Service? Wéi gëtt de Sujet Integratioun iwwert den Aarbechtsmaart also ugepaakt?

Wéi geléngt et der ADEM, fir méi Demandeurs d'emploi an de Beräicher Logistik an Informatik ze integréieren?

Wéi gesäit de Rekrutement vun de Conseillers professionnels aus? Wat sinn hir Profiller? A wéi gi si ausgebilt respektiv forméiert?

An zum Schluss wollt ech den Här Minister nach froen, wéini et virgesinn ass, eng éischt Evaluatioun vun de strukturellen Upassungen an der ADEM virzehuelen, bezéiungsweis ob esou eng Evaluatioun schonn amgaangen ass.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bauler. An d'Wuert huet elo gläich den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech mengen, et gëtt der nach e puer hei an der Chamber, déi kënne sech un déi Debatten iwwert d'ADEM erënneren, déi kënne sech och un deen Audit erënneren a kënne sech och besonnesch un dee Bericht erënnere vum Ombudsmann iwwert d'Situatioun an der ADEM. Déizäit war d'ADEM net, ech géif soen, eng exemplaresch Administratioun. D'Féierung war déi, déi et war. D'Aarbechtsbedéngunge fir déi, déi do geschafft hunn, waren net optimal. A fir déi Leit, déi hu missen an d'ADEM goen, war dat heiansdo wierklech e Cauchemar. Vun den Entreprisen net ze schwätzen, well u sech wollt eigentlech keng Entreprise méi richteg mat der ADEM zesummeschaffen.

Bon, ech mengen, schonn an där viregter Regierung ass décidéiert ginn, fir d'ADEM ze reforméieren. An dat Éischt, wat natierlech extrem wichteg ass, dat ass, datt d'ADEM déi Ressourcë sollt kréien, déi se brauch! Well wann et strukturell och vill Problemer gi sinn, war et och e Problem emol fir d'Éischt vu Ressourcen. A säit 2011, wou mer eigentlech richteg ugefaangen hunn, un der Reform ze schaffen, bis haut huet d'ADEM 161 Kollaborateure méi - 161 Kollaborateure méi! Dat heescht, mir hunn d'Effektiver vun der ADEM ëm 55% säitdeem eropgesat.

Dir hutt gefrot: Wéi agéieren d'Servicer? Fir d'Éischt hu mer en neie Service kreéiert, an dat ass de Service Employeurs. Firwat de Service Employeurs? Well grad déi gréisste Schwächt bei der ADEM waren d'Relatioune mat den Employeuren, mat den Entreprisen. Et gouf zwar e Grupp vu Consultanten, déi och hir Aarbecht korrekt gemaach hunn, mä dat war net strukturéiert. Aus deem Grupp ass also e Service Employeurs geschafe ginn, deen haut 59 Kollaborateuren huet, dat heescht Leit, déi nëmmen zesumme mat den Entreprisë versichen, mat deenen déi richteg Léisungen, wa se Leit astellen, ze fannen.

Mir hunn eng Rei Programmer gestart fir d'Employeuren, déi heeschen „Entreprise, partenaire pour l'emploi", Labellisation des entreprises, fir genau ze wëssen: Wat sinn d'Besoine vun den Entreprisen? Mir hunn e Ciblage gemaach, wann d'Assignatioune bei d'Entreprisen operéiert ginn. An déi Assignatioune gi gemaach vum Service Employeurs. Dat heescht, mir probéieren net, bon, wéi ëmmer gesot ginn ass, e Bäcker bei de Schneider ze schécken, oder iergendwéi d'Leit mat Assignatiounen ze iwwerheefen, wou eigentlech hire Problem domat net geléist ass.

Och bei de Leit ass natierlech e grousse Changement. Ech brauch net drop anzegoen, datt mer dräi nei Agencë kreéiert hunn. Mir hunn awer och déi Agencen, déi bestinn, moderniséiert. An déi lescht, déi nach moderniséiert muss ginn, ass déi an der Stad. Déi ass awer an deem Sënn moderniséiert ginn, well mer eng ganz Rei Servicer aus där Agence erausgeholl hunn. An d'Situatioun, déi mer nach virun e puer Joer haten, datt d'Leit am Gank stoungen, fir op hir Rendez-vousen ze waarden, déi ass eriwwer, well mir hunn en neit Gebai zu Hamm, wou eng Rei Servicer implantéiert gi sinn.

Wéi gëtt den Demandeur d'emploi en charge geholl? Mir hunn 42.000 Conventions de collaboration geschloss. An Dir erënnert Iech vläicht un den Avis vun der Cour des comptes, dee gesot huet: „Schreift näischt a Gesetzer, wann Der et net kënnt anhalen!" Dat heescht, mir hate schonn a viregte Gesetzer, virun 2009, de Prinzip vun der Convention de collaboration stoen, mä et ass ni eng ofgeschloss ginn. Säit 2013, praktesch fir jiddwereen - ech mengen, mir sinn do bal bei 90% - sinn déi Conventions de collaboration ofgeschloss.

D'Zuel vun de Conseilleren (veuillez lire: D'Zuel vun den Demandeure pro Conseiller), jo, dat hänkt vun dem Profill vum Demandeur of. Wann ee Leit huet, déi sech selwer kënne vill hëllefen, déi brauchen natierlech e Suivi, dee méi liicht ass. D'Moyenne vun der Zuel ass elo ongeféier bei 200 bis 250. Mä déi Leit, déi en intensive Suivi brauchen, dat heescht, déi éischter méi schwaach Demandeurs d'emploi, do si mer ënner 100. An et ass grad op déi, wou mer ons jo musse fixéieren, well et sinn och déi, déi déi meescht Hëllef brauchen.

D'Formatioun vun de Conseilleren: Bon, si ginn zum Deel nach rekrutéiert iwwert de Statsconcours. Mä mir hunn och eng ganz Rei anescht, als Employé rekrutéiert, mat anere Profiller. A si kréien eng Formatioun, déi zum Deel bei der Bundesagentur gemaach gëtt, mä et ass och en neie Projet, deen ufänkt mat der Uni Lëtzebuerg, deen och ganz geziilt op d'Situatioun an d'Besoine vum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ausgeriicht ass.

Mir hu besonnesch vill Gewiicht op déi Jonk geluecht. Mir hu jo d'Garantie pour la jeunesse lancéiert. Do si säit 2013 8.720 Jonker duerch dee Programm Garantie pour la jeunesse gaangen. A 86% vun deenen - et sinn der eng Rei, déi och opgehalen hunn, fir eng Ursaach oder eng aner -, déi hunn dat, wat an der Garantie pour la jeunesse virgesinn ass, eng Offre de qualité, kritt.

Mir hunn och en extrae Programm fir ganz schwaach Jonker, wou 320 Entreprisë matmaachen, fir iwwert de Programm „Jobelo!" deene Jonken eng Chance ze ginn, à la fois en Emploi ze kréien, mä besonnesch och, fir eventuell hir Ausbildung weiderzemaachen.

E besonnescht Gewiicht läit och um Salarié handicapé. Dee Service ass reorganiséiert ginn, fir sech méi op d'Besoine vun den Handicapéen ze konzentréieren. A mir hunn e Centre d'orientation socio-professionnelle handicap geschaaft, wou d'Leit och evaluéiert ginn, zesumme mat der Santé iwwregens, mat Hamm, fir ze kucken, wat sinn d'Problemer, wann eng Persoun en Handicap huet, oder och fir déi Leit, déi reklasséiert sinn. An d'Mesure, déi dodrop passt, déi ass de Contrat de réinsertion-emploi, déi ass eréischt säit dem Ufank vun 2016 a Kraaft. Mir hunn also 252 esou Kontrakter ofgeschloss, well déi gëllen natierlech net nëmme fir déi Leit mat Handicap, mä och fir méi eeler Demandeurs d'emploi.

E wichtege Punkt, deen Der net direkt ugeschwat hutt, dat ass... - bon, dach, Dir hutt e scho mam JobBoard ugeschwat -, dat ass d'Informatik an d'Digitaliséierung. D'ADEM hat eng Informatik, déi absolutt vétuste war. Mir hunn also iwwert déi lescht Joren déi Informatik absolutt ugepasst. An den JobBoard ass u sech schonn e Succès. Mir haten 20.000 Kandidaten, säitdeem en op ass, dat heescht, d'lescht Joer hate mer déi schonn um JobBoard, an och 1.050 Employeuren. An Dir kennt also de System, datt den Employeur ka kucke goen: Hunn ech um JobBoard ee mat engem Profill, deen ech sichen? An de Kandidat, dat heescht den Demandeur d'emploi, kann och bei den Employeure kucke goen, wat eventuell en Job ass, deen em konvenéiert. Doriwwer sinn 9.000 Kontakter gemaach ginn. Dat heescht, am Endeffekt gëtt de Kontakt ëmmer nach mat der ADEM gemaach - dee geet net nëmmen tëschent deenen zwee -, mä säitdeem den JobBoard fonctionnéiert, sinn 9.000 esou Kontakter gemaach ginn.

Fir ons ass dat e wichtegt Element, d'Digitaliséierung, d'Informatik auszebauen. Mir mussen och eng ganz Rei Kontakter mat der ADEM kënnen iwwert den Handy lafe loossen, d'Rendez-vousen, mä eventuell och d'Assignatioune geschéckt kréien an esou weider. Dat ass eng nächst Etapp, op déi mer hischaffen. De Portail de l'emploi ass renovéiert ginn. An duerfir läit also d'Prioritéit bei deene Froen.

D'Formatioun, jo, mir wëllen aus der ADEM effektiv och e Weiderbildungsinstrument maachen. Dat ass en Zil. D'Formatioun, déi d'ADEM momentan ubitt, huet en Taux de placement tëschent 62% an 100%.

Ech weess net, wivill Zäit ech nach hunn, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Oh, Dir hutt nach zwou Minutten.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Okay.

Ech ka se elo net all opzielen. Ech kann Iech déi awer zoukomme loossen. Mir hunn déi a ganz verschiddene Beräicher. Déi Formatioune ginn ëmmer mat den Entreprisen oder mat de Secteuren definéiert. Zum Beispill eng Formatioun, déi ganz vill Succès huet, dat ass alles, wat um Bâtiment hänkt, wou mer e ganz héijen Taux hunn, bis zu 100%, wou déi Leit, déi duerch déi Formatioune ginn, dann och direkt en Job hunn. Mä fir déi Formatiounen och optimal ze gestalten, hu mer eng Rei Accorde mam House of Training vun der Chambre de Commerce, mat der Chambre des Métiers, mat der Chambre des Salariés, mam INAP, mat dem IFSB aus dem Bau, vun deem ech elo scho geschwat hunn.

D'Formatioun ass Prioritéit, eng grouss Prioritéit fir d'ADEM. Mir hunn 2015-2016 eng Augmentatioun vun 61% bei den Aides à la formation individuelle. Mir hunn, wat d'Formatiounen, déi vun der ADEM selwer organiséiert ginn, betrëfft, eng Augmentatioun vun 11%. Mir sinn elo bei 3.153 Leit, déi duerch esou eng Formatioun gaange sinn. Mir hunn d'lescht Joer 14 nei Formatioune gestart. Déi, op déi mer besonnesch stolz sinn, ass de Fit-4coding, dat heescht, Leit iwwer véier Méint eng Formatioun ze ginn an der Informatik, an der Programmatioun. A mir hunn do en Taux de placement no dräi Méint, deen tëschent 75% an 80% läit. Bon, den Accès natierlech an déi Formatioune si relativ schwéier, mä dat ass en Instrument, wat besonnesch jo och de Besoinen um Aarbechtsmaart absolutt entsprécht. D'Logistik ass en anere Secteur, wou et ganz spezifesch Formatioune gëtt, awer och den Taux de placement ganz gutt ass.

Refugiéen, mäi lescht Wuert. Jo, mir hu momentan 400 Leit, déi de Statut als Refugié hunn, bei der ADEM ageschriwwen. Si hunn net e spezifesche Programm. Si hunn héchstens e Programm, deen haaptsächlech da spezifesch ass, wann et drëm geet, de Leit d'Sprooche bäizebréngen, déi se brauchen, fir hei op den Aarbechtsmaart ze kommen. Mir schaffen awer och mat der Fedil a besonnesch och mam Handwierk zesummen, fir ze kucken, wou Aktivitéite sinn, wou déi Refugiéë kënnen en Job kréien.

Voilà. Dat sinn also eng Rei Äntwerten op Är Froen. Déi lescht Fro: „Musse mer elo en neien Audit maachen, fir ze wëssen, wou mer dru sinn?" D'Reform vun der ADEM ass net eriwwer! D'Reform vun der ADEM ass e Prozess, deen ëmmer erëm muss nei ugefaange ginn. An et ass schonn utile, ze kucken: Wou sti mer? Wou si mer? Wat hu mer erreecht? Wou sinn d'Besoinen, déi nach net erfëllt sinn? Well ech soen net, et wier elo alles 100%eg, mir hunn och nach Problemer, well natierlech och de Passé, deen dréckt ëmmer e bëssen no. Mä ech gesinn elo net de Besoin, fir eng nei Evaluatioun ze maachen. Déi Evaluatioun maache mer permanent - permanent - an dat ass och déi richteg Approche. An ech mengen, et ass och eng gutt Geleeënheet gewiescht, fir déi eemol hei an der Chamber ze presentéieren, a mir kréien der wahrscheinlech jo nach.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Nach eng zousätzlech Fro? Oder sidd Der zefridden?

M. André Bauler *(DP).*- Här President, ech soe villmools Merci. Dat war ganz komplett.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da géife mer zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6989, enger Ofännerung vun eisem Code iwwert d'Aarbechtsgesetzgebung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An de Rapporteur, den Här Georges Engel, ass scho prett. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

6. 6989 - Projet de loi portant

1. modification du Code du travail;

2. modification de l'article 3 de la loi du 17 juin 1994 fixant les mesures en vue d'assurer le maintien de l'emploi, la stabilité des prix et la compétitivité des entreprises

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, wien huet sech net schonn opgereegt iwwer Aussoen, déi een héieren huet, wann Entreprisen e Marché kritt hunn an duerno en sous-traitance aner Entreprisë schaffe gelooss hunn, déi dann awer d'Aarbechtsgesetz net respektéiert hunn, och net d'Aarbechtskonditioune respektéiert hunn, weder d'Sécherheetsnach d'Gesondheetsmesuren um Chantier respektéiert hunn an domadder de Marché u sech verfälscht hunn an och hannergaangen hunn?

Ma, dëse Projet de loi, dee mer haut hei hunn, dat ass de Projet de loi 6989, och „Detachement" bei eis intern genannt, e wichtege Projet mat enger grousser Bedeitung fir eis hei zu Lëtzebuerg an - déi Klammer dierf mer erlaabt sinn - fir meng Partei, a fir mech selwer als LSAP-Deputéierten natierlech och. An ech sinn och iwwerzeegt, dass en heibanne bei all de Parteie grouss Zoustëmmung wäert fannen.

D'Zil sinn de Respekt an de Schutz vun de soziale Rechter, fir déi ze garantéieren an och ze verbesseren, dat ënner anerem am Kader vum Detachement, fir de sozialen Dumping ze bekämpfen an domadder och fir méi eng fair a méi eng loyal Konkurrenz tëschent den Entreprisen ze suergen. Sozialen Dumping, dee fir vill Onmutt a fir vill Ongerechtegkeet responsabel ass an deen et also gëllt, maximal och auszemäerzen.

Wat ass den Ursprong vun dësem Projet de loi? Dat ass eng Direktiv, d'Detachementsdirektiv 96/71 iwwert den Detachement vun Aarbechter, vun Travailleurs am Kader vun enger Prestation de services. Déi gouf ëmgesat an nationaalt Recht duerch d'Gesetz vum 20. Dezember 2002 an duerno och an de Code du travail integréiert. An engem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff vum 19. Juni 2008 ass dunn nach eng Kéier dëst Gesetz ofgeännert ginn duerch en neit Gesetz vum 11. Abrëll 2010. All dës Bestëmmunge solle sécherstellen, dass Entreprisen an hir Ugestallte kënne bannent der Unioun, mä ausserhalb vun de Landesgrenzen, wou d'Entreprisen hire Sëtz hunn a wou se etabléiert sinn, schaffen, an dat fir eng zäitlech limitéiert Period.

Dobäi mussen d'Ugestallten ënnert den aarbechtsrechtleche Bestëmmunge beschäftegt

ginn, déi am Land gëllen, wuer se detachéiert ginn. Domadder sinn net nëmmen d'Gesetzer gemengt, mä och d'Reglementer oder d'Kollektivverträg. Dat betrëfft zum Beispill déi maximal Aarbechts- an déi minimal Rouzäiten, d'Congéen, de minimale Salaire an d'Bezuele vun den Iwwerstonnen, d'Bestëmmungen an d'Regelungen a Saache Sécherheet a Gesondheet op der Aarbechtsplaz, de Schutz vun de schwangere Fraen, deenen, déi grad accouchéiert hunn, oder och deenen, déi nieren, de Schutz vu Jonken op der Aarbechtsplaz an de Respekt vun de Prinzipie vun der Égalité de traitement an de Kampf géint d'Diskriminatioun.

Well et awer ëmmer méi dacks Fäll gouf, wou d'Aarbechtsrecht trotzdeem op déi eng oder aner Aart a Weis ëmgaangen oder net respektéiert gouf, ass et néideg ginn, fir d'Direktiv vun 1996 ze iwwerschaffen. Dat war natierlech keng esou eng einfach Saach an enger Unioun, wou et ganz grouss Ënnerscheeder am Aarbechtsrecht ginn a wou d'Intérête vun de Länner dacks ganz wäit auserneeleien.

Duerfir ass hei och keng ganz nei Direktiv gemaach ginn, mä et ass eng Directive d'exécution gemaach ginn, déi de Länner soll d'Méiglechkeet an d'Mëttele ginn, fir seriö ze kontrolléieren, ob an dass d'Bestëmmunge vun der Direktiv vun 1996 respektéiert ginn, an deementspriechend och Sanktiounen ze huelen, wann dat net de Fall ass, well mir wëssen alleguerten: Mesuren déngen eréischt eppes, wann och Sanktiounen hannendrunhänken.

Déi wichtegst Neierungen, do hunn ech der hei dräi Stéck erausgepickt, déi fir mech emol déi wichtegst sinn. Dat heescht net, dass déi aner onwichteg sinn, mä ech hu mech op déi dräi wichtegst hei limitéiert.

Éischtens, dat ass d'Responsabilitéit vun den Entreprisen an de sougenannten „chaînes de sous-traitance". Dat heescht, eng Entreprise, déi en Optrag huet, an d'Aarbechten oder en Deel vun den Aarbechten en sous-traitance maache léisst, léist sech och domadder net aus der Responsabilitéit lass, wann de Sous-traitant d'Aarbechtsrecht net respektéiert. Dat war bis elo net de Fall a stellt hei e ganz grousse Fortschrëtt am Schutz vun de Rechter vun den Arbeitnehmer duer.

Déi zweet grouss Neierung: Et gëtt eng elektronesch Plattform ageriicht, déi all Prozeduren an d'Kontroll vereinfacht. De Badge social, an deem alleguer d'Donnéeë vun der Entreprise détachante a vum detachéierte Salarié gespäichert sinn, kann iwwert den elektronesche Wee ugefrot ginn, an all d'aarbechtsrechtlech Bestëmmunge ginn op dëser Plattform regruppéiert an och accessibel gemaach. Dat ass e wichtege Service fir d'Entreprisen, awer och fir d'Salariéen.

An dann, d'Lëscht vun den Dokumenter a Piècen, déi d'Entreprise détachante muss liwweren, gouf och à jour gesat, ënner anerem mat dem Relevé vun de geneeë Stonnen, déi geschafft goufen, fir kënnen ze kontrolléieren, ob de Salarié dann och richteg deementspriechend entlount gouf oder gëtt.

Zu deenen anere weideren Neierungen, déi och eng grouss Wichtegkeet hunn, zielt dann och eng verstäerkt administrativ Kollaboratioun tëschent den zoustännegen Instanzen um nationalen Niveau; dann d'Aféiere vun administrative Sanktiounen; d'grenziwwerschreidend Exekutioun vun de Sanktiounen an och den Amenden, an och eng besser Méiglechkeet fir de Salarié, fir eng Plainte ze maachen, wann him onrecht op senger Aarbechtsplaz an deenen heite Secteure gemaach gouf.

An net zulescht, an och dat ass eng ganz wichteg Neierung, d'Méiglechkeet fir d'ITM, fir e Chantier ze stoppen oder fir en zouzemaachen, an dat net nëmmen, wéi bis elo, bei sécherheetsrelevanten oder gesondheetstechnesche Bestëmmungen, mä och elo an dësem Projet de loi hei bei Verstéiss géint aarbechtsrechtlech Bestëmmungen. Dat ass ee ganz grousse Fortschrëtt!

Stéchwuert ITM: D'Inspection du travail et des mines huet eng, wann net souguer déi wichtegst, also d'Haaptroll hei ze spillen. Si brauch duerfir awer méi a besser Moyenen, fir kënnen hirer Aufgab gerecht ze ginn. An an deem Sënn soll een dann och d'Reorganisatioun an d'Modernisatioun vun der ITM gesinn, déi och amgaange sinn an déi och esou solle weidergoen.

En anere wichtegen Aspekt, dat ass, dass déi Bestëmmungen, déi hei an dësem Projet de loi festgehale ginn, net nëmme fir d'Entreprises détachantes zielen, mä och fir déi, déi hei zu Lëtzebuerg etabléiert sinn, dat konform zum Principe vun der Égalité de traitement.

Hei och dann erëm eng Kéier d'Date vum Projet de loi 6989, deen, wéi de President et richteg gesot huet, eng Modifikatioun vum Code du travail mat sech bréngt an eng Modifikatioun vum Artikel 3 vum Gesetz vum 17. Juni 1994, wat d'Mesures en vue d'assurer le maintien de l'emploi, la stabilité des prix et la compétitivité des entreprises mat sech bréngt. Den Dépôt war den 11. Mee 2016.

Den éischten Avis vum Statsrot war dee vum 11. Oktober 2016. Et waren doranner véier Oppositions formelles gréisstendeels technescher Natur, wou den Text huet missen adaptéiert ginn, wat och dunn an der Kommissioun gemaach ginn ass. Mir hunn Amendementen dunn den 23. November 2016 un de Statsrot geschéckt. An den Avis complémentaire ass dunn den 13. Dezember komm.

D'Chambre des Salariés, déi ass mat enger ganzer Rei vu Punkten aus dësem Gesetz natierlech d'accord, wou et drëm geet, fir d'Rechter vum Salarié ze schützen an auszebauen, kritiséiert awer, dass d'Regierung an hirem Projet de loi net méi wäit geet, wéi d'Direktiv gefuerdert huet. Si soen, et wär eng „transposition minimale".

D'Chambre de Commerce huet en Avis ginn den 22. Juli 2016. A si wéilt u sech d'Responsabilité solidaire limitéiert gesinn op de Secteur vun der Konstruktioun a just vis-à-vis vun de Sous-traitants directs. D'Chambre des Métiers huet den 13. Oktober en Avis ginn a gesäit dat äänlech wéi d'Chambre de Commerce. De Principe de responsabilité conjointe et solidaire geet hir ze wäit. Si proposéiert awer duerfir, d'Sanktiounen eropzesetzen, fir dass se wierklech eng ofschreckend Wierkung hätten.

D'Kommissioun huet sech a véier Reunioune gesinn an iwwert dëse Projet de loi geschwat. A wann Der gär weider Prezisiounen hätt, da kënnt Der dat gären a mengem schrëftleche Rapport vun insgesamt 44 Säite liesen.

Fazit ass, dass dat heiten e wichtege Projet de loi ass fir de Schutz vun de Rechter vun de Salariéen, där detachéierter an där net detachéierter, well dat heite gëllt och fir déi Lëtzebuerger Entreprisen. Et ass e Projet de loi, dee géint Abuse virgeet an och géint den Dumping social virgeet an duerfir u sech sech asetzt fir eng loyal an eng fair Konkurrenz tëschent de Betriber.

Dëse Projet de loi, an dat kënnt Der mer gleewen, steet eis alleguer ganz gutt zu Gesiicht, well e fir en Europa ass, wat net nëmme fir Ekonomie a Wirtschaft steet an d'Avantagë fir si bréngt, mä hei och konkret eng Europe sociale an de Vierdergrond setzt an de soziale Volet hei wierklech virhinner setzt, wou d'Leit eppes dovunner hunn. Ech wär frou, wann dat méi oft de Fall wär!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimadder och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. An als Éischten huet d'Wuert den Här Aly Kaes fir d'CSV.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV).*- Ech soe Merci, Här President. Merci wëll ech dann direkt dem Här Engel soen als Rapporteur an och President vun der Kommissioun vum Travail fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Jo, mir stëmmen haut en Text, wou d'Initiativ op eng Ausféierungsdirektiv vun 2014 zréckgeet. Wann ech soen „Ausféierungsdirektiv", bedeit dat jo, datt eng aner Direktiv där zugronn läit, an dat ass déi sougenannten „Entsenderichtlinn" vun 1996, déi mer - virdrun ass et scho gesot ginn - 2002 a Lëtzebuerger Recht ëmgewandelt hunn a wou mer zu méi engem spéiden Zäitpunkt och nach eng Kéier iwwer e Gesetz eng Rei Ännerunge gemaach hunn.

D'Haaptuleies vun der Direktiv ass et, op där enger Säit de Sozialdumping ze bekämpfen an op där anerer Säit fir eng méi loyal Konkurrenz an der EU ze suergen. Eng verstäerkt Integratioun vun der EU bedeit also net, wéi dat oft gär gesot gëtt oder och duergestallt gëtt, eng Verschlechterung vun de soziale Standarden. Am Géigendeel! An dat ass, mengen ech, och de Meritt vun der Direktiv vun 1996. Et ass drëm gaangen, déi minimal sozial Standarden, déi an engem bestëmmte Land sinn, ofzesécheren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 2014 goufe laut Zuele vun der Europäescher Unioun oder vun der EU-Kommissioun 1,9 Milliounen Aarbechter innerhalb vun der EU detachéiert. Dat ass net näischt. An trotzdeem bleift den Detachement e marginale Phenomeen um europäeschen Aarbechtsmaart.

Wa mer vun Detachement schwätzen, jo, da ginn domadder u sech dräi Phenomeener viséiert. Bon, den éischte Fall ass dee vun engem Betrib, deen am Kader vun engem Déngschtleeschtungsvertrag seng Aarbechter op e Chantier an en anert Land schéckt. Deen zweete Fall ass dee vun engem Detachement innerhalb vun engem Grupp, huele mer hei zum Beispill BNP Paribas, déi en Employé vu Paräis an hir Filial hei op Lëtzebuerg detachéieren. An den drëtte Fall ass dee vun enger Zurverfügungstellung vun engem Aarbechter duerch eng Interimsfirma an en anert Land. Dat sinn déi dräi Situatiounen, déi sech all ënnert dem Sammelbegréff vum Detachement u sech erëmfannen.

D'Grënn vun engem Detachement kënne ganz villsäiteg sinn. Oft spillen déi geografesch Proximitéit eng Roll, d'Käschten natierlech och oder e Manktum un Aarbechtskraaft respektiv qualifizéiertem oder spezialiséiertem Personal. Den Detachement kreéiert Aarbechtsplazen am Heemechtsland an hëlleft awer och an dem Gaaschtland. Duerfir ass den Detachement u sech einfach näischt Verwerfleches.

Et gesäit een also, datt Bannemaart a sozial Rechter u sech kee Widdersproch sinn, mä Hand an Hand ginn. Mir stäerken haaptsächlech d'Rechter vun den Aarbechter, déi op Lëtzebuerg detachéiert ginn, a schützen déi einheimesch Betriber virun deloyaler Konkurrenz aus dem Ausland; eng Win-win-Situatioun also.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll da virun allem engersäits op dat agoen, wat mer an dësem Projet de loi begréissen, awer och op e puer Saachen, wou mer dach als CSV e wéineg Bedenken hunn.

Mir begréissen, datt d'Regierung op de Wee geet, dee schonn u sech d'CSV/DP-Regierung 2002 ageschloen hat, näämlech datt d'Regelen iwwert den Detachement net nëmmen um Bau spillen, mä sämtlech Secteure vun der Ekonomie solle betreffen. Fir den Aarbechter besser ze schützen, féiert d'Direktiv déi sougenannt Responsabilité verticale an. De Rapporteur ass awer och schonn heirop agaangen.

An deem Kontext ass et och net verwonnerlech, datt mer divergent Avise vun deene verschiddene Beruffschamberen hunn. D'Handelskummer an och d'Handwierkerkummer hunn dozou speziell divergent Avise ginn. Wärend d'Chambre de Commerce mengt, dës Responsabilitéitsmechanisme sollte just op de Konstruktiounssecteur applikabel sinn, gesäit d'Chambre des Métiers näischt, wat dergéint schwätzt, datt sämtlech Betriber, egal a wéi engem Secteur se aktiv sinn, sech deenen nämlechte Spillregele musse beugen.

Bon, Madamm Presidentin, wat bedeit dat? Ma dat bedeit ganz einfach, datt den Optraggeber eng Informatiounsflicht géintiwwer vun der Inspection du travail et des mines huet. Dësen huet och d'Verflichtung oder d'Flicht, säi Vertragspartner, soubal e vun der ITM doriwwer informéiert gouf, opzefuerderen zum Beispill, dee legalen oder konventionelle Salaire ze bezuelen. Dës Flichte spillen net nëmmen am Fall vun engem Detachement, mä och ganz einfach, an dat ass och virdru scho gesot ginn, an engem reng Lëtzebuerger Kader. Dat ass zwar laut Direktiv nëmme fakultativ. Mir fannen et awer nëmmen normal, datt hei de Gesetzgeber dës Optioun opléisst.

Sollt den Optraggeber sengen Obligatiounen net nokommen, dann ass hien zesumme mat sengem Vertragspartner haftbar, wat zum Beispill de Salaire oder och d'Cotisations sociales ugeet, a riskéiert och ganz kloer nach eng administrativ Strof.

Positiv ass och ze bewäerten, datt d'Direktiv virgesäit, datt déi national Autoritéit, dat heescht an eisem Fall d'ITM, kann d'Realitéit vun engem Detachement préiwen. Et kann näämlech net sinn, datt e Lëtzebuerger Betrib sech op där anerer Säit vun der Grenz installéiert, néierléisst, ouni awer do eng reell Aktivitéit ze hunn, mä just hei am Land aktiv ass, mä dat do ganz einfach mécht, fir laanscht dee méi héije Mindestloun an eisem Land ze kommen. Och fanne mer et gutt, datt d'Inspektere vun der ITM an Zukunft net nëmme bei Verstéiss géint d'Sécherheets- oder Gesondheetsschutzregelen, mä méi generell bei Verstéiss géint d'Aarbechtsrecht décidéiere kënnen, e Chantier zouzemaachen. Hei mussen d'Inspekteren uerdentlech geschoult ginn, fir datt d'Moossnamen net disproportionéiert si par rapport zu de festgestallte Verstéiss.

D'CSV begréisst och, datt déi administrativ Strofen, déi vum Direkter vun der ITM kënne gesprach ginn, am Fall vun engem Detachement pro detachéierte Salarié berechent ginn. Gutt fanne mer och, datt am digitalen Zäitalter villes iwwer eng elektronesch Plattform ka gehandhabt ginn.

Dann hu mer awer och, an ech hunn et virdrun ugedeit, eng Rei Bedenken. Mir schreiwen zum Beispill elo jo an dat Gesetz an, datt d'Gewerkschafte Recourse kënnen aleede fir detachéiert Salariéen, ouni datt si vun deenen en explizitte Go kritt hunn. An anere Wierder muss e Lounempfänger sech an Zukunft wieren, wann hien u sech net wëllt, datt en aneren eppes a sengem Numm mécht. Wann dëst eventuell Sënn mécht am Context vun engem Detachement, wou de Salarié riskéiert, iwwert d'Ouer gehaen ze ginn a kuerz drop net méi am Land ass a Schwieregkeete praktescher a finanzieller Natur huet, fir säi Recht anzekloen, da seet d'CSV ganz kloer, da versti mer dat, mä et muss u sech eng Ausnam bleiwen. Et kann einfach net esou sinn, datt een net awer de Jo vun enger Persoun huet, ier een e Recours am Numm vun där Persoun mécht. Dat wëll ech och ganz kloer hei als fréiere Gewerkschaftler soen.

Bedenken hu mer och, wann et drëm geet, d'ITM heimadder ze befaassen. Dat huet näischt mat de Mataarbechter ze dinn, déi momentan an der ITM schaffen. Ech denken, datt déi Leit absolutt hire Soll erfëllen, mä einfach dorënner leiden, datt dëse Betrib net esou opgestallt ass, wéi dat misst sinn, fir all deenen Aufgabe gerecht ze ginn. D'ITM kann näämlech dës Mammutaufgab just stemmen, wa se iwwert déi néideg personell Ressourcë verfüügt, an dat virun allem um Niveau vun enger ganzer Rei vun Inspekteren, déi och op den Terrain ginn.

Madamm Presidentin, an deem Sënn wëll ech och soen, dëst bréngt mech zu engem, jo, dach éischter morosen Ausbléck, wat déi konkret Applikatioun vun där neier Gesetzgebung ugeet. Am Rapport annuel vum Joer 2015 vun der ITM - ben, dee vun 2016 hu mer jo nach net - steet u sech: « (...) prochainement l'ITM devra faire face à un nombre subséquent de départs en retraite, ce qui aura pour conséquence qu'un nombre important d'agents, à savoir 36 devront être recrutés à brève échéance. « Cette problématique de la pyramide d'âge du personnel de l'ITM est le fruit d'une politique de gestion désastreuse des dernières 15 années.» Dat stoung am Rapport annuel vun 2015. An deem steet och, datt u sech d'Bilanz vun den Départs an Arrivéeë bei der ITM e Minus vu ronn aacht Persounen oder vun aacht Persounen opweist.

Datt d'ITM notoresch ënnerbesat ass, wat besonnesch d'Inspekteren ugeet, ass jo spéitstens zanter dem Aarbechtsminister sengem Virstouss vun 2015 bekannt. „E Schëff ouni Kapitän" hat hien d'ITM betitelt. Ech muss awer do soen, datt den Här Schmit jo awer selwer sechs Joer an deem Dossier en charge war! Haut misste mer dann den Titel „e Schëff ouni Inspekteren" oder „mat ganz wéineg Inspekteren" vläicht als neien Titel fir d'ITM hunn.

D'ITM, jo, schreift dann och nach an hirem Rapport annuel vun 2015, datt si à même ass, maximal 10 bis 15 Inspekteren d'Joer auszebilden. Der ITM hir Konklusioune sinn u sech esou, datt dat just duergeet oder emol net duergeet, fir déi Leit ze ersetzen, déi a Pensioun ginn.

Duerfir ass eppes ze befäerten, wat ech iwwregens och schonn - ech mengen, Dir wësst et - an der Kommissioun gesot hunn a kuerz ugeschwat hunn: datt dëst Gesetz zumindest kuerzfristeg - a mengen Aen, an eisen Aen - e Pabeiertiger bleift. De Kampf géint den Dumping social ass also de Moment just, jo, fir politesch Sondesriede gutt! Um Terrain wäert et weider haperen. Ech loosse mech awer gären, Här Minister, enges Bessere beléieren.

Am Rapport vun der ITM geet awer och rieds vun enger neier Inspekteschcarrière, enger Carrière, déi sech soll un där vun der Police an der Douane inspiréieren. An enger Äntwert op eng parlamentaresch Ufro vun eiser Fraktioun ass de Minister Kersch net op eis Fro agaangen. Vläicht kann awer den Aarbechtsminister eis jo dann erklären, ob dat eng Pist ass, déi och vun der Politik gedroe gëtt, a wa jo, wou déi Aarbechten dru sinn.

De Statsrot schreift a sengem Avis: «La réforme à opérer par le projet de loi constituera dès lors un progrès indéniable, même si les mesures contenues n'apportent aucune solution aux problèmes fondamentaux dénoncés par les syndicats et les employeurs nationaux, dans la mesure où les règles de concurrence restent toujours faussées du fait que les salaires, mais aussi les charges sociales, et par conséquent les droits sociaux, sont loin d'être comparables entre les pays de l'Europe de l'Ouest et les pays de l'Europe de l'Est ayant récemment adhéré à l'Union européenne après l'entrée en vigueur de la directive de 1996.»

Ech hunn et schonn ugedeit, ech hat et u sech wierklech ugedeit: Eng éischt Propositioun, déi déi Direktiv vun 1996 soll iwwerschaffen, läit mengen Informatiounen no vir. Hei soll d'Chambre des Salariés jo och schonn en Avis derzou ginn hunn. Vläicht kéint den Här Minis-

ter eis e puer Wuert zum Stand vun dësen Diskussioune soen.

Ech wëll dann och kuerz op e puer Moossname verweisen, jo, déi eis am Kampf géint den Dumping social sécher kéinte virubréngen. D'Chambre des Métiers proposéiert an deem Kontext näämlech eng Rei interessant Pisten. Eng vun deene Pisten ass, datt een am Virfeld vun ëffentlechen Ausschreiwunge préiwe misst, ob auslännesch Entreprisen hir Steiere bezuelen, hir Soziallaaschte bezuelen, hir TVA bezuelen. Domadder kéint ee verhënneren, datt eis inlännesch Betriber, déi hire Flichte gewëssenhaft nokommen, duerch deloyal Konkurrenz aus dem Ausland benodeelegt géife ginn. Do hëlleft natierlech d'Detachementsgesetzgebung net, well déi u sech eréischt zum Droe kënnt, nodeem datt d'Ausschreiwung getätegt ass an nodeem datt de Projet dann an d'Realitéit ëmgesat gëtt an d'Leit detachéiert ginn.

Zweetens: Betriber, déi hire soziale Flichten net nokommen, an dat zu widderhuelter Kéier, solle kënne ganz einfach vun enger Ausschreiwung ausgeschloss ginn. Ech denken, jo, datt dat awer wichteg Usätz sinn, fir dem Sozialdumping op d'Schléch ze kommen.

An deem Sënn, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, wëll ech duerfir ofschléissend awer kloer soen, datt mir als CSV dëse Projet de loi wäerte stëmmen. Ech ginn also domadder den Accord vun eiser Fraktioun zu engem Gesetzesprojet, deen eis soll géint Sozialdumping an deloyal Konkurrenz schützen. De System steet a fält natierlech, esou wéi ech dat scho gesot hunn, mat deem, wéi d'Inspection du travail et des mines kann intervenéieren. Nëmme wa si capabel ass, déi néideg Kontrollen ze maachen, kann dëst Gesetz eis och um Terrain wierklech e Schratt weiderbréngen.

An deem Sënn, Merci fir d'Nolauschteren!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kaes. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler *(DP).*- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Sozialdumping ass kee Kavaléiersdelikt! Et ass de bewosste Versuch, fir geltend Aarbechtsrecht ze ëmgoen an d'Sozialversécherungen ze beducksen. Salariéen, déi hei liewen a schaffen, solle géint Salariéen, déi detachéiert ginn, ausgespillt ginn. Dat féiert zu Ausbeutung an onfairer Konkurrenz.

Et kann ee sech awer kee Bannemaart virstellen ouni gläich Rechter fir all Salarié fir eng gläichwäerteg Aarbecht. Dat fräit Spill vun der Konkurrenz ass net denkbar, jo, et gëtt zur Farce, wann net gläichzäiteg d'Rechter vun de Salariéen an den Entreprisë geschützt ginn. Am Fall, wou ee sech net un d'Spillregelen hält, musse Verstéiss entspriechend sanktionéiert ginn. Dat gesäit de virleiende Gesetzesprojet, de Rapporteur huet et gesot, vir.

D'Direktiv „Détachement" huet, wéi de Rapporteur et ganz richteg a sengem Bericht geschriwwen huet, eng duebel Zilsetzung: Et geet engersäits drëms, déi detachéiert Salariéen an hir Rechter besser ze schützen, an anerersäits eng loyal Konkurrenz tëschent de Betriber an der Europäescher Unioun ze garantéieren.

Den éischten Objectif ass ganz staark mam zweete verbonnen! Wéini entsteet eng Concurrence déloyale am Kader vum Detachement? Dat ass de Fall, wann detachéiert Aarbechter als bëlleg Aarbechtskraaft ausgebeut ginn a fir en Apel an e Stéck Brout schaffe mussen. Dat ass de Fall, wann irresponsabel Patrone sech en illegitimme Virdeel par rapport zu der Konkurrenz verschafen, ze verschafe versichen.

Et ass d'Problematik vum sougenannten Dumping social, déi a ganz Europa an och hei zu Lëtzebuerg eng traureg Realitéit ass. Virun allem de Bau-, de Botz- an och de Logistiksecteur sinn dem Risiko vum Dumping social ausgesat. Et sinn dacks Aarbechter, déi frësch an d'Land kommen, déi Affer vun deem Dumping kënne ginn, Aarbechter, déi keng vun eise Sprooche schwätzen an dofir och net genuch iwwer eis Legislatioun informéiert sinn.

Et gëtt wéineg Punkten, wou d'Patronat an d'Gewerkschafte sech esou eens sinn, wéi bei dëser Problematik: De sozialen Dumping schuet letztlech jiddwerengem, deene betraffenen Aarbechter an den éierleche Betriber, déi sech un d'Spillregelen halen. De Phenomeen vum Dumping social am Allgemengen an d'Schwaarzaarbecht am Spezielle schueden a leschter Konsequenz och a grad dem Steierzueler, also dem Stat an engem dach erhiefleche Mooss.

Mir schwätzen also haut vun enger Problematik, déi eigentlech jiddweree vun eis betrëfft. Net fir näischt huet d'Handwierkerfederatioun sech schonn am Abrëll 2015 vum Sozialdumping distanzéiert. Ënnert dem Titel „Sozialdumping gefährdet Unternehmen und Arbeitsplätze" schreiwen hir Verantwortlech folgend Sätz: „Der Respekt der in Luxemburg geltenden Sozialstandards und der Kollektivlöhne ist in den Augen des Handwerks die Grundvoraussetzung für faire Konkurrenzbedingungen. Gerade Handwerksbetriebe, die auf qualifizierte und motivierte Mitarbeiter angewiesen sind, haben ein großes Interesse an fairen und stabilen Arbeitsbedingungen". Enn vum Zitat.

Fir d'DP steet op alle Fall fest, datt ee fir déi nämlecht Aarbecht deen nämlechte Loun muss bezuelt kréien, „nämlecht" am Sënn ze verstoen, datt och de Salaire vun engem detachéierten Aarbechter den aarbechtsrechtleche Bestëmmunge gerecht gëtt, y compris dat, wat iwwert d'Kollektivvertrag geregelt ass. Et gëllt, mat alle Mëttel déi negativ Effekter vun eventuelle Rabatter op Léin ze vermeiden, souwéi all Forme vu Mëssbrauch a Gefuddels bei de soziale Cotisatiounen.

Méi streng Regelen am Kader vum Detachement si wichteg a richteg, mä wéi esou dacks si méi streng Regelen nëmme wéineg wäert - och mäi Virgänger oder mäi Virriedner sot dat -, wann d'Anhale vun dëse Regelen net op eng wierksam Aart a Weis kontrolléiert gëtt a Verstéiss net konsequent sanktionéiert ginn.

Dat gëllt net nëmme fir den Detachement, well, kommt, mir maachen eis näischt vir: Et gëtt och ausserhalb vum Detachement Mëssbräich an Aarbechter, déi net dee Loun bezuelt kréien, dee si zegutt hätten! Et héiert een och geleeëntlech vu Fäll, wou e groussen Deel vum Salaire direkt agehale gëtt, fir de Logement an d'lessen ze bezuelen. Wann een dann iwwerhaapt vu Logement schwätze kann! Do gi Leit gezwongen, an aarmséilege Behausungen ze liewen. Et huet ee souguer héieren, Aarbechter hätten am Réibau vun engem Appartementshaus musse schlofen!

Madamm Presidentin, d'ITM kritt mat dësem Gesetz nei Mëttel zur Verfügung gestallt, déi mer ausdrécklech begréissen; virun allem d'Zoumaache vun engem Chantier no der Feststellung vun Infraktioune géint dat geltend Aarbechtsrecht. Dat ass e wesentlecht Instrument.

Wa mer effikass Kontrolle wëllen, brauche mer also eng handlungsfäeg ITM. Bis ewell war d'ITM e Pabeiertiger. Si konnt bis ewell nëmmen Infraktioune feststellen a se dann un de Parquet weiderleeden. De Parquet konnt dann eng Prozedur, dacks eng schwéierfälleg Prozedur, an d'Wee leeden, déi Jore gebraucht huet, bis en Uerteel konnt gesprach ginn.

Fir awer kënnen effikass ze schaffen, fir um Terrain kënne gefaart ze ginn, mussen der ITM Zänn wuessen. An dofir brauch se méi Mëttel a méi Leit. Leit, déi ausgebilt sinn; Inspecteurs du travail, fir se richteg ze betitelen. 2015 goufen där insgesamt 14 agestallt. Den Direkter vun der ITM, den Här Boly - an engem Interview am „Lëtzebuerger Land" konnt een dat noliesen - peilt der 200 an zéng Joer un, fir datt d'ITM wierksam schaffe kéint. Dës Leit mussen eng spezifesch Formatioun kréien, fir hirer komplexer Kontrollmissioun gerecht ze ginn. An dat brauch natierlech Zäit. No jorelaangem Ofwaarden huet d'Ëmstrukturéierung vun der ITM ugefaangen a si muss natierlech och elo konsequent weidergefouert ginn.

Mir sinn eis bewosst, datt déi Leit, déi Inspecteurs du travail, déi gesicht ginn, net einfach kënnen aus dem Hutt gezaubert ginn. Den Nicolas Schmit huet dësen Dossier elo an Ugréff geholl. „Mat Retard", soen d'Kritiker; ma ëmmerhin, den Nicolas Schmit an d'Regierung hunn d'Problematik erkannt a kenne genee d'Erausfuerderungen, déi op d'ITM an enger ëmmer méi komplexer Aarbechtswelt waarden.

Och d'Aféierung vun administrative Strofen ass e grousse Fortschrëtt par rapport zur aktueller Situatioun. Verstéiss musse séier bestrooft kënne ginn a mussen och wéidoen. Wann ee keng Konsequenzen ze fäerten huet, dann hält ee sech net un d'Regelen. Dat stécht an der Natur vum Mënsch an dat ass och hei net anescht.

Doriwwer eraus drängt sech fir eis als Demokratesch Partei eng méi breet Zesummenaarbecht tëschent de Verwaltungen op, déi ënnerschiddlech Kompetenzen hunn. Dir kennt se alleguer: Nieft der ITM sinn dat d'Douane, de Parquet, d'Police, d'Santé, d'Sécurité sociale an och d'Buergermeeschteren.

Déi eenzel Schrauwen am System mussen aneegräifen. Nëmmen an enker Concertatioun léisst sech de sozialen Dumping wierksam bekämpfen. Dofir ass et och gutt, datt eng Rei vu staatleche Verwaltungen an d'Kontrolle vun der ITM agebonne ginn, associéiert ginn, denke mer un d'Direktioun vun der Immigratioun, denke mer awer och un d'Bauverwaltung an un d'Bâtiments publics.

En anere Problem, dee mat dësem Projet de loi geléist soll ginn, Madamm Presidentin, dat ass hei d'Responsabilitéit vun de Firmen an der Kette vun enger oder méi Sous-traitancen. Et kann net sinn, datt een all Verantwortung ofgëtt, wann een en Optrag iwwert d'Sous-traitance ofwéckelt an een oder méi Sous-traitanten dann d'Spillregelen net respektéieren. Et huet een och als Betrib eng Verantwortung, derfir ze suergen, datt déi Firmen, mat deenen een zesummeschafft, sech un d'Gesetzer halen! Wann e Sous-traitant eng qualitativ schlecht Aarbecht mécht, da wëllt jo och kee méi mat deem zesummeschaffen. Dofir ass de Prinzip vun der sougenannter vertikaler Responsabilitéit ze begréissen.

Natierlech hunn och de Stat an d'Gemengen als grouss Optraggeber hir Verantwortung ze droen. An Zukunft soll et méiglech sinn, sozial Kritären an déi ëffentlech Ausschreiwungen ze setzen. Mä firwat net e Schratt méi wäit goen an Entreprisen, déi e puermol géint d'Aarbechtsrecht verstouss hunn, fir eng bestëmmten Zäit ganz vun ëffentlechen Ausschreiwungen ausschléissen?

Ech sinn och frou, datt den Här Nohaltegkeetsminister hei präsent ass nieft dem Aarbechtsminister. Ech denken, datt hei dëse Sujet souwuel hie wéi och den Aarbechtsminister natierlech selwer concernéiert.

Ech wëll elo net an den Detail vun de Moossname goen. De Rapporteur huet dat scho gemaach. Wichteg ass fir eis, datt dëst Gesetz de Wee fräi mécht fir eng strikt Chancëgläichheet op eisem nationale Maart, déi souwuel den éierleche Betriber wéi och de Salariéen, ob detachéiert oder net, zegutt kënnt. Mir akzeptéieren net, datt duerch eng regelméisseg Concurrence déloyale souwuel d'Rechter vun eise Betriber wéi och d'Rechter vu ville Salariéen a Fro gestallt ginn.

De Schued, deen onéierlech Patronen duerch Loundumping uriichten, ass dacks ganz héich. Duerch si kënnen aner Betriber, notamment bei ëffentlechen Ausschreiwungen, e kloren Nodeel hunn. Jo, hir Existenz kann um Spill stoen. Esou gesinn, ass de Loundumping en Jobkiller.

Mir als Demokratesch Partei wëllen eng fair Konkurrenz. Dat bedeit och, datt all klengen a mëttelgrousse Betrib e besonnesche Schutz genéisse muss, fir datt en iwwerliewe kann. Et ka jo net sinn, datt onfair Patrone mat onfaire Methoden a Bezuelungen dëse Betriber de Botter vun der Schmier huelen. Hei geet et schliisslech och ëm de Respekt vu mënschewürdegen Aarbechtskonditiounen.

Awer fir eis Liberaler steet de fräien a verantwortungsvolle Mënsch am Mëttelpunkt. Loosst mech an deem Kontext e Passage aus eisem Grondsazprogramm zitéieren, un deen de Gusty Graas, eise fréiere Fraktiounssekretär, mech an de leschten Deeg eemol erënnert huet: „Freiheit bedeutet Vielfalt der Ideen und Wettbewerb in einem freien Markt. Dabei steht der Mensch im Mittelpunkt: Sein Wohlergehen muss Ziel des Wirtschaftens auch in einer globalisierten Welt sein." An e bësse méi wäit steet do ze liesen: „Blinde Profitsucht ohne gesellschaftlich dauerhafte Zielsetzung bringt keinen Fortschritt."

Dat ass esou treffend an eisem Grondsazprogramm formuléiert, datt een deem och näischt méi bäizefüge brauch. Mir begréissen also d'Ëmsetzung vun der Direktiv „Détachement" an eist nationaalt Recht.

An ech däerf dann och, Madamm Presidentin, fir meng Fraktioun den Accord fir dëse Gesetzesprojet ginn, ouni awer ze vergiessen, dem Kolleeg Georges Engel, dem Rapporteur, fir säi komplette schrëftlechen a mëndleche Rapport Merci ze soen. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Bauler. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gast Gibéryen.

Plusieurs voix.- Nee, nee, nee.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Nee? Uh, entschëllegt!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Elo hat ech bal en Häerzinfarkt kritt.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mir och!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Entschëllegt. Den Här Anzia. Et sinn Intendance-Problemer op menger Lëscht. Den Här Anzia huet d'Wuert.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll dem Här Gibéryen natierlech nach e bëssen Zäit loossen, fir eben dann an de Fong vun der Virbereedung nach vläicht weider anzegoen.

Ech soen dem Rapporteur e grousse Merci, dem Georges Engel, deen e ganz detailléierte schrëftleche Rapport gemaach huet an och en ausféierleche mëndleche Rapport. Ech wäert och probéieren, all déi Saachen, déi vu menge Virriedner gesot si ginn, net alleguerten opzegräifen. Ech soen awer och de Mataarbechter vun der ITM e Merci, déi ech nach relativ kuerzfristeg um Télefon hat, fir eben och déi lescht Zuele vum Detachement ze kréien.

De Projet de loi, dee mer haut hei debattéieren, iwwert den Detachement - Detachement: Entsendung oder Posting vun Aarbechter - ass e wichtege Projet, deen a sech d'Grondregele vun der EU jo betrëfft, an zwar d'fräi Zirkulatioun vu Wueren a Leit an Déngschtleeschtungen. An dëse Projet de loi soll natierlech och, wéi de Virriedner ganz richteg gesot huet, géint de sozialen Dumping wierken, well dëse Projet de loi eiser Meenung no, der grénger Meenung no, och gutt fir de Salarié ass. En ass och gutt fir den Handwierker, en ass gutt fir d'Betriber.

Den Detachement vun Aarbechter, dee geet awer an zwou Richtungen: Déi éischt, dat ass déi aus dem Ausland op Lëtzebuerg. An déi stinn och ënnert dem Contrôle vun dësem Detachementsgesetz, vun der ITM. An déi zweet, déi geet vu Lëtzebuerger Firmen an d'Ausland. An do ginn ech e bësse méi spéit drop an, just fir dass een e bëssen en Zueleverglach huet. An do leien a sech d'Zuele vun der Sécurité sociale vir.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech kommen also zu där éischter Grupp vun Detachement: aus dem Ausland op Lëtzebuerg. D'Zuelen hei aus de Rapporten 2014-2015 respektiv déi nei Zuelen 2016, wou de Rapport nach aussteet, déi sinn awer scho relativ beandrockend, och wann een d'Entwécklung vun dësen Zuele kuckt.

2014 hate mer am Detachement zu Lëtzebuerg ronn 39.000 Salariéen; 2015 der 66.000; 2016 81.000. Dovu betraff - an deen Zouwuess ass awer net esou riseg - vun Entreprisen: 2014 mat 2.300 Entreprisen; 2015 2.500 Entreprisen; 2016 der 2.700. Wou déi Zuel awer ze erklären ass, wou déi méi Salariéen hierkommen, dat ass, wann een d'Deklaratioune kuckt, déi déi Entreprisen hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn. Déi gi vun 2014 vu ronn 12.000 op 2016 op 26.800 Deklaratiounen erop. Dat sinn also ganz, ganz vill Aarbechter, déi hei betraff sinn. An dofir ass dëst Gesetz, dat mer de Mëtteg hei debattéieren an och hoffentlech zesumme stëmmen, esou wichteg.

Ech setze just nach eng Kéier déi Zuele mat de Statistikzuele vun 2015 e bëssen an de Verglach. Ech hat gesot, 2015 ware 66.000 Salariéen am Detachement. Wann ech dat vergläiche mat den Zuele vum Marché d'emploi, dann hate mer 2015 405.000 Leit, déi hei zu Lëtzebuerg geschafft hunn. An dovu waren der 160.000 Salariéen. Mir hunn also do e ganz grousst Verhältnis vu 66.000 zu 162.000 Frontalieren, déi hei schaffen. Dat sinn also ganz vill Leit, déi am Detachement hei zu Lëtzebuerg ënnerwee sinn.

An dofir, mengen ech, ass et och gutt a richteg, dass elo d'Obligatioun agefouert gëtt duerch d'Gesetz, dass de Badge social muss genotzt ginn. Dat vereinfacht villes. De Badge social, ech komme ganz kuerz drop zréck, dat ass a sech eng Fiche, déi ausgestallt gëtt pro Salarié, an zwar andeem dass déi Firmen um „e-Détachement", engem Internetsite vun der ITM, eng Deklaratioun maachen.

Ech mengen, domat ass also och ganz kloer d'ITM an der Neizäit 4.0 ukomm. Dës Plattform, déi erméiglecht et deenen Entreprisen also ganz einfach, dass se kënnen hiren Detachement deklaréieren. De Badge gëtt ausgestallt an dee weist pro Salarié aus, wien den Aarbechter ass, wien déi Sociétéit ass, déi en da beschäftegt, wat fir e Chantier et ass a wéi d'Durée vun deem Detachement ass. Also ganz vill Donnéeën, déi der ITM zouspillen, an en plus gëtt ganz einfach dee Badge social per QR-Code op enger Tablett gescannt, an da brauch een net vill Paperassë matzeschleefen.

An de Badge social, dee schonn 2014 - op jidde Fall do hunn ech en an der Statistik erëmfonnt -, spéitstens dunn agefouert gi war, ass och gutt ugeholl gi vun den Entreprisen. 2014: Vun zirka 11.000 Operatioune sinn där ëm 7.000 iwwert de Badge social elo schonn ofgedeckt gewiescht. Dat waren also e bësse méi

wéi 60%. Dofir, wann dat elo per Gesetz agefouert gëtt, dann ass et och, mengen ech, vill méi einfach fir d'ITM, déi Kontrollen ze maachen.

Ech kommen awer nach eng Kéier op deen zweete Volet zréck, deen den Detachement betrëfft, an dat ass deen, deen net iwwert d'ITM ofgedeckt ass, mä iwwert d'Sécurité sociale. Dat ass dee vun de Lëtzebuerger Firmen, déi am Ausland schaffen. An do hunn ech de Rapport hei virleien. Bon, deen ass iwwert d'Joer 2015. Dat sinn a sech déi Zuele vun engem bestëmmten Dokument A1, dat d'Sécurité sociale op d'EU dann ebe mellt. Dat ass den „Posting of workers", deen ass gemaach ginn am Dezember 2015.

A ganz interessant: Do si mir als Lëtzebuerger zweemol de Spëtzereider an Europa - a relativen Zuelen -, an zwar eng Kéier an de relativen Zuele mat 20,7%, steet hei am Rapport, vun deenen, wou a sech Leit higesant ginn. Dat wieren also zirka 80.000 Salariéen, déi a sech vu Lëtzebuerg aus da géifen an d'Ausland gesant ginn.

Da si mer awer och nach eng Kéier Spëtzereider bei den „receiving member states", dat heescht déi, déi a sech op Lëtzebuerg detachéiert ginn. An dat wieren 9%, ongeféier da 35.000 Salariéen.

Dat deckt sech ongeféier mat de Statistike vun der ITM. Et muss ee wëssen, déi heiten Zuelen, déi ech genannt hunn, dat huet näischt mat der ITM ze dinn, mä awer trotzdeem, dann huet een eng Gréisstenuerdnung vun deene Salariéen, déi och vu Lëtzebuerg aus an d'Ausland ginn. An dofir ass et esou wichteg, dass den Detachement op EU-Niveau geregelt ginn ass, well en an zwou Richtunge geet. An dofir soll och den Dumping social natierlech an déi zwou Richtungen och betruecht ginn.

D'Kontroll duerch d'ITM, ech hat et scho gesot: Iwwert dee Badge social, iwwert dee QR-Code ass dat relativ einfach ze kontrolléieren. An ech ginn natierlech och gär menge Virriedner recht, dass et wichteg ass, dass entspriechend d'ITM och Inspektere bäikritt, wou mer an der Kommissioun awer och ganz kloer gesot kritt hunn, dass 2016 därer 14 rekrutéiert gi sinn an och 2017 nach eng Kéier 4 Inspecteurs du travail géife rekrutéiert ginn.

An et ass och gesot ginn, dass et net duergeet mam Wëllen, deen den Här Minister Schmit eben och ganz kloer ausgedréckt huet, fir ze rekrutéieren iwwert d'ITM, mä da muss een och déi Kandidate fannen, déi déi Eegenschaften hunn. A wann dee Chiffer, deen och do genannt ginn ass, korrekt ass, dann huet een do en Taux de réussite vu 25% vun deene Leit am Concours. Da weess jo och jiddwereen, wou déi Problematik och hierkënnt, fir dass eben déi entspriechend Leit do kënnen agestallt ginn!

D'ITM kritt hei nei Aufgaben. Si muss a sech ënner anerem och déi Gesamtbewäertung maache vun deene Leit, déi heihinner schaffe kommen, an Zesummenaarbecht mat den Administratiounen aus deenen aneren europäesche Länner. An ech mengen, do kommen zousätzlech Aarbechte bäi, an dofir ass et wichteg, dass se sech och entspriechend ka personell korrekt opstellen.

Fir de Résumé vu menger Interventioun ze maachen: Dëse Projet de loi ass eng wichteg Moossnam géint den Dumping social, gutt fir d'Salariéen, gutt fir d'Entreprisen hei zu Lëtzebuerg. D'ITM kënnt aus dem Postkutschenalter an der Neizäit un, mat dem Badge social. D'Kontrolle gi méi einfach.

An ech mengen, dat wier et. An domat ginn ech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun an ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Anzia, deem ech awer wëll soen, dass en net vun der Presidentin vergiess gi war.

(Interruption)

Dann, deen nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll virop och dem Kolleeg Georges Engel Merci soe fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport zu dësem dach awer wichtege Projet de loi, dee mer haut de Mëtten hei iwwert den Detachement diskutéieren an och wäerten ofstëmmen.

Ech mengen, et steet eisem Parlament gutt zu Gesiicht, datt mer am Fong bei esou engem Gesetz eng relativ Unanimitéit heibannen hunn an datt mer alleguer iwwerzeegt sinn, wéi wichteg datt esou e Gesetz wéi dat heiten ass. Et ass sécherlech net an all Parlament, wou dat de Fall ass. An duerfir solle mer ëmsou méi frou sinn, datt mer hei am Parlament awer praktesch a Gesetzer wéi deem heiten ëmmer eng grouss Majoritéit, wann net souguer eng Eestëmmegkeet, fannen.

Et geet drëm, sozial Rechter iwwert d'Grenzen ewech ze garantéieren a wa méiglech och nach auszebauen. Et geet drëm, de sozialen Dumping iwwert d'Grenzen eraus ze bekämpfen. An et ass scho gesot ginn: Wa mer vun enger Bekämpfung vum sozialen Dumping schwätzen, dann ass dat net nëmme fir d'Salariat wichteg, mä et ass och, fir déi Entreprisen, déi sech un d'Gesetzer halen, déi sech un eis sozial Bestëmmungen halen, déi sech un d'Kollektivverträg halen, fir déi ze schütze vis-à-vis vun enger deloyaler Konkurrenz.

Et ass also fir déi zwou Säite wichteg, datt mer esou gesetzlech Bestëmmunge maachen. Duerfir ass et och wichteg, well dat muss kontrolléiert ginn, datt mer d'ITM ausbauen a se en mesure setzen, fir iwwerhaapt kënnen déi Kontrollen ze maachen.

De Kolleeg Gérard Anzia huet elo grad hei d'Zuele genannt vun deene Leit, déi do drënnerfalen, an dat sinn der vill. A wa mer wëssen, wéi vill Leit do drënnerfalen, da wësse mer och, datt deementspriechend Kontroll muss gemaach ginn. Well dat do sinn am Fong déi Fäll, wou d'Kontroll vill méi wichteg ass wéi bei deene Leit, déi hei an normale Betriber schaffen, déi sech an der Regel un hir Gesetzer an un d'Bestëmmungen halen. Do ass de Risiko, datt abuséiert gëtt, net gradesou grouss wéi deen, dee grad bei deene Betriber oder zum Deel bei dëse Betriber läit. Duerfir ass et och wichteg, datt de Badge social ausgebaut gëtt, wat eng Kontrollfonctioun besser erméiglecht.

Et ass och wichteg, datt mer en administratiivt Netz schafen, wou alleguer déi Entreprisen, an ech schwätzen do virun allem vun deenen, déi hei an d'Land kommen, och emol liicht d'Moyenen hunn, fir relativ liicht ze kucken, wéi eis Gesetzer hei am Land sinn, ob mer Kollektivverträg hunn, déi am allgemengen Interessen erklärt sinn, fir datt déi och kënnen applizéiert ginn a fir datt an deene Secteuren oder Branchen, wou mer keng esou Kollektivverträg hunn, wou da reng déi gesetzlech Bestëmmunge spillen, dann och eben déi Rechter do kënnen nogesicht ginn.

Et ass virdrun och hei ugeschwat ginn, dat hei am Fong d'Gewerkschaften e gewëssent Recht kréien, fir ze intervenéieren, ze kloen, och wann déi Leit net onbedéngt - ech wëll emol net soen - Member sinn, mä net en Optrag ginn hunn. Doriwwer kann een natierlech diskutéieren, wann enger Gewerkschaft eppes zu Ouere kënnt, wat net richteg fonctionnéiert, ob se dann däerf intervenéieren an deem sengem Numm, ouni datt se den Optrag kritt huet. Ech géif mengen…

De Minister wénkt Neen, mä et ass virdrun awer esou duergestallt ginn. Da kréie mer et vum Minister herno genau erklärt, wéi et hei am Gesetz gemengt ass.

Mä op där anerer Säit wëll ech awer soen, datt ech awer och domadder net direkt e Problem hätt. Ech hätt net direkt e Problem domat, well hei schwätze mer jo virun allem vu Leit, déi an der Regel a Betriber sinn, déi hei op de Marché kommen a wou déi Leit regelrecht ausgebeut ginn. Mir schwätzen hei ganz dacks vun aarme Schwäin - et ass virdrun och hei gesot ginn, ech mengen, et war de Kolleeg André Bauler -, vu Leit, wou mer wëssen, déi, wat d'Wunnen ubelaangt, eppes ofgehale kréien, fir ze wunnen, fir ze liewen, déi ënnerdréckt sinn, déi quasi an enger Ofhängegkeet si vun enger Entreprise, fir iwwerhaapt selwer a mat hirer Famill kënnen ze iwwerliewen, an déi dann och eng relativ grouss Angscht hunn, fir sech iwwerhaapt do dergéint ze wieren, well se fäerten, si hätten da guer näischt méi.

An ech mengen, wa mer an esou enger Situatioun sinn, da soen ech, dann däerft et fir mech net nëmmen e Recht si vun enger Gewerkschaft, wa se dat gewuer gëtt, fir dann ze intervenéieren, dann ass et souguer fir mech eng Flicht, fir dann ze intervenéiere fir déi Leit, déi selwer net à même sinn, déi komplett ausgebeut ginn, déi net à même si selwer an Angscht hunn, fir selwer ze intervenéieren, datt een aneren an hirem Numm dann awer déi Moossnamen a Bewegung brénge léisst, déi dach awer wichteg sinn.

Wa mer dat Gesetz hei maachen, da musse mer wëssen, datt et e Gesetz ass, wat a sengem Zil gutt ass a wat fir jiddweree gutt ass, fir d'Entreprisen a fir d'Salariat, wou jiddweree sech muss un déiselwecht Spillregelen halen. Well hei si jo am Fong, wéinst deenen, déi sech net heirunner halen, do si jo am Fong déi Salariéen déi Domm, déi selwer an deem Betrib schaffen. Déi Domm sinn déi Betriber, déi sech un d'Gesetzer an d'Bestëmmungen halen an déi Domm sinn dann och déi aner Salariéen, déi wuel richteg bezuelt ginn, mä et ass net nëmmen eng Concurrence déloyale vis-à-vis vun de Betriber, mä et ass och eng Concurrence déloyale vis-à-vis vun deem anere Salariat. Duerfir hu mer alleguerten Intérêt drun, datt d'Spillregele fir ee wéi fir deen aneren déiselwecht sinn.

Mir kritiséieren dacks Europa an ech mengen, ee vun de Punkten, wat mir och als Partei ëmmer soen, dat ass, datt Europa net däerf den Uschäi ginn, deen et huet, datt et nëmmen do ass fir déi multinational Konzerner, datt et nëmme fir d'Lobbyisten do ass, mä mir mussen e soziaalt Europa kréien. An e soziaalt Europa ass do, wou mer och dann derfir suergen, datt net en Dumping social an Europa stattfënnt, wou net dat eent Salariat géint dat anert ausgespillt gëtt, wou et net op Käschte vun deenen Äermste geet, mä wou mer Mindeststandarden an Europa abauen.

Duerfir plädéiere mir och ëmmer derfir, datt mer missten an Europa e soziale Mindestloun kréien, dee wuel net kann an engem Land si wéi an deem aneren, mä wou d'Kritären, wéi misst e soziale Mindestloun berechent ginn, missten uniformiséiert ginn. A mir hätten alleguerten en Intérêt drun.

Et komme jo lues a lues ëmmer méi Länner op de soziale Mindestloun. An och an deene Länner, wa mer eis un déi Debatten erënneren an Däitschland, wou dunn och gesot ginn ass, da géif déi däitsch Ekonomie komplett zesummebriechen, wa se géifen e Mindestloun aféieren, ass et de Contraire, dee mer haut feststellen, well d'Leit sozial ofgeséchert ginn, si kréien hir Famill erniert. An do ass dee Mindestloun beileiwen net héich an Däitschland, mä dat ass och Geld, wat der Ekonomie, der nationaler Ekonomie integral zeguttkënnt, well dat si Leit, déi kafe sech keng Jachten an Haiser op der Côte d'Azur mat hirem Mindestloun, mä déi si frou, wa se eppes hunn, fir ze iwwerliewen.

An dat kënnt der nationaler Ekonomie direkt zegutt, soudatt mer och sollen an Europa bestrieft sinn, europawäit esou sozial Mindestnormen, esou sozial Mindestléin anzeféieren. Dat ass am Intérêt vun deene Leit an et ass ënnert dem Strëch och am Intérêt vun eis. An et wier, wéi virdru gesot, och am Intérêt vun Europa selwer, well doduerch géif ee fir d'Leit erëm méi Glafwierdegkeet an dat Europa kréien, well jiddwereen Eenzelne géif gesinn, datt dat Europa och fir den normale Mënsch do wier.

Dat gesot, Här President, ginn ech d'Zoustëmmung vun der ADR zu dësem Gesetz.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Gibéryen. An nächste Riedner ass den Här Marc Baum fir déi Lénk.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Här President, et ass net déi éischte Kéier, datt mer hei an der Chamber iwwert den Detachement schwätzen. An ech hoffen, datt et och net déi leschte Kéier ass. Well dat huet säi Grond, datt mer iwwert den Detachement schwätzen, well et en zentraalt Element ass vum europäesche Bannemaart an domadder vun der europäescher Konstruktioun.

An enger EU vun der fräier Zirkulatioun vu Wueren, Kapital, Déngschtleeschtungen a Persoune bedeit dat, datt deelweis ganz verschidde Regimmer vu Léin, Aarbechtszäiten a soziale Normen, wéi se an deenen eenzelne Länner existéieren, matenee konkurréieren. A si riskéieren, duerch déi Konkurrenz zu Sozialdumping ze féieren, also zu enger infernalescher Spiral no ënnen, déi mëttelfristeg de Schutz vun alle Salariéen ze ënnergruewe riskéiert.

Duerfir sollt d'Direktiv „Détachement" vun 1996 e minimale Kader setzen, fir déi gréissten Abusen ze vermeiden. Bei der Emsetzung 2002 an nationaalt Recht ass versicht ginn, Schutzbestëmmungen, déi fir lëtzebuergesch Salariéë gëllen, och fir detachéiert Salariéë gëllen ze loossen, dat heescht och déi integral Upassung vum ganze Salaire un d'Inflatioun.

Mä mir kennen d'Geschicht! 2008 huet den Europäesche Geriichtshaff Lëtzebuerg op deene Punkte veruerteelt an 2010 ass d'Gesetz geännert ginn opgrond vun deem Arrêt an zuongonschte vun den detachéierte Salariéen an domadder natierlech och indirekt zuongonschte vun de Salariéen iwwerhaapt hei am Land.

Dëst weist, wéi wéineg verankert a wéi wéineg selbstverständlech de soziale Schutz an den Texter vun der EU am Moment ass. Dorunner ännert och dëst Gesetz näischt.

Mä zanter 2014 ass eng Direktiv a Virbereedung, déi am Mäerz 2016 och virgestallt gouf, déi besonnesch deenen dote Situatioune Rechnung droe soll. Dës Direktiv hänkt am Moment an der Prozedur, notamment well besonnesch rietsliberal Länner versichen, dës ze blockéieren. D'Lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt déi nei Direktiv. A mir begréissen dat och.

Dësen Text orientéiert sech also net un där neier, verbesserter Detachementsdirektiv vun 2016, mä un der Directive d'exécution vun 2014, déi bestëmmten Elementer vun der aler Direktiv clarifiéiert. An et ass gesot ginn: D'Regierung huet heiranner och e gewëssene Retard, wat natierlech net ganz angeneem ass, wann ee verschiddenen anere Länner seet, datt se wann ech gelift awer déi nei Direktiv sollte positiv aviséieren, a selwer huet een d'Exekutiounsbestëmmungen nach net ëmgesat. Mä mat dësem Gesetz geschitt dat jo elo och, wann och mat e bësse Retard.

Déi legal Verännerungen, déi hei also virgeschloe ginn, fannen net an engem lofteidele Raum statt, well de Phenomeen vum Detachement zu Lëtzebuerg an deene leschte Jore massiv an d'Luucht gaangen ass, souwuel wat déi Salariéen ugeet, déi op Lëtzebuerg detachéiert ginn, wéi och déi, déi vu Lëtzebuerg an aner Länner detachéiert ginn.

Den Här Anzia huet virdrun eng ganz Rëtsch Zuele genannt. Och wann een elo op verschiddene Punkte vun deenen Zuele sécherlech nach diskutéiere kéint, weise se awer ganz kloer eng Tendenz: déi Tendenz, datt eisen Aarbechtsmaart ëmmer méi dee Phenomeen vum Detachement kennt.

Wann den Här Kaes virdrun d'Zuel vun 1,9 Milliounе Salariéë genannt huet, déi europawäit detachéiert sinn, an dat quasi e marginale Prozentsaz innerhalb vum Bannemaart vun der EU ausmécht, sou ass et fir Lëtzebuerg e ganz grousse Prozentsaz, deen een eigentlech och nach wesentlech méi déif analyséiere misst, wéi mir dat bis elo, mengen ech, alleguerte gemaach hunn.

Et géif och vläicht en anere Bléck op d'Wäertschëpfungsketten hei am Land werfen oder erlaben, e Verständnis dofir ze entwéckelen. A mir kennen net nëmmen de Phenomeen, datt den Detachement méi gëtt, mä mir kennen och d'Dimensioun vun de méiglechen Abusen. Mir hunn nach alleguerten d'Biller vun osteuropäesche Camionneure virun Aen, déi 60, 70 a méi Stonnen an der Woch hu misse schaffe fir e puer Honnert Euro an dann och nach ënner mënschenonwürdege Bedéngungen ënnerbruecht gi sinn. Aner Beispiller huet och den Här Bauler virdru genannt. A mir wëssen, datt dëst eng Form vu moderner Sklaverei ass. An, jo, dës skrupellos Ausbeutung gëtt et och nach ëmmer haut an Europa!

Här President, vu d'Ampleur vum Phenomeen Detachement hei am Land a vu d'Gravitéit vun de Forme vu méiglechen Abusen ass et esou wichteg, datt mer staark Schutzbestëmmungen aféieren. Well si schützen net nëmmen de Salarié, deen op Lëtzebuerg entsant gouf, mä och d'Salariéen hei virun enger enthemmter Course no ënnen. An natierlech schütze kloer Regelen och déi lokal Entreprisë virun deloyaler Konkurrenz, also déi Entreprisen, déi sech zu Lëtzebuerg ebe justement un d'Aarbechtsrecht an un d'Gesetzer halen.

Här President, mat dësem Text ginn eng Rëtsch Verbesserungen um aktuelle Gesetz virgeholl. Éischtens: d'Detektioun vu falschen Detachementer. Dem Phenomeen vu falschen Detachementer gëtt entgéintgewierkt doduerjer, datt d'ITM erweidert Aufgaben a Méiglechkeete kritt, fir Entreprisen, déi op Lëtzebuerg detachéieren, ze kontrolléieren. Wichteg ass do, datt d'Entreprise am Entsendeland eng reell a substanziell Aktivitéit huet. Et geet also net méi duer, just eng Bréifboîte anzewousch an der EU ze hunn. Och ass et wichteg, datt den Detachement just temporaire ass.

An der parlamentarescher Kommissioun ass duerfir och deen Text, den urspréngleche Text dohi geännert ginn, datt eng explizitt Referenz op déi Kapitelen aus der Direktiv gemaach ginn ass, déi Kritären opzielen, fir dat dote kënne festzestellen. An domadder ass och enger vun de Kriticke vun der Salariatskummer Rechnung gedroe ginn.

D'Entreprisen, déi detachéieren, mussen och elo eng Rëtsch weider Dokumenter presentéieren, déi engem relativ evident erschéngen, wéi den Noweis vum Bezuele vun de Salairen, wéi de Relevé vun de geschaffte Stonnen oder wéi de Certificat médical, fir nozeweisen, datt déi Persoun, déi eng bestëmmten Aarbecht mécht, iwwerhaapt medezinnesch apte ass, déi Aarbecht auszeféieren.

Déi zweet grouss Neierung a Verbesserung ass déi vertikal Responsabilitéit vum Optraggeber respektiv vum Bauhär an och vun deenen Entreprisen, déi an enger Kette vu verschiddene Kontrakter Sous-traitance-Aarbechten ausféieren. Entreprisen a Bauhäre kënne sech an Zukunft net méi reng hanner hire Sous-traitantë verstoppen, mä stinn, wann och begrenzt, mat an der Verantwortung. Si sinn à la limite ge-

meinsam haftbar, zum Beispill fir d'Netbezuele vu Salairen, respektiv si kënnen, wa se hirer Informatiounsflicht net nokommen, och eng administrativ Strof kréien.

En neie Regimm vu Sanktioune gëtt hei mat dësem Text agefouert an dee gëllt fir jiddwereen, fir d'Entreprisen alleguer respektiv fir d'Bauhären alleguer, mat der Ausnam vun individuelle Persounen, wann een doheem säin Haus renovéiert oder esou.

E weidere wichtegen a positive Punkt ass d'Méiglechkeet fir d'Gewerkschaften, d'Rechter vun Detachéierte viru Geriicht kënnen ze vertrieden, och wann deenen hiert Detachement eriwwer ass respektiv wann déi Leit och schonn net méi am Land sinn.

An et ass net esou, datt d'Gewerkschafte kënne geriichtlech virgoen ouni den Accord vun de Salariéen. Dat, wat ass: Et ass geännert ginn, datt et kee schréftlechen Accord muss sinn, mä en Accord tacite geet duer, fir datt d'Gewerkschaft ka virgoen.

An dat ass och dee Punkt, deen een och vläicht dem Här Kaes muss soen: An der Fro vum „zahnlosen Tiger" vun der ITM, denken ech, datt doduerch, datt d'Gewerkschaften déi Méiglechkeeten hunn, esou virzegoen, si e weidere Partner sinn, e weideren Akteur am Spill vum Virgoe géint d'Abuse beim Sozialrecht vum Detachement.

Mir gesinn och positiv, datt d'ITM an Zukunft erweidert Kompetenze kritt, fir Chantieren zouzemaachen, an zwar net nëmmen, wéi dat bis elo de Fall war, wann et ëm Sécherheets- oder Gesondheetsfroe gaangen ass, mä och elo, wa grav Verletzunge vum Aarbechtsrecht festgestallt ginn.

Zur Fro vun der ITM vläicht zum Schluss nach ganz kuerz: Mir begréissen ausdrécklech, wéi gesot, datt d'ITM méi Kompetenzen an och méi Aufgabe kritt. Mä mir mengen och, datt et natierlech wichteg ass, datt d'Inspection du travail et des mines och déi néideg Moyene kritt, fir dat alles kënnen ze ënnerstëtzen. An dat sinn net nëmmen, mä awer och personell Moyenen. Dës Regierung schéngt dat och wierklech erkannt ze hunn als eent vun deenen Elementer, déi ee muss onbedéngt weider ausbauen.

Et muss een awer och soen, wann ech dem Här Kaes recht ginn, datt den Aarbechtsminister op déi Iddi eventuell och schonn éischter hätt kënne kommen, muss een awer och soen, datt an der leschter Kommissiounssëtzung ee vun de Problemer awer och genannt ginn ass, an dat ass deen neie Regimm vun der Fonction publique, wou d'Stagezäit vun zwee op dräi Joer erweidert ginn ass. An un deem Gesetz, wat herno d'LSAP ëmgesat huet, ass awer menges Wëssens och d'CSV bedeelegt gewiescht.

Här President, ech kommen zu menger Konklusioun, vu datt d'Zäit schonn ofgelaf ass. Mir mengen, datt dat hei e Fortschrëtt ass, e klenge Fortschrëtt. Mir mengen awer och, datt nach vill ze maache bleift.

A wat déi sozial Dimensioun vun Europa ugeet, déi och den Här Engel a senger Introduktioun genannt huet, wier ech manner optimistesch. Ech mengen net, datt déi sozial Dimensioun duerch dat hei Gesetz dichteg gestäerkt ginn ass. Mä ech mengen éischter, datt déi asozial Dimensioun vun der Europäescher Unioun ofgeschwächt gëtt. An duerfir stëmme mer dat heiten och mat.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. D'Wuert huet direkt den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'*Économie sociale et solidaire.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Detachement ass ouni Zweifel ee vun deene kriddelechste Punkten an der europäescher Debatt.

An ech sinn e bëssen iwwerrascht besonnesch vum Här Kaes sengen Introduktiounswierder, wou e probéiert huet ze soen, eigentlech géif déi Direktiv vun 1996, déi eng Grondbasis ass vum Detachement an der Europäescher Unioun, probéieren, dat Soziaalt an dat Ekonomescht mateneen ze verbannen. Well mir mussen haut erkennen, datt déi Direktiv vun 1996 eigentlech eng Direktiv ass, déi haaptsächlech déi ekonomesch Dimensioun, dat heescht d'Fräizügegkeet an d'libre Prestatioun, de Marché intérieur an de Vierdergrond setzt, an net déi sozial Ofsécherung!

Well déi Direktiv vun 1996 seet zwar, datt ee misst eng Rei vu sozialen Dispositioune respektéieren, mä wat se ganz kloer mécht, dat ass: Si diskriminéiert zwëschen den detachéierte Salariéen an deene résidente Salariéen. Dat ass also eng Direktiv, déi ganz kloer eng Diskriminatioun aféiert zwëschen deenen zwou Zorte vu Salariéen. An doduerch huet déi ganz Problematik vum Detachement sech mat der Zäit aggravéiert.

Firwat huet se sech aggravéiert? Aus zwou Ursaachen! Déi éischt ass: 1996 ware mer eng Unioun, wou d'Écarten, d'sozial Écarten zwëschen 1 an 3 waren, zwëschen 1 an 3, wat den Niveau vun de Salairen ubelaangt an och den Niveau vun de Prestations sociales. Haut si mer eng Unioun vun 28 - gläich 27 -, wou d'Écarten zwëschen 1 an 10, voire 1 an 11 sinn. De Lëtzebuerger Mindestloun: 1.950 Euro, opgerënnt, de Mindestloun a Bulgarien: 190 Euro, de Mindestloun a Rumänien: äänlechen Niveau. De Mindestloun an der Slowakei läit bei 420 Euro. Do läit eng Ursaach. Well déi Écarten, sozial Écarten esou grouss sinn, ass natierlech hei eng formidabel Méiglechkeet opgaangen, fir Leit an aner Länner schaffe goen ze doen, an zwar mat Moyenen, mat Salairen, déi absolutt net den nämlechte Salairen entspriechen.

Sécher seet d'Direktiv: Du muss de Mindestloun verdéngen. Dat ass eng ganz schéi Feststellung. Mä mir wëssen awer och, datt déi Dispositioun vum Mindestloun ëmmer erëm contournéiert ginn ass, well den Detachéierten eigentlech ganz oft dee Salaire net kritt, well en iergendwéi nach opgerechent kritt: seng Rees, seng Wunnkäschten, seng Nourriture, d'lessen an esou weider. An hei sinn duerch den Detachement formidabel Abusen entstanen, déi maachen, datt esou vill Leit an der Europäescher Unioun haut déi kritesch Attitüd hunn, well se festgestallt hunn, datt eigentlech dat Soziaalt ëmmer dem Ekonomeschen ënnergeuerdnet ass.

A wien huet dat confirméiert? Majo, d'Cour de justice européenne hei zu Lëtzebuerg um Kierchbierg huet duerch eng ganz Rei vun Arrêten déi Lektür confirméiert. Den Arrêt Viking, den Arrêt Laval, den Arrêt Rüffert an den Arrêt Luxembourg, op dee sech scho referéiert ginn ass.

A wat seet den Arrêt Luxembourg? Majo, den Arrêt Luxembourg seet: „Dir Lëtzebuerger hutt déi Direktiv schlecht ëmgesat, well Dir hutt eng Rei vu Kontrollen agefouert, déi net zoulässeg sinn an déi en Hindernis sinn am Fonctionnement vum Marché intérieur." An do läit de grousse Problem! D'Staten hunn eigentlech hir Moyene fir d'Kontrolle vun den Abuse geholl kritt!

A wat ass entstanen? Abusen, Abusen, Abusen! An do gëllt et elo, dat ze évitéieren, duerch eben eng Rei vun Dispositiounen, déi an där heiter Direktiv sinn. Dat ass e gudden Ufank.

Dir hutt mech gefrot…, et ass eng aner Direktiv am Kommen. Déi heiten Direktiv ass e Kompromëss, e Kompromëss vun der Kommissioun Barroso. Well d'Kommissioun Barroso, den Här Barroso sech engagéiert hat beim Parlament, e géif eng Direktiv op de Wee bréngen, fir den Detachement no all deenen Arrêten ze clarifiéieren an dat Soziaalt e bësse méi an den Équiliber ze brénge mat deem Ekonomeschen. En huet awer net d'Ännerung vun der Direktiv vun 1996 proposéiert. En huet proposéiert eng Directive d'exécution, dat heescht d'Direktiv vun 1996 bleift, mä et ginn eng Rei Verbesserungen - ouni Zweifel - vun der Direktiv vun 1996 iwwert dee Wee do agefouert. Zum Beispill ass d'Responsabilité en cascade eng grouss Verbesserung, dat muss een unerkennen. Zum Beispill, eng Rei vun Dokumenter, déi elo musse geliwwert ginn - zum Deel op deene mir eigentlech condamnéiert gi sinn -, dat ass eng Verbesserung. Dat ass keen Zweifel. Dat ass eng Verbesserung. Do ass also e gewëssenen Alignement vum Soziaale mam Ekonomeschen duerchgefouert ginn.

A mir schwätzen ëmmer vu Concurrence sociale. Jo, ouni Zweifel huet den Detachement vill Concurrence sociale provozéiert! Mä en huet och Concurrence déloyale économique provozéiert! Well, wann ech natierlech op Detachéierter kann zréckgräifen, wann ech an der Sous-traitance op Entreprisë kann zréckgräifen, déi aus dem Detachement kommen - wou ech iwwregens och a mengen ëffentlechen Ausschreiwungen zumindest muss uginn, datt ech dat maachen -, déi kann ech natierlech ënner Konditioune schaffe loossen, déi net de Lëtzebuerger Konditiounen entspriechen, dat heescht, de Lëtzebuerger Konditioune sécher um Pabeier entspriechen, mä an der Realitéit absolutt net entspriechen. Dann hunn ech natierlech eng Concurrence déloyale gemaach par rapport zu all deenen Entreprisen, déi déi Lëtzebuerger Soziallegislatioun respektéieren.

Firwat geet déi hei Direktiv net duer? Majo, ech mengen, ech hu mat anere Ministere souguer en Artikel geschriwwen, a mir hunn och direkt eng Initiativ geholl, fir ze soen: „Bon, dat ass eng Etapp, mä mir mussen un d'Direktiv vun 1996 goen. Well de fundamentale Prinzip ass, datt och mat där heiten Direktiv nach ëmmer wäert Diskriminatioun méiglech sinn, um Niveau besonnesch vun der Rémunératioun."

Duerfir begréissen ech natierlech, datt déi hei Kommissioun, dem Här Juncker seng Kommissioun, elo e Projet déposéiert huet, wou de Prinzip vun deem nämlechte Loun fir déi nämlecht Aarbecht op der nämlechter Plaz soll garantéiert ginn. Dat ass eng formidabel Veränerung par rapport zur Direktiv vun 1996, wou dat net virgesinn ass, wou ech héchstens hu missen dem Detachéierten de Mindestloun bezuelen, och wann d'Convention collective eppes ganz aneres virgesinn huet.

An et geet elo drëm, fir déi nächst Etapp ze huelen. Dat ass dee Projet de directive vun 2016, wou dee Prinzip soll festgeschriwwe ginn. An dat ass eng komplizéiert Verhandlung. Dat ass eng komplizéiert Verhandlung zwëschen deene Länner, déi natierlech mengen, den Dumping social wier eng gutt ekonomesch Waff, an deene Länner, déi mengen, datt den Dumping social, éischtens, net nëmme géint déi Leit ass, déi am Detachement sinn, mä och eigentlech den Niveau social an der ganzer Unioun no ënnen dréckt. Dat ass de Punkt.

An deen drëtte Punkt ass dat iwwert den Abus, dee sech grefféiert huet. Et ass besonnesch och vu Boîtes aux lettres geschwat ginn. Mir hunn haut Praxissen, wou Leit am Detachement aus Rumänien iwwer iergendeng Entreprise Boîte aux lettres ab Chypre iwwer Irland dann op eemol op engem Lëtzebuerger Chantier schaffen. Ech mengen, dat si Montagen, déi einfach net akzeptabel sinn. Dat si Montagen, déi och Europa eigentlech net würdeg sinn. An deene Praxisse muss definitiv en Enn bereet ginn. An dat ass dat, op dem mer elo mussen nach méi aktiv schaffen.

Dat ass och déi Direktiv, déi elo eréischt an der Maach ass, also déi zwar um Dësch läit, a mir hu jo och… Ech weess net, d'Parlament weess jo, datt do eng giel Kaart gewise ginn ass, datt mer dat iwwerbréckt hunn, datt d'Kommissioun zwar gesot huet, dat wier net zoulässeg, mä et waren eelef Länner, déi gesot hunn, d'giel Kaart misst zréckgezu ginn, well dat géint de Prinzip vun der Subsidiaritéit géif verstoussen. Bon, dat ass vum Dësch. Mä mir sinn nach laang net do, datt mer en Accord fannen, fir déi Direktiv, dee Projet de directive vun 2016 kënnen unzehuelen.

Ech brauch elo net méi op de Contenu vun dësem Gesetz am Detail anzegoen. Ech hunn awer e puer Remarquen ze maachen.

Dat Éischt ass, ech sinn absolutt d'accord: Déi Direktiv respektiv dee Projet hei huet nëmmen dee Sënn oder mécht nëmmen dee Sënn, deen een em gëtt, andeem ee Moyenen zur Verfügung stellt, fir um Terrain déi Kontrollen ze maachen an och déi Sanktiounen ze huelen, déi musse geholl ginn. Okay, ech sinn domat d'accord. Mä ginn - an dat ass dat, wat mech e bësse wonnert -, ginn da guer keng Kontrolle gemaach!? Ech hunn hei héieren, d'ITM, dat wier alles um Pabeier, dat wier net richteg.

Neen! D'ITM huet sech en phase gesat, fir Kontrollen an deene leschte Méint mat der Douane haaptsächlech ze maachen. An ech kréie gesot, datt bei der Zuel vun Detachementer, wou Irregularitéite festgestallt gi sinn an Detachementer, déi méi wéi zwee Deeg daueren - bon, wann een een Dag eriwwerkënnt aus Däitschland op Lëtzebuerg, c'est bien, dat kucke mer net -, mä déi méi wéi zwee Deeg daueren, datt dat der 5.073 waren, wou Irregularitéite festgestallt gi sinn. An dat waren Detachementer, déi 22.704 Salariéë betraff hunn.

Et kann een also net soen, datt d'ITM just am Büro sëtzt a keng Kontrolle mécht. D'ITM huet also am Ganzen 285 Chantiere kontrolléiert, wou Detachemente waren. Si huet 148 Injonctiounen ausgeschwat. Leider huet se net méi als Waff, wéi eng Injonctioun auszeschwätzen.

An ech bedaueren och, datt och dat heite Gesetz, duerch eben de Conseil d'État, der ITM nëmmen d'Méiglechkeet gëtt, fir d'Éischt eng Injonctioun ze maachen, an dann eréischt, wann net op déi Injonctioun positiv geäntwert gëtt, eng Amende auszespriechen. Ech kritiséieren dat! Ech bedaueren dat, datt mer net kënnen direkt mat enger Amende virgoen! Mä ëmmerhin hu mer 52 Amenden ausgeschwat fir eng Zomm vun 219.500 Euro.

An dat sinn déi Amendë mat deenen Tariffer, déi elo bestinn. Elo hu mer jo nei Tariffer, déi kënne bis 50.000 Euro goen. Ech verstinn och, datt d'Handwierkerkammer seet, déi hätt ee missen nach méi héich maachen. Bon, ech soen lech éierlech: Ech hu gefaart, wa mer mat Amende-administrativë schaffen, wa mer déi op de franséischen Niveau gefouert hätten, bis 500.000 Euro - net 50.000, 10-mol méi: 500.000 Euro -, datt mer da wahrscheinlech a Schwieregkeete komm wiere mat aneren Institutiounen. Duerfir fänke mer elo emol mat 50.000 un a mir kucken och, wéi sech dat konkret um Terrain mécht.

Ee Wuert iwwert déi Geschicht mat de Gewerkschaften. D'Gewerkschafte mussen hei d'Méiglechkeet hunn, fir d'Intérête vun de Salariéen ze verteidegen. A mir wëssen alleguerten, datt de Salarié selwer ganz oft déi Moyenen net huet an, besonnesch wann et sech ëm en Detachéierten handelt, de Courage an d'Moyenen net wäert hunn, well en d'Sanktioun fäert. An duerfir ass dee System hei ganz einfach.

D'Gewerkschaft kann eng Initiativ huelen. Si muss awer de Salarié virdrun informéiert hunn! A wann de Salarié 14 Deeg näischt gesot huet, da gëtt dee Recours effektiv an d'Gewerkschaft ka bei engem Geriicht agéieren. Et ass also net esou, datt d'Gewerkschaften iwwert de Kapp

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

vun de Salariéë kënnen agéieren, wéi dat elo gesot ginn ass. Neen, si kënnen dat maachen, mä si mussen de Salarié informéieren an de Salarié kann dat effektiv, wann en dat net wëllt, signifiéieren. An dann dierf d'Gewerkschaft och déi Prozedur net weidermaachen.

E Wuert nach iwwert den Droit du travail. Jo, mir wëllen deem Droit du travail méi eng Stäerkt ginn. A wéi gëtt een dem Droit du travail méi eng Stäerkt? Majo, andeem een natierlech Sanktioune virgesäit. An ech ka mech jo nëmme wonneren, datt mer 2007 e Gesetz gestëmmt hunn, fir d'ITM ze reforméieren - dat war also viru menger Zäit -, an do sinn déi Sanktiounen net virgesi ginn. An notamment déi Sanktioun, wann et grav Violatioune vum Droit du travail gëtt, fir kënnen e Chantier zouzemaachen!

Et kann net sinn, datt d'ITM just e Chantier kann zoumaachen, wann et grav Violatioune bei der Sécuritéit gëtt oder bei der Gesondheet! Dann dierf se et, mä wann ee keng Salairë bezilt, Iwwerstonne mécht, déi net deklaréiert ginn, oder aner Verstéiss géint d'Aarbechtsrecht, dat ass net der ITM hir Kompetenz! Dat kann et also net ginn. An duerfir hu mer der ITM elo déi Méiglechkeet ginn, och da kënnen e Chantier zouzemaachen. Dat ass eng al Revendicatioun vun de Gewerkschaften. Déi ass heimat absolutt erfëllt. An ech mengen, dat ass och e Fortschrëtt, fir eisen Droit du travail ze konsolidéieren.

E lescht Wuert ass dat iwwert d'ITM. Natierlech hätt ech léiwer, bei der ITM wiere se elo schonn zu 150! Mir hunn an deene leschten dräi Joer all Joer 10 bis 15 Leit agestallt. An dee Rhythmus wäert bis an d'Joer 2020 esou musse weidergoen, wa mer wëllen op deen Niveau komme vun 160, 170 Leit, déi d'ITM als Minimum brauch.

Eng Administratioun reforméieren, soen ech lech, och dem Här Kaes, ass net esou ganz einfach, besonnesch wann een et heiansdo mat Leit ze dinn huet, déi déi Administratioun dirigéieren, déi vläicht net d'Intentioun hunn, déi Administratioun ze reforméieren, well se mengen, dat wier alles esou gutt an der Rei. An duerfir muss een heiansdo Saache maachen, net dee Moment, wou ee se gär géif maachen, mä dee Moment, wou et méiglech ass, se ze maachen.

Mä mir fueren elo weider. A mir maachen et, fir och mat deem Gesetz hei - well den Dumping social ass net nëmmen eng Saach vum Detachement, den Dumping social gëtt et och an anere Realitéiten, an anere Situatiounen -, eng Plattform ze schafe fir all Form vu Vergeeën. An déi Plattform maache mer zesumme mat de Patronen a mat de Gewerkschaften. An ech muss soen, d'Patronen drécken nach vläicht gradesou staark op jidde Fall wéi d'Gewerkschaften. Déi Plattform maache mer mat den Administratiounen, déi concernéiert sinn, als Éischt natierlech d'ITM, mä awer och d'Douane, och d'Police, do, wou mer se brauchen, an aner Verwaltungen, iwwregens och déi Verwaltungen, déi d'éffentlech Opträg géréieren.

An nëmmen esou: kollektiv, zesummen, mat Échange d'informations an andeem mer zesumme virginn, an natierlech mat enger gestäerkter ITM, déi och Zänn kritt... An ech mengen, dat Gesetz gëtt hir hei gewëssen Zänn. A mir maachen och nach eng Adaptatioun vun der Reform vun 2007. An enger noer Zukunft brénge mer et fäerdeg, och hei zu Lëtzebuerg besser géint dee Fléau vum Dumping social virzegoen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. An domat wäre mer prett, fir zur Ofstëmmung vum Projet de loi 6989 iwwerzegoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6989 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass elo lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

An de Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6939 iwwer eng Reorganisatioun vun der Administratioun vun den éffentleche Bauten. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Kox.

7. 6939 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 juin 2004 portant réorganisation de l'Administration des bâtiments publics

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Jo, Merci, Här President. Et ass eng Reform vun der Administration des bâtiments publics. Déi huet misse gemaach ginn, well och d'Reform beim Stat an der Fonction publique duerchgefouert ginn ass. Et ass vläicht eng ganz kleng Änneerung fir eis, ech géif awer mengen, fir d'Verwaltung selwer ass et duerchaus méi e grousst a wichtegt Element, well et sinn zwee Punkten, déi hei, mengen ech, wichteg si fir d'Verwaltung selwer.

Dat ass: Éischtens kritt d'Verwaltung elo d'Méiglechkeet, an hir Direktioun net nëmmen... oder an de Funktionement net nëmmen Architekten an Ingenieuren anzestellen, mä och aner wichteg Professiounen, déi am Domän vun der Constructioun doheem sinn, déi kënnen ze rekrutéieren, sief et an der Verwaltung, sief et beim Management vun den technesche Projeten. Dir wësst, dass an de leschten zwee, dräi Joer eng Beschleunigung gemaach ginn ass an den éffentleche Bauten an dass et wichteg ass, dass déi Verwaltung e gudde Staff huet an och entspriechend breet opgestallt ass, fir kënnen déi Fonctiounen auszeféieren.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

An en zweete Punkt: Natierlech och duerch d'Reform selwer ass d'Hierarchie nei geordnet ginn. An dat ass och e wichtege Punkt, näämlech d'Uspriechpartner bei esou enger wichteger Verwaltung solle gewosst sinn a sollen och d'Aufgabe kënne richteg ausféieren.

Dofir ass d'Gesetz den 28. Januar 2016 déposéiert ginn. De Statsrot huet de 25. Mäerz 2016 säin éischten Avis ginn. Mir hunn zwou Navettë misse maache mam Statsrot. Si haten eng kleng Bemierkung éischtens zu der Hierarchie, mä awer och zu deenen eenzelne Poste vun der Hierarchie, dass och do d'Méiglechkeet wier, fir net nëmme Fonctionnairë kënnen anzestellen, oder zumindest op engem Chef de division, dass awer och do Employés de l'État dat kéinten ausféieren.

Deem hu mer och Rechnung gedroen, soudass mer awer an allem dem Statsrot konnte recht ginn op deene Punkten, déi och ugeholl ginn. Dofir konnte mer dann de 26. Januar 2017 de Rapport unhuelen. En ass unanime ugeholl ginn. Ech selwer gouf de 6. Oktober an der Kommissioun vum Développement durable als Rapporteur genannt. Ech mengen, méi war zu dësem wichtege Gesetz fir d'Verwaltung net ze soen.

Ech soen och Merci fir d'Mataarbecht. Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dëser Gesetzespropos a soe Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kox. Als éischte Riedner hunn ech den Här Kaes ageschriwwen.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV).*- Jo, Merci, Madamm Presidentin. Erlaabt mer fir d'Éischt, dem Här Kox villmools Merci ze soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

Bon ech mengen, dat Gesetz hei ass a sech eng Konsequenz vun de Reformen am éffentlechen Déngscht. A sech ass d'Administration des bâtiments publics eng wichteg Verwaltung. Si huet e ganz grousst Aufgabegebitt. An deem Gesetz hei geet et einfach drëm, fir datt si an Zukunft och all deenen Aufgaben, déi op dës Administratioun zoukommen, gerecht ka ginn.

An an deem Sënn géif ech och den Accord gi vun der CSV-Fraktioun fir dëse Projet de loi. Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kaes. Als nächste Riedner hunn ech den Här Georges Engel ageschriwwen.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Jo, och vun der LSAP-Fraktioun e grousse Merci un de Rapporteur fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport. An och vun eis aus den Accord vun der LSAP fir dëse Projet de loi.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci och dem Här Engel. Als nächste Riedner hunn ech den Här Gusty Graas ageschriwwen.

M. Gusty Graas *(DP).*- Jo, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, wéi et hei virdru scho richteg bemierkt ginn ass, handelt et sech hei awer ëm eng ganz wichteg Verwaltung, eng wichteg Statsverwaltung, déi Aufgaben ze erfëllen huet, déi derzou bäidroen, datt d'Bautepolitik hei zu Lëtzebuerg gutt koordinéiert gëtt. Duerfir si mer och frou, datt dee Gesetzestext hei elo gestëmmt gëtt, well en och erlaabt, der Verwaltung eng gewësse Flexibilitéit zousätzlech ze ginn, och bei der Nominatioun vu Posten.

Ech profitéieren och vun der Geleeënheet, fir dem Henri Kox Merci ze soe fir seng zwee Berichter a brénge selbstverständlech och den Accord vun der DP. Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci och dem Här Graas. Dann als nächste Riedner ass et um Här Gibéryen, ouni Häerzinfarkt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll och den Accord vun eisem Grupp bréngen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Gibéryen. Ech hunn elo kee Riedner méi ageschriwwen.

(Interruption)

Ah, vläicht... Jo, den Här Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Entschëllegt, Madamm Presidentin. Jo, mir ginn och eisen Accord.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dann och dem Här Wagner. Dann hu mer den Tour gemaach. Da géif ech direkt d'Wuert un den zoustännege Minister ginn, den Här Bausch.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Madamm Presidentin. Fir d'Éischt och Merci un de Rapporteur, selbstverständlech och fir d'Zoustëmmung vun alle Fraktiounen hei am Parlament.

Et ass eng Verwaltung, bei där mer hei iwwer eng nei Struktur ofstëmmen, déi eng grouss Wichtegkeet huet, net nëmme well mer esou vill am Land bauen, esou vill Schoule bauen, Gebaier bauen, mä och well mer, wéi Der jo wësst, am Kader vum Rifkin-Prozess deem ganzen nohaltege Bauen eng gréisser Dimensioun wëlle ginn. A Bâtiments publics hunn an deene leschte Jore scho vill Erfahrungen an deem Beräich gesammelt, hunn och scho vill Projeten ausgeschafft. Mir wäerten der och nach vill an deenen nächste Joren ëmsetzen, mä et kommen der wahrscheinlech nach vill derbäi.

Dat wat mer haut wäerte stëmmen, dat wäert et där Verwaltung, déi souwisou schonn exzellent fonctionnéiert, an Zukunkt erlaben, datt se nach besser ka fonctionnéieren.

Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci och dem Här Minister Fränz Bausch. Da kéinte mer ufänken ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6939 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Dann d'Procuratiounen.

(Concertation interne)

Ech soen Iech alleguerte villmools Merci.

De Projet ass eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox) et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Une voix.- Wéi schéin.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Da froe mer nach d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott.

(Assentiment)

An d'Chamber ass domat d'accord. Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir maachen hei de Wiessel.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Okay, Merci.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- E fligende Wiessel.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- A mir géifen zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6980, eng Direktiv iwwert d'Lizenz vun de Fluglotsen. D'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

8. 6980 - Projet de loi portant modification de la loi du 16 août 2010 relative aux licences des contrôleurs de la circulation aé-

rienne et transposant la directive 2006/23/CE du 5 avril 2006 du Parlement européen et du Conseil concernant une licence communautaire de contrôleur de la circulation aérienne

Rapport de la Commission du Développement durable

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech versichen, den Tempo bäizebehalen.

Mam Projet de loi 6980 modifizéiere mer d'Gesetz vum 16. August 2010, wat d'Lizenze vun de Contrôleuren am Beräich vun der ziviller Loftfaart regelt. Mat deem Gesetz war eng EU-Direktiv aus dem Joer 2006 an nationaalt Recht transposéiert ginn. Well d'Ëmsetzung vun där Direktiv awer net an alle Punkte konform war zu den europäesche Bestëmmungen, muss d'Gesetz haut ergänzt ginn.

Ëm wat geet et? De Problem ass reng juristescher Natur. E besteet ganz einfach doran, datt déi administrativ Sanktiounen, déi am Beräich vun der ziviller Loftfaart gëllen, net an d'Gesetz ageschriwwe gi sinn. Dat heescht, laut dem Prinzip vun der Légalité des peines, dee jo an der Verfassung verankert ass, mussen d'Sanktiounen am Gesetz stoen an net an engem Reglement. Dëse Vide juridique ass am Joer 2013 festgestallt ginn, wéi déi Europäesch Agence vun der Fluchsécherheet en Audit vun der DAC, der Direction de l'aviation civile, duerchgefouert huet.

Mat dësem Projet de loi gëtt dee juristesche Problem da behuewen, andeems d'Sanktiounen an d'Gesetz ageschriwwe ginn. Wéi gesot bezéie se sech op d'Sécherheet an erfalen am Fall, wou d'Kontrollservicer géint déi europäesch Bestëmmunge verstoussen.

Insgesamt bezéie se sech op aacht verschidde Beräicher, wéi zum Beispill d'Kontroll vun de Sécherheetsbestëmmungen an déi néideg Korrekturen um System, d'Kontroll vun de Lizenzen an den Zertifizéierungen, d'Qualifikatioun an d'Formatioun vum Personal, d'Kontroll an d'Vermierke vun den techneschen Upassungen an de Betribssystemer an esou weider an esou fort.

Jee no Gravitéit leien d'Sanktiounen tëschent 2.500 an 10.000 Euro a gi vum Navigatiouns- an Transportminister ausgeschwat, esou wéi et an der EU-Direktiv verlaangt ass - dat ass jo natierlech keen anere wéi de François Bausch -, woubäi eng betraffe Gesellschaft an engem Délai vun engem Mount e Recours en réformation um Verwaltungsgeriicht kann aleeën am Fall, wou se d'Sanktioune fir net berechtegt hält.

Här President, ech kommen zum Statsrot, deen d'Saach op de Punkt bruecht huet. En huet näämlech festgestallt, datt d'Sanktiounen, déi an eist Gesetz ageschriwwe ginn, net op déi Lëtzebuerger Situatioun zoutreffen. Dat soll virkommen. Administrativ Sanktioune sinn näämlech nëmmen uwennbar am Fall, wou et sech bei de Prestataires de services ëm Akteuren aus dem Privatsecteur handelt. Bei eis ass et awer esou, datt d'Administration de la navigation aérienne, d'ANA, als ëffentlech Verwaltung zoustänneg ass, fir déi viséiert Servicer ze assuréieren. Doduerch kënne keng administrativ Sanktiounen, mä just disziplinaresch Sanktioune géint d'ANA ausgeschwat ginn.

Fir de Rescht huet de Statsrot a sengem Avis verlaangt, eng Rei Definitiounen, déi sech op de Prinzip vun der Légalité des incriminations et des peines bezéien, am Gesetz ze iwwerhuelen, fir da konform zu der Verfassung ze ginn. Dëser Fuerderung ass d'Kommissioun nokomm. A fir méi Detailer verweisen ech ganz gär op mäi schréftleche Rapport.

Ech kéim nach kuerz zum Oflaf vun den Aarbechten, wou ze soe bleift, datt dëse Projet de loi de 15. Abrëll 2016 vum Nohaltegkeetsminister François Bausch déposéiert ginn ass. Den éischten Avis vum Statsrot staamt vum 5. Juli 2016 a säin Avis complémentaire vum 27. Oktober 2016. Et sinn also och dës Kéier zwou Ronne gedréint ginn. D'Nohaltegkeetskommissioun huet sech an zwou Sëtzunge mam Projet de loi befaasst an huet mäi Rapport de 26. Januar 2017 eestëmmeg ugeholl.

Ofschléissend wéilt ech der Madamm Vénéré Dos Reis vum MDDI e grousse Merci ausdrécken, grad wéi dem Här Joe Spier aus der Chamber, déi eis begleet hunn, a gi ganz gär den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem ganz spannende Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Rapportrice. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Wilmes.

Discussion générale

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Merci, Här President. Merci der Rapportrice fir de Rapport. Si huet alles gesot. Ech ginn domat den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. An och e grousse Merci un d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché. An domadder och den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Negri. Den Här Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et ass vläicht heiansdo awer net vu Muttwëll, wann emol den Audit iwwer verschidde Saache gemaach gëtt. Da fënnt een och eppes eraus. Och hei ass eppes erausfonnt ginn, awer mir hunn dat jo elo zum Gudde geännert.

Duerfir soen ech dann och der Madamm Lorsché Merci fir hir zwee Rapporten a brénge selbstverständlech den Accord vun der DP-Fraktioun. Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e grousse Merci un d'Madamm Lorsché, an ech schléisse mech gär deenen eloquenten Ausféierunge vum Här Wilmes, vum Här Negri a vum Här Graas un. Villmools Merci.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An dat wäert wuel dann och den Här Wagner maachen?

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Jo, ech wäert dat och maachen, an d'Sensibilitéit déi Lénk stëmmt dee Projet de loi mat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat ass ganz sensibel. Dann den Här Minister wann ech gelift.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech soe Merci fir déi vill Mercien an ech si frou, datt dee Projet eestëmmeg ugeholl gëtt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ma da soen ech Iech och alleguer Merci.

A mir géifen dann zum Vott iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6980 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo direkt eriwwer.

An Iwwerraschung: och hei Eestëmmegkeet!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech froen d'Chamber dann nach eng Kéier, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen.

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

A mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Rendez-vous: muer de Mëtten um zwou Auer.

Merci an d'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 17.35 heures)

Sommaire des séances publiques nos21 et 22

21e séance

Ouverture de la séance publique p. 274

Communications p. 274

Ordre du jour p. 274

Interpellation de M. Léon Gloden au sujet de la situation sécuritaire au Luxembourg p. 275-283

7043 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l'ILNAS p. 283-284

Question élargie n°21 de M. Alex Bodry sur la colocation p. 284-285

6990 - Projet de loi relative aux emballages et aux déchets d'emballages p. 285-287

22e séance

Ouverture de la séance publique p. 287

Communications p. 287-288

Ordre du jour p. 288

Heure de questions au Gouvernement

- Question n°243 du 31 janvier 2017 de M. André Bauler relative aux perspectives de fusion des communes de la Nordstad, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur p. 288

- Question n°244 du 7 février 2017 de M. Laurent Zeimet relative aux mesures de sécurité à envisager par les communes pour les manifestations publiques d'une certaine envergure dans le cadre du plan «Vigilnat» niveau d'alerte 2, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État p. 288

- Question n°245 du 7 février 2017 de M. Roger Negri relative à l'incinération de déchets de verdure, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement p. 288

- Question n°246 du 7 février 2017 de M. Gilles Roth relative à l'avis du Conseil d'État demandé dans le cadre de l'élaboration du projet de loi relatif à l'extension des compétences des agents municipaux par le présent Gouvernement, et se rapportant également à l'interdiction de la dissimulation du visage dans les lieux publics, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État p. 288-289

- Question n°247 du 7 février 2017 de Mme Josée Lorsché relative au programme eSanté, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale p. 289

- Question n°248 du 7 février 2017 de M. Marco Schank relative aux critères d'obtention d'une carte d'accès au service de transport pour personnes à mobilité réduite (Adapto), adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 289-290

- Question n°249 du 7 février 2017 de M. Edy Mertens relative à l'ordonnance médicale standardisée pour soins de kinésithérapie, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale p. 290

- Question n°250 du 7 février 2017 de M. Serge Wilmes relative aux modifications projetées au niveau des horaires de la CFL, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 290

- Question n°251 du 7 février 2017 de M. Yves Cruchten relative à l'introduction d'un système de péage sur les autoroutes allemandes, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 290-291

- Question n°252 du 7 février 2017 de M. Henri Kox relative au traitement des subsides «PRIMe House», adressée à Mme la Ministre de l'Environnement p. 291

- Question n°253 du 7 février 2017 de M. Franz Fayot relative aux travaux de refonte de la législation sur la conservation et la protection des sites et monuments, adressée à M. le Ministre de la Culture p. 291

- Question élargie n°22 de M. André Bauler concernant la réforme de l'Agence pour le développement de l'emploi p. 292

6989 - Projet de loi portant

1. modification du Code du travail;

2. modification de l'article 3 de la loi du 17 juin 1994 fixant les mesures en vue d'assurer le maintien de l'emploi, la stabilité des prix et la compétitivité des entreprises p. 292-297

6939 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 juin 2004 portant réorganisation de l'Administration des bâtiments publics p. 297

6980 - Projet de loi portant modification de la loi du 16 août 2010 relative aux licences des contrôleurs de la circulation aérienne et transposant la directive 2006/23/CE du 5 avril 2006 du Parlement européen et du Conseil concernant une licence communautaire de contrôleur de la circulation aérienne p. 297-298

RAPPORT D'ACTIVITÉ DE LA MÉDIATEURE

Rapport d'activité 2016 de la médiateure

Préface

La présentation de ce rapport annuel, marquant la fin de mon mandat en tant que Médiateure du Grand-Duché de Luxembourg, me donne l'occasion de remercier l'ensemble des personnes œuvrant ou ayant œuvré pour la mise en place de l'institution, son fonctionnement et plus généralement pour l'amélioration des rapports entre l'Administration et ses usagers.

Je remercie plus particulièrement les membres du secrétariat de l'institution pour leur implication et leur engagement ainsi que les usagers et les agents de l'Administration qui, en faisant confiance à l'institution du médiateur, ont permis le traitement de plus de 11.000 litiges ou situations conflictuelles depuis sa création.

Le présent rapport annuel se divise en quatre parties:

I. La première partie du rapport annuel se compose d'une présentation statistique de l'année écoulée;

II. La deuxième partie reprend diverses réclamations introduites par des usagers désemparés face à une lenteur ou une décision administrative incompréhensible ou inacceptable pour eux;

III. Compte tenu du contexte actuel en matière d'immigration et de l'augmentation sensible du nombre de réclamations en ce domaine (78 en 2015 contre 235 en 2016, soit près de trois fois plus), la troisième partie du rapport annuel est consacrée à la situation des demandeurs et bénéficiaires de protection internationale (DPI et BPI);

IV. La quatrième partie du rapport annuel est consacrée aux suggestions et recommandations adressées au Gouvernement, aux administrations et établissements publics concernés. Elle contient notamment:

- une suggestion concernant la formation des professionnels et des bénévoles en contact régulier avec des DPI et BPI;

- la recommandation n°51 relative à la réforme de la loi du 22 août 2003 instituant un médiateur, résultat de l'analyse pratique des dernières cinq années;

- la recommandation n°52 sur la mise en place d'un contrôle externe des structures d'accueil et d'hébergement pour DPI et BPI.

Lydie ERR
Médiateure du Grand-Duché de Luxembourg

Partie 1- Statistiques

Lexique

Clôture: réclamation dont le traitement est clôturé au 31 décembre 2016.

Clôture provisoire: réclamation dont le traitement est mis en attente sur demande du réclamant ou décision de la médiateure.

En cours: réclamation introduite après le 1er janvier 2016 et en cours de traitement après le 31 décembre 2016.

Correction totale: réclamation pour laquelle l'intervention de la médiateure auprès de l'Administration a permis une correction totale.

Correction partielle: réclamation pour laquelle l'intervention de la médiateure auprès de l'Administration a permis une correction partielle.

Pas de correction: réclamation pour laquelle aucune correction n'est intervenue malgré l'intervention de la médiateure auprès de l'Administration.

Réclamation non fondée: réclamation considérée non fondée par la médiateure après étude au fond et éventuelle intervention auprès de l'Administration.

Désistement du réclamant: réclamation dont l'instruction a été arrêtée sur demande ou en raison du silence du réclamant.

Incompétence *ratione materiae*: réclamation dont l'objet n'entre pas dans la compétence de la médiateure.

Transmis pour compétence: réclamation transmise à un autre médiateur du fait que l'objet entre dans sa compétence.

Décision ayant acquis force de chose jugée: réclamation dont l'objet a déjà été tranché par une juridiction et dont la décision a acquis force de chose jugée.

Non-immixtion dans une affaire judiciaire pendante: réclamation dont l'objet touche au fond d'une procédure en cours devant une juridiction.

Réclamation manifestement non fondée: réclamation considérée non fondée par la médiateure avant analyse au fond et qui n'a pas fait l'objet d'une intervention auprès de l'Administration.

Réclamation prématurée: réclamation faisant référence à une décision administrative non encore prise ou à un délai de réponse considéré acceptable par la médiateure.

Absence de démarches préalables: réclamation introduite avant qu'une quelconque démarche ait été effectuée par le réclamant auprès de l'Administration pour demander une explication ou pour contester la décision ou la lenteur en cause.

Actio popularis: réclamation dont l'objet ne concerne pas directement un réclamant ou prenant la forme d'une action de groupe.

Relevé global

Réclamations introduites

Réclamations introduites auprès de la médiateure en 2016	**857**
Clôture	625
Clôture provisoir	15
En cours	217

Ventilation des réclamations clôturées:

Réclamations recevables	**548**
Correction totale obtenue	175
Correction partielle obtenue	42
Pas de correction obtenue	41
Réclamation non fondée	188
Désistement du réclamant	102

Réclamations irrecevables et refus d'examiner	**77**
Incompétence ratione materiae	20
Transmis pour compétence	3
Décision ayant acquis force de chose jugée	5
Non-immixtion dans une affaire judiciaire pendante	1
Réclamation manifestement non fondée	20
Réclamation prématurée	17
Absence de démarches préalables	10
Actio popularis	1

Taux de correction

Le taux de correction est déterminé sur base du nombre de réclamations clôturées, déduction faite des réclamations:

- irrecevables et des refus d'examiner;

- recevables mais non fondées;

- pour lesquelles le réclamant s'est désisté.

Les réclamations clôturées provisoirement et les réclamations dont le traitement est encore en cours après le 31 décembre 2016 ne sont pas prises en considération pour la détermination du présent taux de correction.

Réclamations prises en compte pour le calcul du taux de correction	**252**	**100%**
Correction totale obtenue	175	67,8%
Correction partielle obtenue	42	16,3%
Pas de correction obtenue	41	15,9%

Taux de correction global:	**84,1%**
Correction totale obtenue	67,8%
Correction partielle obtenue	16,3%
Pas de correction obtenue	15,9%

En 2016, la médiateure est intervenue auprès de l'Administration dans le cadre de 252 réclamations et dans 84,1% des cas, son intervention a permis d'obtenir une correction totale ou partielle de la situation administrative contestée.

Administrations et établissements publics relevant de l'État

Réclamations introduites

Réclamations introduites auprès de la médiateure en 2016	**768**
Clôture	553
Clôture provisoire	13
En cours	202

Ventilation des réclamations clôturées:

Réclamations recevables	**506**
Correction totale obtenue	168
Correction partielle obtenue	35
Pas de correction obtenue	39
Réclamation non fondée	177
Désistement du réclamant	87

Réclamations irrecevables et refus d'examiner	**47**
Décision ayant acquis force de chose jugée	5
Non-immixtion dans une affaire judiciaire pendante	1
Demande manifestement non fondée	18
Demande prématurée	16
Absence de démarches préalables	7
Actio popularis	-

Taux de correction

Les taux de correction indiqués dans le présent titre sont déterminés sur base du nombre de réclamations clôturées, déduction faite des réclamations:

- irrecevables et des refus d'examiner;

- recevables mais non fondées;

- pour lesquelles le réclamant s'est désisté.

Les réclamations clôturées provisoirement et les réclamations dont le traitement est encore en cours après le 31 décembre 2016 ne sont pas prises en considération pour la détermination des présents taux de correction.

Réclamations prises en compte pour le calcul du taux de correction	**236**	**100%**
Correction totale obtenue	161	69,4%
Correction partielle obtenue	35	14,5%
Pas de correction obtenue	40	16,1%

Taux de correction global:	**83,9%**
Correction totale obtenue	69,4%
Correction partielle obtenue	14,5%
Pas de correction obtenue	16,1%

En 2016, la médiateure est intervenue auprès d'une administration ou d'un établissement public relevant de l'État dans le cadre de 236 réclamations et dans 83,9% des cas, son intervention a permis d'obtenir une correction totale ou partielle de la situation administrative contestée.

Ventilation par ministères

Le tableau reproduit ci-dessous reprend la ventilation des réclamations introduites auprès de la médiateure entre le 1er janvier et le 31 décembre 2016 en fonction du Ministère concerné.

Les réclamations dirigées contre un organisme non public (incompétence ratione materiae) et réclamations transmises pour compétence à d'autres médiateurs ne sont pas prises en compte.

Ministères	**Nombre de réclamations**
Ministère des Affaires étrangères et européennes	204
Ministère de la Sécurité sociale	141
Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région	117
Ministère des Finances	92
Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire	78
Ministère du Logement	30
Ministère du Développement durable et des Infrastructures	29
Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche	22
Ministère de la Justice	18
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse	13
Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative	8
Ministère de la Santé	5
Ministère de l'Intérieur	5
Ministère d'État	3
Ministère de la Culture	1
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs	1
Ministère de l'Économieb	1
TOTAL	768

- Ministère des Affaires étrangères et européennes

Administration(s) et/ou établissement(s) public(s) concerné(es):

- Bureau des passeports, visas et légalisation, Direction de l'immigration.

Réclamations introduites auprès de la médiateure en 2016	**204**
Clôture	122
Clôture provisoire	1
En cours	81

Ventilation des réclamations clôturées:

Réclamations recevables	**99**
Correction totale obtenue	41
Correction partielle obtenue	8
Pas de correction obtenue	3
Réclamation non fondée	11
Désistement du réclamant	36

Réclamations irrecevables et refus d'examiner	**23**
Décision ayant acquis force de chose jugée	2
Non-immixtion dans une affaire judiciaire pendante	-
Demande manifestement non fondée	12
Demande prématurée	9
Absence de démarches préalables	-
Actio popularis	-

Taux de correction: 94,2%

- Ministère de la Sécurité sociale

Administration(s) et/ou établissement(s) public(s) concerné(es):

- Contrôle médical de la sécurité sociale, Association d'assurance accidents (AAA), Caisse nationale d'assurance pension (CNAP), Caisse nationale de santé (CNS), Centre commun de la sécurité sociale (CCSS), Commissariat aux assurances, Commission de surveillance (des assurances sociales), Conseil arbitral de la sécurité sociale, Inspection générale de la sécurité sociale (IGS).

Réclamations introduites auprès de la médiateure en 2016	**141**
Clôture	109

Clôture provisoire	6
En cours	26

Ventilation des réclamations clôturées:

Réclamations recevables	**106**
Correction totale obtenue	27
Correction partielle obtenue	5
Pas de correction obtenue	12
Réclamation non fondée	55
Désistement du réclamant	7

Réclamations irrecevables et refus d'examiner	**3**
Décision ayant acquis force de chose jugée	1
Non-immixtion dans une affaire judiciaire pendante	-
Demande manifestement non fondée	-
Demande prématurée	-
Absence de démarches préalables	2
Actio popularis	-

Taux de correction: 72,7%

- Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région

Administration(s) et/ou établissement(s) public(s) concerné(es):

- Caisse pour l'avenir des enfants (CAE), Fonds national de solidarité (FNS), Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration (OLAI), Service national d'action sociale (SNAS).

Réclamations introduites auprès de la médiateure en 2016	**117**
Clôture	79
Clôture provisoire	3
En cours	35

Ventilation des réclamations clôturées:

Réclamations recevables	**75**
Correction totale obtenue	26
E ganz wichtege Punkt betreffend d'Obligatiounen, déi mam Opstelle vun den Études préparatoires verbonne sinn: Hei soll eng Vereinfachung kommen. Eenzel Avisen, déi mer an der Chamberskommissioun kritt hunn, hunn dës Verännerung kritiséiert, well se an der besteeënder Étude préparatoire e gutt Instrument gesinn, fir Entwécklungszeenarie fir eng Gemeng ze beschreiwen an en ëffentlechen Débat iwwert déi gewielte Strategie ze féieren. Tatsächlech sinn déi Etüden immens voluminéis an extrem detailléiert, wat d'Gemenge vill Zäit, Suen an heiansdo och Nerve kascht.

Et kann een och dorun zweifelen, datt esou en Dokument déi beschte Grondlag fir en ëffentlechen Débat ass. D'Étude préparatoire beschränkt sech an Zukunft drop, eng Analys vum Ist-Zustand ze maachen an, dorop opbauend, e Konzept fir d'Entwécklung vun der Gemeng ze beschreiwen. Esou gëtt déi generell Orientéierung vun deem neie PAG virgezeechent.

Parallell gëtt iwwer aner Modifikatioune vum Gesetz, op déi ech nach aginn, den Zougang zur Informatioun fir de Bierger verbessert. De Rapport de présentation, dee bei all PAG muss dobäileien, gëtt ersat duerch eng Fiche de présentation, déi déi fundamental Orientéierunge vun engem PAG resüméiert.

Wann een iwwert d'Verkierzung oder d'Vereinfachung vun de Prozedure schwätzt, da muss een uechtginn, datt dës Vereinfachungen net op Käschte vun der demokratescher Matbestëmmung, de Rechter vun de Bierger oder Organisatioune geet. Et ass dofir wichteg, datt eng beschtméiglech Informatioun vum Public garantéiert bleift.

Aus dësem Grond ginn d'Prozedure fir d'Publikatioun, also d'Bekanntmaachung, méi däitlech gemaach. Mir kennen all de Reider, dee virun der Gemeng steet an an deem d'Gemeng hir Décisioune bekannt mécht. Dëst Relikt aus dem leschten a virleschte Jorhonnert erfëllt haut awer net méi eleng säin Zweck.

Dëse Projet de loi gesäit vir, datt wichteg Décisiounen an Zukunft net nëmmen an den Dageszeitungen ugekënnegt ginn, mä och mussen op der Internetsäit vun der Gemeng publizéiert ginn. De Bierger soll sech esou einfach wéi méiglech gutt an am Detail kënnen informéieren. Nieft der traditioneller Publikatioun par voie d'affiche an Annoncen an den Dageszeitunge muss e Projet d'aménagement général net just am Gemengesekretariat ausleien, fir consultéiert kënnen ze ginn, mä muss och op informateschem Support publizéiert ginn; an anere Wierder: och um Internet. Dat ass eng gutt Saach, déi all de concernéierte Leit et erméiglecht, an aller Rou vun doheem aus déi Dossieren ze studéieren.

Am Kader vun dësem Projet de loi gëtt och profitéiert, fir dem Uerteel vun der Cour constitutionnelle vum 4. Oktober 2013 Rechnung ze droen. D'Geriicht hat jo festgehalen, datt een net pauschal kéint per Gesetz décidéieren, datt d'Propriétairen net mussen indemniséiert ginn, wann duerch en neie PAG oder PAP d'Notzungsrecht vun hirem Terrain ageschränkt gëtt. De Propriétaire muss d'Recht behalen, eng Indemnitéit ze froen, an et muss vu Fall zu Fall gekläert ginn, ob sech eng Indemnitéit justifizéiert.

Mir hunn awer décidéiert, den Délai, bannent deem ee ka säi Recht op esou eng Indemnitéit afuerderen, op fënnef Joer ze limitéieren. Dat mécht Sënn, well jo all sechs Joer de Gemengerot doriwwer befanne muss, ob e säi PAG nees wëllt op de Leescht huelen oder net. Esou ass de Gemengerot da wéinstens sécher, datt all eventuell Indemnisatiounen, déi duerch den initialen neie PAG entstoe kéinten, op d'mannst bekannt sinn.

Deeselwechten Délai gëllt dann och fir d'Projets d'aménagement particuliers. An därselwechter Logik gëtt d'Gesetz iwwert den Aménagement du territoire ofgeännert, wou et ëm d'Auswierkunge vun engem Plan directeur sectoriel oder engem Plan d'occupation du sol geet.

E weidere wichtege Punkt betrëfft de Bau vu Wunnengen, déi zu engem soziale Präis musse verkaaft ginn. Bei de PAPen, déi méi grouss si wéi een Hektar respektiv wou méi wéi 25 Logementer gebaut ginn, huet d'Gesetz vun 2004 scho virgesinn, datt 10% vun de Wunnenge musse reservéiert si fir de Logement à coût modéré.

Dat huet awer mat sech bruecht - oh Wunder! -, datt dann natierlech déi klengste Wunnenge fir de Logement à coût modéré iwwreg bliwwe sinn. Déi nei Dispositioun kënnt dem Wëlle vum Gesetzgeber besser no a preziséiert, datt 10% vun der Surface construite brute musse fir de Logement à coût modéré virgesi sinn. Doduerch erhofft ee sech, datt insgesamt méi erschwéngleche Wunnraum entsteet.

De Stat reduzéiert och seng Délaien, bannent deenen hie seng Avise muss ofginn. Esou gëtt zum Beispill den Délai, deen d'Commission d'évaluation kritt, fir hiren Avis ze maachen, vun dräi Méint op ee Mount reduzéiert. Dat gëtt zimlech sportlech an et gëtt sech erwaart, datt doduerch d'Prozeduren insgesamt däitlech méi séier ginn. Datselwecht gëllt och fir d'Approbation ministérielle vun enger Konventioun an engem Projet d'exécution vun engem PAP.

Nei agefouert gëtt eng accéléréiert Prozedur bei klengen Ännerunge vun engem PAP. Ech ginn hei net op den Detail an, mä am Résumé brauche kleng Ännerungen net méi dee laangen administrative Wee ze maachen a kënne soumat däitlech méi séier ëmgesat ginn.

Wat Autorisatiounen ugeet fir, zum Beispill, Publicitéitspanneauen op de Gebaier, esou soll an Zukunft de Buergermeeschter kënnen esou Autorisatiounen ausstellen, amplaz vum Kulturminister. Dofir mussen d'Gemengen dat awer an hire Bautereglementer definéieren. An deem Kader kruten d'Gemenge via Circulaire vum Innenminister un d'Häerz geluecht, hir Reglementer deementspriechend unzepassen. Falls et sech awer ëm Publicitéit an engem Secteur protégé handelt, esou bleift de Kulturministère d'Instanz, déi muss gefrot ginn. Och hei gëtt d'Prozedur méi kloer gemaach, a falls ee bannent dräi Méint keng Äntwert krut, ass d'Demande accordéiert.

Et gëtt nach festgehalen, datt d'Gemenge via Reglement kënne festhalen, bei wéi engen Travaux de moindre envergure ee keng Baugeneemegung méi brauch. An deemselwechte Kapitel iwwert den Aménagement communal ginn nach aner Délaie gekierzt oder preziséiert, verschiddenen Uerteeler gëtt Rechnung gedroen an d'Legislatioun deementspriechend preziséiert oder ugepasst. Mä et géif vill ze wäit féieren, fir all déi Saachen am Detail opzezielen.

D'Kapitel 3 vum Projet de loi beschäftegt sech mam Gesetz iwwert de Pacte Logement. Mir wëssen, wéi schwiereg et ass fir d'ëffentlech Hand, fir un Terrainen ze kommen, zum Beispill wann et ëm de soziale Wunnengsbau geet. Mat dësen Ännerunge gëtt d'Virkafsrecht vum Fonds du logement ausgeweit a méi kloer definéiert. Et ass ze hoffen, datt dëst an der Praxis wäert hëllefen, datt de Fong besser u bebaubar Terrainen an de Gemenge kënnt, fir de soziale Wunnengsbau konsequent auszebauen. Dozou muss ee soen, datt d'Regierung de 4. Januar 2016, also viru ronn engem Joer néng Amendementer agereecht hat, déi och d'Gesetz iwwert de Pacte Logement sollten ofänneren.

Aus Zäitgrënn a well et um juristesche Plang eng Rei Problemer gouf, huet de Statsrot déi awer net aviséiert a proposéiert, dee Volet zu engem spéideren Zäitpunkt ze traitéieren. D'Regierung huet schliisslech décidéiert, dës Amendementer erëm zréckzezéien. Domat kann dëse Projet de loi haut ofgeschloss ginn. Weider Ännerungen, déi de Pacte Logement an den Droit de superficie betreffen, kënnen da gegebenenfalls iwwer en neien onofhängege Projet de loi abruecht ginn.

Och wat d'Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 ugeet, ginn d'Prozedure vereinfacht. Esou musse keng Autorisatioune méi ugefrot gi beim Ëmweltministère, wann ee manner wéi 30 Meter vun engem Bësch oder engem Waasserlaf wëllt bauen; datselwecht wann een no un eng Natura 2000-Zon erukënnt. Déi Bestëmmung ass iwwerflësseg, well den Ëmweltminister am Kader vun den Habitat- a Vulleschutzgesetzer souwisou en Droit de regard huet bei all Projet, deen en Impakt op dës Zon kann hunn.

Am Waassergesetz gëtt eng Forfaitstax agefouert fir déi kleng Prélèvementer vu Waasser, déi ënner 200 m³ pro Joer leien. Bei esou klenge Quantitéite brauch een dann och kee Waasserzieler méi ze installéieren. Mir wëssen, wat dat fir en Opwand ass a mat wéi vill Käschten dat verbonnen ass.

Wat de Bau an Iwwerschwemmungsgebidder ugeet, esou bleiwen déi streng Oplagen a Konditioune generell bestoen. Den Ëmweltminister kritt awer méi eng grouss Flexibilitéit, fir och an esou Gebidder kënnen eng Baugeneemegung ze ginn, wann eng Rei vu Konditiounen erfëllt sinn.

Eng Demande, déi haaptsächlech vu méi klenge Gemenge koum, war déi, datt och d'Employéen op de Gemenge verschidden Akte kënnen ausstelle respektiv vum Buergermeeschter eng Délégation de signature kréien. Och déi vereelsten Alterslimitt vu 25 Joer fir dës Délégation de signature gëtt ofgeschaaft.

Et kënnt effektiv emol vir, datt et op enger Gemeng, déi wéineg administratiivt Personal beschäftegt, en temporären Engpass gëtt a vläicht grad kee Fonctionnaire bei Hand ass, fir en Dokument auszestellen. Do ass et fir de Bierger net ze verstoen, wann hie virstelleg gëtt a gesot kritt, e kéint leider kee Certificat oder Akt kréien, well keen do ass, dee berechtegt ass, fir en ze ënnerschreiwen. Heimat gëtt zwar keng komplett Gläichstellung gemaach vun den Employéen an de Fonctionnairen, mä haaptsächlech op déi reell a praktesch Besoine vun de Gemengen an de Bierger reagéiert. Un de Virgaben, d'Posten op de Gemenge mat Fonctionnairen ze besetzen, ännert dat natierlech näischt.

Eng Vereinfachung gëtt et och am Kommodo-Inkommodos-Gesetz. Et gëtt an Zukunft fir Betriber eng Klass 1A an eng Klass 1B, woubäi déi éischt just muss vum Aarbechtsminister an déi zweet just muss vum Ëmweltminister autoriséiert ginn, an net méi vun deenen zwee wéi bis elo.

An dann zum Schluss nach eppes, fir ze schmunzelen.

Mat dësem Projet de loi ginn zwee Arrêtés grand-ducaux ofgeschaaft, deen ee vun 1939, deen de Gebrauch vu Radioen a Grammofone regelt. Dësen Arrêté huet net méi vill mat der Realitéit ze dinn, zemools well d'Gemengen de Kaméidi iwwer hir Polizeireglementer kënne reglementéieren. Bis haut huet een awer zum Beispill fir all Braderie oder soss eng Feierlechkeet dobausse musse beim Innenminister eng Geneemegung kréien, fir Lautsprecher opzestellen. Mir sinn eis eens, datt dat net zäitgemëiss ass a souwuel villen Associatioune wéi och de Beamte vill Opwand bruecht huet, dee mer heimadder ofschafen.

Deen aneren Arrêté vun 1915 ass nach méi cocasse. Dee mécht näämlech bis elo Virschréften, ënner wéi enge Konditiounen d'Fraen dierften an Hoteller oder Cabarete schaffen, gemengt sinn hei d'Wiertschaften. Esou wier et enger Serveuse theoretesch verbueden, sech bei de Client un den Dësch ze sëtzen, an u sech misst all Kéiers de Gemengerot eng Autorisatioun ginn, wann eng Fra sollt an engem Bistro agestallt ginn.

(Interruption)

Dir gesitt, datt dësen Arrêté vun 1915 absolutt näischt méi an der heiteger Zäit verluer huet! An dofir gëtt en och elo einfach ofgeschaaft.

Une voix.- Très bien!

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.*- Souvill zum Contenu vum Omnibusgesetz. Nieft den Avise vum Statsrot krut d'Kommissioun natierlech och d'Avise vun de Beruffskummere wéi och dem Ordre des architectes, dem OAI, déi éischter positiv op dëst Gesetz reagéiert hunn.

E liicht méi kriteschen Avis koum vum Mouvement écologique, dee sech verständlecherweis Froe stellt, ob eng administrativ Vereinfachung net och kann op Käschte vun der Participatioun vun de Bierger goen, an e freet och, datt de Bierger méi systematesch solle verschidden Informatiounen zoukomme gelooss ginn. Eng grouss Suerg ass och d'Reduzéiere vum Opwand beim Erstelle vun den Études préparatoires bei engem PAG. Déi genee Konditiounen heifir sollen elo vum Minister an engem Règlement grand-ducal opgestallt ginn.

Ech géif awer och wëllen e puer generell Remarquë maachen, déi och an deeneselwechte Kommissiounssitzunge beschwat goufen. Ech sot virdrun, dass et e breede Konsens gëtt fir eng administrativ Vereinfachung, eng Reduzéierung vun den Délaien, a mer eis alleguerte kuerz an einfach Prozedure wënschen. Dat ass net ëmmer méiglech, awer dacks. Mat dësem Pak huet d'Regierung schonn ee gudden Deel Aarbecht an deem Sënn geleescht. Et ass allerdéngs domadder net gedoen.

Déi administrativ Vereinfachung muss e kontinuéierleche Prozess sinn an e stännegt Uleies vun eis alleguerten. De Stat, seng Verwaltungen, d'Gemengen an och mir, d'Chamber, musse regelméisseg eis Prozeduren a Fro stellen an ëmmer erëm probéieren, déi administrativ Belaaschtung vun de Bierger an de Betriber esou kleng wéi méiglech ze halen.

Une voix.- Très bien!

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.*- Zemools d'Digitaliséierung vun der Verwaltung gëtt eis do nei Méiglechkeeten, fir besser a méi séier kënnen op d'Besoine vun de Bierger ze reagéieren. Nach musse mer uechtginn, datt et net zu deem faméisen „digital gap" kënnt, also dass e Lach entsteet tëschent deenen, déi connectéiert sinn, an deenen, déi et vläicht nach net sinn. Et ass also eng Erausfuerderung an eng Chance zugläich. De Minister hat och schonns op d'Efforten higewisen, déi vu senger Verwaltung an deem Sënn gemaach ginn. Vläicht kann hien eis herno nach méi doriwwer zielen.

Mir schwätze jo gäre vun eise Standuertvirdeeler hei zu Lëtzebuerg. Ee Virdeel war ëmmer dee vun de kuerze Weeër. Mir wäre gutt beroden, derfir ze suergen, datt dat och an Zukunft esou bleift. Dofir ass dat heite Gesetz absolutt ze begréissen.

Ech wëll natierlech net ophalen, ouni all de Membere vun der Kommissioun, dem Minister Kersch a senge Beamten e grousse Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht. Ech hu virdru vun deem breede Konsens geschwat. Dësen huet een all déi Méint, wou mer heirunner geschafft hunn, och gespuert. Ech fannen, dat soll ee roueg och eng Kéier ernimmen.

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo den éischte Riedner, den Här Félix Eischen fir d'CSV.

Discussion générale

M. Félix Eischen *(CSV).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ee schlanke Stat, kuerz Weeër, séier Äntwerten, kuerz Prozeduren, Planungssécherheet, Transparenz an esou weider: Esou an nach anescht steet et iwwerall geschriwwen, esou gëtt et mat klorem Mënscheverstand verstanen, wann een haut iwwer Simplification administrative schwätzt. „Stat hëllef mir, maach mir mäi Liewe méi einfach an net onnëtz komplizéiert!" Plus-valuen, déi esou batter néideg sinn an eiser Gesellschaft, déi sech engem wa méiglech gescheite Wuesstum verschriwwen huet, entstinn duerch Kreativitéit. An esou eng gëtt erméiglecht duerch eng gréisstméiglech vereinfacht Administratioun.

Dat ass näischt aneres an dat ass och d'Finalitéit, wann un engem Gesetz vun der Vereinfachung geschafft gëtt, esou wéi dat hei geschitt ass, a wou elo haut de Mëtteg dann enfin en Text fir d'Ofstëmmung virläit. Virewech soen ech dem Yves Cruchten am Numm vu menger Fraktioun e grousse Merci fir säi komplette schréftlechen a mëndleche Rapport. An et ass net einfach, esou vill Technik, esou vill Technesches a verständleche Wierder eriwwerzebréngen. Ech mengen, den Yves Cruchten huet dat ganz, ganz gutt gemaach.

De Projet vum sougenannten Omnibusgesetz huet also d'Zil, eng ganz Rëtsch vu Gesetzer punktuell ëmzeänneren, fir d'Prozeduren administrativer Natur ze vereinfachen an ze moderniséieren. Et ass awer schonn e wéineg paradoxal; dat ass scho virun e puer Deeg an der Press gesot ginn: Dat Gesetz hei sollt jo u sech oder soll déi administrativ Weeër vereinfachen a méi séier maachen, an dach huet dee ganze Wee vun dësem Projet de loi dat net grad op déi allerbeschten Aart a Weis illustréiert. Et huet einfach extrem laang gedauert, bis dass et esou wäit war.

Déi aktuell Regierung ass och vläicht an dësem Dossier mat ze vill iwwerdriwwenem Optimismus drugaangen. Mä bon, dat kann een hir awer elo net reprochéieren. Dat ass u sech jo eng positiv Approche. Mä dach huet se am Ufank awer zimlech hefteg op déi viregt Koalitioun geklappt, dass déi administrativ Vereinfachung net séier genuch gaange wier an dass se elo emol d'Brems géif eraushuelen a géif en Omnibus op eng TGV-Linn setzen. Okay, tipptopp, mir waren du gespaant.

Dee Schnellzuch ass dunn awer éischter zu engem Bummelzuch mutéiert an ass souguer och liicht vu senger Schinn ofkomm. Aus dem Omnibus sinn näämlech eng Rëtsch Elementer erausgeklommen. Ech kommen nach eng Kéier kuerz dorobber zréck. Et si souguer Leit, déi hu gesot: „Et ass en Ovni-Bus. Dee schwieft esou an der Loft a mir wëssen net richteg, wat mer sollen domadder ufänken." Mä bon!

D'CSV wäert d'Gesetz awer matstëmmen. D'CSV wäert d'Gesetz matstëmmen.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Félix Eischen *(CSV).*- Et geet eis hei näämlech ëm e ganz wichtegen Aspekt vum alldeegleche Liewen, ëm déi administrativ Vereinfachung fir d'Bierger an d'Betriber. An all Schrëtt - all Schrëtt! -, deen eis an dësem Bestriewe virubréngt, ass e gudde Schrëtt, och wann dës Schrëtt net mat Siwemeilestiwwele geholl ginn.

Ee schlanken, transparenten, kommunikativfrëndleche Stat ass e Must. De leschten Dezember hate mer am Kontext vun der Kompetitivitéitsdebatt heibannen des Laangen an des Breeden driwwer geschwat. En einfacht administratiivt Oflafen, dat si wichteg Puzzledeeler an der Wettbewerbsfäegkeet vun engem Land. Wann d'Barrièren ze héich sinn, dann iwwerleeën d'Betriber sech dräimol, ob se sollen heihinner kommen oder ob se iwwerhaapt sollen hei bleiwen. All Betrib brauch Planungssécherheet. Ouni déi ass et schwéier. An d'Blannt eraschaffen ass Gëft fir de Wettbewerb. Et kascht Zäit an och ganz vill Suen.

Administrativ vereinfachen ass allerdéngs, wéi et de Minister Kersch iwwregens schonn zu Recht e puermol ënnerstrach huet, eng „neverending story" oder, wéi de Rapporteur dat och scho richtegerweis eng Kéier op der Antenn vu Radio Lëtzebuerg gesot huet, e kontinuéierleche Prozess, deen ni ofgeschloss ass, och net mat dësem Gesetz, well et kommen ëmmer méi Reglementatiounen, Direktiven an Oplagen op d'Akteuren um Maart duer.

Do, wou ëmmer méi Leit op engem begrenzten Terrain beienee liewen, brauch een ebe méi Regelen. An do riskéiert de Reglementatiounsdschungel, esou grouss an onduerchsiichteg ze ginn, dass een eben net méi gutt derduerchgesäit.

Op där anerer Säit mussen déi technesch Moyenen, an déi gëtt et jo, an där gëtt et der ëmmer méi, et erméiglechen, dëst auszegläichen an dee ganze Prozess ze vereinfachen an iwwersiichtlech ze halen.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

An dat ass jo eigentlech och den Zweck vun dësem Omnibusgesetz, wat eng ganz Rei vun Texter op hir Effizienz analyséiert huet, an op deene Plaze punktuell Ännerunge virschléit, déi et eben erméiglechen, dass et an der Realitéit net zu engem onnéidege Blocage kënnt oder et ze laang dauert, sief dat am Kader vum PAG-Gesetz, dem Gemengegesetz, dem Logementsgesetz, dem Waassergesetz oder och nach diverse Reglementer, déi och sécherlech alleguerte sengerzäit sënnvoll waren, mä awer déi eben der Zäit haut mussen ugepasst ginn.

De Prinzip vun der administrativer Vereinfachung ass awer net eréischt mat dësem Omnibusgesetz un d'Rulle komm, mä huet schonn eng relativ laang Virgeschicht. Vun 1995 un, dat wësst Der, hunn ënner anerem déi successiv Regierungen e ministerielle Ressort vun der Réforme administrative kritt an déi krut deementspriechend och hire wichtege Stellewäert an der Politik.

Hautdesdaags, wou de Stress am Alldag eng nei Dimensioun awer krut, wou jiddwereen d'Impressioun huet, et hätt een u sech ëmmer manner Zäit, fir dëst oder dat ze maachen, ass et einfach wichteg ginn, dass een dem Bierger säin administratiivt Liewen esou einfach an esou séier wéi méiglech sollt gestalten, sief et dass e sech net ëmmer fir alles muss déplacéieren oder dass en net ëmmer muss wochen- oder souguer méintlaang op eng Décisioun waarden. Datselwecht gëllt selbstverständlech och am Intérêt vu klengen a mëttelstännegen Entreprisen, déi och dacks net d'Moyenen hunn oder déi Marge och zur Verfügung hunn, sech domadder ze beschäftegen, respektiv och net d'Personal hunn oder keng Suen hunn, fir Personal ze bezuelen, fir sech hannert d'Paperasse mussen ze setzen.

Mir wäerten, Dir Dammen an Dir Hären, ganz sécher an eiser ugefroter Interpellatioun iwwert d'PMEen an den nächste Wochen dorobber zréckkommen.

Viru gutt sechs Joer kruten d'Entreprisen an d'Bierger de Guichet virtuel offréiert, fir sämtlech Informatiounen einfach a bequem kënnen ze liesen an nosichen ze goen, Formulairen an Demanden auszefëllen, Certificaten ze kréien; dat Ganzt am Partenariat mat LuxTrust. Et gouf méiglech, eng ganz Rëtsch offiziell Dokumenter ze digitaliséieren an domadder och ze dématerialiséieren.

Och sinn deemools d'Fiches d'évaluation d'impact agefouert ginn, déi systematesch bei de Gesetzesprojeten derbäi sinn, fir ënner anerem ze kontrolléieren, ob esou effikass, einfach an intelligent wéi méiglech nom Prinzip vum sougenannten „think small first" e Gesetzesprojet redigéiert ginn ass oder och net.

A Saache Simplification administrative, Dir Dammen an Dir Hären, ass also scho villes gemaach ginn. An och dës Regierung féiert dës Efforten och mat dësem Gesetz wieder, wat mir selbstverständlech begréissen a mat ënnerstëtzen, an awer och ëmmer erëm hannerfroen: Wou si mer drun? Wéi zum Beispill, dat ass haut de Mueren och um Radio schonn eng Kéier ugeklongen: Wéi ass et mat „Einfach Lëtzebuerg"?

Ech hat den Här Kersch scho virun e puer Wochen dorobber ugeschwat. Hien hat, wann ech mech do richteg erënneren, an engem Summerinterview 2016 wärend der grousser Vakanz vun deem Aktiounsplang „Einfach Lëtzebuerg" geschwat, deen am Hierscht 2016 sollt virgestallt ginn a wou a sämtleche Ministèrë Moossnamen ergraff sollte gi fir ee méi performanten, einfachen an och duerchsiichtege Statsapparat zugonschte vun de Bierger an de Betriber.

Bon, mir sinn elo gläich am Fréijoer 2017, mir hoffen et wéinstens, an da wär et net onninteressant ze wëssen, wou mer do dru wieren. Den Här Cruchten hat de Mueren iwwregens op „Radio Lëtzebuerg" gesot: „Mir hoffen, dass dat an den nächste Wochen a Méint kënnt." Mir hoffen, dass et nach e bësselche méi séier geet, Här Kersch. Mä bon, herno kënnt Der jo vläicht dorobber agoen.

Bon, ech kommen dann awer elo, wann Der erlaabt, kuerz zréck op eise Sujet, deen eis haut e bësselche méi beschäftegt. Am Joer 2012 haten de fréieren Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler an dee fréieren, esou wéi haut nach ëmmer aktuelle Wirtschaftsminister Etienne Schneider eng Etüd an Optrag ginn, fir ze kucken, a wéi enge Beräicher een administrativ Prozedure kéint virhuelen, fir dass d'Bierger an d'Betriber hiren Aktivitéiten an Aufgabe mat méiglechst wéineg Hürden an och méi séier an effikass nogoe kéinten.

Aus där Etüd sinn dann och eng ganz Partie vu Virschléi erauskomm, déi dunn am Mäerz 2013 mat der Ënnerschréft vum Minister Schneider un de Statsminister Juncker verschéckt gi sinn. De Wirtschaftsminister hat an deem Bréif gesot, et wier un der Zäit, dass d'Regierung endlech de Courage géif weisen, fir d'Prozeduren ze vereinfachen an doduerch d'Wirtschaft ze redynamiséieren.

An deem Bréif vun am Ganzen 21 Säite ware vill Mesuren opgeluecht, haaptsächlech aus de Beräicher Ëmwelt an Intérieur. Dunn awer koumen d'Neiwahlen an den Dossier Omnibus hat e bësse Paus, mä et konnt een awer hoffen, dass déi Paus net ze laang géif daueren, well wärend der Wahlcampagne hate sech och d'Parteien am Fong favorabel an hire jeeweilege Programmen dozou ausgedréckt. A praktesch alleguerten hate se sech zum Virsaz geholl, d'Omnibusgesetz weiderzeféieren.

Dobäi hat d'LSAP sech zum Beispill beklot, dass de fréiere Statsminister net séier genuch op déi konkret Verbesserungsvirschléi, déi sech also aus dem Bréif vum Minister Schneider erausgestallt haten, agaange wier. Och den...

(Interruption par M. Etienne Schneider)

Ech hunn Iech net verstanen, Här Schneider.

(Interruption par M. Etienne Schneider)

Okay. Da kënnt Der dat jo herno preziséieren.

Och de grénge Kolleegen ass d'Réforme administrative net séier genuch virugaangen. Si haten allerdéngs eng aner Vue, wat d'Betribsgeneemegungen ugeet. Si soten an hirem Wahlprogramm, dass déi ökologesch Standarden net ënnert dem Virwand vun der administrativer Vereinfachung geaffert däerfte ginn. Domadder hate si eng Partie vun de Mesurë viséiert, déi d'LSAP an hire Propositiounen awer stoen hat.

D'DP hat an hirem Programm d'Landesplanungspolitik als verfeelt erkläert, well fir d'Entreprisen ëmmer nach een ze héijen an ze deieren administrativen Opwand do wier. Si hate sech fir d'regional Guichet-uniquen agesat. A mäi Kolleeg André Bauler hat dozou eng Fro un den Här Kersch gestallt; an der Séance vum November 2015 war dat. Den Här Kersch sot, et wär analyséiert ginn, esou wéi et och am Regierungsprogramm versprach gi war, mä d'Resultater wären éischter negativ an den Erfolleg bescheiden. Si hätte just dräi bis véier Demandë pro Dag gehat. Du war dat also ad acta geluecht ginn.

Am Regierungsprogramm vum Dezember 2013 stoung schliisslech schwaarz op wäiss, dass de Bréif vum Här Schneider d'Basis fir d'Aarbechte vun der interministerieller Missioun, déi sech ëm d'Vereinfachungsprozedure soll këmmeren, sollt sinn. D'CSV huet sech deem och guer net entgéintgesat. Et konnt also eng Kontinuitéit sinn.

Du koum de 16. Juli 2014. D'Gesetz gouf déposéiert. Viru méi wéi zwee an engem hallwe Joer ass et also an d'Chamber komm. Bon, fir dass d'Regierung opgetruede war an de Leit dobausse gesot huet, si géif elo aus deem Omnibus- en „TGVs-Gesetz" maachen, an et géif elo ganz schnell goen, ass et trotzdeem, ech mengen, do musst Der mer recht ginn, eng relativ laang Zäit, bis dass et dann elo den 8. Februar 2017 gestëmmt gëtt.

Här Kersch, ech soen elo net, dass et Är Schold war.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Félix Eischen *(CSV).*- Ech maache just... Awer Dir musst mech ausschwätze loossen!

(Interruption)

Ech hu jo elo net gesot: Et ass Är Schold. Ech hu just gesot: Et huet laang gedauert. A wann ee vun „TGV" schwätzt, da soen d'Leit dobaussen: „Jo, dat geet awer elo schnell." A wann een da seet vum Juli 2014 bis Februar 2017 ass „TGV"... Ech weess net, bon.

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Här Eischen, däerf ech eng Fro stellen?

M. Félix Eischen *(CSV).*- Jo, frot mech.

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Ech sinn erfreet ze héieren, dass Der gesot hutt, et wär net d'Schold vun der Regierung gewiescht. Kënnt Der der Chamber da vläicht soen, wien an Ären Ae schold dru war, dass et esou laang gedauert huet?

M. Félix Eischen *(CSV).*- Ech hu constatéiert, Här Kersch, dass et einfach laang gedauert huet. Virdrun ass den Här Cruchten am Detail drop agaangen, wourun et louch a wéi laang dass dru geschafft ginn ass an dass verschidden Avise vum Statsrot ebe méi laang gebraucht hunn aus x techneschen Uersaachen, gellt! Ech hu just elo constatéiert: Et huet laang gedauert. An dat kënnt Der mer elo net falsch maachen. Do kënnt Der Iech dréien a kéieren, wéi Der wëllt. Sou!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Sout, Här Eischen, Dir wennt Iech erëm zréck un d'Chamber. An dann ass et just den Här Eischen, deen da weiderfiert, wann ech gelift! An dat gëllt natierlech och fir d'Regierungsmemberen.

M. Félix Eischen *(CSV).*- Entschëllegt, Här President. Et war awer elo esou flott.

(Hilarité)

Gutt.

Den Här Kersch hat d'Omnibusgesetz, wéi gesot, séier versprach. Bon, et ass dann elo méi oder wéineger awer gelongen, dass et elo hei läit. Eis Regierung - an dat ass awer nach méi interessant - hat gesot, dass se awer elo nach vill méi wäit géif goe wéi déi viregt. Et ass gesot ginn: Dat soll alles vill méi wäit gräifen. Dat war fir eis dann awer éischter eng iwwerraschend Ausso, nodeems mir den Text du bis virun Aen haten. Wat hu mir gesinn? Den déposéierte Gesetzesprojet vum zoustännege Minister war jo awer eng zimlech ofgespeckte Versioun vun den urspréngleche Iddien aus dem Bréif Schneider.

Fir d'CSV handelt et sech bei dësem Projet dann awer ëm eng méi liicht Versioun wéi déi, déi am Ufank ugeduecht war. Dat fanne mir perséinlech schued. Et hätt een hei effektiv méi wäit kënne goen. De Statsrot huet a sengen éischten Avisen d'Virgabe vum Projet begréisst, mä en hat dann awer trotzdeem eng relativ kritesch Meenung zum Ganzen. Ouni elo wëllen an déi 15 formell Oppositiounen anzegoen, just kuerz generell d'Appréciatioun hei: Déi héich Kierperschaft hat sech schwéiergedoen, den Exposé des motifs ze verdauen, well en immens komplex war an et net einfach war, d'Zesummenhäng vun deene verschiddene Kapitelen ze verstoen. Dofir hätt de Statsrot et virgezunn, wann hei separat Gesetzesprojete geschriwwe gi wieren, an déi dann duerno als Paquet de réformes, wéi zum Beispill bei der Fonction publique, ze deponéieren.

De Rapporteur hat an engem Interview och gemengt, dass dat nach eventuell méi Zäit an Usproch geholl hätt, wéi et iwwerhaapt elo schonn de Fall war. Schwéier ze soen am Endeffekt, mä j'en passe.

Ech ginn och elo net an d'Detailer vun all den eenzelne Gesetzesännerungen an, well dëst, dat ginn ech zou, vläicht net extrem spannend war, awer extrem technesch ass. An ech fannen och, dass de Rapporteur dat ganz gutt gemaach huet. Ech wëll awer kuerz op e puer Punkte séier agoen, déi mir wierklech däitlech am Projet begréissen.

An ech wollt do deen een oder deen anere Punkt ervirhiewen, zum Beispill am Gesetz vum Aménagement communal et développement urbain ginn déi meeschten Ännerunge virgeholl. Mir begréissen an deem Kontext, dass d'Gemengen, déi e Service technique communal hunn, an Zukunft selwer e Projet de PAG, de PAP „quartier existant" oder PAP „nouveau quartier" kënnen erstellen, ouni mussen op en externe Service zréckzegräifen. Dat ass sécher eng Vereinfachungsmoossnam fir d'Gemengen. Sécher kënnen och do hir eege Ressourcë méi effizient genotzt ginn. Et muss een allerdéngs och uechtginn an oppassen, dass d'Gemenge genuch qualifizéiert Personal hu fir déi Aufgaben. Dat ass net ëmmer evident.

De Rapport vun engem PAG gëtt an der Praxis als ganz..., als dacks ermiddend an iwwerdriwwe prezis empfonnt. Dofir gesäit de Gesetzesprojet och vir, dass et ënnert dëser Form soll geännert ginn, woubäi haaptsächlech d'Fiche mat de strukturellen Donnéeë vun engem PAG sollt consultéiert ginn; och dat eng grouss Erliichterung. Dat fanne mer gutt.

An Zukunft soll de Projet de PAG da wärend 30 Deeg op der Internetsäit vun de Gemenge publizéiert ginn. Och do hat de Rapporteur sech derzou ausgelooss. Dat ass sécher ze begréissen.

Am Kontext vun engem PAP „nouveau quartier" gëtt de Kritär vun engem Hektar bebaubarem Terrain fir sougenannte Logements à coût modéré duerch en neie Kritär ersat. An dat ass och ze begréissen. An zwar mussen an Zukunft 10% vun der Bebauungsfläch fir déi Logementer virgesi ginn. Dat mécht dat Ganzt besser a kloer moossbar, an dréit och sécher der Logementspolitik Rechnung. Dat heescht, mir kréie méi Unitéiten à coût modéré an de Projet.

Iwwregens ass dat doten och eng Mesure, déi vun de Leit aus der CSV an der Kommissioun proposéiert ginn ass. Bei där Geleeënheet wëll ech awer och hei ënnersträichen, dass d'Zesummeschaffen an der Kommissioun un dësem Text ganz gutt war a parteiiwwergräifend exemplaresch.

Une voix.- Très bien!

M. Félix Eischen *(CSV).*- Dat soll een och emol eng Kéier esou soen.

Den Délai vun den Avisen an der Cellule d'évaluation, dat berodend Organ an der Commission d'aménagement fir d'PAPen, gëtt vun dräi op ee Mount verkierzt. Ech ginn Iech do recht, Här Cruchten, dat gëtt wahrscheinlech zimlech sportlech - à voir! Loosse mer hoffen, dass et klappt!

Am Ëmweltschutzgesetz gëtt den Artikel 5 geännert, fir d'Geneemegung vum Ëmweltministère ofzeschafen, wann een op manner wéi 30 Meter vun engem Bësch vu méi wéi engem Hektar oder enger Baach wëllt bauen. Och dës Dispositioun ass also iwwerflësseg ginn. Fir eis, wéi gesot, eng gutt Saach.

Da ginn, och wéi de Rapporteur dat flott erwäänt huet, ganz al groussherzoglech Arrêtéen aus de Jore 1915 respektiv 1939 ofgeschaaft, déi sécherlech, an ech mengen, dat kënne mer hei mat zwou Hänn ënnersträichen, net méi zäitgeméiss sinn. Do gitt Der mer sécher recht.

Et sinn, wéi gesot, dëst just e puer Beispiller, déi op eis Zoustëmmung treffen. Mir wäerten, wéi gesot, de Gesetzesprojet matstëmmen, mä e geet eis awer net wäit genuch. Deen Text, deen eis hei virläit, entsprécht net méi deene sëlleche Virschléi, déi aus dem 21-Säite-Bréif vum Minister Schneider opgelëscht gi waren. Zum Beispill steet net méi ganz vill aus dem Environnement dran. Wat ass mat deenen Elementer geschitt, déi eis an eis net eleng awer esou fundamental geschéngt hunn?

Den Här Schneider hat am Joer 2013 nach gesot respektiv geschriwwen, dass d'Legislatioun am Beräich vum Ëmweltschutzgesetz eng vun de gréisste Bremse fir d'Wirtschaftswelt wär.

D'Bierger an d'Betriber géifen net genuch informéiert ginn, se missten ze laang op Décisioune waarden a géifen heiansdo guer keng Äntwert vun der Verwaltung kréien.

Den Här Schneider hat den Artikel 17 zitéiert, wou dat aktuellt Gesetz keen Ënnerscheed tëscht engem Biotop an engem Perimeter, wann do sollen Ëmännerunge kommen, a baussent engem Perimeter mécht. Well dorënner och d'Zones d'activités économiques falen, féiert dat zu onméigleche Situatiounen. Allerdéngs war den Här Schneider der Meenung, dass den Ëmweltminister just nach an der Zone verte sollt kënnen intervenéieren.

Dat fanne mer net méi erëm. Eiser Meenung no ass do bei deene grénge Kolleegen déi rout Luucht ugaangen. Op jidde Fall fanne mer et am aktuellen Text net méi erëm.

Eng aner Fuerderung war déi...

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Här Eischen, erlaabt Der eng Fro vum Här Schneider?

M. Félix Eischen *(CSV).*- Ech erlaben et.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Eischen, ech wëll Iech just soen, zu deem Bréif, deen Der do dauernd vum Här Schneider zitéiert, stinn ech. A wär ech an där viregter Regierung eleng gewiescht, fir dat ze décidéieren, dann hätt ech dat doten alles décidéiert. An och an der aktueller Regierung sinn ech leider net eleng maassgeeblech, fir déi Saachen do all ze décidéieren. Dofir ass eben net alles an deem Gesetz, wat ech mer gewënscht hätt als Wirtschaftsminister. Dofir kënnt Der Iech déi Méi spueren, dat ëmmer erëm ze ernimmen.

Mä Dir wësst, wéi dat ass, wann ee muss mat anere Kolleegen eens ginn. Jiddwereen huet seng Ressorten ze verteidegen. Ech sinn nach ëmmer der Meenung vun deem, wat an deem Bréif do steet, mä hu mech dann net an all deene Punkten duerchgesat vis-à-vis vun de Kolleegen, dat sougutt an der Regierung virdrun wéi an där heiter Regierung. Domat, mengen ech, hätt ech Iech op Är Argumenter geäntwert.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- An domadder gi mer dem Här Eischen erëm d'Wuert.

M. Félix Eischen *(CSV).*- Merci, Här President. Mir hate virun enger Zäit vun engem Knéifall geschwat virun de grénge Kolleegen. Da kann ech also elo constatéieren, dass dat dann net esou ganz falsch war. Mä bon, bref, dont acte. Ech hunn awer elo zur Kenntnis geholl, wat Der elo hei gesot hutt.

Mä trotzdeem, mir bemängelen awer, dass et net drasteet! An ech mengen, dat ass eist gutt Recht dorobber hinzeweisen. A mir hoffen, dass d'Regierung nach eng Kéier dorobber zréckkënnt.

Ënner anerem war eng Suerg vun Iech, an Dir hutt dee Bréif geschriwwen, an dee liest ee jo och mat engem gewëssenen Interessi, an da muss een nach eng Kéier drop zréckkommen a soen, dass do Saache keen Nidderschlag kritt hunn an engem Gesetz, dat sech urspréinglech op dee Bréif baséiert huet. A wa mer do Saachen net dran erëmfannen, deet eis dat leed.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Mat Ärer Partei war et och net méiglech.

M. Félix Eischen *(CSV).*- Jo, bon. Kommt, mir schwätzen, wat elo haut ass!

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Äre Bréif war dach nëmmen en ofgespeckte Résumé vun enger Etüd, déi den Här Wiseler maache gelooss hat.

(Interruptions)

Firwat war Äre Bréif dann en ofgespeckte Résumé?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also, Här Schneider, vu wéini datéiert dee Bréif, deen Dir anscheinend geschriwwen hutt? An Dir wësst jo och d'Originn vun där ganzer Geschicht!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Här Wiseler, wann Der eppes wëllt soen, da frot d'Wuert!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mä ech hätt och gären, datt Der der Regierung datselwecht géift soen, wann Der mech hei interpelléiert.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Ech hunn dat scho virdru gesot: Et ass elo just nach een, deen d'Wuert huet, dat ass den Här Eischen. Wann ech gelift, fuert weider mat Ärer Interventioun! Wann ech gelift, elo just nach den Här Eischen, an duerno kënnt Der gären nach eng Kéier eng Fro stellen. Et ass um Här Eischen. Wann ech gelift! Merci.

M. Félix Eischen *(CSV).*- Eng aner Suerg vum Wirtschaftsminister waren déi sougenannten Zones protégées d'intérêt national, déi per Reglement deklaréiert goufen. Hei kéim et des Éftere vir, dass elektresch Leitungen, Transportinfrastrukturen oder aner Konstruktiounen, déi der Allgemengheet dénge sollen, onnéideg blockéiert ginn. D'Gesetz sollt hei dës Zort vu Konstruktiounen accordéiere kënnen. Dat gëtt och net am Kontext vum Projet Omnibusgesetz geregelt. An ech wëll och ënnersträichen, dass mir dat bedaueren!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir waart och do net derfir.

(Brouhaha)

M. Félix Eischen *(CSV).*- Nach e lescht Beispill, wat ech gäre wollt ervirsträichen, ass awer dat mat der Validitéitsdauer vun de Geneemegungen. Dat aktuellt Ëmweltschutzgesetz gesäit effektiv vir, datt eng Geneemegung ongélteg gëtt, wa se bannent zwee Joer net opgebraucht ginn ass. Dat ass esou deemools gemaach ginn. Et hat sécherlech och seng Grënn, mä an der Praxis gesäit et nun awer emol esou aus, dass een dacks muss och op aner Autorisatioune waarden. A wann et da souwäit ass, ass déi eng schonn net méi gélteg, well d'Frist an der Tëschenzäit ofgelaf ass. Hei hutt Der deemools... oder hei huet den Här Schneider deemools gemengt, dass d'Gesetz misst eng Verlängerung virgesinn oder souguer eng méi laang Gëltegkeetsdauer.

D'Omnibusgesetz gesäit hei awer vir, dass iwwer eng schréftlech motivéiert Demande eng Verlängerung kann ugefrot ginn. Doropshi kann de Minister zwou Verlängerunge fir all Kéiers maximal ee Joer accordéieren. Ob dat elo dem fréieren oder dem aktuelle Wirtschaftsminister Schneider senger Fuerderung gerecht gëtt, bezweifele mer. Ausserdeem riskéiert dëst zousätzlechen administrativen Opwand. Also, ob een hei elo vun administrativer Vereinfachung ka schwätzen, sief emol dohinnergestallt.

Bref, vun all dëse Beispiller, vun all dëse gutt gemengte Virschléi, déi jo net einfach esou an engem schwaache Moment néiergeschriwwe goufen, ass also, wéi gesot, am neie Gesetz näischt méi oder net méi vill ze fannen. Déi Elementer, déi ech elo opgezielt hunn, sollen awer elo am Kader vum Gesetzesprojet 7082 iwwert d'Ëmweltschutzgesetz, wat an der zoustänneger Kommissioun jo behandelt gëtt oder do läit an da behandelt gëtt, drakommen.

Bon, elo gëtt och gesot, dat kéim. Bis elo läit et net hei. An dat, wat mer feststellen, dat, wat mer och e bësse schued fannen an deem Ganzen, dat ass, dass d'Regierung u sech elo mat zwou Vitessë schafft. Et gëtt mat zwou Vitessë geschafft. Do gesi mer eng Kontradiktioun, well d'Omnibusgesetz mat enger gewëssener Urgence traitéiert sollt ginn, fir esou séier wéi méiglech duerch d'Prozedur kënnen ze goen an dann och a Kraaft ze trieden. An dofir och meng Remarque vu virdrun, dass mer der Meenung sinn, dass awer den ausgebremsten TGV e bësse vun der Schinn ofkomm ass.

Als CSV hoffe mer dann zumindest, dass dat dann net nach wäert Wochen oder Méint laang daueren, bis och dës Mesuren endlech kënnen a Kraaft trieden. Menges Wëssens ass dat Naturschutzgesetz am August 2016 déposéiert ginn. Weider vill Avise sinn do nach net do. Also gi mer dervun aus, dass dat dann awer och nach e bësse kann daueren.

Mir bleiwen also derbäi, dass dëse Projet eis, esou wéi en hei virläit, net wäit genuch geet. Et ass also an eisen Aen och net richteg, wann de Minister nach virun engem Joer gesot huet, dass elo dës Regierung méi wäit géif goe wéi déi viregt Regierung. Dat ass net wouer! Dat war e bëssen de Leit Sand an d'Ae gestreet.

Dat, wat awer elo hei am Projet steet, dat, wat elo hei netto dran ass, dat kann d'CSV ënnerstëtzen. Meng Partei hat wärend der Analys vum éischte relativ katastrophalen Avis vum Statsrot ganz vill Suggestioune gemaach, déi beim Minister an och an der Majoritéit op oppen Ouere gestouss sinn. An hien ass eis och do vill entgéintkomm. Dat soll ee soen.

Och, net nëmmen, mä och aus dëse Grënn an och well mer konstruktiv wëllen a Saachen administrativ Vereinfachung matschaffen, stëmme mir dëse Projet mat, an der Hoffnung, dass dëst net dee leschte vun de wichtege Schrëtt ass a Richtung vun enger nach méi konsequenter Simplification.

Ech soen och all deene Leit Merci, déi un dësem techneschen Dossier matgewierkt hunn. An ech soen Iech heibannen datselwecht fir d'Nolauschteren.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Här Eischen, erlaabt Der nach eng Fro vum Här Wirtschaftsminister...

M. Félix Eischen *(CSV).*- Selbstverständlech.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- ...oder huet sech dat eriwwregt?

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Eischen, ech wëll Iech just nach eng Kéier drop hiweisen. Wann Der hei Saache gesot hutt, déi a mengem Bréif stoungen an elo leider, wéi Dir da sot, net am Gesetz sinn, a wou Der bedauert, dass d'Gesetz net méi wäit geet, wëll ech Iech nach eng Kéier soen: Dir hutt ee konkret Beispill gesot, wa mer zum Beispill Stroumleitunge leeën, dass mer net méi mussen all déi Autorisatiounen hunn, déi mer haut mussen hunn. Da wëll ech Iech soen: Dat ass net dran, well dat och an der Virgängerregierung net gaangen ass. Och do war Ären Ëmweltminister an Ären MDDIs-Minister net en faveur, fir dat doten ze maachen. Ech wëll dat... An och den Intérieur...

(Interruption)

Neen, och den Intérieur war net en faveur.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Esou geet et awer elo net!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- An do gëtt et... Da lauschtert, loosst mech ausschwätzen!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, neen, mä...

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Mir maachen hei eng Fro, eng konkret Fro un den Här Eischen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech wëll just hei soen, Här Eischen,...

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Eng konkret Fro.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- ...fir d'Saach konkret ze soen: Mir hunn an der viregter Regierung leider näischt hikritt, wat dat doten ugeet. An an där heiter Regierung no sechs Méint - no sechs Méint! -, wou déi Regierung am Amt war, huet den Dan Kersch als Innenminister dee ganze Projet op den Instanzewee bruecht. Dass en hänke bliwwen ass am Statsrot eng Éiwegkeet,...

(Interruption par Mme Octavie Modert)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- ...dofir kann d'Regierung net. Mä Dir kënnt awer elo net behaapten oder esou maachen, wéi wann ënner enger CSV-geféierter Regierung dee Projet méi wäit gaange wär, well dat ass net de Fall. Mir sinn iwwerhaapt néierens ukomm an der viregter Regierung. An déi hei Regierung huet de Maximum gemaach, dee se ka maachen. An och wann de Wirtschaftsminister sech vun e puer Saache gewënscht hätt, dass déi méi wäit ginn,...

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Just konkret Froen, wann ech gelift.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- ...ass dat leider an enger Koalitioun net ëmmer méiglech. An dat wësst Dir esou gutt wéi ech.

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Bref, Dir hat an der viregter Regierung näischt ze soen.

Une voix.- D'Madamm Modert wollt sech nach aschreiwen, fir d'Wuert ze kréien.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Eng konkret Fro vun Ärer Partei.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also, dat do war awer keng konkret Fro, Här President!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Dir däerft eng Fro stellen.

Une voix.- Dat do ass e Fait personnel.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Dann dréit se esou, dass et als Fro gestallt gëtt, wann ech gelift!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also, et ass gutt, Här President. Ech froe mech, ob dat, wat...

(Hilarité et brouhaha)

...de Minister elo hei gesot huet, an deem Sënn esou stëmmt, well et ass awer kloer, datt déi viregt Regierung en Accord mat der UEL ausgeschafft hat an där leschter Zäit, wou eng ganz Rei Saachen drastoungen, déi net an dësen Text iwwerholl gi sinn. Leider war an der viregter Regierung keng Zäit méi, fir deen Accord ëmzesetzen. D'ailleurs waart Dir an de Reunioune vun der viregter Regierung, wéi deen Accord ausgehandelt gouf, mengen ech, net präsent. Dofir wësst Der vläicht net alles, wat mer do ausgehandelt hunn.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech war net invitéiert.

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech mengen, Dir waart invitéiert, Här Minister.

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Dir waart an der Vakanz.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An ech hu mer och elo selwer d'Äntwert op meng Fro ginn, Här President.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci elo fir déi Explikatiounen. An domadder soen ech dem Här Eischen och Merci. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass de Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Haagen *(LSAP).*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech denken an ech sinn der Meenung, datt et de Bierger dobaussen interesséiert, wéi mer am Dossier Simplification weiderkommen a wat fir eng Simplification administrative datt mer maachen, dat am Interessi vun de Leit, vun de Verwaltungen an de Ministèren, an datt ee sech soll eens ginn, wéi een dat Ganzt mécht.

An dann ass et kloer, wann ee verschidde Parteien huet, kann een natierlech och heihinnerkommen a soen: „Dat steet an deem sengem Wahlprogramm, dat steet an deem sengem Wahlprogramm, deen do steet dofir an deen do steet dofir"; et muss ee kucken, datt een ee Konsens kritt. An de Konsens soll dee sinn, an dat mierken ech awer, datt mer hei an deem Dossier, wou mer mierken, datt mer net weiderkommen, ee Konsens, een administrative Konsens solle kréien. An do, wou mer gesinn, datt d'Gesetz oder Reglementer obsolet sinn, solle mer déi dann einfach der Wierklechkeet upassen. Dat ass dat, wat mir ënner Simplification administrative verstinn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech kann aus perséinlecher Erfahrung soen, datt, wann een... D'Stad Dikrech ass amgaangen, eng Zone industrielle ze maachen. A wann een dann herno kuckt, no fënnef Joer, sechs Joer, mat wat fir enge Reglementatiounen ee sech huet misse ronderëmklappen - natierlech sinn déi Reglementer och am Intérêt vun de Bierger! -, do muss ee sech awer heiansdo d'Fro stellen, wann ee wëllt kompetitiv bleiwen a wann ee wëllt eppes installéieren an organiséieren, datt een dat vläicht mat enger Simplification administrative bei verschiddene Ministèren, Administratiounen, déi all hir Berechtegung hunn, sollt koordinéieren, fir datt een am Dossier besser weiderkënnt. Ech denken, do hu mer alleguerten ee Konsens, wann ech lech hei esou nogelauschtert hunn.

Ech géif awer gär vun der Geleeënheet profitéieren natierlech, fir dem Deputéierten Yves Cruchten Merci ze soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport. Hien ass op all déi technesch Detailer an deem neien Omnibusgesetz agaangen, soudatt ech dat net méi wäert maachen.

Ech wäert dat awer beliichten aus der Siicht haaptsächlech vun de Gemengen.

Ech denken, mir schwätze schonn zënter Joren dovun, wéi wichteg et ass, dësen Exercice ze maachen, fir d'Gesetzer besser ofzestëmmen. An als LSAP si mer frou, datt den Innenminister Dan Kersch esou schnell de Projet de loi virgeluecht huet. Do kann een ëmmer driwwer diskutéieren, et hätt een nach méi Saache missen dramaachen oder verschidde Reglementer aneschters maachen. Fakt ass, datt mer op dee Wee ginn, datt d'Regierung op dee Wee gaangen ass, an dat begréisse mer.

Dofir, trotz där laanger Prozedur, wann ech da gesinn, datt fir den Avis ze kréie vum Statsrot an deenen 30 Méint ronn 20 Méint gebraucht gi sinn, dann ass dat och net, fir eng Kritik um Statsrot unzebréngen! Dat ass ganz einfach, datt ee gesäit, datt hei entre-temps, wou dee Projet de loi déposéiert ginn ass, aner Gesetzer, aner Reglementer, aner Règlements grand-ducaux geholl gi sinn, déi natierlech eng Influenz op dat heite Gesetz vun der Simplification administrative haten, an datt jiddweree sech huet missen domadder auserneesetzen, fir datt herno kee Formfeeler doläit. A mir wëssen alleguerten, datt dat de kranke Punkt ass vun enger Simplification administrative. Et ass also e Gesetz, dat mer haut ofstëmmen, op dat mer scho laang gewaart hunn.

Fir den Duerchschnëttsbierger sinn d'Virdeeler vun deene verännerte Bestëmmunge vläicht net esou kloer, mä all Gemengeverantwortlech sinn op jidde Fall frou, wann eng Rei Prozedure méi einfach gemaach ginn oder ganz einfach nëmme méi kloer gemaach ginn. Zu engem gudden Deel baséiert dëse Gesetzesprojet also op deenen Erfahrungen, déi um kommunale Plang och gemaach gi sinn an déi an der Kommissioun och diskutéiert gi sinn, fir eben déi Simplificatioun an deem Domän ze kréien.

Et seet een ëmmer, an dat ass schonn hei vun de Virriedner, souwuel vum Rapporteur wéi och vum Här Eischen gesot ginn, Lëtzebuerg wier d'Land vun de kuerze Weeër. Mir stellen awer regelméisseg fest, datt dës Weeër voller Hürde sinn. An d'Zil vun enger Simplification administrative ass et einfach, fir déi onnéideg Hürden, déi administrativ Bremsen erëm aus de Gesetzer erauszekréien.

Ech muss Iech awer soen, datt mer eis alleguerten ëmmer derbäi ertappen, wa mer an de Kommissioune sëtzen, fir Reglementatiounen anzeféieren an ze verschäerfen. Dat heescht, och do musse mer dann am Konsens mat anere Gesetzer, anere Reglementer kucken, fir schonn an der Entstehungsphas vun engem Projet de loi vläicht dorunner ze denken, wéi een dat kéint besser koordinéieren. Dat kann ee maachen iwwer Commission-jointen. Nach muss et esou sinn, datt déi Commission-jointen dann esou organiséiert ginn, datt se dann all Kéiers an deem Projet de loi déi Verwaltungen oder déi Dossieren déi Ministèrë betreffen, déi en cours de route sinn.

Also och do, denken ech, ass eng gutt Koordinatioun erwënscht, fir dès le départ eng besser Koordinatioun vun der Entstehung vun engem Gesetz, notamment am Kader vun engem Projet de loi schonn esou ze koordinéieren, datt mer herno keng administrativ Hürden abauen, well deen ee mengt, dat wier gutt, an deen anere seet dann: „Ma dat do war e bëssen onnéideg, dat huele mer dann erëm eraus." An dann hu mer keng Simplification administrative geschaaft, dann hu mer näämlech de Contraire geschaaft.

Kolleeginnen a Kolleegen, de staarke Wuesstum hei zu Lëtzebuerg zwéngt eis natierlech och, méi rationell mat eise Ressourcen ëmzegoen a besser ze plangen. Dat war notamment d'Ausgangsbasis fir den IVL-Rapport vun 2004 an och fir d'Gesetz iwwert den Aménagement communal, dat am selwechte Joer a Kraaft getrueden ass. Parallell dozou koumen eng Rei - an da gesitt Der, vu wat datt ech schwätzen - EU-Direktiven an de Beräicher Naturschutz, Waasserschutz, an déi sinn an déiselwecht Richtung gaangen an déi hu mer eng no där anerer ëmgesat.

D'Erausfuerderung besteet also doranner, all dës Bestëmmungen esou mateneen ofzegläichen, datt een ouni ze vill Bürokratie déi ënnerschiddlech Interessien, déi an deenen Dossiere sinn, respektéiert. Zum Deel huet dat awer och dozou gefouert, datt mer eis selwer blockéiert hunn a mer Schwieregkeeten hunn, eis Infrastruktur am selwechten Tempo unzepassen, wéi eist Land wiisst. Dat heiten ass deen éischten Ulaf, fir ebe mat engem Gesetz dat ze verbesseren. Dat geschitt heimadder op jidde Fall.

D'Commission d'aménagement an d'Cellule d'évaluation gi ganz einfach opgestockt, wat hinnen erlabe wäert, d'Dossiere méi schnell ze traitéieren. Vun der Zäitperiod ass scho geschwat ginn. Opgrond vun den Erfahrungen, déi gemaach goufen, ginn eenzel Dispositioune preziséiert. Et soll keng onnëtz Zäit verluer goen, well wéinst enger ondäitlecher Formulatioun zum Beispill am Gesetz Prozedurfeeler kéinten optauchen.

D'Gemenge sollen awer och entlaascht ginn. Ech mengen, dat ass och e wichtege Message heimat, wann et ëm d'Ausschaffe vun Etüde geet. Se brauchen an Zukunft, wa se dat wëllen, net méi alles auszelageren an een externe Büro ze engagéieren. Wa se en eegene Service hu mat qualifizéierte Leit, kënne se eng Rei Saachen och selwer maachen, wat sécher Zäit a Geld spuert. Dat hänkt natierlech och vun der Gréisst vun de Gemengen of an och dovunner, wéi d'Gemenge sech selwer wëllen organiséieren.

Eng Erliichterung ass sécher och déi manner ëmfangräich Etude préparatoire, déi muss gemaach ginn, wann een en neie PAG wëllt ausschaffen. Et huet sech gewisen, datt de Volume vun deenen Etüden immens grouss ass, an datt d'Gemengen do vill Zäit opwennen, e grousse Käschtepunkt hunn. An d'Plus-value steet net onbedéngt a Relatioun dozou, soudatt et misst méiglech sinn, datselwecht Zil mat manner Opwand ze erreechen. Mir als LSAP begréissen op jidde Fall dës Ëmännerung.

Vu verschiddene Säite gëtt natierlech an deem dote Kontext, wann ee vu Simplification administrative schwätzt, gefaart, datt domat d'Biergerbedeelegung kéint ageschränkt ginn, well an Zukunft d'Bierger manner Informatioune kriten. Mir mengen awer, datt den Notzen, deen de Bierger vun esou Etüden huet, sech op jidde Fall net un der Säitenzuel moosse léisst. Au contraire! Heiansdo ass et fir de Bierger mat engem ganz ëmfangräichen an detailléierten Dossier méi schwéier, mä fir de Bierger ass et méi einfach, wann en eng kuerz Analys huet, déi déi wesentlech Elementer, deen en interesséiert, enthält.

Fir eis ass et als LSAP ganz wichteg, datt de Bierger gutt informéiert gëtt iwwer all Projeten a Pläng, déi direkt oder indirekt dem Bierger seng Liewensqualitéit beaflossen, an datt se d'Geleeënheet kréien, hir Iddien a Remarquë mat anzebréngen. Ech erënneren drun, datt mer eis 2005 mat der Ratifizéierung vun der Aarbechtskonventioun bewosst an dësem Sënn verflicht hunn.

Dës Biergerbedeelegung mécht noutwendegerweis d'Prozeduren e bësse méi laang. Dat heescht net, datt d'Prozedure sollen endlos an d'Längt gezu ginn. Dat heescht dat menger Meenung no op jidde Fall net. Mir mussen do een effiziente Wee fannen. An dat si mer amgaangen ze maachen, fir all wichteg Aspekter am Kader vun engem Projet ze berücksichtegen. Dozou gehéiert och, datt d'Bierger mat hire Bedenken eescht geholl ginn.

E positive Schrëtt an déi Richtung ass sécher, datt d'Omnibusgesetz virschreift, datt eng ganz Rei wichteg Dokumenter mussen op der Websäit oder op der Internetsäit vun hirer Gemeng publizéiert ginn. Déi traditionell Veröffentlechungsmechanismen a -methoden, wéi d'Publikatioun an - mengen ech - véier Dageszeitungen ass et, an och d'Dokumenter, déi bei der Gemeng ausleien, bleiwe weiderhi bestoen. Mä et muss ee sech, oder de Bierger muss sech net méi extra zu Bürosstonnen op d'Gemeng déplacéieren, fir en Dossier kënnen anzegesinn.

Mir maache mat dësem Gesetz also endlech e Schrëtt no vir. Mir sollten eis awer näischt virmaachen: Och dat ass schonn ugeklongen, datt et domadder net gedoen ass! De Rapporteur huet dat gesot: Dat hei muss ee kontinuéierlechen Exercice sinn, wou mer ëmmer mussen iwwerpréiwen, a wat fir eng Richtung datt mer déi Simplification administrative dreiwen. Op jidde Fall musse mer se ëmmer virundreiwen.

Lëtzebuerg, an dat ass de kruziale Punkt, wäert och weiderhi wuessen. Mir kréie méi Awunner, schafe méi Aarbechtsplazen. Mir wäerten also an deenen nächste Joren, Jorzéngte missen nei Lotissementer, Stroossen, Schinnennetzer ausbauen, d'Kläranlage wäerte vergréissert ginn, Plaz fir Industrie a Commerce musse mer schafen. Also wäerte mer vill Aarbecht virun eis hunn, déi natierlech och d'administrativ Prozedure vläicht net verklengert, mä mir musse se op jidde Fall vereinfachen.

D'Interessenskonflikter tëschent all deenen Aktivitéiten an deen néidege Schutz vun eise Gewässer, Naturlandschaften, der Biodiversitéit wäerten net ofhuelen, mä sech éischter verschäerfen. Mir brauchen deemno, wéi gesot, effikass Mechanismen, fir déi Interessenskonflikter opzeléisen op eng Manéier, déi eis Entwécklung méi nohalteg mécht.

Fir d'Chamber bedeit dat, datt et, an dat ass gesot ginn, net fir d'Lescht ass, datt mer eis mat deene Gesetzer, déi elo mam Omnibusgesetz schonn ugefaangen hunn, och wäerte misse beschäftegen. E puer Projet-de-loien an deem Sënn sinn och schonn um Instanzewee; si betreffen den Aménagement du territoire, d'Naturschutzgesetz an d'Waasserschutzgesetz.

E wichtege Punkt, denken ech, ass, datt mer eng Koordinatioun musse kréien um Niveau vun de Projeten tëschent de staatleche Verwaltungen an de Ministèren an haaptsächlech de Gemengen. Dat muss weidergedriwwe ginn an dëst am Sënn vun der Informatioun an der Planung vun alle Concernéierten.

Den Timing an d'Ausféierung vun Infrastrukturaarbechten, an dee Projet de loi vu virdrun huet et gewisen iwwert den haut Débit, wou de Rapporteur selwer gesot huet, datt déi Aarbechte musse koordinéiert ginn. Wann zum Beispill e Kommunikatiounsréseau geluecht gëtt, muss do natierlech tëschent de Verwaltungen an de Gemengen déi Informatioun ausgetosch ginn.

Dëse Projet de loi erlaabt et, d'Délaie vun de Prozeduren erofzesetzen an de Käschtepunkt vun den Dossieren an deem Sënn och ze minimiséieren. Mir sinn haut am Zäitalter vun der Informatik an der Digitalisatioun a mir sollten d'Stäerkte vun dësen Technologien ausnotzen, dëst am Sënn vun de Bierger, de Gemengenadministratiounen an de Ministèren. Mir kënnen haut eng Etapp op deem laange Wee ofschléissen.

An domadder ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Haagen. An als Nächsten huet den Här Gusty Graas fir d'DP d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Monster vu Loch Ness, dat jo zënter 1930 Nessie genannt gëtt, ass scho ganz vill geschwat ginn. Et sinn der, déi behaapten, se hätten et scho gesinn, mä keen huet nach bis elo awer e Bewäis bruecht. - Firwat soen ech dat? Mä ganz einfach, well de fréieren CGFP-Generalsekretär Jos Daleiden, wann e vun der Simplification administrative geschwat huet, dann huet en déi ëmmer mam Monster vu Loch Ness verglach. An do war eng Wourecht drun!

Et ass immens vill ëmmer iwwert déi geschwat ginn, mä keen huet se iergendwéi richteg ze pake kritt. An dat mannst, wat ee ka jiddefalls soen, datt an deene leschte Jorzéngten d'Simplification administrative en Dauerbegréff vun der Lëtzebuerger Politik ass. Et ass ëmmer erëm versicht ginn, ëmmer erëm, wann eng nei Regierung an d'Land komm ass, fir eng Entstëbsung virzehuele vun eise Reglementen an eisem Gesetzesdschungel. Et ass awer meeschtens nëmme bei Usätz bliwwen an et huet een oft gewaart op e Gesamtkonzept.

Ech wëll och drun erënneren, datt zum Beispill am Oktober 2007 hei an der Chamber och eng animéiert Debatt war iwwer e sougenannten „Entfesselungsprogramm" fir eis Betriber. Et muss een haut feststellen, datt awer nach ëmmer vill Fesselen dorëmmer bestinn, an datt mer endlech awer och mussen Neel mat Käpp maachen, fir, wéi gesot, déi Fesselen dann och do ze léisen.

„Fréier war d'Simplification administrative Chefsaach, elo gëtt se Tatsaach." Dat ass eng Ausso vum Statsminister Xavier Bettel geleeëntlech senger Ried iwwert d'Lag vun der Natioun am Joer 2016. Dat stëmmt. Effektiv huet sech vun do u villes geännert. A wann och hei versicht ginn ass, elo drop hinzeweisen, datt ënnert deene leschte Regierungen, virun allem der leschter Regierung och villes an d'Wee geleet ginn ass, dann ass dat net ganz falsch. Mä Tatsaach ass awer, datt dës Kéier emol wierklech e Gesetzesprojet hei virgeluecht gëtt, wou wéi gesot dann net manner wéi eelef Gesetzer modifizéiert ginn an zwee Arrêté-grand-ducallen ofgeschaaft ginn.

Dann ass och schonn hei den Aktiounsplang „Einfach Lëtzebuerg" genannt ginn. Deen ass u sech och op de Schinnen. A mir sinn natierlech och do gespaant, wéi deen an Zukunft sech elo wäert entwéckelen.

Wa mer wëllen natierlech e modernt Land bleiwen - an ech gleewe jo net, datt een dat net wëllt -, dann ass et evident, datt mer nach wéi vor mussen immens Efforte maachen, fir eng adaptéiert Gesetzgebung ze schafen. Mir mussen oppene Geescht beweisen. Mir musse weiderhin déi Dieren, déi mer no baussen opstoussen, och grouss ophalen. Et si ganz vill Leit, déi op Lëtzebuerg kommen. Et si ganz vill Leit, déi heihinner investéiere kommen.

A firwat komme se? Virun allem awer och, well se dach gréisstendeels eng Gesetzgebung virfannen, déi an der Regel net ze vill komplizéiert ass. An eis Ekonomie kann och nëmme floréieren, kann och nëmme sech besser entwéckelen, wa wéi gesot d'administrativ Weeër kuerz sinn. Duerfir ass et och wichteg, datt regelméisseg eng Radiografie vun der besteeënder Gesetzgebung hei zu Lëtzebuerg gemaach gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass virdrun hei schonn ugeklongen, den 21. Mee 2015 hu mer schonn en éischte Volet vun deem Gesetz hei ëmgesat. Et war jo proposéiert ginn, fir dat ze scindéieren. Dat war och richteg esou. Et geet jo schlussendlech hei ëm d'PAGe vun de Gemengen. Mir wëssen horgenee, datt déi Délaien, déi urspréinglech fixéiert gi waren, natierlech fir déi meescht Gemengen net konnte respektéiert ginn. Mir hunn déi deemools du verlängert op den 8. August 2018.

Selbstverständlech däerf een net vergiessen, datt dëst Joer e wichtegen Datum fir d'Gemengepolitiker ass. Et si Wahlen den 8. Oktober. Wie weess, wat do an där enger oder anerer Gemeng ka passéieren. Dann ass natierlech d'Gefor net kleng, datt mer leider vläicht, wat d'Diskussioun vun de PAGen ubelaangt, an eenzelne Gemengen erëm wäerten op d'Ligne de départ zréckgoen.

Haut jiddefalls stëmme mer dee wichtegsten Deel, dee voluminéisen Deel vun dësem Gesetz. An ech hunn et jo scho gesot, datt hei net manner wéi eelef Gesetzer ëmgeännert ginn. De Conseil d'État hat jo ee Moment gemengt, proposéiert, mir sollte quasi pro Sujet ee Gesetz maachen. Ech mengen awer, datt mer do net onbedéngt eng gutt Iddi novollzunn hätten. Et ass scho richteg, datt mer hei e Gesamtgesetz gemaach hunn.

Ech wëll och direkt virausschécken, an dat wäert och wéineg Leit heibannen iwwerraschen, datt d'Demokratesch Partei jo virun allem déi Partei ass, déi sech ëmmer derfir asetzt, datt mer eng Gesetzgebung hunn, déi et erlaabt, fléissenden Oflaf vun den administrative Weeër ze hunn.

Ech wëll och hei un eng Proposition de loi vum Henri Grethen nach eng Kéier erënneren, déi hien de 24. November 1992 déposéiert hat. An do ass et drëms gaangen, datt u sech de Prinzip vun dräi Méint Stëllstand vun enger Verwaltung, dee Moment ass ëmmer gesot ginn: „vaut refus", datt den Henri Grethen gesot huet, ma mer dréien dat ëm: „vaut accord". Deemools ass dat e bësselchen als, jo, utopesch duergestallt ginn. Ech muss allerdéngs haut feststellen, datt dat, wat den Henri Grethen 1992 scho virausgesinn huet, awer haut zu engem gudden Deel schonn agetrueden ass.

Ech erënneren zum Beispill un den Artikel 26 vun dësem Gesetz, wou drasteet, wann de Minister no engem Mount keng Äntwert op e modifizéierte PAP gëtt, dann ass dee wéi gesot ugeholl. Oder den Artikel 38, do gëtt deeselwechte Prinzip ugewannt, wann de Kulturminister no dräi Méint keng Reaktioun gëtt op eng Demande vun enger Enseigne publicitaire. Do gesitt Der also, datt awer lues a lues dee Geescht sech ëmmer méi och bemierkbar mécht.

An et ass och nozevollzéien, et ass och wichteg, well ech mengen, och de Bierger huet awer e Recht op eng Äntwert an engem räsonabelen Délai! A loosse mer ganz éierlech sinn: Jiddweree vun eis huet schonn déi schlecht Erfahrung gemaach. Mir schécken e Bréif un iergendeng Verwaltung, a wann et gutt geet, kritt een en Accusé de réception an dat war et. Dat kann et net sinn! Och d'Verwaltungen hunn eng Obligatioun vis-à-vis vum Bierger. An ech mengen, an deene meeschten Dossiere kann een och an dräi Méint eng anstänneg Äntwert preparéieren.

Natierlech wëllt dat elo net heeschen, datt een hei der Willkür ka fräie Laf loossen. Neen, et muss och schonn deementspriechend awer ëmmer sech ganz konzentréiert op Äntwerte baséiert ginn.

Wa mer hei déi eenzel Avise vun dësem Gesetzesprojet analyséieren - dat wëll ech natierlech elo net am Detail hei maachen -, da fanne mer awer ganz séier eraus, datt u sech e ganz positiven Toun do ass, sief dat vun dem OAI, sief dat d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics.

Natierlech kann een do net alles deelen, wat do proposéiert gëtt. Et ass mer zum Beispill eppes opgefall: Do ass gefrot ginn, datt een an Zukunft soll fir ëffentlech Bauprojeten net méi onbedéngt missen eng Autorisatioun ausstellen. Ech mengen, dat géif allerdéngs e bëssel che wäit goen, ëmsou méi dann och vläicht de Bierger net méi d'Méiglechkeet hätt, Recours anzereechen. Dowéinst, wéi gesot, loosse mer awer och elo nach ëmmer hei um Buedem bleiwen!

Am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires ass mer eppes opgefall, wat ech och als ganz interessant empfannen, well et och grad vun hinne kënnt, wou se drop pochen, datt d'Formation continue nach soll méi pousséiert ginn. Besonnesch wann, wéi gesot, andauernd d'Gesetzer änneren, ass et wichteg, datt d'Beamte beschtméiglech informéiert an och forméiert sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et si jo virun allem natierlech d'Gemengen, déi an dësem Gesetz hei prioritär viséiert sinn, well et jo och ganz vill ëm Bautepolitik geet, PAGen, PAPen a Bautereglementer. Natierlech sinn dat oft d'Ursaachen, firwat datt eng Rei Retarden entstinn. Da gëtt dobaussen zum Deel och geknoutert. Allerdéngs däerf een hei elo net pauschal behaapten, dat wier dann d'Schold vun den eenzelne Verwaltungen. Neen, mir hunn natierlech Prozeduren, déi et net ëmmer erlaben, schnellstméiglech ze reagéieren.

An dësem Gesetz gëtt jo elo och den Effort gemaach, fir d'Opstelle vun engem PAG nach méi schnell, nach méi transparent ze gestalten. Et däerf een natierlech och net vergiessen, datt mer eis ëmmer e bëssen hei tëschent zwou Fronte bewegen. D'Tatsaach, datt de Schäfferot elo am Fong geholl dem Gemengerot nëmmen nach brauch eng Fiche de présentation amplaz e Rapport de présentation ze presentéieren, ass u sech schonn eng gutt Saach. Mir mussen allerdéngs, wéi gesot, oppassen, datt awer och nach ëmmer de Gemengerot beschtméiglech informéiert ass, fir datt e sech kann iwwer e PAG och gutt ausdrécken.

De Geescht vun enger moderner Verwaltung hält hei och iwwert de Wee vun deem Gesetz Anzuch a virun allem wéi gesot, datt de Support informatique elo ëmmer méi u Bedeitung gewënnt. Dat ass och ganz richteg. Et kann een effektiv net jiddwerengem zoumudden, deck Wälzere vun 100, 150 Säiten duerchzebliederen, wann en iwwert de Klick dat awer kann doheem gemittlech maachen. Dowéinst muss d'Kommunikatioun mam Bierger - dat ass näischt Neits - ëmmer erëm verbessert ginn!

Ech wëll awer och hei eng Remarque maachen: Et gëtt jo nawell gären ëmmer esou liicht dobausse vu verschiddene Säite behaapt, wéi wann de Bierger net géif genuch informéiert

ginn. Jo, wat solle mer dann nach alles maachen?! Et huet een awer haut eng Flut, eng hell Flut vun Informatiounsméiglechkeeten! Mä loosse mer awer och ganz éierlech sinn: Och deen Eenzelne muss awer heiansdo e bësselchen Effort maachen! Ech behaapte jiddefalls, datt mer an enger Gesellschaft liewen, wou mer nach ni esou informéiert goufen, nach ni esou vill Méiglechkeeten haten, informéiert ze ginn! Mä, wéi gesot, och deen Eenzelne muss dann heiansdo e bësselche sech druginn.

Wat elo d'Reklamatiounen ubelaangt, déi kënne géint de PAG erabruecht ginn, ass hei jo festgehale ginn, datt dat an Zukunft ëmmer muss schréftlech sinn. Och dat, fannen ech, ass eng Noutwendegkeet. Och do muss deen Eenzelne wëssen, datt en eng gewësse Verflichtung huet.

Datt déi eenzel Gemengen elo kënnen, wa se iwwer en appropriéierte Service technique verfügen, selwer PAPe respektiv Modifikatioune vu PAGe virhuelen, ass a priori eng gutt Saach. Ech wëll allerdéngs hei ënnersträichen, datt dat awer elo natierlech net allgemeng méiglech ass, well déi meescht Gemengen dach, wat de Service technique ubelaangt, personalméisseg net onbedéngt esou équipéiert sinn, an de Service technique vun enger Gemeng enorm vill Aarbecht ze leeschten huet.

An ech gesinn dat emol guer net esou negativ, datt fir esou Projeten ëmmer e Bureau d'études mat erbäigezu gëtt, well de Bureau d'études vläicht heiansdo méi Pressioun kann ausüben (veuillez lire: well op de Bureau d'études vläicht heiansdo méi Pressioun kann ausgeübt ginn). An, wéi gesot, de Rôle vum Service technique besteet jo da virun allem och als Kontroller. An dat ass och enorm wichteg. Duerfir, wéi gesot, wann natierlech d'Gemeng d'Méiglechkeeten huet, soll se dat iwwer hir eege Leit maachen. Mä et huet schonn ee vun de Virriedner et hei och gesot, da muss natierlech awer och déi néideg Ressource humaine do sinn.

Mir begréissen och, datt d'Commission d'aménagement elo reforméiert gëtt. Doduerch kann natierlech och en zousätzleche bessere Rhythmus entstoen. Datselwecht gëllt och fir d'Cellule d'évaluation. Déi huet jo an Zukunft elo nëmmen nach zwee Memberen. Datt d'Gemengen, wéi gesot, net ëmmer frou sinn iwwert déi laang Délaien, wou se musse waarden, bis datt déi Dossieren dann approuvéiert aus dem Intérieur erëmkommen, ass och nozevollzéien. Hei kann also elo, wéi gesot, hoffentlech eng Verbesserung antrieden.

Dann ass eng interessant Diskussioun och entstane mat der Revisioun vum modifizéierte Gesetz vum 19. Juli 2004 vum Aménagement communal an och iwwert den Aménagement du territoire vum 30. Juli 2013 iwwert d'Entschiedegungen, déi ausbezuelt ginn oder accordéiert ginn am Fall vu Servituden.

Sécher, ech mengen, besonnesch als liberal Partei ass een do ëmmer ganz hellhöreg, wann et drëms geet, datt soll privat Propriétéit aneschters affektéiert ginn, wéi ee sech dat virgestallt hat. Duerfir si mir vum Prinzip op alle Fall der Meenung, datt hei d'Recht op eng Entschiedegung muss bestoen, wann, wéi gesot, eng privat Propriétéit aneschters affektéiert gëtt, vläicht u Valeur géif verléieren. Duerfir ass et awer och gutt, datt hei e gewëssene Kompromëss fonnt ginn ass an datt jo u sech déi Demande no fënnef Joer dann och verfält. Mä wat wéi gesot wichteg ass fir eis, ass, datt et awer dee Prinzip hei gëtt.

Och wat d'Opstelle vum PAP ubelaangt, gëtt et jo elo eng Rei Neierungen. Virun allem wëll ech op den Artikel 26 hiweisen, dee vun där Procédure allégée do schwätzt. Bon, do kënne sech zwar och an Zukunft emol Interpretatiounsproblemer erausstellen. Wat ass eng Modification ponctuelle? Wéi ass dat ze interpretéieren? Do ass natierlech de Schäfferot, deen déi Décisioun kann huelen. Mä ech hoffe jo net, datt mer do nei Sträitfäll elo déclenchéieren. Mä et muss een awer ganz virsiichteg och an där ganzer Saach do sinn.

Jiddefalls beweege mer eis och do an engem gewëssene Spannungsfeld tëschent privat Propriétéit an och PAPen, wat den nouveau Quartier ubelaangt. Well wa jo d'Halschent vun de Propriétairen, déi och d'Halschent vun den Terraine besëtzen, d'Recht kréien, e PAP ze maachen, da kann dat awer och au détriment goe vun anere Propriétairen, déi net domat d'accord sinn, datt sollen esou PAPe gemaach ginn. Och do, wéi gesot, muss een drop hoffen, datt awer hei sënnvoll mateneen dann ëmgaange gëtt.

E weidere wichtege Volet, mengen ech, ass awer och, wat d'Publicitéitsenseignen ubelaangt, datt do de Buergermeeschter elo emol zousätzlech Kompetenze kritt. Och dat ass nëmmen ze begréissen. Et ka jo och net sinn, datt elo all klengt Schëld, wat egal wou opgehaange gëtt, muss eng ganz Prozedur duerchlafen. Woubäi een allerdéngs och muss oppassen, datt mer elo net e Wirrwarr vu Publicitéitsenseignë queesch duerch d'Uertschafte kréien. Duerfir ass et och gutt, datt natierlech de Kulturministère nach ëmmer kompetent ass, wann et ëm Enseignë geet, déi bei Sitten opgehaange ginn, déi klasséiert sinn, awer datt an Zukunft och muss dann de Buergermeeschter respektiv d'Gemeng awer informéiert ginn, wann esou eng Demande en cours ass oder wa se autoriséiert ass. Well oft fiert een duerch seng Gemeng an dann op eemol gesäit een iergendwou e Schëld do hänken, an et weess een emol net, wou et hierkomm ass. Ech fannen, datt och do de Buergermeeschter respektiv de Schäfferot awer d'Recht muss hunn, ëmmer fréizäiteg informéiert ze ginn, wat an der Gemeng do lass ass.

Et gesäit ee jo dann oft, datt Baugeneemegungen ausgestallt ginn, déi dann no enger gewëssener Zäit verfalen, well se net genotzt ginn. Elo stelle mer zwar an Aussiicht, datt ee se kann theoretesch zweemol ëm e Joer verlängeren. Ech géif allerdéngs soen, datt dat och nëmme soll an Ausnamsfäll gemaach ginn, well mir wëssen, datt et och Leit ginn, déi d'Baugeneemegung ufroen an dann aus iergendengem Grond net ufänke mat bauen. Besonnesch schlëmm ass dat, wann et sech ëm Haiser handelt, déi vläicht misste restauréiert ginn an déi dann och nach an enger Agglomeratioun an enger Haaptstrooss leien a wou dann absolutt guer näischt geschitt. Dat kann et jiddefalls net sinn. An an esou Fäll soll op kee Fall eng Baugeneemegung dann och nach verlängert ginn.

Datt elo fir méi kleng Aarbechten um Gemengeplang net méi eng Geneemegung zoustänneg ass: Effektiv, wann een elo eng Veluxfënster a säin Daach setzt, datt dowéinst och muss eng ganz Prozedur déclenchéiert ginn, do kann ee sech d'Fro stellen, ob dat opportun ass. Allerdéngs muss et ëmmer esou sinn, datt zumindest awer d'Gemeng informéiert gëtt iwwer Aarbechten, och wa se nëmme klenger Natur sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt mer hei an dësem Land zousätzleche Wunnengsraum brauchen, dat ass kee Geheimnis. Besonnesch dës Regierung setzt jo den Akzent virun allem op déi Politik. Eis Populatioun wiisst. Och dat ass näischt Neits. An datt och jonk Leit mussen d'Recht hunn, sech en eegent Heem unzeschafen, ass eppes ganz Evidentes. An dowéinst ass et och wichteg a richteg, datt gekuckt gëtt: Wou kënne mer nach zousätzleche Bauterrain da kréien?

Bon, duerfir gëtt jo dann och de Pacte Logement hei zum Deel ëmgeännert. Hei geet et virun allem ëm d'Virverkafsrecht. Och do kann een natierlech e bësselchen dann a Contradictioun, jo, mam Eegentumsrecht kommen. An et däerf ee jo och erëm net vergiessen, datt de Propriétaire kann hei gewësse Rechter allerdéngs verléieren. Ech schwätze besonnesch vum Droit de préemption, wat jo elo ausgedeent gëtt iwwert d'Zone urbanisée eraus; et däerf ee jo elo net méi „Perimeter" soen. Do kann et natierlech de Fall sinn, datt emol een oder deen anere Propriétaire dann och net déi Affektatioun iwwer seng Terraine kritt, déi e sech vläicht virgestallt hat. Mä de Statsrot huet jo an deem Sënn och eng kleng Brems ageluecht, datt jo do déi Bande op 100 Meter limitéiert ginn ass.

Mat dësem Omnibusgesetz gëtt dann och d'Waasserschutzgesetz ëmgeännert. Do muss ech éierlech soen, an ech schwätzen elo e bësselche vläicht da méi a mengem perséinlechen Numm, do hunn ech éierlech gesot awer liicht Problemer. Datt mer elo d'Méiglechkeet kréien, och an Iwwerschwemmungszonen ze bauen, dat ass jo awer relativ delikat. Op där enger Säit bekloe mer eis ëmmer iwwert d'Versigelung vun eiser Landschaft, vun eisen Terrainen, op där anerer Säit maache mer hei jo elo e bëssen d'Dier op. Bon, ech weess, datt et ënner strenge Konditioune ka stattfannen. Dowéinst maachen ech och wierklech den Opruff hei, awer nëmmen an extremen, ech géif scho bal soen Noutsituatiounen dat do zouzeloossen. Well mir wësse jo awer alleguerten, an do brauch ee sech nëmme mat Spezialisten ze concertéieren, da kritt een dat ganz kloer confirméiert, wann - wann - mer Problemer ëmmer méi mat Iwwerschwemmungen an dësem Land hunn, dann ass et ënner anerem och, well eben dach relativ vill zoubëtonéiert gëtt. Dowéinst, wéi gesot, hei géif ech awer bieden, vun deem Gebrauch do relativ wéineg ze profitéieren.

Um Niveau vun der Gemengeverwaltung selwer sinn dann och elo eng Rei positiv Verbesserunge virgesinn. Ech denken do un d'Ëmännerung vum Gemengegesetz vun 1988. Hei geet et virun allem och ëm d'Delegatioun. Bis elo war dat jo och ëmmer limitéiert. A virdrun ass dat och scho richtegerweis hei gesot ginn. Et kann net sinn, datt e Bierger op eng Gemeng kënnt a seet: „Ech hätt gär en Extrait vu mengem Acte de naissance oder Acte de mariage", an da seet een: „Kommt an zwee, dräi Deeg erëm! Dee Beamten ass net hei, de Buergermeeschter ass an d'Vakanz." Dat kann et einfach net sinn! Datt mer dat awer elo emol ausdeenen, datt déi Barrière vun de 25 Joer ewechfält, ass richteg, an datt et an Zukunft och net muss onbedéngt e Fonctionnaire sinn.

Allerdéngs, och do hate mer ee Moment wëlles, ze wäit ze goen, wa mer einfach nëmmen den Term „Agent" stoe gelooss hätten. Dat soll elo net pejorativ gemengt sinn, mä wann op eemol och de Portier d'Méiglechkeet gehat hätt, seng Ënnerschréft ënner eng Kopie ze setzen, ech mengen, do si mer eis eens, datt dat net onbedéngt ustriewenswäert gewiescht wär.

Ech wëll och net weider elo an aner Detailer agoen. Ech mengen, den Yves Cruchten, deem ech och Merci soe fir seng exzellent Rapporten, huet dat scho ganz gutt gemaach.

Vläicht awer nach - an ech muss éierlech zouginn, ech wousst dat och net esou an deem Detail: Anscheinend gëtt et jo hei zu Lëtzebuerg, Här Minister, 40 Gemengen, déi kee Polizeireglement hunn. Do muss ech allerdéngs soen, dat fannen ech awer méi wéi erstaunlech! An do gëtt et awer héich Zäit - héich Zäit! -, datt een awer vläicht deene Gemenge gentiment ze verstoe gëtt, datt dat awer net méi ka sinn, datt déi awer och sech sollen e Polizeireglement uleeën. Da kéinte mer och gewësse Saache vläicht direkt iwwert de Wee dovunner reglementéieren.

En Haaptakzent vun dësem Gesetz läit natierlech och um sougenannte Kommodo-Inkommodos-Gesetz. Do muss ech soen, dat ass wierklech e ganz positive Volet. Hei gi jo elo zwou nei Klasse geschaaft. Hei gëtt jo am Fong elo emol eng Scissioun och vu fréier duebelen Autorisatioune virgeholl. Dat ass ganz wichteg, ganz interessant. Mir gesi jiddefalls net an, wa wierklech e Projet do ass, deen exklusiv den Naturschutz concernéiert, datt dann och nach huet missen d'Inspection du travail et des mines eng Autorisatioun ginn. Hei, wéi gesot, gi mer ouni Zweifel an déi richteg Richtung an dat ass och eng gutt Saach esou.

Et huet een natierlech och e bësse stutzeg gemaach, wann een de Rapport gelies huet, datt do erauskomm ass, datt eng Rei Betriber hei zu Lëtzebuerg - bon, ech setzen et zwar elo emol tëschent Guillemeten - „an der Illegalitéit" sech beweegt hunn, well se eben net déi néideg Autorisatiounen haten. De Feeler louch dann natierlech net direkt bei de Betriber, de Feeler louch dann éischter wéi gesot un deene laangen Délaien an och, well d'Dossiere munchmol dann net komplett waren. Dowéinst ass et och héich Zäit ginn, datt an deem Sënn elo hei eng Ëmännerung kënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech, wa mer déi eelef Gesetzer hei ëmänneren, da ginn och eng Rei Gesetzer ëmgeännert, déi entre-temps och op engem anere Wee schonn um Instanzewee sinn. Dowéinst ass et wichteg - ech denken hei virun allem un d'Waasserschutzgesetz, ech denken un d'Naturschutzgesetz -, soubal natierlech déi Aarbechten ofgeschloss sinn, datt direkt och mussen Textes coordonnés kommen, net datt awer op eemol do Oublie géifen entstoen.

Wa mer deen Exercice vun haut ofgeschloss hunn, dann hu mer ganz gutt Aarbecht gemaach. Mä mir sollen natierlech ganz realistesch sinn, mir mussen och no vir kucken. Dat hei ass - wéi soll ech soen? - en never-ending Prozess. Mir musse permanent eng Radiografie vun eiser Gesetzgebung maachen. Mir musse permanent de Courage hunn, och emol munches a Fro ze stellen! A wa mer esou déi ganz Secteure vun der Gemengepolitik oder vun der nationaler Politik duerchliichten, da fanne mer och ganz séier eraus, datt et awer nach eng Rei Punkte ginn, wou ee sech awer Froe muss stellen.

Ech wëll zum Beispill op d'Betreiungsstrukturen och ze schwätze kommen. Ech muss awer éierlech soen, heiansdo stellt ee sech awer d'Fro, firwat datt an engem Sall, an engem Raum, wou allerlee Aktivitéite stattfannen, awer Kanner iwwer Mëtteg net kënnen iessen oder esou. Och do mengen ech, solle mer awer an Zukunft e bësselche méi Mënscheverstand spille loossen an net awer bis an dee leschten Detail alles musse reglementéieren. Wéi gesot, en iwwerdriwwent Sécherheetsgefill kann och kontraproduktiv sinn. Dowéinst, och do solle mer eis eng kleng Hausaufgab ginn, vläicht fir e bësselche manner streng mat eis selwer ze sinn an emol heiansdo méi de gesonde Mënscheverstand spillen ze loossen.

Jiddefalls, mat dësem Gesetz gëtt dem Term „Simplification administrative" ouni Zweifel eng nei Dimensioun ginn. Et ass e richtegen, e wichtege Schrëtt an d'Zukunft. Natierlech wäert d'Praxis elo weisen, ob mer de Wee och an deem Sënn richteg ageschloen hunn. Nach eng Kéier: Haut ass e wichtegen Départ ginn, mä mir sinn nach net op der Ligne d'arrivée ukomm. An duerfir solle mer dee Prozess hei weider och fleegen.

Wéi gesot, an deem Sënn ass d'Demokratesch Partei frou, datt et zu deem Text hei komm ass, a mir wäerte selbstverständlech eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Graas. An den Här Adam fir déi gréng ass scho prett. Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci fir d'Wuert, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, vun engem Omnibusgesetz gëtt ëmmer da geschwat, wann een eng ganz Rei Punkten an engem Gesetz zesummestréckt, déi nëmme bedéngt eppes mateneen ze dinn hunn. An ech sinn dann och elo, mengen ech, deen éischten net aktive Gemengepolitiker, deen hei Stellung dozou hélt. Et ass ganz vill hei vu Gemenge geschwat ginn, an ech hunn dann elo och d'Geleeënheet, fir mer dann nach e puer Méint ze iwwerleeën, ob dat hei mer elo Loscht gemaach huet, fir erëm eng Kéier an der Gemengepolitik aktiv ze ginn, oder ob ech éischter ofgeschreckt ginn, fir nach esou e Wee ze maachen.

Mir ännere mat deem Text hei 13 Gesetzer oder legal Texter. An de Point commun vun dësen Ännerungen ass, esou steet et am Exposé des motifs an esou huet de Rapporteur et och gesot, de Wonsch, fir eisen ëffentlechen Déngscht ze moderniséieren, an déi Beméiungen, fir administrativ Prozesser ze vereinfachen, also déi sougenannte Simplification administrative weiderzedreiwen.

Et ass och schonn drun erënnert ginn, datt mer schonn den 21. Mee 2015 e klengen Deel vum Projet de loi 6704, an zwar de Projet de loi 6704A hei debattéiert a gestëmmt haten, wou mer den Artikel 108 vum Gesetz vun 2004 iwwert den Aménagement communal geännert haten. Dat hate mer gemaach, fir ze vermeiden, datt a ronn 90 vun 105 Gemengen d'PAGe géife caduc ginn.

Omnibusgesetzer weise meeschtens drop hin, datt et e generelle Problem ze léise gëtt, deen iwwergräifend an der Gesetzgebung besteet. De generelle Problem hei, deen huet och en Numm. Et ass déi sougenannte Lourdeur administrative, déi duerch eng Simplification administrative soll behuewe ginn. Den Ausdrock vun der Simplification administrative, dee kann natierlech och mëssverstane ginn an huet och scho fir esou munnech Polemik gesuergt.

Prinzipiell kann ee jo nëmmen d'accord sinn, wa mer op de Wee ginn, déi Schwéierfällegkeet vu verschiddene Prozeduren opzehiewen. An dësem Fall weist dat och op e Reformstau hin, well zënter 20, 30 Joer Problemer a ganz ville Beräicher net richteg ugepaakt gi sinn. Mir schaffen also hei och un Altlaste vu viregte Regierungen, déi dann elo endlech ugepaakt ginn. Fir et mat de Wierder vum Kolleeg Gusty Graas ze resüméieren: Et ass vill vum Nessie geschwat ginn, mä et hat keen et ze pake kritt.

Schonn d'Virgängerregierungen hate sech 2004 virgeholl, duerch eng generell Simplification administrative Prozeduren ze beschleunegen, an 2011 ass déi deemoleg Regierung mat der UEL, der Union des entreprises luxembourgeoises, a bilaterale Verhandlungen iwwereneekomm, datt dësen Dossier kruzial wichteg wier fir d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger Ekonomie. D'Dauer vun de Prozedure sollt op d'Halschent erofgesat ginn; dat war d'Zil vun engem Projet de loi, deen nach ënnert der viregter Regierung ausgeschafft gi war.

Wann d'CSV dëser Regierung virwerft, et hätt laang gedauert, dann ass dat an deem Sënn berechtegt. Ech sinn awer och ganz frou, datt den Här Eischen keng Scholdzouweisung gemaach huet, mä eigentlech just festgestallt huet, et huet laang gedauert, well soss hätt ee jo och kënnen... En huet och gesot, et hätt ee kënne méi wäit goen. Alles ass richteg, mä et kann een natierlech och soen, et hätt een och kënnen éischter ufänken, da géife mer haut net iwwert den Omnibus 1 schwätzen, mä eventuell schonn iwwert den Omnibus 2.

Ech si frou, datt mer allgemeng hei festgehalen hunn, datt d'Zesummenaarbecht an der Kommissioun eng ganz gutt war. An ech sinn och frou, vum Kolleeg vun der CSV ze héieren, datt eng ganz Rei Apporte vun der CSV Gehéier fonnt hunn a mat hei an dee Projet agefloss sinn. Dat fannen ech einfach positiv.

D'Regierung hat effektiv d'Debatt méi breet gemaach. Am Rapport steet, et wier eng aktiv

Zesummenaarbecht vu verschiddene Verwaltunge ginn, fir administrativ Praktiken an awer och Gesetzestexter ënnert d'Lupp ze huelen, mam Zil, de Bierger an den Entreprisen d'Liewe méi einfach ze maachen. Déi grouss Ziler vun der Reform sinn, d'Dauer an domat och d'Onkäschte vun de Prozeduren ze reduzéieren, am Interessi vun de Bierger, am Interessi vun de Betriber, awer och am Interessi vun den Administratiounen.

Fir verschidde Prozeduren opzeginn, déi sech als iwwerflëssig respektiv als juristesch net haltbar erwisen hunn - den Här Cruchten hat vum Grammofon a vun de Cabarete geschwat -, a fir d'Statsverwaltungen ze moderniséieren, dat heescht villes online ze erméiglechen, wat bis elo nach en Déplacement vun enger Persoun verlaangt huet, dat si selbstverständlech luewenswäert Ziler, déi eis Ënnerstëtzung verdéngen an och kréien.

An erlaabt mer - och wann ech am Projet de loi, dee mer virdrun diskutéiert hunn, gesot hunn, datt déi gréng voll déi Digitaliséierung ënnerstëtzen, well mer mengen, datt d'Zukunft dora läit -, awer eng kleng Klamer ze maachen an hei eng Lanz ze brieche fir déi Leit, déi net am Internet doheem sinn. Dat si virun allem vill eeler Leit. Déi riskéieren Affer vun de ville Moderniséierungen ze ginn. An där Klamer, kuerz: Eis Banken, zum Beispill, maache mir d'Liewe méi einfach, well ech praktesch net méi muss bei se eragoen. Der Generatioun vu mengen Elteren zéie se awer d'Suen aus der Täsch, well se sech fir all kleng Operatioun mëttlerweil bezuele loossen.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Ah jo!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- D'Spuerkeess, wou de Stat jo vill ze soen huet, bitt hire Clienten ab 75 Joer un, weiderhin esou kleng Servicer gratis ze maachen. Elo kann een iwwert déi 75-Joer-Grenz diskutéieren. Am Club Senior, do däerf ee scho mat 50 Member ginn.

(Interruption)

Mä ëmmerhin, ech weess awer, datt eng aner, et kann ee se „Bank" nennen, „d'Postbank", déi bitt déi do Méiglechkeet net un. An do huet de Stat awer och relativ vill dran ze soen. An ech géif trotzdeem dervu profitéieren, fir ze soen, et misst ee sech awer iwwerleeën, ob dat net eng Regelung wier, fir eben deenen eelere Leit do entgéintzekommen. Well wa mer näämlech Administratiounen zentraliséieren, da mécht dat an engem verstännege Mooss natierlech Sënn. Fir vill eeler Leit heescht dat awer ganz einfach, datt si sech elo musse méi wäit déplacéieren. Ech denken un d'Beispill vun der Administration de l'enregistrement et des domaines.

Et ass kloer, datt déi Schinn vun „alles iwwert den Internet" net méi zréckzedréien ass. Dat wëlle mer och net. Mer sollen allerdéngs och un déi Leit denken, déi net esou op där Schinn kënne matfueren.

Mir begréissen, datt de Projet de loi am Dialog mat den Akteuren um Terrain ausgeschafft ginn ass ënnert der Tutelle vum Minister Dan Kersch, deen zoustänneg fir dës Réforme administrative ass.

Här President, ech wëll och hei dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport. De Projet de loi 6704 ass e wichtegt Gesetz, mä awer och e schwéier liesbart Gesetz. A well de Rapporteur seng Aarbecht esou gutt gemaach huet, brauch ech net op all Ännerung anzegoen. Ech gräife just eng Rei vun den Ännerungen op, déi och an eiser Partei intensiv diskutéiert gi sinn.

Esou ee Punkt ass zum Beispill den Accord tacite vun enger Verwaltung. Bis elo ass d'Rechtssituatioun jo esou, datt keng Äntwert eng negativ Äntwert ass. A mir sinn der Meenung, datt, éischtens, all Demande eng Äntwert verdéngt, an och an engem Délai, dee räsonabel ass. Aus enger Netäntwert vun enger Verwaltung en Accord tacite ze maachen, fanne mer kee gudde Wee, an domat géife mer jo och d'Rechter vun Drëttpersounen aschränken. Esou eng Prozedur géif onweigerlech zu méi Streidereien ënnert de Bierger vun enger Gemeng féieren, zu Geriichtsprozesser, déi vill Zäit kaschten a kontraproduktiv sinn.

A mir deelen hei och absolutt d'Bedenke vun der Statsbeamtekummer, datt d'Administratioune genuch Zäit a Personal brauchen, fir datt wierklech op all Requête kann an der erfuerderlecher Zäit geäntwert ginn. An esou si mer och frou, datt besonnesch den Artikel 26 vum Gesetz däitlech geännert gouf, fir den Accord tacite op een absolutte Minimum ze reduzéieren.

A mir erënneren un déi Entwécklung, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, wéi mer se bis elo kennen. Wann all Joer ronn 12.000 Leit méi op Lëtzebuerg wunne kommen an 10.000 Aarbechtsplaze geschaaft ginn, da bréngt dat zousätzlech administrativ Aarbecht mat sech. An et geet net duer, fir eleng d'Prozeduren ze vereinfachen, da mussen och d'Ministèren an d'Verwaltunge mat deem Personal verstäerkt ginn, dat mer brauchen, fir datt déi Délaie kënnen agehale ginn.

Mir mussen also net nëmmen d'Infrastrukturen un d'Entwécklung vun der Ekonomie an der Populatioun upassen, mä och eis ëffentlech Verwaltungen an d'Zuel vum Personal an dëse Verwaltungen. Et ass relativ einfach, eise Wieler an eisem Finanzminister ze erklären, datt mer vill Léierpersonal a vill Poliziste mussen astellen. Et ass zimlech in, fir sech iwwer vill Beamte beim Stat ze bekloen - et ass och schonn d'Wuert vum „schlanke Stat" de Mëtteg gefall -, mä dobäi si genuch a gutt forméiert Beamten eng Noutwendegkeet.

Esou konnt den Ëmweltministère zum Beispill d'Dauer vu verschiddene Prozedure par rapport zu der leschter Legislaturperiod wesentlech verkierzen, scho virum Omnibusgesetz. Esou konnten d'Subventiounen am Beräich Baue vun 18 op 2 Méint erofgedréckt ginn. An d'Naturschutzautorisatioune ginn an Zäit vun 3 Méint beaarbecht.

Dat si Verbesserunge fir déi concernéiert Leit. Hannendrun awer sti genuch a fläisseg Beamten, soss wier dat net méiglech. An et ass effektiv esou, datt och d'Personal am Ëmweltministère opgestockt gouf. An dat bréngt zum Beispill och mat sech, datt d'Reklamatiounen am jäerleche Rapport vum Ombudsmann, wat den Ëmweltministère betrëfft, zesummegeschmolt sinn.

Wat déi kommunal Raumplanung nom Gesetz vun 2004 betrëfft: Déi Prozeduren, déi hei vereinfacht ginn, hu sech an der Praxis als onnëtz a schwéierfälleg erwisen a ginn eleng aus deem Grond reforméiert. D'Landesplanung gëtt an nächster Zäit opgewäert duerch dat neit Gesetz an déi nei Plans sectoriels. Da kritt se och endlech Zänn.

Et muss ee jo awer och nach erënneren, wou mer hierkommen. Wou war da bis elo d'Landesplanung bei den Dossiere Wickreng, Léiweng an Agrozenter? Wéini ass jeemools e PAG wéinst landesplanereschen Iwwerleeunge verworf ginn, egal wéi dernieft verschidde kommunal Entwécklunge waren, wéi zum Beispill eng Zone d'activités fir d'Godrongsfabrik direkt un der Bebauung zu Esch-Schëffleng, oder eng Aktivitéitszon zu Leideleng mat Zegdausend Aarbechtsplazen ouni Ubannung un den ëffentlechen Transport? Fir just dës Beispiller ze nennen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Zu den Études préliminaires. Dat war 2004 gutt geduecht, mä immens schwéierfälleg an opwenneg. An ech deelen do dem Här Haagen seng Aschätzung: Et war vill Pabeier mat wéineg Resultat. Mir fannen et richteg, datt d'Gemengen, déi déi noutwendeg personell Ressourcen hunn, selwer kënnen d'PAP- an d'PAG-Projeten ausschaffen. Domat ënnerstëtze mer d'Gemengen, fir hire Service technique ze verstäerken a fir mat anere Gemengen nach méi intensiv zesummenzeschaffen, a befreien d'Gemengen aus enger ze grousser Ofhängegkeet vu just e puer Bureaux d'études.

Iwwert d'Plans sectoriels kréie mer dann och déi inhaltlech Dimensioun an d'PAGen, déi mer brauchen, fir d'Feeler vun der Vergaangenheet, vun deenen ech der elo grad e puer genannt hat, net ze widderhuelen. Jo, et soll een et positiv gesinn, mir wäerte Wunnen, Schaffen a Fräizäit méi no beienee kréien, wat zu enger Verbesserung vun der Liewensqualitéit vu jiddwerengem bäidréit.

D'Naturschutzgesetz vun 2004 gëtt am Moment iwwerschafft. Bis elo war eng extra Autorisatioun vum Ëmweltminister noutwendeg, wann ee méi no wéi 30 Meter bei de Bësch, Waasserleef oder un de Rand vun Natura 2000-Gebidder wollt bauen. Déi mat dësem Gesetz ofgeschaafte Prozedure maachen ëmmerhi 5% bis 10% vun den Demanden aus a sinn also eng spierbar Vereinfachung vun de Prozeduren, ouni un den Inhalt ze goen.

D'Waassergesetz vun 2008 gëtt och iwwerschafft. Do kritt den Ëmweltminister elo an den Iwwerschwemmungsgebidder eng gewësse Flexibilitéit, fir Constructiounen ze geneemegen, awer ouni de Wäert vum Iwwerschwemmungsgebitt ze reduzéieren. Dat heescht, de Verloscht vu Rückhaltevolumen duerch Constructioune muss op anerer Plaz kompenséiert ginn.

Den Här Minister Schneider hat menges Wëssens kee Knéifall viru senge grénge Kolleege gemaach. Ech interpretéieren dem Här Eischen seng Ausso esou, wéi wann och déi gréng Kolleege mat dësem Gesetz hir Prinzipien net alleguer iwwer Bord gehäit hunn. An enger Koalitioun, déi funktionéiert, muss jiddweree Kompromësser maachen. A wien net bereet ass, Kompromësser ze maachen, deen huet et schwéier am Liewen an och schwéier an enger Regierung. Den Här Graas ass op alle Fall och op menger Schinn, wann hie warnt a seet, mer misste ganz virsiichteg mat der Méiglechkeet ëmgoen, fir Bebauungen an Iwwerschwemmungszonen ze erlaben.

Wat d'Kommodo-Gesetz vun 1999 betrëfft: Et wäert an Zukunft méiglech sinn, verschidde Geneemegungsprozedure parallell zur Kommodo-Prozedur lafen ze loossen, fir esou d'Gesamtdauer vun de Prozeduren ze verkierzen. Domat gëtt um Wäert vun deenen eenzelne Prozeduren an och un de Kommodo-Geneemegungen näischt geännert. Och déi Neierung mat der Classificatioun huet just eppes mat dem Ofbau vun Onkloerheeten ze doen a stellt den Inhalt vun de Geneemegungen net a Fro.

déi gréng sinn och weiderhin der Meenung, datt d'Geneemegungsprozeduren net däerfen op Käschte vun der Ëmwelt vereinfacht ginn. An déi gréng sinn awer genausou gutt der Meenung, datt komplizéiert a laangwiereg Prozedure mat Sécherheet näischt oder kee Garant vun enger besserer Ëmwelt sinn.

Dann ass de leschte Punkt oder den zweetleschte Punkt, op deen ech nach kuerz wëll agoen, d'Denkmalschutzgesetz vun 1983.

Mat dem Omnibusgesetz kréien d'Gemenge méi eng grouss Verantwortung beim Opstelle vu Werbetafelen. Eng Autorisatioun vum Minister ass just nach op klasséierten oder inventaresch a feste Gebaier am Secteur protégé noutwendeg. Verschiddener fäerten elo e Wildwuchs vu Werbepanneauen a gesi scho belsch Zoustänn op eis zoukommen. Esou eng Situatioun wéi an der Belsch wëlle mir och net. Et ass awer och widderspréchlech, ëmmer dann d'Autonomie communale héichzehalen, wann ee fäert, de Stat géif vun uewen erof eppes diktéieren, an all Kéiers, wann d'Gemengen eng Responsabilitéit kréien, op d'Gefor vum Wildwuchs hinzeweisen.

Mir hoffen, datt déi zoustänneg Verwaltung genuch Mataarbechter kritt, fir kënnen alleguerten déi Dossieren ze beschaffen. Duerch d'Omnibusgesetz entsteet e gewëssene Vide juridique am Beräich Enseignes et publicité. D'Gemenge musse reglementéieren a si jo och vum Innenministère dozou opgefuerdert ginn.

Gutt Informatioun vum Bierger ass een éischte Schratt zu méi Biergerbedeelegung, an dee Schratt gëtt hei gemaach. Déi traditionell Veröffentlechungsweeër, déi mer hunn, bleiwe bestoen: de Reider a véier Dageszeitungen. Mir ergänze se duerch neier, an dat ass gutt esou.

Si mer dann elo fäerdeg mat der Réforme administrative? Neen, natierlech net. Ob et an déi Richtung geet, déi d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers vun engem Omnibus-2-Gesetz undeiten, bon, mir wäerten et gesinn! Wichteg ass et, ofzewaarden, ob déi Resultater, déi mer eis erwaarden, och tatsächlech antreffen, an dann zesumme mat alle Partner weiderzeschaffen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Ganz gutt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Adam. Als Nächsten huet den Här Roy Reding d'Wuert fir d'ADR.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Ech mengen, beim Prinzip vun engem Omnibusgesetz si mer eis alleguerte relativ eens, datt et net onbedéngt dee richtege Wee ass. Dat beweise véier Navetten mam Conseil d'État an déi vill Schwieregkeeten, déi opgetratt sinn. Mä et ass net „Omnibus" oder „net Omnibus", wat mécht, ob ee mat deem Gesetz hei soll d'accord sinn oder net, mä den Inhalt. A beim Inhalt gëtt et bestëmmt ganz vill Punkten, mat deenen ee kann d'accord sinn, mä et gëtt véier Punkten, déi eis als ADR opstoussen.

Dat Éischt, dat ass den Artikel 6. Do geet et ëm de Virrang vun enger Partie écrite oder enger Partie graphique an engem PAG. Wourëms geet et? All PAG huet e schréftlechen Deel an huet e grapheschen Deel, an et kënnt nun eemol ëmmer erëm vir, datt déi zwee sech widderspriechen. An do hu mer eng kloer Jurisprudenz vun eiser Juridiction administrative. Déi seet, datt an esou engem Fall d'Partie graphique iwwerweit.

Elo steet am Text, déi zwee géife sech: «se complètent (...) réciproquement (...) afin de remédier aux nombreuses difficultés d'interprétation». Dat ass evident Quatsch! Well entweder d'Partie écrite an d'Partie graphique widdersprieche sech net, an da brauche mer net an engem Text ze soen, datt se complémentaire sinn - da si se evident complémentaire -, oder se widdersprieche sech. An da muss iergendeng Instanz spéitstens eng Juridictioun, eng Décisioun huelen, wat fir eng vun deenen zwee dann elo iwwerweit.

Deen Text hei bréngt also null Plus-value. An och de Rapport seet et selwer, well e seet: «les juridictions devront trancher au cas par cas». Mir hunn also an enger Matière, wou mer eng kloer etabléiert Jurisprudenz haten, en neien Text gemaach, dee keng Plus-value bréngt.

Den nächste Punkt sinn d'Servituden, déi erwuessen aus PAPen, POSen, oder wat och ëmmer; dat heescht Déngschtbarkeeten, déi op der privater Propriétéit leien. Do war bis elo virgesinn, datt déi Leit, déi esou eppes mussen erleiden, keng Indemnitéit kréien. Dat gëtt elo ofgeschaaft. Se kënnen elo eng Indemnitéit kréien. Dat ass eng gutt, dat ass eng positiv Saach.

Leider Gottes gëtt awer an dësem Text eng Verjärung vu fënnef Joer agefouert, an deenen dat ka gefrot ginn, amplaz vun deenen 30 Joer, déi normalerweis am Droit commun, am Code civil Artikel 2262 virgesi sinn. An och dës Ännerung geschitt net aus Gottesbaarmhäerzegkeet, well op eemol eis Regierung de Rechtsstat entdeckt hätt, mä wéinst dem Arrêt 101 vun 2013, wou d'Cour constitutionnelle dat doten agefuerdert huet.

De Propriétaire spolié, esou nennt de Statsrot de Bierger, deen eng Servitude muss erleiden - zu Recht -, deem seng Intérêten hunn zréckzestoe virun der Sécurité juridique vun de Gemengen. Esou steet et am Rapport. An dat ass fir eis als ADR inacceptabel.

En drëtte Punkt, deen eis Freed mécht, ass datt Modifications ponctuelles, also ganz kleng Ännerungen, u PAPe kënnen endlech gemaach ginn no engem System, wéi mir e scho laang fuerderen. Dat heescht, datt e Silence administratif, wann d'Behërden also net äntwerten, net automatesch e Refus ass, mä am Contraire, datt et dann acceptéiert ass.

De Minister huet eng gewëssen Zäit, fir ze soe Jo oder Neen. A wann en Nee seet, geet et an eng Cellule d'évaluation, déi dann alt nees eng Kéier nëmmen 30 Deeg Zäit huet. A wa se dann net geäntwert huet, ass et geneemegt. Dat ass fundamental eng ganz gutt Saach. Et muss een allerdéngs drop hiweisen, datt déi Cellule d'évaluation selwer gemengt huet am Virfeld vun der Ausschaffung vun dësem Text, datt se beim allerbeschte Wëllen net déi néideg personell Moyenen huet, fir dat ze packen. Mä mam Prinzip si mer ganz d'accord.

Da kënnt dee véierte Punkt, an dat ass deen, dee mer am meeschte kritiséieren. An dat ass d'Erweiderung vum Virkafsrecht. Dat klengt esou harmlos, e Virkafstrecht. De Conseil d'État seet - an en huet ganz recht doranner -: Ee Virkafsrecht «constitue (...) une atteinte, à la fois au droit de propriété et à la liberté contractuelle». Et ass also e Moyen, mat deem een net soll liichtfankeg ëmgoen.

Hei an der Motivatioun vun dësem Projet gëtt jongléiert, fir ze rechtfertegen, firwat datt dat Virkafsrecht ausgedeent gëtt. Et gëtt gesot, den Term, dee bis elo benotzt gi wier vun „terrains adjacents", dat heescht Terrainen, déi direkt un der Limitt vum bebaubaren Terrain leien, dat wier eng Notioun, déi net prezis wier.

Et deet mer leed, mä dat ass eng Notioun, déi extrem prezis ass! Dat geet och eraus aus enger Äntwert op eng vu menge parlamentaresche Froen un de Minister - dat war d'Nummer 1824 -, wou e seet: «les terrains visés doivent être adjacents au périmètre, d'une part, et être situés à l'extérieur de celui-ci, d'autre part (...) et non bâtis.» Dat war also ganz kloer a ganz prezis!

Dat gëtt elo geännert an elo soe mer dann: «une bande de cent mètres longeant la limite de la zone urbanisée ou destinée à être urbanisée et située à l'extérieur de ces zones». Ech gesi viraus, datt hei Affekotekolleege vill Aarbecht wäerte kréien an datt mer mat där doter onpreziser Notioun näischt Positives bewierkt hunn.

Da kënnt derbäi, datt d'Gemengen an Zukunft en plus e Virkafsrecht kréien op Terrainen, déi net bebaut sinn an déi am Perimeter leien oder an der Zone urbanisée oder Zone à urbaniser. Dat ass och eppes, wou mer net kënnen dermat d'accord sinn.

Ech verweisen hei op meng parlamentaresch Fro Nummer 0202. Ech hat deemools de Minister gefrot, wéi vill dann d'Gemenge bis elo préemptéiert hätten. An en huet dee Moment misse soen, mat deene Gemengen, déi am Pacte Logement sinn, wier 2011 e Monitoring gemaach ginn. Dat wieren déi eenzeg Zuelen, déi do wieren. An do wieren et just zwou Pré-

emptioune ginn. A fir de Rescht kéint den Innenminister keng Angabe maachen iwwert d'Zuel vun Aquisitiounen, déi iwwert de Wee vum Droit de préemption gemaach gi sinn.

Ech fannen, datt eppes, wat den Droit de propriété aschränkt, wéi de Conseil d'État et richteg seet, an och d'Liberté contractuelle aschränkt, wéi de Conseil d'État et richteg seet, datt mir als Chamber esou eppes net kënne guttheeschen, wa mer net emol d'Donnéeën hunn iwwert dat, wat da bis elo déi lescht Joren, wou et deen Droit de préemption, dat Virkafsrecht, do gëtt, geschitt ass. Ouni datt mer do konkret Zuelematerial hunn, kann een domadder net d'accord sinn.

Vläicht kann de Minister eis soen: Wéi vill gouf da bis elo säit senger Äntwert op déi dote Fro préemptéiert? Goufen do Arealer, déi bebauungsfäeg gewiescht wieren - sofort bebauungsfäeg gewiescht wieren -, dem Maart entzunn? Oder gouf drop gebaut?

An dee gréisste Problem, dee mer hunn, ass d'Prozedur. Dat däerf een net vergiessen: Ëmmer wa mer hei eppes aféieren, a mir hu jo heiriwwer geschwat, iwwert d'Simplification administrative, alles dat do kascht awer ëmmer erëm Zäit an domadder och Geld.

E Fonds du logement, dee schreift bei all Transaktioun: „Ma maacht emol déi offiziell Prozedur! Maacht eis e Recommandé, an da kucke mer emol! Dann huele mer 30 Deeg." Alles dat kascht Zënsen, kascht Suen a mécht de Bau méi deier.

An aus all deene Grënn wäerte mir als ADR géint dëse Projet stëmmen. Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet elo den zoustännege Minister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Merci, Här President. Et ass vill geschwat ginn iwwert d'Originne vun dësem Gesetzesprojet, dee mer haut hei zur Ofstëmmung bréngen. Et ass och vill geschwat ginn iwwert d'Verdéngschter vun deem engen oder vun deem aneren, fir dass et zu dësem Gesetzesprojet komm ass. Dat léisst mech direkt am Ufank zum Schluss kommen, dass et e gudde Gesetzesprojet ass, well vill Leit wëlle Papp vun dësem Gesetz gewiescht sinn. An ech hu jo och héiere vu bal alle Vertrieder, déi hei op d'Tribün komm sinn, dass se gewëllt sinn, am Numm vun hirer Fraktioun dëse Projet ze stëmmen.

Et ass och diskutéiert ginn iwwer e Strategiepabeier vun der UEL, och iwwer e Bréif, deen de Wirtschaftsminister aus der fréierer Regierung gemaach hätt, deen dann awer net ganz ëmgesat gi wär, wou ech awer haut ka behaapten, dass deen zumindest ee grousse Verdéngscht hat, nämlech deen, dass en d'Rad erëm richteg un d'Rulle bruecht huet. En huet nämlech dozou gefouert, dass am Mee 2013 e groussen Deel vun der Regierung - net manner wéi sechs CSV-Ministere waren dorunner bedeelegt - eng Reunioun hat mat der UEL, fir kënnen auszeloten, wéi mer dann am Beräich vun der Simplification administrative kéinte virugoen.

Et ass och virdru gesot ginn: Et war „Chefsache" ginn, de Statsminister selwer hat sech der Saach ugeholl. An aus där Reunioun ass, mengen ech, och e konkret Resultat erauskomm. An dat ass och dat, wat ech konnt virfannen, wéi ech de Ministère iwwerholl hunn, nämlech dat, dass sollten dräi Gesetzer ofgeännert ginn a konkret fënnef net onwichteg Dispositiounen am Sënn vun enger Simplification administrative sollten ofgeännert ginn. Dräi Gesetzer, hat ech gesot, nämlech: d'Kommodosgesetz, d'Naturschutzgesetz an den Aménagement communal, also alles Gesetzer, déi mer elo och an deem Projet, deen haut hei zur Diskussioun steet, erëm nei diskutéieren.

No deene Sitzunge vum Mee 2013 tëschent wichtege Regierungsvertrieder an der UEL ass den Dossier e bëssen an d'Stacke komm. Och dat ass, mengen ech, kee Geheimnis. Et waren déizäit turbulent Zäiten an am Mëttelpunkt vun der Politik stoungen dunn aner Themen. Och dat wëll ech hei net weider kommentéieren, dat weess jiddwereen heibanne selwer.

An et war dunn am Januar 2014, wou mer als nei Regierung och en neien Ulaf geholl hunn. Mir hunn éischtens eng regelméisseg interministeriell Plattform geschafen, déi och bis de Juli 2014 dräimol zesummekomm ass um allerhéchsten Niveau. Mir haten iwwer 25 bilateral Aarbechtssitzungen a mir haten Entrevuë mat der UEL an och mam Syvicol. An déi intensiv Konsultatioun huet, mengen ech, och konkret Resultater bruecht mat dem Dépot vum Projet de loi de 16. Juli 2014, mat deem mer insgesamt eelef Gesetzer an dräi Arrêté-grand-ducallen ofännere respektiv ofschafen.

Insgesamt 35 Mesurë vu Vereinfachung vu Legislatioun a Reduktioun vun administrative Chargen, 14 Mesurë vu Vereinfachung vu Prozeduren, 17 Mesuren, déi administrativ Chargen tout simplement ofschafen, 3 Mesuren, wou elektronesch Publikatioune kommen, 6 Mesuren, wou mer d'Délaien aféieren, fir wann d'Leit mussen eng Äntwert kréien, wa se eng Demande gemaach hunn, 1 Mesure, wou den Délai vun dréi op ee Mount erofgesat gëtt - et pas des moindres: am Kader vun engem PAP -, a 4 Mesurë betreffend den Accord tacite: wa keng Äntwert kënnt, dass dann d'Demande u sech automatesch ugeholl ass. Dat war dee faméisen TGV, vun deem mer geschwat hunn an dee mer innerhalb - an do si mer, an dat kënne mer och roueg, haut nach e bësse stolz drop -, dee mer ëmmerhin innerhalb vu sechs Méint konnten op d'Schinne setzen.

A wann den TGV net déi Geschwindegkeet kritt huet, déi mer eis alleguerten erhofft hunn, dann dierf hei an dësem Kontext d'Fro erlaabt sinn, ob iwwerall mat där nämlechter Energie gefuer konnt ginn, wéi d'Regierung dat gemaach huet.

Mä fir mech ass dat net dat Wichtegst. Dat Allerwichtegst, an ech gehéieren net zu deene Leit, déi gären zréckkucken, dat Wichtegst ass fir mech, dass den Zuch elo fiert, an zwar, dass en an déi richteg Richtung fiert an dass d'Weichen esou gesat sinn, dass de Réseau, op deen e soll fueren, kuerz- a mëttelfristeg kann erweidert ginn. A wichteg ass fir mech och, dass mer déi Zäit, wou eisen TGV um Quai an der Gare stoung, net einfach gewaart hunn, bis d'Scheif op gréng gesat ginn ass an den Zuch ufuere konnt, mä dass mer mat Nodrock weider un der Modernisatioun vum Réseau geschafft hunn.

An ech wëll haut hei soen, och well et an der Diskussioun ugeklongen ass: Ech wäert nach virun Ouschteren de Programm „Einfach Lëtzebuerg" presentéieren. Et ass dat e Programm, wou sämtlech, an ech betounen dat, „sämtlech" - ouni Ausnam - Ministèrë bedeelegt sinn, mat ronn honnert konkrete Mesuren. Eenzelner si schonns ëmgesat dovunner, mir hunn net drop gewaart, fir elo eng Pressekonferenz ze maachen, mä dat, wat schonn ze realiséiere war, dat hu mer scho realiséiert.

Bei deenen honnert konkrete Mesurë sinn der dobäi, wat Zentralisatiounsmesurë sinn, Dematerialisatioun vu Prozeduren, administrativ Vereinfachungen an och Tracking-Mesuren, déi virun allem fir de Bierger vu grousser Wichtegkeet sinn. Et si grousser dobäi, klenger, méi grousser, méi klenger dobäi, déi mer kënnen direkt ëmsetzen. An et sinn der och vläicht dobäi, déi vläicht e bësse méi laang daueren. Mä mir fueren nom Prinzip: Kleinvieh macht auch Mist.

All eenzel Mesure alleng gekuckt ass do ganz bestëmmt net de grousse Worf. Mä all zesummen, an dorëms geet et, dénge se engem eenzegen Zil: de Verwaltungen a virun allem de Bierger a Biergerinnen am Land d'Liewe méi einfach maachen. An och wann an dësem Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, vill Bestëmmunge sinn, déi d'Liewen am Beräich vum Aménagement communal nei regelen, fir deen ech jo mat enger anerer Kap als Innenminister och Verantwortung droen an dee jo dee ganz sensibele Beräich vum Wunnengsbau mat beinhalt, da si mer awer och do net stoe bliwwe bei eisen Iwwerleeungen.

Ech wäert kuerzfristeg e Projet de loi virstellen iwwert de städtebauleche Vertrag oder de Baulandvertrag, wou ugeduecht ass, dass d'Gemeng mat Propriétairen, déi neit Land an de sougenannten „bebaubare Secteur" erakréien, eng Konventioun mécht, wou se sech engagéieren, innerhalb vun enger bestëmmter Frist e PAG-konforme Bauprojet ëmzesetzen. Geschitt dat net an där gemeinsam ofgemaachter Frist, da fält entweder de Bauterrain an d'Zone verte zréck oder e gëtt un d'Gemeng no engem am Viraus ofgemaachte Präis ofgetrueden.

Am nämlechte Projet de loi wäerte mer awer och de Remembrement urbain vun Terrainen am Kader vun engem PAP nei regelen, deen d'Realisatioun vun engem Projet och da méiglech mécht, wann een eenzegen oder e puer Propriétairen aus wéi engem Grond och ëmmer net wëllen oder net kënne matmaachen an een doduerjer riskéiert, dass de ganze Projet blockéiert gëtt. Dat si weider Mesuren, déi d'Prozeduren a virun allem d'Emsetzung vu Projete virundreiwen. An dofir sinn et gutt Mesuren am Intérêt vum Land!

De Gesetzesprojet iwwert d'Sanction-administratiiven, deen, wéi de Statsminister et gesot huet, de Freiden eng éischt Kéier um Ordre du jour vun dem Regierungsrot ass, ass u sech een eenzege Projet vu Simplification administrative. E wäert eng entscheedend Entlaaschtung vun de Juridictiounen a vun der Police mat sech bréngen.

D'Simplification administrative, an et ass virdrun e puermol hei gesot ginn, ass e kontinuéierleche Prozess, deen ni ophéiert. An dofir sinn ech och esou frou, dass mer an deene leschte Méint mat Héichdrock u weideren Upassunge geschafft hunn. Ech hat eng Kéier de Verglach gemaach, an ech mengen, en imposéiert sech scho praktesch hei: Bei der Simplification administrative ass et wéi beim Usträiche vum Eiffeltuerm, déi fänken och erëm ënnen un, wa se uewe bis fäerdeg sinn.

An ech wëll mat Nodrock op déi exzellent Aarbecht verweisen, déi an eiser Cellule de facilitation an der Fonction publique geleescht ginn ass an och vun eisem CTIE am Déngscht vu ganz ville Verwaltunge vun eisem Stat. Mir sinn duerch hir Aarbecht konkret an entscheedend virukomm. Wat hei ausserhalb vum Scheinwerferliicht vun der grousser Politik geleescht gëtt, ass exzeptionell a gehéiert och emol eng Kéier hei op dëser Tribün gesot ze ginn!

An et ass dofir och schonn e bëssen enttäuschend, wann ech mat enger gewëssener Süffisanz hei op der Tribün héieren, mir hätten elo e Bummelzuch konstruéiert. An déi Leit, déi dat soen, wësse ganz genau, dass déi Délaien, déi zu deenen onerfreeleche Verlängerunge gefouert hunn, net vun der Regierung ze verantworte sinn. An ech mengen och kënnen ze behaapten, dass ech och frou sinn, dass dat och hei vum Här Eischen expressément ervirgestrach ginn ass.

Ech wëll hinnen awer och soen, dass dee Verglach mam Bummelzuch einfach kee gudden ass an och drops hiweist, dass se zumindest vun der Eisebunn net allze vill verstinn.

Dat kann ee jo och excuséieren, Här President, net jiddwereen ass en Expert vun der Eisebunn. Mä e Bummelzuch ass per Definitioun en Zuch, deen an all Gare stoe bleift. Eise Simplicatiouns-TGV awer, wa mer haut gréng Luucht vun der Chamber ginn, an dovu ginn ech ganz staark aus no deem, wat ech haut héieren hunn, wäert vun haut u ganz zilstrebeg, séier an ouni onnéideg Pause säi Wee maachen. An dat ass och gutt esou!

Et kann een, Här President, als Oppositiounspartei, fir am Eisebunnsjargon ze bleiwen, ëmmer zweegleiseg fueren. Et kann een e Regierungsprojet positiv a konstruktiv begleeden, seng Kriticke maachen, seng Verbesserungsvirschléi an dann, wann et dann zum Vott kënnt, wann et ëmgesat gëtt, och en Deel vum Verdéngscht fir sech beusprochen. Et kann een awer och, an och dat ass d'gutt Recht vun der Oppositioun, sech aus der Gestaltung vu Gesetzer eraushalen an der Majoritéit déi Verantwortung iwwerloossen.

Ech mengen, an dësem Fall hate mer eng Mëschung vun deenen zwee. Ech stellen zumindest fest, dass mer an deene 16 Aarbechtssitzunge vun der Chamber eng ganz gutt Entente haten, dass mer gutt virukomm sinn, dass mer jo och erweitert Sitzungen hate mat anere Kommissiounen zesummen. Et ass kee schréftlechen Amendement vun der Oppositioun presentéiert ginn, soudass ech dovun ausginn, dass mer u sech e ganz gudden Text presentéiert haten.

Mir hu virdru gesot, et wier e Gesetz, wat ëmmerhin eelef vun deene wichtegste Verwaltungsgesetzer, déi mer hei am Land hunn, ofännert. An ech menge kënnen ze soen am Numm vun eis alleguerten, dass duerch d'Aarbecht, déi konstruktiv Aarbecht vun der Kommissioun den Text och nach besser ginn ass.

Ech wëll an deem Kontext ganz expressément och den Här Meyers ernimmen, deen ee ganz konkrete Virschlag gemaach huet, mëndlech gemaach huet, dee mer och tel quel an eise Projet afléisse gelooss hunn an deen, mengen ech, och an Zukunft nach vu ganz grousser Wichtegkeet wäert sinn.

Et war ee sech eens, dass dat heite keng einfach Operatioun géif ginn. Et war en héich techneschen Dossier mat villen Astucen, mat ville sensibele Beräicher a mat villen Erausfuerderungen. Et ass eis gelongen, all Hürden ze iwwersprangen, an ech soe jiddwerengem Merci, dee sech dorunner bedeelegt huet.

Villmools Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. An da maache mer elo ganz schnell, dass deen Zuch an d'Gare erakënnt, ouni ze vergiessen, nach eng Kéier ze ënnersträichen, wat de Rapporteur och gesot huet, dass mer déi kleng Modifikatioun, wat d'Terminologie vum Journal officiel ugeet, selbstverständlech dann zréckbehalen, esou wéi de Conseil d'État eis dat geroden huet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6704 et dispense du second vote constitutionnel

An ech géif domat d'Ofstëmmung lancéieren. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An ech stelle fest, dass mer hei bei der Ofstëmmung wierklech esou eppes ware wéi e Schnellzuch.

55-mol Jo, 3-mol Neen an 2 Abstentiounen, domat ass de Projet 6704 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech froen d'Chamber nach, ob se d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, dem Projet 6992, wou et ëm d'Emsetzung vun enger Rei vun Direktive geet, méi speziell iwwert de fräie Verkéier an d'Immigratioun. D'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Marc Angel.

4. 6992 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration;

2) de la loi modifiée du 28 mai 2009 concernant le Centre de rétention;

3) de la loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi legal Immigratioun ass spéitstens säit dem Enn vum Zweete Weltkrich en zentrale Motor vun der Lëtzebuerger Ekonomie. Als klengt Land si mer op auslännesch Aarbechtskräften an och op auslännesch Investissementer ugewisen, fir eis Wirtschaft unzedreiwen. Lëtzebuerg wär haut net dat, wat et ass, ouni Immigratioun. Ouni Migratioun hätte mer weder eis oppen a villsproocheg Gesellschaft nach eis staark Wirtschaft.

Eis auslännesch Matbierger schaffen haut an alle Beräicher vun onser Wirtschaft, vum Niddreglounsektor, wéi dem Bausektor oder de Botzfirmen, iwwer eis Kleng- a Mëttelbetriber bis hin zu den héich qualifizéierte Beruffer an der Fuerschung oder op der Finanzplaz. Dës ënnerschiddlech Beräicher hunn och ganz ënnerschiddlech Besoinen a si mat ganz ënnerschiddleche Problemer konfrontéiert. Dofir brauche mer och Regelen an der Immigratioun, déi dësen ënnerschiddleche Problemer Rechnung droen, wa mer op där enger Säit wëlle kompetitiv bleiwen an Talenter unzéien an op där anerer Säit d'Rechter vun de Leit, déi schaffen, weider wëlle stäerken.

De Projet de loi, iwwert dee mer haut hei ofstëmmen, befaasst sech dann och mat enger

ganzer Rei vun ënnerschiddleche Facettë vun der legaler Immigratioun an ass domat e Spigelbild vun deene komplexe Fäll, déi sech och an deem Domän stellen.

Ech wëll nach drun erënneren, dass d'Immigratiounspolitik jo zu engem gudden Deel iwwer europäesch Direktive geregelt ass. Den Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun gesäit vir, dass mer eng gemeinsam Immigratiounspolitik maachen, déi Migratioun effikass manage kann an d'Rechter vun de Migranten ofséchert, fir eise gemeinsame Raum vu Fräiheet a Sécherheet ze stäerken. Säit 2009 goufen an dësem Beräich fënnef zentral Direktive verabschit. Dovunner hu mer der zwou 2011 an 2013 an nationaalt Recht ëmgesat. A mat dësem Projet de loi setze mer nach zwou weiderer ëm.

Déi éischt vun dësen zwou Direktiven, déi mer mam Projet de loi vun haut ëmsetzen, ass eng Direktiv, déi d'Saisonsaarbecht regléiert. Dës Direktiv ass sozial gesinn e grousse Schrëtt no vir, well et déi éischte Kéier ass, dass de Secteur vun der Saisonsaarbecht fir Aarbechter vun ausserhalb der EU geregelt gouf. Mir wëssen, dass Saisonsaarbechter eng ganz vulnerabel Grupp vun Aarbechter sinn, an dëst gëllt ëmsou méi fir déijéineg, déi net aus engem EU-Land kommen.

Dës Direktiv erméiglecht et hinnen, op där enger Säit méi einfach eng Aarbechts- an eng Openthaltsgeneemegung fir Saisonsaarbecht ze kréien, mä si setzt och minimal Standarde fest fir hir Bezuelung, hir sozial Ofsécherung an hir Rechter. An heimadder sinn dës Leit besser virun Ausbeutung geschützt, a mir ginn eis och eng gemeinsam Grondlag, fir de Sozialdumping, deen an dësem Secteur an der EU oft leider nach vill ze heefeg stattfënnt, ze bekämpfen. Ech mengen, mir hate jo gëschter eng Diskussioun iwwer Sozialdumping, an hei ass och eng vun deene Mesuren, fir dergéint virzegoen.

Och wa mer hei zu Lëtzebuerg, wat de soziale Volet an d'sozial Rechter ugeet vu Saisonsaarbechter, scho staark Regelen hunn, hate mer bis haut awer keng spezifesch Openthaltsgeneemegung fir Saisonsaarbechter aus Drëttstaten. An dofir féiere mer déi also mat dësem Projet de loi an.

D'Openthaltsgeneemegung däerf fir eng Period vu maximal fënnef Méint ausgestallt ginn. D'Demande muss hei zu Lëtzebuerg vum Patron gestallt ginn a muss scho vun engem Contrat de travail begleet ginn, fir sécherzestellen, dass déi Leit och wierklech ugestallt ginn, wa se heihikommen.

Wärend et bei der Ëmsetzung vun dëser Direktiv also virun allem drëms geet, sozial Rechter ze stäerken, befaasst sech déi zweet Direktiv mat engem ganz anere Sujet. An dësem Fall geet et natierlech drëms, den Transfer vu Salariéen an och vu Stagiairen innerhalb vu groussen Entreprisen ze vereinfachen. An onser globaliséierter Wirtschaft ass et ganz üüblech, dass Mataarbechterinnen a Mataarbechter vu multinationale Firmen och op Missiounen an hir Filialen an anere Länner geschéckt ginn. Äänleches ass och bei Stagiairen de Fall, fir déi dat eng immens flott Erfahrung ka sinn, fir e puer Méint op engem anere Kontinent ze schaffen.

Dës Direktiv soll et dofir erméiglechen, esou Salariéë vu groussen Entreprisë vun ausserhalb vun der Europäescher Unioun, déi fir eng zäitlech begrenzt Missioun an eng Filial innerhalb vun der EU detachéiert solle ginn, méi einfach eng Autorisatioun auszestellen. Déi gréisst Innovatioun vun dëser Direktiv besteet doranner, dass en detachéierte Salarié an Zukunft vill méi einfach wéi haut och nach an en zweeten oder an en drëtte Memberstat detachéiert ka ginn, nodeems hien eng Autorisatioun vum éischte Memberstat kritt huet. Dëst vereinfacht hinnen déi zäitlech begrenzt Detachementer enorm.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass esou eng Regelung theoretesch och mëssbraucht kéint ginn, fir déi méi streng Regele vun enger laangfristeger Openthaltsgeneemegung fir Aarbechtskräften ze ëmgoen. Fir dëst ze verhënneren, hu mer dofir eng Barrière agebaut. An dat ass Folgendes: Nodeems déi maximal Frist erreecht gouf, däerf eng nei Demande fir déiselwecht Persoun eréischt no sechs Méint nees gestallt ginn. Domadder verhënnere mer, dass den Detachement op Lëtzebuerg oder an d'Europäesch Unioun definitiv géif ginn.

Här President, niewent deem europäesche Volet ännere mer awer och am Kader vun der legaler Immigratioun mat dësem Projet de loi eng Rei spezifesch national Bestëmmungen, fir déi legal Immigratioun zu Lëtzebuerg méi attraktiv ze maachen an och d'Rechter vun dëse Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, ze stäerken. Sou vereinfache mer mat dësem Projet de Regroupement familial fir déi normal Aarbechter a passe se de Bestëmmunge fir héich qualifizéiert Leit un, déi eng europäesch Blue Card hunn. An Zukunft mussen dës Leit net méi zwielef Méint waarden, ier hir Famill bei si op Lëtzebuerg ka kommen. Si kënnen hir Famill elo direkt matbréngen, genausou wéi déi héich qualifizéiert Salariéen.

Ausserdeem erlabe mer et an Zukunft Studente vun der Uni Lëtzebuerg, déi aus Drëttstate stamen, dass si nom Ofschloss vun hirem Studium oder vun enger Dokteraarbecht net méi mussen obligatoresch zréck an hiert Heemechtsland fléien, fir eng Demande op eng Aarbecht dierfen ze schreiwen an eng Offer an deem Beräich, dee se studéiert hunn, hei unzehuelen. Dëst sinn zwou Mesuren, déi deene betraffene Leit immens entgéintkommen an hir jeeweileg Situatiounen definitiv verbessere wäerten.

Doriwwer eraus, Dir Dammen an Dir Hären, gesäit dëse Projet de loi och d'Aféierung vun enger neier Kategorie vun Openthaltsgeneemegunge vir fir Leit, déi net aus engem EU-Land sinn. Et handelt sech ëm den Droit de séjour pour investisseurs.

Et gi véier Méiglechkeete fir esou en Droit de séjour geschafen.

Éischtens, et investéiert ee 500.000 Euro fir wéinstens fënnef Joer an eng lëtzebuergesch Entreprise, an ergo erhält een domadder jo och dann déi Aarbechtsplazen an där Entreprise.

Zweetens, et investéiert ee 500.000 Euro, fir eng nei Entreprise ze grënnen. An dobäi muss ee sech engagéieren, wéinstens fënnef Aarbechtsplazen ze kreéieren, an dat selbstverständlech an Zesummenaarbecht mat der ADEM.

Dës zwou Méiglechkeete viséiere virun allem Entrepreneuren a ginn dem Wirtschaftsministère d'Méiglechkeet, geziilt Investisseuren a bestëmmtene Beräicher unzezéien. Beräicher, déi fir esou Investitiounen op sinn, ginn iwwer e Règlement grand-ducal definéiert a kënnen esou mat der Zäit un eis Besoinen ugepasst ginn. Ausgeschloss sinn natierlech, an dat steet och ganz genau am Gesetz selwer, Entrepreneuren oder Investissementer, déi just am Immobiliegeschäft täteg sinn.

De Règlement grand-ducal, deen am Wirtschaftsministère ausgeschafft ginn ass, hu mer och an der Kommissioun gewise kritt. An en ass och ugehaangen un de PV vun enger vun onse Kommissiounssitzungen.

Drëttens, et investéiert een dräi Milliounen Euro an eng Investitiounsstruktur, déi vu Lëtzebuerg aus schafft a wéinstens/minimum zwee Mataarbechter beschäftegt.

Oder déi véiert Méiglechkeet ass: Et investéiert een 20 Milliounen Euro bei engem Finanzinstitut zu Lëtzebuerg fir wéinstens fënnef Joer.

Dës zwou Mesurë si méi spezifesch fir eis Banken- a Finanzplaz geduecht.

Dëst ass en Droit de séjour fir Leit, déi bereet sinn, Suen hei zu Lëtzebuerg an eis Ekonomie ze investéieren an domat och Lëtzebuerg virunzebréngen. Et ass awer net, wéi dat am Virfeld vu verschiddene Leit duergestallt gouf, esou, dass mer heimadder deene Räichen e Recht géife schafen, sech en Openthaltsrecht ze kafen. Et gëllen natierlech fir dësen Titre de séjour fir Drëttstaatler déiselwecht Konditiounen, wéi se fir all déi aner gëllen. Ech ginn Iech e Beispill: Wa se d'Land fir méi wéi sechs Méint verloossen, musse se hiren Titre de séjour ofginn. Also all déi Bestëmmungen, déi fir déi aner gëllen, gëllen och fir déi heite Kategorie vu Leit.

Kucke mer eis emol déi aktuell Gesetzgebung un, dann ass et haut schonn am Immigratiounsgesetz vun 2008 virgesinn, dass jiddwereen, dee fir sech selwer opkomme kann, och eng Demande fir en Droit de séjour pour raisons privées konnt stellen. Ënnert déi Dispositioun - ech mengen, et ass den Artikel 78 - ass dann effektiv jiddweree gefall, vun der Bomi, vum Bopi, vun der Tatta, vum Monni, déi vun hirer Pensioun kënne liewen a bei hirer Famill hei zu Lëtzebuerg wollte sinn, bis zur räicher Geschäftsfra oder dem räiche Geschäftsmann.

Mir wëllen déi Kategorië vu Leit méi kloer vuneneen trennen a grad fir d'Investisseuren an déi ganz räich Leit méi kloer a méi streng Dispositiounen aféieren, ënner wéi enge Konditioune si dierfen hei bei eis kommen. Dee Beräich soll also méi transparent a méi streng geregelt gi wéi bis elo.

Iwwregens hu mer als Kommissioun bei dësem Punkt e parlamentareschen Amendement abruecht, mir hunn eng Kann-Bestëmmung agesat, déi beseet - ech zitéieren -: «Le ministre peut octroyer un titre de séjour pour „investisseur“.» Mir hunn den Text also esou ëmformuléiert, dass de Minister den Titre de séjour net muss aushännegen, och wann déi Bestëmmungen erfëllt wären, falls et fondéiert Zweifel zum Beispill un der Honorabilitéit géife ginn.

Ech wëll och soen, et handelt sech hei ëm en Titre de séjour, et handelt sech net ëm e Visa. Dat ass eppes ganz aneschters. Dat ass och oft dobausse verwiesselt ginn.

Am Kader vun der Diversifikatioun vun eiser Wirtschaft gesäit dëse Projet de loi schliisslech nach d'Aféierung vun engem ganz neie Mechanismus vir, deen den ICT-Standuert Lëtzebuerg férdere soll. Wéi Der wësst, hu mer zu Lëtzebuerg Datenzentren opgebaut, déi als Backup vun Entreprisen déngen an am Kader vun deenen hire Business-continuity-Pläng kënnen agesat ginn.

Wann eng Entreprise dann zum Beispill, well op hirem eigentleche Site am Kader vun zum Beispill enger Naturkatastroph d'Infrastrukture komplett zerstéiert goufen, muss op hire Backup hei zu Lëtzebuerg zréckgräifen, da mussen och eng Rei vun hire Leit kënnen op Lëtzebuerg kommen, fir vun hei aus weider ze schaffen an esou gréisser Ausfäll a Verloschter ze vermeiden.

Fir dass, am Fall, wou dëst eng Firma vun ausserhalb der EU ass, dëst Personal schnell kann op Lëtzebuerg kommen, brauche si och entspriechend schnell eng Geneemegung. Dofir féiere mer am Kader vun eisem Immigratiounsgesetz eng Prozedur an, wou Entreprisen am Virfeld kënnen iwwerpréift ginn an Autorisatioune fir bestëmmte Persounen aus hirem Personal ufroen. Dës Leit kënnen am Fall, wou et néideg gëtt, dank dëser Iwwerpréiwung am Virfeld, also dëser Preclearance, a ganz kuerzer Zäit eng Autorisatioun kréien, fir op Lëtzebuerg ze kommen an op de Backup-Zenter vun hirer Firma zouzegräifen.

Fir dass d'Prozeduren, fir eng Autorisation d'établissement hei zu Lëtzebuerg ze kréien, dann och méi effikass kënne behandelt ginn, gesäit dëse Projet de loi och nach eng Simplification administrative vir, andeems een den zoustännege Beamten en direkten Accès op bestëmmte Fichiere vun Auslänner vum Immigratiounsministère erlaabt. Dësen Accès ass awer just méiglech, wann déi betraffe Persoun dozou am Virfeld hiren Accord ginn huet; dëst, fir dass mer d'Protection des données respektéieren.

Niewent deem groussen Haaptvolet, deen déi legal Immigratioun op Lëtzebuerg betrëfft, huele mer mat dësem Projet de loi awer och eng Ännerung um Gesetz iwwert de Centre de rétention vir. Do bewege mer eis also elo an ee ganz anere Kader eran. Mir schwätzen also elo net méi vun der Immigratioun, mä vum Asyl.

Ech wëll dat nach eemol ganz kloermaachen. Grad am Kader vun den Diskussiounen a verschiddenen Aussoen iwwerall an Europa ass et wichteg, déi Begréffer propper ze trennen. Déi punktuell Upassung soll déi maximal Zäit, déi eng Famill mat mannerjärege Kanner am Centre de rétention däerf placéiert ginn, vun dräi Deeg op siwen Deeg eropsetzen.

Ech wëll drun erënneren, dass mer an dësem Fall just nëmme vu Leit schwätzen, deenen hir Demande op Asyl definitiv zréckgewise gouf, déi also ganz sécher kee Recht op Asyl hei zu Lëtzebuerg hunn. An och bei dësem Grupp vu Leit bleift esou e Placement ganz kloer déi allerallerleschten Optioun, déi geholl gëtt, wa se net zu enger fräiwëlleger Réckféierung an hir Heemecht bereet sinn.

Firwat ass d'Eropsetze vun der Zäit als allerleschten Optioun néideg? D'Praxis weist, dass et hei eng Rei Problemer gouf. Zum enge kënnt et oft vir, dass net jiddweree vun enger Famill doheem ass, wann d'Police se wëllt siche kommen, an dass et an deem kuerzen Zäitraum dann oft net méiglech ass, all d'Familljememberen ze fannen, fir eng Réckféierung ze organiséieren. Vun de Geriichter wësse mer och, dass déi dräi Deeg als Délai ganz enk sinn, fir dass enger Famill hiren eventuelle Recours géint déi Décisioun ka propper ofgehandelt ginn, a schliisslech och, wann dat gelengt, dass sech an deem verbleiwenden Zäitraum meeschtens keng zweet Transportméiglechkeete méi organiséiere loossen a si dofir schlussendlech net kënnen zréckgeféiert ginn.

Lëtzebuerg huet, grad wat d'Réckféierung oder d'Retoure vu Familljen ugeet, also eng Rei organisatoresch Problemer. Dofir recommandéiert de Conseil vun der Europäescher Unioun op Basis vun enger am leschte Joer duerchgefouerter Evaluatioun vum Fonctionnement vum Schengen-System Lëtzebuerg och eng Rei Mesuren. Mir hunn och déi Evaluatioun vum Ministère weidergeleet kritt. An déi ass den 10. Januar, mengen ech, un all... Déi war um Courrier électronique an déi ass un all d'Membere vun der Kommissioun verschéckt ginn.

Eng vun dëse Mesurë betrëfft d'Upassung vum Délai, fir dass eng Réckféierung dann, wa se stattfanne muss, och méiglech ass. Dat ass déi Mesure, déi mer hei gesinn, dass ee sech e bësse méi Flexibilitéit muss ginn. Awer nëmme fir déi Fäll, wou et absolutt néideg ass! Ech betounen dat nach eng Kéier.

Nach ass et awer esou, dass et an deem dann eventuell méi laangen Zäitraum vu bis zu siwen Deeg eis Flicht ass, dass dës Famill, virun allem dës Kanner, um Site vum Centre de rétention optimal betreit a begleet ginn. Ech weess aus perséinleche Gespréicher, an ech weess dat och, well ech vill Leit aus dem Centre de rétention kennen, dass ganz vill fir dës Betreiung gemaach gëtt. Mä offiziell hu mer doriwwer effektiv kee Bilan.

An dofir, Här President, géif ech Iech heimadder eng Motioun déposéieren - wann ech gelift -, mat där mer d'Regierung opfuerdere wëllen, e Bilan vum Fonctionnement a vun der Betreiung am Centre de rétention ze zéien an dobäi och ganz spezifesch op d'Familljen an op d'Kanner anzegoen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

1) rappelant que dans son programme gouvernemental de 2013, le Gouvernement a annoncé que «Le centre de rétention sera soumis à un premier bilan de son fonctionnement. L'objectif sera de réduire son utilisation autant que possible et de garantir un délai de passage aussi court que possible»;

2) considérant qu'en 2014, l'Ombudsman a émis un rapport sur le fonctionnement du centre de rétention, qui a conclu que «La Médiateure est très satisfaite des conditions générales dans lesquelles les retenus séjournent au centre de rétention», tout en émettant un nombre de recommandations pour en améliorer davantage le fonctionnement;

3) prenant acte de la prise de position du Commissaire aux droits de l'homme du Conseil de l'Europe du 6 février 2017 et de la réponse du Ministre de l'Immigration et de l'Asile du 7 février 2017;

4) insistant que la directive 2008/115/CE du Parlement européen et du Conseil relative aux normes et procédures communes applicables dans les États membres au retour des ressortissants de pays tiers en séjour irrégulier instaure que «Les mineurs non accompagnés et les familles comportant des mineurs ne sont placés en rétention qu'en dernier ressort et pour la période appropriée la plus brève possible»;

5) rappelant que cette disposition est actuellement traduite en droit national par la loi du 18 décembre 2015 relative à la protection internationale et à la protection temporaire par son article 22 qui prévoit que «Les mineurs ne peuvent être placés en rétention qu'à titre de mesure de dernier ressort et après qu'il a été établi que d'autres mesures moins coercitives ne peuvent être appliquées efficacement», ainsi que par la loi du 28 mai 2009 portant création et organisation du centre de rétention qui définit la période appropriée la plus brève possible comme étant de 72 heures;

6) notant que la pratique des dernières années a montré que ce délai de 72 heures entraîne des contraintes au niveau de l'organisation des retours et est trop serré pour les juridictions administratives saisies d'une requête de référé et que, par conséquence, des éloignements n'ont pas pu être menés à bien;

7) concluant qu'il est justifiable d'augmenter le délai maximal de placement au centre de rétention des familles de 72 heures à sept jours en tant que mesure de dernier ressort, comme prévu par le projet de loi portant modification de la loi modifiée du 28 mai 2009 concernant le centre de rétention;

8) convaincue qu'il sera par la suite d'autant plus important de veiller à un logement adéquat et un encadrement optimal des familles et des mineurs en particulier,

invite le Gouvernement

- à établir le bilan de fonctionnement annoncé dans le programme gouvernemental;

- à tenir compte dans ce bilan en particulier des recommandations faites par l'Ombudsman en 2014 et des actions prises en conséquence;

- à inclure également les chiffres des dernières années de familles placées au centre de rétention et de la durée moyenne de leur placement, ainsi que les règles mises en pratique pour accueillir et encadrer les familles et les mineurs en particulier;

- à veiller en pratique, comme dans le passé, que les mineurs non accompagnés et les familles comportant des mineurs ne soient placés en rétention qu'en dernier ressort et pour la période la plus brève possible, de sorte que la durée maximale ne soit atteinte que pour des cas exceptionnels;

- à présenter les conclusions de ce bilan à la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration.

(s.) Marc Angel, Claude Adam, Gusty Graas, Fernand Kartheiser, Laurent Mosar.

De schréftleche Rapport zu mengem Projet de loi gouf den 9. Januar an der zoustänneger Kommissioun vun de Vertrieder vun den dräi Majoritéitsparteien a vun den CSV-Vertrieder guttgeheescht. Enthalen huet sech den ADR-Vertrieder. Domat waren dann d'Aarbechten an der Kommissioun ofgeschloss.

Als Rapporteur an als President wëll ech alle Membere Merci soe fir déi interessant Diskussiounen, déi mer haten, a fir d'Ënnerstëtzung vu villen Deputéierte beim Ausschaffe vun den Amendementer.

Här President, heimadder wär mäi mëndleche Rapport ofgeschloss an ech ginn och den Accord vun... Ech soen Iech fir d'Éischt emol Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn Iech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Wann Der erlaabt, géif ech och kuerz déi Motioun virstellen, déi ech hei agereecht hunn a wou ech frou sinn, dass all déi Parteien, déi Vertrieder an der aussepolitescher Kommissioun hunn, déi Motioun och matdroen. Mir rappeléieren an där Motioun, dass am Regierungsprogramm drasteet, dass d'Regierung géif e Bilan virleeë vum Centre de rétention, also iwwert de Fonctionnement. An den Objektiv vun esou engem Bilan wär «de réduire son utilisation autant que possible et de garantir un délai de passage aussi court que possible». Ech zitéieren de Regierungsprogramm.

An där Motioun weise mer och op de Bericht vun 2014 vum Ombudsmann hin. An ech zitéieren och hei, wat do drasteet, dass si «conclu» huet «que la Médiateure est très satisfaite des conditions générales dans lesquelles les retenus séjournent au centre de rétention». Um Rapport vum Ombudsmann ass och e ganzt Dokument vu Commentairen a Reaktioune vu verschiddene Ministèren an Administratiounen ugehaangen, wou schonn eng ganz Rei Recommandatiounen dra sinn, déi och schonn ëmgesat goufen.

Dann huele mer och Akt vun deem Communiqué, deen de Commissaire vun den Droits de l'homme op sengem Internetsite gemaach huet zu Stroossbuerg, dee vum Conseil de l'Europe, an natierlech awer och déi Äntwert vum Minister vun der Immigratioun a vum Asyl vum 7. Februar; also vu gëschter.

Da referéiere mer eis op d'Direktiv vun 2008, déi natierlech seet, dass d'Mineuren an d'Familje mussen (veuillez lire: musse placéiert ginn) «pour la période appropriée la plus brève possible», wann et zur Retentioun kënnt. Dat nämlecht hu mer jo och am Gesetz vun eis nach eng Kéier wierklech marteléiert, am Gesetz vun 2015.

An dann notéiere mer natierlech, an ech hunn dat virdrun erklärt, dat hu mer och laang an der Kommissioun diskutéiert, firwat et a ganz Ausnamefäll net méiglech ass, an deenen 72 Stonnen eng Réckféierung duerchzeféieren.

An da si mer awer iwwerzeegt, dass et dofir ganz wichteg ass, dass mer an deem Centre de rétention derfir suerge mussen, dass Familljen do adequat logéiert sinn. Mir wëssen, wéi mer de Projet gestëmmt hunn, dass et eng extra Abteilung do gëtt fir Familljen. Ech mengen, dat muss garantéiert sinn. An dofir invitéiere mer d'Regierung, eis dee Bilan de fonctionnement, dee se annoncéiert huet, virum Summer virzeleeën.

Mir soen och, alles, wat d'Ombudsmann 2014 gesot huet, soll do mat erafléissen, dass mer awer och an deem Bilan emol Zuele kréien. Da gesäit een och, wéi kuerz d'Dauer am Fong ass. Et ass einfach am Sënn vun der Transparenz, dass mer d'Zuele kréien an och d'Regelen, wéi do Familljen accueilléiert ginn an och encadréiert ginn, wat do mat de Famillje geschitt a wéi do d'Kanner betreit ginn.

An dann invitéiere mer d'Regierung nach eng Kéier, derfir ze suergen, wéi an der Vergaangenheet, dass Mineuren, déi net accompagnéiert sinn, a Familljen esou kuerz wéi méiglech an esou wéineg wéi méiglech do an de Centre de rétention kommen an dass dat wierklech exzeptionell bleift. A mir froen d'Regierung dann, dass se der aussepolitescher Kommissioun, déi sech jo och mat Immigratiounsfroe beschäftegt, dee Bilan virleet an dass mer deen dann zesumme kënnen diskutéieren.

Dat gesot, soen ech och hei nach eng Kéier Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den Här Laurent Mosar fir d'CSV.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, dee mer de Mëtten hei diskutéieren, transposéiert u sech zwou Direktiven, dëst am Kontext vun der Immigratiounspolitik vun der Europäescher Unioun.

D'Immigratioun, an den Här Rapporteur huet dat och scho virdrun ënnerstrach, ass och ee vun de Pfeilere vun eiser lëtzebuergescher Wirtschaft nach ëmmer gewiescht a wäert et och sécherlech an deenen nächste Jore weider bleiwen. An enger globaliséierter Welt, wou den Handel zwëschen europäeschen, awer och aussereuropäesche Länner permanent an d'Luucht geet, ass och eng lëtzebuergesch Wirtschaft weider op qualifizéiert, kompetent an engagéiert Mënschen ugewisen, déi och ëmmer méi vun ausserhalb vun der Europäescher Unioun kommen.

Ganz besonnesch a Secteure wéi der Recherche, der Innovatioun, awer och am ICT-Beräich si mer ganz besonnesch op esou Leit ugewisen. An nach virun e puer Wochen huet hei den zoustännege Minister op d'Wichtegkeet vu Start-uppen an eisem Land higewisen. Och besonnesch an esou engem Secteur vu Start-uppen brauch een héich qualifizéiert Aarbechtskräften, déi ee sécherlech net eleng hei zu Lëtzebuerg an och emol net nëmmen an der Europäescher Unioun fënnt.

Ech schécken dofir och direkt viraus, datt mir dëse Projet begréissen an en och wäerte matdroen. De Kolleeg Rapporteur Marc Angel huet, wéi mir dat vun him gewinnt sinn, an engem exzellente schréftlechen an och mëndleche Rapport am Detail déi wesentlech Neierunge vun dësem Projet erkläert, soudatt ech mech hei wierklech kann op eng Rei vu Remarquë limitéieren, andeem ech awer natierlech dem Rapporteur e grousse Merci fir säin Engagement och an dësem mënschlech komplizéierten Dossier soen an em och nach eng Kéier Merci soe fir déi Motioun, wou en d'Initiativ geholl huet, déi eranzebréngen, déi mir och natierlech mat ënnerschriwwen hunn an och wäerte matstëmmen.

Här President, dëse Projet huet, an de Rapporteur huet et virdrun erklärt, natierlech virun allem e wirtschaftleche Volet, op deen ech och nach wäert agoen. Dëse Projet regelt awer och d'Zesummeféierung vun de Familljen an d'Konditioune vun der Retentioun vun ofgewisenen Asyldemandeuren.

Erlaabt mer dofir och vläicht hei eng Virremarque. Am Moment ass d'Thema Immigratioun jo vläicht dat, dat am meeschte Mënschen hei am Land, awer och dobausse beréiert. An och ganz besonnesch um europäeschen Niveau ass et vläicht dat, dat déi gréissten Erausfuerderunge fir den europäesche Kontinent och an deenen nächste Jore wäert duerstellen.

Haut an hei ass net d'Geleeënheet, fir op déi europäesch Asyl- an Immigratiounspolitik anzegoen. Dofir wäerte mer, Här Aussen- an Immigratiounsminister, sécherlech d'Geleeënheet kréie bei der aussepolitescher Debatt.

Ech wëll awer trotzdeem haut vun dësem Projet de loi profitéieren, fir op déi absolutt Noutwendegkeet hinzeweisen an der Europäescher Unioun, awer och an eisem Land, fir datt mer Weeër fanne fir eng legal Immigratioun, ouni déi mer sécherlech déi enorm Erausfuerderunge vun der Asylpolitik net wäerte schëlleren. Dës legal Immigratioun ass awer och wichteg fir eng kleng Ekonomie wéi déi lëtzebuergesch, well et fir ganz vill Entreprisen och bei eis am Land ëmmer méi schwéier gëtt, kompetent Aarbechtskräften nach iwwerhaapt an der Europäescher Unioun ze fannen.

Och dofir mäin Appell, mengen ech, un eis an Iech alleguer, datt mir eis wierklech an deenen nächste Woche seriö iwwerleeën, wéi een an Zukunft eng legal Immigratioun kann an der Europäescher Unioun, awer och an eisem Land organiséieren. D'CSV-Fraktioun ass op jidde Fall bereet, sech dësen Diskussiounen ze stellen an och a Richtung vun esou enger legaler Immigratioun matzegoen.

Dat gesot, Här President, erlaabt mer dann awer nach eng Kéier op déi wichtegst Neierunge vun dësem Projet, och wat de wirtschaftlechen Aspekt ugeet, zréckzekommen.

Fir d'Éischt, an de Rapporteur huet dat am Detail erkläert, gëtt nach eng Kéier d'Notioun vum sougenannten „Investisseur" méi prezis definéiert an och beschriwwen, ganz besonnesch wat d'Konditioune sinn, déi esou en Investisseur muss an Zukunft erfëllen, fir dann iwwerhaapt kënnen an de Genoss vun enger Openthaltsgeneemegung fir sech, awer iwwregens och fir seng Famill ze kommen.

Ech begréissen dofir och, datt mer an dësem Projet dës Konditioune preziséieren, well dat war bis elo net ëmmer esou kloer an deem Gesetzestext. An hei, mengen ech, weess elo jiddwereen, dee sech dofir interesséiert, wat e muss an Zukunft fir Kritären a Konditiounen erfëllen.

Eng zweet ganz wichteg Neierung ass déi vun der sougenanntener „Continuité d'activité", déi et Investisseuren awer och Entreprisen erlaabt, eng Openthaltsgeneemegung hei bei eis am Land ze kréie fir eng Iwwergangszäit, déi et hinnen erlaabt, hir Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg virunzeféieren, soulaang dat an hirem Ursprongsland net méiglech ass.

Déi drëtt grouss Neierung ass déi vum sougenanntenen „Transfert intra-groupe", déi och an dësem Projet de loi nach eng Kéier preziséiert gëtt, wat och fir mech eng absolutt Noutwendegkeet ass. En Transfer vun Aarbechtskräften innerhalb vun engem Grupp huet näämlech an deene leschte Joren oft fir vill Froen, awer och fir vill Problemer an der Praxis gesuergt. An et ass zum Deel och heiansdo souguer als eng Brems fir weider Investissementer bei eis am Land duergestallt ginn.

Ech begréissen dofir, datt d'Konditioune fir esou Transferen elo nach eng Kéier méi kloer an dësem Text preziséiert ginn. An dës Mesuren zesummegeholl, déi dräi, déi ech elo hei ausgeféiert hunn, wäerte sécherlech derzou bäidroen, d'Attraktivitéit vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg ze verbesseren. Besonnesch a Post-Brexit-Zäiten, an Zäiten also, wou eng Rei vu potenziellen Investisseure mat Argusaugen kucken, wou se sech da kënnen implantéieren, hunn esou Mesurë sécherlech de Meritt, datt se eis Attraktivitéit nach eng Kéier wäerte vergréisseren.

Här President, eng Suerg, déi mir als CSV-Fraktioun allerdéngs hunn, an déi deelen ech mat der Chambre de Commerce, ass, wa mer elo dat Gesetz haut de Mëtten hei ugeholl hunn - Här Immigratiounsminister, ech riichte mech och do ganz besonnesch un Iech -, datt et zu enger ganz enker Zesummenaarbecht zwëschen Arem Ministère a ganz besonnesch deem vun der Ekonomie op dësem Punkt wäert kommen. Well loosse mir eis näischt...

Une voix.- An de Finanzen.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- De Finanze bien entendu och.

Well loosse mer eis näischt virmaachen: De Succès vun dësem Gesetz steet a fält mat senger Ëmsetzung, awer och mat der alldeeglecher Handhabung. An do géif ech mer wënschen, datt hei géif zesumme gekuckt gi mam Wirtschaftsministère a Finanzministère, Här Immigratiouns- an Ausseminister, datt d'Demandë vun Investisseuren och kéinten op eng méiglechst onkomplizéiert an effizient Aart a Weis traitéiert ginn. Mir hunn de Mëtten en anert wichtegt Gesetz hei gestëmmt: d'Simplification administrative. Ech géif mer och wënschen, datt direkt bei dësem Text dës Simplification administrative voll géif spillen.

Wat elo de Punkt vun der Familljenzesummeféierung betrëfft, verstoppen ech Iech net, datt déi Formulatiounen, déi elo am Gesetz virgesi sinn, eis e bësselche flou schéngen ze sinn an och Raum fir vill Interpretatiounen zouloossen. Mir hätten eis gewënscht a mir hunn dat d'ailleurs och an der Kommissioun gesot, datt een an dësem Text vläicht e bësselche méi preziséiert hätt, bis zu wat fir engem Degré de parenté déi Zesummeféierung vu Famillje géif goen. Ech hunn awer Verständnis, datt e Minister sech hei wëllt eng gewësse Marge de manœuvre virbehalen a reservéieren. Nach hätte mir eis trotzdeem gewënscht, wann hei e bësselche méi prezis déi verschidde Kategorië vu Familljen definéiert gi wären.

(Interruption)

Jo.

M. Jean Asselborn, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Här President, ech wëll eppes do soen. Also, ech mengen, mir hu weider näischt am Kapp, wéi och d'Famille nucléaire do ze viséieren. Also d'Famille nucléaire, erop an erof.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Okay. Merci fir d'Prezisioun.

M. Jean Asselborn, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Voilà!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här Präsident, ech wëll mech dann zum Schluss vu menger Interventioun trotzdeem nach mat zwee Punkte beschäftegen, déi ganz besonnesch an de leschten Deeg am Mëttelpunkt vun den Diskussioune stoungen an déi och fir eng Rei Welle gesuergt hunn.

Éischtens, déi Dispositioun, déi d'Dauer vun der Retentioun vun 72 Stonnen, also dräi Deeg, op elo siwen Deeg eropsetzt. Dës Verlängerung gëtt vum Ministère domadder motivéiert, datt et an der Praxis äusserst schwiereg wär, an engem Délai vun 72 Stonne Mënschen, déi sollen zréckgeféiert ginn, am Centre de rétention ze regruppéieren an duerno hir Réckféierung duerchzezéien.

Déi verschidden ONGen, awer och de Mënscherechtsrot, déi dës Moossnam kritiséieren, weise mat Recht op d'Situatioun vun de Kanner a Mannerjäregen hin, déi net sollen esou laang an engem Centre de rétention festgehale ginn.

Mir deelen d'Suerge vun all deenen Associatiounen, datt hei alles muss ënnerholl ginn, fir keng Mannerjäreg a Kanner iwwer en Zäitraum vun 72 Stonnen, dee scho fir Kanner extrêmement laang ass, an esou engem Centre festzehalen. Mir hunn awer och Verständnis fir d'Imperativer vun enger koordinéierter an enger organiséierter Réckféierung. An dofir si mir och prinzipiell averstane mat der proposéierter Verlängerung.

Mir wëllen awer haut hei, an d'Motioun vum Här Angel geet e bëssen an déiselwecht Richtung, en Appell un den Immigratiounsminister riichten, fir alles ze ënnerhuelen, fir ze evitéieren, Här Minister, datt Kanner a Mannerjäreger, wa se da schonn onbedéngt mussen, iwwert deen Délai vun dräi Deeg festgehale ginn. Sollt dat awer aus exceptionnelle Mesuren net ze evitéiere sinn, Här President, muss eiser Meenung no wierklech séchergestallt ginn, datt déi Kanner a Mannerjäreg eng psychologesch an och en aneren Encadrement kréien, fir hiren Openthalt esou gutt an esou kannergerecht wéi méiglech ze organiséieren.

Mir géifen dofir och nach eng Kéier en Appell un Iech, Här Immigratiounsminister, riichten, wa Kanner scho mussen iwwert den Délai vun 72 Stonnen an esou engem Centre de rétention bleiwen, datt dat wierklech déi absolutt Exceptioun muss bleiwen! Dat dierf op kee Fall iergendwéi zu engem Prinzip ginn. An ech mengen, datt dat d'ailleurs eng Meenung ass, déi quasiment hei vum ganzen Haus gedeelt gëtt. A mir wäre frou... Mir wëssen och, Här Immigratiounsminister, datt Dir ëmmer en humanen Ëmgang mat Flüchtlinge préconiséiert. Duerfir si mer och der Iwwerzeegung, datt mer eis, wat den Ëmgang besonnesch hei mat Kanner a mat Mannerjäregen ugeet, och do kënnen op Iech verloossen.

Här President, dat gesot, wëll ech awer dann nach ganz kuerz op déi geplangte Reaffektatioun vun der Hal 6 vun der Luxexpo als Centre de rétention agoen. Do ware mir dach e bësselchen erstaunt, Här Immigratiounsminister, wéi Der d'leschte Kéier bei eis an der Kommissioun waart an eis do en long et en large d'europäesch Asylpolitik explizéiert hutt, a mer dunn owes de Radio gelauschtert hunn an du gewuer gi sinn, datt elo op eemol sollt d'Luxexpo als Centre de rétention ëmfonctionnéiert ginn.

Mir hätten eis wierklech gewënscht, datt, wann en Immigratiounsminister schonn an d'Chamber kënnt, an e wousst dat jo och dee Moment, en eis dat do vläicht och scho matgedeelt hätt. Dat hätt eis näämlech och d'Méiglechkeet ginn, Här President, och do déi ganz vill Froen ze stellen, déi sech trotzdeem an deem Kontext vun där Reorganisatioun do stellen.

A mir mengen och, datt eng transparent Regierungspolitik an och eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat der Chamber, déi mer eigentlech ëmmer vum Ausseminister a vum Immigratiounsminister gewinnt sinn, eigentlech e bësselchen aneschters ausgesäit wéi an dësem Fall eben.

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Här President!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ja.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Entschëllegt, Här Mosar. Sidd Der d'accord, dass den Här Angel eng Fro stellt?

(Assentiment)

Gutt.

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Wann den Här Mosar erlaabt, ech wëll him just kuerz soen: Jo, de Minister huet an där Sitzung net doriwwer geschwat, mä mir haten de Minister... Ech wollt Iech froen, ob Der Iech drun erënnert, dass mer de Minister am Dezember do haten, de 16., wou mer extra e Punkt op den Ordre du jour gesat haten, deen Dir gefrot hat iwwert d'Immigratioun. An do huet en net d'Luxexpo genannt, mä en huet awer schonn erkläert, dass se un enger Aart Structure d'hébergement d'urgence géife schaffen; wéi en eis d'Problematik vun de Retoure vun all den Dublin-Fäll erkläert huet. Mir haten dat ugeschwat, natierlech net d'Luxexpo genannt, mä d'Iddi ass awer schonn deemools undiskutéiert ginn.

An ech sinn iwwerzeegt, dass de Minister nach ganz oft an d'Kommissioun wäert kommen, fir eis iwwert dee Projet ze berichten. Dofir wäert ech als President och suergen. Merci.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Dat wësse mer, Här President, datt Dir en engagéierte President sidd. Ech menge just awer, erlaabt mer dat ze soen, well ech net deen eenzege Kolleeg hei am Haus sinn, deen trotzdeem e bësselchen erstaunt war, nodeems mer laang iwwert déi Thematik geschwat hunn, dat trotzdeem owes an den Noriichten ze héieren.

Ech wëll dann awer och direkt am Numm vu menger Fraktioun soen, datt mir eis prinzipiell kënnen domadder averstanen erklären, datt een elo hei eng Trennung mécht zwëschent deenen Demandeurs d'asile, deenen hir Demande nach unhängeg ass, an deenen, déi definitiv deboutéiert gi si respektiv déi sech soss aus anere Grënn illegal hei ophalen.

Mir kënnen och déi Argumentatioun vun der Regierung fir esou eng Trennung novollzéien. Allerdéngs, an dat verstoppen ech awer och net, stelle mir eis awer eng Rei vu Froen, wat de Site a ganz besonnesch och d'praktesch Organisatioun vun dësem Centre de rétention semi-ouvert, esou wéi e vun der Regierung qualifizéiert gëtt, betrëfft.

Fir d'Éischt, Här President, wat de Site vun der Luxexpo ugeet. Et war net méi spéit wéi gëschter an der geschriwwener Press ze liesen, datt d'Direktioun vun der Luxexpo sech trotzdeem eng Rei vu berechtegte Froe géif stellen, op déi et gutt wär, wann och hei et géif vläicht de Mëtten Äntwerte ginn. Well ech mengen, déi Froen, déi sech do vun de Responsabele vun der Luxexpo gestallt ginn, gi sech och vu ganz ville Leit dobausse gestallt.

Mir sinn eis, an ech sinn dovun iwwerzeegt, och an dësem Haus eens, datt déi Mënschen, déi an Zukunft an deem Centre de rétention do wäerte placéiert ginn, a vun deene mer alleguerte wëssen, datt et jo déi sinn, déi guer keng Bleiweperspektiv méi an eisem Land hunn, sécherlech net déi Einfachst sinn, wat hiren Encadrement ugeet. Dat läit eben nun an der Natur vun der Saach. A mir verstinn dofir och d'Suergen, déi hei trotzdeem vun de Bedreiwer vun der Luxexpo artikuléiert ginn, ganz besonnesch op deem Punkt, wat d'Sécherheet ugeet.

Mir wären dofir frou, Här Minister, wann Dir eis vläicht kéint och eng Rei zousätzlech Erklärunge ginn, wat justement d'Sécherheet an awer och ronderëm déi Hal 6 ugeet, a wéi dat notamment och praktesch organiséiert gëtt, wa grouss Foiren oder Ausstellungen an der Luxexpo wäerte stattfannen.

Doriwwer eraus stelle mir eis awer och Froen, wéi dëse Centre de rétention semi-ouvert an der Praxis soll fonctionnéieren, wann de Minister hei, wéi gesot, vun esou engem Régime de semi-ouverture schwätzt, deen, esou hu mir dat verstanen, soll esou fonctionnéieren, datt d'Mënschen, déi do sinn, am Dag kënne fräi zirkuléieren, awer eng Obligatioun hunn, fir owes an der Nuecht erëm an dee Centre zréckzekommen, wëssend, datt et sech jo hei ëm Mënschen handelt, fir déi et ganz kloer ass, datt dat hir lescht Etapp hei am Land ass, ier se zréckgefouert ginn, wou een also weess, datt eng Rei vun deene Leit alles wäerte probéieren, fir net mussen zréckgefouert ze ginn. An dofir stelle mir eis Froen, wéi dat an der Praxis soll fonctionnéieren, wann awer dee Centre de rétention am Dag op ass a just owes zou ass.

Wéi gëtt do garantéiert, datt déi Leit, déi dann iergendwéi am Délai vun enger Woch sollen heemgefouert ginn, wéi gëtt do geséchert, datt déi net awer an der Zwëschenzäit erëm iergendwéi an der Natur verschwannen?

En anere Punkt, deen eis och an dësem Kontext Suerge mécht, ass deen, datt sech hei och eng ganz diversifiéiert Populatioun wäert erëmfannen: op där enger Säit, an dat ass och scho virdru gesot ginn, Demandeur-d'asillen, déi iergendwou an der Europäescher Unioun eng Demande gemaach hunn op Basis vum Dublin-Traité, déi also an en anert europäescht Land zréckgeschéckt ginn; op där anerer Säit hu mer der awer och, déi zréckgeféiert ginn, well se an hirer Prozedur definitiv ofgewise ginn. A mir hunn do e bësse Problemer, fir eis virzestellen, wéi och dat Zesummeliewen do an der Praxis wäert fonctionnéieren.

Ech hu virdrun d'Thematik vun de Kanner an de Mannerjäregen ugeschwat. Och hei an dësem Centre de rétention stelle mir eis natierlech genau déiselwecht Froen: Wéi ginn d'Kanner an d'Mannerjäreger och hei an dëser Struktur encadréiert? An do wäre mer ganz frou, wann de Minister eis vläicht och dozou herno eng Rei Explikatioune kéint ginn.

Ech wëll hei mat de Froen ophalen. Et gëtt der sécherlech nach ganz vill, déi ze stelle wären. Mä ech sinn och iwwerzeegt, datt et haut sécherlech net déi leschte Kéier wäert sinn, wou mer iwwert déi ganz Thematik hei schwätzen.

Dat gesot, Här President, nach eng Kéier, begréisse mir dëse Projet, deen eng ganz Rei vu Verbesserungen an enger mënschlech a politesch schwiereger Thematik beinhalt, ganz besonnesch wat d'Prozedur vun den Openthaltsgeneemegungen, awer och der Familljenzouféierung betrëfft, och, an ech hunn dat, mengen ech, elo in extenso hei ausgefouert, wann eng ganz Rei vu Froen opstoe bleiwen.

Ech bréngen dofir och am Numm vu menger Fraktioun d'Zoustëmmung zu dësem Projet a soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Mosar. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gusty Graas fir d'DP.

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, ech mengen, eist Land huet jo eng ganz grouss Traditioun, wat d'Awanderung ubelaangt. 1871 hu bei eis 5.872 Auslänner gewunnt.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

An zënter dem 19. Jorhonnert stelle mer jiddefalls eng steigend Migratioun fest.

An den 20er Jore vum leschte Jorhonnert ass den Undeel du bedeitend an d'Luucht gaangen. An zwar hate mer der 1922 33.000 an 1930 waren dat der scho 56.000. Iwwregens war dat och gréisstendeels aus wirtschaftleche Grënn, datt déi Leit bei eis komm sinn, soudatt dat u sech keen neit Phenomeen ass. Dat kenne mer also praktesch vun Ufank u vun der Geschicht iwwert d'Immigratioun hei zu Lëtzebuerg.

No den Däitsche waren et iwwregens d'Italiener an dunn an de 60er Joren d'Portugisen, déi op Lëtzebuerg komm sinn. Dat awer och duerch eng Rei vu Konventiounen, bilaterale Konventiounen, déi mat deenen eenzelne Länner ofgeschloss goufen.

Haut zielt Lëtzebuerg 269.200 Auslänner. Dat ass en extrem héijen Taux, Tendenz steigend. Do muss een allerdéngs direkt hannendru soen: Wat wier dëst Land, ouni déi vill Matbierger, déi net eis Nationalitéit hunn? Hätte mer deen héijen Niveau? Hätte mer dat modernt Land kënnen opbauen, ouni, wéi gesot, hire Secours?

An dësen Zäiten huet d'Migratioun natierlech elo eng aner Ausriichtung. Et sinn och aner Leit, déi bei eis kommen. Haaptsächlech Leit vum Balkan, awer virun allem och aus Krisegebidder, Stéchwuert Syrien. Et sinn natierlech deementspriechend och aner Kulturen, déi hei zu Lëtzebuerg méi präsent sinn, wéi gesot och bedéngt duerch de Balkan, wouhier iwwregens 40% vun de Migrante kommen.

Et kann ee jiddefalls och behaapten, datt eist Land an deene leschte Jorzéngte grouss Ustrengunge gemaach huet, fir, wéi gesot, déi Well vun Immigrante gutt ze organiséieren, gutt ze encadréieren. Op där anerer Säit hu mer awer och versicht, d'Integratioun an all deene Jore staark weiderzeféieren. An dat war och richteg an dat war och gutt esou. A mir wäerten och nach an der Zukunft mat enger Rei vu Projete befaasst ginn, déi d'Integratioun hei zu Lëtzebuerg nach wäerte verstäerken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi scho gesot, tëschent der Migratioun an der Ekonomie besteet natierlech eng enk Relatioun. Mir wëssen, datt ganz vill Leit op Lëtzebuerg aus reng wirtschaftlechen Ursaache kommen, well se eben an hire Länner keng Perspektiv méi hunn. Mir maachen op där anerer Säit natierlech och d'Diere grouss op fir eng Rei vu Leit, fir datt se sollen op Lëtzebuerg kommen, well se ebe gewësse Fäegkeeten hunn, well se gewësse Capacitéiten hunn.

Dat ass iwwregens eng Politik, déi net nëmme reng nationale Charakter huet. Mir hunn och eng gutt Koordinatioun um europäesche Plang. Ech wëll och hei un de Programm vu La Haye aus dem Joer 2004 erënneren.

Allerdéngs däerf een elo net de Feeler maachen a mengen, d'Migratioun wär just nëmmen e Volet vun der Ekonomie an d'Leit kéimen nëmmen aus deene Grënn heihinner. Mir wëssen, wéi gesot a verstäerkt an deene leschte Joren, datt et awer virun allem och Leit sinn, déi keng Perspektiv méi an hire Länner hunn, bedéngt duerch déi politesch Onstabilitéit, bedéngt doduerch, datt se verfollegt gi wéinst hirer Rass, wéinst hirer Relioun, jo, souguer wéinst hirer sexueller Orientatioun. Mir wëssen och, datt domadder ganz vill mënschlech Tragédië verbonne sinn.

Am Projet vun haut geet et natierlech elo méi spezifesch ëm Leit, déi heihinner schaffe kommen, déi hei studéieren. An et ass och gutt, datt dee Kader elo nach zousätzlech verbessert gëtt. Jiddefalls, mir als Demokratesch Partei gesinn dat ganz positiv, datt mer hei zousätzlech eben elo versichen, e Rechtsraum ze schafen, wou dann, wéi gesot, den Accueil vun deene Leit nach méi gefestegt gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen et jo, datt mer besonnesch an eiser Ekonomie eng Rei vu Secteuren hunn, wou et schwiereg ass, gutt héich qualifizéiert Leit ze rekrutéieren. Den indigènë Maart gëtt do oft net genuch Aarbechter hier, soudatt mer natierlech drop ugewise sinn, fir, wéi gesot, op Demanden, déi vu baussen erakommen, positiv ze reagéieren. Ech denken zum Beispill un technesch Beräicher, ech denken un d'Logistik, ech denken awer och un den Tourismus. An da muss een och ënnersträichen, datt jo d'Fonction publique haut och zu engem Deel op ass fir Netlëtzebuerger, a schlussendlech: Wat wär eis Arméi, wa mer déi net viru Jore fir Netlëtzebuerger opgemaach hätten?

Mir sollen also manner Angscht hunn an dat positiv gesinn, wa mer Leit an eist Land eranhuelen, déi net eis Sprooch schwätzen, déi net eis Kultur a priori vertrieden. Mä mir sollen eis och bewosst sinn, wat dat och fir eng Villfalt ka bedeiten, déi positiv Konsequenzen, ouni Zweifel, fir d'Entwécklung vun dësem Land huet an, wéi gesot, besonnesch Leit, déi aus Drëttstate kommen.

An dësem Text geet et jo an éischter Linn emol ëm d'Saisonnieren. Dat ass e Begréff, deen engem elo vläicht éischter bekannt ass aus dem Wäibau, dem Tourismus oder der Landwirtschaft. Et ass kloer, datt et verschidde Secteuren ebe gëtt, wou een zousätzlech Aarbechtskräfte während enger gewëssener Period am Joer brauch. Et däerf een och net vergiessen, datt et souguer Leit sinn, déi sech extra Congé huelen, fir dann op Lëtzebuerg ze kommen, fir dann hei där Aarbecht kënnen nozegoen.

An et ass mer en Evenement am Kapp elo hänke bliwwen: Wéi elo déi Héichwaasserkatastroph am Iernzdall war, ass mer gesot ginn, datt zum Beispill deen Opbau net hätt kënnen esou séier iwwert d'Bün goen, wann net, et waren zwar Polen, also elo net Leit aus Drëttstaten, mä et ass egal, Leit, déi extra heihinnerkomm sinn, déi wierklech eng enorm Aarbecht do geleescht hunn. Och do gesäit een, datt an esou Situatiounen et awer och wichteg ass, wa mer kënnen op auslännesch Aarbechtskräften zréckgräifen.

Duerfir ass et fir eis och ganz evident, datt elo an Zukunft deen Encadrement, dee legislativen Encadrement, dee reglementaresche Kader besser organiséiert gëtt an datt och déi Leit déiselwecht Rechter kréie wéi Aarbechtsneemer hei zu Lëtzebuerg. Fir eis ass dat, wéi gesot, ganz richteg, datt mer elo op dee Wee ginn, well och déi Leit solle mat därselwechter Dignitéit behandelt ginn a si sollen och op e geschützte Rechtskader zréckgräife kënnen.

Och d'Patronen hu jo all Interesse, datt jo awer déi Relatioun mat deenen Aarbechtskräften - an, wéi gesot, hei geet et jo ëm Leit aus Drëttstaten - och konform geregelt gëtt. Ech mengen, et ass och fir si awer wichteg, wa se wëssen, datt kee Feelverhalen deementspriechend kann optrieden.

Dësen Text berout natierlech, wéi scho virdrun och hei gesot ginn ass, op EU-Direktiven. Europa gëtt jo esou gäre schlechtgeriet an dësen Zäiten an, wat jo ëmmer méi traureg ass, och op allerhéchstem politeschen Niveau, ouni dat elo hei ze verdéiwen. An ech mengen, duerfir grad soll een déi - an ech hoffen, datt et der awer nach ëmmer vill sinn, déi un Europa gleewen - drop hiweisen, wat Europa awer ka bedeiten. An hei ass erëm e ganz gutt Beispill, wéi mer kënnen awer och dee Bannemaart aneschters gestalten, aneschters organiséieren, och vis-à-vis vun Entreprisen, déi hire Sëtz ausserhalb der Europäescher Unioun hunn, déi och dann awer zäitweis Personal innerhalb der EU transitéiere mussen. Dat sinn awer och Elementer, déi wichteg si fir eng Ekonomie, déi sech gutt soll entwéckelen innerhalb vun Europa.

Natierlech muss ee bei esou Systemer och vigilant sinn. Natierlech muss een oppassen, datt net Leit vun engem System do abuséieren. Duerfir ass et evident, datt eng Rei Bremse musse virgesi ginn.

Ech begréissen och am Numm vu menger Partei natierlech de System vun der Continuité d'activités. Hei geet et jo virun allem ëm Betriber, déi am ICT-Beräich aktiv sinn, wann, wéi gesot, Problemer an hirem Heemechtsland entstinn, datt se dann hei zu Lëtzebuerg awer zumindest kënne weider fonctionnéieren. Eise Logistikzenter gëtt doduerch nëmmen nach gefestegt. An dat ass och eng ganz gutt Saach.

Selbstverständlech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer eis e bësse méi am Detail mat deem Projet de loi hei auserneesetzen, kënnt een och net derlaanscht, op deen een oder anere méi kritesche Punkt anzegoen. Éischte Punkt ass natierlech dee vun där neier Kategorie vun Investisseuren, wat jo och dobaussen zum Deel méi kritesch gesi gëtt. Hei geet et natierlech drëm, fir - jo! - Leit, déi eng gewësse Fortune hunn, op Lëtzebuerg ze zéien.

D'Fro däerf awer sécher erlaabt sinn: Wat ass dorunner schlecht? An dat ass awer och keen neit Phenomeen. Dat ass awer och näischt Neits. Mir hunn awer hei keng Virreiderroll als Lëtzebuerg. Ech wëll drun erënneren, datt et dat awer a Portugal gëtt, datt et dat a Griichenland gëtt, datt et dat a Frankräich gëtt, datt et dat an Däitschland gëtt, et j'en passe. Also net, fir elo erëm hei ze mengen, wéi wa Lëtzebuerg sech géif hei an eng Nisch erabewegen an nëmme géif versichen, Leit, déi héicht Kapital hunn, op Lëtzebuerg unzezéien!

Duerfir leie mer och hei an enger Logik vun enger richteger Strategie, fir eis Finanzplaz ofzefestegen, fir eis Ekonomie weider auszebauen. Natierlech sinn dat gréisstendeels Leit, déi eng gewësse Fortune hunn, déi elo hei op Lëtzebuerg kommen, fir an ee Fong ze investéieren, dat muss jo mindestens fënnef Joer sinn, déi och e Minimum vun 20 Milliounë mussen hunn. Bon, okay, mir wëssen, datt dat natierlech net elo eng Risenzuel vu Leit ass. Mä ëmmerhin ass et awer richteg, datt mer hei e Kader schafen, datt esou Investitiounen och hei zu Lëtzebuerg awer méiglech ginn.

Well ech mengen, et soll een och emol heiansdo erëm an Erënnerung ruffen: Mir hu jo awer en héich entwéckelte Sozialstat hei zu Lëtzebuerg. Dat ass och gutt esou. Mir sollen och op deem Niveau weiderfueren. Mä dee kann och net einfach esou finanzéiert ginn! Duerfir muss awer och op där anerer Säit eng Ekonomie dréien, eppes, wat vläicht heiansdo nawell gäre vu verschiddene Leit vergiess gëtt.

Datt do d'Honorabilitéit natierlech e wesentleche Punkt ass, ass evident. An net, Här Mosar, datt ech mer den Term vun Iech ofgelauschtert hunn, mä et gëtt vill mat Argusaen op eis gekuckt, effektiv. An dowéinst musse mer och no baussen dee beschtméigleche Kader hunn. Well et si Spektive queesch duerch d'ganzt Welt, déi ëmmer nëmmen op Lëtzebuerg kucken. D'Vergaangenheet huet eis dat bewisen. Et ass also wichteg, datt mer besonnesch och an deem Volet hei ganz propper, ganz anstänneg dostinn an datt dat Kapital, wat hei op Lëtzebuerg kënnt, och virun allem proppert Kapital ass.

Och en aneren ekonomeschen Aspekt, deen een net däerf hei ënnerschätzen, do geet et ëm de Regroupement familial, well et si Leit, déi vläicht zécken, wat och verständlech ass, déi net wëllen hir Heemecht verloossen, wa se net gläichzäiteg och kënne mat hirer Famill heihinnerkommen. An duerfir, déi Verbesserungen, déi mer hei maachen, sinn an deem Sënn och nëmmen ze ënnerstëtzen. Well, wéi gesot, wann ee gär qualifizéiert Leit a sengem Land hätt, da muss een awer och dee familiären Aspekt matconsidéréieren.

E weidere flotte Punkt ass deen, wat d'Studenten ubelaangt, datt déi elo d'Méiglechkeet kréien, wéi gesot d'Studenten aus Drëttstaten, fir nom Ofschloss vun hire Studien, sief dat Masterstudien, sief dat Dokteraarbecht, eben och kënnen hei zu Lëtzebuerg ze bleiwen. Well et ass virun allem ee Beräich, wou mer awer méi wéi jee op auslännesch Capacitéit ugewise sinn, dat ass de Volet vun der Recherche. Wann ee mat deene Leit schwätzt, da weess een, datt et enorm wichteg ass, datt mer och kënne Studenten hei behalen, déi virun allem och deelweis an der Fuerschung täteg waren. An da wär et jo awer traureg - et kann ee scho bal schwätze vun engem Gaspillage intellectuel -, wann een net deene Leit géif d'Méiglechkeet ginn, fir hei am Land ze bleiwen a fir dann och enger Aarbecht kënnen nozegoen. Well mer virun allem um Niveau vun der Recherche als Lëtzebuerg an deene leschte Joren dach eng gewësse Renommee entwéckelt hunn, ass dat wichteg.

Et ass nach net iwwert d'Sportler hei geschwat ginn. Mä och d'Sportler sinn an deem Gesetz hei opgezielt ginn. A virun allem, wéi gesot, wat d'Mannschaftssportaarten ubelaangt, ass dat mat Sécherheet och net vu Muttwëll, datt do méi Méiglechkeete gi sinn, fir en Titre de séjour ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass evident, datt een natierlech och net derlaanscht kënnt, fir och e leschte wichtege Volet hei unzespriechen. Ech mengen, net méi spéit wéi de Mëtte si mer och direkt mat enger - jo! - Manifestatioun konfrontéiert ginn. Et muss ee ganz fairerweis soen, datt dat jo och luewenswäert op déi Manéier ass, datt da Punkte vläicht nach méi u Gewiicht kréien. Duerfir sollen d'Auteuren, d'Initiateure vun esou enger Manifestatioun mat Sécherheet net negativ duergestallt ginn. Ganz au contraire! Och wann een natierlech am Fong net ëmmer ka mat allem d'accord sinn, mä och dat beweist jo awer, datt een eng lieweg Demokratie ass.

An et geet natierlech ëm déi Ännerung, wat de Centre de rétention ubelaangt, datt eben, wéi gesot, fir Familljen och mat mannerjärege Kanner, déi bis elo maximal konnten 72 Stonnen an deem Centre bleiwen, datt dat eben elo op siwen Deeg eropgesat gëtt.

Ech wëll net méi weider op déi Argumenter agoen, déi mer awer aliichten, firwat datt déi Ännerung elo virgeholl gëtt, déi och wierklech nëmmen am Extremfall ugewannt gëtt. An do koume jo elo eng Rei Reaktiounen, ënner anerem vum Mënscherechtskommissär vum Conseil de l'Europe.

Wann et mer awer erlaabt ass, eng kuerz Tëscheremarque ze maachen: Firwat gëtt dann elo op eemol 24 Stonne virdrun, ier dat Gesetz hei gestëmmt gëtt, déi Diskussioun hei lassgetréppelt? Dat ass elo net pejorativ gemengt. Mä d'Gesetz ass awer schonn, mengen ech, am Mee d'lescht Joer 2016 déposéiert ginn. Mä bon, loosse mer dat elo op der Säit. An natierlech ass déi Diskussioun deementspriechend elo aneschters lancéiert ginn, wat jo awer och gutt ass.

Wat sécher ass, ech mengen, et ass scho virdrun hei gesot ginn: Et ass keen heibannen, et ass mat Sécherheet keen heibannen, dee frou ass, wann elo Kanner an esou eng Situatioun sollte kommen, datt se domat en Trauma erliewen, dat ass ganz evident. A wann esou eng Situatioun sollt antrieden, dierft se wierklech nëmme kommen, wann all aner Méiglechkeeten ausgeschëpft sinn.

Duerfir kann een och déi Argumenter vum Kommissär natierlech novollzéien. Déi Argumenter vum Flüchtlingsrot, vun der ASTI selbstverständlech sinn net falsch. An ech sinn och iwwerzeegt, datt d'Politik hei wäert versichen, wann déi siwen Deeg eng Kéier missten applizéiert ginn, datt dat soll awer den absolutte Minimum sinn.

Ech wëll dann och hei nach eng Kéier drop hiweisen, datt mer jo…

Une voix.- Maximum!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Maximum! Maximum siwen Deeg! Richteg!

Ech wëll dann awer och nach drop hiweisen, wéi mer d'Diskussioun haten iwwert d'Gesetz iwwert d'Protection internationale et temporaire vum 10. Dezember 2015 hei an der Chamber, si mer och do jo schonn op déi Problematik agaangen, besonnesch wat d'Mannerjäreger ubelaangt, déi net a Begleedung sinn. An och do ass scho plädéiert ginn - an ech kann och nëmmen nach eng Kéier widderhuelen, wat meng Partei deemools och hei gesot huet -, datt mer natierlech fir eng kannergerecht Retentioun sinn, wa méiglech an engem Kannerheem, och wann dat net déi allerbeschte Léisung ass, mä zumindest nach besser wéi an engem Centre de rétention.

Ech wëll och hei den Artikel 6 vum Kapitel 2 vun der EU-Direktiv 604/2013 nach eng Kéier zitéieren, wou awer och ganz kloer drasteet: «L'intérêt supérieur de l'enfant est une considération primordiale pour les États membres dans toutes les procédures prévues par le présent règlement.» Duerfir ass et, wéi gesot, fir eis och ganz wichteg, datt all déi Persounen, déi a Kontakt si mat Mannerjäregen, natierlech och mussen déi beschtméiglech Formatiounen hunn, besonnesch wat d'pädagogesch an d'psychologesch Fäegkeeten ubelaangt.

Dat ass natierlech e Volet vun der Migratiounspolitik, deen elo e bësse méi kontradiktoresch hei diskutéiert gëtt. Ech mengen, och den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter, dee seet natierlech zu Recht, datt d'Detentioun eng grav Mesure ass an datt déi just justifiéiert ass, wann eben, wéi gesot, manner schlëmm Moossnamen net gegraff hunn. E schléisst a priori och eng Detentioun natierlech deementspriechend also net aus. An och schonn 2010 hat de Conseil de l'Europe jo eng äänlech Resolutioun geholl.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt eis Migratiounspolitik jo awer och e bedeitende Volet vum fräiwëllege Retour huet. Zum Beispill 2016 ware vu 569 zréckgeschéckte Leit der 456, also 80%, déi fräiwëlleg zréckgaange sinn. Et ass also nach ëmmer de Gros vun de Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, déi ebe keen Asyl gewäert kréien, déi dann awer och fräiwëlleg dee Moment zréckginn.

Natierlech solle mer deen Débat awer do weiderféieren. Natierlech solle mer eis Gedanke maachen: Wéi kënne mer dat Ëmfeld nach méi mënschewürdeg gestalten? Obwuel, wéi gesot, mir brauchen eis och net ëmmer méi schlecht ze maachen awer, wéi een heiansdo mengt, datt mer wieren. Lëtzebuerg huet schonn enorm Efforte gemaach.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn de Mëtte ganz vill iwwer Simplification administrative geschwat. Bon, hei ass och dann e klenge Volet dran, deen awer och an déi Richtung geet. An zwar geet et jo hei ëm den direkten Zougang zu de Fichieren iwwer Leit aus Drëttstaten. Dat kléngt den éischte Moment vläicht e bëssen, wéi wann een eppes géif iwwerwaachen, géif Nofuerschunge maachen. Mä ech mengen, et muss och nach eng Kéier hei ënnerstrach ginn, datt jo awer fir d'Éischt muss en Accord préalable vun deem Betraffenen do sinn, ier ee kann esou en Zougang zu engem Fichier kréien. Mä jiddefalls ass och dat hei e klenge Schratt, mä e wichtege Schratt a Richtung vu méi séierer Ofwécklung vun administrative Weeër.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, dat hei ass fir eis trotzdeem e ganz wichtegt Gesetz, wou mer och derhannertstinn, trotz deem engen oder anere méi delikate Punkt.

Ech wëll awer net ofschléissen, ouni dem Kolleeg Marc Angel Merci ze soen, deen eemol méi mat senger Feinfühlegkeet sech och gutt hei derduerchgeschafft huet. A wéi gesot brénge ech d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech Merci.

M. Henri Kox, *Président de séance*.- Merci, Här Graas. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, Här Minister, ech probéieren, mech, genau wéi meng Virriedner, esou kuerz wéi méiglech ze halen.

D'libre Circulation vu Persounen ass ee ganz wichtege Pilier, op dee sech d'Europäesch Unioun stäipt. Et ass leider och hautdesdaags een ëmstriddene Pilier.

Esou ass souguer de Brexit, zumindest zum Deel, och drop zréckzeféieren, datt eng Majoritéit vun de Wieler am Vereenegte Kinnekräich net d'accord war mat der libre Circulation. An et huet sech hei net ëm Flüchtlingen aus Krichsgebidder an och net ëm Wirtschaftsflüchtlingen aus der sougenannter Drëtter Welt gehandelt, mä ëm Europäer aus virun allem osteuropäesche Länner, déi fir déi Onzefriddenheet gesuergt hunn.

déi gréng waren a bleiwen der Meenung, datt eng Europäesch Unioun net just eng libre Circulation fir Geld a Konsumgidder soll erméiglechen, mä datt d'libre Circulation vun den EU-Bierger eng ganz positiv a wichteg Errungenschaft ass. A selbstverständlech brauch een e Regelwierk, fir datt dës libre Circulation och gutt funktionéiert.

D'Europäesch Kommissioun huet schonn 2005 am Haager Programm eng Rei Prioritéite festgehalen, fir dësen europäesche Raum vu Fräiheet, Sécherheet a Recht auszebauen. D'Schwéierpunkte vum Haager Programm waren: d'Stäerkung vun de Grondrechter vun den EU-Bierger, d'EU-Bierger solle sech kënne fräi bewegen an der EU an och do wunnen a schaffen, wou si dat wëllen. En anere Schwéierpunkt war d'Ausschaffe vun engem Konzept, fir d'Migratiounsstréim ze steieren, engersäits mat der Bekämpfung vun der illegaler Migratioun an dem Mënschenhandel an anerersäits der Erméiglechung vun enger legaler Migratioun.

D'Kommissioun wollt ee gemeinsamt, eenheetlecht, effizient a solidarescht Asylverfahren aféieren. Am Haager Programm waren eigentlech schonn all d'Problemer erkannt an opgezielt, déi eis haut nach vill méi beschäftege wéi deemools, Problemer, déi sech net geléist hunn, mä duerch eng ganz Rei méi oder manner rezent Krisen nach gewuess sinn.

Datt déi hei ugefouert Problemer net méi kleng gi sinn, mä méi grouss, huet, wéi scho gesot, eppes mat rezente Krisen ze dinn a mat enger net zefriddestellender, net gemeinsamer, net eenheetlecher, net effizienter a virun allem och net solidarescher Politik am europäesche Raum.

Sou hunn zum Beispill all Berichter vun der Kommissioun iwwert d'Ëmsetzung vum Haager Programm déiselwecht Konklusioun gehat: D'Fortschrëtter an de Beräicher Justiz, Fräiheet a Sécherheet ginn net eenheetlech virun. Villes gëtt lues oder onkomplett ëmgesat, soudatt déi gewënschte Resultater op sech waarde loossen.

Den Haager Programm ass an de Stockholmer Programm iwwergaangen, deen d'Prioritéite vun 2005 weiderverschaffen a verdéiwe sollt. Et ass net, wéi wann näischt geschitt wier op der politescher Bün. Mir hunn d'Kreatioun vu Frontex gehat, fir eis Grenzen ze schützen. Zënter 2008 gëtt et ee gemeinsamt europäescht Asylsystem, zumindest um Pabeier. A wann een an der EU en Asylantrag stellt, da ginn d'Fangerofdréck geholl an an eng zentral europäesch Datebank gesat.

Dat geschitt schonn zënter 2003. Dat huet sech och bewäert, mä huet awer net ëmmer gutt funktionéiert, well verschidde Memberlänner net konnten oder net wollte mat der néideger Energie matmaachen. Et gëtt de Schengener Informatiounssystem, mëttlerweil an der zweeter Generatioun. Et gëtt de Visa-Informatiounssystem an et gëtt, wéi am Rapport ugefouert, eng ganz Rei vun Direktiven, déi sech mat der Migratioun an der Immigratioun befaassen.

Här President, no menger, jo, effektiv zimlech laanger Introduktioun kommen ech dann elo op den eigentleche Projet de loi 6992 zréck. An hei probéieren ech dann och, e bëssen ze kierzen, well ech engersäits ee Rapport viru mer leien hat, dee ganz iwwersiichtlech war an deem seng Struktur och ganz an der Rei war. An duerfir wëll ech och dem Rapporteur Marc Angel nach eng Kéier Merci soen. Effektiv huet hien eng Rei Saache gesot, déi ech dann net widderhuelen.

A Kuerzform: Éischtens, mir maachen eng Ëmsetzung vun der Direktiv 2014/36, déi d'Konditioune festsetzt, no deenen e Mënsch fir eng begrenzten Zäit op Lëtzebuerg liewen a schaffe komme kann. Mir fannen dat richteg a wichteg, well déi Leit, déi ginn dann och geschützt. An déi Leit brauchen dee Schutz. A mir brauchen déi Leit, déi bei eis schaffe kënnen.

déi gréng waren ëmmer der Meenung - an ech sinn och frou, den Här Mosar huet dat genau d'selwecht hei gesot -, datt d'Méiglechkeet, fir legal an d'EU schaffen ze kommen, ee vun deenen effikasste Moyenen ass, déi mer hunn, fir déi illegal Migratioun ze bekämpfen.

Den zweete Punkt, deen ech wollt uschwätzen: Mir setzen och d'Direktiv 2014/66 ëm. Hei geet et och ëm eng Zort saisonal Aarbecht, mä d'Konditiounen an d'Zilgrupp sinn natierlech ganz anerer. Hei sinn et Net-EU-Bierger, déi zäitweis fir hire Patron an eent oder a méi EU-Länner schaffe ginn. De Rapporteur ass drop agaangen, ech ginn dann net méi drop an. Dat ass eng Mesure, déi schéngt noutwendeg ze sinn, well an enger globaliséierter Wirtschaft mat internationale Konzerner esou eng Flexibilitéit verlaangt gëtt. Mir ënnerstëtzen dat.

Mat dësen zwou EU-Direktive schafe mer gläich Konditioune fir eng Rei Salariéen, déi sech zäitweis an der EU deplacéieren. Dat ass alles gutt. Dat schéngt noutwendeg ze sinn. An domadder respektéiere mer och d'Rechter vun de Salariéen.

Mir notze mat dësem Gesetz awer och d'Méiglechkeet, eng nei Kategorie vun Openthaltsrecht ze schafen. An dës Kategorie soll och derzou déngen, eis Ekonomie ze förderen. An hei geet et awer net ëm eng Harmoniséierung op europäeschem Plang, mä ëm eng Nisch, déi all Land an der EU kann, méi oder manner extensiv, fir sech notzen. Ech schwätze vun der Autorisation de séjour pour investisseurs.

Well jo bekanntlech d'Mënschen net alleguerte gläich sinn, schafe mer mat dësem Gesetz d'Méiglechkeet, e puer extra Leit fir eist Land an eis Ekonomie ze interesséieren. De Statsrot seet zu Recht, datt et sech beim Droit de séjour pour investisseurs ëm ee Choix politique handelt. Et kann ee sech d'Méi ginn an dat schéierieden. Jo, mir kënnen do eiser Wirtschaft nach ee klengen Impuls ginn.

Neen, et ass och kee Fräibréif fir luguber Oligarchen, sech op Lëtzebuerg installéieren ze kommen. Mir hu Konditiounen un deen Droit de séjour pour investisseurs gehaangen. Jo, déi Konditiounen, déi mir un den Droit de séjour stellen, sinn eigentlech méi streng wéi an deene meeschten aneren EU-Länner, déi och esou eng Regelung hunn. An et ass och net méi wéi richteg, datt mer déi Investisseuren, déi sech just mam Immobilienhandel beschäftegen, vun dëser Regelung ausschléissen.

Här President, ech hoffen, Dir hutt et gemierkt, ech hat mer elo Méi ginn, zwar vläicht net gradesou vill wéi den Här Mosar, mä ëmmerhin! Mir maachen et mat dësem Gesetz och méi einfach, fir datt d'Leit, déi aus Drëttlänner bei eis schaffe kommen, hir Famillje matbréngen oder nokomme loosse kënnen.

Här President, ech kommen zu engem leschte Punkt vun dësem Gesetz: enger Regelung, déi de Centre de rétention betrëfft. Eigentlech passt dës Regelung net an dëst Gesetz, well mer et jo hei awer bis elo mat enger Migratioun am direkte Kader vun der Aarbechtswelt ze dinn haten, an eigentlech net mat der Situatioun vun Demandeurs de protection internationale. Mais soit!

Mir änneren d'Gesetz vum 28. Mee 2009 iwwert de Centre de rétention, andeems mer d'Dauer vum Festsetze fir eenzel Persounen oder Familljen a Begleedung vun engem oder méi Kanner vun 72 Stonnen op siwen Deeg eropsetzen.

Här President, ech wëll net allze vill wäit aushuelen, mä ech mengen, mir sinn eis am Prinzip alleguerten eens, datt d'Recht op Asyl nëmme ka funktionéieren, wann déi Leit, déi dat Recht net zougestane kréien, och erëm zréck an hiert Hierkunftsland musse goen. Mir ënnerstëtzen all Beméiungen, datt déi Unerkennungsprozedure solle korrekt a méiglechst schnell verlafen. An trotz heiansdo kontroversen a kontroverséierten Aussoen hu mir den Androck, wéi wann eng gutt Aarbecht hei vun eiser Regierung a vun eise Beamten an deem do Beräich géif gemaach ginn.

Ech fannen et sympathesch, wann an eisem räiche Land Leit sech manifestéiere fir eng ganz vulnerabel Grupp vu Mënschen, fir sech fir déi anzesetzen, déi deboutéiert Demandeurs de protection internationale. Ech deelen hir Aschätzung awer net. Ech fannen, datt mer net kënnen de Centre de rétention mat engem Prisong gläichsetzen. E Centre de rétention kënnt och just zur Sprooch, wann et kee fräiwëllege Retour gëtt.

Lëtzebuerg mécht vill fir d'Flüchtlingen. Et ass natierlech nach vill Loft no uewen. Ech war, wéi de Centre d'accueil zu Miersch opgaangen ass, och d'Infrastrukture kucken. Mir kënne wierklech net behaapten, datt mer déi Leit hei géife mat Luxus empfänken.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An ech mengen, datt och déi Situatioun, wéi do d'Leit ënnerbruecht sinn, bestëmmt besser ass wéi a verschiddene südleche Länner, well mer méi Moyenen hunn, mä vu Luxus ass awer wäit a breet keng Spur. An ech weess och net, ob d'Konditiounen am Centre de rétention fir d'Famillje solle méi schlecht si wéi an deenen anere Strukturen.

Natierlech ass et e groussen Ënnerscheed, wa mer d'Dieren zouspären! Dat ass kloer, dat ass keng Excuse fir näischt. An ech sinn duerfir och ganz frou, datt mer déi Motioun hei hu vum Här Angel. Mir akzeptéieren, datt mer déi Mesure hei ergräifen. A mer betounen awer och, datt se ebe muss d'Ausnam sinn. Mir hunn erkläert kritt, datt et duerchaus virkënnt, datt et an deenen dräi Deeg net ze realiséieren ass. Dat huet eppes och mat Charterflich ze dinn, op déi mer heiansdo mussen zréckgräifen, well d'regulär Volle mat anere Problemer verbonne sinn. Duerfir kënne mer déi Mesure matdroen.

Mir sinn natierlech op a mir huelen déi Kritik zur Kenntnis, och déi vum Kommissär fir Mënscherechter vum Europarot. A mir mengen, datt, och wann eis Situatioun besser ass - a mer froen eis heiansdo, wat de Kommissär zu ganz villen aneren europäesche Länner seet -, dat keng Excuse soll si fir eis, fir eis net awer eeschthaft mat deenen dote Remarquen ze befaassen.

Duerfir, wéi scho gesot, mir gesinn dës Verlängerung éischter als eng Hëllef, fir de Retour kënne korrekt ze organiséieren. An dann deele mer och mam Auteur vun der Motioun d'Meenung, datt dat soll eng absolutt Ausnam bleiwen.

Ech ginn domadder den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken och u mat engem häerzleche Merci un den Här Angel, deen hei sech vill Méi ginn huet mat dësem Gesetz, fir eis dat ze erklären an e ganz flotte Rapport hei ze presentéieren.

Ech wëll soen: Vum reng legislative Standpunkt ass dat heite kee gutt Gesetz. Verschidde Virriedner hu scho gesot, datt hei vill Saache matenee vermëscht gi sinn. Et geet zu engem groussen Deel rieds vu Verännerungen am Beräich vun der legaler Immigratioun. Mir hunn awer och duerch déi Verännerungen, déi mer am Beräich Centre de rétention maachen, ze di mat zum Deel onberechtegter Immigratioun, onberechtegten Demanden hei am Land oder souguer illegaler Immigratioun a verschiddene Fäll, soudatt hei eng Vermëschung vu verschiddene Saache virläit.

An et ass e bëssen, wéi den Här Adam virdrun an engem anere Kontext gesot huet, en Omnibusgesetz an deem Sënn, well ganz vill verschidde Saachen dran ugeschwat ginn, déi net onbedéngt eppes mateneen ze dinn hunn.

Mir hunn als ADR dofir och hei just e puer Prioritéiten erausgeholl, iwwert déi mer wëlle schwätzen.

Mir hu kee Problem mat der Ëmsetzung vun deenen Direktiven, déi beschriwwe gi sinn, iwwert den Détachement intragroupe oder d'Travailleurs saisonniers, och kee Problem mat der Continuité d'activités an aneren Iddien, déi hei erakomm sinn. Och net, datt mer fir déi Investisseuren Titres de séjour do schafen, fir verschidde Kategorië vu Leit. An enger Situatioun, wou eist Land, eise Finanzzentrum awer a staarker Konkurrenz ass zu anere Länner, déi esou Facilitéiten offréieren, mengen ech, hu mer do net vill Wiel, wéi eis och esou engem Mouvement unzeschléissen. Quitte datt mer musse ganz, ganz gutt drop oppassen, datt mer eben d'Konditioune vun Honorabilitéit an esou weider musse kontrolléieren an datt mer net kënnen zu weidere Blanchimentaktivitéiten hei bäidroen. Dofir ass eng streng Kontroll op jidde Fall ganz, ganz wichteg.

An et gëtt awer eng Rei Kritikpunkten an dësem Gesetz. De Regroupement familial, dat ass eppes, wat gutt kléngt. Mä wa mer higinn a mir huelen déi Avantagen, déi verschidde Kategorië kréien, déi mer wëlle speziell favoriséieren, fir se eben unzezéien, a mir deenen déi op aner Kategorien aus, ass dat natierlech e relative Verloscht vu Virdeeler fir déi Kategorien, déi mer awer wollte bewosst bevirdeelegen, fir se unzezéien. Dat kann ee matdroen, et ass elo kee Punkt, firwat mer eis dësem Gesetz géifen opposéieren, awer et muss een dat eng Kéier signaléieren.

Wou mer awer e Problem dermat hunn, och aus Grënn vun der Kohärenz vun der Entwécklungspolitik, ass mat där Iddi, datt mer elo higinn a mir huelen an dësem Gesetz d'Méiglechkeet, datt Leit aus Drëttstaten, déi hei studéieren, zum Beispill och aus Entwécklungslänner, a mir soen deenen: „Dir kënnt direkt heibleiwen, hei eng Demande d'emploi maachen, hei schaffen." An d'Iddi ass jo awer u sech, datt mer déi Leit heihinnerhuelen, se hei qualifizéieren, fir se an hir Länner zréckzeschécken, wou se méi gebraucht gi wéi hei!

An dat ass eng Saach vun der Kohärenz och an eiser Entwécklungspolitik. Wéi dacks schwätze mer hei an der Chamber vun der Kohärenz an deem Beräich? An dat hei ass u sech e Bewäis, datt dës Regierung op jidde Fall déi Kohärenz net bréngt. Well d'Iddi ass net, datt mir qualifizéiert Leit aus Drëttweltstaten duerch en „brain drain", duerch e Gehir ofhuelen, ewechhuelen aus deene Länner an heihinnerbréngen, mä am Géigendeel, datt mer Leit qualifizéieren, fir zum Gudde vun hire Länner bäizedroen.

Dat ass e Punkt, dee mir als ADR net matdroen. Dofir, Här President, froe mer och iwwert de Punkt 27 Artikel 59 e separate Vott, well d'ADR dee Punkt net wäert matdroen.

Et ass och e bëssen iwwerdriwwen, datt mer higinn a mir kucken, datt en Accès direct aux fichiers des étrangers nëmme méiglech ass fir eis Verwaltungen, wann déi Administréiert virdrun hir Erlaabnis ginn hunn. Och dat ass e Punkt, wou ee sech ka froen, ob dat néideg ass. An eisen Aen ass et dat net!

De Centre de rétention par contre ass eng ganz interessant Diskussioun. Mir droen dat mat als ADR. Ech mengen, et ass sécher wichteg, wéi och verschidde Virriedner et gesot hunn, datt mer net an eng Logik erakomme vun engem falsch verstanenen Humanismus, datt mer net méi Réckféierunge kënne virhuelen. Dat wär e falscht Signal. Et geet jo hei ëm Leit, déi sech bewosst enger fräiwëlleger Réckféierung entzéien. A wann Elteren do sinn, mussen déi och d'Verantwortung huele fir hiert Verhale géintiwwer hire Kanner! Elteren, déi sech verantwortungsvoll géife verhalen, déi géifen évitéieren, datt se mat hire Kanner missten an e Centre de rétention, ebe just, fir Situatioune kënnen ze verhënneren, wou dat vläicht traumatesch fir Kanner ass.

A mir ënnerstëtze ganz kloer och als ADR déi Motioun, déi mer hei zesummen etabléiert hunn, datt mer eben déi humanitär Aspekter an där Retentioun wëlle betounen an och erwaarden, datt d'Regierung eis doriwwer e Rapport mécht. Dat ass net de Punkt.

Politesch ass et awer interessant, fir ze ënnersträichen, datt hei e Léierprozess vu verschiddene Parteie stattfonnt huet! Mir erënneren eis nach ganz gutt un déi Debatte vum Mee 2009, wou den Här Angel deemools fir d'LSAP gesot huet, dat wär eng reng theoretesch Méiglechkeet, datt eventuell Mineure kéinten an de Centre de rétention kommen. Et wäre bestëmmt keng Mineuren non accompagnés. Den Här Nicolas Schmit, haut nach Minister an der Regierung, huet gesot: „Déi Mineure kommen am Prinzip iwwerhaapt net an de Centre de rétention." An den aktuelle Justizminister vun de Gréngen, den Här Félix Braz, aktuelle Justizminister, huet gesot, et géife keng Mineuren do erakommen, d'Detentioun wär esou kuerz wéi méiglech. An et sinn déi dräi Parteien, déi dat awer och elo vun 72 Stonnen op siwen Deeg eropsetzen. Hei ass e Léierprozess gewiescht, e Stéck Realismus, deen een nëmme ka begréissen, deen awer an déi Debatt erakënnt.

An ech muss soen, datt mir als ADR, géif ech soen, an der ganzer Immigratiounsdebatt zënter Joren déi Partei sinn, déi vun Ufank u gesot huet, wou d'Schwaachpunkten am Räsonnement sinn, déi vun Ufank un eng aner Politik verlaangt huet. A mir gesinn, datt souwuel national wéi um europäeschen Niveau Schrëtt fir Schrëtt dat, wat mir gesot hu vun Ufank un, de Respekt vun den internationale Konventiounen, d'Noutwendegkeet vum Schutz vun de Grenzen, d'Noutwendegkeet vum Respekt vu verschiddene Prozeduren, alles dat, wat mir zënter Jore soen, lues a lues an déi méi realistesch Politik erakënnt.

An et ass e Léierprozess, deen eis onendlech vill kascht huet, dee mat schreckleche Schwieregkeete verbonnen ass, mat vill mënschlechem Leed, mat illegalem Iwwerschreide vu Grenzen, mat Leit, déi am Mëttelmier erdrénken. Wäre mer direkt op deen anere Wee gaangen, wéi mir et préconiséiert hunn, wär eis vill erspuert bliwwen!

Déi Reform hei vum Centre de rétention ass just - an eisen Aen - een Element méi ënner anere vun engem Léierprozess, deem schwierege Léierprozess vu verschiddene lénke Parteien hei, dee mer eis hätte vun Ufank u kënnen erspueren.

An ech begréissen déi Ried, déi den Här Mosar hei gehalen huet. Mä mat alle Froen, déi den Här Mosar hei am Numm vun der CSV gestallt huet, déi mir deelen, wëll ech awer ënnersträichen - ech wëll awer ënnersträichen! -, datt d'Politik vun der CSV och an dësem Fall ass, datt se d'accord ass dermat, datt et vun 72 Stonnen op siwen Deeg eropgeet. An datt d'CSV och an hirer Immigratiounspolitik nach ganz vill Froen ze beäntwerten huet, well et geet net duer, Froen ze stellen! Well d'CSV, wéi aner Parteien, huet bis elo ni gesot, datt mer eng Uewergrenz brauchen an der Immigratioun, huet déi europäesch Immigratiounspolitik ni substanziell a Fro gestallt. An och d'CSV huet an dësem Dossier nach e wäite Wee ze goen, bis se op deem Realismus ukomm ass, deen ee vun där Partei kéint erwaarden.

Dat gesot, wäerte mir als ADR dëst Gesetz matstëmmen. Allerdéngs, Här President, hätte mer gär e separate Vott op deem Punkt, deen ech Iech virdru genannt hunn, deen d'Studenten ugeet, well mir der Meenung sinn, datt et moralesch net vertrietbar ass, de Länner, déi hir qualifizéiert Leit brauchen, ze probéieren déi ewechzehuelen.

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet dee leschte Riedner zu dësem Projet, den Här David Wagner fir déi Lénk.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Haut stëmme mer net nëmmen iwwer e Projet de loi of, mir stëmmen och iwwer e Symbol of. Well besser konnt een dat wahrscheinlech net duerstellen. Ech géif souguer behaapten, datt Historiker an honnert Joer esou e Projet de loi als Sënnbild vun de Verwirrunge vum 21. Jorhonnert wäerte benotzen, als e Sënnbild vun Ongläichheet, als e Sënnbild vun der Degradéierung vum Mënsch zur Wuer.

„E Kaméil huet et méi einfach, duerch en Nollach ze komme wéi e Räichen an d'Paradäis", steet richtegerweis am Neien Testament. Europa a Lëtzebuerg, déi ticken aneschters: rout Teppecher fir déi Milliouneschwéier, Chartere fir Mënschen an Nout.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Très bien!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- De Centre de rétention, deen am „Newspeak" net dat seet, wat e richteg bedeit, well et misst éischter en „centre de détention" heeschen, dee stelle mir zënter senger Grënnung a Fro. Et kann net sinn, datt Leit - an dat muss een ëmmer erëm ënnersträichen -, déi weder Krimineller nach Delinquente sinn, agespaart ginn!

Iwwert d'Terminologie kéint een awer och nach vill diskutéieren. Et gi vill alternativ Fakten an der Bürokratie och benotzt, wann ech vun „Retour-volontairen" héieren, a mäi Virriedner huet et och nach gesot: Et gi vill Leit, déi sech engem fräiwëllege Retour entzéien! Wat awer ganz komesch ass, well wann de Retour volontär ass, firwat géife se sech deem entzéien?! Mir wësse ganz genau, datt déi Retouren net volontär sinn an datt et u sech nach just déi lescht Méiglechkeet ass fir déi Leit, fir dann net duerch de Centre de rétention ze goen. Den George Orwell, deen hätt seng Freed un esou enger bürokratescher Sprooch!

Ech wëll och ënnersträichen, datt et dobäi ëm Mënsche geet, déi op der Welt zu deene mannerbemëtteltste gehéieren. Et geet ëm aarm Leit, déi versichen, a räiche Länner ënnerzekommen, fir ze liewen a fir ze schaffen, net fir ze profitéieren, net fir manner Steieren ze bezuelen, mä fir hei en neit Liewen unzefänken! Esou wéi et virun iwwer 100 Joer Dausende vu Lëtzebuerger gemaach hunn op där anerer Säit vum Atlantik. Et geet ëm Leit mat Kanner! Kanner, déi an eis Schoule ginn oder goe wäerten, déi vläicht studéiere ginn, déi hei schaffe wäerten an déi, wéi all respektabele Bierger, déi Steiere bezuelen, ouni de Stat wëllen unzeschmieren.

Ech stellen och fest, datt hei de Wäert vum Mënsch an dëser Diskussioun jo och a Kategorien ënnerdeelt gëtt. An déi Kategorien, déi hunn eppes mam Kapital ze dinn an net onbedéngt eppes mam Kënnen ze dinn. Et gëtt gesot: „Mir mussen onbedéngt Leit unzéie fir eis Ekonomie hei zu Lëtzebuerg an hei an Europa", wéi wa mer hei an Europa souwisou net kéinte Leit ausbilden - mä dat ass vläicht en anere Problem - a wéi wann och Flüchtlingskanner, wéi wann och Leit, déi ganz ënnen an der Gesellschaft sinn, och bei sech doheem, wéi wann déi näischt kéinten!

Ech ka mech erënneren, virun zéng Joer: Et goung ëm eng Famill aus Wäissrussland, déi hätt solle fortgeschéckt ginn. Et ass vill Drock gemaach ginn, vill Leit hunn Drock gemaach. Schlussendlech konnt déi Famill heibleiwen. Déi haten e klengt Kand, dat ass grouss ginn an der Tëschenzäit. An et ass e phenomenale Museker ginn. Dat hätt natierlech aneschters a Wäissrussland kënnen ausgoen. Mä hei gëtt nëmme vu Kapital geschwat, vu Suen!

Bis elo ass et esou, Här President, datt Kanner net méi wéi dräi Deeg an dem Centre de rétention bleiwen däerfen. An ech wëll drun erënneren, datt deemools schonn - et gouf och scho gesot - am Joer 2009, wéi dëst Gesetz gestëmmt gouf, wat haut soll modifizéiert ginn, du gouf scho gesot: «Les personnes ou familles accompagnées ne pourront en aucun cas être retenues plus de 72 heures au Centre.»

Dat war deemools eng CSV/LSAP-Regierung. Elo hu mer eng Regierung, déi sech als méi fortschrëttlech duerstellt. A wat mécht si? Majo, si geet iwwert deen Délai. Si proposéiert, fir op siwen Deeg dat auszeweiden!

Et ass wouer, d'ADR huet recht, sech driwwer ze freeën: Et gi Parteien, déi sinn an engem Léierprozess. Ob et dee richtegen ass, weess ech net. Mä op jidde Fall ass et deen, dee sech d'ADR wënscht!

Et kéint een elo natierlech och mengen, datt dat alles net esou schlëmm ass. Dat ass awer net wouer. Kanner anzespären, souguer fir eng kuerz Dauer, ass keng Lappalie! Ganz kloer doran ass de Comité pour les droits de l'enfant, dee jo d'Uwendung vun der Kannerrechtskonventioun iwwerwaacht, an e seet: «L'intérêt supérieur de l'enfant doit primer sur tout objectif de l'État, par exemple celui de limiter la migration illégale.»

Dat seet zum Beispill och den UNHCR an engem Dokument, datéiert op Januar 2017, also de leschte Mount. An deem Dokument schwätzt en an deem Zesummenhang vu psychologeschen a physesche Schied beim Kand, vun Depressioun an Angschtzoustänn a Symptomer vu posttraumateschem Stress. Ech zitéieren, op Lëtzebuergesch iwwersat: „Et gëtt staark Hiweiser drop, datt d'Detentioun en déiwen an negativen Impakt op dem Kand seng Gesondheet a seng Entwécklung huet, an dat onofhängeg vun de Konditioune vun der Detentioun" - onofhängeg vun de Konditioune vun der Detentioun! -, „an och wann et just fir kuerz Zäitperioden an zesumme mat sengen Elteren ass."

2014 huet och den UNHCR gesot, datt Kanner an Abschiebehaft ze stiechen a villen Aspekter eng Violatioun vun der Konventioun fir d'Rechter vum Kand wier a misst gestoppt ginn.

Här President, hei geet et ëm Rechter vu Flüchtlingen a vu Kanner. Weder de Flüchtlingsrot nach den Ombuds-Comité fir d'Kannerrechter ass konsultéiert ginn. Wann et ëm Interesse vu räiche Steiervermeider geet - well do geet et jo och nach hei ëm dëst Gesetz -, da leeft den Hues ganz anescht! Do ass et souguer éischter esou, datt déi sech nëmme brauchen ze melden an d'Regierung steet am Garde-à-vous, wéi dat och elo wäert de Fall sinn.

Här President, d'Regierung monéiert, datt déi dräi Deeg net duerginn, fir déi Mënsche lasszeginn. Mir kruten an der Kommissioun tatsächlech och erkläert, wéi dat esou leeft: Dann ass deen een Deel vun der Famill, dee gouf gefaangen, mä deen aneren Deel vun der Famill, dee krute se nach net gefaangen, an da kommunizéiere se jo och nach matenee mam Handy, dee Jonke mat den Elteren, wéi dat och ëmmer ass. An dat stellt natierlech och eis Bürokratie viru gréisser Problemer, fir Papp, Mamm a Kanner ze fänken, anzespären a fortzeschécken.

Mir kruten och gesot, datt mir nach ëmmer vun deenen anere Schengen-Membere virgeworf kréien, net genuch Leit erauszepuchen. An och wann dat esou wier: So what? Ass dat en Argument, anere Schengen-Länner, wou och komesch politesch Zoustänn herrschen, nozeginn? Ass dat esou schlëmm, vum belsche Statssekretär fir Immigratioun, dee rietsextrem ass, dem Theo Francken vun de flammänneschen Nationalisten, Frënn vu Collaborateuren, ass dat schlëmm, vu solche Leit un de Pranger gestallt ze ginn? Ech fannen net! Well dee Francken, dee krut och e Bréif vum Commissaire aux droits de l'homme vum Europarot, an deem hien oprifft, dës Praxis opzeginn, well de Schued fir d'Kand net duerch d'Kontroll vun der Migratioun ka gerechtfertegt ginn.

A wéi Der wësst, huet och dee Kommissär sech gëschter zu Wuert gemellt, wat dëse Projet de loi ugeet, an huet seng Suergen iwwer eise Vott haut an der Chamber matgedeelt. En hätt et kënne méi fréi maachen! Mä ech gleewen och kaum, datt den Europarot - franchement - dee ganze legislative Prozess vu Lëtzebuerg vun Ufank u ka suivéieren. En huet sech gemellt und das war's!

Här President, dëse Projet de loi concernéiert natierlech net nëmmen de Centre de rétention. Mir rejettéieren dëse Projet de loi an all sengen Aspekter natierlech. Mir wëssen och, datt mir hei keng Majoritéit fannen, fir dëse Projet de loi en bloc ofzewieren.

Mir mengen awer, datt den Artikel 3 vun dësem Projet de loi, also deen iwwert de Centre de rétention, eis viru gréisser Problemer stellt. An och all Institutioun, déi ech opgezielt hunn, an et ginn der nach anerer, déi ech vläicht och nach net all opgezielt hunn, déi mat Flüchtlings- a Kannerrechter ze dinn hunn, déi soen: „Dat dote geet net!" Dofir froe mir och e Vote séparé, fir iwwert deen Artikel ofzestëmmen.

An da kéint ee spéider a Rou, zesummen zum Beispill mam ORK, zesummen zum Beispill och vläicht mam Flüchtlingsrot, iwwer human Alternativen diskutéieren. Et kéint ee jo och eng Kéier Pionéier spillen! Et kann ee vläicht souguer den Här Rifkin uruffen, deen huet vläicht och nach eng Iddi! Et kéint ee sech wierklech Gedanke maachen; well et gouf gesot virdrun, datt dat, wat de Conseil de l'Europe seet, dëser Regierung d'Geleeënheet géif ginn, fir sech mat deene Remarquen auserneenzesetzen. Maja: Kommt, mir loossen dat elo ewech zurzäit, a kommt, mir ginn eis d'Geleeënheet, fir eis mat solche Froen auserneenzesetzen an dann Alternativen ze fannen, och mat deenen, déi eppes domadder ze dinn hunn an dovunner eppes verstinn!

Dann zur anerer Problematik: Nodeems dëse Projet de loi et méi einfach maache soll, fir indésirabel Famille lasszeginn, gesäit hien och vir anerersäits, Leit hei aus dem Ausland unzezéien, déi kapitallasteg sinn. An do ginn et verschidde Kategorien, déi si schonn opgezielt ginn. Ech hunn net méi vill Zäit, dat heescht, ech wäert net méi weider dorobber agoen. Et gouf awer ganz kloer gesot an der Kommissioun: „Mir wëllen «la crème de la crème»", ech zitéieren. Et gouf monéiert, déi Prozedur géif déi aktuell Praxis verbesseren, mä dat ass net wouer, well déi al Praxissen, déi bleiwen och nach bestoen.

Dat doten ass erëm eng Mesure, déi op Finanzjongleuren zougeschnidden ass. Et ass nämlech déi wonnerbar innovativ Nisch vun eiser Wirtschaftspolitik, Ultraräicher hei unzezéien; do ginn et vill aner Texter. A mir maachen et e bëssen esou wéi Monaco. Ech weess net, ob dat eng ganz interessant Wirtschaftspolitik ass! A souwisou, en plus, et misst een nach wierklech doriwwer diskutéieren, wat dat eis alles géif bréngen. Dat ka kee Mënsch chiffréieren - d'Fro ass gestallt ginn -, kee Mënsch kann dat chiffréieren!

Mä et kann een awer schonn dovunner ausgoen, datt Ultraräicher natierlech hei och d'Immobiliepräisser an d'Luucht wäerten drécken, net nëmme fir Luxusobjeten, déi fir si gebaut ginn, wéi zum Beispill um Royal-Hamilius, wou keen normale Mënsch, Awunner sech hei eppes wäert leeschten. Mä déi Luxusimmobilie wäerten och dozou bäidroen, datt aner Wunnengspräisser no uewe wäerte gezu ginn.

An da gëtt et och nach en drëtte Punkt, op deen ech och nach wollt agoen, mä ech hunn elo keng Zäit méi. Ech wollt nach just soen, Här President, wann Aarmer wierklech de Problem géifen duerstellen, da wéisste mer et. Ongläicheeten, Konflikter, Kricher, déi ginn net vun Aarme provozéiert, mä grad vun den Oligarchen, déi mir wëllen hei unzéien. Ech wëll se franchement net hei unzéien, éierlech gesot!

Mir kënne ganz gutt hei funktionéieren ouni si! An ech mengen, si schuede méi dem Land, och sengem Image, wéi soss iergendeppes!

Well grad si sinn u sech, „la crème de la crème" sinn u sech schold un där Situatioun vun der Welt, an där mer sinn. Ech mengen, wa permanent Politiker sech lamentéieren iwwer Twitter, iwwer Facebook: „Oh, wéi kann et sinn, datt en Trump gewielt gëtt? Wéi kann et sinn, Le Pen? Wéi kann et sinn: AfD, Petry?" an esou weider, ma déi Politiker misste sech d'Fro stellen, wouhier dat kënnt!

An ech mengen, grad esou Gesetzgebungen, déi justement haart si mat Schwaachen a ganz duuss si mat Räichen, déi droen dozou bäi, datt et en Trump, e Le Pen an e Petry gëtt! A souwisou, dovunner ofgesinn, eng Mauer an Europa brauche mir souwisou net ze bauen, et gëtt schonn eng, dat ass d'Mëttelmier. Ech weess net, ob gewësse Regéierender hei an Europa engem anere kënnen eng Lektioun ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. D'Wuert huet den zoustännege Minister fir d'Immigratioun, den Här Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Här President, léif Deputéiert an Deputéierter, ech wollt vläicht och, wéi meng Virriedner, et kuerz maachen an direkt zur Saach kommen.

Also ech mengen, den Owend brénge mer et net fäerdeg, de Kapitalismus hei ze reforméieren. Ech géif awer mengen, mat deem Projet hei musse mer awer och wëssen, dass et net ka falsch sinn, dass Leit Geld zu Lëtzebuerg investéieren, ënnert der Konditioun, dass Aarbechtsplaze geschaaft ginn; ech mengen net, dass dat sollt esou falsch sinn. Ech wëll just drun erënneren, dass mer hei an dësem Land keng Siderurgie hätten, wann net friemt Kapital erakomm wier an d'Siderurgie hei zu Lëtzebuerg opgebaut hätt. An esou ass et och a villen aneren Domänen.

Duerfir, ech hale mech do e wéineg zréck, mat deem Leschten, mam Här Wagner, wat en do gesot huet. Mä ech wëll him awer op d'Häerz vun deem, wat en hei gesot huet, versichen ze äntwerten. Ouni awer ze vergiessen, dass den Här Angel eng wonnerbar Aarbecht gemaach huet an dass all déi Rieden, déi hei gehale gi sinn, konstruktiv Riede waren, déi ech och héich appréciéieren.

Nun, vläicht, Här President, mir liewe jo an engem Rechtsstat. Mir liewen net an engem Stat, wou eng gewielten Autoritéit higeet an d'Justiz dohinnerstellt, wéi wa se näischt géif daachen. Wa mer also elo eis an d'Immigratiounspolitik versetzen, da wësse mer, dass jiddwereen hei muss, wann e seet: „Asyl!", an eng Prozedur erakommen. Sou, déi Prozedur ass eng administrativ Prozedur um Ufank. Wann déi Prozedur „Jo" ass, ass et e Bierger, e Citoyen vu Lëtzebuerg. Wa se „Neen" ass, huet en eng Méiglechkeet, e Recours ze maachen. Da geet e virun den Tribunal, e geet virun d'Cour, an da gëtt um Niveau vun der Justiz tranchéiert, ob déi Demande konform ass zu de Konditioune vun der Genfer Konventioun oder net. Dat ass d'Lag, wéi se ass.

An do duerno kënnt nach eppes fir deen, dee Minister ass: An exzeptionelle Fäll, aus humanitäre Grënn kann de Minister sech iwwert déi Décisioun da vun der Cour ewechsetzen. Nun, jiddwereen, deen eng Kéier Minister war an deem Fall, dee muss mat sech selwer eens ginn, wou en dat mécht a wou en et net mécht. Mä ech mengen awer hei soen ze kënnen, dass et keen exzeptionelle Fall ass, wann een deboutéiert ass an et huet ee Kanner. An duerfir mengen ech och, wat den Här Wagner hei gesot huet, dass mer eis net géife verstoen.

Leit, déi deboutéiert sinn, do gëtt et zwou Kategorien dann: Déi eng, déi gi fräiwëlleg zréck. An déi gi fräiwëlleg zréck! Déi kréie gesot, wat d'Konsequenz ass vum Rechtsstat, wou se dra liewen: dass hir Demande ofgeleent ass an dass se da mussen d'Land verloossen. Dat sinn, glécklecherweis, 80%. Do wëllt een net drun erëmfummelen, dat sinn 80%, déi akzeptéieren, fräiwëlleg zréckzegoen.

An déi 20%, déi dat net maachen, selbstverständlech, do huet net nëmme Lëtzebuerg, do hu mer alleguerten an engem Rechtsstat doriwwer eis Suergen ze maachen a mir hunn ze versichen - dat schéngt mer och déi gréissten Aufgab ze ginn, oder eng vun deene gréissten Aufgaben ze sinn -, déi Leit ze iwwerzeegen, dass se déi Décisioun vum Rechtsstat akzeptéieren.

Sou, wa jiddweree géif fräiwëlleg zréckgoen, bräichte mer kee Centre de rétention, fir Leit, déi deboutéiert sinn, heemzeschécken. Ass awer net! Ass net nëmmen hei zu Lëtzebuerg net, et ass net an der Belsch, ass net an Holland, ass net an Däitschland, ass net a Frankräich. Do gëtt et iwwerall Centres de rétention, wou een da muss, ier d'Leit zréckgeschéckt ginn, och déi Leit da fannen, fir se kënnen zréckzeschécken.

Nun, an der Direktiv vun 2009 ass deen allgemengen Délai 18 Méint. 18 Méint! Fir Eenzelpersounen hu mer hei zu Lëtzebuerg 2009 zréckbehalen: 6 Méint. An Dir wësst: 72 Stonne fir Famillje mat Kanner. An ech wëll vläicht, Här President, kuerz drop agoen, wat de Problem ass.

De Problem ass deen, dass mer konfrontéiert sinn..., ech schwätzen net vum Conseil de l'Europe an ech schwätzen och net vun der Évaluation Schengen! Et ass eng Évaluation Schengen, et ass net de Secrétaire d'État aus der Belsch, den Theo Francken, deen eis dat seet, mä et ass effektiv eng Évaluation Schengen gemaach ginn an do si Mëssstänn hei zu Lëtzebuerg opgezeechent ginn, déi ech net deelen. Déi ech net deelen! Ee vun deene Mëssstänn ass deen, dass mer keng Kanner dierften zréckschécken a waarde missten, bis d'grouss Vakanz ass. Dat deelen ech net! Well mir maachen och do dat, wat mer kënnen hei zu Lëtzebuerg maachen.

Bei deenen 72 Stonne sinn e puer Saachen heiansdo virkomm. An entschëllegt, dass ech se muss explizéieren, ech maachen dat net gären. Mä fir dass mer eis verstinn, wëll ech se explizéieren.

Et gëtt Fäll - an, Här Wagner, Dir hutt et ugeschnidden -, wou deen een Elterendeel sech presentéiert, oder bei der Police ass, e kënnt an de Centre de rétention, vläicht mat engem Kand, an deen aneren Elterendeel mat anere Kanner ass net do. An dann ass et un der Police, an déi huet keng einfach Aufgab do, fir ze kucken, dass déi Famill awer regruppéiert ass, ier se kann dann och zréckgeschéckt ginn. Déi ginn net erausgehäit, déi Leit ginn zréckgeschéckt. An do ass och en Accord mat deene Länner, wuer se zréckgeschéckt ginn; virun allem schwätze mer jo vu Leit aus dem Balkan.

Mir hunn en anere Problem, dee virkomme kann, dass mer d'Traffic oder d'Landing Rights, dass mer déi net kréien an iergendengem Land, vläicht eréischt zéng Stonnen duerno oder zwielef Stonnen duerno. An da wier déi ganz Aarbecht, déi gemaach ginn ass, ëmsoss gewiescht. Dat ass virkomm. An duerfir, wa mer e wéineg méi Sputt hunn an et kënnt esou e Fall vir, da musse mer och dann eis Aarbecht kënne maachen, wat keng schéin Aarbecht ass, mä dann awer eben och kënnen zur Konklusioun kommen.

An den drëtte Punkt nach, deen ech wëll soen, ech passe ganz gutt op, mä et ass agerass gewiescht, dass, wann déi 72 Stonnen zum Oflaf komm sinn, zéng Minutte virdrun erëm eng Kéier e Référé abruecht ginn ass, dee keng Chance huet, mä trotzdeem, wou dann d'Geriichter gesot hunn: „Mir brauchen elo Zäit, fir de Référé ze konsultéieren, nach eng Kéier ze kucken, eis zesummenzesetzen." An da war och erëm do en immense Problem selbstverständlech.

Wa mer och do e wéineg méi Zäit eis ginn, dann huet de Stat méi Méiglechkeeten, fir et dann ze kucken. A wann de Stat recht kritt, dann ass de Retour. Mir musse wëssen ëmmer, dass et hei - ech soen dat nach eng Kéier - ëm Fäll geet, déi all Rechtsprozeduren duerchgemaach hunn an ofgewise gi sinn. Net vum Minister, et ass net de Minister, deen ofweist! Et ass d'Justice, et ass d'Cour a leschter Instanz, déi dat mécht. Voilà! Dat ass de Problem, dee mer hunn.

An déi 72 Stonnen: Ech sinn och frou, dass et Leit gëtt hei am Land, déi wierklech wéi de Flüchtlingsrot sech asetzen, fir an déi Richtung ze wierken. Et gëtt der genuch, déi an déi aner Richtung wierken. Do sinn ech mat Iech total averstanen. An ech wëll se och appuyéieren. Mä si mussen awer verstoen a mir mussen alleguerte verstoen, dass et Evenementer gëtt, wou de Stat net responsabel ass, an dass mer dann e wéineg méi Sputt brauchen.

Ech soen Iech elo emol d'Durée de résidence am Centre de rétention vun deene leschten dräi Joer fir déi Familljen, déi zréckgeschéckt gi sinn:

2014 hate mer 27 Familljen am Centre de rétention, 111 Persounen, déi waren an der Moyenne 36 Stonnen am Centre de rétention. 36 Stonnen.

2015 hate mer 33 Familljen, déi zréckgeschéckt gi sinn, bei 117 Persounen, do war d'Moyenne 50 Stonnen.

An 2016 hate mer 18 Familljen, 75 Persounen, do war d'Moyenne 48 Stonnen.

Dat heescht, vun deenen, wou mer kënnen de Retour organiséieren, ass kee méi laang do an der Moyenne wéi elo 50 Stonnen. An ech mengen, dat wëlle mer och absolutt bäibehalen! Mir wëlle jo net do eppes maachen - mir si jo keng Masochisten! -, dass d'Kanner méi laang do sinn. Wa Kanner do sinn, an do kënnt Der och e wéineg Äre Kapp a Rou leeën, dee Centre de rétention, deen huet sech entwéckelt: Do gëtt et ganz, ganz vill Leit, déi do eng ganz gutt Aarbecht maachen. Do, wou Familllje sinn, dat ass nuets op. Also déi Abteilung, déi ass nuets op. D'Kanner kënnen natierlech bei hir Eltere goen.

An och dee Service psychosocial vum Centre, deen ass esou organiséiert, dass ëmmer déi nämlecht Persoune sech da virun allem ëm d'Kanner bekëmmeren. Et ass eng Spillplaz do derbäi. Ech weess, dass dat alles Saache sinn, déi ee sech méi schéi virstellt, wéi se sinn, mä ech mengen, mir hunn och Kontakt am Centre de rétention mat der Agence du bénévolat, wou Leit erakommen, fir ze molen, Schach ze spillen an esou weider. Et ass also, et gëtt sech vill Méi gemaach, wann dat dote geschitt, dass och do en anstännegt Encadrement besteet.

An duerfir, ech sinn absolutt d'accord mat all deenen, déi soen: „Sou séier wéi méiglech, sou kuerz wéi méiglech!" Dat maache mer och. Ech wëll awer och hei soen - wann ech dat däerf soen, an domadder, mengen ech, sinn ech kee Reaktionär -, dass déi Elteren, déi et drop ukomme loossen, fir mat hire Kanner an esou eng Situatioun eranzekommen, dass déi awer och eng Responsabilitéit hunn an net nëmmen de Stat eng Responsabilitéit huet!

(Interruption)

Ech wollt vläicht, Här President - all dat anert, mengen ech, ass gesot ginn an och ganz gutt explizéiert gi vum Här Rapporteur -, zu deem kommen, wat ech Iech och eigentlech wollt soen, an ech wëll mech fir d'Éischt bei Iech alleguerten entschëllegen, net nëmme beim Här Mosar: Mä ech war, wéi dat heiansdo geet an der Politik, effektiv freides do. Mir hate Regierungsrot, du kënnt eng „fuite en avant" - oder wéi nennt een dat? - an ech sinn owes konfrontéiert gi mat där Fuite. Mir waren näämlech nach guer net..., mir sinn alt nach ëmmer am Schaffen, wéi mer do op dee beschte Wee kommen. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, dat ass: Ech hu missen déi lescht Woch dat maachen, wat vill Lëtzebuerger mussen heiansdo sech maache loossen, näämlech dem Spidol eppes ze verdénge ginn. Ech hunn eng kleng Operatioun gemaach kritt an duerfir war ech physesch net amstand, fir heihinnerzekommen. An duerfir géif ech mech och entschëllegen derfir, soss wier ech déi Woch bestëmmt an d'Kommissioun komm a mir hätten dat gekuckt.

Ech hunn awer du gesot, well ech geduecht hunn: „Bis dohinner bass de erëm eenegermoossen op de Been", dass ech géif heihinnerkommen a vläicht da fënnef Minutten, wann de President mer déi gëtt, Iech och soen, wat mer wëlles hunn op deem Gebitt vun de ville Leit, déi Dublin-Fäll sinn, an och de Leit, déi vum Balkan kommen.

Dir wësst, wat ech elo soen, dat ass keen neit Gesetz, wat mer stëmme loossen hei an der Chamber. An ech sinn och bereet selbstverständlech, an d'Kommissioun ze kommen, fir am Detail dat ze kucken. Mä mir mussen eis Mesurë ginn, wéi aner Länner och, fir kënnen ze wëssen, déi zwou Fronten, mat deene mer konfrontéiert sinn, näämlech déi vill, ganz vill Dublin-Fäll, déi mer kritt hunn - an ech soen Iech, wivill dass mer der hunn - an och déi aner Säit, d'Leit vum Balkan, déi kommen a weider kommen, wéi mer mat deem ëmginn.

A mir musse Plaz schafen an dësem Land - ech soen dat och ganz kloer, mir wëssen alleguerten, wéi schwéier dass et ass, an alle Gemengen, an ech wëll do keng ervirsträichen -, fir dass mer déi Engagementer (veuillez lire: fir dass mer déi Engagementer kënnen anhalen), déi mer op europäeschem Plang hunn, fir wierklech d'Leit ze relokaliséieren a Resettlement ze maachen. Wat Leit sinn, déi aus Krichsgebidder kommen - déi kommen aus Krichsgebidder! -, an et ass eis verdammte Flicht, fir do och déi Leit hei opzehuelen opgrond vun deene Quoten, déi mer gesot kritt hunn!

Vläicht do och ee Wuert: Mir hu bis elo 324 Leit opgeholl aus der Türkei, aus Jordanien, aus Italien an aus Griichenland. A mir hunn der dëst Joer nach 473 opzehuelen! Dat musse mer wëssen. Dat maache mer och. An duerfir musse mer eng Prozedur an d'Wee leeden, dass mer méi séier si bei deene Leit, wou mer manifestement wëssen, praktesch zu 99%, dass se net kënnen den DPI kréien, also d'Protection internationale kréien, dass mer do eng akzeleréiert Prozedur maachen.

Mir kréien och an der Moyenne 200 nei Demanden. Ech soen elo net, dass dat alleguerten Demandë sinn, déi herno och konkretiséiert ginn, mä 200 Leit an der Moyenne am Mount. An do sinn erëm vill Syrer derbäi, déi un eis Dier uklappe kommen.

Wat ass elo, fir d'Éischt, zur Prozedur? Also Dir wësst, all Demandeur, dee kënnt an d'Immigratiounsdirektioun, gëtt vun der Police judiciaire gehéiert an et gëtt fir d'Alleréischt gepréift: Ass et e Fall, dee mer am Eurodac schonn erëmfannen? Dat heescht: Huet en an engem aneren EU-Memberstat schonn eng Demande d'asile gemaach? Ass souguer d'Prozedur scho vläicht ofgeschloss? Oder ass en am System Visa dran? Huelt e Mënsch aus Nigeria oder Niger, deen a Spuenien eng Autorisatioun kritt huet fir dräi Méint. Op eemol kënnt en op Lëtzebuerg. Wat maache mer domadder? Bon, dat sinn also déi zwee Fäll: engersäits d'Dublin-Fäll, anerersäits och d'Visa-Fäll.

Wann elo festgestallt gëtt, dass et sech effektiv ëm en Dublin-Fall handelt, also dass dat en Dublin-Fall ass, da geet direkt d'Procédure Dublin un. Déi ass ganz séier ofgeschloss. Do ass e Recours méiglech vun deem, dee concernéiert ass, allerdéngs ass dee Recours net suspensif.

Elo muss awer - elo ass nach näischt geschitt! -, elo muss awer dann dat Land, wa mer vum Dublin-Fall schwätzen, an Europa och säi formellen Accord ginn, dass se déi Persoun wëllen zréckhuelen, dass se transferéiert gëtt.

Mir hunn, ech soen Iech dat hei, mat ganz ville Länner aus der Europäescher Unioun - ech wëll elo keent opzielen - Problemer, déi net akzeptéieren, d'Dublin-Fäll erëmzehuelen, grouss Länner, kleng Länner. A wa mer dat net fäerdegbrénge - do gëtt et keng Sanktioun -, dann ass et e Mënsch, deen dann an d'Asylprozedur erakënnt.

Wat elo d'Leit vum Balkan ugeet, do ass et esou, dass mer vu muer un, also vum 9. Februar un, eng akzeleréiert Prozedur hunn. Déi Leit hunn dann zwee Deeg Zäit, fir en Entretien ze preparéieren. Mir hu mat der Croix Rouge ofgemaach, dass eng Permanence vun Affekoten do ass. Also de Barreau huet och eng Permanencelëscht un déi Responsabel vum Foyer ginn. An da kënnen déi Leit also hiren Affekot do konsultéieren. An da fënnt de véierten Dag vun der Arrivée am Land den Entretien statt. Dat fënnt elo statt net méi um Kierchbierg, mä am Centre de logopédie; dat ass d'Iddi. Et ass och schonn alles do, d'Installatioune sinn do, fir kënnen dat dann do ze maachen. An et gëtt vun den Agente gemaach, déi och elo an der Immigratiounsdirektioun schaffen.

Sou, nom Entretien gëtt dann décidéiert, ob den Demandeur e Fall ass vun der Procédure accélérée oder net - Artikel 27 vum Gesetz. A wann et dann eng ass, an der Moyenne sinn et 80% vun den Demandeure vun de Balkanlänner, déi an déi Procédure accélérée falen, da fänkt déi dann u mat lafen. An da versiche mer, maximal an néng Deeg dann och zu enger Konklusioun ze kommen.

Wann déi Décisioun dann negativ ass, dann hunn d'Leit 14 Deeg Zäit, fir Recours anzereechen, an de Riichter huet ee Mount Zäit, fir dann d'Uerteel ze huelen. Bon, géint dat Uerteel ass och keen Appell méiglech.

Bien. Dat ass, an dat wësse mer, an déi Leit wëssen et och, et si Leit aus Länner - ech ziele se elo net all op, mä aus Montenegro oder anere Länner - am Balkan, déi ganz kloer wëssen, si selwer an och hir Affekoten, dass se et praktesch net kënne fäerdegbrénge, en DPI ze kréien. Allerdéngs hunn déi Leit d'Recht op eng Prozedur. An et kënnen ëmmer, souguer an der Procédure accélérée, Fäll ginn, wou sech kann erausschielen, dass eng positiv Äntwert kéint kommen. Mä, wéi gesot, d'Zuel ass extrem limitéiert. An duerfir wëlle mer elo déi Prozedur do och méi séier maachen.

Dann, wat de Kierchbierg ugeet. Mir schwätzen net vun eppes anerem, mir schwätze vum Kierchbierg. Mir musse wëssen, dass a ville Länner ronderëm eis, wat déi deboutéiert Leit ugeet, der ganz vill zréckgeschéckt si ginn. A mir hu vill Leit, aus Holland, aus der Belsch, aus Däitschland, aus Frankräich, déi da probéieren, bei eis hir Demande ze stellen, wat, ech soen et nach eng Kéier, hiert gutt Recht ass, mä wou mer awer musse wëssen, dass mer eis mussen eng Prozedur ginn, déi akzeleréiert ass, well mer dat soss net packen.

Bon, also mir brauchen elo fir déi Leit, déi deboutéiert sinn, engersäits duerch d'Dublin-Prozedur, anerersäits duerch déi Balkan-Prozedur, déi ech gesot hunn, eng Struktur, a gleeft mer, Här Mosar, mir hu gesicht, Här President, a gesicht a gesicht a mir hunn näischt fonnt. An all Zentimeter carré an dësem Land gehéiert och enger Gemeng. Déi meescht Parteien heibannen an der Chamber, mat zwou Ausnamen, ware schonn an der Regierung, an duerfir hu mer missen dat huelen, wat méiglech ass, an dat ass um Kierchbierg.

An déi Struktur, déi gëtt elo opgebaut. An déi ass geduecht, Här President, an dat ass immens wichteg, wa keen Empêchement méi virläit, fir e Retour ze organiséieren. Dat heescht, wa mer wëssen, dass de Retour och ka konkretiséiert ginn, dass also mer wëssen, dass e Land do ass, Dublin- oder och Balkan, dat déi Leit och ophëlt. Et kënne keng Leit dohinnerkommen, vun deene mer nach iergendwéi net wëssen, wéini dass mer se fortgeschéckt kréien.

Dat heescht, hei gëtt dann elo déi Struktur geschaaft um Kierchbierg. Mir programméieren, dass dat soll ulafen den 1. Abrëll dëst Joer. Et gëtt eng hallef oppe Struktur. Jo, dat ass eis Iddi. Et gëtt eng Zort Maison de retour.

Mir mussen och, ech soen dat och hei, Här President, eis Gedanke maachen, ganz séier, fir eng Maison de retour ze kréien, déi vläicht net nëmmen de Centre de rétention ass, déi semiouverte ass wéi dat hei, wou d'Leit eng Assignatioun kréien, dass se mussen op där Plaz do sinn, wou se an der Nuecht mussen dobanne sinn a se kënnen am Dag erausgoen.

Bon, Dir hutt gefrot: Wéi gëtt dat organiséiert? Ech mengen, d'Leit vum Centre de rétention zesumme mat der Police, dat ass de Kär dervunner. An et gi Leit agestallt - ech soen Iech dat nach kuerz -, fir dat kënnen ze maachen.

Loosse mer elo emol d'Zuelen huelen! Mir hunn am Moment 390 Persounen, déi zu Lëtzebuerg deboutéiert sinn, 390. Dovunner sinn 180 Leit vum Balkan. An et sinn awer och 210 Leit aus anere Länner, haaptsächlech aus Nordafrika, aus Westafrika, wou et immens, immens schwéier ass, an net nëmme fir Lëtzebuerg, mä och fir anerer, fir dee Retour ze organiséieren.

An ech soen Iech nach eng Kéier: Wann ee Land, och bei Dublin, net akzeptéiert, dass de Retour soll organiséiert ginn, da sti mer do! Do gëtt et keng Instanz driwwer, déi eis dann doranner hëlleft.

Bon, also eleng am Joer 2016, ech mengen, dat ass och wichteg, hate mer 1.326 Leit, déi ënner Dublin gefall sinn. Dat ass eng Steigerung vun 300% par rapport zu deem Joer virdrun. A vun deenen 1.326 Leit hu mer fir 70% een Accord kritt aus den Nopeschlänner. Dat ass ëmmerhi vill. Bon, et muss een da kucken, mir hunn och dann 30% vun deenen 1.326 Leit, déi refuséiert gi sinn. A vun deenen 935 Leit goufen der dunn 261 transferéiert. An et sinn der och, 30%, 409 Leit, verschwonnen. Ech mengen, mir kënnen déi Leit jo net, déi ënner Dublin falen, hei ustrécken, dat wëlle mer jo och net. Do si mer jo och d'accord. A wa se dann an een anert Land ginn, da sti mer virun där Situatioun, déi ech elo geschildert hunn.

Fir ofzeschléissen, Här President, géif ech soen, dass mer een Direkter kréie fir déi Structure d'hébergement um Kierchbierg, mat véier Leit an der Administratioun. Mir wëllen ee Service psychosocial ariichte vu fënnef Leit. Bon, ech hunn Iech et gesot: Vun aacht Auer moies bis aacht Auer owes kënnen d'Leit zirkuléieren. An der Nuecht musse se do sinn.

Et ass esou, dass de Catering, d'Wäscherei, d'Botz extern Prestatairë sinn. An d'Sécuritéit, déi gëtt och vun engem externe Prestataire mat de Leit och vum Centre de rétention organiséiert. Mä ech géif Iech wierklech proposéieren, virum 1. Abrëll kréie mer d'Geleeënheet, an ech sinn och do bereet, an d'Kommissioun ze kommen, vläicht och mat Leit, déi dat dann ze organiséieren hunn, wou mer all Detail, Här Angel, géifen an der Kommissioun da kucken.

Une voix.- Très bien!

M. Jean Asselborn, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Bon, dat ass d'Iddi, déi derhannertstécht. An ech hoffen, dass mer doranner och virukommen.

Merci villmools.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, just eng Minutt. Dir erlaabt eng Fro respektiv eng Remarque vun der Madamm Mergen?

M. Jean Asselborn, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Jo, jo.

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Merci, Här Minister. Ech wollt just kuerz froen, wat mat deene Leit ass, déi soen, si wieren an enger Prozedur an engem aneren europäesche Land, respektiv déi soen, si hätten Asyl an engem aneren europäesche Land, déi awer a Wierklechkeet och an deene Länner entweder deboutéiert sinn oder keng Prozedur entaméiert hunn. Ginn déi och iwwer Dublin rapatriéiert? Oder ginn déi vun ons aus rapatriéiert?

M. Jean Asselborn, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Also, stellt Iech et esou vir: Jiddwerengem, dee freet, deem ginn d'Fingerprints geholl. A wann iwwer Eurodac erausfonnt gëtt, dass en an engem anere Land seng Prozedur ugefaangen respektiv ofgeschloss huet, dann ass et en Dublin-Fall. D'accord?

Mme Martine Mergen *(CSV).*- Wann en deboutéiert ass? Wann en an deem Land deboutéiert ass?

M. Jean Asselborn, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Jo. Dat Land, wou en hierkënnt,… Lauschtert, wann een deboutéiert ass, muss dat Land, wou en deboutéiert ginn ass, derfir suergen, dass en dann heemkënnt!

Sou, wann Der…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Angel huet d'Wuert.

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci, Här Minister, fir déi Erklärungen, an ech si frou, dass Der Iech ugebueden hutt, an d'Kommissioun ze kommen. An ech freeë mech och schonn, dass mer mat Iech a mat Äre Mataarbechter dat dote kënnen zesummen diskutéieren.

Dir hutt zu Recht gesot, dass dat, wat um Kierchbierg elo opgebaut gëtt, eng Structure d'hébergement d'urgence ass, dass dat och e Provisoire ass. An Dir hutt, wat mech gefreet huet, annoncéiert, dass sech och scho Gedanke gemaach ginn iwwer eng Maison de retour. Mir hate jo driwwer geschwat, an ech géif mech och freeën, wa mer do als Kommissioun, wa mer elo dat eent gemaach hunn, och mat agebonne géife ginn, well dat schéngt eis ganz wichteg ze sinn.

Merci.

M. Jean Asselborn, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Här President, ech wëll dem Här Angel direkt äntwerten. Ech hat dat vergiess, dass mer schonn… Leit vun der Direktioun ware kucken an Holland, mä dat ass och, wann Deputéierten interesséiert sinn un esou enger Maison de retour, wéi déi fonctionnéiert an Holland, dass mer dat och kënne kucke goen.

Ech wëll och nach soen, Här President, well ech muss goen, ech wollt nach soen, dass mer selbstverständlech…

(Hilarité)

…als Regierung d'accord si mat der Motioun. Merci villmools.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo. Ech gi jo awer dovun aus, Här Minister, dass Der nach bleift, bis dass mer ofgestëmmt hunn?

Voilà. Mir sinn domat um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm.

Mir si saiséiert mat enger Demande vun der ADR an deene Lénken, fir op engem Artikel e Vote séparé ze maachen. A mir hunn eng zweet Demande - déi awer bis elo net appuyéiert ass vu fënnef Deputéierten - vun der ADR.

Ass den Appui do?

(Assentiment)

Ongewinnt!

(Interruption)

Entschëllegt d'Bemierkung! Ech soll jo iwwert deem Ganze stoen. Mä ech hu mech jo och entschëllegt.

(Hilarité)

Voilà. Dat gesot, géife mer da fir d'Éischt e Vote séparé maachen iwwert den Artikel III, deen d'Modifikatioun vum Artikel 6 vun dem Gesetz vum 28. Mee 2009 betrëfft.

Wie mat där Demande d'accord ass, wéi se vun deenen zwou Sensibilitéite gestallt ginn ass,…

(Interruption)

Jo?

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech wollt just preziséieren, Här President, datt d'ADR och déi Initiativ vun deene Lénken, iwwert deen doten Artikel ofstëmmen ze loossen, just aus prozedurale Grënn ënnerstëtzt, net inhaltlech.

Plusieurs voix.-Ah!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Also et ass u sech eng Demande vun de Kolleege vun deene Lénken, déi mir aus prozedurale Grënn ënnerstëtzen. Genausou wéi si,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- …huelen ech un, aus prozedurale Grënn eis Demande ënnerstëtzen. Mir géifen eis awer natierlech och freeën, wa se sech och inhaltlech kéinte ralliéieren.

Ech soen Iech Merci.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ma da géife mer fir d'Éischt deen Antrag vun der Lénker, dee vun der ADR pour appui ënnerstëtzt gëtt, zum Vott stellen.

Vote séparé sur l'article III du projet de loi

Wie mat der Propositioun vun deene Lénken d'accord ass, fir deen doten Artikel ze sträichen, dee stëmmt mat Jo. An deen net dermat d'accord ass, dee beim Text wëllt bleiwen, stëmmt mat Neen. Also, de Vott fänkt un. Mir stëmmen iwwert den Antrag of! An de Vott ass ofgeschloss. An den Antrag ass mat 57 Nee-Stëmme bei 2 Jo-Stëmmen ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: la demande est rejetée par 2 voix pour et 58 voix contre.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Vote séparé sur l'article 59 du projet de loi

Da géife mer iwwert den Antrag vun der ADR ofstëmmen, fir de Punkt 27 betreffend den Artikel 59 och ze sträichen. Ech géif deen Antrag, dee vun der ADR abruecht ginn ass, dann zum Vott stellen, wann den Apparat prett ass. Wie mam Antrag vun der ADR d'accord ass, stëmmt och do mat Jo, a wie beim Text wëllt bleiwen, mat Neen.

Mir sinn nach net prett fir de Vott. Sou, elo si mer et. De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

(Interruption)

3-mol Jo, 56-mol Neen. Domat ass den Antrag vun der ADR ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: la demande est rejetée par 3 voix pour et 57 voix contre.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6992 et dispense du second vote constitutionnel

Mir géifen dann iwwergoen, wann den Apparat prett ass, zum Vott iwwert den Ensembel vum Gesetz. Jo. Maacht mech net duerjerneen, Här Rapporteur!

(Brouhaha)

Wie mam Projet de loi d'accord ass, stëmmt mat Jo. Wien dergéint ass, mat Neen!

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss. 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet 6992 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Félix Eischen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Eugène Berger), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gilles Baum), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

Dann hätte mer d'Motioun nach, déi vum President vun der Kommissioun a Rapporteur abruecht ginn ass, am Numm vun deene Fraktioune respektiv Sensibilitéiten, déi an der Kommissioun vertruede sinn.

Kann ech à main levée doriwwer ofstëmme loossen?

(Assentiment)

Une voix.- Neen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, also, ech muss jo soen, dass och à main levée ee säin Nee kann ausdrécken. Mä wann Dir awer insistéiert, ech kann och de Vote électronique maachen.

(Brouhaha)

Insistéiert Der op de Vote électronique?

Wat gelift?

Une voix.- Jo!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah, majo, da sot dat! Sou, da géife mer iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer. 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass déi Motioun ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Félix Eischen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gilles Baum), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

A mer kënnen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. D'Dispens vum zweete Vott hunn ech jo gefrot. Da géife mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7077, eng Restrukturatioun vum SCRIPT. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Lex Delles.

5. 7077 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet

1. la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques;

2. la création d'un «Centre de gestion informatique de l'éducation»;

3. l'institution d'un Conseil scientifique

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet de loi 7077 geet et ëm de SCRIPT, esou wéi de President grad gesot huet. Dat ass de Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques. Ech mengen, et ass awer méi einfach, wa mer wäerten den „SCRIPT" soen.

Ier ech awer op d'Ëmstrukturéierung selwer ze schwätze kommen, ëm déi et haut am Projet de loi geet, erlaabt mer, nach e puer Wuert zum Historique vum SCRIPT ze soen. De SCRIPT gouf duerch e Gesetz vum 7. Oktober 1993 an d'Liewe geruff. Zënter dem Gesetz vum 6. Februar 2009 hat de SCRIPT d'Missioun, déi technologesch a pädagogesch Innovatioun an de Lëtzebuerger Schoulen ze förderen, dëst souwuel an der Grondschoul wéi awer och am Lycée.

Nieft dësen zwee Kärpunkten hat de SCRIPT deemools d'Aufgab, och nach d'Formation continue vun den Enseignanten ze encadréieren. Duerch d'Schafen awer vum IFEN, dem Institut de formation de l'éducation nationale, zielt d'Formation continue zënter 2015 net méi zu sengem Aufgabegebitt, an awer ass d'Aarbecht fir dëse Service net manner ginn.

De SCRIPT, deen zënter Januar 2016 um Site vum eduPôle zu Walfer doheem ass, ass mëttlerweil net méi ewechzedenken. Et ass e wichtegt Puzzlesteck, fir de Prozess vu méi innovative Schoule weiderzedreiwen. Et ass souzesoen de Motor vum Développement vun der nationaler Éducatioun.

D'Usprech, déi un de SCRIPT gestallt ginn, sinn duerch déi nei technesch Méiglechkeeten an déi nei pädagogesch an didaktesch Offere gewuess a vill méi villfälteg ginn. Och d'Unzuel vun de Mataarbechter ass an deene leschte Jore staark gewuess.

De gesetzleche Kader vun 2009 erlaabt et dofir net méi, alleguerten d'Aufgabegebidder vum SCRIPT ofzedecke respektiv dréit der Villsäitegkeet vun dësen Aufgaben einfach net méi Rechnung.

Här President,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo.

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Ah, en ass do. Ech hat en net gesinn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech sinn hei.

(Hilarité)

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Ech hat mer elo hei scho Suerge gemaach.

Une voix.- En ass net verluer gaangen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, neen!

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Majo, majo, ech hunn hei am Écran gesinn.

Dofir gi mat dësem Projet de loi d'Missiounen an den Organigramm vum SCRIPT och redéfinéiert. De SCRIPT soll soumat méi effizient schaffen an déi verschidde Programmer a Projete besser suivéiere kënnen.

An Zukunft soll de Service dofir a sechs verschidden Divisiounen ënnerdeelt ginn, an zwar: an d'Division de l'innovation pédagogique et technologique, eng Division de la coordination d'initiatives et de programmes pédagogiques, d'Division du développement du curriculum, d'Division du développement de matériels didactiques, eng Division de traitement de données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire éducative, a sechstens schlussendlech eng Division du développement des établissements scolaires et des structures éducatives.

Zum leschte Punkt wéilt ech vläicht soen, datt et dëse Service ass, deen de Schoule beim Ausschaffe vun de Plans d'établissement scolaire (veuillez lire: Plans de développement scolaire), de sougenannte PDSen, zur Säit steet. De Wonsch besteet jo opsäite vum Éducatiounsministère, den ënnerschiddleche Schoulen an Zukunft méi Fräiheeten ze ginn: ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler. Si sollen dofir selwer en eegent pädagogescht Konzept ausschaffen, dat hirer ganz eegener Schoulpopulatioun ugepasst ass. Si kréien an deem Sënn méi Autonomie, sech dohinner ze entwéckelen, wou et an hiren Aen och wierklech Sënn mécht.

Här President, bei deem Prozess gi si an Zukunft och vu Pädagogen, déi an deem Beräich spezialiséiert sinn, ënnerstëtzt. Dëst ass den zweete Volet vun dësem Projet de loi. Dës Instituteurs spécialisés, esou wéi se am Gesetz genannt ginn, sinn dem SCRIPT affektéiert an intervenéieren an de Schoulen, fir dem Personal bei der Ausschaffung vun hirem PDS mat Rot an Dot zur Säit ze stoen an hinnen ze hëllefen. Dëst ass och ganz am Detail a verschiddene Kommissioune vum Minister selwer erkläert ginn an déi verschidde Bedenke konnten och gekläert ginn.

Ech wëll an deem Kontext och nach eng Kéier betounen, datt dësen neie Grad schonn am Mäerz 2016 an engem Accord tëschent dem Ministère an dem SNE an éischten Zich festgehale gouf. Ee weideren Accord, deen den 22. Februar 2016 tëschent deenen zwou Parteien ënnerschriwwe gouf, huet de Profill vun deenen Enseignantë weider preziséiert a fënnt, wéi gesot, säin Nidderschlag an dësem Projet de loi.

Fir esou e Posten ze besetzen, muss een, wéi gesot, e Masterofschloss am Développement vu Schoulen hunn an op d'mannst schonn zwee Joer Schoulmeeschter gewiescht sinn. Soumat gëtt séchergestallt, datt déi betraffe Persounen op d'mannst schonn e kuerzen Abléck an de berufflechen Alldag vum Enseignant haten an den Terrain och esou kennen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet an deem Kontext och ausdrécklech begréisst, datt am Gesetz den Accès zu dëser Fonctioun souwuel iwwert d'Carrière ouverte ewéi och iwwert d'Voie express virgesinn ass.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëst gesot, wëll ech gäre fir all weider Detailer op mäi schréftleche Rapport verweisen a ginn och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Och ee grousse Merci un de Rapporteur, de Lex Delles, deen alles ganz am Detail beschriwwen huet. Ech ka mech also relativ kuerz halen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech maache mäi Bescht. Datt de SCRIPT reforméiert gëtt, ech mengen, dat schéngt logesch an evident ze sinn. Dat ass och erklärt ginn. Et gi virun allem dräi Saache geännert. An zu deenen dräi Saachen hunn ech dann awer e puer Bemierkungen ze maachen, wéi gesot kuerz.

Dat Éischt ass d'Organisatioun vum SCRIPT. Do ginn elo sechs Divisiounen opgedeelt. Dat Éischt oder eng Divisioun ass eng Divisioun iwwert d'Entwécklung vun de Léierpläng. Si sollen d'Programmkommissioune begleeden, d'Aarbechte koordinéieren, fir Kohärenz bei de Programmer suergen. Dat ass eng ganz wichteg Aufgab.

Am Projet de loi vum Conseil national des programmes steet am Exposé des motifs awer och: «Il veillera à la cohérence des enseignements.» Et stellt sech also d'Fro: Riskéiere mer net hei, zwou Strukturen ze kréien, déi zum Deel déiselwecht Aufgaben hunn?

Eng äänlech Fro stellt sech bei der Division de traitement des données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire éducative, wou also sollen Daten aus verschiddenen Etüden analyséiert an traitéiert ginn. Den Observatoire pour la qualité scolaire, wou zéng Leit wäerte schaffen, huet laut Projet de loi awer och d'Aufgab, fir Etüden iwwer eise Schoulsystem ze analyséieren. Och hei stellt sech d'Fro: Riskéiere mer net, zwou Strukturen ze kréien, déi fir vergläichbar Saachen zoustänneg sinn, respektiv hätt een dat net kënne méi effikass organiséieren?

Ech hat an der Kommissioun gefrot, fir eng Iwwersiicht ze kréie vum Zesummespill tëschent dem SCRIPT, dem LUCET, der Uni, dem Observatoire pour la qualité scolaire an dem Conseil national des programmes. Ech hunn déi Iwwersiicht vun deem Zesummespill esou net kritt. Dat heescht, déi Froe bleiwen nach opstoen.

Déi zweet Saach, déi geännert gëtt: De Bildungsbericht gëtt elo all dräi Joer gemaach amplaz all fënnef Joer. Firwat datt dat esou ass, dat weess ech net genau. Et ass awer, egal wéi, ee wichtegt Instrument. Ech hunn do just zwou Froen. Déi eng ass, et ass jo elo reduzéiert ginn op dräi Joer. Huet dat vläicht eppes domadder ze dinn, datt den Här Minister d'Participatioun un der PISA-Etüd a Fro gestallt huet? Hie kann eis vläicht do Prezisioune ginn.

Allgemeng wëll ech just soen, datt Date sammele wichteg ass, mä vill méi wichteg ass: Wat geschitt opgrond vun dësen Erkenntnisser? Vläicht misst een do déi nach méi geziilt an e regelrechte Qualitéitskreeslaf abannen.

Da kommen ech nach kuerz op den Instituteur spécialisé am Schoulmanagement oder der Schoulentwécklung ze schwätzen. Eng éischt Bemierkung zu senger Tâche: Hien ass respektiv soll Spezialist fir Schoulentwécklung sinn, Uspriechpartner fir d'Presidenten, de Schoulcomité an esou weider am Kader vum Plan de développement scolaire. Hien oder si soll awer och nach Mann/Fra für alles sinn, soll eng Assistance personnalisée fir dagdeeglech Problemer ubidde fir Enseignanten, déi Hëllef brauchen. An dat alles mat zwee Joer Beruffserfahrung. Dat ass schonn eng relativ speziell Tâche!

Eng zweet Bemierkung. Dës Enseignantë sinn attachéiert beim SCRIPT. Si sëtzen awer weder am SCRIPT nach an der regionaler Direktioun. Den Här Minister huet eis gesot gehat, si géifen op siwe Plazen am Land u sech verdeelt ginn. Vläicht kann en eis nach soen, wou genau. Et ass, egal wéi, awer eng speziell Situatioun, och fir den Direkter vum SCRIPT, dee jo awer de Supérieur hiérarchique vun dësen Enseignanten ass.

An drëttens, a wat u sech dee wichtegste Punkt ass: Schoulentwécklung ass definitiv, an do si mer eis eens, ee wichtegen dynamesche Prozess an dee gehéiert an d'Schoul selwer. Méi Autonomie, och am Kader vum Plan de développement scolaire, erfuerdert an eisen Aen eng aner Organisatioun, an zwar eiser Meenung no ee Schouldirekter an der Schoul, an net an der Regioun. Do hu mer nach Zäit, fir drop anzegoen, beim Gesetz iwwert d'Grondschoul. Mä wa mer dat hätten, da kéinten d'Opstellung an d'Duerchféierung vum Plan de développement scolaire nach méi participativ mat de Leit um Terrain geschéien, déi dann och selwer kéinten décidéiere respektiv déi och eppes ze décidéieren hätten an déi net nëmme misste Verantwortung iwwerhuelen. Da bräichte mer u sech dës Enseignants spécialisés an der Schoulentwécklung esou net, wéi mer se och an de Lycéeën net bräichten.

Wéinst deene Froen a Bemierkunge wäerte mir eis als CSV bei dësem Projet de loi enthalen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Hansen. Nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

Mme Tess Burton *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll dann och ufänken an dem Rapporteur, dem Lex Delles, Merci soe fir säin ausféierleche Rapport.

De SCRIPT, deen d'nächst Joer seng 25 Joer Existenz feiere wäert, seet wahrscheinlech deene meeschte Leit net allze vill, ausser, wéi den Numm et seet, dass et mat pädagogescher an technologescher Recherche an Innovatioun ze dinn huet.

Et ass dofir net vu Muttwëll, dass d'Missioune vum SCRIPT nei respektiv méi kloer definéiert ginn. Mir begréissen et als LSAP dofir och, dass d'Kommunikatioun no bausse vum SCRIPT verbessert a vereinfacht soll ginn. Fir een, dee kee Spezialist an där Matière ass, mä ech mengen, souguer och fir d'Enseignanten, ass et net ëmmer ganz einfach, sech an all deenen Initiativen an Aarbechten, déi de SCRIPT mécht, erëmzefannen. Dat ass schued, well et si ganz wichteg Projeten, un deenen dëse Service vum Éducatiounsministère schafft.

Mir sinn dofir der Meenung, dass zum Beispill och e groussen Effort muss gemaach ginn, fir d'Internetsäit vum SCRIPT ze moderniséieren a méi iwwersiichtlech ze maachen. Zum Beispill d'Initiativ MathemaTIC, déi scho vum… - neen, déi war nach net ugeschwat ginn, vum Rapporteur, oder? -, déi mat Hëllef vum SCRIPT senger Agence pour le développement de la qualité scolaire an aneren Akteuren an d'Liewe geruff gouf an ee vu villen interessante Projeten ass, fir déi ee roueg Reklamm soll maachen. Et handelt sech ëm eng digital Plattform fir d'Schüler am Cycle 4, mat deem si, wéi den Numm et seet, méi einfach a méi flott Mathé bäibruecht kréien. Dëst pädagogescht Instrument ass op de lëtzebuergesche Schoulsystem ugepasst, ënner anerem och, well et de Schüler d'Méiglechkeet gëtt, Rechenaufgaben a véier verschiddene Sproochen ze léisen. D'Sprooch ass also hei keng Brems méi fir verschidde Kanner, fir Mathé ze léieren.

Iwwert dee Wee garantéiere mer eng besser Chance ze réusséiere fir all eis Schüler. Derbäi kënnt, dass de Projet den Zäiten ugepasst ass an déi Jonk natierlech och Spaass hunn, fir um Computer ze schaffen. A mir kréien dann, duerch dee Programm, och eng ganz Rëtsch Donnéeën, mat deene mer spéider d'Qualitéit vum Enseignement besser evaluéiere kënnen.

Här President, Dir gesitt, dem SCRIPT seng Haaptmissioun ass et, d'Schoul vu muer virauszegesinn an ze hëllefen ëmzesetzen. Dat ass bäi Wäitem keng einfach Aufgab. Mir begréissen dofir och, dass mat dësem Gesetz eng Rei spezialiséiert Schoulmeeschterposte geschafe ginn, déi de Schoulen hëllefe wäerten, hir Entwécklungspläng auszeschaffen. Och dat bréngt méi Qualitéit an eis Schoulen.

Eng Fro hätt ech zum Schluss nach un den zoustännege Minister, näämlech wéi an Zukunft den IFEN, dee jo d'Formation continue vum SCRIPT iwwerhélt, an de SCRIPT zesummeschaffe wäerten.

Fir eis als LSAP ass et kloer, dass dat Wësse ronderëm pädagogesch Innovatiounen an nei Technologien, dat de SCRIPT sech uneegent, och an d'Formatioun vun eisen Enseignantë muss afléissen.

An dat gesot, ginn ech natierlech och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Burton. An d'Wuert huet elo den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Mir fannen, datt d'Andeelung vum SCRIPT, esou wéi den Organigramm am Exposé des motifs et ausweist, eng gutt Andeelung ass, a besonnesch d'Schafung vun enger Sektioun Développement de matériels didactiques schéngt iwwerfälleg gewiescht ze sinn. Mir erwaarden eis eng besser Koordinatioun fir déi eenzel Fächer ënnereneen, awer och tëschent Grondschoulen a Secondaire.

Et versteet sech vum selwen, datt déi sechs Divisioune vum SCRIPT mussen zesummeschaffen an net kënnen en vase clos funktionéieren. Dat krute mer souwuel vum Minister wéi vum Direkter vum SCRIPT confirméiert.

Da schafe mer och mat dësem Gesetz d'Funktioun vun engem Instituteur spécialisé. Ech sinn elo mëttlerweil 13 Joer hei an der Chamber an ech mengen, ech hätt nach ni an engem Gesetz iwwert d'Schoul esou eng ausféierlech Referenz op en Accord mat enger Gewerkschaft gelies.

Mir sinn amgaangen, eis Schoullandschaft am Primär nohalteg ze veränneren. Vläicht si mer op engem Wee zréck an d'1960er Joren, wou mer Schoulmeeschtere mam véierten, drëtten, zweeten, éischte Rang haten. Et ass net ganz kloer, wéi vill Instituteurs spécialisés datt mer kréien. Am Gesetz steet keng Zuel. Am Accord mat der Gewerkschaft steet, et wieren der mindestens esou vill, wéi et deemnächst Regioune gëtt, also héchstwahrscheinlech dann emol 15.

D'Konditiounen, fir Instituteur spécialisé ze ginn, stinn och am Gesetz. Zwee Joer Schoul muss ee mindestens gehalen hunn, fir e Spezialist an der Schoulentwécklung ze ginn. E Master an der Schoulentwécklung ass en Avantage, awer keng Conditio sine qua non.

Ech froe mech: Wat maache mer alleguerte mat deene ville Schoulmeeschteren a Léierinnen, déi amgaange sinn, e Master am Schoulmanagement ze maachen? Ech mengen, dat sinn der immens vill. Ech hoffen och, datt déi Leit - an ech fannen dat positiv, datt se um SCRIPT attachéiert sinn, also vum SCRIPT aus eng Gestioun ass -; ech hoffen, datt déi Leit am Intérêt vun der Schoul agesat ginn.

Ech ginn net méi drop an, firwat datt mer 2009 géint d'Reform vum SCRIPT votéiert haten. Ech hat mech awer preparéiert dorop. Et huet keen et gefrot, firwat datt mer dergéint waren. Dann, well et owes spéit ass, ginn ech och net drop an. Eng Haaptursaach war, well mer eng Trennung vu Lehrerweiderbildung wollten

hunn a vum SCRIPT. Dat ass geschitt duerch den IFEN. Also ass dee Grond ewechgefall.

Ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus e grousse Merci un den Här Delles fir dee Rapport, deen en eis gemaach huet.

Et ass fir eis ganz interessant, fir ze gesinn, wéi de bürokratesche Waasserkapp beim Stat wiisst, wärend mer deeselwechten Dag e Gesetz hei haten iwwert d'Simplification administrative. Et wär eng fantastesch Simplification administrative gewiescht, wa mer dee SCRIPT zesummegeschrumpft hätten. Dat wär jo logesch gewiescht! En hat dräi Missioune kritt, wéi mer e geschafen hunn, dovunner eng d'Weiderbildung vum Léierpersonal. Déi ass fortgaangen un den IFEN. Also hätte mer eis kënnen erwaarden, datt de SCRIPT elo méi kleng gëtt. Neen, elo gëtt et op sechs Divisiounen ausgebaut! De Contraire vun enger rationaler Approche vun enger staatlecher Organisatioun, de Contraire vun enger Simplification administrative!

All déi Saache kéint een am Detail diskutéieren. A fënnef Minutte kann ech dat net maachen. Mä wann am Regierungsprogramm steet, de SCRIPT sollt do mat den Institutions oder d'Schoule sollte mat den Institutions culturelles zesummeschaffen, ass dat jo schéin, mä et steet net do, a wéi engem Sënn: Multikulti oder Integratioun? Et gëtt net gesot.

Wann do steet an Ären Ausféierungen, et soll elo iwwer Digitaliséierung geschwat ginn, an eis Kolleegin vun der LSAP seet hei: „Et ass jo fein, et gëtt op véier verschidde Sprooche gemaach", da muss ee sech jo awer froen: Ass dann do nach Lëtzebuergesch Integratiounssprooch an der Schoul? Ass et gutt, datt mer verschidde Saachen iwwer Digitaliséierung maachen oder gi mer op de Wee, wéi verschidde Leit, wéi den däitsche Pädagog Manfred Spitzer seet, vun enger „digitaler Demenz", wou d'Kand keng Konzentratiounsphase méi léiert an ëmmer manner Lektür ka maachen? Wat ass dat fir eng Digitaliséierung? Wéi eng Konsequenzen huet dat? Mir diskutéieren et net. Et ass awer vun zentraler Wichtegkeet!

Wa gutt Projete gemaach ginn, an et gëtt gutt Projeten, déi gemaach ginn, sief et an der Drogepreventioun, sief et am Antimobbing, „Stop Mobbing" an esou weider, da feelt et dacks un der Ënnerstëtzung fir Enseignanten an deene Schoulen, wou dat gemaach gëtt. Och dat ass net gutt!

Et ass jo och net normal, datt mer elo an där Struktur, an där neier Divisiounsopdeelung vum SCRIPT gläich zwou Divisiounen hunn, déi sech sollte mat Qualitéitssécherung befaassen, wann all Mënsch am Land weess - Dir wësst et a mir wëssen et, Dir gitt et vläicht net zou, awer Dir wësst et och! -, datt d'Qualitéit vun de Schoulen iwwert d'Joren ëmmer nëmmen ofgeholl huet, datt d'Leit ëmmer manner wëssen! An et ass dofir, wou d'ADR ëmmer erëm konsequent seet: „Mir mussen zréck zu engem Leeschtungsprinzip, mir mussen zréck zu engem Bildungsprinzip, mir mussen zréck zu engem Wëssensprinzip an de Schoulen am Interessi vun de Kanner, an dem Interessi vun hirer Zukunft an am Interessi vun der Zukunft vun eisem Land."

Dëst Gesetz setzt e Gewerkschaftsaccord ëm. Mir maachen 20 A1-Funktiounen, méi oder manner, fir 20 A2-Funktiounen ze ersetzen. Mir schafen déi IDSen, déi Instituteurs spécialisés en développement scolaire, déi eigentlech eng Aufgab hunn, déi „accompagnéieren" «équipes pédagogiques dans la mise en œuvre du plan de développement de l'établissement scolaire». Dofir brauch ee keng 20 Universitären, fir esou Aufgaben ze maachen, fir eppes, wou d'Schoulpersonal schonn dru schafft! Da soll deen Inspekter dodru schaffen oder deen Instituteur spécialisé, dann en Inspekter, eventuell nach de Gemengerot. Dat ass e bürokratesche Waasserkapp fir eppes, wat wierklech an där Form guer net néideg ass!

D'Chambre des Fonctionnaires selwer huet an hirem Avis gewarnt virun enger «prolifération indue des postes risquant à mener à une structure bureaucratique démesurée». De Contraire vun deem, wat, wéi gesot, de Stat soll maachen: e schlanke Stat, en einfache Stat. A mir kreéieren hei Waasserkäpp, déi eng Aarbecht maachen, déi an deem Sënn, op jidde Fall an där doter Form, net gebraucht gëtt!

Mir hunn einfach riseg Problemer an der Schoul. Mir hu riseg Problemer an der Primärschoul. Et ass net doduerch, datt mer kënschtlech Metasprooch entwéckelen, kënschtlech Strukturen entwéckelen, Beruffer schafen, déi nëmme Saache solle begleeden, déi elo d'Problemer net behiewen... (veuillez lire: dass mer d'Problemer léisen.) Dat ass dee falsche Wee.

Mir mussen zréckkommen op eng Schoulpolitik, déi wierklech eppes wëllt: Dat ass, eis Kanner forméiere fir hir Zukunft. A leider, leider si mer an deene leschte Joren ëmmer méi wäit dovun ewechkomm. D'ADR wäert Hiert maachen, fir déi Entwécklung ëmzedréien!

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Här Erzéiungsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech uschléissen un all déi Riedner, och mech beim Rapporteur, dem Lex Delles, bedanken, datt en eis an déi Matière hei agefouert huet, schréftlech wéi och mëndlech.

Et sinn eng Rei vu Froe gestallt ginn. Ech wëll vläicht ganz kuerz nach dorobber reagéieren.

De SCRIPT huet jo och d'Aufgab, d'Innovatioun an d'Schoul ze bréngen, mat der Schoul zesummen ze entwéckelen. Hei leeë mer ganz besonnesch och vill Wäert, an dat ass eng vun den Neierungen, op d'Schoulentwécklung, datt se begleet soll ginn, och vum SCRIPT, fir datt mer déi Struktur, déi wierklech fir d'Innovatioun an eise Schoulen zoustänneg ass, och ganz no rattachéiere mat de Schoulen, wann et drëms geet, d'Schoulentwécklungspläng opzestellen, fir datt ee sech eben op déi innovatiivst Methoden an Erkenntnisser och ka bezéien an eigentlech direkten Accès och huet zu dem ganzen Erfahrungsschatz, Erkenntnisschatz vum SCRIPT a vun all deene Leit, déi do täteg sinn.

Fir dat ze assuréieren, hu mer eben optéiert, fir deen Instituteur spécialisé en développement scolaire un de SCRIPT ze rattachéieren. Dee wäert virun allem seng Aarbecht an de Schoulen hunn, bei de Schoulen hunn, mat de Schoulen hunn. A wou säi Büro ass, ass eigentlech domadder zweetrangeg. E muss mat den Enseignanten an de Schoule kucken, datt d'Schoulentwécklung definéiert gëtt, datt se ëmgesat gëtt. Et ass gesot ginn: E schafft och nach mat deenen eenzelnen Enseignanten, fir do eng Begleedung kënnen ze maachen, an déi fënnt nun eben emol do statt, wou Schoul stattfënnt.

Wichteg ass och, datt mer eng Vernetzung kréie mam SCRIPT, awer och mat anere Strukturen, zum Beispill mat engem LUCET, zum Beispill och mat eisem Ministère, wou mer och nach emol eng ganz Rei vu Statistiken opbereeden, Donnéeë beieneféieren, an datt jiddwereen Zougang dorobber huet, dee se brauch, deen aus deenen Donnéeë soll eng zousätzlech Erkenntnis kënne schëpfen, fir eben och seng Reflexiounen ze maachen, sief et iwwer seng eege Schoul, sief et awer och op engem aneren Niveau, iwwert de ganze Bildungssystem.

Et ass gefrot ginn, firwat mer de Bildungsbericht wéilten an Zukunft all dräi Joer maachen. Beim leschten hunn ech festgestallt, datt eng Rei vun Erkenntnisser, eng Rei vun Texter, vun Artikelen, déi mer do gelies hunn, awer schonn e gewëssenen Alter haten, schonn e puer Joer zrécklouchen. An ech weess jo awer och an ech mengen, mir wëssen et alleguerten heibannen, wéi schnell sech eis Gesellschaft momentan entwéckelt, wéi schnell och eis Schoul muss probéieren, do hannendrunzekommen, a wéi schnell och do eng Rei vun Donnéeë vläicht net méi ganz up to date sinn.

Duerfir, wann de Bildungsbericht soll wierklech en Input ginn an eng gesellschaftlech Debatt iwwer eise Bildungssystem, dann, denken ech, musse mer en och a méi getaktenem Ofstand kënnen erausbréngen.

Zum Här Kartheiser: Do ass et, wéi et mer hei schonn heiansdo virkomm ass, datt ech awer net alles dat doten nach eemol wëll kommentéieren. Ech hu just gezielt gehat, datt sechsmol an deene fënnef Minutten dat Wuert „zréck" hei genannt ginn ass. Dat seet genuch!

Villmools Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer prett, fir iwwert den Ensembel vum Projet de loi 7077 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7077 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

34-mol Jo, 3-mol Neen, 18 Abstentiounen; domat ass de Projet méiheetlech ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7077 est adopté par 34 voix pour, 3 voix contre et 23 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox) et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Félix Eischen), Marc Lies (par Mme Octavie Modert), Mme Martine Mergen (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (M. Marcel Oberweis) et Laurent Zeimet (par Mme Françoise Hetto-Gaasch).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

6. 6992 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration;

2) de la loi modifiée du 28 mai 2009 concernant le Centre de rétention;

3) de la loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales (suite)

Jo, just nach eng Prezisioun, ier mer d'Sëtzung ofschléissen: Am Projet iwwert d'Immigratioun, bei den Anträg vun der ADR a vun de Lénke ware mer kloer an der Prozedur vum Vote séparé. Dat ass jo esou? An déi mat Jo gestëmmt hunn, ware fir d'Sträiche vun deene jeeweilegen Artikelen. An déi mat Nee gestëmmt hunn, ware fir de Maintien vum Projet - just fir alles ganz kloer ze maachen. Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci. Dann ass d'Sëtzung eriwwer a mir gesinn eis muer um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 19.29 heures)

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

SÉANCE 24

JEUDI,
9 FÉVRIER 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Motion de M. Léon Gloden relative à l'ajout de l'instrument dit du «Platzverweis» dans le projet de loi n°7045 portant réforme de la Police grand-ducale

- *Exposé: M. Léon Gloden*
- *Discussion générale: Mme Claudia Dall'Agnol (interventions de M. Léon Gloden), M. Max Hahn, Mme Viviane Loschetter (interventions de M. Fernand Kartheiser et Mme Lydie Polfer), M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure (interventions de M. Claude Wiseler et M. Jean-Marie Halsdorf)*
- *Vote sur la motion (rejetée)*

3. 6977 - Projet de loi sur la nationalité luxembourgeoise et portant abrogation de:

1. la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise;

2. la loi du 7 juin 1989 relative à la transposition des noms et prénoms des personnes qui acquièrent ou recouvrent la nationalité luxembourgeoise

6974 - Projet de loi portant approbation de

1. la Convention sur la réduction des cas d'apatridie, conclue à New York le 30 août 1961;

2. la Convention européenne sur la nationalité, conclue à Strasbourg le 6 novembre 1997;

3. la Convention du Conseil de l'Europe sur la prévention des cas d'apatridie en relation avec la succession d'États, conclue à Strasbourg le 19 mai 2006

- *Rapports de la Commission juridique: Mme Viviane Loschetter*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler), Mme Josée Lorsché, M. Eugène Berger, M. Roy Reding (intervention de M. Claude Wiseler) (dépôt de huit amendements), M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Votes sur les amendements 1 à 8 (rejetés)*
- *Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*

4. 6758 - Projet de loi renforçant les garanties procédurales en matière pénale portant:

- transposition de la directive 2010/64/UE du 20 octobre 2010 relative au droit à l'interprétation et à la traduction dans le cadre des procédures pénales;

- transposition de la directive 2012/13/UE du 22 mai 2012 relative au droit à l'information dans le cadre des procédures pénales;

- transposition de la directive 2013/48/UE du 22 octobre 2013 relative au droit d'accès à un avocat dans le cadre des procédures pénales et des procédures relatives au mandat d'arrêt européen, au droit d'informer un tiers dès la privation de liberté et au droit des personnes privées de liberté de communiquer avec des tiers et avec les autorités consulaires;

- transposition de la directive 2012/29/UE du 25 octobre 2012 établissant des normes minimales concernant les droits, le soutien et la protection des victimes de la criminalité;

- changement de l'intitulé du Code d'instruction criminelle en «Code de procédure pénale»;

- modification:

- du Code de procédure pénale;

- du Code pénal;

- de la loi du 7 juillet 1971 portant en matière répressive et administrative, institution d'experts, de traducteurs et d'interprètes assermentés;

- de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

- de la loi modifiée du 20 juin 2001 sur l'extradition;

- de la loi modifiée du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne

- *Rapport de la Commission juridique: M. Alex Bodry (intervention de M. Gilles Roth)*
- *Discussion générale: M. Léon Gloden, Mme Viviane Loschetter, Mme Simone Beissel, M. Roy Reding*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Félix Braz, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtteg! Heimat maachen ech d'Sitzung op a froen d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Neen, Här President, dat ass net de Fall.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da gi mer direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwer.

Déi Motioun, déi an där leschter Sëtzungswoch abruecht gi war vum Här Léon Gloden iwwert de Platzverweis, ass effektiv an der Kommissioun diskutéiert ginn. An et ass och an der Kommissioun proposéiert ginn, fir se dann haut op den Ordre du jour ze setzen. D'Presidentekonferenz huet deem Rechnung gedroen.

Dir wësst, wéi d'Diskussiounen iwwer Motiounen oflafen: Den Auteur huet fënnef Minutten an déi verschidde Fraktioune respektiv Sensibilitéiten hunn der ebenfalls fënnef respektiv zwou. An d'Regierung huet fënnef Minutten, fir ze äntwerten. D'Wuert huet dann elo direkt den Auteur, den Här Léon Gloden.

2. Motion de M. Léon Gloden relative à l'ajout de l'instrument dit du «Platzverweis» dans le projet de loi n°7045 portant réforme de la Police grand-ducale

(Motion déposée en séance publique n°21 du 19 janvier 2017 - à consulter au compte rendu n°8/2016-2017 en page 275)

Exposé

M. Léon Gloden *(CSV), auteur.*- Merci, Här President. Merci och, datt déi Motioun dunn esou schnell elo konnt hei am Plenum erëm diskutéiert ginn. Dir hutt et richteg gesot: Den 19. Januar hu mer se hei am Plenum déi éischte Kéier diskutéiert, an duerno op Propositioun vun der DP, nodeem de Kolleeg Max Hahn sech och fir de Platzverweis ausgeschwat huet, hu mer déi Motioun dunn an der Kommissioun diskutéiert.

Ech rappeléiere kuerz hei: Et geet drëm, mam Platzverweis mat enger onbürokratescher Mesure schnell um Terrain am ëffentleche Raum ze handelen, wann d'Biergerinnen an d'Bierger an hirem subjektive Sécherheetsgefill affektéiert ginn. Et ass vill hei driwwer diskutéiert ginn an der Chamber, an de Medien. Fir d'CSV geet et drëm, mat dëser Mesure de respektvolle Mateneen am ëffentleche Raum ze garantéieren.

Ech ginn dem Justizminister recht, wann e seet, hei géif keng Infraktioun a bestëmmte Fäll virleien. Dat ass richteg. Mä et gëtt Situatiounen am ëffentleche Raum, wéi zum Beispill aggressiivt Heeschen, wéi zum Beispill Bande vu Leit, duerch déi Fraen, eeler Leit sech subjektiv onwuel fillen. Et geet drëm, datt jiddweree kann am ëffentleche Raum sech ophalen, ouni mussen Angscht ze hunn.

Et ass och richteg, datt dës Mesure eleng net de soziale Problemer gerecht gëtt, mat deenen déi Leit konfrontéiert sinn. Dofir begréisse mir och all sozial Mesuren. Mä déi sozial Mesurë ginn haut net duer a wäerten och an Zukunft net duergoen. An d'Argument, fir ze soen: „Nëmme sozial Mesuren", dat ass net richteg, well zum Beispill och an der Bekämpfung vun den Droge ganz vill sozial Mesurë geholl ginn, an et awer e Fakt ass, datt mer nach ëmmer mat Drogekriminalitéit konfrontéiert sinn.

Ech erënneren och nach eng Kéier drun, datt de Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg fir d'Éischt an engem Courrier 2013, ënnerschriwwe vum deemolege Stater Buergermeeschter, dem Här Xavier Bettel, haut Statsminister, gefrot huet, fir de Platzverweis ze kréien.

Ech erënneren och nach eng Kéier un en Interview vun der Stater Député-maire, der Madamm Lydie Polfer, wou se gesot huet: „Et geet ëm d'Strummerten an der Stad." An ech zitéieren: „Dofir maachen ech wierklech e waarmen Appell un all d'Autoritéiten, déi hei Kompetenzen hunn, fir hei zesummen ze wierken, fir datt mer déi do Situatioun an de Grëff kréien, well dat do gëtt vun de Leit als eng Ofdankung vun der ëffentlecher Muecht oder Uerdnung ugesinn, an dat si geféierlech Momenter an enger demokratescher Gesellschaft."

Deen Interview, Här President, ass net vun anno Tobak, deen Interview ass vum 20. Juli 2016.

Et ass hei scho gesot ginn, an och an der Kommissioun, datt den Artikel 37 vum Polizeigesetz do wier, fir kënnen d'Leit ewechzespären. Em wat geet et hei, Här President? Hei geet et ëm eng Détention administrative, wou ee kann d'Leit ewechspäre bis zu Maximum zwielef Stonnen. Am Kader vun der Polizeireform gëtt dësen Artikel preziséiert.

De Polizeiminister huet mer virgehäit, datt ech géint déi Äermst vun den Äermste wier mat dëser Mesure. Ech stelle fest, no den Aussoe vu Regierungsvertrieder, datt d'Regierung hei déi Äermst vun den Äermste wëllt einfach ewechspären. Mir si fir eng soft Mesure, fir…

(Brouhaha)

…duerch eng punktuell Mesure e punktuelle Problem…

(Interruption)

Jo, jo. „Oh Gott, oh Gott"! Wann een Iech, Här Minister, mat Ären eegene Wierder wëllt schloen, dann ass et op eemol „oh Gott, oh Gott". Ech sinn alt frou, datt Der eiser Härgott da rufft!

(Hilarité)

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Léon Gloden *(CSV), auteur.*- Den Artikel 37, sou ass eis gesot ginn an der Kommissioun, dee wier bis elo net applizéiert ginn an der Praxis. An do wier eng Nott erausgaangen an Zesummenaarbecht mam Parquet, fir de Polizisten um Terrain ze soen, datt deen Artikel 37 misst applizéiert ginn.

Här President, ech iwwerreechen Iech hei e Bréif vun der CSV-Fraktioun, wou mer éischtens froen, fir déi Nott ze kréien. Mir hunn dat an der Kommissioun och gefrot. Mir hu se bis haut nach net kritt. Zweetens stelle mer eis d'Fro, ob eng Interpretatioun vun esou engem Artikel mat enger Note de service ka geschéien. Well ech erënneren un den Artikel vun der Verfassung, dee seet: «L'interprétation des lois par voie d'autorité ne peut avoir lieu que par la loi.» Ech iwwerreechen Iech heimadder dee Bréif.

(M. Léon Gloden dépose une lettre sur le bureau de la présidence.)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dir misst elo esou lues zur Konklusioun kommen.

M. Léon Gloden *(CSV), auteur.*- Jo. Ech stellen och fest, datt all d'Autoritéite vun der Police, déi fréier Autoritéiten, de Syndikat, d'Croix-Rouge dës Mesure begréissen.

(Interruption)

Ech stelle fest, datt d'DP ëmmer dofir war. An elo, mam Argument, well et net am Koalitiounsaccord steet, gi se hei vun deenen aneren zwee Koalitiounspartner zréckgepaff.

Mir als CSV wäerten dës Motioun stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Déi éischt Interventioun kënnt vun der Madamm Claudia Dall'Agnol.

Discussion générale

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP).*- Merci, Här President. Ech hu leider haut keng Foto, kee Bréif fir Iech. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, d'CSV huet eis eng Motioun zum Thema Platzverweis presentéiert, wou se an der Motioun awer eng ganz aner Argumentatiounslinn verfolgt wéi déi, déi mer deemools beim Débat iwwert d'Sécherheet hei am Land op der Tribün eraushéieren hunn. Well deemools, viru ronn zwou Wochen, huet de Léon Gloden de Platzverweis nach an de ganz direkten Zesummenhang mat den Heescherten hei op der Tribün bruecht.

(Interruption)

Mir als Sozialisten…

Also ech hunn de Verbatim erausgeschriwwen! Ech kann Iech en och gären iwwerreechen - wann Dir och e Bréif wëllt - oder ech kann e virliesen. Ech hu leider nëmme fënnef Minutten, fir drop anzegoen. Wann Der mer der zéng gitt, da liesen ech Iech e ganz gäre vir.

Mir als Sozialisten, an dat hu mer scho méi dacks gesot, gesinn d'Heescherten awer virun allem als e soziale Problem, deem een och duerch sozial Mesurë begéine muss, an net primär als e Sécherheetsrisiko. An dat sot den Här Gloden jo och virdru selwer: Et ass eigentlech e subjektiivt Sécherheets- oder Onsécherheetsgefill bei de Leit.

Et soll een also ee fir allemol domadder ophalen, de Platzverweis am direkten Zesummenhang mat der Mendicitéit ze nennen. Well dee Problem, dee léise mer net doduerch, just well mer elo e Platzverweis géifen aféieren. Well och, wann een aarm ass, an ech mengen, dat misst eis alleguerten aliichten, huet een och d'Recht, sech op der Place publique opzehalen!

An iwwregens huet d'Policegewerkschaft, den SNPGL, an hirem Avis zur Policereform ganz

kloer gesot, dass se de Platzverweis net wéilt, fir géint d'Heescherte kënne virzegoen, mä si schreift an hirem Avis: «L'objectif d'une telle mesure ne devrait pas être celui de faire éloigner tout mendiant de la rue. La mesure devrait viser des cas particuliers de personnes se comportant de manière agressive, provocante ou asociale, donc des personnes qui compromettent l'ordre, la sécurité ou la tranquillité publique.»

(Interruption)

An der Motioun gëtt dann awer op eemol, sou wéi och elo just den Här Gloden hei op der Tribün sot, och vun der CSV dann anescht argumentéiert, näämlech, dass mer de Platzverweis bräichten, fir d'Sécherheet an d'ëffentlech Uerdnung ze erhalen, andeems Leit, déi den Ordre public stéieren, kënne vun enger gewëssener Plaz verwise ginn.

D'Police huet awer haut, elo schonns, déi néideg Moyenen, fir géint genau esou Persoune kënne virzegoen. D'Police ka laut dem Artikel 37 vum aktuelle Policegesetz eng Persoun mathuelen, déi d'ëffentlech Uerdnung stéiert, a se fir bis zu zwielef Stonnen op enger sécherer Plaz festsetzen. An dës Mesure ass och am neie Policegesetz nees virgesinn, wou den Artikel 20 souguer nach méi genau definéiert, wien domat viséiert ass, näämlech all Persoun, déi entweder den Ordre public stéiert oder fir anerer oder sech selwer souguer eng Gefor duerstellt.

Wann eng Persoun also wierklech den Ordre public op eng Aart a Weis stéiert, dass d'Police muss agräifen, da mécht dës Mesure och vill méi Sënn wéi just de Platzverweis. Well, wie kontrolléiert, dass déi Persoun net einfach erëm op déi Plaz zréckkënnt, nodeem d'Police fort ass? D'Police ka jo net do campéieren a bleiwen, fir ze kucken: Kënnt deen erëm…

M. Léon Gloden *(CSV), auteur.*- Dat hutt Der och bei der Détention administrative no 12 Stonnen.

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP).*- …oder stéiert en einfach op der nächster Plaz erëm den Ordre public? An d'Police muss em dann duerch d'ganz Stad nolafen. Schleefe mer se vum Alima dann elo bei de Match a vum Match dann herno erëm eng Kéier bei den Aldi?

An dann, ass de Platzverweis herno eriwwer, dann ass et Rebelote! Da sëtzt en erëm op der éischter Plaz - kommt, mir soen dann elo ebe beim Alima, well ech domat ugefaangen hunn! -, an dat e puer Stonnen oder den Dag drop!

An ech mengen, d'Madamm Beissel, an ech hoffen, ech zitéiere se elo korrekt, déi huet um Radio ganz richteg gesot: „D'Police hätt gär de Platzverweis, mä wat maache mer mat de Leit?"

Et ass also nëmmen eng Scheinléisung, de Platzverweis, mat där mer de Leit, déi sech vun der Mendicitéit gestéiert fillen, Sand an d'Ae streeën.

M. Léon Gloden *(CSV), auteur.*- Dat ass bei der Détention administrative och de Fall!

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP).*- Mir kruten och an der Chamberskommissioun d'lescht Woch gesot, dass d'Policedirektioun zënter Kuerzem Ausféierungsbestëmmunge fir deen Artikel 37 ausgeschafft huet.

D'Fro also, an ech mengen, dat ass dat, wat den Här Gloden da sécher mat sengem Bréif wëllt bezwecken, ass: Sinn déi um Terrain ukomm? Huet all Polizist Kenntnis vun deenen Ausféierungsbestëmmungen? Well och mir als Sozialiste verstinn natierlech d'Suerg vun der Policegewerkschaft, dass si net wëllen, dass d'Roserei sech herno un hinnen, un all eenzelnem Polizist um Terrain ausléisst, wa si sech un d'Gesetz halen. D'Regele mussen also kloer si fir all Polizist, wéi deen Artikel 37 vun elo un ze handhaben ass.

Mir wäerten dës Motioun, dat hutt Der elo eraushéieren, net stëmmen, well et an den Ae vun de Sozialiste keng Schan ass, aarm ze sinn a keen Doheem ze hunn. A wann ee soss näischt mécht, wéi ëm Almosen…

(Brouhaha général)

…ze biedelen, dann ass dat kee Verbriechen, Dir Dammen an Dir Hären! Et ass kee Verbriechen an dësem Land, aarm ze sinn!

(Brouhaha général)

Mä et ass u sech scho schlëmm genuch, dass et an engem sougenannte räiche Land wéi Lëtzebuerg eigentlech néideg ass, dass se dobausse musse biedelen!

Une voix.- Trotz der gudder Regierung!

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP).*- An dofir solle se dann och nach verhaft ginn a verdriwwe ginn! Just well se aarm sinn!

(Protestations)

M. Léon Gloden *(CSV), auteur.*- Eben net! Dir verhaft d'Leit! Dir verhaft déi Aarm!

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP).*- Här President, ech hat gemengt, ech hätt ganz eleng d'Wuert nach ëmmer.

Zweetens, well mer, wéi gesot, mat enger Pseudomesure de Leit kee Sand an d'Ae wëlle streeën, well mer dovunner ausginn, dass, wann d'Direktioun, de Parquet an déi zwee Ministeren - mä ech mengen, déi wäerten herno selwer nach drop agoen - eis an der Chamberskommissioun soen, dass d'Ausféierungsbestëmmunge fir den Artikel 37 elo kloer sinn, mer der Meenung sinn, dass mer deem och sollen eng Chance ginn. An d'Reform mam neien Artikel 20, déi léisst jo och net méi laang op sech waarden.

Domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Wuert huet elo direkt den Här Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP).*- Merci, Här President. Den Här Gloden, den Auteur vun där heiter Motioun, huet sech elo virdrun a senger Interventioun vill Méi ginn, fir op dee ganzen Historique zréckzekommen, wéini dann iergendee Vertrieder vu menger Partei, och dann am rezenteste Fall meng Perséinlechkeet, sech da fir de Platzverweis ausgeschwat huet. Félicitatioun! Dir waart nach net ganz komplett. Et hätt ee sécher nach ganz vill aner Beispiller kënne fannen an nosichen.

D'DP sot ëmmer, an dozou steet se haut och nach, dass de Platzverweis eng vu ville Mesurë ka sinn, fir d'Sécherheetssituatioun hei zu Lëtzebuerg ze verbesseren. Nach ass et esou, dass dat eng Mesure ass, déi net am Koalitiounsprogramm zréckbehale ginn ass,…

(Brouhaha)

…an nach ass et esou, dass eis Regierung eng ganz Rei aner Piste proposéiert huet, déi se deelweis schonn entaméiert huet, fir d'Situatioun vun der Sécherheet ze verbesseren, respektiv déi elo och am Policegesetz virgesi sinn, fir dat och nach auszebauen. Et muss ee selbstverständlech deem Ganzen eng Chance ginn. Dat wäerte mer maachen.

Mir hunn absolutt Vertrauen an eisen zoustännege Minister an eis Regierung, dass déi Mesuren och wäerten um Terrain gräifen. An an deem Sënn wäert d'Demokratesch Partei déi heite Motioun och net matstëmmen.

Plusieurs voix.- Oh!

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Madamm Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Merci, Här President. Et ass meng Missioun haut, fir Iech ze soen, firwat déi gréng dës Motioun net wäerte stëmmen a firwat déi gréng och géint e Platzverweis sinn.

Et gëtt dräi prioritär Grënn dofir. Deen éischten ass, well et ons evident schéngt, datt de Platzverweis keng Plus-value ass, fir dem Trouble à l'ordre public entgéintzewierken. Déi Moossnamen, déi et gëtt, an ech widderhuele se net, si sinn och scho virdrun zitéiert ginn, ginn onser Meenung no duer, fir wann een, egal wien et och ass - egal wien et och ass! - en Trouble à l'ordre public begeet, fir deen erëm zur Räson ze bréngen.

Zweet Argument ass, datt de Platzverweis eigentlech just eng Symptombekämpfung ass an eng Problemverlagerung ass. E bréngt keng Léisungen! E verschiibt d'Problemer vun A op B.

Drëtt Argument, wat eigentlech méi spezifesch op d'Erklärung geet vun der Motioun duerch hiren Auteur oder hire Vertrieder, den Här Gloden, an och déi Diskussiounen, déi d'lescht Kéier an och haut zum Deel hei stattfonnt hunn, dat ass déi Referenz op d'Strummerten, op d'Sans-abrien, datt dat awer géif stéieren, datt dat Trouble à l'ordre public wär an datt deem misst entgéintgewierkt ginn.

Fir ons, déi gréng, ass dat eng Stigmatiséierung vu soi-disant enger Kategorie vu Mënschen, déi awer onser Gesellschaft ugehéieren. A mir sinn, par définition, géint esou Stigmatiséierunge vu Mënschen aus onser Gesellschaft. Dat ass fir déi gréng en No-Go.

Wat mir awer och ënnerstëtzen, dat si sozial Léisungen an deem Kontext. A wann ech elo hei stinn, fir Iech dat ze soen, dann ass et, well ech net wëll iwwer theoretesch sozial Léisunge schwätzen, mä iwwer praktescher, an zwar als ee Member vum Stater Gemengerot, wou mer där Saach hu missen entgéintkucken, well et jo gewosst ass, datt net nëmmen, mä notamment an der Stad sech ganz vill sozial Problemer op ee Koup befannen, soudatt notamment, mä net nëmmen och de Stater Schäfferot sech säit Joren a Jorzéngte mat där Problematik, mat där sozialer Problematik, déi an der Stad stattfënnt, „vun…bis…", ausenanersetzt.

Wat hu mer gemaach? Mir hunn ons zesummegesat mat der Police, mat der Justiz. Mir hunn ons zesummegesat tëschent Gemengen a Stat, notamment mat deene Ministèren, déi zoustänneg si fir sozial Mesuren. Et ass am Laf vun de Joren, awer an deene leschte Joren e bësse méi aktiv gekuckt ginn, mat de Leit vum Terrain, fir de Grupp vun de Streetworker substanziell ze erhéijen, fir Dages- an Nuetsshelteren anzeféieren op verschiddenen Ecke vun der Stad Lëtzebuerg.

An et ass och versicht ginn, weiderzedenken, wéi ee kann ons Gesellschaft an der Stad esou organiséieren, datt mer eigentlech mat där Grupp vu Leit, déi, wéi aner Gruppe vu Leit, net wäerten aus enger Gesellschaft ewechzedenke sinn, wéi mer kéinten esou gutt wéi méiglech mat deenen zesummeliewen, voire och versichen, fir se e Stéckelche méi erëm an ons Gesellschaft ze integréieren.

A fir ofzeschléisse géif ech ganz gären déi, déi Der zitéiert hutt, d'Madamm Député-maire vun der Stad Lëtzebuerg zitéieren, déi d'lescht Woch, mengen ech, oder dës Woch nach, de Méindeg gesot huet,…

Une voix.- Si kann och selwer schwätzen…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- … datt de Stater…

(Interruptions diverses)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- D'Madamm Polfer soll eis soen, wat se dovunner hält!

Mme Lydie Polfer *(DP).*- Mä lauschtert der Madamm Loschetter no!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här Kartheiser, ech si Member vum Stater Schäfferot.

Plusieurs voix.- Ah!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- An ech sinn hei amgaangen, d'Buergermeeschtesch ze zitéieren, fir ze soen,…

(Brouhaha)

(Interruption par Mme Lydie Polfer)

Plusieurs voix.- Ah!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- … wat ons Positioun ass. Well et ass ganz genau virun allem ënnerstëtzt och vun allen anere Memberen, mengen ech, vum Gemengerot, datt d'Madamm Buergermeeschtesch an ech déi ganz vill Schrëtt gemaach hunn déi lescht Joren!

An d'Léisung, déi ass ganz einfach, de Stater Schäfferot ass fir…, ech probéieren ze zitéieren: „Mir si fir d'Léisunge vun engem gesonde Mënscheverstand." An de gesonde Mënscheverstand hu mir an deene leschte Wochen a Méint ausgeüübt, andeem mer genau dat do gemaach hunn, wat ech Iech elo opgezielt hunn: andeem mer zesummegeschafft hu mat alle concernéierten Instanzen!

Well ech kann Iech och soen: Zesummeschaffen a vernetzt schaffen bréngt ons och all Kéiers e Stéck virun, an déi Saach vum gesonde Mënscheverstand um Terrain. An et ass eigentlech traureg, datt mer hei mussen iwwer eng Motioun diskutéieren, wou gemengt gëtt, et misst ee sozial Problemer mat engem Platzverweis, mat repressive Methode léisen.

Ech schumme mech dofir! An dofir sinn ech frou, datt ech konnt haut dat do…

(Brouhaha général)

…esou soen an Iech entgéintwierken, wat Dir fir komesch Proposen hutt, fir sozial Problemer an onser Gesellschaft ze léisen!

Plusieurs voix.- Oh!

D'autres voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een dës Debatt nolauschtert, da stellen ech mer op jidde Fall eng Fro: Steet dës Regierung op der Säit vun de Bierger, déi subjektiv oder objektiv…

(Brouhaha)

Sécherheetsproblemer hunn? Steet dës Regierung op der Säit vun der Police, déi sech all Dag asetzt, fir d'Sécherheet vun der Gesellschaft ze garantéieren? Oder steet se op der Säit vun deenen, déi eng Gefor fir eis Gesellschaft duerstellen?

(Interruptions)

Well et geet net hei ëm e soziale Problem bei den Heescheleit, well op deem Punkt wäre mer eis eens. Do gëtt et keen hei an dëser Chamber, deen e sozial haart Häerz hätt.

(Interruptions)

Et geet ëm Attroupementer, et geet ëm Hooligan, et geet ëm Leit, déi vläicht e Sécherheetsrisiko fir aner Leit duerstellen. Et geet och fir verschidde Leit ëm déi dauernd Nuisancen, déi organiséiert Heescheleit verursaachen, kënne mat sech bréngen.

Et geet drëm, emol fir d'Éischt éierlech ze soen, ëm wat et geet bei dëser Problematik, an net esou ze probéieren, als wär et e renge soziale Problem, wou elo Leit mat engem haarden Häerz sech géifen opposéieren. Et geet ëm e legitimme Sécherheetsinteresse vun dëser Gesellschaft.

Ech kann och net novollzéien, datt d'Vertriederin vun de Sozialisten heihinnerkënnt an da seet, den Artikel 37, dee wär op eng Manéier ausgedäitscht ginn - déi ee kann diskutéieren an d'CSV huet dat och elo gemaach -, an dann awer net higeet a seet, datt een och de Platzverweis kéint legal esou organiséieren, datt en déi Effikassitéit mat sech bréngt, déi e brauch. Och de Platzverweis kann a Stufe gebraucht ginn. Och de Platzverweis ka mat Sanktioune beluecht ginn, déi manner schwéier si wéi déi zwielef Stonnen ewechspären, déi Dir eis iwwert den Artikel 37 oder den Artikel 20 proposéiert, en Artikel, vun deem d'Polizeigewerkschaft ganz kloer an iwwerzeegend duerleet, datt en de Problem eben net léist.

D'Situatioun ass déi heiten: Dës Regierung wëllt aus Grënn, déi obskur sinn, déi kee Mënsch ka logesch novollzéien, engem Sécherheetsbedürfnis vun der Gesellschaft net mat enger effikasser Moossnam begéinen, géint de Rot vun der Polizeigewerkschaft, géint déi kloer Iwwerzeegung vun engem groussen Deel vun eiser Populatioun, géint alles, géint alles, wat och e Sozialgewësse mat sech bréngt!

Wann Dir sot, datt e Sozialgewëssen dat ass, fir nozekucken, wann organiséiert Heeschebande moies iwwert d'Grenz kommen, wou Leit exploitéiert ginn, an dat wär e soziale Problem, dann hutt Der vläicht 5% vun der Wierklechkeet beschriwwen, vun engem Problem, deen och vill mat Exploitatioun ze dinn huet a vill mat Problemer, déi ganz anerer Natur sinn, an eng Exploitatioun vun enger sozial schwaacher Kategorie mat sech bréngt. Mir sollten als Stat iwwerleeën, wéi mer dogéint virginn, an net, wéi mir déi nach duerch eng Passivitéit ënnerstëtzen, déi dës Regierung weist.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här David Wagner huet d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Och wann d'Parteie vun der Bourgeoisie, d'CSV an d'ADR, der Meenung sinn,…

(Exclamations)

…der Meenung sinn,…

(Brouhaha et interruptions)

Et ass ëmmer interessant ze gesinn, wat Är Suerge sinn!

…der Meenung sinn, datt Aarmut e Verbriechen ass, si mir der Meenung…

(Brouhaha)

…si mir der Meenung, datt d'Aarmut soll bekämpft ginn, an net déi Aarm. An dat ass a Wierklechkeet jo dat, wat sech derhannert verstoppt.

Virdrun huet den honorabelen Deputéierte vu Gréiwemaacher jo gemengt, vill eeler Leit a vill Fraen hätten Angscht virun Heescherten. Dat ass e Classicum, fir ëmmer eeler Leit a Fraen als Alibi ze huelen, fir alles ze justifiéieren. Ech kennen och vill eeler Leit, ech kenne vill Fraen, ech kennen och vill eeler Fraen, a franchement, déi zidderen net…

(Brouhaha général)

…déi zidderen net,…

(Brouhaha et hilarité)

…déi zidderen net all Kéiers, soubal se en Heeschert gesinn! Ech mengen, et däerf een net dovunner ausgoen, datt d'Leit ëmmer prinzipiell Angscht hu viru Pseudoproblemer. Am Géigendeel, meeschtens sinn dat och nach déi Leit, déi hinnen eng Mënz ginn.

Fir anerersäits zum Platzverweis ze kommen, dovunner ofgesinn, et si scho vill Argumenter komm, fir dergéintzeschwätzen, deene mir eis och ralliéieren, well et souwisou keng Léisung

ass vis-à-vis vun engem Problem. De Problem ass jo d'Aarmut an net déi Arem.

Mä anerersäits ass et och nach en Instrument, wat relativ geféierlech kéint ginn, well et kéint jo nach ausgeweit ginn, fir sous aucune forme de procès, ouni Protokoll kënnen, deemno wéi, Leit oder Gruppe vu Leit vun enger Plaz op déi aner ze bewegen. An ech mengen, och déi leschte Kéier, wou mer doriwwer geschwat haten, hat den Här Kartheiser jo och schonn drop opmierksam gemaach, datt een dat vläicht kéint nach ausdeenen. An ech weess net wou: vläicht fir Manifestatiounen, oder deemno wéi, wou Indésirabeler wieren?

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Amendement 8

A mir géifen dann zum aachten Amendement kommen, deen den Artikel 62 mat engem Punkt 3 wëllt ergänzen.

Vote sur l'amendement 8

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

3-mol Jo, 57-mol Nee. Domat ass och den Amendement 8 verworf. Dat heescht, mir bleiwe bei deem Text, wéi e vun der Kommissioun presentéiert ginn ass.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen,

Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir kënnen dann elo iwwert de gesamte Projet 6977 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6977 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Et ass also den Ensembel vum Projet iwwert d'Nationalitéit. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Do ass d'Resultat ëmgedréit: 57-mol Jo an 3-mol Nee. Domat ass de Projet 6977 iwwert d'Nationalitéit mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Octavie Modert), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6974 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6974 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An och hei hu mer elo alleguer ofgestëmmt.

An d'Resultat ass datselwecht wéi beim viregte Projet: 57-mol Jo… Ah nee, net 3-mol Nee, mä 3-mol Abstentioun. Domat ass och de Projet 6974 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Gëtt och hei d'Chamber de Go, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, deen zousätzlech Garantië wëllt bei der Procédure pénale schafen. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Alex Bodry.

4. 6758 - Projet de loi renforçant les garanties procédurales en matière pénale portant:

- transposition de la directive 2010/64/UE du 20 octobre 2010 relative au droit à l'interprétation et à la traduction dans le cadre des procédures pénales;

- transposition de la directive 2012/13/UE du 22 mai 2012 relative au droit à l'information dans le cadre des procédures pénales;

- transposition de la directive 2013/48/UE du 22 octobre 2013 relative au droit d'accès à un avocat dans le cadre des procédures pénales et des procédures relatives au mandat d'arrêt européen, au droit d'informer un tiers dès la privation de liberté et au droit des personnes privées de liberté de communiquer avec des tiers et avec les autorités consulaires;

- transposition de la directive 2012/29/UE du 25 octobre 2012 établissant des normes minimales concernant les droits, le soutien et la protection des victimes de la criminalité;

- changement de l'intitulé du Code d'instruction criminelle en «Code de procédure pénale»;

- modification:

- du Code de procédure pénale;

- du Code pénal;

- de la loi du 7 juillet 1971 portant en matière répressive et administrative, institution d'experts, de traducteurs et d'interprètes assermentés;

- de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

- de la loi modifiée du 20 juin 2001 sur l'extradition;

- de la loi modifiée du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne

Rapport de la Commission juridique

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dëse Projet de loi huet als Zil, d'Prozedursgarantien am Strofrecht ze verstäerken. Alles dréit sech ëm d'Rechter vun der Défense - vun der Verteidegung -, d'Rechter vun deenen, déi am Verdacht sti respektiv ugeklot sinn, eng Strofdot vollbruecht ze hunn, d'Rechter vun den Affer och. Et ass also e wichtege Projet, well en eigentlech den Nerv behandelt vun eise Strofprozesser a vun eiser Instruction pénale.

Formal gesi geet et hei haaptsächlech ëm d'Transpositioun vun insgesamt véier Direktiven, déi op d'Joren 2010, 2012 an 2013 zréckginn. Si ginn also an nationaalt, an d'Lëtzebuerger Recht mat deem heite Gesetz ëmgesat. D'Texter vun eiser Strofprozessuerdnung ginn ofgeännert a vervollstännegt, an dat an engem net onwesentleche Mooss.

Déi éischt siichtbar Konsequenz vun deem heite Gesetzesprojet wäert sinn, dass mer eis vun eisem ale Code d'instruction criminelle verabschiden, deen ëmgedeeft gëtt an den „Code de procédure pénale", well dat och éischter déi richteg Terme si par rapport zu deem kodifizéierten Text, well dee geet jo méi wäit wéi déi eigentlech Instruction criminelle.

Mä hannert där Titelännerung verstoppt sech nach vill Inhaltleches. Si ass also nëmmen d'Spëtz vum Äisbierg, wann ech dat kann esou soen. Fundamental Annerunge vun enger Rei vu Regele vun eise Strofrechtsprozeduren, all ouni Ausnam am Sënn vun enger moderner Justiz, bei där de Justiciabel zousätzlech Rechter zougestane kritt, fir och d'Rechter vun der Défense, d'Rechter vum Affer eropzesetzen, alles dat gëtt gestäerkt am Sënn vun engem faire Prozess. Et geet hei ëm eng fair Strofinstruktioun an e faire Strofprozess.

Duerfir hu bis elo eng Rei vu Regele gesuergt, déi mir hei zu Lëtzebuerg an eisem nationale Recht an eisem ale Code d'instruction criminelle stoen hunn, mä awer och Jurisprudenzen. Notamment Jurisprudenze vun dem Europäesche Geriichtshaff vun de Mënscherechter hunn derzou gefouert, dass déi besteeënd textuell Garantien, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, eigentlech och schonn elo ausgedeent si ginn an der Praxis, fir ebe sécherzestellen, dass déi Aart a Weis, wéi hei zu Lëtzebuerg penal Instruktioune verlafen, am Sënn si vun deene Rechter, déi garantéiert sinn, och duerch d'Europäesch Konventioun vun de Mënscherechter. An et ass déi Europäesch Konventioun vun de Mënscherechter an déi Jurisprudenz, déi sech drop gréfféiert huet, déi och Grondlag war, de Point de départ war vun deenen europäeschen Direktiven, déi mer haut probéieren an eist Nationalrecht ëmzesetzen.

D'Recht op e faire Prozess, op eng fair Instruktioun beinhalt d'Recht op de Bäistand vun engem Affekot, an dat praktesch vun Ufank un, souguer scho bei enger Enquête préliminaire. De fräien Zougang zum Dossier, d'Recht op d'Traduktioun vun de wichtegste Pièce vun enger Instruktioun, d'Recht op d'Interpretatioun bei mëndlechen Unhéierunge vu Verdächtegen a vu Beschëllegten, e Statut vum Affer, dat zousätzlech Rechter zougesprach kritt, an en Astig iwwert deen heiten Text an déi sougenannt Justice réparatrice oder restaurative, alles dat ass innerhalb vun dësem Gesetzesprojet, deen also net wäert ouni gréisser praktesch Auswierkungen op den Oflaf vun eise Strofinstruktioune bleiwen.

E stäerkt d'Situatioun vun der Verteidegung, erméiglecht fair Enquêten a Strofprozesser, bréngt awer och de Risiko vu Prozedurkricher, vu Verlängerungen, vun Instruktiounsprozeduren an och de Risiko vun Annullatioune vun Deeler vun Instruktioune mat sech. Däers muss ee sech bewosst sinn. An den Ae vun der Kommissioun ass et awer esou, dass mer der Meenung sinn, dass een, fir déi grouss Prinzipien ze realiséieren, och déi dote méiglech Risike muss bereet sinn a Kaf ze huelen, well de Prinzip einfach dee richtegen ass: De Prinzip vun enger fairer Instruktioun a vun engem faire Strofprozess.

Käschtenneutral wäert deen heiten Text och net sinn. De Minister huet eis an der zoustänneger juristescher Kommissioun och matgedeelt, wéi mer eng éischte Kéier doriwwer diskutéiert hunn, dass d'Regierung dovunner ausgeet, dass de Budgetsimpakt eleng von den Iwwersetzungskäschten, also Traduktioun wéi och Interpretatioun, mat aacht bis zéng Milliounen Euro kéint zu Buch schloen. Dat ass net näischt!

De Projet de loi ass den 23. Dezember 2014 vum Justizminister Braz deponéiert ginn. Den éischten Avis koum vum Statsrot den 2. Juni 2015. D'Regierung huet eng Rei vun Amendementen agereecht, fir deem Avis vum Statsrot Rechnung ze droen, fir awer och déi véiert Direktiv iwwert d'Rechter vun den Affer och nach mat iwwert deen heite Gesetzesprojet an d'Nationalrecht ze iwwerdroen. An d'juristesch Kommissioun huet sech eng éischte Kéier am Juni 2016 mat deem Projet befaasst, huet selwer zwee Amendementen eragereecht. Et goufen zwee Avis complémentaires vum Statsrot. A mäi Rapport ass de 25. Januar dëst Joer vun der Commission juridique ugeholl ginn.

Mir hunn, wéi mer eis Aarbechtsmethod an der Kommissioun definéiert hunn, dervun ofgesinn, fir hei en detailléierten Examen Artikel fir Artikel ze maachen, wat eng méiglech Optioun gewiescht wär. Mir hunn dovunner ofgesinn, well mer festgestallt hunn, dass de Regierungsprojet a senger ursprünglecher wéi och a senger amendéierter Form déi europäesch Direktive respektéiert, deelweis iwwert déi Direktive souguer an eenzelne Punkten erausgeet, wat d'Protektioun vun de Rechter vum Justiciabel ugeet, well déi Direktiv jo nëmme minimal Protektiounen a Strofprozesser an Instruktioune garantéiert. Dësen Text ass och zu 100% konform zum Text an zu der Jurisprudenz vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun an hire Geriichter.

Virun allem ass awer och deen heiten Text d'Resultat vun enger breeder Konzertatioun, déi am Virfeld gefouert ginn ass an déi och zum Deel vläicht erkläert, firwat déi Transpositioun vun deenen Texter hei mat engem gewëssene Retard geschitt: well déi Texter vun dem Projet hei d'Resultat si vun den Aarbechte vun engem Aarbechtsgrupp, deen agesat ginn ass ënnert der Féierung vum Justizministère, wou awer och de Parquet général, de Parquet vun Dikrech a vu Lëtzebuerg, wou de Cabinet d'instruction, d'Police judiciaire wéi och de Barreau vertratt waren.

Also all wichteg Akteuren, déi mat där doter Matière ze dinn hunn, hu mat un deem heiten Text geschafft, wou et drëm gaangen ass, méi en allgemengen Text vun der Direktiv och wierklech relativ detailléiert a prezis an eise Code d'instruction criminelle, an Zukunft genannt „Code de procédure pénale", ze integréieren.

Dat war keng einfach Aufgab, well d'Texter vun enger Direktiv sinn dat eent, a se dann anzefügen an der Kohärenz vun engem besteeënde Code hei zu Lëtzebuerg, dat ass eppes aneschters. A selbstverständlech bleiwen och nach ëmmer déi eng oder aner Punkten, wou Interpretatiounsspillraum besteet. Et war net méiglech - an déi aner Länner, déi et ëmgesat hunn, wéi d'Fransousen, hunn dat och net fäerdegbruecht -, fir all Interpretatiounsspillraum hei erauszekréien. Mä et ass wierklech probéiert ginn, esou prezis wéi méiglech déi eenzel prinzipiell Regelen hei an d'nationaalt Recht ze verankeren.

Ech hunn et schonn ugedeit: Dës Ëmsetzung an Nationalrecht war iwwerfälleg, well déi véier Direktiven hätte misse respektiv de 27. Oktober 2013, den 2. Juni 2014, de 16. November 2015 an de 27. November 2016 an eist Lëtzebuerger Recht ëmgesat ginn.

Well dat net geschitt ass, ass et awer bis elo esou gewiescht, dass déi Texter vun der Direktiv schonn deelweis Applikatioun fonnt hunn hei zu Lëtzebuerg, well et no der allgemeng gülteger Jurisprudenz op europäeschem Plang jo esou ass, dass, wann en Direktivtext prezis genuch ass, fir eng Application directe ze kréien - wann den Délai de transposition ëmgesat (veuillez lire: ofgelaf) ass -, da mussen eis Geriichter och deen Text vun der Direktiv applizéieren do, wou en ebe kloer genuch ass.

An dat ass net an alle Punkten de Fall gewiescht, mä awer op ville Punkten de Fall gewiescht, wat déi Direktiven hei ugeet, soudass also och schonn eis Geriichter an deene leschten zwee, dräi Joer d'Geleeënheet haten, fir déi Texter deelweis schonn ëmzesetzen an et och schonn zu Jurisprudenzen eigentlech opgrond vun deenen Direktiven net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och an anere Länner komm ass, déi och Schwieregkeeten haten, déi Texter an den Délaien an hiert nationaalt Recht ze iwwerhuelen.

Soudass een also net ka soen, dass doduerjer d'Rechter vun der Verteidegung, d'Rechter vun den Affer wierklech fundamental geschmälert gi wären, duerch dee Retard an der Transpositioun. Nach si mer eis eens, dass et ideal wär, wa mer all déi europäesch Texter, zemools wann et ëm Rechter vun eenzelne Leit geet, géifen an de virgeschriwwenen Délaien ëmsetzen.

A wann ee mierkt, dass een dat net fäerdegbréngt, da wären d'Länner vun der EU gutt beroden, fir aner Transpositiounsdélaien an d'Direktiven dann eranzesetzen, déi vläicht e bësse méi realistesch wäre wéi déi, déi schlussendlech festgehale gi sinn.

De Parquet général hat och Suerg, fir eben déi uniform Applikatioun vun deenen Direktivtexter elo schonn an deene leschte Joren ze respektéieren doduerjer, dass en eng Rei vun Instruktiounen erausginn huet, dass en eng Nott erausginn huet och un déi zoustänneg Instanzen, wou en erklärt huet, wat d'Haaptregele vun deenen Direktive sinn, notamment wat d'Interrogatoiren ugeet, wat d'Recht op Informatioun ugeet, dat deen eenzelne Bierger huet, deen entweder Affer ass respektiv eng Strofdot gemaach huet. An dat ass also och grosso modo an där leschter Zäit scho respektéiert ginn. Hei geet et drëm, dozou ze verflichten an dat prezis an eis Gesetzgebung ze integréieren.

An deem zweeten Deel vu mengem mëndleche Rapport wëll ech kuerz déi wichtegst nei Regelen ëmräissen. Fir de Rescht, mengen ech, verweisen ech op mäi schréftleche Rapport respektiv och op déi relativ exhaustiv Documentparlementairen, déi mer bei deem heite Projet de loi zur Verfügung hunn.

Ech wëll fir d'Éischt iwwert d'Victimme schwätzen, ier ech dann op déi nei prozedural Garantien aginn, déi fir verdächtegt oder ugeklot Délinquanten an Zukunft gëllen.

Wat d'Victimmen ugeet, do geet et ëm eng Direktiv vun 2012, déi mer hei ëmsetzen. Do geet et drëm, fir d'Rechter vun den Affer vu Strofdoten ze garantéieren. Si mussen iwwer

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

eng appropriéiert Protektioun verfügen. Si mussen unerkannt ginn, mat Respekt behandelt ginn an hunn e Recht op Bäistand - notamment juristesche Bäistand, mä net nëmme juristesche Bäistand - an och Zougang zur Justiz, Zougang och zu den Akte vun hirer Affär.

Wichteg ass, et ass d'Recht op Informatioun, wat se kréien: Also direkt, soubal se als Victime erkannt ginn, musse se iwwer hir Rechter informéiert ginn. Dat geschitt also direkt am Ufank vun der Prozedur an net eréischt an engem méi spéide Stadium. Dat kann also geschéie bei der Plainte, dat ka geschéien, wann d'Prozedur amgaang ass, dat kann och méi spéit geschéien.

Dat Recht op Informatioun vun den Affer geet wärend der Instruktioun bis zum Prozess weider, a souguer doriwwer eraus. D'Affer huet also och e Recht gewuer ze ginn, wéi zum Beispill eng Strof exekutéiert gëtt. Och dat sinn Informatiounen, déi kënnen zougedroe ginn.

Virun allem awer och, an dat ass eng Parallell zu deem zweete Volet vum Projet, deen also déi Beschëllegt an déi Ugekloten ugeet an enger Strofinstruktioun: Si hunn e Recht op Iwwersetzung, wat mëndlech Aussoen ugeet, also Interpretatioun, respektiv op Traduktioun vu schréftlechen Dokumenter.

Nei ass deen Artikel, deen elo an de Code de procédure pénale stoe kënnt iwwert d'Konzept vun der sougenannter Justice réparatrice oder restaurative, enger Aart Täter-Opfer-Ausgläich, deen net eent zu eent ze verwiesselen ass op jidde Fall mat der Médiation pénale. Hei geet et drëm, dass all Akteuren, dat heescht souwuel d'Affer wéi den Täter aktiv matschaffen un der Behiewung vu Problemer, déi an direktem Zesummenhang sti mat där Strofdot, déi gemaach ginn ass, besonnesch, mä net nëmmen, wat d'Reparatioun vun dem Préjudice ugeet. D'Zil ass et, dass dem Affer säi Schued behuewe gëtt, dass d'Réinsertioun vum Täter favoriséiert gëtt an dass de sougenannte gesellschaftleche Fridden, d'Paix sociale, erëm hiergestallt gëtt.

Et ass selbstverständlech, dass dat Instrument vun där Justice restaurative nëmme kann agesat ginn, wann all d'Parteien domadder averstane sinn. An esou eng Mesure de justice réparatrice kann an alle Stadie vun der Affär virgeschloe ginn, scho wärend der Enquête oder och eréischt souguer nom Uerteel.

Et ass momentan en Aarbechtsgrupp am Ministère de la Justice amgaang, fir en zesummenhängend Konzept fir Lëtzebuerg ze entwéckelen, wat déi doten nei Iwwerleeungen ugeet, déi mer am Usaz vläicht schonn hei hunn, mä wou awer och nach Professioneller sollen awierken, wou vun engem Agrément rieds ass. Also, et muss nach eng Mise en place vun deem ganze System an deenen nächste Méint geschéien, fir dass mer dat dote modernt Konzept, fir u sech en Täter-Opfer-Ausgläich ze fannen, dann och kënnen hei zu Lëtzebuerg propper ëmsetzen.

Wichteg ass och, dass mat deem heiten Text d'Notioun vun der Victime méi large definéiert gëtt, wéi dat haut an eiser Gesetzgebung de Fall ass. D'Victime ass eng Personne physique - et kann och eng Personne morale sinn -, déi e Schued erlidden huet, e materielle Schued oder e moralesche Schued, onofhängeg dovunner, ob se eng offiziell Deklaratioun oder souguer eng Plainte gemaach huet. Soubal e Schued festgestallt gëtt, dann ass ee Victime, och wann ee kee formalen Akt gesat huet. An da spillen eigentlech all déi Rechter, déi hei am Code de procédure pénale nei definéiert ginn, fir déi dote Victime.

Dat zum Volet vun den Affer. Ech kommen dann elo op deen zweete Volet hin. Dat sinn déi prozedural Garantië fir déi Leit, déi verdächtegt oder ugeklot sinn an enger Strofinstruktioun.

Dräi fundamental Rechter: d'Recht op Traduktioun, d'Recht op Interpretatioun, d'Recht op d'Assistenz vun engem Affekot, an och Zougang zum Dossier.

Wat de leschte Punkt ugeet, do ass bis elo déi Fro, wéi den Affekot assistéiert, bei eis an am Code d'instruction criminelle nëmmen am Beräich vun der Flagrance oder an der Hypothees vun der Flagrance geregelt. Duerch dëst Gesetz - iwwert d'Direktiv - gëtt dat elo ausgedeent och op d'Enquête préliminaire, op de Mandat de comparution an de Mandat d'amener. An all deene Fäll gëtt kloergestallt, wéi d'Assistenz vum Affekot auszegesinn huet. Dat Recht gëllt an alle Momenter, also och an dem absolutte Virstadium, deem vun enger Enquête préliminaire, wat jo nach keng richteg Instruktioun ass am eigentleche Sënn vum Wuert, déi kann zu enger Uklo féieren.

Dozou gehéiert natierlech och direkt, niewent dem Bäistand vum Affekot, den Zougang zum Dossier iwwert den Affekot. Dat ass e leidegt Thema, wat oft diskutéiert gëtt, tëschent den Affekoten an dem Parquet haaptsächlech, heiansdo och mam Juge d'instruction. An och hei gi mer eigentlech wäit, méi wäit wéi dat nach viru Joren hei zu Lëtzebuerg üüblech war. Och do gëllt, dass eigentlech dee Kontakt mam Affekot, wéi gesot, kann direkt virum éischten Interrogatoire stattfannen, dass en och do kann zwar keng Kopie vum Dossier kréien, mä e Bléck an den Dossier geheien. An e ka sech souguer och virum éischten Interrogatoire am Regelfall - et ginn och e puer Ausnamen - mat sengem Client konzertéieren.

(Interruption)

Dat war et awer laang net.

Et kann een also duerchaus soen, an dat huet de fréiere Procureur général a senger éischter Sitzung am Juni bei eis och esou duergestallt, dass duerch déi heiten nei Regelen dem Affekot seng Roll an der Prozedur méi staark gëtt, wéi dat traditionell hei zu Lëtzebuerg de Fall war, an doduerch natierlech och d'Verteidegung gestäerkt gëtt. An doduerch komme mer no an no vun engem inquisitoresche System, wéi hei zu Lëtzebuerg eist Strofrecht opgebaut ass, an d'Apparenz zumindest vun engem akkusatoresche System eran.

Wichteg Neierung ass och, dass d'Direktiv an doduerch och eisen Text hei virgesäit, dass een och kann ënner gewëssene Konditiounen eng Plainte maachen an engem anere Land, wéi wou d'Infraktioun geschitt ass, dass also do och eng Besserstellung eigentlech kënnt. Et kann een och d'Hoffnung ausdrécken, dass mat der fortschreidender Informatiséierung an Digitaliséierung och vun eisem Justizwiesen zumindest mëttelfristeg d'Fro vun der Kopie vun den Dossieren och besser ka geléist ginn, wéi dat haut nach de Fall ass. Dat muss e gemeinsamt Zil sinn.

Dat ass haut nach net ëmmer an deem gëeegente Mooss garantéiert. Och d'Avocats pénalistes, mat deenen ech als President vun der Kommissioun Kontakt hunn, hu mer gesot, dass et och schwéier ass fir en Affekot ze kontrolléieren, ob dann den Dossier wierklech komplett ass! E kritt gewëssen Dokumenter zougestallt. Mä sinn do all d'Dokumenter dran? Oder entdeckt en dat herno beim Prozess dann, dass nach dat eent oder anert Dokument him vläicht net zougestallt ginn ass? Wann alles bis informatiséiert an digitaliséiert ass, dann ass dat natierlech och kloer archivéiert. Da misst et méiglech sinn, fir och deenen dote Konfliktsituatioune kënnen aus dem Wee ze goen.

Ech kommen dann ze schwätzen op d'Fro vun dem Recht op Interpretatioun respektiv och op Traduktioun. Och dat ass eng ganz spannend Fro, och opgrond vun där méi komplexer Situatioun, wéi mer se hei zu Lëtzebuerg hunn! Do si mer erëm an der Sproochendiskussioun dran, also ëmmer e bëssen e minéierten Terrain. Mä interessant ass jo hei, dass mer no eisem Gesetz vu '84 effektiv notamment och am Justizberäich dräi Sproochen hunn, déi unerkannt sinn: Dat ass Lëtzebuergesch, et ass Franséisch an et ass Däitsch. An en fait, besonnesch och am Strofberäich ginn och déi dräi Sprooche regelméisseg gebraucht.

A wann ech mat Auslänner diskutéieren - an ech versichen ëmmer, déi Besonneschheet vun eiser Sproochesituatioun, eisem Sproochesystem duerzestellen -, huelen ech ëmmer dat Beispill aus der Justiz, aus der Penaljustiz, wou ganz oft d'Procès-verballe vun der Police nach ëmmer op Däitsch verfaasst sinn, wou u sech d'Affekoten d'Tendenz hunn, majoritär zumindest, op Franséisch ze plädéieren, a wou dann awer oft, wann Zeien derbäi sinn oder d'Leit selwer gehéiert ginn, déi Lëtzebuergesch schwätzen, och de Riichter mat hinne Lëtzebuergesch um Geriicht schwätzt. Also e richtege Sproochesystem eigentlech, wou mer hei an deem doten Deelberäich vun eisem Liewen dra sinn. An dat ass natierlech och hei ganz spannend, wann et drëm geet, fir déi Direktiv hei ëmzesetzen, well déi natierlech ëmmer vun „der" Langue de procédure schwätzt an net vun „les langues de procédure", vun „der" Langue de procédure. Mir hunn der eigentlech awer dräi hei.

Ech mengen, dass mer do awer och, wat d'Interpretatioun ugeet, däerfte keng gréisser Schwieregkeeten hunn. De Prinzip ass, dass deejéinegen, dee verdächtegt gëtt, deejéinegen, deen herno eventuell och ugeklot gëtt, respektiv och d'Victime - déi huet jo hei déiselwecht Rechter an deem dote prezise Fall -, dass déi musse gehéiert ginn an enger Sprooch, déi se verstinn. A wann déi Persoun net déi dräi Sprooche beherrscht, muss se gehéiert ginn an där Sprooch vun deenen dräi, déi se versteet. An datselwecht gëllt natierlech och fir d'Dokumenter.

Wann d'Dokumenter an enger Sprooch, zum Beispill op Franséisch, verfaasst sinn, an d'Persoun, och wa se Lëtzebuerger ass, versteet net genuch Franséisch eigentlech, fir déi Dokumenter am vollen Emfang ze verstoen, ka se menger Meenung no verlaangen, dass déi wichteg Dokumenter - dat si jo déi „documents essentiels" -, dass déi och iwwersat ginn. Si kann natierlech awer och op dat Recht verzichten. Dat gesäit d'Gesetz och vir, dass een op e Recht ka verzichten. An der Praxis muss ech soen, wann et e bësse méi schwéier Affäre sinn, ass jo och relativ schnell en Affekot mat derbäi an da stellt sech déi Fro praktesch e bëssen anescht, well den Affekot da jo ganz oft dee juristesche Bäistand mécht an och selwer eng Rei vun Iwwersetzunge vläicht mécht. Mä jiddefalls, den Text ass awer kloer: De Prinzip ass, dass ee muss déi Sprooch verstoen, an där ee gehéiert gëtt respektiv an där déi wichtegst Dokumenter verfaasst sinn, soss kann ee verlaangen, dass déi och iwwersat ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Rapporteur, Är Zäit ass lech fortgelaf.

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Dat ass ganz schrecklech!

(Interruption)

Dat heescht, da ginn ech mech elo erëm sëtzen an ech kommen als LSAP-Spriecher erëm erop?

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah, wann Der dat gläichzäiteg maacht, dann ass et selbstverständlech...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Ech géif ganz kuerz vläicht, wann Der erlaabt, nach op eppes hiweisen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kee Problem.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo?

M. Gilles Roth *(CSV).*- Dat do ass e wichtege Projet an ech sinn der Meenung, dass mer dem Rapporteur sollte méi Zäit ginn. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Rapporteur huet der souwisou elo méi, well en als mandatéierte Spriecher kann déi Zäit beusprochen. Kee Problem.

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Merci. Ech géif probéieren, nach op déi dote Punkten e bëssen anzegoen, well et effektiv wichteg Punkte sinn.

Une voix.- Dat ass, wann ee fein ass!

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- D'Texter ginn och ausdrécklech vir, dass an Ausnamefäll och d'Traduktioun vun eenzelnen Dokumenter kann direkt mëndlech gemaach ginn. Dat gëtt dann am Procès-verbal festgehalen. Da gëllt dat als Traduktioun. Wichteg ass och, dass fir Leit, déi e Sproochenhandicap hunn zum Beispill, dat heescht, déi schlecht héieren oder schlecht schwätze kënnen, dass och do muss derfir gesuergt ginn, dass da Leit mat bäigezu ginn zum Beispill, déi dann d'Gebäerdesprooch beherrschen oder déi kënne fir eng Kommunikatioun eigentlech suergen an deem dote Fall.

Elo ginn et natierlech ëmmer erëm Grenzfäll. Et ass u sech awer un der Autoritéit, déi héiert oder déi d'Instruktioun mécht, ze jugéieren no engem Gespréich, ob déi Persoun tatsächlech Problemer mat der Sprooch, mam Versteesdemech huet. Et geet eigentlech net duer, dass een dann einfach seet: „Ech verstinn dat net, ech hätt elo gären en Interpret!" U sech ass et un där Persoun, där d'Autoritéit, déi also an dat Ganzt, an déi Instruktioun mat implizéiert ass, déi muss dat jugéieren. An et ass natierlech esou, dass, wa se falsch jugéiert, da riskéiert dat zur Annullatioun vun engem Akt vun der Prozedur ze féieren, dat opgrond vun allgemenge Bestëmmungen. Dat ass den Artikel 48-2 an 126 vum Code de procédure pénale, wou ee kann d'Nullitéit vun enger Enquête, vun enger Prozedur als Ganzt respektiv vun engem Akt vun der Prozedur froen. Zum Beispill wa Refuse gewiescht wären, fir en Dokument ze iwwersetzen, an et géif sech erausstellen, dass tatsächlech dee Mann oder déi Fra déi Sprooch net beherrscht, da kann dat natierlech zu enger Annullatioun vun deem doten Akt vun der Prozedur féieren. Dat ass e Risiko, dee besteet.

Allerdéngs sinn Délaie virgesinn am Text. Mir hu schlussendlech festgehalen, dass et en Délai vu fënnef Schaffdeeg ass, „cinq jours ouvrables" - am Ufank sollten et „cinq jours" sinn, mir hunn en Amendement zu deem dote Punkt agereecht gehat -, dass et „cinq jours ouvrables" sinn, wou ee kann also esou eng Décisioun contestéieren iwwer e Recours en annulation. An de Point de départ vun deem Délai, dat ass dee Moment, wou déi Partei d'Kenntnis kritt huet vum Akt, dee contestéiert ass. Och do kënnen natierlech ëmmer erëm Interpretatiounsdivergenze kommen. Mä dat ass och haut mam aktuellen Text net anescht.

Wichteg ass nach, dass d'„frais d'interprétation et de traduction" bei de Strofprozesser vum Stat gedroe ginn. Si sinn net Bestanddeel vun den „frais de justice" a Strofprozesser. Dat ass ausdrécklech hei am Text virgesinn. Dat erkläert natierlech och deen héije Käschtepunkt, deen dat Ganzt mat sech bréngt, soss kéint een do en Deel vun deene Fraisen zumindest récupéréieren.

Här President, ech sinn elo um Enn vu mengen Ausféierungen ukomm. Ech sinn der Meenung, dass dësen Text wichteg ass, fir eng fair penal Instruktioun ze garantéieren, fir e faire penale Prozess och ze gewäerleeschten. Wann ee vläicht mengt an der éischter Reaktioun, et géif iwwerdriwwe ginn - dat kéint jo emol engem virkommen ze soen: „Ass dat doten dann néideg?!" -, ech mengen, dann hëlleft et ganz liicht, wann ee sech emol eng Kéier an eng Situatioun versetzt, wou ee selwer an engem Land ass, huele mer emol Vakanzelänner wéi Spuenien oder Portugal, wou een - dat ass elo mäi Fall - déi dote Sproochen net weider beherrscht, wou een da gehéiert gëtt, wou ee konfrontéiert gëtt mat Instruktiounsakten eventuell a wou een net à même ass nozevollzéien, wat eigentlech richteg gesot gëtt, och wann en Affekot niewendrusëtzt, wat eigentlech gesot gëtt respektiv wat geschriwwe gëtt.

Ech mengen, dat mécht engem méi kloer, wann ee sech selwer eng Kéier an d'Haut eraversetzt, dass ee mat esou enger Situatioun géif konfrontéiert ginn, wéi wichteg eigentlech déi heiten Texter sinn, fir wierklech e faire Prozess, eng fair Instruktioun am Strofrecht ze garantéieren. An duerfir ware mer, mengen ech, och an der Kommissioun eis op enger breeder Basis eens, dass déi Ëmsetzung vun deenen Direktiven hei soll esou schnell wéi méiglech geschéien. Duerfir recommandéiere mer der Chamber, fir deen Text hei guttzeheeschen, wéi ech selbstverständlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun abréngen.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Léon Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).*- Merci, Här President. Fir d'Éischt e grousse Merci dem

Rapporteur fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport zu dësem techneschen, awer wichtege Projet.

Duerch dëse Projet de loi änneren mer net nëmmen den Numm vum Code d'instruction criminelle an „Code de procédure pénale" ëm. Et ass méi wéi eng Embenennung vum sougenannten „roude Code", well, wéi et am Titel steet vun dësem Projet de loi, et ass e wichtege Schrëtt zu dem Renforcement vun de Garanties procédurales am Lëtzebuerger Strofrecht.

D'Originne vun eisem Code d'instruction criminelle ginn op de franséische Code d'instruction criminelle vum 17. November 1808 zréck, deen zu Lëtzebuerg bis den 19. November 1929 a Kraaft war. 1929 huet Lëtzebuerg sech, wéi et a verschiddene Publikatiounen heescht, eng Legislatioun ginn, déi fir déi Zäit exemplaresch war. D'Gesetz vum 19. November 1929 huet probéiert, zwee Ziler ze vereenegen: op där enger Säit d'Strofdoten ze poursuivéieren an hir Auteuren ze bestrofen, op där anerer Säit fir de Prévenu eng korrekt an impartiell Instruktioun - mir nennen dat haut eng „instruction en faveur et en défaveur" - ze garantéieren.

Mä et sollt sech an der Praxis erausstellen, datt d'Gesetz vun '29 net ëmmer esou ëmgesat ginn ass an der Praxis, wéi et hätt misse sinn, well d'Rechter vun dem Prévenu net ëmmer respektéiert gi sinn. Déi nächst gréisser Reform ass duerch d'Gesetz vum 16. Juli '89 ëmgesat ginn. Hei ass haaptsächlech de Livre 1er iwwert d'Action publique an d'Instruction geännert ginn, fir de Justiciabel besser ze protegéieren.

Déi meescht Ännerunge vum Code d'instruction criminelle woren inspiréiert vu franséischen oder belschen Texter. Säit 2000 steet och dës Matière ënnert der Influenz vun europäeschen Texter. An och haut, Här President, ännere mer de façon substantielle de Code de procédure pénale wéinst enger Rei europäeschen Direktiven, déi de Rapporteur opgezielt huet.

D'Direktiven, déi mer hei ëmsetzen, sinn am Jargon bekannt ënnert de Mesuren A, B, C an D. Dat kléngt no Vitaminnsprëtze fir d'Procédure pénale. D'Mesuren A sti fir d'Recht op eng Iwwersetzung an en Interpret. D'Mesurë B sti fir datt de Prévenu oder den Accusé, deemno wéi, wou mer an der Procédure sinn, méi Rechter kréien am Kader vun der Procédure pénale. D'Mesuren C beinhalten d'Recht op e Conseiller juridique an eng Aide juridictionnelle. An d'Mesuren D sti fir d'Recht op Kommunikatioun mat de Familljememberen, dem Employeur an den Autorités consulaires.

De Rapporteur huet et ervirgestrach: D'Direktiven hätte scho missen ëmgesat ginn, mä de facto sinn dës Direktiven awer opgrond vu Circulairë vum Parquet a vun der europäescher Jurisprudenz ganz oft scho vun den Autoritéiten applizéiert ginn. An awer! An esou enger delikater Matière wéi dem Strofrecht ass et wichteg, datt ee kloer Texter huet, besonnesch am Kader vun der Procédure pénale, wou ganz vill um Spill steet fir de Prévenu, Accusé an awer och d'Victime.

De Rapporteur ass op all déi Verbesserungen agaangen. Ech wéilt dat hei net alles widderhuelen. Erlaabt mer just e puer Punkten, Här President, nach eng Kéier ervirzeträichen, déi fir mech ganz wichteg sinn.

Éischte Punkt: De Prévenu ka säin Affekot consultéiere virum éischten Interrogatoire. Dat ass eng wesentlech Neierung an eiser Procédure pénale.

Den zweete Punkt ass, datt een den Dossier elo kann „sans déplacement" consultéiere beim Juge d'instruction. Domadder hält dann endlech d'Pilgerfaart an de Cabinet d'instruction op, wou Stagiairen an Affekoten hu misse Stonnen, jo Deeg sëtzen a Kassette voll diktéieren, fir dann d'Elementer am Cabinet, also an der Etüd, kënnen ze analyséieren, fir hire Client ze verteidegen.

Drëtte ganz wichtege Punkt ass, datt keng Inculpation systématique méi wärend dem éischten Interrogatoire gemaach gëtt, mä just wa wierklech seriö Indizie virleien.

De véierte Punkt ass de Renforcement vun de Rechter vun de Victimmen. Well souwuel de Prévenu wéi och d'Victimmen hunn e Recht op eng effikass Traduktioun an en Interprète de qualité, fir kënnen ze verstoen, ëm wat et geet. Hei stellt sech dann och d'Fro - an de Rapporteur ass hei och am Detail op déi Problematik agaangen -, ob eng Persoun, déi just Lëtzebuergesch zum Beispill versteet, ka fuerderen, d'Dokumenter op Lëtzebuergesch iwwersat ze kréien oder op eng aner Sprooch, wann et en Auslänner ass.

Ech sinn do ganz d'accord mam Rapporteur. Et muss ee kënnen d'Texter an d'Procédure verstoen. An duerfir ass et wichteg, datt een dat Recht op eng effikass Traduktioun an en effikassen Interpret kritt.

Duerch d'Transpositioun vun den Direktive ginn och eng Rei Changementer am Gesetz vum 17. Mäerz 2004 iwwert de Mandat d'arrêt européen agefouert, wéi och am Gesetz vun 1971 iwwert d'Traducteuren, d'Experten an d'Interpreten en matière répressive et administrative, wéi och eng Rei Changementer am Gesetz iwwert d'Affekoten.

Am deponéierten Text stoung nach d'Fouille judiciaire dran. Déi ass awer op Avis vum Statsrot erausgeholl ginn.

Här President, och wann et sech hei a priori ëm en technesch komplexen Text handelt, ass dëse Projet de loi e wichtege Schrëtt zum Renforcement vun de prozedurale Rechter souwuel vun de Prévenuen, Accuséën, wéi och vun de Victimmen. Méi Rechter am Kader vun enger Procédure pénale fir de Prévenu heescht net, d'Strofrecht méi large ze interpretéieren. Et kann awer och net sinn, datt d'Rechter dozou féieren, d'Procéduren onnéideg ze verlängeren, fir wëllen Zäit ze gewannen. Den Challenge ass also an Zukunft, fir d'Garantien anzehalen, awer och den Délai raisonnable, besonnesch en matière pénale, an dëst am Intérêt vum Prévenu, dem Accusé an der Victime.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn Iech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Gloden. Nächst Riednerin ass d'Madamm Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt mech dann och bei dësem Projet ganz kuerzfaassen, well e ganz technesch ass a well en och ausféierlech presentéiert ginn ass a senger Technicitéit vum Rapporteur.

Dat sougenanntent ABC-Gesetz, eigentlech schwätze mer hei iwwer ABCD, véier Direktiven, eng aus dem Joer 2010, zwou aus dem Joer 2012 an eng aus dem Joer 2013, sinn effektiv Direktiven, wann ech et elo an enger einfacher Sprooch ausdrécken, déi d'Rechter souwuel vun alle Partien, géif ech soen, vun deem, deen d'Victime ass, a vun de Suspekten, am Fong geholl verbesseren doduerch, datt effektiv d'Prozedursrechter méi grouss gi fir d'Victime. Virun allem, an dat ass och hei erkläert ginn, d'Assistance linguistique, déi och eben an der Konventioun vun de Mënscherechter beinhalt ass, déi ass wierklech ganz bis an den Detail och an de Rechter beschriwwen.

An dat sinn effektiv Rechter, déi souwuel am Mëndleche wéi am Schréftleche jiddwerengem d'Méiglechkeet an Zukunft wäerte ginn - net d'Méiglechkeet, mä eng Obligatioun, e Recht -, fir kënnen iwwer alles a vun Ufank un an éier d'Prozedur eigentlech lassgeet a senger Sprooch oder an enger Sprooch, déi e versteet, och kënnen informéiert ze ginn, iwwer alles! Iwwer firwat en - fir dee Suspekten -, firwat e festgeholl ginn ass, wéi d'Prozeduren an deem Land sinn, wou e festgeholl ginn ass, wat fir eng seng Rechter sinn, dat heescht d'Recht och vun den Droits fondamentaux, datt en e Recht op de Silence och huet, datt en e Recht huet och op d'Assistance vun engem Affekot an datt déi och gratis ass an datt en och mat sengem Affekot selbstverständlech en Droit d'accès aux dossiers huet.

Dat sinn alles, wann ech mer dat esou iwwerleeën, am Fong geholl Rechter - et ass wierklech eng Iwwerleeung, déi ech hei ginn -, wou ee sech hätt kënne virstellen: Ma dat ass dach eng Selbstverständlechkeet, datt een déi Rechter huet ze wëssen, firwat ee festgeholl ginn ass, datt een dat och versteet, datt een dat net an enger Sprooch (veuillez lire: matgedeelt kritt), wéi virdrun d'Beispill vum Rapporteur genannt ginn ass, wou een an engem Land ass, wou een dat weder versteet am Schwätzen nach et liese kann. Eigentlech misst dat e fundamentaalt Recht sinn, souwuel vun engem Suspekten, vun engem Accuséierte wéi och vun enger Victime, déi kënnt an déi och e Recht huet op Indemnisatioun, op Réparation an engem Délai raisonnable an och do op déi noutwendeg - eben an där leschter Direktiv -, op déi noutwendeg Accèsen: datt se versteet, wat geschitt ass, datt se d'Informatioune kritt, datt d'Famill och informéiert ass. Dat ass e ganz wesentleche Punkt och, datt d'Famill weess, wat an deem Incident geschitt ass.

Bon, déi ginn elo iwwer Direktiven (veuillez lire: déi Rechter ginn elo iwwer Direktive garantéiert). Dat ass natierlech och flott, well dat heescht, datt dat eigentlech applikabel an all deenen europäesche Länner ass, datt dat do ëmgesat gëtt an datt mer dat och hei zu Lëtzebuerg - obwuel mer scho ganz vill dovunner haten a ganz vill schonn applikabel war, duerch eben déi Délaien, wou mer Verspéidung haten -, datt mer och hei elo kënnen d'Droits procéduraux en matière pénale nach eng Kéier renforcéieren.

Ech wëll och do ophalen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Selbstverständlech droe mir déi Ëmsetzung vun deene véier Direktive mat a mir sinn eigentlech frou, datt an enger penibeler Situatioun - souwuel fir de Suspekten, deen nach ëmmer nëmmen e Suspekten ass, wéi och fir d'Victime, déi ganz kloer eng Victime ass -, se kënnen op méi Rechter zréckgräifen, wéi dat bis elo de Fall war.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Loschetter. An nächst Riednerin ass d'Madamm Simone Beissel.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop och mäin häerzleche Merci a mengem Numm an och an deem vun der DP-Fraktioun un den Här Alex Bodry fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport an dëser dach komplizéierter an technescher Matière. Den Här Bodry ass op all d'Detailer agaangen. Dowéinst wäert ech mech bornéieren, eng Serie vu Remarquen ze maachen.

Här President, duerch d'Transpositioun vun dëse véier Direktiven an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung kréie mer direkt eng signifikativ Verbesserung op zwee Pläng: éischtens besser Informatioun, bessere Schutz, besser Ënnerstëtzung vun den Affer an net nëmmen den Affer selwer, mä och vun de Membere vun hire Familljen an och d'Affer par ricochet.

Dann derniewent, wat ganz interessant ass, dat ass déi Justice réparatrice oder restaurative, dat ass praktesch e Paradigmewiessel, well eng nei Relatioun tëschent de Prévenuen an den Affer soll hiergestallt ginn. Dann derniewent natierlech nei Garantien an nach verstäerkte Rechter fir eben d'Prévenuë selwer.

Här President, et gesäit ee ganz kloer, dass mat dësen Direktiven - an et kann ee praktesch soen, vum Ufank vun de Joren 2000 - an den europäeschen Direktiven an deemno och hei zu Lëtzebuerg duerch de Fait, dass mer se ëmsetzen, mer wierklech eng Evolutioun feststelle vun enger strenger, inquisitiver Justiz nach nom franséischen napoleonesche Modell zu enger vill méi humaner a mënscherechtsfrëndlecher Justiz, well ganz laang Joren - an ech mengen, de Léon Gloden huet et gesot, eis Coden, déi si wierklech vun dem Ufank vum 19. Jorhonnert - war den Haaptbut eben, fir déi Schëlleg ze bestrofen, an d'Opfer, déi sinn außen vor bliwwen.

Hei gëtt elo duebel intervenéiert. Dat heescht, foussend op dem Artikel 6 haaptsächlech vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun vun 1950 gëtt d'Notioun vun engem Procès équitable, vun engem faire Prozess ervirgestrach an et gëtt wierklech gekuckt, dass dat spillt sougutt fir d'Opfer wéi fir d'Täter.

Ech kommen net méi op all déi Mesuren zréck, mä wann ech kucken, d'ganz Informatioun, den Accès zu den Dossieren, d'Consultatiounen, an dann, wat extrem wichteg ass, d'Interpretatioun, dass all Mënsch genau versteet, firwat en ugeklot gëtt a wat en erwaart, op där anerer Säit d'Iwwersetzung vun all de wichtege Piècen, déi ee muss kenne fir d'Défense, déi dann awer och d'Opfer musse kennen, fir ze wëssen, ëm wat et geet, alles dat si grouss Schrëtt an déi richteg Richtung.

Ech mengen, meng Virriedner hunn et alleguerte gesot: Dat hei ass e ganz wichtege Projet, wou mer virukommen, wou mer moderniséieren, wou mer demokratiséieren, ouni dass awer d'Qualitéit vun eiser Justice pénale ännert. Mir kréien en neien Numm, en „Code de procédure pénale". Et ass net méi dee strenge vum „Code d'instruction criminelle", mä de Contenu, d'Qualitéit vun deem, wat hei virgesinn ass an dësem Projet, et ass dat, wat zielt.

An duerfir bréngen ech och mat Freed den Accord vun der DP-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Beissel. Dann huet d'Wuert den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo, Merci, Här President. Aus all deenen exzellente Grënn, déi d'Virriedner genannt hunn, wäerte mir als ADR dësen Text och matdroen.

Mir wäerten allerdéngs och an der Praxis kucken, datt dat och ëmgesat gëtt. Well effektiv hate mer Defiziter, déi net tragbar waren! Et koum vir, datt am Dossier um Untersuchungsgeriicht Fardë waren, op deene stoung: «à retirer en cas de consultation par un avocat». Ganz oft koum et dozou, datt Verdächtegter verhéiert gi sinn, ouni datt den Affekot konnt virdru mat hinne schwätzen. D'Madamm Loschetter huet ganz richteg gesot: „Dat ass eng Selbstverständlechkeet!" Soss brauch een net en Affekot derbäi, soss ass dat einfach nëmmen e Simulacre vun Droits de la défense. Dat ka jo net sinn, datt den Affekot net däerf mat sengem Client schwätzen, éier e verhéiert gëtt!

An drëttens wäerte mer drop oppassen, datt all Mënsch effektiv déi wesentlech Dokumenter a senger Sprooch kritt, oder an där Sprooch, déi e versteet, inklusiv de Lëtzebuerger Dokumenter, déi a franséischer Sprooch zum Beispill verfaasst sinn.

Ceci étant dit, stëmme mer den Text hei mat grousser Freed mat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Reding. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. An d'Wuert huet direkt den Här Justizminister, den Här Félix Braz.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Ech wëll als Alleréischt dem Alex Bodry, dem Rapporteur, Merci soe fir säi wierklech ganz kompletten a pertinente mëndlechen an och schréftleche Rapport, an och der ganzer Commission juridique.

Et ass wierklech schonn alles gesot ginn, och vum Här Gloden en plus vum Här Bodry, wat den Detail vum Projet betrëfft. Ech wäert dann also och drop verzichten, dat nach eng Kéier ze soen, ënnert dem Motto «tout a déjà été dit et mieux que par moi»; dann, mengen ech, geet dat och duer.

Ech wëll just e puer kleng Ergänzungen awer nach maachen. Déi éischt ass, fir den europäesche Kontext heivunner ze rappeléieren. Dir wësst, dass mer an Europa scho méi laang amgaange sinn ze schaffen un engem gemeinsame Raum fir Fräiheet, Sécherheet a Justiz. Dat huet och Anzuch fonnt an den Traité vu Lissabon. An oft gëtt dorobber verwisen, dass et an der Europäescher Unioun ënnerschiddlech Justize gëtt, dass déi eng Länner méi entwéckelt wieren, dass déi aner manner entwéckelt wieren, dass déi eng méi vertrauenswierdeg wieren, dass anerer manner vertrauenswierdeg wieren. An dat mag och op eenzelne Punkten duerchaus keng onpertinent Aschätzung sinn.

Et ass awer wichteg, well mer jo an Europa ëmmer méi an d'Richtung ginn, déi Décisiounen, déi d'Justiz an den eenzelne Länner hëlt, géigesäiteg och unzëerkennen. Dat mécht d'Liewe vun de Bierger an Europa méi einfach. Dat suergt derfir, dass jiddwereen, deen an engem Prozess eppes zougesprach kritt huet, e Recht zougesprach kritt huet oder eng Indemniséierung zougesprach kritt huet, dass deen och kann, egal wou e wunnt an egal wou em säi Schued entstanen ass an Europa, dass en do ka méi séier eigentlech zu Sengem kommen. Dat ass wichteg an dat musse mer an Europa och weider ausbauen.

Et ass awer dann och wichteg, dass een d'Garantie huet, dass dat, wat an den eenzelne Län-

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

ner vun Décisioune geholl gëtt, och bestëmmte Qualitéitsexigenzen, notamment deenen - et ass schonn e puermol gesot ginn - vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun, entsprécht a gerecht ka sinn.

Et ass also net egal, wat an den eenzelne Länner vu Regelen, prozeduralen, awer net nëmmen, an Europa besteet. Mir hunn also all en Intérêt drun, dass mer iwwer gemeinsam europäesch Texter derfir suergen, dass mer d'Grondrechter a prozedurale Froen, déi vun eminenter Bedeitung sinn, besonnesch natierlech vum Point de vue vun den Droits de la défense - den Här Reding ass och drop agaangen -, dass mer déi an Europa stéckelchersweis méi no beienee kréien a se am Kader vun deem Prozess och gehuewe kréien. An dat sollte mer och hei zu Lëtzebuerg dann esou gesinn. Ech mengen awer och mat enger klenger Portioun Bescheidenheet! Well et ass net esou, dass et déi eng Länner gëtt, déi ëmmer nëmme mam Fanger op déi aner kënne weisen, an dass dat déi wieren, déi sech permanent misste Leçone gefale loossen.

Wa mer kucken, wat dës Direktiven, déi dräi ABC-Direktive plus déi véiert - victimes -, déi elo nach derbäikomm ass en cours de route, och bei eis vu Modifikatioune provozéieren, dann ass dat hei net nëmmen eppes, wat mer gemaach hunn - fir déi zwee Länner mam Numm ze nennen, déi och soss ëmmer genannt ginn - wéinst Rumänien oder Bulgarien oder nach anere Länner. Sécher läit do vläicht - a mat Sécherheet! - méi am Uerge wéi an anere Länner vun Europa. Mä och fir eis brëngen dës Direktive substanziell Modifikatiounen!

Den Numm ass déi mannsten. Wann et och net méi geet an Zukunft „wéi mat CIC" - do musse mer eis eng aner Ofkierzung afale loossen -, mä et ännert wäit méi wéi nëmmen den Numm! Et ass vläicht déi gréissten Eenzelreform, déi an der Procédure pénale an de leschte Jorzéngten zu Lëtzebuerg aus engem Worf eraus gemaach ginn ass. An dat sollt eis freeën, well mir hunn elo besser penal Prozeduren. Et sollt eis awer och zu enger klenger Dosis Bescheidenheet animéieren, wa mer op aner Länner an Europa wëlle weisen, déi mat Sécherheet nach Nohuelbedarf hunn. An dat däerf een net aus den Ae verléieren.

Et ass och kuerz ugeschnidde gi vum Rapporteur, wéi mer wëllen an Zukunft weiderfuere mat der Digitaliséierung vun der Lëtzebuerger Justiz. Do sinn eng Rei Beispiller och genannt ginn, wou et Schwieregkeete gëtt: bei den Dossieren, Transmissioune vun den Dossieren, Consultatioune vun den Dossieren; lauter Saachen, déi haut an där klassescher materieller Form, wéi mer se kennen, natierlech eng Rei vu praktesche Contrainten hunn. Den Här Gloden huet drop verwisen, dass haaptsächlech d'Stagiairen an déi jonk Affekoten dorënner hu misse leiden. Dat wäert geschwënn eng vun deene Geschichte sinn, Här Gloden, déi Der deene jonken Affekoten an Zukunft wäert zielen, wann Der sot, wéi et fréier war, wann Der da vun der Héicht vun Ärem Alter erof zielt, wéi et fréier war an der Justiz.

Well duerch dat, wat amgaangen ass an der Justiz gemaach ze ginn, nääämlech déi integral Digitaliséierung vun all den Akteure vun der Justiz, zumindest an hire Relatiounen - an da ka jiddwereen nach fir sech ëmmer esou vill Pabeier printe wéi e mengt, dass dat fir seng Aarbecht dénglech wier -, mä an de Relatioune vun all den Akteure vun der Justiz, de Riichteren, de Parquetieren, den Affekoten, den Notairen, de Huissiers de justice, de Greffieren alleguerten, an deenen hire Relatiounen - an dorunner schaffe mer jo am Kader vun eisem Projet „paperless justice", dee säi Wee mécht, dat ass e Méijoresprojet, deen och budgétiséiert ass mat 30 Milliounen Euro iwwert déi ganz Zäit -, wäerte mer um Enn eng integral digitaliséiert Justiz hunn, déi dann natierlech och eng Rei legislativ Erausfuerderunge bréngt an och d'Méiglechkeete bréngt, wéi mer d'Prozedure kënnen eng Kéier upassen, well mer dann deen Outil électronique wäerten hunn. An ech mengen, dass dat fir eng Rei vun deene Remarquen, déi gemaach gi sinn, dann och wäert déi richteg Äntwert sinn.

Ech wëll ofschléissen, Här President, andeems ech wëll nach e puer Remarquen och maachen iwwert d'Justice restaurative. Duerch de Vott vun haut schafe mer d'Base légale dofir. Déi hu mer haut nach net. Méi maache mer haut och net. Mir schafen de Prinzip an eng Base légale fir d'Justice restaurative. An de Rapporteur huet ganz richteg drop verwisen, dass am Ministère en Aarbechtsgrupp funktionéiert. Mir wäerten eis och an den nächste Woche bei eis belsch an och bei eis franséisch Nopere mat deem Aarbechtsgrupp déplacéieren, well déi dat scho kennen. Déi hunn och ënnerschiddlech Modeller zréckbehalen. A mir sinn nach net um Niveau vun den definitive Konklusiounen.

Wat ech awer scho ka soen ass, dass mer eis wäerten éischter um Modell orientéieren, wéi mer en zu Lëtzebuerg och kenne bei der Mediatioun. Dat hei ass net ze verwiessele mat der Mediatioun. Et ass eppes anescht. Mä mir hunn och am Moment virgesinn, dass mer iwwer e Règlement grand-ducal hei wäerte wëllen déi noutwendeg Rechtssécherheet schafen, och wat den Zougang betrëfft, fir kënne mat Leit, Täter a Victimmen, am Kader vun der Justice restaurative ze schaffen.

A mir wëllen eigentlech net op de Wee goe vun engem neie staatleche Service. Et muss ee wëssen, dass déi Justice restaurative kee Massephenomeen wäert ginn. Au contraire. Dat si Fäll, déi kënne sech pro Joer wahrscheinlech un enger oder héchstens zwou Hänn ofzielen. Do e Service ze schafe mat permanente Leit, dee wär noutgedronge ganz kleng a wär och noutgedronge ganz fragill.

Dofir wëll ech mech éischter orientéieren un deem, wat mer gemaach hu bei der Mediatioun, dass also méi Leit do kënne mat méi oder manner Zäit méi oder manner oft intervenéieren, mat engem Zougang zu där Qualifikatioun, déi mer aller Viraussiicht no och éischter am Ausland wäerte maachen, wéi dass mer hei am Land eng eege Formatioun fir déi puer Leit géifen opbauen. Ech tendéieren do éischter Richtung Frankräich, fir déi Formatioun ze maachen. Mä wéi gesot, dat ass de Stand vun den Iwwerleeungen. D'Zil ass awer, esou séier wéi méiglech e Règlement grand-ducal kënnen an där doter Matière unzehuelen, fir dass mer dann och mat deenen néidegen Detailer Rechtssécherheet op där doter Fro kënne bidden.

A ganz zum Schluss, Här President, wëll ech nieft dem Rapporteur an de Membere vun der Commission juridique awer och all deene Merci soen, déi un der Preparatioun vun dëse Projete matgeschafft hunn: de Leit am Justizministère, awer och deene vum Parquet général, och därer, déi schonn an der Pensioun si vum Parquet Lëtzebuerg, vum Parquet Dikrech, dem Cabinet d'instruction, der Police judiciaire an awer och dem Stater Barreau. Ouni deenen hiert Wëssen am Detail als Practiciens hätte mer déi Qualitéit vun Text net hikritt.

Ech sinn dofir och frou, dass mer haut dann no enger Quasiunanimitéit nach eng richteg zustane kréien, kuerz viru Feierowend, a soen lech dofir Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister.

Domat wäre mer prett, fir iwwert den Ensembel vum Projet de loi 6758 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6758 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6758 ass unanime ugeholl mat 60 Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Serge Wilmes), Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Cécile Hemmen), Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Neen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann ass...

Här Rapporteur!

(Hilarité)

Dann ass dat esou décidéiert. An ech soen Iech Merci fir déi gutt an intensiv Diskussiounen. Kommt gutt heem!

Ech maachen d'Sëtzung zou, net ouni drun erënnert ze hunn, dass mer eis erëmgesinn an ëffentlecher Sëtzung de 14., 15. an de 16. Mäerz. Merci!

(Fin de la séance publique à 19.01 heures)

Sommaire des séances publiques nos 23 et 24

23e séance

Ouverture de la séance publique p. 299

6867 - Projet de loi relative à des mesures visant à réduire le coût du déploiement de réseaux de communications électroniques à haut débit et modifiant la loi modifiée du 16 mai 1975 portant statut de la copropriété des immeubles bâtis p. 299-303

6704 - Projet de loi dite «Omnibus»

portant modification:

a) de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;

b) de la loi du 30 juillet 2013 concernant l'aménagement du territoire;

c) de la loi du 22 octobre 2008 portant promotion de l'habitat et création d'un pacte logement avec les communes;

d) de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles;

e) de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau;

f) de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

g) de l'article 44bis du Code civil;

h) de la loi du 18 juillet 1983 concernant la conservation et la protection des sites et monuments nationaux;

i) de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

j) de la loi modifiée du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national;

k) de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés;

et abrogeant:

a) l'arrêté grand-ducal modifié du 13 août 1915 portant règlement du service des femmes dans les hôtels et cabarets;

b) l'arrêté grand-ducal du 15 septembre 1939 concernant l'usage des appareils radiophoniques, des gramophones et des haut-parleurs p. 303-310

6992 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration;

2) de la loi modifiée du 28 mai 2009 concernant le Centre de rétention;

3) de la loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales p. 310-318

p. 319

7077 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet

1. la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques;

2. la création d'un «Centre de gestion informatique de l'éducation»;

3. l'institution d'un Conseil scientifique p. 318-319

24e séance

Ouverture de la séance publique p. 320

Motion de M. Léon Gloden relative à l'ajout de l'instrument dit du «Platzverweis» dans le projet de loi n°7045 portant réforme de la Police grand-ducale p. 320-322

6977 - Projet de loi sur la nationalité luxembourgeoise et portant abrogation de:

1. la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise;

2. la loi du 7 juin 1989 relative à la transposition des noms et prénoms des personnes qui acquièrent ou recouvrent la nationalité luxembourgeoise

et

6974 - Projet de loi portant approbation de

1. la Convention sur la réduction des cas d'apatridie, conclue à New York le 30 août 1961;

2. la Convention européenne sur la nationalité, conclue à Strasbourg le 6 novembre 1997;

3. la Convention du Conseil de l'Europe sur la prévention des cas d'apatridie en relation avec la succession d'États, conclue à Strasbourg le 19 mai 2006 p. 322-334

6758 - Projet de loi renforçant les garanties procédurales en matière pénale portant:

- transposition de la directive 2010/64/UE du 20 octobre 2010 relative au droit à l'interprétation et à la traduction dans le cadre des procédures pénales;

- transposition de la directive 2012/13/UE du 22 mai 2012 relative au droit à l'information dans le cadre des procédures pénales;

- transposition de la directive 2013/48/UE du 22 octobre 2013 relative au droit d'accès à un avocat dans le cadre des procédures pénales et des procédures relatives au mandat d'arrêt européen, au droit d'informer un tiers dès la privation de liberté et au droit des personnes privées de liberté de communiquer avec des tiers et avec les autorités consulaires;

- transposition de la directive 2012/29/UE du 25 octobre 2012 établissant des normes minimales concernant les droits, le soutien et la protection des victimes de la criminalité;

- changement de l'intitulé du Code d'instruction criminelle en «Code de procédure pénale»;

- modification:

- du Code de procédure pénale;

- du Code pénal;

- de la loi du 7 juillet 1971 portant en matière répressive et administrative, institution d'experts, de traducteurs et d'interprètes assermentés;

- de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

- de la loi modifiée du 20 juin 2001 sur l'extradition;

- de la loi modifiée du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne p. 334-337

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU **N°09** • SESSION ORDINAIRE 2016-2017

Sommaire des questions parlementaires

Question n°	Auteur	Objet
2668	Fernand Kartheiser	Liberté d'expression
2684	Claudia Dall'Agnol	Protection visuelle et acoustique contre les nuisances de l'autoroute A3
2688	Martine Hansen, Marco Schank	Propriétaires forestiers privés
2693	Marc Lies	Fonds pour le développement du logement et de l'habitat
2696	André Bauler, Gusty Graas	Échelles à poissons
2699	Martine Hansen, Marco Schank	Pêche au Lac de la Haute-Sûre
2713	Marc Lies	Prescriptions législatives concernant les annonces immobilières
2718	Diane Adehm, Gilles Roth	Régime des «stock options»
2719	Diane Adehm, Gilles Roth	Situation des demandeurs d'asile déboutés
2720	Gilles Roth, Diane Adehm	Maîtres d'enseignement engagés auprès de l'administration pénitentiaire
2721	Josée Lorsché	Recettes générées par les radars
2723	Roy Reding	Site «Schëtter Marjal»
2724	Laurent Mosar	Centralisation des participations de l'État au sein de la SNCI
2725	Gusty Graas	Particules fines
2726	Félix Eischen	Conduite autonome
2727	David Wagner	Hausse des frais bancaires
2728	Nancy Arendt	Délai de prescription pour des abus sexuels
2729	Marcel Oberweis, Nancy Arendt	«Minettstram op Pneuen»
2730	Martine Hansen	Mesure 224 du «Zukunftspak»
2731	Lex Delles, Gusty Graas	Élevage extensif
2732	Diane Adehm, Gilles Roth	Modifications apportées au site Internet «Legilux»
2733	Françoise Hetto-Gaasch	Desserte des gares de Munsbach et de Wecker
2734	Gilles Baum	Stratégie «Digital(4)Education»
2735	Gusty Graas	Transports en taxi pris en charge par la CNS
2736	Martine Hansen	Épandage de lisier
2737	Sylvie Andrich-Duval	Fermeture des CR 174, CR 176 et CR 176A en cas d'enneigement et de verglas
2738	Martine Hansen, Jean-Marie Halsdorf	Rééducation cardiaque
2739	Martine Hansen, Marco Schank	Problématique du radon
2740	Yves Cruchten	Prix des services de communications électroniques
2742	Gusty Graas, Alexander Krieps	Grippe
2743	Diane Adehm, Gilles Roth	Droits d'accise sur les produits de tabac
2744	Gilles Baum	Promotion du vin luxembourgeois
2746	Martine Hansen, Marco Schank	Déchets de jardin
2747	Lex Delles	Suppression de la ligne de bus 303 du SMITU
2748	Marco Schank	Système de traitement des NO_x sur les camions
2749	Marc Lies, Serge Wilmes	Nouveau plan d'aménagement de la Ville de Luxembourg
2750	Françoise Hetto-Gaasch, Jean-Marie Halsdorf	Remboursement du lymphœdème
2751	Franz Fayot	Destruction d'immeubles à protéger
2752	Nancy Arendt	Mutilations sexuelles féminines
2753	Claudia Dall'Agnol	Illettrisme
2754	Emile Eicher	Consultation des données inscrites au Registre national des personnes physiques
2756	Max Hahn, Claude Lamberty	Éclairage des routes
2757	Gilles Baum	Installation de radars dans les tunnels
2758	David Wagner	Situation et les transformations à l'Aire de Berchem
2760	Gérard Anzia, Henri Kox	Cyclotourisme
2762	Françoise Hetto-Gaasch	Contraceptifs
2765	Nancy Arendt	Profession de l'orthoptiste
2767	Fernand Kartheiser	Situation au Soudan du Sud
2768	Laurent Mosar	«Bad bank» européenne
2769	Fernand Kartheiser	Mesures de compensation dans le cadre de la construction du tram
2770	Fernand Kartheiser	Liberté d'expression
2772	Lex Delles, Claude Lamberty	Participation aux activités offertes par la LASEP
2773	Marc Lies	Registre des personnes physiques
2774	Laurent Mosar	Taxe sur les transactions financières
2775	Marc Lies	Transports publics
2776	Roy Reding	Soldes dit Target
2779	Claude Adam	Brevet d'initiation à l'aéronautique
2946 urgente	Diane Adehm, Gilles Roth	Cession d'actions dans la Banque internationale à Luxembourg

Question 2668 (12.01.2017) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant la **liberté d'expression:**

Queesch duerch d'Welt, an Europa an och zu Lëtzebuerg gëtt iwwert d'Meenungsfräiheet an de sozialen Netzer diskutéiert, dëst dacks mat der Intentioun, dës Fräiheet ze encadréieren, wann net souguer anzeschränken.

Dowéinst wéilt ech den Häre Justizminister a Minister fir déi bannescht Sécherheet dës Froe stellen:

1) Wéi definéiert, wann iwwerhaapt, d'Regierung dës Begréffer:

- Meenungsfräiheet,

- Incitatioun,

- Incitatioun zum Haass (juristesch: „incitation à la haine"),

- Volleksverhetzung (mat senge Komponenten „Vollek" an „Hetze"),

- Haass,

- Haassried (am Engleschen: „hate speech")?

2) Op wéi enger rechtlecher Basis berouen dës Definitiounen? Wéi eng Artikelen aus dem Code pénal an anere Gesetzer gi vun der Justiz benotzt, fir Infraktiounen an dësem Beräich festzestellen an eventuell ze verfollegen?

3) Wou zéien déi Häre Ministeren d'Grenz tëschent der Meenungsfräiheet an engem Opruff zum Haass?

4) Gesinn déi Häre Ministeren eventuell d'Gefor vun enger Verletzung vum Mënscherecht op Meenungsfräiheet duerch déi aktuell Bestriewungen, géint sougenannten „Haassverbriechen" virzegoen?

5) Wat ass an den Ae vun der Regierung eng Kritik un enger anerer Persoun oder engem Grupp vu Persounen, déi vun der Meenungsfräiheet gedeckt ass, an eng Kritik, déi net vun der Meenungsfräiheet gedeckt ass? Wou ass also fir d'Regierung d'Grenz tëschent enger - hirer Meenung no - nach erlaabter Meenung an enger supposéiert net méi erlaabter Meenung? Wat sinn déi genee Kritären?

6) Gouf et eng Formatioun fir Riichter an dem Beräich? Wa jo, wat war de Contenu vun där Formatioun? Kënnen déi Häre Ministeren der Chamber déi Materialien zur Verfügung stellen, déi bei esou Formatioune benotzt goufen, inklusiv alle benotzten Definitiounen a beschriwwene Situatiounen (Fallbeispiller)?

7) Wéi vill Plaintë goufe bis elo bei der Justiz wéinst Incitatioun zum Haass abruecht a wéi eng Suitte kruten déi? Wéi vill Leit goufe bis elo wéinst engem sougenannten „Haassverbriechen" veruerteelt a fir wat fir eng Aussoe genee?

8) Wéi vill Leit an der Police an an der Justiz si mat der Verfolgung vu sougenannten „Haassverbriechen" beschäftegt? Iwwerwaacht d'Police vu sech aus déi sozial Medien an, wa jo, mat wéi enge Mëttelen an opgrond vu wéi enge Gesetzer?

9) Wëllt d'Regierung der Chamber e Gesetzprojet zum Thema „Haassverbriechen" presentéieren? Wa jo, wéini an zu wéi engem Zweck? Oder ass d'Regierung der Meenung, datt déi aktuell Gesetzer, inklusiv d'Pressegesetz an den Deontologiekodex vun de Journalisten, duerginn, fir eventuell grav Dériven ze ënnerbannen?

10) Gesäit d'Regierung d'Gefor vun enger Meenungsdiktatur zu Lëtzebuerg? Ass et eventuell méiglech, datt duerch d'Verfolgung vu sougenannten „Haassverbriechen", sou wéi sech dat am Ableck entwéckelt, Lëtzebuerg um Wee kéint sinn, fir sech a Richtung vun enger ageschränkter Demokratie ze entwéckelen, amplaz datt eis Institutiounen d'Fräiheet an d'Grondrechter vun de Bierger, inklusiv dat op Meenungsfräiheet, resolutt verdeedegen?

Réponse commune (08.02.2017) de **M. Félix Braz,** *Ministre de la Justice,* et de **M. Etienne Schneider,** *Ministre de la Sécurité intérieure:*

1) Déi verschidde Begréffer ginn an den Texter esou definéiert:

- Meenungsfräiheet

Den Artikel 24 vun eiser Constitutioun definéiert d'Meenungsfräiheet esou:

.«La liberté de manifester ses opinions par la parole en toutes matières, et la liberté de la presse sont garanties, sauf la répression des délits commis à l'occasion de l'exercice de ces libertés. - La censure ne pourra jamais être établie.»

Am Artikel 10 vun der Convention européenne de sauvegarde des droits de l'homme steet:

«1. Toute personne a droit à la liberté d'expression Ce droit comprend la liberté d'opinion et la liberté de recevoir ou de communiquer des informations ou des idées sans qu'il puisse y avoir ingérence d'autorités publiques et sans

considération de frontière. Le présent article n'empêche pas les États de soumettre les entreprises de radiodiffusion, de cinéma ou de télévision à un régime d'autorisations.

2. L'exercice de ces libertés comportant des devoirs et des responsabilités peut être soumis à certaines formalités, conditions, restrictions ou sanctions prévues par la loi, qui constituent des mesures nécessaires, dans une société démocratique, à la sécurité nationale, à l'intégrité territoriale ou à la sûreté publique, à la défense de l'ordre et à la prévention du crime, à la protection de la santé ou de la morale, à la protection de la réputation ou des droits d'autrui, pour empêcher la divulgation d'informations confidentielles ou pour garantir l'autorité et l'impartialité du pouvoir judiciaire.»

- Incitatioun, Incitatioun zum Haass

Am Artikel 454 vum Code pénal steet:

«Constitue une discrimination toute distinction opérée entre les personnes physiques à raison de leur origine, de leur couleur de peau, de leur sexe, de leur orientation sexuelle, de leur changement de sexe, de leur situation de famille, de leur âge, de leur état de santé, de leur handicap, de leurs mœurs, de leurs opinions politiques ou philosophiques, de leurs activités syndicales, de leur appartenance ou de leur non-appartenance, vraie ou supposée, à une ethnie, une nation, une race ou une religion déterminée.

Constitue également une discrimination toute distinction opérée entre les personnes morales, les groupes ou communautés de personnes, à raison de l'origine, de la couleur de peau, du sexe, de l'orientation sexuelle, du changement de sexe, de la situation de famille, de leur âge, de l'état de santé, du handicap, des mœurs, des opinions politiques ou philosophiques, des activités syndicales, de l'appartenance ou de la non-appartenance, vraie ou supposée, à une ethnie, une nation, une race, ou une religion déterminée, des membres ou de certains membres de ces personnes morales, groupes ou communautés.»

Am Artikel 457-1 vum Code pénal geet et ëm d'Incitatioun zum Haass. An deem Artikel steet Folgendes:

«Est puni d'un emprisonnement de huit jours à deux ans et d'une amende de 251 euros à 25.000 euros ou de l'une de ces peines seulement:

1) quiconque, soit par des discours, cris ou menaces proférés dans des lieux ou réunions publics, soit par des écrits, imprimés, dessins, gravures, peintures, emblèmes, images ou tout autre support de l'écrit, de la parole ou de l'image vendus ou distribués, mis en vente ou exposés dans des lieux ou réunions publics, soit par des placards ou des affiches exposés au regard du public, soit par tout moyen de communication audiovisuelle, incite aux actes prévus à l'article 455, à la haine ou à la violence à l'égard d'une personne, physique ou morale, d'un groupe ou d'une communauté en se fondant sur l'un des éléments visés à l'article 454;

2) quiconque appartient à une organisation dont les objectifs ou les activités consistent à commettre l'un des actes prévus au paragraphe 1) du présent article;

3) quiconque imprime ou fait imprimer, fabrique, détient, transporte, importe, exporte, fait fabriquer, importer, exporter ou transporter, met en circulation sur le territoire luxembourgeois, envoie à partir du territoire luxembourgeois, remet à la poste ou à un autre professionnel chargé de la distribution du courrier sur le territoire luxembourgeois, fait transiter par le territoire luxembourgeois, des écrits, imprimés, dessins, gravures, peintures, affiches, photographies, films cinématographiques, emblèmes, images ou tout autre support de l'écrit, de la parole ou de l'image, de nature à inciter aux actes prévus à l'article 455, à la haine ou à la violence à l'égard d'une personne, physique ou morale, d'un groupe ou d'une communauté, en se fondant sur l'un des éléments visés à l'article 454.

La confiscation des objets énumérés ci-desous sera prononcée dans tous les cas.»

- Volleksverhetzung

Dëse Begréff designéiert d'Incitatioun zum Haass an Däitschland (Volksverhetzung: §130 vum Strafgesetzbuch), mam Ënnerscheed, dass hei déi verbuede Kritäre méi limitéiert sinn.

- Haass

Dëse Begréff gëtt vun der Jurisprudenz definéiert als e Gefill vun Ofweisung a Feindlechkeet.

- Haassried

Am wuertwiertleche Sënn schléisst den Term „Haassried" geschriwwe Wierder, Biller a Videoen aus. Esou eng Definitioun wier allerdéngs ze restriktiv, vu dass den engleschen Term „hate speech" all Forme vun Incitatioun zum Haass ëmfaasst, an a Relatioun steet mam Wuert „hate crime", dat séngersäits all d'Strofdoten aus dem Droit commun bezeechent, déi duerch eng rassistesch Intentioun motivéiert sinn.

2) Dës Fro ass schonn an der éischter Fro beäntwert ginn.

3) D'Geriichter zéien d'Grenz tëschent der Meenungsfräiheet an engem Opruff zum Haass. Et ass net un de Ministeren, dës Grenz festzeleeën.

D'Cour européenne des droits de l'homme huet eng Grenz gezunn tëscht der Meenungsfräiheet, engersäits, an dem Opruff zum Haass, anerersäits, andeems se a verschiddenen Affären op Folgendes higewisen huet: «il y a une nécessité, dans les sociétés démocratiques et pluralistes, de sanctionner, voire de prévenir, toutes les formes d'expression qui propagent, incitent à, promeuvent ou justifient la haine fondée sur l'intolérance, si l'on veille à ce que les „formalités", „conditions", „restrictions" ou „sanctions" imposées soient proportionnées au but légitime poursuivi (…)» (arrêt Handyside c. Royaume-Uni du 7 décembre 1976, § 49).

4) Mir liewen an enger demokratescher Gesellschaft, an där jiddereen d'Recht huet op Meenungsfräiheet, mä wou een awer och all Mënsch respektéiere muss, soudass Haassrieden hei keng Plaz däerfen hunn. Et muss een de richtegen Équiliber fannen tëschent der Meenungsfräiheet an dem Kampf géint Haassrieden.

5) D'Regierung ass net kompetent, fir dës Grenz ze zéien. D'Geriichter sinn zoustänneg, fir vu Fall zu Fall d'Grenz festzeleeën tëschent enger „erlaabter Meenung" an enger Meenung, déi net méi kann als solch bezeechent ginn.

D'Meenungsfräiheet ass deemno e Prinzip, deen awer och Restriktiounen huet, déi am zweeten Abschnitt vum Artikel 10 vun der Convention européenne de sauvegarde des droits de l'homme virgesi sinn.

Deemno ass et verbueden, op iergendeng Manéier Messagen ze verbreeden, déi bei engem cibléierte Publikum e Gefill vu Feindlechkeet an Ofweisung géigeniwwer vun engem Mënsch, engem Grupp oder enger Gemeinschaft provozéieren, an dat opgrond vun engem vun de Kritären, déi am Artikel 454 vum Code pénal opgezielt sinn.

Natierlech ass et erlaabt, eng aner Meenung ze hu wéi een anere Mënsch oder e Grupp vu Mënschen. Et ass och erlaabt, dee Mënsch oder dee Grupp vu Mënschen ze kritiséieren, ënnert der Konditioun, dass dës Kriticke keng beleidegend Äusserungen enthalen.

6) D'Magistraten huelen Deel un nationalen an internationale Formatiounen. Si hunn d'Geleeënheet, sech och iwwert d'Evolutiounen an dëser Matière um Lafenden ze halen.

Formatiounen, déi sech an dëser Matière ubidden, ginn net um Ministère organiséiert, mä haaptsächlech vun internationalen Organisatiounen a vu Magistraturschoule proposéiert, an dat zum Beispill am Kader vu bilateralen Accorden (ENM, ERA, asw.).

Sou war beispillsweis 2016 eng Lëtzebuerger Partizipatioun un enger Formatioun, déi zum Thema «Le racisme et l'antisémitisme: enjeux contemporains» organiséiert gi war.

International Seminairen erméiglechen och de Magistraten, hir Meenung mat Professionellen aus anere Länner auszetauschen an iwwer Etüden oder Fallbeispiller ze diskutéieren.

Dat alles dréit derzou bäi, dass Richter hir Recherchë komplett a präzis maache kënnen an d'Gesetz vu Fall zu Fall richteg applizéiert gëtt, nodeems d'Konformitéit mat den internationalen Instrumenter iwwerpréift gouf.

7) An der Annex *(annexe à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question)* befënnt sech e Relevé mat deene Plainten, déi de Ministère public kritt huet, a mat der Zuel vun den Décisiounen, déi an dëser Matière déi lescht Jore geholl goufen.

8) De Service de police judiciaire ass fir dee Beräich zoustänneg, haaptsächlech op Basis vun enger Enquête, déi vum Parquet ordonnéiert gouf oder vun enger Dénonciatioun iwwer BEE SECURE Stopline. Et gi keng speziell Mëttelen agesat, well d'Police Accès huet op dat, wat der Allgemengheet och zougänglech ass. De Service de police judiciaire kuckt haaptsächlech déi Internetsäiten, déi ëmmer erëm gemellt ginn.

Um Parquet Lëtzebuerg sinn zwee Magistraten zoustänneg fir d'Gestioun an de Suivi vun den Dossieren, déi opgemaach ginn opgrond vu Strofdoten aus dem Kapitel VI vum Code pénal. Um Parquet Dikrech ass ee Magistrat dofir zoustänneg. Dës Missioune ginn ënnert der Kontroll vum Procureur d'État gemaach.

9) D'Regierung huet am Moment net wëlles, der Chamber e Gesetzesprojet zum Thema „Haassverbriechen" ze presentéieren, vu dass déi aktuell Gesetzestexter duerginn.

10) D'Regierung gesäit keng Gefor vun enger Meenungsdiktatur zu Lëtzebuerg.

Et sief drun erënnert, dass et keng demokratesch Gesellschaft gëtt, ouni d'Réputatioun vun all de Matbierger ze schützen, sou wéi et am zweeten Abschnitt vum Artikel 10 vun der Convention européenne de sauvegarde des droits de l'homme virgesinn ass.

Question 2684 (19.01.2017) de **Mme Claudia Dall'Agnol** *(LSAP)* concernant la **protection visuelle et acoustique contre les nuisances de l'autoroute A3:**

Selon mes informations, un nombre non négligeable d'habitants de la commune de Bettembourg se voient privés de leur protection visuelle et acoustique contre les nuisances de l'autoroute A3 après la coupe des haies et arbres le long de cette autoroute.

Dans la mesure où ladite situation constitue une dégradation essentielle de la qualité de vie des riverains concernés et dans le cadre de la future extension de l'A3 sur 2x3 voies, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures:

- Monsieur le Ministre est-il au courant du défrichement le long des abords de l'autoroute A3? Dans l'affirmative, pour quelles raisons les haies et arbres, qui constituent une protection naturelle visuelle et acoustique, ont été coupés?

- Le Ministre envisage-t-il, à court terme, le rétablissement d'une meilleure protection visuelle et acoustique le long de ce tronçon de l'autoroute A3?

- Dans le cas d'un rétablissement d'une protection visuelle et acoustique, quel type de protection le Ministère envisage-t-il mettre en place et quand est-ce que les travaux débuteront?

- Monsieur le Ministre peut-il avancer une date précise pour le début des travaux d'extension de l'autoroute A3 sur 2x3 voies?

Il m'est par ailleurs parvenu que des analyses de bruit ont été réalisées en 2015 et 2016.

- Monsieur le Ministre pourrait-il me renseigner sur les résultats de ces analyses?

- Monsieur le Ministre compte-t-il publier les résultats de ces analyses?

- Dans le même contexte, Monsieur le Ministre pourrait-il me communiquer les résultats des analyses de poussières fines réalisées le long de l'A3?

Réponse (14.03.2017) de **M. François Bausch,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures:*

De prime abord, je veux mettre en évidence que les arbres implantés le long des autoroutes constituent toujours un danger pour la sécurité des usagers de la route à cause du risque de chute d'arbres ou de branches sur la chaussée. De ce fait, un entretien régulier et conséquent s'impose. La raison pour la coupe des haies et arbres, notamment aux abords de l'autoroute A3 à Bettembourg, est celle que les épicéas, pins et peupliers, plantés sur un maillage trop serré, se trouvaient en mauvais état de santé et en phase de dépérissement engagée. L'état de santé des arbres a été confirmé par des experts dans ce domaine ainsi que par les agents compétents de l'Administration de la nature et des forêts et l'autorisation ministérielle a été établie.

Le rétablissement d'une meilleure protection visuelle et acoustique le long de ce tronçon de l'autoroute A3 à Bettembourg est prévu avec l'élargissement de l'autoroute sur 2x3 voies et fera partie intégrante du projet de la loi de financement.

Comme le rétablissement d'une meilleure protection visuelle et acoustique le long de ce tronçon de l'autoroute A3 à Bettembourg est prévu seulement avec le projet de la mise à 2x3 voies de l'autoroute A3, il n'est pas prévu de mettre en place une protection avant le début de ce chantier.

Le projet de loi de la mise à 2x3 voies de l'autoroute A3 figurera prochainement à l'ordre du jour du Conseil de Gouvernement pour être déposé ensuite à la Chambre des Députés. Sous réserve de l'approbation de cette loi, les travaux pourront débuter au plus tôt courant de l'année 2018 pour une durée d'au moins cinq années.

Le projet actuel de dédoublement de l'A3 concerne le tronçon allant de l'échangeur de Gasperich jusqu'à la frontière française. La zone urbanisée à protéger s'étend depuis la localité de Bivange jusqu'à l'échangeur autoroutier entre l'A3 et l'A13. Ce tronçon représente une longueur de douze kilomètres et à l'heure actuelle plusieurs dispositifs antibruit, essentiellement des écrans antibruit acoustiquement absorbants d'une longueur totale de 2,3 km et d'une surface globale de 6.800 m^2, sont déjà en place sur ce tronçon.

La proposition émanant de l'étude d'incidence du bruit, qui représente une solution de protection optimisée, se présente comme suit:

Le site de Bivange est protégé par des écrans de 3,6 et 4,2 m de haut et de respectivement 198 et 540 m de long.

Pour la localité de Berchem, cette proposition inclut un écran de 3 m de haut et 165 m de long à la station de service, et un écran de 3 m de haut et 490 m de long vers le Sud.

L'ensemble du village de Livange est protégé par des écrans de 3 m de haut, prolongé sur 351 m pour protéger également le site de Peppange.

Plus spécialement, la localité de Bettembourg sera protégée par un ensemble d'écrans de hauteur variable allant de 3,6 m jusqu'à 4,8 m d'une longueur totale de 2,194 km.

Au total, il est prévu de réaliser des protections acoustiques le long de l'autoroute élargie d'une surface totale d'environ 20.000 m^2 sur une longueur totale de 5,3 km.

En principe les différences acoustiques (avec ou sans un voile herbacé) sont limitées et ne permettent pas de conclure à un réel impact acoustique lié aux arbres et aux arbustes le long d'une voirie. Les résultats de l'analyse effectuée par un bureau agréé le long de l'autoroute A3 à Bettembourg ont déterminé des différences acoustiques insignifiantes, voire nulles, suite à l'enlèvement des arbres et arbustes.

L'évaluation de la qualité de l'air ambiant à l'aide de mesures fixes est réalisée dans plusieurs stations de mesure représentatives selon les critères indiqués dans la directive 2008/50/CE concernant la qualité de l'air ambiant et un air pur pour l'Europe.

Le niveau moyen annuel des particules fines (PM10) dans les différentes stations de mesure de l'Administration de l'environnement se situe en 2016 à des niveaux entre 12 et 23 µg/m^3 selon le site de mesure. La valeur limite annuelle applicable dans l'Union européenne est de 40 µg/m^3. Les valeurs limites pour les particules fines PM10 dans l'air ambiant sont respectées au Luxembourg de façon ininterrompue depuis le début des mesures en 2007. On peut observer une tendance décroissante de cette forme de pollution.

Les mesures fixes de particules fines sont complétées par une technique de modélisation qui permet de fournir une information sur la répartition géographique des teneurs en particules fines dans l'air ambiant sur l'ensemble du territoire du Grand-Duché de Luxembourg. Ces résultats peuvent être visualisés en temps réel via le site www.emwelt.lu, lien rapide «Qualité de l'air».

L'Administration de l'environnement n'a pas réalisé d'analyses spécifiques de poussières fines le long de l'autoroute A3. Toutefois, des mesures indicatives du polluant-clé dioxyde d'azote (NO_2) en relation avec le trafic routier ont été réalisées en 2012 et 2013 dans la cité Leischemer à Bettembourg à proximité directe de l'autoroute A3. Les valeurs moyennes annuelles mesurées se situaient entre 36 et 31 µg/m^3. La valeur limite annuelle applicable dans l'Union européenne est de 40 µg/m^3.

Question 2688 (20.01.2017) de **Mme Martine Hansen** et **M. Marco Schank** *(CSV)* concernant les **propriétaires forestiers privés:**

D'„Lëtzebuerger Privatbësch asbl" zielt eng 1.900 Memberen a representéiert ronn 24.000 Hektar vum Lëtzebuerger Bësch. Déi privat Bëschbesëtzer spillen deemno eng wichteg Roll wann et drëms geet, dëse komplexen Ökosystem fir déi nächst Generatiounen ze erhalten, fir dass de Bësch och an Zukunft seng ökologesch, wirtschaftlech a sozial Funktiounen op lokalem an nationalem Plang kann erfëllen. Wei vill aner Associatiounen ouni Ge-

wënnzweck huet och d'„Lëtzebuerger Privatbësch asbl" eng Rei Doléancen un d'Politik.

An hirer leschter Zeitung „De Lëtzeburger Bësch" weisen d'Privatbëschbesëtzer an engem Bréif un d'Emweltminitsesch op d'Problemer hin, déi si am Kader vun der TVA-Erhéijung vun 2015 hunn. Si verlaangen, datt den TVA-Taux, dee si kënnen op hirem Holzverkaf behalen, als Kompensatioun fir déi TVA, déi si bezuelen, vu 4% op 12% eropgesat gëtt, esou wéi et bei der Landwirtschaft de Fall ass.

Weider weise si an dësem Bréif drop hin, datt verschidde Steierbüroen d'Méiglechkeet vun Ofschreiwungen, etc. net méi unhuelen, wa keen „but de lucre" kann nogewise ginn. Si krute gesot, datt wann ee Betrib no maximal zéng Joer kee Benefiss géif maachen, da wär den „but de lucre" net nogewisen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Minister fir Emwelt an dem Här Finanzminister dës Froe stellen:

- Wéi ass ze erklären, datt déi eenzel Steierbüroen ënnerschiddlech virgi bei der Behandlung vun de forstwirtschaftleche Betriber?

- Wéi gesäit déi konkret Regelung aus fir de forstwirtschaftleche Betrib?

- Ewéi ass den Artikel 61 vun der Steiergesetzgebung L.I.R. auszeleeën, dee seet: „(...) En ce qui concerne la sylviculture, la seule possession de terrains forestiers est à considérer comme exploitation forestière"?

An der Äntwert op de Bréif vun der „Lëtzebuerger Privatbësch asbl" seet d'Madamm Minister, dass „Fuerderunge vum Lëtzebuerger Privatbësch a Saachen TVA sinn novollzéibar".

An deem Kader wollte mir der Madamm Minister fir Emwelt an dem Här Finanzminister dës Froe stellen:

- Ass eng Upassung vun der TVA bei de forstwirtschaftleche Betriber wéi bei de landwirtschaftleche Betriber virgesinn?

- Wa jo, wéi soll des Upassung ausgesinn?

- Wann neen, firwat net?

Am Äntwertschreiwes vum 24. Oktober 2016 un d'„Lëtzebuerger Privatbësch asbl" seet d'Madamm Minister och, dass d'„Steierbehandlung vun de Bëschbesëtzer misst effektiv verbessert ginn. D'ongerecht Considératioun vum Décalage vu Recetten an Investitiounen ass e reelle Problem. Den MDDI wäert déi néideg Démarche beim Finanzministère initiéieren."

An deem Kader wollte mir dem Här Finanzminister dës Froe stellen:

- Huet d'Madamm Minister an den MDDI déi beschriwwen Démarche beim Finanzministère ageleet?

- Wa jo, wat sinn d'Konklusiounen?

- Wann neen, firwat net?

Réponse commune (01.03.2017) de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement,* et de **M. Pierre Gramegna,** *Ministre des Finances:*

An Entrevuen, déi och zwëschent eise Servicer stattfonnt hunn, hu mir déi an der Ufro ugeschwate Punkten am Detail beschwat a kënne Folgendes matdeelen:

Wat déi direkt Besteierung ubelaangt, esou ass d'Behandlung vun de forstwirtschaftleche Betriber konform zu de Regele vun eisem Akommessteiergesetz (L.I.R.), déi konstant esou ugewannt ginn.

Dorop hinzeweisen ass, dass am Artikel 10 vum Akommessteiergesetz (L.I.R.), wou d'Kategorië vun Akommes opgezielt ginn, den „bénéfice agricole et forestier" als zweet Kategorie vu Benefiss opgefouert gëtt, nieft dem Bénéfice commercial an deem aus enger fräiberufflecher Aktivitéit. Fir den „bénéfice agricole et forestier" gëlle fir d'Eischt d'Bestëmmunge vun den Artikelen 61 bis 90 L.I.R., dovunner besonnesch d'Artikelen 73 bis 90 L.I.R., déi sech spezifesch op d'Bëscher bezéien, awer och, souwäit näischt anescht am Gesetz steet, déi vun den Artikele 16 bis 60 L.I.R., also d'Regele vum „bénéfice commercial". Dat steet ausdrécklech am Artikel 64 L.I.R.

Ass eng Aktivitéit onofhängeg, huet si als Zil, Gewënn ze brénge, gëtt se op eng nohalteg Manéier ausgeüübt an ass unzegesinn als en Deelhuelen um normale wirtschaftleche Verkéier, ass dës Aktivitéit eng kommerziell Aktivitéit, ausser si wier en Ausübe vun engem fräie Beruff oder eng land- a forstwirtschaftlech Aktivitéit am Sënn vum Artikel 61 L.I.R. Bei der Exploitatioun vu Bëscher seet den Artikel 61 n°1, zweete Saz, datt, wat d'„Sylviculture" ugeet, de Besëtz u sech vu Bëscher als Bëscherexploitatioun gëllt.

Fir d'Alleréischt definéiert deen éischte Saz vum Artikel 61 L.I.R. de Benefiss aus Land- a Forstwirtschaft als ee Resultat, wat de Contribuable aus deenen duerno opgezielten Aktivitéite kritt. Hei gëtt gläich virausgesat, datt de Bëschexploitant wëllt e Resultat, a Form vun engem Gewënn, erreechen. Fir datt dee Bëschbesëtz d'Qualifikatioun vun enger „Exploitatioun" ka kréien, muss en, ökonomesch gesinn, op d'mannst iwwer eng laang Lafzäit gekuckt, fäeg sinn, e positivt Resultat ze generéieren, d. h. e Resultat, wat global an iwwer länger Zäit gekuckt e positive Revenu, dee méi héich ass wéi déi iwwert d'Jore cumuléiert Ausgaben (d. h. Perten). Dobäi geet et net duer, datt de Contribuable deklaréiert, hien hätt d'Intentioun, eng Kéier e globaalt positivt Resultat ze erreechen, mä de Fall muss no externen an objektive Kritären ënnersicht ginn, esou wéi dat och bei deenen anere Revenu-Aarten ass. Esou kann et gutt sinn, datt wärend enger ganzer Rei Jore Pertë bestinn, déi och steierlech kënnen unerkannt ginn, souwäit wéi se a spéidere Jore kompenséiert ginn an duerno och weiderhi Benefisser realiséiert ginn.

Bei enger Bëschexploitatioun muss also fir d'Eischt emol dee méigleche Rendement analyséiert ginn a Fonctioun vun enger Zäitspan, déi esou laang ass wéi déi vum Eruwuesse vun de Beemercher zu Beem, déi kënne gehae ginn, an dat spezifesch den Zorten no. Dat kënne wuel Jorzéngte sinn. Dobäi ginn awer Zoufallsfacteure wéi Stierm oder Befall duerch Parasiten oder Xylophagen net gekuckt.

Een zweeten, grad esou wichtege Kritär, ass d'Gréisst vum Bësch. Si bestëmmt mat, wéi d'Qualitéit vun de Beem gëtt, wéi de Bësch sech regeneréiert oder wéi d'Lignificatioun verleeft. Gëtt déi Surface ze kleng, ass de Bësch net ekologesch a biologesch liewensfäeg an domat d'„Bëschexploitatioun" och net ekonomesch um Liewen ze halen. An esou Fäll gëtt vu vir era keng Exploitatioun am ekonomesche Sënn akzeptéiert an de Bëschbesëtz als Hobby ouni steierlechen Impakt betruecht, well en ekonomesch kee Sënn mécht.

Och d'Aarbechten, déi vum Contribuable gemaach ginn, spillen eng Roll. Kleng Botzaarbechten eleng sinn dobäi nach keen Noweis fir eng Bëschexploitatioun am steierleche Sënn. De Bëschbesëtzer muss regelméisseg a sengem Bësch schaffen a säi Bescht ginn, e positive Revenu ze erzilen.

Dat Spezifescht vum Artikel 61 L.I.R. bei Bëscher par rapport zu aneren Zorten Akommes läit doran, datt op vill méi eng laang Zäit muss gekuckt ginn, ob eng echt Bëschexploitatioun virläit oder en Hobby ausgeübt gëtt.

D'Existenz vun engem steierlech berücksichtegte Bénéfice forestier setzt viraus, datt d'Sylviculture ufänkt mat der Intentioun an de Beméiungen, fir op d'mannst mëttelfristeg e Benefiss ze realiséieren, an datt den Exploitant sech och déi ekonomesch Moyene gëtt, fir dat Zil ze erreechen.

Dës Approche ass zanter Jorzéngten déi vun der Steierverwaltung; dobäi muss dee betraffene Steierbüro Fall fir Fall ënnersichen, ob et sech ëm eng Exploitatioun handelt, déi déi uewe genannte Kritären erfëllt, oder ob, opgrond vun enger ze klenger Fläch an/oder de feelende Beméiungen, fir Benefisser ze erreechen, d'Aktivitéit vum Contribuable als Hobby muss agestuuft ginn, well och op laang Siicht keng Aussicht op ee Gewënn ass.

Well all Fall anescht ass, bleift d'Décisioun, fir d'Exploitatioun vum Bësch an domat och d'Perten (ënner Ëmstänn iwwer laang Joren) steierlech unzeerkennen, an der Kompetenz vun deenen eenzele Steierbüroen, déi an all konkretem Fall mussen eng Entscheedung huelen. Datt an deenen enge Fäll d'Exploitatioun unerkannt gëtt an an aneren net, hänkt also net un der Applikatioun vu verschiddene Kritären, mä éischter dorun, datt all Fall anescht ass an individuell muss geléist ginn no deeneselwechte Kritären.

Bei der Besteierung als Bénéfice forestier ginn d'Recetten aus deenen normale Coupë vun de Beem oder dem Verkaf vun de Beem als gewéinleche Produit ugekuckt an e positivt Resultat als gewéinleche Revenu nom normale Steiersaz besteiert. De Gesetzgeber huet awer och eng méi favorabel Besteierung nom hallwe Steiersaz virgesi fir Fäll, wou et zu aussergewéinleche Coupë kënnt (cf. Artikel 77 L.I.R., coupes extraordinaires).

Wat d'TVA ubelaangt, esou froen d'honorabel Deputéiert, ob den Taux forfaitaire vu 4%, deen am Artikel 58 vum TVA-Gesetz festgeluecht ass, wäert ugepasst ginn. Dozou ass ze soen, dass dësen Taux effektiv fir d'lescht den 1. Januar 1992 op 4% ugepasst ginn ass. D'Regierung ass amgaang eng Etüd ze maachen, fir préiwen ze loossen, ob dësen TVA-Taux muss ajustéiert ginn, fir der ökonomescher Situatioun korrekt Rechnung ze droen. Falls dës Etüd zur Konklusioun kënnt, dass den TVA-Taux net méi adequat ass, wäert d'Regierung déi néideg Upassung maachen.

Question 2693 (23.01.2017) de **M. Marc Lies** *(CSV)* concernant le **Fonds pour le développement du logement et de l'habitat:**

La loi autorise le Fonds pour le développement du logement et de l'habitat à vendre 40% de ses logements dans des ventes aux enchères publiques sans tenir compte de critères sociaux. Dans ce contexte, le Fonds a mis en vente un appartement à Luxembourg-Cents par soumission cachetée au plus offrant.

Dans ce contexte, je souhaiterais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Logement:

- Pour quelles raisons le Fonds du logement fait-il recours à la procédure de la vente par soumission cachetée?

- Combien de logements ont été respectivement vont à l'avenir être vendus par soumission cachetée?

- Pour ces ventes, est-ce que le Fonds du logement se réserve un droit de préemption?

- Monsieur le Ministre ne craint-il pas que cette procédure risque de provoquer des abus?

Le Fonds pour le développement du logement et de l'habitat vient de publier son rapport d'activité 2015 sur son site Internet. À la page 61 au point «Note 12. Charges exceptionnelles» il est question d'une «indemnité CLE» à hauteur de 400.000 euros. Selon les informations parues dans l'hebdomadaire d'«Lëtzebuerger Land», il s'agit d'une indemnité que le Fonds pour le développement du logement et de l'habitat aurait payée à la Compagnie luxembourgeoise d'entreprises. Toujours selon la même source, la présidente du Fonds du logement aurait expliqué que le nouveau comité directeur se serait décidé pour «un arrangement à l'amiable» afin d'«éviter un procès coûteux».

Dans un souci de transparence et d'une utilisation responsable des deniers publics, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Logement:

- Pour quelles raisons le comité directeur du Fonds du logement a-t-il décidé de payer une indemnité à hauteur de 400.000 euros à la société CDL?

- De quelle affaire s'agit-il?

- Quelles sont les raisons ayant amené le Fonds du logement à accepter cet accord à l'amiable?

- Quelle est la position du Gouvernement concernant l'arrangement conclu?

Réponse (01.03.2017) de **M. Marc Hansen,** *Ministre du Logement:*

L'honorable Député demande des renseignements sur une procédure de vente par soumission cachetée, publiée par le Fonds du logement fin janvier 2017. Dans ce contexte, il est d'abord nécessaire de rectifier deux affirmations soulevées dans la question parlementaire. L'auteur de la question parlementaire argumente - comme pour justifier les pratiques du passé - que la loi autoriserait le Fonds du logement à vendre «40% de ses logements dans des ventes aux enchères publiques sans tenir compte de critères sociaux».

Alors qu'à l'origine, le nouvel accord salarial dans la fonction publique signé le 5 décembre 2016 ne fut pas prévu dans l'accord de coalition scellé fin 2013 entre partenaires gouvernementaux, le Gouvernement estime que, depuis lors, l'évolution de la situation économique et budgétaire justifie tant le versement d'une prime unique d'ici le 1er avril 2017 qu'une hausse de l'indice de base des rémunérations des agents de l'État d'ici le 1er janvier 2018.

Ladite prime mentionnée ci-dessus, attribuée aux fonctionnaires et employés de l'État, l'est aussi aux membres de la Chambre des Députés, du Conseil d'État et du Gouvernement.

La prime est calculée par rapport au traitement de base, le cas échéant allongé, auquel sont ajoutés:

- la majoration d'échelon pour postes à responsabilité particulière,
- la majoration d'échelon pour fonctions dirigeantes,
- l'allocation de famille,
- l'allocation de fin d'année, et
- les suppléments personnels de traitement accordés notamment pour compenser une perte de traitement lors d'un changement de carrière ou au moment d'atteindre 55 ans.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 11.01.2017
Rapporteur: M. Yves Cruchten

Travaux de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative
(Président: M. Yves Cruchten)

01.03.2017	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
	Examen de l'avis du Conseil d'État
09.03.2017	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 15.03.2017
Loi du 21 mars 2017
Mémorial A: 2017, n°313, page 1

SÉANCE 25

MARDI,
14 MARS 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Communications

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
- *M. Claude Wiseler*

4. Heure de questions au Gouvernement

Question n°254 du 9 mars 2017 de M. Claude Lamberty relative aux éventuels travaux d'agrandissement de la Maison des sports, adressée à M. le Ministre des Sports

- *M. Claude Lamberty - M. Romain Schneider, Ministre des Sports*

Question n°255 du 14 mars 2017 de M. Laurent Zeimet relative à l'ouverture du vote par correspondance à tout électeur qui en fait la demande, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

- *M. Laurent Zeimet - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*

Question n°256 du 14 mars 2017 de M. Claude Adam relative à la réforme de l'inspectorat et plus particulièrement l'impact de la création des directions sur la situation spécifique des instituteurs actuellement détachés auprès d'un service scolaire communal, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- *M. Claude Adam - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*

Question n°257 du 14 mars 2017 de M. Gast Gibéryen relative à la grippe aviaire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

- *M. Gast Gibéryen - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs*

Question n°258 du 14 mars 2017 de M. Marc Lies relative aux données inscrites au Registre national des personnes physiques, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

- *M. Marc Lies - M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*

Question n°259 du 14 mars 2017 de Mme Françoise Hetto-Gaasch relative à la classification de l'hôtellerie au Luxembourg, adressée à Mme la Secrétaire d'État à l'Économie

- *Mme Françoise Hetto-Gaasch - Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*

5. Interpellation de M. Fernand Kartheiser au sujet de «Eng modern Arméi fir nei Erausfuerderungen»

et

Interpellation de M. Alexander Krieps au sujet du rôle du Luxembourg au sein de l'OTAN

- *Exposés: M. Fernand Kartheiser (dépôt d'une motion et d'une résolution), M. Alexander Krieps (intervention de M. Fernand Kartheiser)*
- *Débat: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Marc Angel, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Marc Angel), M. David Wagner (intervention de M. Fernand Kartheiser)*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à la Défense*

6. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Romain Schneider, M. Fernand Etgen, M. Dan Kersch et M. Claude Meisch, Ministres; Mme Francine Closener, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtteg. Ech maachen d'Sëtzung op.

De Premierminister waart schonn drop: Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir waart op meng Äntwert: Neen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

2. Communications

Dann hätt ech Iech folgend Kommunikatiounen ze maachen:

D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro vun der Chamber deponéiert.

D'Lëschte vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung an der Administratioun erakomm sinn, souwéi vun deene Projeten, déi vum Rôle gestrach gi sinn, sinn de Fraktiounen an de Sensibilitéiten zougestallt ginn.

Communications du Président - séance publique du 14 mars 2017

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***7117** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques*

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 09.02.2017

***7118** - Projet de loi portant modification*

1) de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

2) de la loi modifiée du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national

Dépôt: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, le 03.03.2017

***7119** - Projet de loi portant:*

1. transposition de la directive 2014/50/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relative aux prescriptions minimales visant à accroître la mobilité des travailleurs entre les États membres en améliorant l'acquisition et la préservation des droits à pension complémentaire;

2. modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 relative aux régimes complémentaires de pension;

3. modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Dépôt: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale, le 07.03.2017

***7120** - Projet de loi portant modification des notifications et des significations et portant modification du Nouveau Code de procédure civile*

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 08.03.2017

***7121** - Projet de loi relative à la mise en application du règlement (UE) 2015/2421 du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 2015 modifiant le règlement (CE) n°861/2007 instituant une procédure européenne de règlement des petits litiges et le règlement (CE) n°1896/2006 instituant une procédure européenne d'injonction de payer et portant modification du Nouveau Code de procédure civile*

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 08.03.2017

***7122** - Projet de loi modifiant la loi du 19 décembre 2014 relative aux produits phytopharmaceutiques en transposant la directive 2009/128/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 instaurant un cadre d'action communautaire pour parvenir à une utilisation des pesticides compatible avec le développement durable, et en mettant en œuvre certaines dispositions du règlement (CE) n°1107/2009 du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 concernant la mise sur le marché des produits phytopharmaceutiques et abrogeant les directives 79/117/CEE et 91/414/CEE du Conseil*

Dépôt: M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs, le 09.03.2017

***7123** - Projet de règlement grand-ducal concernant les prescriptions minimales de sécurité et de santé relatives à l'exposition des salariés aux risques dus aux agents physiques (champs électromagnétiques)*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 10.03.2017

3) La proposition de loi et les projets de règlement grand-ducaux suivants ont été retirés du rôle des affaires de la Chambre des Députés:

***6822** - Proposition de loi modifiant la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise afin de faciliter l'accès à la nationalité aux soldats volontaires de l'Armée*

Dépôt: M. Fernand Kartheiser, Député, le 20.05.2015

Retrait: M. Fernand Kartheiser, le 17.02.2017

***3268** - Projet de règlement grand-ducal fixant le nombre maximum des agents de la coopération et des coopérants pour l'année 1988*

Dépôt: M. Robert Goebbels, Secrétaire d'État aux Affaires étrangères, au Commerce extérieur et à la Coopération, le 20.10.1988

Retrait: Ministre aux Relations avec le Parlement, le 13.03.2017

***4372** - Projet de règlement grand-ducal concernant la participation du Luxembourg à la mission d'observation de l'Organisation pour la sécurité et la coopération en Europe aux élections législatives en Republika Srpska en Bosnie-Herzégovine*

Dépôt: M. Jacques F. Poos, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération, le 12.11.1997

Retrait: Ministre aux Relations avec le Parlement, le 13.03.2017

***4932** - Projet de règlement grand-ducal concernant la participation du Luxembourg à la mission d'observation de l'Organisation pour la sécurité et la coopération en Europe des élections législatives en Ukraine*

Dépôt: Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 28.03.2002

Retrait: Ministre aux Relations avec le Parlement, le 13.03.2017

***5183** - Projet de règlement grand-ducal concernant la participation du Luxembourg à la mission de déminage de la Belgique au Cambodge*

Dépôt: M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Defense, le 14.07.2003

Retrait: Ministre aux Relations avec le Parlement, le 13.03.2017

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Dann hutt Der gesinn, dass e bësse méi Mouvement an der Dagesuerdnung war. Ech mengen awer, dass déi verschidden Ännerungen am Konsens zwëschen alle Membere vun der Presidentekonferenz missten zustane komm sinn. Wann dat net de Fall sollt sinn, géif ech dem Här Wiseler d'Wuert ginn.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll just eng generell Remarque maachen. Dat ass, datt mer säit enger Rei Kéieren, nodeem datt donneschdes d'Ordre-du-joure fixéiert gi sinn, dauernd Changementer an deenen Deeg duerno maachen. Dës Kéier ass et méi wéi eng Kéier e Changement gewiescht.

An ech soen awer, datt dat net nëmmen d'Aarbecht vun den Deputéierten erschwéiert, mä haaptsächlech och d'Aarbecht vun der Administratioun ganz zolidd erschwéiert, soudatt ech do soen, datt et wichteg wär, datt d'Regierung, d'Kommissioune sech géifen un déi Aarbecht halen. Déi Saachen, déi donneschdes do sinn, sollen op den Ordre du jour kommen. An déi Ordre-du-jouren, déi fixéiert ginn, sollen och, wann nëmme méiglech, agehale ginn, soudatt eis Aarbecht domat wesentlech géif vereinfacht ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Wiseler. Ech wollt just soen, dass selbstverständlech, wat de Prinzip ugeet, jiddwereen do dermat d'accord ka sinn. Mä bei zumindest zwou vun deenen dräi Ännerunge waren Imponderabelen am Spill, déi net un der Regierung houngen: De Projet war entweder net prett oder houng vun engem anere Projet of, wat net virauszegesi war, wéi mer den Ordre du jour gemaach hunn. Mä wat de Prinzip ugeet, ass et selbstverständlech méi einfach ze schaffen, wann deen Ordre du jour, dee mer an der Presidentekonferenz festhalen, och kann agehale ginn.

(Interruption)

Ënnert deene Bemierkunge vum Här Wiseler a vläicht deenen Erklärungen, déi derbäikomm sinn: Ass d'Chamber bereet, dee modifizéierten Ordre du jour unzehuelen? Ass dat esou?

(Assentiment)

Da soen ech Merci.

A mir géifen dann direkt mam éischte Punkt ufänken, enger Froestonn un d'Regierung. Dir kennt d'Regelen: zwou Minutte fir deen, deen d'Fro stellt, a véier Minutte fir d'Regierung. An ech géif lech och alleguer bieden, d'Regierung an d'Deputéiert, Iech strikt un deen Timing ze halen.

Déi éischt Fro kënnt vum Här Claude Lamberty, riicht sech un de Sportsminister an dréit ëm eng méiglech Vergréisserung vum Haus vum Sport, der Maison des sports. An den Här Lamberty huet d'Wuert.

4. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°254 du 9 mars 2017 de M. Claude Lamberty relative aux éventuels travaux d'agrandissement de la Maison des sports, adressée à M. le Ministre des Sports

M. Claude Lamberty *(DP).*- Merci, Här President. Oh, mir hunn eng nei Auer.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah! Schéin, dass Der eis drop hiweist.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Mir hunn eng nei Auer...

(Hilarité)

...a se fonctionnéiert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir hunn effektiv eng nei Auer. An déi Auer weist zwou Saachen un: Déi Zäit, déi schonn ofgelaf ass, an déi Zäit, déi nach bleift. Also gëtt et elo keng Excuse méi, fir net d'Zäite strikt anzehalen.

(Hilarité)

Dir fänkt awer nach eng Kéier bei null un, Här Lamberty. Dir kritt och eng Sekonn Bonifikatioun.

(Hilarité et brouhaha)

M. Claude Lamberty *(DP).*- Ma da sinn ech awer ganz frou. Am Sport sinn d'Zäite jo och meeschtens ganz wichteg.

(Interruption)

Voilà! Här Sportsminister, Dir Dammen an Dir Hären, effektiv geet meng Fro oder dréit sech meng Fro ëm d'Maison des sports. Dir wësst, dass den organiséierte Sport, also de Comité olympique an natierlech och d'Federatiounen, säit 2007 zu Stroossen an der Maison des sports sinn. Dat ass, mengen ech, mat déi wichtegst Plaz hei am Land, wou d'Federatiounen, wéi gesot, kënnen hir Aarbecht verriichten a wou iwwer Sport am Dagdeegleche bericht an och geschafft gëtt.

Elo gëtt et säit ville Méint u sech déi Fuerderung, souwuel vum COSL wéi dann och vu verschiddene Federatiounen, fir déi Maison des sports ze erweideren. Firwat? Mä well se eben e grousse Succès huet, well vill Federatiounen do dra sinn, well do vill geschafft gëtt, ass et u sech esou, dass et e Manktum u Plaz an deem Gebai gëtt. An do goufen et Iwwerleeungen op ganz verschiddene Plazen, fir da méi Raum zur Verfügung ze stellen.

Meng Fro, an ech mengen, déi interesséiert ganz vill Leit hei am Land, notamment déi an de Federatiounen an och an de Veräiner an am Comité olympique schaffen all Dag:

Wat ass elo genau mat deem Ausbau? Wou si mer drun? Ass de Projet wierklech konkret? Kënne Fläche fir de Sportsmouvement hei zu Lëtzebuerg fräi gemaach ginn, fir dass een do besser ka schaffen?

Wéi fält déi Decisioun am Allgemengen, dass eng Federatioun oder méi Federatiounen do kënne Bürosgebaier (veuillez lire: Bürosraim) bäikréien?

An dann natierlech déi entscheedend Fro: Wéini kann de Plënnercamion komme fir verschidde Federatiounen, fir dohinnerzeplënneren? Dat ass meng Fro.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Lamberty. An den Här Sportsminister ass scho bal hei. Här Sportsminister, Dir hutt d'Wuert.

M. Romain Schneider, *Ministre des Sports.*- Merci, Här President. Merci och dem Här Lamberty fir dës Fro. Effektiv ass dat heiten e Sujet, deen, mengen ech, méi dacks opgehäit gëtt, virun allem ëmmer bei de Federatiounen, awer och beim COSL. Ech mengen, mir wëssen, datt ab 2007, zënter datt d'Maison des sports besteet, dat effektiv eng Success Story ass. Engersäits fënnt een do de COSL erëm an derniewent virun allem och d'Federatiounen. An ech mengen, et ass gutt, datt de Sport, den organiséierte Sport an engem Haus sou vill wéi méiglech zesummen ass, fir och do sech ze échangéieren, fir kuerz Weeër ze hunn.

D'Opportunitéiten, fir méi Raimlechkeeten ze hunn, heescht natierlech, datt méi Raum muss zur Verfügung kommen. Dat ass effektiv elo de Fall, well eng Rei Verwaltungen, eng Rei Institutiounen, déi do sinn, wäerte plënneren, do eraus wäerte plënneren, soudatt nei Raimlechkeete wäerten disponibel ginn. Dofir war och schonn d'lescht Joer eng Reunioun gewiescht zesumme mat de Proprietairen, zesumme mam COSL, virun allem awer och zesumme mam Comité des loyers (veuillez lire: mat der Commission des loyers) a mat Bâtiments publics, fir ze kucken: Wat gëtt dann elo genau vu Raimlechkeete fräi? An op där anerer Säit: Wat muss effektiv renovéiert gi respektiv ausgebaut ginn, fir datt esou vill wéi méiglech optimal Plaz wäert do kommen?

An ech mengen, et ass esou, datt elo festgehale gouf... An net méi spéit wéi am Laf vun dëser Woch ass eng nächst Reunioun zwësche genau dëse Partner och erëm eng Kéier, fir genau ze definéieren, wat dann elo soll ëmgeännert ginn, wat muss investéiert ginn, fir da festzehalen, datt effektiv sou en gros fir ongefëier fënnef bis sechs Federatioune misst Plaz sinn, fir nei kënnen do eranzekommen.

Et ass ugeduecht, datt de COSL eng Etage méi héich plënnert an datt dann ënnen d'Raimlechkeete fräi gi fir nei Federatiounen, awer virun allem och, fir deene Federatiounen, déi do sinn, méi optimal Raimlechkeeten ze bidden. Dat heescht méi Büroen, eventuell och Büro- a Versammlungsraim derbäi, déi kënnen eleng oder zesumme genotzt ginn; Synergien och zwëschen deenen eenzelne Federatiounen.

An ech mengen, Dir hutt ugeschwat engersäits den Delai: Ech mengen, dat Ganzt, d'Embauaarbechte wäerte lafen am Joer 2017. A bis Enn 2017 wäerten dann dee Moment och kënne souwuel de COSL no uewe plënneren, wéi och déi aner Raimlechkeete kënne besat ginn.

An ech mengen, de Moment sinn e puer Federatiounen, déi effektiv gefrot goufen, fir och an déi Maison des sports ze kommen. Et gouf vum COSL analyséiert. Dir musst wëssen, datt och de Sportsministère e Bréif gemaach huet, fir dat ze ënnerstëtzen, datt déi Raimlechkeeten, déi elo fräi ginn, effektiv och genotzt gi vu Sportsverbänn, soudatt mer effektiv op enger Plaz an deenen nächste Joren och sou vill wéi méiglech Sportsfederatiounen hunn, zesumme mam COSL.

Ech mengen, dat geet an déi richteg Richtung, an ech sinn iwwerzeegt, datt bis Enn des Joers ganz kloer Entscheedunge gefall sinn an datt nei Federatiounen do en Heem wäerte fannen zu Stroossen dann eben, an der Maison des sports. Voilà!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Romain Schneider. Déi nächst Fro kënnt vum Laurent Zeimet, riicht sech un de Premier- a Statsminister an dréit ronderëm d'Bréifwahl. Här Zeimet, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°255 du 14 mars 2017 de M. Laurent Zeimet relative à l'ouverture du vote par correspondance à tout électeur qui en fait la demande, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 10. Februar huet d'Regierung annoncéiert, datt se wéilt d'Modalitéiten iwwert d'Bréifwahl änneren an deem Sënn, datt u sech all Wieler kéint decidéieren, ob en den Dag vun de Wahle wéilt wiele goen oder eben iwwer Bréifwahl wielt, an datt e keng Justifikatioun méi misst uginn, firwat e wéilt op d'Bréifwahl zréckgräifen.

Dee Moment ass sech natierlech och direkt d'Fro gestallt ginn, ab wéini dat soll gëllen, ob dat och scho fir d'Gemengewahle vum 8. Oktober dëst Joer sollt gëllen. An eng liicht Konfusioun ass awer schonn op de Gemengen opkomm, ob dat dann elo misst schonn ëmgesat ginn, well jo do eng ganz Rei vun Délaie spillen, a wéi dat da sollt ëmgesat ginn.

Elo ass de Projet de loi 7118 déposéiert, an do steet elo kloer dran, datt dat soll eréischt gräifen ab 2018 bei de Chamberswahlen. Mir wollte just vun dësem Moment awer profitéieren, fir eng Kloerstellung ze maachen, och vis-à-vis vun de Wielerinnen a Wieler, datt dat dann eben net fir dëst Joer gëllt an datt d'Leit vläicht net elo scho plangen, an d'Vakanz ze goen den 8. Oktober, mä datt se da wëssen, datt mer eis freeën op dee Rendez-vous vum 8. Oktober mat hinnen zesummen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Zeimet. An d'Wuert huet de Premier- a Statsminister, den Här Xavier Bettel.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, ech soen dem honorabelen Deputéierten Zeimet Merci fir déi Fro. Ech wëll just d'Leit berouegen, déi den 8. Oktober gären an d'Vakanz fueren, dass se awer nach ëmmer an d'Vakanz kënne fueren an eng Bréifwahl kënnen nach ëmmer ufroen. D'Bréifwahl gëtt jo net ofgeschaaft. Dat Eenzegt, wat ass, ass, dass mat dëser neier Reform am Fong d'Justifikatioune jo net méi musse gefrot ginn an dass och d'Gemengen am Fong, well et jo awer och eng komplizéiert Matière ass... Am Moment sinn et zéng Woche virdrun, wou et maximal ka virdrun ugefrot ginn, dat geet op zwielef. Dat heescht, d'Delaie ginn e bësse verlängert.

An ech wëll direkt och hei rassuréieren, dass dat am Exposé des motifs kloer drasteet, dass et wierklech fir den nächste Scrutin électoral vun 2018 sollt sinn, an och an der Saisine, déi mer als Statsministère un de Conseil d'État geschriwwen hunn, dass dat de But ass.

Et soll een net vergiessen, dass mer awer zwee Texter hunn am Wahlgesetz. Mir hunn den éischten Text, dee mer jo haten, fir den Oktober scho festzehalen. A mir wollten dat justement découpléieren, net, well deen heiten duerno et géif mat sech bréngen, dass deen éischten net kéint gestëmmt ginn, dat heescht, dass d'Chamberswahlen am nächste Joer net kéinten am Oktober gehale ginn. An do wor jo déi ganz Diskussioun, wéi een adequaten Datum wär, ob dat 2019 wär oder Juni, wéi, wat a wou. Dofir deen éischten Text, fir Kloerheet ze schafen, deen doten Text elo fir d'Modalitéite vun der Bréifwahl, déi kloer fir Oktober 2018 sinn, net fir dës Gemengewahlen.

Fir dës Gemengewahlen zielt nach ëmmer déi al Gesetzgebung. Dat heescht, dass ee muss justifiéieren, dass de Schäfferot decidéiert, ob dat geet oder net. An dat sinn alles Konditiounen, déi an Zukunft net méi wäerte gëllen. An d'Leit kënnen och an Zukunft - j'insiste: an Zukunft - och iwwer Internet dann hir Demande maachen, fir de Vote électronique och ze froen. Dat ass dat, wat een „Digital Lëtzebuerg" och nennt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Statsminister. An déi nächst Fro kënnt vum Här Claude Adam un den Erzéiungsminister an dréit ronderëm d'Reform vum Inspektorat.

- Question n°256 du 14 mars 2017 de M. Claude Adam relative à la réforme de l'inspectorat et plus particulièrement l'impact de la création des directions sur la situation spécifique des instituteurs actuellement détachés auprès d'un service scolaire communal, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Här Minister, mir sinn zwar eréischt Mëtt Mäerz, mä matten am zweeten Trimester, mä et sinn awer schonn eng ganz Rei Gemengen, déi sech Gedanken iwwert déi nächst Schoulorganisatioun maachen. Eng Rei Leit froe sech och, ob se sech mussen op där éischter Lëscht mellen oder nach net. An do kënnt dann de Fait derbäi, datt mer eng Reform vum Inspektorat ugekënnegt hunn. An déi Reform vum Inspektorat féiert jo Direktiounen an, an déi Direktiounen, déi wäerten dann och en Deel vun der administrativer Aarbecht iwwerhuelen, deen eventuell elo nach vun de Gemenge gemaach gëtt.

Duerfir si meng Froen:

1) Wéini wäerten ongefëier - ech weess, Dir hutt net gär, wann een no engem Datum freet, mä ongefëier an deem Fall hei -, wéini wäerten déi Direktiounen operationell sinn? Mir si mam Gesetz um Instanzewee.

2) Kritt dat en Afloss op Leit, déi am Enseignement schaffen? Ganz spezifesch - an dat hat ech och a menger Fro gesot -, et gëtt eng Rei Schoulmeeschteren, déi si fräigestallt oder besser gesot „detachéiert" an de Service scolaire vu verschiddene Gemengen. Besonnesch am Süde gëtt et där Beispiller. Mussen déi Leit sech elo op eng éischt Lëscht mellen, fir en anere Posten ze kréien? Oder brauche se sech keng Gedanken ze maachen a si kënnen déi Aufgab, déi se bis elo ausfëllen, nach weiderféieren, sou wéi dat bis elo war?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An den Educatiounsminister, den Här Claude Meisch, ass scho prett.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Merci och dem Claude Adam fir déi Fro hei. Dat gëtt mer d'Geleeënheet, eng Rei vu Prezisiounen ze ginn.

D'Fro stellt sech effektiv, wa mer regional Direktiounen hunn, déi den Inspektorat ersetzen, déi d'Fonctioun vun engem Guichet unique och sollen hunn an hirer Regioun: Wéi ass d'Zesummeschaffen do mat dem kommunale Service scolaire? An op där anerer Säit och: Wat fir eng Perspektiven heescht dat dote fir déi Leit, déi aus dem Enseignement detachéiert si bei d'Gemeng fir de Service scolaire?

Nun, ech denken, wann dat Gesetz iwwert déi regional Direktiounen a Kraaft ass, wou mer dovunner ausginn, datt et Enn des Joers wär, datt een deen Transfer, dee Changement do kéint op den 1. Januar vläicht maachen. Wéi de legislative Prozess weidergeet, ech mengen, dat läit éischter bei der Chamber wéi bei eis. Op jidde Fall si mir esou wäit prett mat alle Preparativen, fir datt een et souwuel nach bei der Rentrée wéi awer éischter och duerno vläicht den 1. Januar kéint maachen.

Mä do stellt sech déi Fro a mir ginn emol dovunner aus, datt dat net direkt eng Inzidenz wäert hunn op de Fonctionnement vun deene kommunale Schoulservicer, déi haut virun allem och an der Stad Lëtzebuerg an an enger Rei vu Südgemengen esou fonctionnéieren, datt och detachéiert Enseignanten do mat eng Hand upaken. Ech denken, datt virun allem, wa mer e Changement hunn, eng Reform hunn, een net alles matenee soll a Fro stellen. Wat fir mech wichteg ass, dat ass, datt mer herno e flott Zesummeschaffen hunn tëschent der regionaler Direktioun an dem kommunale Schoulservice.

Fir mech ass och do wichteg, datt mer esou wäit wéi méiglech bei der Iddi vum Guichet unique bleiwen, dat heescht, datt d'Elteren, d'Enseignanten och eng Ulafstell hunn an datt ganz kloer ass, wie firwat zoustänneg ass. Wann et ëm Froe vu Schoulqualitéit geet, dann ass et ganz kloer bei der regionaler Direktioun. Wann et ëm Froe geet vum Schoultransport, vun der Schoulorganisatioun, vum Stonneplang an esou weider, dann ass et éischter de Schoulservice vun der Gemeng, deen zoustänneg ass a wou een dann och sech soll kënnen hiwenden.

Et ass esou, datt jo och d'Chamber schonn e Gesetz gestëmmt huet, näämlech d'Gesetz vum SCRIPT, d'Reform vum SCRIPT, wou mer déi Instituteur-ressourcen, déi haut queesch uechtert d'Schoulen intervenéieren, ofgeschaaft hunn. An déi wäerte bei der nächster Rentrée dann ersat ginn duerch Instituteurs spécialisés en développement scolaire. Dat kënnt also emol scho sécherlech, well deen Deel vun deenen Ännerungen, deen ass schonn a Kraaft an dee wäert bei der nächster Rentrée och kënnen ëmgesat ginn.

Dat heescht, een, deen haut Instituteur-ressource ass, dee muss éischter kucken, wat en dann an Zukunft mécht. Erfëllt en d'Qualifikatioun an huet en den Interessi, fir Instituteur spécialisé en développement scolaire ze ginn, da mellt e sech bei deem Rekrutement, deen amgaangen ass ze lafen, respektiv e kuckt, fir eng aner interessant Aufgab och kënnen ze iwwerhuelen.

Dat gëllt natierlech eben net, wéi ech virdru gesot hunn, fir déi, déi detachéiert si bei d'Gemengen, bei d'Schoulservicer, well mer do dervunner ausginn, datt d'Gesetz iwwert d'regional Direktioune keng direkt Inzidenz wäert hunn an een duerno éischter sech an der Zäit soll ukucken, wéi e gutt Zesummeschaffe méiglech ass. An dat kucke mat den eenzelne Gemenge selbstverständlech.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Erzéiungsminister. An déi nächst Fro kënnt vum Här Gast Gibéryen, riicht sech un de Landwirtschaftsminister an dréit ronderëm d'Vullegripp. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°257 du 14 mars 2017 de M. Gast Gibéryen relative à la grippe aviaire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Mir hu bis elo d'Chance, datt d'„Vullegrupp" no leschten Informatiounen nach net hei zu Lëtzebuerg ukomm ass.

(Brouhaha et hilarité)

Une voix.- D'Vullegripp!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- D'Vullegripp, hat ech...?

Une voix.- D'Vullegripp!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech wollt just kucken, ob Der mer géift nolauschteren.

(Hilarité)

Et huet geklappt.

Op jidde Fall ass se no op onser Grenz: Enn Februar si Fäll zu Tréier an am Saarland, méi genee um Bostalsee, festgestallt ginn. Zur selwechter Zäit ass och e Fall an der Belsch bekannt ginn. Enn Januar, uganks Februar sinn an de Vogesen aacht Schwanen un dëser Krankheet gestuerwen.

Meng Fro ass duerfir, ob den Här Minister ka confirméieren, datt mer hei zu Lëtzebuerg bis haut nach keen esou e Fall hunn, an ob preventiv méi Kontrollen elo hei am Land gemaach ginn an och systematesch, wann doudeg Vulle fonnt ginn, ob déi Analyse gemaach ginn.

De Minister verlaangt och vun de professionellen Ziichter, meeschtens sinn dat Produzente vun Eeër, datt d'Hénger net méi däerfen dobausse fräi lafen. Huet dëst en Afloss dann op d'Etikettéierung vun den Eeër, zum Beispill „fräi lafend Hénger"? Huet dëst en Afloss op de Label „Bioeeër"? Huet et en Afloss op d'Qualitéit vun den Eeër? Ginn, well d'Hénger an Hale musse gehale ginn, doduerch eventuell gesondheetlech Problemer bei den Déieren erwaart?

An eng lescht Fro: Hunn d'Ziichter duerch d'Moossnamen, déi se hei imposéiert kréien an déi sécherlech och hire Wäert hunn, eventuell méi Fraisen? A wa jo, ginn dës vum Landwirtschaftsminister an iergendenger Form kompenséiert?

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Gibéryen. An d'Wuert huet de Landwirtschaftsminister, den Här Fernand Etgen.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs.*- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt dem honorabelen Deputéierte Gast Gibéryen Merci soe fir seng Fro, déi et mir erlaabt, op e Sujet anzegoen, dee leider nach zimlech aktuell ass, an dat, obschonns en Objet scho war vun zwou verschiddene parlamentareschen Ufroe vun den honorabelen Deputéierten, dem Här Graas an dem Här Kaes.

Den Ausbroch vun der „Vullegrupp“ -...

(Hilarité)

...„Vullegripp“ - , vun der Campagne 2016-2017 baséiert op engem Virus, dee besonnesch virulent ass. Bis den 3. Mäerz hunn an der EU insgesamt 18 Memberstaten dës Krankheet gemellt. Am Ganze waren dat 1.136 Fäll vu wëllen Déieren an 963 Fäll vun Déieren aus Elevagen. Am Prinzip ginn dës Fäll quasi all an engem Korridor entdeckt, deen och vun den Zuchvigel benotzt gëtt.

Zanter dem Ufank vun dësem Mount geet d'Zuel vun den entdeckte Fäll staark erof, soudatt ee kann dovunner ausgoen, datt d'Ausbreedung vum Virus wesentlech manner séier geschitt, wéi dat am Ufank de Fall war, an datt d'Intensitéit vun dëser Déierekrankheet amgaangen ass ofzehuelen.

Wann een dës Zuele vergläicht mat där leschter grousser Seuch vun 2005 an 2006, da stellt ee fest, datt d'Zuel vun de Foyere fir d'Period vun Oktober bis Mäerz sech bal verzéngfacht huet. An all deenen Zonen, wou d'Krankheet entdeckt gouf, goufen och déi Moossname geholl, déi vun der europäescher Legislatioun virgesi sinn.

Hei zu Lëtzebuerg ass bis dato nach kee Fall vu Vullegripp nogewise ginn, dat obschonns all Kadaveren a Gefligel wéi Vullen, déi fir eng Autopsie an de Laboratoire vun der Veterinärinspektioun geliwwert ginn, op d'Vullegripp ënnersicht ginn.

Mir hunn, wat och an deenen aneren europäesche Länner de Fall ass, eng Rei preventiv Moossname geholl, déi bis elo och nach ëmmer applizéiert gi sinn. Ech mengen, déi professionell Gefligelhalter mussen hir Déieren astallen. Fir d'Hobbyhalter ass dëst eng Recommandatioun. Et ass fir jiddweree verbueden, Gefligel a Vigel dobaussen ze fidderen oder ze dränken. D'Fudder an d'Waasser mussen ënner Daach stoen. An och anormal Stierflechkeet muss der Veterinärverwaltung gemellt ginn, datt d'Kadavere kënnen op d'Vullegripp ënnersicht ginn. Soudatt am Fong all preventiv Moossnamen, vun deenen den Här Gibéryen geschwat huet, domadder erfëllt sinn.

Mir halen d'Situatioun am A a wäerten dës Moossnamen nees ausser Kraaft setzen, soubal d'Evolutioun vun der sanitärer Situatioun et zouléisst. Wat elo déi ekonomesch Inzidenzen ubelaangt: Bei engem Abattage total wäerten d'Produzenten hire Verloscht vun der Häerd natierlech kompenséiert kréien. D'Käschten, déi ginn do am Prinzip och zu 50% vum Fonds sanitaire européen kofinanzéiert.

A verschiddene Länner wäert natierlech och d'Vullegripp finanziell Auswierkungen op de Revenu vun de Produzenten hunn. Dat ass zum Beispill de Fall a Frankräich, wou d'Produzente vun de Gänse fir de Foie gras betraff sinn. Dat wäert natierlech och de Fall sinn a verschiddenen anere Länner, wou d'Eeër vu fräi lafenden Hénger net kënnen als solch verkaaft ginn an deemno och e manner héije Präis kréien. Ech mengen, déi Eeër, déi mussen dann, wann eben déi Period vum Confinement 12 Wochen iwwerschratt huet, als dat gekennzeechent ginn. Wat elo d'Bioeeër ubelaangt, déi gelten d'office als vu fräi lafenden Hénger. Hei ass och eng Indemnisatioun iwwert den europäesche Budget méiglech.

Et ass awer nach ze fréi, fir hei kënne Chiffren ze avancéieren. Lëtzebuerg ass awer a béide Fäll kaum betraff. Mir hu jiddefalls nach keng Ufro an där Hisiicht kritt.

Merci villmools.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Landwirtschaftsminister. A mir géifen zur nächster Fro iwwergoen. Déi kënnt vum Här Marc Lies, riicht sech un den Innenminister an dréit ronderëm de Persouneregëster.

- Question n°258 du 14 mars 2017 de M. Marc Lies relative aux données inscrites au Registre national des personnes physiques, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

M. Marc Lies *(CSV).*- Här President, an deene leschte Wochen huet sech erausgestallt, datt d'Zuelen aus dem nationale Regëster par rapport zum kommunale Regëster ganz ënnerschiddlech woren. Opgrond vun de Gemengewahlen an dësem Joer ass et awer wichteg ze wëssen, wéi vill Leit dann elo wierklech och an enger Gemeng wunnen. An dëser Hisiicht goufen dann och e puer Question-parlementairen an deene leschte Woche gestallt. Ech huelen hei just ee Beispill, fir eng Kéier kuerz ze dokumentéieren, wou de Problem läit.

Ech huelen d'Beispill aus der Gemeng Hesper, déi ech am beschte kennen. Enn 2016 goufe ronn 14.950 Awunner deklaréiert. Den nationale Regëster seet awer, datt ronn 17.000 Awunner an der Gemeng Hesper géife wunnen, wat eng Differenz vun 2.050 Awunner ausmécht. Nom Contrôle gouf da vun deenen 2.050 awer just eng Persoun zousätzlech ugemellt, wat dann een EU-Beamte wor.

Nodeems datt dës Lëscht vun der Gemeng opgeschafft gi wor, gouf den 23. Februar vum CTIE eng nei Lëscht gefrot. Et huet een dunn awer misse feststellen, datt op dëser Lëscht nees eng Kéier 91 zousätzlech Persounen dropstoungen, vun deenen, déi iwwerschafft gi woren, respektiv anerer, déi net konnten iwwerschafft ginn, well eng ganz Partie krass Anomalien hei festzestelle woren.

An der Lëscht, déi d'Gemeng vum nationale Regëster kritt huet, stoungen och eng Rei Leit dran, déi duebel gefouert woren, obwuel si viru Jore korrekt aus dem kommunale Regëster gestrach gi sinn. D'Fro, déi sech stellt: Wéi kann dat alles sinn?

Wat awer schlëmmer ass, ass de Fait, datt fiktiv Persounen an dësem Regëster gefouert ginn. Ech hunn hei e Beispill vun engem Ministère, an elo haalt Iech un, bei Nom steet „prénom“ oder „personne“ a bei Prénom steet „inconnu“! Heifir gouf dann och eng Matricule erstallt.

Eng aner Fro, déi sech stellt: Kënne Persounen opgrond vun engem falschen Enregistrement am nationale Regëster eventuell vu verschiddene soziale Leeschtunge profitéieren, wéi zum Beispill sech äerztlech betreie loossen?

Den nationale Regëster ass absolutt net fiabel a weist eng ganz Rëtsch Lacunnen op. Duerfir meng Froen un de Minister:

Sollten déi staatlech Instanzen, ier datt si en Enregistrement maachen, net fir d'Eischt bei deene jeeweilege Gemengen nofroen, ob d'Persoun X oder Y effektiv an der Gemeng gemellt oder enregistréiert ass?

Envisagéiert de Minister net och, datt bei engem Demenagement vun engem EU-Beamten d'Gemengen nees heiriwwer sollten informéiert ginn?

Wat d'Berechnung vun deene staatlechen Attributiounen un d'Gemengen ugeet, sinn och eng Partie Inkohärenzen. Bei all de Gemengen ausser der Stad Lëtzebuerg ginn d'Awunnerzuelen aus dem GESCOM vum SIGI ermëttelt. De Statec mécht par contre eng eege Berechnung vun der Awunnerzuel.

Meng Fro un de Minister: Gedenkt de Minister, d'Berechnungs- an d'Ermëttlungsbasis vun der Awunnerzuel an all de Gemengen ze harmoniséieren?

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Lies. An d'Wuert huet den Innenminster, den Här Dan Kersch.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Merci, Här President, Merci och dem Här Lies fir déi Fro. Effektiv war dat net nëmmen eng Fro, mä et waren der eng ganz Rei beieneen. An ech mengen, dass et sënnvoll ass, trotzdeem eng Kéier e klengen Historique ze maache vun deem Gesetz vum 19. Juni 2014 (veuillez lire: 2013), dat jo bekanntlech véier Voleten hat: engersäits de Registre national, anerersäits d'Numéro d'identification vun de Leit, dann d'Carte d'identité électronique an dann och de Registre communal des personnes physiques, wou Der alleguerte wësst, dass dës Chamber och nach en neit Gesetz gestëmmt huet, fir d'Mise en vigueur vun deem Registre communal des personnes physiques nach e bëssen an d'Längt ze zéien, näämlech op den 1. Abrëll 2016.

Dat hu mer deemools gemaach aus guddem Grond: well de Syvicol nach eng Rei vu Beanstandungen hat par rapport zu deem, wat déi viregt Chamber an deem ugesprachene Gesetz vun 2013 decidéiert hat. Ech mengen, ech brauch net méi op den Detail dovunner anzegoen. Dat hu mer hei op dëser Tribün schonn des Laangen an des Breeden diskutéiert.

Fakt ass, dass op den 1. Abrëll 2016 déi 105 Gemengereglementer ersat gi sinn duerch e Registre communal des personnes physiques. Am Virfeld dovunner waren och vum Ministère de l'Intérieur dräi Informatiounsversammlunge fir d'Gemengen organiséiert ginn. An et war och eng prezis Circulaire erausgaangen, déi drop higewisen huet, dass dat Gesetz, wat 2013 hei an der Chamber gestëmmt ginn ass - also zu enger Zäit, wou ech nach net d'Geleeënheet hat, an dësem héijen Haus derbäi ze sinn, den Här Lies, de Froesteller, hat awer deemools d'Geleeënheet schonn -, dass also dat Gesetz géif elo endlech och fir de Gemengesecteur dann zielen.

Ech wollt och soen, dass mer och opgrond vun deenen Inkohärenzen, déi den Här Lies elo ugeschwat huet, am November 2016 nach eng Kéier eng prezis Circulaire un d'Gemenge gemaach hunn, fir se drop opmierksam ze maachen, dass et grouss Diskrepanze géife ginn tëschent deem nationale Regëster an de Gemengeregëster. Zu deem Zäitpunkt, also am Ufank November 2016, hate mer insgesamt 46.000 Divergenzen. Dat ass allerdéngs haut erofgaangen duerch den Asaz vun de Gemengen op 2.265, also just nach 0,38% vun den Adressen, déi insgesamt agedroe sinn, wat total normal ass, wann ee weess, wéi de System funktionéiert.

An ech sinn och frou, dass d'Gemeng Hesper als lescht hei am Land déi Aarbecht gemaach huet, déi déi 104 aner Gemenge scho laang virdru gemaach hunn,...

Plusieurs voix.- Ah!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- an et och fäerdegbruecht huet...

Une voix.- Ah!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- ... an et och fäerdegbruecht huet, hir Divergenzen op 98 - vun der Zuel vun haut - erofzesetzen, nodeems dass se nach am Februar mat ronn 1.700 Divergenzen huet misse sech erëmploen.

Firwat kommen déi Divergenzen? An ech mengen, dat ass jo déi entscheedend Fro, déi den Här Lies zu Recht stellt. Si kommen einfach doduerch, well d'Chamber 2013 decidéiert huet, dass mer nieft deem, dass d'Gemengen natierlech Leit androen, och Données à la source huelen.

Dat heescht also, dass staatlech Instanzen och kënnen dee Regëster fidderen. Do gëtt et och eng Rei vu Grënn, firwat dass dat esou ass. Dat ass engersäits d'Immigratioun, fir d'Demandeurs de protection internationale respektiv och fir d'Bénéficiairen. Et ass d'Sécurité sociale, déi dat ka maachen, well d'Patronen d'Salariéë mussen umellen, ier se kënnen hei eng Aarbechtsgeneemegung kréien. Et ass och d'Direktioun vum Protokoll vum Ausseministère, wat d'EU-Beamten ugeet an d'Diplomaten, an, esou wéi d'Gesetz et virgesäit, am Ausnamefall och d'Justiz, déi dee Registre national ka fidderen.

Et ass dann och esou, dass, wann déi staatlech Instanzen dee Register fidderen, dee jo u sech sollt parallell lafe mat deem Gemengeregëster, dat och am Gemengeregëster ganz kloer ze erkennen ass. An d'Gemengen hunn dann - an esou gesäit d'Gesetz vun 2013 et vir - d'Aufgab, fir dann nozekontrolléieren, ob déi Androung, déi vun de staatlechen Instanze gemaach ass, och konform ass mat der Realitéit um Terrain.

Dat ass also d'Erklärung fir déi berechtegt Fro, déi den Här Lies gestallt huet. An ech soen nach eng Kéier e grousse Merci un alleguerten d'Gemengen, déi e ganz groussen Effort geleescht hunn, fir dass mer déi Diskrepanzen op e verstännegen Niveau konnten erofsetzen. Villmools Merci!

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Innenminister. An déi lescht Fro fir de Mëtte kënnt vun der Madamm Françoise Hetto-Gaasch a riicht sech un d'Statssekretärin fir Tourismus a Wirtschaft an dréit ronderëm d'Klassifikatioun vun den Hoteller.

- Question n°259 du 14 mars 2017 de Mme Françoise Hetto-Gaasch relative à la classification de l'hôtellerie au Luxembourg, adressée à Mme la Secrétaire d'État à l'Économie

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, déi viregt Regierung, déi hat e Gesetzesprojet déposéiert, mat deem de Statut hôtelier an awer och d'Campingsgesetz sollte reformiéiert ginn, mat deem awer och endlech géif eng Base légale geschafe gi fir d'Gîtten an och fir d'Jugendherbergen. An dodrunner geknäppt war och eng Klassifikatioun vun dem System vun der „Hotelstars Union“ fir dee gesamte Secteur d'hébergement, fir am Fong geholl eng kloer an transparent an och harmoniséiert Klassifikatioun unzestriewen.

Dëst Gesetz gouf vun der Regierung zréckgezunn, fir nees nei iwwerschafft ze ginn. An ech war awer elo, muss ech soen, e bëssen erstaunt ze liesen, dass Dir, Madamm, als zoustänneg Statssekretärin de 15. Februar bei der Virstellung vun der Tourismusbilanz ugekënnegt hutt, dass deen neie Klassifikatiounssystem elo soll ab Mäerz, also am Fong geholl elo schonn ab dësem Mount, fräigeschalt ginn. Esou hutt Dir et annoncéiert, dat heescht, e System, mat deem de Client dann och ka kucke goen, wat dee jeeweilege Betrib, dee jeeweilegen Hotel him ze bidden huet.

Bon, et ass jo elo eng fräiwëlleg Saach, mä et stelle sech dach awer eng ganz Partie Froen. Dir hutt en neie Projet de loi de 16. September déposéiert. Deen ass verwise ginn un déi zoustänneg Chamberskommissioun.

Wéi kann et dann awer elo sinn, dass dës Klassifizéierung dëse Mount scho soll fir e Client visibel ginn, wa mer dat Gesetz emol an der zoustänneger Kommissioun nach net undiskutéiert hunn?

Meng zweet Fro ass: Wéi bindend ass dat Resultat dann och vun der Klassifikatioun, wat dann no der Analys vun enger Kommissioun zustane kënnt, fir den Hotelier? Muss deen, wann e véier Stäre bis elo huet an der nach vläicht just vun der Kommissioun dräi zougestane kritt, dee véierte vun der Fassad erofhuelen?

A wat ass dann iwwerhaapt, Madamm Statssekretärin, d'Base légale fir de Recours, deen en Hotelier jo ka maachen, wann nach kee Gesetz diskutéiert, geschweige da gestëmmt ass?

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Hetto-Gaasch. An d'Wuert huet d'Statssekretärin am Wirtschaftsministère, d'Madamm Francine Closener.

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, als Éischt wëll ech gären der honorabeler Deputéierter Madamm Hetto Merci soen, fir d'Fro vun der Klassifikatioun vum Hebergementssecteur hei opzebréngen. D'Madamm Hetto selwer huet jo zweemol, leider ëmsoss, probéiert, d'Klassifikatioun via Gesetz anzefëieren. Duerfir kennt se jo deen Dossier ganz gutt, wat an der Tëschenzäit quasi en Dauerbrenner ass an deem ganze Secteur. U sech wollt ech effektiv, an dat hat ech ugefrot, d'Chamberskommissioun den 30. Mäerz informéieren iwwert déi aktuell Démarche. Merci duerfir, dass mer elo haut scho Geleeënheet hunn, an dësem méi breede Kader doriwwer ze schwätzen.

D'Iwwerleeungen, fir d'Gesetzer iwwer Hotel a Camping, déi aus de 50er a 60er Jore stamen, ze moderniséieren, déi ginn et jo effektiv scho méi laang. Et geet drëm, fir den Entwécklunge vum Marché Rechnung ze droen, op d'Erwaardunge vun de Clienten anzegoen an hinnen eng zouverlässeg Informatioun ze ginn iwwert d'Offer un Hotellen, u Campingen a soss Hebergementer zu Lëtzebuerg.

Et gëtt duerfir eng ganz grouss Demande vum Secteur, dee ganz ongedëlleg schonn zënter Joren dorobber waart. An dowéinst hu mer de Projet de loi 7062 am September zejoert déposéiert, deen dräi grouss Pilieren huet: éischtens d'Protektioun vu verschiddenen Denominatiounen, zweetens d'Informatiounsflicht vis-à-vis vum Client an drëttens eben och d'Klassifikatioun. An dunn, am Kader vun engem ganz produktiven Echange mam Statsrot, huet sech dunn awer erausgestallt, am Sënn vun enger méi grousser Simplification administrative, datt et déi bescht Léisung ass, fir eben de Volet vun der Klassifikatioun aus dem Gesetzesprojet erauszehuelen. Vu dass et an dësem Projet keng obligatoresch Klassifikatioun méi gëtt, ass et och net méi onbedéngt néideg, fir iwwer Gesetz ze fueren.

Absolutt, absolutt néideg ass et par contre, fir eng gewësse Flexibilitéit ze hunn, fir eben där schneller Entwécklung, där Dynamik vum Secteur Rechnung ze droen. Dat heescht, datt déi 270 Kritären, no deenen d'Betriber klasséiert ginn, regelméisseg mussen ugepasst ginn all dräi bis véier Joer. An dat ass jo awer nëmme bedéngt méiglech, wann d'Kritäre bis an de leschten Detail mussen an d'Gesetz kommen, am Gesetz festgehale ginn, an net an engem Règlement grand-ducal. Dat ass schwéierfälleg. Dat ass a kengem sengem Sënn, wa mer ëmmer erëm déi ganz legislativ Prozedur mussen duerchlafe fir all Klengegkeet, wann zum Beispill just an engem Kritär ee Wuert ännert. An an deem Sënn hu mer decidéiert, fir d'Klassifikatioun aus dem Gesetzestext erauszehuelen.

U sech wollt ech, wéi gesot, den 30. Mäerz d'Chamberskommissioun heiriwwer informéieren. Dat ass jo dann elo scho geschitt. Datt se net méi am Gesetz virgesinn ass, heescht awer wierklech net, dass d'Klassifikatioun net kënnt! Am Géigendeel, si kënnt näämlech elo vill méi séier. Mir sinn näämlech als Ministère prett, d'Beruffsverbänn sinn och prett. An duerfir kënne mer schonn den nächste Méinden den offizielle Startschoss gi vun der Klassifikatioun vun der Hotellerie. An enger zweeter Phas kënnt dann och am Laf vum Joer dee ganze Volet vun dem Camping dobäi.

Just nach als Prezisioun, de Site www.classification.lu, deen huet eng zentral Roll bei all deenen Demarchen. Wéi gesot, Simplification administrative och hei, well mir wëllen en effikassen a moderne System aféieren, dee gréisstendeels online fonctionnéiert. D'Betriber maa-

chen online eng Autoevaluatioun an och hir Demande. A si kënnen och de ganzen Dossier online suivéieren.

Natierlech ass awer och eng Inspektioun op der Plaz, wou e Vertrieder vum Ministère an e Vertrieder vum Beruffsverband alles iwwerpréiwen. Den Dossier geet dann an eng Kommissioun an et ass de Ministère, deen herno d'Stäre vergëtt. D'Klassifikatioun ass véier Joer laang gülteg. Mir féieren hei en international unerkannte Stäresystem an. Dee gëtt et schonn a 16 europäesche Länner. An de System vun „Hotelstars Union", deen ass quasi an all de Länner ouni Gesetz agefouert ginn. Dat bréngt méi Transparenz fir de Client an et ass en Incentive, fir weiderhin an d'Qualitéit vun eisen Hotellen a Campingen ze investéieren.

Ech wëll och nach soen, dass dat hei e Projet ass, wou wierklech Verwaltung, Ministère an d'Beruffsverbänn op eng exemplaresch Manéier zesummegeschafft hunn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Domat si mer um Enn vun der 40-Minutten-Froesessioun ukomm a mir géifen zum nächste Punkt oder deenen nächste Punkte vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et ass éischtens eng Interpellatioun vum Här Fernand Kartheiser iwwer „Eng modern Arméi fir nei Erausfuerderungen" an d'Interpellatioun vum Här Alexander Krieps iwwert d'Roll vu Lëtzebuerg an der NATO. Déi zwee Interpellante wäerten noenee schwätzen an da féiere mer eng Gesamtdiskussioun. An duerno huet d'Regierung d'Wuert. Mir hunn d'Riedezäit zweemol nom Modell 1 proposéiert an et ass och esou vun der Chamber ugeholl ginn.

An d'Wuert huet dann elo direkt deen éischten Interpellant, den Här Fernand Kartheiser.

5. Interpellation de M. Fernand Kartheiser au sujet de «Eng modern Arméi fir nei Erausfuerderungen»

Interpellation de M. Alexander Krieps au sujet du rôle du Luxembourg au sein de l'OTAN

Exposés

M. Fernand Kartheiser *(ADR), interpellateur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Lëtzebuerger Arméi feiert dëst Joer zwee Jubiläen. Dat Eent ass de 50. Joresdag vun der Fräiwëllegenarméi, deen och den 9. Juli besonnesch gefeiert gëtt, 1967 bis 2017. An dat Zweet ass den 175. Gebuertsdag vun eiser Militärmusek.

Ech soen am Numm vun der ADR op jidde Fall der Arméi an all deenen, déi sech fräiwëlleg gemellt hunn an deene leschte 50 Joer, fir eisem Land trei ze déngen, e ganz häerzleche Merci a wëll der Arméi och felicitéiere fir dee ganz wäertvolle Bäitrag fir de Fridden an d'Sécherheet vum Land, dee si wärend dëser ganzer Zäit geleescht huet. Si huet oft net nëmmen d'Sécherheet vun eisem Land mat garantéiert, mä och hire Bäitrag zur kollektiver Sécherheet an Europa geleescht.

Mir erënneren un de Kale Krich, un de Koreakrich besonnesch, wou jo och Lëtzebuerger leie bliwwe sinn, an un déi vill Friddensmissiounen, déi d'Arméi besonnesch zënter den 90er Jore gemaach huet: an Afghanistan, am Kosovo, am Mali an op ganz villen anere Plazen.

Net nëmme Lëtzebuerger hunn an eiser Arméi gedéngt, mä och EU-Auslänner. D'ADR huet och u si geduecht doduerch, datt mer am Kader vum Nationalitéitegesetz eng Proposition de loi gemaach haten, spezifesch och fir hiren Engagement ze éieren. A mir freeën eis, datt déi am Nationalitéitegesetz och mat berücksichtegt gouf.

D'Militärmusek brauch een hei och net elo extra ze ernimmen. Alleguer si mer eis bewosst, wéi grouss a wäertvoll de kulturelle Bäitrag vun deem Ensembel an der Geschicht vun eisem Land ass. Och u si eis häerzlech Felicitatiounen!

Ech hunn elo dës Interpellatioun genannt „Eng modern Arméi", mä ech si mer och bewosst, datt dat e ganz, ganz aktuelle Sujet ass, well mer jo ëmmer virun neien Erausfuerderunge stinn an engem internationale Kontext, dee sech ganz séier entwéckelt. An ech muss soen, mat allem Respekt fir Iech, Madamm Closener, sinn ech dach awer iwwerrascht, datt den Här Arméiminister haut net ka bei eis sinn. Mir haten als ADR eng grouss Flexibilitéit gewisen a mir waren e puermol elo d'accord, fir dës Interpellatioun ze verréckelen zäitlech, an et ass wierklech schued, datt de Minister an esou enger wichteger Fro d'Zäit net fonnt huet, fir hei ze sinn.

D'Arméi ass e ganz wichtegen Deel vun der Baussepolitik vun eisem Land a si muss virun allem politesch ganz kloer encadréiert sinn. Dofir hate mer jo schonn zënter Joren, dat ass elo näischt Rezentes, drop gewaart, datt e Wäissbuch publizéiert gëtt, wéi dat och an anere Länner gemaach gëtt. Mir erënneren eis, datt souguer nach de Colonel Ries un där Aarbecht bedeelegt gouf, datt e souguer mat deem Argument an de Ministère geholl gouf virun enger gewëssener Zäit, well d'Arméi brauch e ganz kloren, net nëmme legale Kader, mä och e klore politesche Kader, an deem se evoluéiert. Si brauch eng Politik, déi si ënnerstëtzt an hire komplizéierten Aufgaben, si brauch genuch Leit, genuch Material.

Esou e Wäissbuch muss selbstverständlech ëmmer aktualiséiert ginn. Mir hunn eis och gewonnert: D'Cour des comptes huet e Wäissbuch gefrot gehat an engem Rapport spécial iwwert d'Arméi an et gouf geäntwert vum Här Minister Schneider, datt esou e Wäissbuch jo schwiereg wär, well et ëmmer erëm misst aktualiséiert ginn. Mä d'Aktualitéit ass awer elo keng lëtzebuergesch Spezifissitéit. All Land ass mat deemselwechte Problem konfrontéiert.

Nodeem den Här Minister Schneider ugekënnegt hat, datt mer déi Lignes directrices fir d'Arméi bis 2025 sollten eng Kéier presentéiert kréien, hunn ech haut an der Press gelies, datt dat haut soll geschéien. An och do deet et mer leed, wann dat da wierklech sollt de Fall sinn, datt mer als Deputéiert dat net virun dëser Debatt konnte gewuer ginn, fir datt mer och dorobber vläicht scho kéinten eng éischt Reaktioun weisen. Mir sinn also gespaant, Madamm Statssekretär, wat Dir eis herno an deem Kontext äntwert.

Wann ech soen, datt d'Arméi e klore legale Kader brauch, fir ze evoluéieren, gëllt dat och fir zum Beispill d'Fro: Brauche mer en neit OMPs-Gesetz? Kënnt dat? Brauche mer en neit Gesetz oder datselwecht Gesetz, fir d'Deploiementer vun der Arméi am Ausland kloer ze regelen? Kënnt dat? Alles dat si wichteg Froen, net nëmme wéinst der politescher Dimensioun, mä och fir d'Sécherheet, d'Rechtssécherheet an aner Sécherheete vun alle Militär, déi un esou Missioune bedeelegt sinn.

Ech gi vläicht hei ganz kuerz op een Aspekt vun eisen internationale Verflichtungen an, well ech herno an der Diskussioun nach op déi aner international Verflichtungen aginn, an deen Aspekt, deen ech hei elo wëll ervirhiewen, dat ass deen Engagement vun der Regierung, fir 2% vun eisem Bruttonationalprodukt fir d'Defense auszeginn.

Dat ass en Engagement, dat huet den Här Statsminister Bettel geholl um Sommet vun der NATO vu Wales am September 2014. Dat ass e klore politeschen Engagement vun där ganzer Regierung - ech betounen dat hei ausdrécklech: vun där ganzer Regierung -, en internationale politeschen Engagement. Inklusiv eis gréng Kolleegen hu sech engagéiert also, fir 2% vum Bruttonationalprodukt an d'Defense eranzestiechen. An dat géif heeschen 1,1 Milliard Euro no aktuellem Wäert.

Fir d'ADR steet ausser Fro, datt mer mussen en adequate Bäitrag an déi international Sécherheet investéieren. Mä vun 2%, mengen ech, brauche mer am Ableck net ze schwätzen - wéinstens ass dat eis Positioun -, well mir keng Menace hunn, déi op eis läit, déi esou eng Depense géif justifiéieren. Mir hunn natierlech eng Menace, dat ass den internationalen Terrorismus. Mä wéinst deem eleng brauche mir net en Effort ze maache vun 2% vum Bruttoinlandsprodukt.

Eis huet gewonnert, politesch, datt de Statsminister Bettel 2014 um Sommet vu Wales dann, Pays de Galles, deen Engagement hélt, an 2016 virun där nationaler Press seet en dann, ma nee, dat géif en dann net méi gutt fannen, e wär ganz skeptesch, mir hätten eng Politik, déi a sozial Saachen investéiert an net a Waffen. An och den Här Minister Schneider huet de 7. Dezember 2016 gesot, dat kéint ee kloer net maachen, dat 2%-Zil.

Da froe mir eis awer: Wou ass d'Kredibilitéit vun dëser Regierung? Huet se international eng aner Sprooch wéi national? Seet se international, si wéilt déi 2% ausginn, an hélt do e formelle politeschen Engagement - ech hunn e matbruecht, fir déi Leit, déi e wëllen nokucken - international op déi 2%, an national zitt se sech dann zréck? Ass dat net en eklatante Widdersproch? Wou ass d'Wourecht? Deen internationalen Engagement oder dat, wat eis Ministeren hei an der Chamber oder virun der Press soen?

A wéi ass et da mat de Vases communicants? Mir hunn hei eng Doktrinn - den Här Angel gëtt net midd, se ze widderhuelen -, dat vun deenen dräi „D": Diplomatie, Defense an Developpement, also d'Entwécklungshëllef, dat wär e Ganzt, dat misst een zesumme gesinn, praktesch Vases communicants. A wéi ass et dann, wann elo duerch déi international Entwécklungen den Drock op Lëtzebuerg géif weider klammen, fir effektiv méi Efforten an der Defense ze maachen? Géif dat heeschen, datt an anere Gebidder zréckgeschrauft géif ginn, fir dat ze maachen? Och dat ass eng oppe Fro. A mir wësse jo och net, wéi sech d'Situatioun elo entwéckelt.

Mir sinn als ADR d'accord, mir begréissen déi Optik, déi d'Regierung an engem Punkt geholl huet, näämlech fir eng Rei vun deenen Depensen am Beräich vun der Defense urechebar ze maachen, mat engem Retour économique fir Lëtzebuerg. Dat ass de Fall beim Härebierg, wann deen dann och mat der Participatioun vu Lëtzebuerger Firme renovéiert gëtt, dat ass de Fall um Findel, dat ass de Fall bei der SES mat LuxGovSat an esou weider an esou virun. Dat si Projeten, wou e Retour économique ass.

Mä wann een awer d'Arméi kuckt, da muss ee wëssen, datt och anescht muss an d'Arméi investéiert ginn. Ech wëll hei Saache soen, déi vläicht am Land net esou bekannt sinn, déi vläicht och net jiddwereen heibanne weess, mä déi awer e ganz kloert Liicht op den Zoustand vun der Arméi werfen, wéi se an deene leschte Jore behandelt gouf an a wéi engem Zoustand se haut ass:

Mir hunn net genuch individuell Equipementer fir eis Militär. Mir hunn net genuch Charroi. Mir hunn net genuch Waffen. Mir hunn net genuch Kommunikatiounsmaterial. Mir hunn emol net genuch Material fir deen aktuellen Effectif, an dee läit wäit ënnert deem Effectif, deen am Gesetz vun 2007 iwwert d'Arméi virgesinn ass! Mir hunn heiansdo keng Méiglechkeet, fir eis Zaldoten hei am Land ze trainéieren, well dat bësse Material, wat do ass, mat de Friddensmissiounen am Ausland ass. Mir hunn net genuch schosssécher Westen, mir hunn emol net genuch Waffen, fir all Zaldot oder all Miltiärpersoun haut mat Waffen ze equipéieren, wann dat néideg wär!

Mir hunn näischt, wéi gesot, géint grouss Projete mat engem Retour économique. Mä als verantwortleche Politiker muss een dach emol fir d'Éischt kucken, datt all eenzelnen Zaldot, dee kann eventuell agesat ginn, dee säi Liewen op d'Spill setzt fir eist Land, fir eis Sécherheet, datt dee geschützt ass, datt en dat Material huet, wat e brauch, fir seng Missioun kënnen ze erfëllen. An dat ass am Ableck net de Fall! Mir hätten also gär, datt emol dat Material kaaft an opgestockt gëtt, wat mer brauche fir eis eenzel Militär.

Wa mer dann awer schwätzen iwwert d'Material vun der Arméi, da soe mir als ADR, datt een dat och muss ganz vernënfteg maachen. Well et si vill Suen, déi hei um Spill stinn, ëmmer méi Suen, eben duerch dat, wat mer virdru gesot hunn, déi finanziell Entwécklung. An et ass elo esou, datt mer déi Capacitéiten, déi mer hunn, musse fleegen an asazbereet halen.

Als Beispill kann ech jo hei d'Waasseropbereedung nennen. Mir hunn dräi Systemer. Een eenzegen ass operationell vun dräi. Een eenzegen! Firwat? Et feelt eis u Leit!

Mat den Dingoen ass et äänlech. Mir hunn déi Rüstungsprojeten, déi mer hunn, déi musse mer wa méiglech vun der Staang kafen, mat aneren Arméien zesummen! Well wa mir ëmmer fir Lëtzebuerg speziell Arrangementer treffen, ëmmer ganz, ganz komplizéiert Saachen nach extra kafen, hu mir als ganz kleng Arméi iwwert d'Zäit net déi Capacitéit, fir déi Saachen operationell ze halen. Dat heescht, mir kënne se net méi voll asetzen. An dat heescht net nëmmen e Verlescht vun eisen Asazméiglechkeeten, mä och e finanzielle Verlescht. Et ass also heiansdo besser, méi einfach Saachen ze kafen, eis bei aneren Arméien unzehänken, amplaz fir Lëtzebuerg Spezialléisunge wëllen anzeféieren.

Mir sollten och kucken, ob mer a verschiddene Beräicher Double-Use-Material kënne kafen, dat mer och fir zivill Zwecker kënne benotzen, an net nëmme fir miltäresch Zwecker. A mir mussen och oppassen am vernënftegen Emgang mat eise Suen, datt mer net Saachen duebel kafen oder Saache mat engem double Emploi. Rezent hate mer nach dat Beispill: Mir hunn deen Transportfliger do, den A400M, deen nach ëmmer net do ass, deen 2019 soll kommen, a gläichzäiteg gi mer dann eis bedeelegen um Multi-Role Tanker Transport, dem Projet MRTT, deen hei gestëmmt ginn ass, net mat de Stëmme vum ADR, well ebe just dat meescht oder bal alles, wat deen MRTT do soll bréngen a kënnen, souwisou och vum A400M ka gemaach ginn.

Mir hunn also e ganze Koup Observatiounen, wat déi aktuell Politik, wat d'Material ugeet, mä ech wëll d'Haaptgewiicht vun dëser Interpellatioun op d'Personal vun der Arméi leeën. Well si sinn et, déi wierklech eis Sécherheet garantéieren. Si sinn et, op déi mir eis verloossen an déi eis Dankbarkeet verdéngen.

An d'Arméi erfëllt hir Verflichtungen, déi d'Politik hir gëtt. Mä d'Fro ass: Wéi behandelt d'Politik d'Arméi an déi Leit, déi an hir déngen? D'Realitéit ass eng ganz einfach: Mir hunn net genuch Leit an der Arméi!

Wa mer elo am Kader vun awer enger Rei vun terroristeschen Attacken an Europa an op anere Plazen op en „Vigilnat 3" géife goen, also eng Stuf méi héich an eiser Terrorismussituatioun, da wär d'Arméi schonn implizéiert. Mir missten do och mat bewaachen, verschidden Infrastrukturen an esou weider. Mä d'Wourecht ass: D'Arméi huet guer net déi Leit, fir esou eppes ze maache ronderëm d'Auer, all déi Schichten. Et feelt do dramatesch u Méiglechkeeten! Also souguer, wa mer enger reeller, immediater Gefor ausgesat wären, hätte mer net déi Méiglechkeet, do wierklech adequat ze reagéieren. D'selwecht am Verdeedegungsfall, d'selwecht bei der Protection du territoire.

Wéi ass et mat der Kooperatioun mat der Police a mat der Douane? Dat gëtt heiansdo geüübt, awer do si grouss Problemer an der Kompatibilitéit vu Prozeduren, vu Material, an aner Aspekter.

Bei den Auslandsmissiounen, do ass et esou, datt mer e Risiko hunn, datt eis Arméi ze vill Saache gläichzäiteg muss maachen. Och dofir feelt et am Ableck u Leit. Dat ass eppes, wat d'Amerikaner als „overstretched" bezeechnen, dat heescht, ze vill Saache gläichzäiteg op verschiddene Plazen. An et muss een dann och ganz besonnesch drop oppassen, wéi eng Auslandsmissiounen ee mécht, wou mer wierklech eng Plus-value hunn, wat politesch räsonabel ass. An ech wäert herno, wann ech op dem Här Krieps seng Interpellatioun dann äntwerten, och nach dorobber zréckkommen.

Mir hunn zënter dem Militärgesetz vun 2007 en theoreteschen Effectif am Contingent an der Arméi vun 1.200 Leit, plus déi hors contingent, dat sinn, dat wäerten der och eng ronn 200 sinn, soudatt mer bei 1.400 Leit an der Arméi kéinte leien. Mir leien awer am Ableck, an d'Cour des comptes huet dat och festgestallt, nach ëmmer op deemselwechte Personalniveau wéi 2007, ier dat Gesetz gestëmmt gouf. Dat heescht, u sech huet sech an deene Joren, dat sinn der elo zéng, näischt geännert substanziell un der Gréisst vun der Arméi, obschonn d'Gesetz do gewiescht wär, fir dat ze maachen.

Dat féiert dozou, datt d'Personal vun der Arméi extrem beusprocht ass, datt vill Iwwerstonnen net kënnen erageholl ginn. A vun eiser Säit aus op jidde Fall e ganz grousse Merci un déi eenzel Militär an hir Familljen, déi an esou Situatiounen zesummenhalen, d'Arméi weider ënnerstëtzen. Mir gesinn awer och de Risiko vun der Demotivatioun vun engem Deel vun der Arméi, well se sech verlooss spieren, well net genuch ënnerstëtzt vun der Politik! An dofir ass et wichteg, datt mer do dergéint agéieren.

Elo ass zum Beispill dru geduecht, fir déi Militär, déi am Ausland a Missioune sinn, an hir Familljje besonnesch ze ënnerstëtzen, wann dat néideg ass. Wann eng Assistance familiale oder wat och ëmmer gebraucht gëtt, ass un eng psychologesch Betreiung geduecht. Alles dat si Saachen, déi ee ka maachen, an op jidde Fall emol, fir deenen ze hëllefen an deene Familljen, wou ee Familljemember am Ausland a Missioun ass.

Als ADR hätte mer gär, datt d'Personalstäerkt vun der Arméi dorunner ugepasst gëtt, wat se brauch, fir hir Missiounen ze erfëllen, datt mer also op dat Gesetz gi vun 2007. Mir denken elo net drun, fir doriwwer erauszegoen, mä mir hätten awer op jidde Fall emol gär, datt déi gesetzlech Méiglechkeeten, déi do sinn, wierklech erfëllt ginn.

Gläichzäiteg kann een - wéi bei der Police - och elo emol undenken, fir eng fräiwëlleg a punktuell Reserv anzeféiere fir an Terrorismussituatiounen, oder fir aner Saachen esou ze maachen, fir sou kënne séier ze reagéieren. Mä dat ass an enger zweeter Phas. Wat wichteg ass, ass elo emol, dat Gesetz vun 2007 ze erfëllen.

De Rekrutement ass natierlech e Schlëssellelement dofir. An all déi Problemer sinn eis bewosst. D'Regierung huet eng Rei vun Initiative geholl, fir dat ze verbesseren. Dat ënnerstëtze mer och. De Büro hei um Boulevard Royal an aner Saachen, dat ënnerstëtze mer. Do si mer frou, datt dat gemaach ginn ass. Mä et geet bei Wäitem net duer!

Et gëtt virun allem e grousse Widdersproch - e grousse Widdersproch! - am Declaratoire vun dëser Regierung an an der Realitéit. Mir hunn zum Beispill den Droit de priorité et d'exclusivité fir eis Zaldoten. Iwwert d'Jore gouf dee systematesch ofgebaut: 2004 fir d'Inspektere vun der Police, 2008 fir d'Bréifdréier. An de Service

ass bei der Post bestëmmt net besser ginn doduerch, datt mer keng Leit vum Härebierg méi huelen.

2014 - also dës Regierung ka sech also och net erausrieden - gouf bei der Douane a bei de Giischtercher annoncéiert, datt den Droit d'exclusivité sollt ofgeschaaft ginn. Den Droit de priorité, deen et bei de Gemenge gëtt, gëtt dacks net respektéiert! An an deem Sënn wollt ech Iech, Här President, eng Motioun hei iwwerreechen, déi drun appeléiert, datt dat, wat den Droit de priorité bei de Gemengen ass, datt dat besser agehale gëtt.

Motion 1

D'Chamber stellt fest,

- datt d'Effectiffer vun der Lëtzebuerger Arméi bei Wäitem net un den autoriséierten Effectif erukommen,

- datt et dem Beruff vum fräiwëllegen Zaldot un Attraktivitéit feelt, wat zum Deel och op e Manktem u beruffleche Perspektiven nom Enn vum Militärdéngscht zréckzeféieren ass.

D'Chamber erënnert un

- d'Exklusivitéitsrecht an d'Virrecht vun de fräiwëllegen Zaldoten op Posten, ënner anerem beim Stat, an den Administratiounen, bei den ëffentlechen Etablissementer, bei de Gemengen an op der Eisebunn (groussherzoglecht Reglement vum 13. Dezember 2004).

D'Chamber fuerdert dowéinst d'Regierung op, derfir ze suergen,

- datt dëst Reglement vun all hire Servicer, Administratiounen an ëffentlechen Etablissementer strikt agehale gëtt,

- datt besonnesch de Banneminister d'Gemengen nach eemol op dëst Reglement opmierksam mécht a kontrolléiert, ob d'Bestëmmunge bei de Rekrutementer och agehale ginn,

- datt d'groussherzoglecht Reglement vum 13. Dezember 2004 esou ëmgeännert gëtt, datt nieft der Eisebunnsgesellschaft och LuxTram ënner seng Bestëmmunge fält,

- datt d'Zaldoten am Kader vun hirer Formatioun beschtméiglech a méi cibléiert op déi verschidden Examen a Carrièrë virbereet ginn.

(s.) Fernand Kartheiser.

Mir hätte gär als ADR, datt mer dat u Respekt an Unerkennung fir eis Militär als Politik bréngen, wat eng Selbstverständlechkeet misst sinn, wat awer am Ableck net de Fall ass. Mir verspriechen hinnen, all deene Leit, déi sech fräiwëlleg an d'Arméi engagéieren, kloer an effikass Exklusivitéits- a Prioritéitsregelen, déi och hinnen eng reell Carrièrëchance bidden, wa se d'Arméi verloossen.

An eis Chamber, och déi soll e Virbild an deem Beräich sinn. Mir kënnen net nëmmen un d'Gemengen appeléieren, fir fréier Zaldoten ze rekrutéieren. Och eis Chamber soll an deem Sënn fir hir Servicer méi op den Härebierg an op d'Zaldoten zréckgräifen, fir eis Sécherheet zum Beispill hei am Gebai oder och fir Huissieren, Chauffeuren an esou weider.

An och an deem Sënn wëll ech Iech eng Resolutioun iwwerreechen, Här President, déi eis als Chamber géif erlaben, e Virbild ze sinn, wann et drëm geet, fir deene fréieren Zaldoten eng Aarbechtsperspektiv ze bidden.

Résolution 1

D'Chamber stellt fest,

- datt d'Iwwerwaachung vun de Raimlechkeete vun der Chamber an zum Deel den Accès vum Publikum an d'Chamber un eng privat Sécherheetsfirma iwwerdroen ass,

- datt d'Sécherheet an d'Iwwerwaachung vun der Chamber, enger vun de wichtegsten Institutiounen am Land, muss eng ëffentlech Aufgab sinn,

- datt d'Personal, dat fir d'Chamber schafft, soll Lëtzebuergesch schwätzen,

- datt et dem Beruff vum fräiwëllegen Zaldot un Attraktivitéit feelt, wat zum Deel och op e Manktem u beruffleche Perspektiven nom Enn vum Militärdéngscht zréckzeféieren ass.

Dowéinst fuerdert d'Chamber de Bureau vun der Chamber op,

- am Kader vun der Iwwerwaachung vun de Raimlechkeete vun der Chamber d'Personal fir déi Aufgab an Zukunft exklusiv ënnert de fräiwëllegen Zaldoten um Enn vun hirem Déngscht ze rekrutéieren.

(s.) Fernand Kartheiser.

Mir mussen nodenken zesummen hei an der Politik, wéi eng nei Carrièrë mer kënne kreéiere fir déi Leit, déi hire Militärdéngscht geleescht hunn. Et gëtt esou vill Besoinen. Mat e bësse Fantasie an e bësse politeschem Wëlle kéinte mer esou vill Filièrë schafen, fir Leit wierklech eng Optioun ze ginn an hirer Liewensplangung. Mir hunn zum Beispill Iddie fir d'Gardiens de l'armée. Dat si Leit, déi speziell ausgebilt kéinte gi fir Militärinstallatiounen oder staatlech Plazen - den HCPN, Senneng, Ministèren, Flüchtlingsheemer, Centre de rétention -, an op villen anere Plaze kéinten déi extra Qualifikatioune kréien, fir do Déngschter ze leeschten, déi haut ganz dacks u Privatfirme vergi ginn. A mir hätten da vläicht och d'Méiglechkeet fir ganz spezifesch Formatiounen, fir an déi Richtung ze goen.

Mir kéinten iwwert d'Schafung vun enger Militärpolizei och virbereeden op Carrièren an deem Beruff, net nëmmen an der Police selwer, mä och fir aner Sécherheetsaufgaben hei am Land: Police de la circulation, Police des transports publics, bei den Agents communaux, déi elo sollen nei Aufgabe kréien, bei den Experts en logistique, an der Administration des services de secours. Iwwerall kéint ee jo higoen als Politik a sech froen: Wat kënne mer maachen, fir an deenen Administratiounen, déi an deenen do Beräicher schaffen, och Carrièresperspektiven opzemaache fir déi Leit, déi aus der Arméi kommen an do kéinten a sollte speziell op esou Carrièrë virbereet ginn?

Elo am Ableck ass de Problem nach net esou akut, obschonn e präsent ass. Mä wa mer wierklech kéinten higoen an dat maachen, wat d'ADR freet, näämlech datt mer d'Militärsgesetz an den Effectiffer vun 2007 erreechen, da sinn och esou vill méi Leit, déi aus der Arméi erausginn, an ëmsou méi dréngend gëtt et, datt mer wierklech kloer Carrièresperspektive fir déi Leit hunn, déi eis an der Arméi gedéngt hunn. Mir brauchen de klore Wonsch, iwwert den Härebierg Leit auszebilden an ze rekrutéiere fir eben all déi do Beräicher an och nach anerer.

D'Gemengen, wéi gesot, do ass leider festzestellen, datt déi net ëmmer deene Prioritéitsusprech gerecht ginn, aus deene verschiddenste Grënn. Mä och d'Gemenge kënnen nodenken, wou an hire Servicer prioritär Leit vum Härebierg gebraucht ginn, an dann och zesumme mat den Autoritéite vun der Arméi kucken, wéi mer d'Ausbildung vun de Leit um Härebierg kënnen esou steieren, datt déi optimal virbereet ginn.

Eis stéiert et zum Beispill ganz staark..., an ech muss soen, net nëmmen, ech mengen, jiddwereen, dee sech dee Problem virun Ae féiert, deen ass wahrscheinlech schockéiert: Dat ass LuxTram. LuxTram ass eng Gesellschaft, déi gehéiert zur Halschent dem Stat an zur Halschent der Stad Lëtzebuerg. LuxTram, do ass eng... - mir hunn och eng Question parlementaire elo gestallt an deem do Sënn -, mä do ass Franséisch Virschréft, datt ee Franséisch kann. Lëtzebuergesch ass en „avantage", steet do! Däitsch ass en Avantage. Wa mer géife Leit vum Härebierg huelen, da kéinten déi alleguer Lëtzebuergesch.

Wéi ass et méiglech, datt eng Gesellschaft, déi zur Halschent dem Stat an zur Halschent der Stad Lëtzebuerg gehéiert, Leit hëlt, déi frankofon sinn, an net déi Zaldoten, déi um Härebierg waren, fir als Buschauffeur oder herno als Tramschauffeur do kënnen ze schaffen?

Als ADR si mer eis komplett bewosst, datt et eng grouss Diskrepanz gëtt tëschent dem Rekrutéierungsniveau vun der Arméi an deem, wat herno an den Exame gefrot gëtt, an dat ass e ganz komplexe Problem. A ville Carrièren ass de Schoulniveau, dee beim Exame gefrot gëtt, an deene leschte Joren ëmmer erëm eropgeschrauft ginn, aus ville Grënn: Een dovunner ass eben de Verfall vun eisem Schoulwiesen, well d'Leit net méi genuch léieren an de Schoulen am Vergläich zu fréier, soudatt eigentlech den Niveau vun de Schoulen dann ëmmer méi héich..., oder de Schoulniveau vun der Klass, déi gefrot ginn ass, an d'Luucht gesat ginn ass, ouni onbedéngt doduerch den Niveau an d'Luucht ze setzen. Op jidde Fall gëtt et eng Diskrepanz tëschent dem Rekrutéierungsniveau an deem „Klassenniveau", soe mer emol esou, dee gefrot gëtt an den Examen.

Mir mussen also iwwert d'École de l'armée nodenken, fir den Zaldote genuch schoulesch Méiglechkeeten ze ginn, och wärend der Déngschtzäit, fir do kënnen déi Retarden opzeschaffen, déi do sinn. Mir kënnen net higoen a ganz laang Pausen an hirer Ausbildung aféieren, well dat schuet. Wann ee mat enger 9e kënnt an et mécht een dräi Joer guer keng Schoul an da soll een a ganz kuerzer Zäit nohuelen, wat ee vergiess huet an der Tëschenzäit oder wat engem souwisou feelt, dann ass dat ganz besonnesch schwiereg.

Mir mussen also iwwert d'Organisatioun vum Déngscht, d'Organisatioun vun der Schoul nodenken. A mir kënnen zousätzlech Beruffsausbildungen an der Arméi maachen, vun deenen der eng ganz Partie och am Ziville wierklech gefrot ginn. Mir kënnen net nëmmen Armurieren an äänlech Beruffer huelen, mä och Dronepiloten, Computerspezialisten, Logistikspezialisten.

An deem Sënn ass et interessant, eng Kéier eng komplett Reflexioun ze maachen iwwer en Arméilycée a Form vun engem Lycée technique, deen net nëmme COPRAL, also d'Virbereedung op d'Arméi, ESTAL oder COPREX, also d'Virbereedung op d'Exame mécht, mä wierklech higeet an eng Rei spezifesch Beruffsausbildungen ubitt, déi de Leit, déi aus der Arméi sinn, och herno eng Carrière an ziville Firmen oder an ziville Verwaltungen erméiglechen.

Déi Examen a Formatiounen, déi d'Leit an der Arméi maachen, déi sollten och einfach an onkomplizéiert Equivalenzen am ziville Secteur hunn. An dat hate mer, ech erënnere mech nach ganz gutt u fréier, zum Beispill de Camionschauffeur: Wien de Camionschauffeur an der Arméi gemaach huet, deen huet dat net direkt unerkannt kritt am Zivillen, mä deen huet nach eng Kéier missen en Exame maache fir Camionschauffeur zum Beispill. Dat sinn natierlech onvernünfteg Léisungen.

Mir sinn och bereet am Prinzip als ADR, fir iwwert d'Superprioritéit nozedenken. Mir ginn net dovun ewech, datt een, deen an enger UDO ass, also an en Auslandsasaz geet, muss belount ginn, a gutt belount ginn, grousszügeg belount gi fir déi Risiken, déi en op sech hëlt. Mir denken awer, datt d'Superprioritéit an der ablécklecher Organisatioun vun der Arméi och hir Nodeeler huet, a wären also och bereet, doriwwer nozedenken.

Et kéint een och un e gesetzleche Quotesystem denken, fir ze garantéieren, datt jiddwereen, deen an d'Arméi geet, dann och eng Carrièresperspektiv huet.

Wann iwwer Zäitzaldoten nogeduecht gëtt, dat ass jo och eppes, wat am Ableck aktuell ass, fir sech fir zéng oder fofzéng Joer ze engagéieren, och do musse mer soen, datt mer eis dat net kënne virstellen, wann net gläichzäiteg un d'Debouchée geduecht gëtt. Et kann een net e Mënsch engagéieren op zéng oder fofzéng Joer an da soen: „Wat s de duerno méchs, ass eis egal." Och do musse mer kucken, datt eng Kontinuitéit, eng laangfristeg Plangung méiglech ass.

Mir denken och als ADR, datt et méiglech misst sinn, niewent der Sportssektioun eng Wëssenschaftssektioun an d'Arméi eranzebréngen, well mir hu gesinn, datt op dem Niveau vun der Europäescher Unioun - eng Initiativ, déi och vu Lëtzebuerg ënnerstëtzt ginn ass - d'militäresch Fuerschung soll gefërdert ginn. Mir kéinten also och higoen an deene jonke Fuerscher ubidden, déi och dacks mat där Situatioun konfrontéiert sinn, datt se nëmmen Zweejoresverträg an hirem Fach kréien, datt se kéinten engagéiert gi fir eng gewëssen Zäit als Offizéier an der Arméi, fir wëssenschaftlech Fuerschung ze maachen, déi dann zesumme mat der Uni och kéint aneren, méi groussen internationale Projeten zeguttkommen.

D'Protection juridique ass en anert Uleies, wat mer hunn. Déi soll an all Situatioun onbürokratesch a séier geschéien. Mir haten den Tëschefall um Waldhaff, mir haten aner Tëschefäll, wou et muss kloer sinn fir déi Leit, déi an der Arméi sinn, wann déi an enger Situatioun sinn, wou se aus egal wéi enge Grënn verletzt sinn oder stierwen, datt awer op jidde Fall hir Familljen net am Stach gelooss ginn an datt mer dofir higinn an d'Versécherungssituatioun eng Kéier esou regelen, datt de Militär wierklech weess, datt, wann em eppes geschitt, dat net zum Nodeel ass vu sengen Nokommen.

Mir haten dat och bei der Police gefuerdert iwwregens, a bei der Police freeë mer eis, datt d'Regierung awer op dee Wee geet, dee mer proposéiert haten an do d'juristesch Ofsécherung vun der Police awer wëllt verbesseren.

Mat der Disziplinn, do ass et esou, datt mer drop halen, datt mer elo net onrealistesch ginn als Politik! D'Arméi ass net do, fir an einfache Situatiounen ze evoluéieren, mä si kann heiansdo an extrem schwierege Situatioune sinn. An d'Disziplinarrecht muss deem Rechnung droen! Et geet net hei, fir dat ze vergläiche mat anere Verwaltungen oder esou, dat ass näämlech e ganz onrealisteschen Exercice. An et geet awer an deem Kontext vun der Discipline militaire drëm, do ass eis Prioritéit, d'Justice militaire bäizebehalen, mä esou ze reforméieren - well dat ass am Ableck net de Fall -, datt se alle rechtsstaatlechen Ufuerderunge gerecht gëtt. Also zum Beispill, den Untersuchungsriichter vum Procureur, dat muss alles däitlech getrennt sinn, dat ass am Ableck net de Fall.

De Service médical, do ass och déi Situatioun, datt mer e Spidolsplang am Ableck am Land diskutéieren, deen éischter higeet, Capacitéiten ze reduzéieren, woubäi mer keng Reserven hunn an engem Krisefall.

(Protestations)

Mir hu keng Reserven! Mir hu weder Reserven - weist eis déi, Här Graas! - u Better, u medezinneschem Personal, un Dokteren, Infirmieren. Et gëtt Länner, déi eng automatesch Reserv virgesi fir Katastrophen- a Krisefäll. An dat ass emol hei zu Lëtzebuerg net de Fall.

Mir kéinten also higoen an déi Iddi vun engem Hôpital militaire och an déi Richtung denken, net nëmmen an Traumatologie, mä mir kéinte wierklech higoen an eventuell och drun denken, en Hôpital militaire de campagne ze hunn, dee mer kéinten asetzen am Ausland. Dat géif eis eng Visibilitéit ginn. Et géif eis erméiglechen, d'Arméi och fir humanitär Missioune méi anzesetzen. An et géif eis gläichzäiteg och eng Reserv u medezinneschem Personal ginn, wann et hei am Land géif gebraucht ginn.

Mir si fir eng realistesch Politik als ADR an net fir weltfriem Optioune fir d'Arméi. Mir hunn eng Arméi, déi technologeschen Erausfuerderunge muss an d'Ae kucken, déi ëmmer mat méi komplizéierte Waffesystemer ze dinn huet. An et ass och eng Chance, well mir kënne Kompetenzen am Kader vun der Arméi opbauen, déi och anere Verwaltungen, dem Stat allgemeng zeguttkommen. An dat ass zum Beispill an der Cybersécherheet, Computersécherheet. Mir hunn do e klengen Ufank gemaach an der Arméi, mä do kéint d'Arméi wierklech e Kompetenzzentrum gi fir de ganze Stat. An datt dat net onnéideg ass, hu mer nach virun e puer Deeg gesinn, wou Computersystemer vum Stat vun Attacke betraff waren.

Mir hunn déi Restrukturatiounsiddien am Ableck, déi jo vum Här Minister Schneider a senge Mataarbechter diskutéiert ginn. Déi hunn och eng ganz Rei Nodeeler, déi ech elo hei wëll schonn ukënnegen, ier mer dann herno an eng méi grouss Diskussioun doriwwer eraginn. De Chef d'état-major gëtt do just nëmmen nach zu engem Conseiller militaire vum Minister an d'Haaptlaascht vun der Arméi, vun der Kommandogewalt, geet un de Kommandant vum Härebierg. Dat ass an eisen Aen net déi gutt Solutioun.

Wat nei Gebailechkeete fir d'Arméi ugeet, do ass et eng Méiglechkeet op jidde Fall, fir de Ministère an eng ganz Rei Servicer vun der Arméi a vun anere Sécherheetsorganer wéi zum Beispill Police, HCPN, SRE an en anert, méi repräsentatiivt Gebai zesummenzeleeën. An eent, wat sech géif ubidden, ass déi aktuell Nationalbibliothéik. Déi Iddi, fir eng national Konschtgallerie an e puer Wunnengen an deem Gebai ënnerzebréngen, entsprécht eigentlech net dem Prestige an der Lokalisatioun vun deem Gebai. An et wär sécher eng Iddi, fir ze kucken, ob d'Arméi oder d'Sécherheetsorganer net do kéinten ënnerbruecht ginn.

Composante aérienne: D'ADR huet schonn e puermol déi Fro opgeworf, ob mer net sollten higoen an d'Loftopklärung an d'Arméi integréieren. Mir ginn dat loune bei Privatfirmen. Dat huet eng ganz Rei Nodeeler: Mir hu keng juristesch Sécherheet. Mir wëssen net genau, wat do geschitt. Wahrscheinlech wësse mer et net genau. Mir haten den Accident op Malta zejoert, wou herno erauskomm ass, datt vläicht franséisch Geheimdéngschtoperatiounen do mat bedeelegt waren, datt d'CAE Aviation eventuell a Libyen bei verdeckten Operatioune matmécht. Dat ass net dee gudde System a mir denken, vu datt mer jo déi budgetär Mëttelen am Ableck och hunn, datt et eng Méiglechkeet wär, fir déi Saachen, also d'Loftopklärung, an eis Arméi ze integréieren.

A mir hunn och nach aner politesch Problemer mat der Composante aérienne, an ech wëll just hei op d'AWACS verweisen. Mir liesen ëmmer erëm an der Press, datt d'AWACS an Operatiounen indirekt bedeelegt sinn, iwwer Syrien oder am tierkesche Loftraum, mä mat Syrien, eventuell och mat der Ukrain a Bulgarien, an un anere Saachen, also u sech och an Operatioune matmaachen, déi out of area sinn. Well weder Syrien nach d'Ukrain sinn NATO-Memberen! Mir mussen also och do en A drop hale politesch, fir ze wëssen, wou mer higinn.

D'Arméi ass eng ganz wichteg Administratioun hei am Stat. Déi Leit, déi sech an d'Arméi mellen, huelen e grousst Affer op sech, si huelen en immense Risiko op sech. Eis Dankbarkeet gehéiert hinnen. Mä mir mussen als Politik higoen an d'Arméi ënnerstëtzen. Ech hunn an dëser Interpellatioun e puer Weeër gewisen, wéi mer dat kënne maachen: d'Personalstäerkt, d'Material. Mä et ass eng Saach, déi mer dem Land, eiser Sécherheet schëlleg sinn!

Wann ee kuckt, d'Arméi, a wéi engem Zoustand se haut ass a wéi awer d'Sécherheetslag notamment a puncto Terrorismus sech entwéckelt huet, ass et onverantwortlech, net ze agéieren an der Arméi net ze hëllefen, sech esou opzestellen, wéi se dat muss, fir kënnen hir Missiounen ze erfëllen, a wéi se et verdéngt am Interessi vun deene Leit, déi sech do engagéiert hunn.

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet direkt deen zweeten Interpellant, den Här Alexander Krieps, iwwert d'Roll vu Lëtzebuerg an der NATO. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

M. Alexander Krieps *(DP), interpellateur.*- Merci, Här President a gudde Mëtteg. Léif Kolleegen, Dir Dammen an Häre, ech war elo ganz enthusiastesch iwwert dem Här Kartheiser seng Ried, bis e vum Spidolsplang geschwat huet, deen e manifestement net gelies huet. Mä dat gesot, huet e mech ongefeier 40 Joer méi jonk gemaach, well ech ka mech de Weekend heiansdo un esou Diskussiounen erënneren, dass esou Themen opkomm sinn, duerch meng atavistesch Wuerzelen. Dat gesot, wëll ech em awer global fir seng enthusiastesch Ried Merci soen. An de Spidolsplang, deen erklären ech Iech eng Kéier hei op der Tribün, well et gëtt net ee Bett ofgeschaaft!

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir si gespaant!

M. Alexander Krieps *(DP), interpellateur.*- Et ass just de Conseil d'Etat, deen ons geroden hat, net vun engem Militärspidol ze schwätzen, well dat nach net besteet. Dat wëll ech Iech just als Prezisioun soen.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Wat Der iwwert de Spidolsplang hutt, dat kennt Der manifestement net, soss hätt Der gesot, dass d'Spideeler keng Betterreduktioun hunn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR), interpellateur.*- Här Krieps, wéi vill Reserven hu mer dann am Land?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift! Am Moment huet just den Interpellant d'Wuert.

M. Alexander Krieps *(DP), interpellateur.*- Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir sidd och net ënnerbrach ginn. An ech wäert derfir suergen, dass och den Här Krieps net ënnerbrach gëtt.

M. Alexander Krieps *(DP), interpellateur.*- Merci villmools, Här President. Viru sechs Joer sinn ech an Neuseeland gefuer op d'Rugby-Weltmeeschterschaft 2011. An do hat ech d'Chance, zu Wellington invitéiert ze ginn, an do souz en neiseelänneschen Deputéierten, deen huet mech du gefrot beim Dessert, wat mir Europäer maache géifen, wann am Chineesesche Mier e Konflikt tëschent China an Amerika entstoe géif. Dunn hunn ech fir d'Eischt emol mäin Dessert fäerdeg giess...

(Hilarité)

...an ech hu geduecht un all déi ANZAC-Zaldoten, déi am Eischte Weltkrich zu Gallipoli leie bliwwe sinn, an un déi Dausenden, déi am Zweete Weltkrich leie bliwwe sinn. Mä ech hunn ons Arméi net gesinn, an d'Chineesescht Mier fueren.

Dat gesot, do kéint et eng Kéier zu engem Artikel 5-Konflikt kommen! Well Dir kënnt Iech virstellen, wann Amerika do ugegraff gëtt..., d'Kanadier net, well d'Kanadier hunn zu Vancouver keng Schëffer, déi bis an d'Chineesescht Mier kommen. Duer ware mer näämlech och kucken. Dat kéint eng Artikel 5-Situatioun ginn. An ech iwwerloossen Iech och do eng Appréciatioun. Ech gleewen, dat muss ee vermeiden!

D'Statssekretärin Francine Closener, déi ech hei begréissen, wäert ons herno erklären, wat déi hei Regierung fir ons fir en neien NATO-Bäitrag gemaach huet - an ech wär frou, wann Der dat nach eng Kéier erkläre géift, da brauch ech et elo net ze maachen - no dem Sommet vu Wales.

An Europa lafen iwwerdeems zwou Diskussiounen zugläich, eng vum europäeschen Aarm vun der NATO an dann eng vun enger europäescher Arméi. A mengen Aen, an ech kommen herno dorobber zréck, gëtt dat net einfach. D'NATO ass 1949 gegrënnt ginn an zielt haut 28 Länner, ee Land méi wéi d'Europäesch Gemeinschaft. Well do hu mer eent verluer, wat 25% vum europäeschen Defensebudget huet, dat ass Groussbritannien. Do wär et och interessant ze wëssen, wat da mat der NATO geschitt, also mat der EU geschitt nom Brexit, wat jo gëschter Owend decidéiert ginn ass.

Amerika bezilt momentan 73% vun de Käschte vun der NATO an déi verlaangen elo den „burden sharing", dass mir e bësse méi déif an d'Täsch gräifen. Säit dem Sommet vu Wales hu mer jo d'lescht Joer 3,8% vum europäesche PIB ausginn, et waren der 3% erwaart ginn, wat zéng Milliarden ausmécht. Also mir schwätzen hei net vu Spuerbicher bei der Spuerkeess!

Wat och interessant ass, ass, dass d'Amerikaner, déi wëllen natierlech..., si schwätzen net vun de Waffesystemer. Ech hunn eng Lëscht hei zesummegestallt: An Europa hu mer bei de Panzer 17 Modeller, an Amerika 1 Modell! Mir hunn hei bei de Fligeren an Europa 20 Modeller, an Amerika 6. An der Marinn ass et nach vill méi schlëmm: Tëschent Destroyer an de Fregatten hu mer 29 Modeller an Europa a 4 an Amerika. Ech mengen, dat muss ee sech virun Aen halen. A mir hätten also Interêt als Europa, do e bësse méi zesummenzeschaffen.

Bei de Panzer ass jo eng Bewegung tëschent Frankräich an Däitschland, obschonns Rheinmetall, déi setze sech zesumme mat Raytheon. An dat muss een, dat ass also interessant, fir dat och ze kucken. Mir hunn Eurofighteren, mir hu Rafallen, mir hunn alles lénks a riets. An ech hätt alt geduecht, déi 2%-Klausel, déi géif haaptsächlech gëlle fir déi Länner, déi Waffe produzéieren a verkafen. A mir kommen ni op déi 2%. De Kolleeg Fernand Kartheiser huet virdrun zitéiert: „Iwwer eng Milliard Euro"; de Kleesche kënnt nëmmen eng Kéier am Joer!

Dofir géif ech mengen, onst Zil vun den 2% bei engem héije PIB ass vill méi wéi beim griichesche PIB, déi déi 2%-Klausel erfëllen. Dat muss een och nach eng Kéier soen.

An da war gesot ginn, vun där Augmentatioun vun de Käschte missten 20% an nei Equipementer kommen. Do wär et dann och net schlecht, dem Här Trump ze ënnerbreeden, ob hie mengt wierklech, dass d'Europäer europäesch kafe sollen, oder ob e viru seng F-35 un Norwegen, Dänemark, Holland, Groussbritannien verkeeft. Dat wär eng interessant Fro. Meng hollännesch Kolleegen an deem Secteur, an do si qualifizéiert Leit drënner, deenen deet et leed, dass se schonn F-35 kaaft hunn. Dee Fliger kascht, wann en an der Loft ass, 100.000 Dollar d'Stonn. An dat ass zimlech deier, fir iwwert der Nordsee Patrullen ze fléien.

Dir kritt vläicht och eng Kéier eng Demande - wann et net an dëser Regierung ass, mä an där nächster -, fir italienesch Aermacchien ze kafen, fir iwwert d'Nordsee ze fléie mat de Belsch a mat eis. Mir wäerten also Schwieregkeete kréien, och am Horizont zéng Joer, fir déi 2% do ze erreechen. A wéi gesot, mir wäre frou, wann d'Waffenhändler déi mathëllefe géifen ze bezuelen.

Am Géigesaz zu fréieren Zäite gëtt méi Wäert op de Rotatiounsprinzip geluecht. Et gi keng Truppe méi, amerikanesch Truppe mindestens, an Europa permanent stationéiert. Déi komme fir dräi, véier Méint an da gi se erëm heem. An déi Eenheete bleiwen awer vill méi laang (veuillez lire: manner laang). A rezent huet een erëm gesinn, dass Prepositionnementsattitüde geholl gi vun den Amerikaner, wou se hir Saache lageren am Virfeld.

D'NATO-Allianz bleift, ass a bleift a war ëmmer fir ons eng fundamental Allianz! An et ass och eng fundamental Allianz fir den euroatlantesche Raum. Dat ass sécher an do ass näischt drun ze réckelen! Demokratien ënner sech, déi hu ganz selte Konflikter, dat musst Der kucken. Autokratien hunn och keng Konflikter ënner sech, dat gesitt Der. Et ass e bësse wéi bei den décken Hënn: Déi bäisse sech net, an déi kleng bäissen éischter déi déck. Mä ech mengen, ofgesinn dovunner, Dir hutt tëschent Staten extrem selte Konflikter momentan. Mä Dir hutt déi faméis Hybridsituatiounen, déi Biergerkricher, déi sech multiplizéiere lénks a riets. An do kritt also d'NATO och e gewëssene Rôle ze spillen.

Ech sinn zwar der Meenung, säit dem Spuenesche Biergerkrich, dass ee sech net soll an e Biergerkrich amëschen. Dat geet ëmmer schlecht aus.

An aganks hat ech vun Asien geschwat. Och am Joer vum Hunn - dëst Joer - däerf een net mengen, däerf een de Chineesen net ze vill Aggressivitéit ënnerstellen, well déi brauchen nach 50 Joer, bis se prett sinn, fir iergendeng Initiativ ze ergräifen, wat eng geféierlech kéint sinn. 50 Joer, verhaalt déi Zuel!

Méi Zesummenaarbecht an Europa ass gefuerdert, innerhalb an ausserhalb vun der NATO, géint den Terror, dat ass schonn hei gesot ginn, all Terror; am Konflikt mat der Migratioun; am Cyberkrich. D'NATO hat jo d'lescht Joer 6.000 Cyberattacke géint sech, dat waren der 60% méi wéi am Joer 2015.

An d'Desinformatioun stellt ons e Problem: Wéi ech hei wollt iwwert deen heite Sujet schwätzen, do war ech wärend der Münchner Sécherheetskonferenz den 18. Februar owes op Google gaangen an du wollt ech mer do e puer Informatioune sammelen iwwert d'Resultater vun där Sécherheetskonferenz. An do waren déi éischt Sourcen op Google, dat war sputniknews.com an interfax.com. Dat heescht, déi schéngen nach ëmmer vill „fellow traveller" an der NATO ze hunn, well déi ware besser informéiert wéi déi aner Saachen! Also dat war interessant ze kucken.

An dann hu mer jo déi Diskussioun iwwert d'alternativ Fakten. D'postfaktesch Wourecht, wou läit déi? Ech weess et net. Ech hätt léiwer, et géif een der präfaktescher Realitéit an d'Ae kucken! Dat wär vill méi einfach. Déi falsch Informatiounen, déi iwwert den Net verdeelt ginn, déi mussen och gekontert ginn, well d'Opinion publique léisst sech vun esou Saachen terribel influenzéieren!

A wat wollt ech nach soen? No Jorzéngten, wou de Welthandel an d'Luucht gaangen ass - méi séier wéi de Wirtschaftswuesstum, dat muss ee sech och virstellen -, ass elo d'Wäertaschätzung vum Welthandel amgaangen erofzegoen. Dat hutt Der an der Diskussioun vum TTIP erlieft oder am CETA. A vill Länner beweege sech zréck op e Protektionismus, wat der NATO net zeguttkënnt - och der NATO! -, net nëmmen Europa oder Amerika, wa mer vun deene schwätzen.

D'NATO selwer huet massiv Problemer. Dir hutt jo deen Debat de leschte Sonndeg tëschent Holland an der Tierkei gesinn, wat dat mat sech bréngt. D'Tierkei mat der Zypernfro, de Westbalkan, deen net roueg ass. An ech wär och eng Kéier frou ze héiere vun der Regierung, wat ons Erfahrung war, vun onsem Contingent, am Kosovo, wat dat bewierkt huet. Well de Balkan, fréier, war e ganz schwéiere Problem. Haut ass deen ersat duerch den Noostkonflikt, mä am Balkan, do kéint et all Dag kraachen.

Dat war eng Fro, déi ech wollt dem Här Kartheiser stellen, firwat si géint den Zougang zu der NATO vu Montenegro gestëmmt hunn. Ech hoffen net, dass Dir wéi aner populistesch Parteien - Dir sidd zwar nach keng, mä dat kënnt - op Moskau pilgert, fir Äre Wahlkampf bezuelt ze kréien, wéi den Här Wilders, d'Madamm Le Pen. Ech kéint Iech do der nach eng Rei opzielen.

Mä dat gesot, ech wär frou, wa mer an deenen Net-Artikel 5-Asätz - Net-Artikel 5-Asätz: Kosovo, Afghanistan, zum Deel Libyen, wou mir zwar wuel net derbäi waren, mir wäerte matgehollef hu bezuelen -, mä dass mer do eng Kéier e Bilan geholl kréien. An ech kommen herno nach op dee Punkt zréck.

Ee vun den Haaptsponsore vun der NATO - glécklecherweis! - ass den Här Putin. Dat ass eisen Haaptsponsor! An deen huet selwer keng blass Ahnung, wéi staark seng Ekonomie ass. D'russesch Ekonomie gëtt ageschat vun engem PIB tëschent Italien a Spuenien, wat en awer net drun hënnert, fir nuklear opzerëschten: 20 Atom-U-Booter. Russland ass am Fong ekonomesch eng grouss Tankstell, méi ass et fir de Moment net. Ech gleewen och net, dass mer deen ze vill fäerte missten. Mä wat e versicht, dat ass, seng fréier Satellittestate ronderëm sech ze „resowjetiséieren". Dat ass e bëssen e Problem, wou se net all d'accord sinn a wou mer nach op schlecht Zäiten higinn. Mir haten déi Situatioun an den Enn 70er Joren. Dir kënnt Iech jo un déi SS-20- a Pershingsdebatt erënneren: Do hu se och opgerüst an no fënnef Joer ware se faillite!

Amerika dréit sech méi no Asien. Dat huet eng Ursaach, well den ekonomeschen Handel ass haaptsächlech an Asien, d'Séiweeër sinn an Asien, d'Halschent vun den U-Booter wäerten am asiatesche Raum stationéiert sinn, genau wéi d'Halschent vun de Fligeren. An dann: Amerika huet, dat hunn ons Leit an Amerika d'lescht Joer ganz gutt erklärt, an Europa keng Géigner méi. Russland, Däitschland, Frankräich, wat virun honnert Joer Géigner waren, déi sinn all um Punkt vum K. o.

Wat ech hei nach dozou wollt soen: Niewent de militäresche Capacitéiten deele mir och déi Notioun vun „comprehensive approach", déi den Här Gates, amerikanesche Verdeedegungsminister, schonn 2010 lancéiert hat. Et geet net duer, nëmme militäresch Aspekter ze considéréieren, mä och déi zivill Komponent zielt. An déi misst, déi zivill Komponent misst an de Bilanen agerechent ginn. An do hu mer e puer schlecht Erfahrunge gemaach am Irak, wou den Här Paul Bremer, Amerikaner, déi ganz Administratioun an Arméi ofgerappt huet. An duerfir huet dee Krich fënnef oder zéng Joer méi laang gedauert, an en ass elo nach amgaangen!

Mir mussen also mat deene vermeintleche Géigner, déi mer hunn, och schwätzen, well dat ass extrem wichteg, dass mer mat de Russe schwätzen a mat de Chineesen. Dat ass extrem wichteg! Mir wëlle jo och keen zweet Jalta! D'Fransouse wëllen dat och net, well déi ware beim éischte schonn net derbäi. An dofir wär et interessant, fir ze wëssen, dass mer mat de vermeintleche Géigner schwätzen. A mir musse vläicht deem e bëssen d'Daumeschrauf méi uleeën.

Wat natierlech elo kënnt, dat sinn déi Bewegungen - an do si jo och Politiker oder fréier Politiker vun eis ganz aktiv -, fir eng europäesch Arméi ze grënnen. Ech weess net, ob dat geet. Wa mir kucken ausserhalb vun Europa, d'Äsätz momentan vun Europa am Mali a Westafrika, musst Der wëssen, dass ons franséisch Kolleegen integral déi Käschten droe vun der amerikanescher Hëllef, mat den Dronen a mat hei an do. D'Fransouse bezuelen déi Asätz integral! Et wär vläicht net schlecht, wa mir ons och erëmbezuelt kriten. Mä ech mengen, mir hunn der net esou vill, glécklecherweis.

Komme mer eng Kéier zu enger NATO, wéi mer dat elo mat Europa erlieft hunn? D'lescht Woch hunn ech en Artikel gelies, do seet onse fréiere Premier, den Här Juncker, mir géifen op en Europa vun x Vitessen histeieren. Komme mir an enger NATO och elo op eemol mat 36 Vitessen? Dat hoffen ech net! Mir wäerten awer missen do virsiichteg sinn, dass mer dat net zouloossen, ënnert de Formen, déi nach ze diskutéiere sinn.

Wivill Sue mer ausginn, ass net d'Fro! D'Fro ass: Wat maache mer mat de Suen? Virdrun ass ugeklongen, net zu Onrecht, dass mer onse Leit bei der Arméi mussen hëllefen, och sech ze reklasséieren herno, méi Leit ze rekrutéieren. Dat ass extrem wichteg, dass mer wëssen, wat mer mat de Sue maachen, an net, wivill Suen et elo sinn. Well mir si jo gewinnt an onsem Ländchen, dass mer genuch Suen hunn a se ganz oft schlecht ausginn. Dat ass ëmmer esou gewiescht.

An da musse mer vun onsen Ziler ons Bierger, ons Wieler iwwerzeegen, iwwert d'Viraussetzunge vun der NATO, wat hir Missioune sinn an esou, wat am Ufank en Artikel 5-Bündnis war, wat awer ëmmer méi an en Net-Artikel 5 iwwergeet an aussereuropäesch Asätz huet. Déi global Valeure mussen ënnerstrach gi vis-à-vis vun deenen nationale Valeuren. An da limitéiert d'Securitéit an engem Land sech net op d'Defense. Do musse mer ons och an Uecht huelen, dass mer dat considéréieren.

Dat waren e puer Reflexiounen, déi ech wollt hei dozou bäidroen. An ech soen dem Fernand Kartheiser nach eng Kéier Merci, dass hien dat vun der Arméi beliicht huet an dass...

(Interruption)

Wat mengt Der? Neen, neen, neen! Ech mengen, mir si jo hei ënner ons! Mir sinn zu 60 Deputéierten, wou jiddweree seng Meenung huet! Ech sinn net ëmmer mat him d'accord an hien och net mat mir, scho guer net mindestens, hunn ech gesinn, iwwert de Spidolsplang.

Ech soen Iech Merci.

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Gutt, datt Der de Spidolsplang hat!

M. Alexander Krieps *(DP), interpellateur.*- Jo, jo! Jo, jo...

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Et geet jo ganz friddlech hei zou. Da solle mer och esou weiderfueren. An d'Wuert huet elo direkt den Här Jean-Marie Halsdorf fir d'CSV.

Une voix.- Elo ass et eriwwer mam Fridden.

(Interruptions et brouhaha)

Débat

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn haut mat enger duebeler Interpellatioun befaasst mam Motto „Eng modern Arméi fir nei Erausfuerderungen", „Wéi eng Zukunft fir d'NATO?", mat à la clé am Fong geholl der Formuléierung vun enger strategescher Visioun an och dann ebe mat der Iddi: Wéi soll eis Arméi anescht opgestallt gi mat deenen neien Erausfuerderungen?

An duerfir kann ech nëmme meng Verwonnerung ausdrécken, dass, wou ech gemengt hat, dat wier eng Chefsache - näischt géint Iech, Madamm Closener! -, do hat ech gemengt, de Minister wär in persona hei. Ech hätt dat nëmmen normal fonnt!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Doriwwer eraus schécken ech viraus, dass d'EU a Lëtzebuerg ëmmer zesummegehéieren. A wann dat esou ass, dann ass et och: D'Verteidegungspolitik vun der EU an de facto dann déi och vu Lëtzebuerg, da gehéieren a mengen Aen, oder an eisen Aen, déi zwou op de Leescht.

Aus der klassescher nationaler Verteidegungspolitik gouf jo iwwert d'Jorzéngten eng sougenannten „3 D-Politik". Dëst ass och sënnvoll, well dat internationaalt politescht Emfeld ass ëmmer méi komplex ginn, ënner anerem duerch d'Globaliséierung. An deem Kontext kéint ee souguer soen: Misst een net scho bal eng 4D-Politik aféieren? Déi géif da stoe fir

„Durabilitéit" oder fir Nohaltegkeet, well et wichteg ass, wa mer Decisiounen huelen, dass se durabel sinn.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Mä dëse Schrëtt, fir déi 3 D-Politk anzeféieren, hat viru Joren, dat muss ech soen, well deemools ass jo dann d'Defense an de Ministère des Affaires étrangères integréiert ginn, zu munche Frustratioune geféiert.

A wéi ech elo gesinn hunn: Bei der leschter Regierung ass nees eng Kéier d'Force publique agefouert ginn, da kann een dat och als eng Aart Wénk verstoen un d'Vergaangenheet, well ob dëst nach zäitgeméiss ass, déi Fro kann ee sech stellen, wann ee kuckt, wat de Statsrot geschriwwen huet beim Disziplinnsgesetz, wou jo ee Gesetz deposéiert gi war fir d'Arméi a fir d'Polizei, wou hie gemengt huet, déi sollt een net an een Dëppe geheien, dat eent wier d'Polizei, déi huet éischter zivill Missiounen, an dat anert wier d'Arméi.

Gutt. An de leschten zéng Joer huet sech eis Welt wierklech vill, vill geännert, soudass mer wierklech forcéiert sinn, an do ass, mengen ech, e Konsensus heibannen, eis Verteidegungspolitik weider deementspriechend unzepassen. An et brauch een nëmmen e puer Fakten aus de leschte Joren, aus der leschter Zäit opzezielen, da gesäit ee schonn, wat leeft: Globaliséierung, Terrorismus, Relatioun vun der westlecher Welt mat Russland, de Brexit an och d'Wiel vum neien amerikanesche President Trump.

Et geet also am Fong geholl drëm - an dat ass dat, wat mer mussen hikréien -, eng nei Equatioun ze schreiwen, déi eben dësen neien Entwécklunge Rechnung dréit an Äntwerte bréngt, déi deenen neie Sécherheets- a Verteidegungserausfuerderungen entspriechen. Also, mir brauchen u sech eng global Strategie, eng 3 D-Strategie, wann ee wëllt: Diplomatie, Developpement an Defense, fir justement déi global Dimensioun - an dat ass fir mech e wichtegen Aspekt - vun eiser Aussepolitik ëmzesetzen. Well dës huet wierklech vill Achsen: westlech Welt, China, Russland, Brasilien, Mëttleren Orient, den Oste vun Europa, Asien.

An do musse mer natierlech d'Prioritéiten definéieren. An duerfir stellt sech d'Fro: Wat versti mer am Fong geholl an enger éischter Etapp ënner westlecher Welt? Ass dat nach déi am Sënn vum 20. Jorhonnert, well déi westlech Welt, déi steet jo fir eng Allianz vun Demokratien an der Welt. An et ass kloer, dass dës musse méi staark si wéi d'Force vun den Diktaturen.

An d'NATO, déi ass jo nom Zweete Weltkrich entstane mat der Iddi, sech justement duerch e solidarescht Wierke bei Aggressioune vu baussen ze hëllefen, fir eben déi demokratesch Wäerter an de Fridden an der westlecher Welt ze garantéieren. A mir wëssen alleguerten heibannen: Eng nei Weltuerdnung ass a weider Ferne, géif ech soen. A mir hunn éischter - dat kéint een esou soen - en neie Chaos.

A well eis Welt sech jo an de leschte Jorzéngte vill a rasant geännert huet - ech hunn et scho virdru gesot -, huet d'NATO natierlech och virun enger hallwer Dose Jore reagéiert an huet sech e sougenannte Concept stratégique ginn; dat ënnert der Fieder vun der Madamm Albright, där fréierer amerikanescher Ausseminister.

D'Fro, déi sech do stellt, effektiv: Muss dësen net schonn nees eng Kéier aktualiséiert ginn? A wéi eng Repercussioun huet dëse Concept stratégique op eist nationaalt Sécherheetskonzept? Well och mir, grad wéi déi aner Länner an der Welt, ënnerleien deem sougenannten Transformatiounsprozess am Sécherheets- a Verteidigungsberäich.

Gewosst ass awer och hei fir eis Lëtzebuerger, dass eise Sécherheetskostüm ganz enk ass. Mir musse praktesch ëmmer mat eisen Noperen zesummeschaffen, wann et ëm eis Sécherheetsinteresse geet. An do sinn eis belsch Frënn natierlech eise Partenaire de prédilection.

Alleingäng si schwiereg a wäerte schwiereg bleiwen. An eis Militärausgabe wäerte sech ëmmer un deem orientéieren, wat eis Nopere maachen. A wann d'NATO sech natierlech anescht opstellt, da kann dat heeschen, datt mer musse méi déif an d'Täsch gräifen. Mä do spillen natierlech vill Facteuren. Ech kann der e puer opzielen. Zum Beispill d'Facteure vu perséineller Natur:

De Facteur Trump. Deen neie President, deen ass vill méi haart, huet e gesot, wéi seng Virgänger, an huet d'Europäer opgefuerdert, méi Gelder an d'NATO ze investéieren.

En anere Facteur, nennen ech dee mengetwegen: Cameron. Et geet näämlech Rumeuren, wéi wann dee fréiere Premier vu Groussbritannien Generalsekretär vun der NATO sollt ginn. Wann dat sollt geschéien, dann hätt dat awer wahrscheinlech iergendeng Bedeitung fir d'Ausriichtung vun der NATO respektiv och fir eis EU-Verteidegungspolitik.

En anere Facteur nennen ech dann: Brexit. Groussbritannien ass net méi an der EU, huet eis verlooss. An dat huet och Repercussiounen op eis Sécherheetspolitik. Op där enger Säit bedeit et eng Chance, well d'Britte sëtzen net méi bei eis am Boot a se blockéieren net méi, well déi hu ganz vill blockéiert a Froe vu Verteidegungspolitik; mä op där anerer Säit hunn d'Britten awer déi performantesten Arméi an Europa. An déi wäert eis och feelen.

Also summa summarum: Decisioune stinn un. An an deem Kontext wëll ech gären d'Madamm Mogherini nach eng Kéier zitéieren, déi eng gemeinsam Verdeedegungspolitik gefuerdert huet. Si sot: „Et ass Zäit, dass Europa wiisst. A mir brauchen ‚soft skills' an ‚power skills', eng eegen Arméi, déi komplementar zur NATO steet. Nëmmen esou kréie mer Gehéier an eiser globaliséierter Welt."

An dat ass och d'Meenung vun der CSV, dass een à terme an déi Richtung muss goen. A wann een déi lescht Entwécklunge kuckt - nees eng Kéier Stéchwierder: Trump, Erdoğan, Brexit; ech huelen deen hei och nach mat bäi -, ech mengen, da mécht dës Fuerderung ëmsou méi Sënn. An doduerch krite mer eppes ganz Wichteges: Mer krite Moyenen, eis Relatioun mat Russland anescht unzepaken a kéinten am Fong geholl Richtung Normaliséierung goen, wat iwwert déi klassesch Schinn vun der NATO vill, vill méi schwiereg ass, vill méi komplex ass, besonnesch och fir déi fréier Ostblocklänner, déi dës sënnvoll Demarche schwéier novollzéie kënnen.

Mä eppes soen ech ganz kloer an däitlech: Een Dénominateur commun ass a bleift awer d'NATO. An éischter Instanz ass se jo e Verteidegungsbündnis, dat politesch ass, mä se ass awer och eng Wäertegemeinschaft an e Wäertevirbild. An hei stellt sech jo dann awer och d'Fro, inwiefern déi aktuell Türkei nach zu enger westlecher Wäertegemeinschaft gehéiert. Een NATO-Partner däerf net iwwert déi aner NATO-Partner soen, et wären Nazien. An den „El País" huet net fir näischt geschriwwen: „Erdoğan hat alle Grenzen zwischen Alliierten überschritten." Dat stoung haut de Mëtten nach an der Press. An do ass Handlungsbedarf, mengen ech.

D'NATO bleift e Réckgrat vun der Demokratie an der Welt, Trump hin, Trump hier. An den transatlanteschen Dialog gehéiert och net an d'Schongkëscht. Bis op Weideres, soen ech ganz kloer, bleift d'Allianz mat den USA ouni Alternativ, eleng schonn duerch deen nukleare Schierm, dee si eis bréngen.

Mä eng globaliséiert Welt, an déi hu mer nun emol, déi brauch globaliséiert Äntwerten, well China a Russland si staark Figuren um Weltschachbriet. An do kann ee roueg d'Fro stellen: Wéi eng Figur ass d'NATO-Bündnis a wéi eng Figur ass d'EU, sprëch Europa?

Bref, et mécht Sënn, eis eege Situatioun an och déi vun der EU ze iwwerkucken, ze iwwerpréiwen. Wéi soll sech d'EU positionéieren am internationale Sécherheetskontext? An duerfir ass et wichteg, dass mer deen Debat haut oder déi Interpellatioun haut hunn. Fir mech ass et kloer: D'PESC, d'Politique étrangère et de sécurité commune vun der EU, muss konkret mat Inhalter an Aktioune gefëllt ginn, well mer sinn nach ganz wäit ewech - den Terme ass jo „Politique étrangère et de sécurité commune" - vum „commune".

Mir brauchen och an Europa - dat wësse mer, mer hunn et och - eng Verteidegungsindustrie. A mer hunn och e Verteidegungsfong, also eng Rüstungsindustrie a Recherche zum Zweck vun der Verteidegung an eisen Demokratien. An all dës Iwwerleeungen, déi ech elo genereller Natur gemaach hunn, déi spillen dann och op dat, wat mir hei zu Lëtzebuerg maachen, wa mir eng modern Arméi hei opstellen, fir deenen neien Erausfuerderungen ze begéinen.

D'EU huet jo eng global Strategie. D'EU steet am Fong geholl fir Fräiheet, Prosperitéit, Demokratie a Rechtsstat. Mä fir dat ze garantéieren, brauche mer och Wirtschaftswuesstum. An dat geet awer nëmme mat enger nohalteger Sécherheet, well ouni dës gëtt et keng Fräiheet. An do brauche mer Äntwerte vun eiser Regierung wéi si dëst gesäit. Dat gehéiert dann och zu eisem Chambersprogramm vun haut. An ech lauschteren der Madamm Statssekretärin da genau no, wat se eis an deem Kontext seet.

Gutt! Wa mer elo nees an d'Ländchen zréckkommen, graff gesot, huet eis Arméi nom Zweete Weltkrich an enger Zäit, wou mer dann am Fridde gelieft hunn, een éischt legislatiivt Gesiicht kritt duerch d'Arméigesetz vun 1952. An déi lescht legislativ Initiativ geet jo op d'Joer 2007 zréck mat dem Gesetz, wou et ee grousse Konsensus hei an der Chamber gouf vum Minister Schiltz, eng Reform vun der Arméi ze maachen, déi awer besonnesch op dat Operationellt ausgeriicht war. Dat muss een och soen.

Haut si mer zéng Joer méi spéit. Et ass ugeschwat gi vun engem Interpellant, dass an deenen zéng Joer am Fong geholl, wat zum Beispill d'Personal ugeet an der Arméi, net vill geschitt ass, well do sti 1.400 Leit am Gesetz. An deem Sënn ass net vill geschitt, mä eng Bilanzéierung drängt sech op. An de Rapport Fischbach, op deen ech herno wäert agoen, ass een Element vun deene ganzen Diskussiounen, déi nach op eis zou wäerte kommen.

Wéi ass et mat eiser nationaler Strategie? Bon, elo ass et esou: A mengen Aen oder an eisen Ae feelt et eis un enger klorer aussepolitescher Deelstrategie am Kader vun der globaler EU-Strategie. Wat soll d'Lëtzebuerger Aussepolitik? Wat soll se net? Wat sinn eis Prioritéiten? Do brauche mer Äntwerten. An der Defense dergéint, do gëtt et awer Lignes directrices, déi sinn och scho virdrun ugeschwat ginn, mä se sinn net public. Dat wëll ech och emol soen.

Duerfir, an deem Kontext wollt ech e puer Froe stellen, op déi ech dann herno wäert méi agoen. Éischtens: Sinn déi Prioritéiten, déi mer an der Defense hunn, déi richteg? Mir kënnen net alles maachen, mä mir hunn eis spezialiséiert.

Zweet Fro: Wou sinn déi kloer strategesch Ausriichtungen a Prioritéite vun eiser Arméi fir d'Zukunft?

Drëtt Fro: Wéi kënne mer eis Arméi weider attraktiv halen, de soziale Status vun der Arméi a vum Zaldot an eiser Gesellschaft stäerken?

Véiertens: Kann dëst, esou wéi fréier, duerch garantéiert Plazen am Statsapparat nom Zaldotendéngscht nees geschéien, oder ass den Zuch endgülteg fort, dass déi Leit, déi sech fräiwëlleg mellen, bei de Stat kënne kommen?

Fënneftens: Soll méi mat der Privatwirtschaft zesummegeschafft ginn?

An eng lescht Fro, op déi kommen ech och nach drop zréck: Sollen nei Managementmethoden am Arméiberäich agefouert ginn?

Eng éischt wichteg Fro, déi ech wollt ugoen, ass déi vum Effort budgétaire de la Defense. Am Effort budgétaire de la Defense hat ech vum Minister héieren, dass e gesot huet 0,6%. Den Här Kartheiser huet dem Här Bettel seng Ausso vu Wales mat 2% hei op den Dësch bruecht. Fir eis ass et kloer, dass, wann et 0,4/0,6 ass, dass dat okay ass.

A fir eis ass et och kloer, wëssend, dass d'Moyenne vun der EU bei 1,6 läit, dass een à terme muss op 1 lassgoen, au même titre que, e bësse wéi an der Kooperatioun. Do gi mer och vun 1% vum PIB aus. Da kéint een dat och hei maachen. An ech ka mech och deem vum Här Krieps uschléissen, dee gesot huet: „Wann s de en héije PIB hues, dann ass 1% oder 0,6% méi, wéi wann s de e schwaache PIB hues, wéi a Griichenland." Also, do hu mer eng kloer Haltung.

Mä wéi sollen déi Suen elo agesat ginn? An d'Material zum Beispill. Gutt! An der Arméi hu mer sougenannte Reconnaissancegefierer, dat sinn d'Dingoen, déi Der alleguerte kennt, d'PRVen. Mer hu logistesch Gefierer. A mer hunn taktesch Gefierer. Wéi geet et do weider? Mer kréie vläicht herno Äntwerten.

Ech hat gelies, dass de Chef d'état-major Mancinelli virun engem Joer gesot huet: «Armement et équipement sont parfaitement adaptés aux missions de gestion de crise de ces dernières années.» Wann dat esou ass, ass dann zum Beispill den Akaf vu Jeepen, dee stoung viru Joren am Raum, fale gelooss ginn oder kënnt do nach eppes?

En neie Moment, deen...

(Interruption)

Jeepen. Jo, jo. Do sollte Jeepen akaaft ginn. An ech wéisst gären, ob dat elo fale gelooss ginn ass oder wou mer dru sinn. Am Pluriannuel war dat emol esou virgesinn.

De Minister huet och geschwat vun engem Helikopter, deen e wéilt kafen. An do géif et mech natierlech interesséieren: Wann deen Helikopter kaaft gëtt, gëtt dee kaaft am Verbund mat deenen zivillen Helikopteren, déi mer hunn? Dat heescht, déi vun der Police respektiv déi vun der Air Rescue? Oder soll esou en Helikopter ugeschaaft ginn an engem militäresche Verbund, op enger militärescher Basis? Et wier nawell interessant ze wëssen, wéi dat ass.

Beim Personalberäich kann ech dat vum Här Kartheiser nach eng Kéier soen. 1.400 Leit iwwert d'Gesetz ass de Maximum, deen do virgesinn ass. Wéi ass et fir d'Zukunft? Fuere mer weider bei 1.400? Setzt Der deen nach erop, obscho mer nach laang net do sinn? Oder wéi ass do d'Positioun vun der Regierung? Wivill Leit sollen am Personalberäich vun der Arméi sinn? An och wivill Leit sollen dovun deployabel sinn? Bleiwe mer do an der Kontinuitéit? Oder wéi sinn do d'Iwwerleeungen?

Zu de Capacitéiten, e puer Wierder. Lëtzebuerg ass bekannt, fir do eng Nischepolitik ze maachen. Mir hu spezialiséiert Capacitéiten am Beräich Demining, wou mer jo Minnen aus dem Buedem huelen. Dat hu mer jorelaang am Libanon gemaach. A mer maachen et och am Waasserberäich, wou mer d'Waasser nees purifiéieren. Do hu mer vill Erfahrunge gesammelt. Mir hunn ee gudden Image. Geet et do weider oder gëtt dat ausgebaut? Wéi ass do d'Positioun vun der Regierung?

Gi weider Diversifikatioune vun de Capacitéiten ugestrieft? A gëtt prioritär beim Schafe vun neie Capacitéite gekuckt, wéi eng positiv Auswierkungen dës op eis national Wirtschaft hunn? Dat ass jo eppes, wat den Här Schneider och oft gesot huet, wat mer deelweis och scho virdru gemaach hunn, well justement, wa mer am Satellitteberäich zum Beispill scho laang Joren aktiv sinn, war et, well dat eis d'Méiglechkeet ginn huet, der Astra notamment do Méiglechkeeten ze ginn, mat eis zesummenzeschaffen.

Déi Capacitéite si jo ausgebaut ginn. Mir hunn eng Ankerstatioun op den Härebierg gesat, wou dann eben de WGS, de Wideband Global Satcom System, gesteiert gëtt. An och eise Satellitt, de LuxGovSat - dee jo virdrun ugeschwat ginn ass, eisen eegene Satellitt -, gëtt och iwwert dës Ankerstatioun gesteiert.

Dat sinn Investissementer à long terme. Den Invest vum WGS ass bis 2031. Och de Militärfliger A400M ass e strategesche Programm. An deen ass och laangfristeg. An deem Kontext wollt ech froen - wann ech dat richteg an Erënnerung hunn, sinn do dräi Piloten, ech mengen, déi eng si scho fäerdeg an déi aner sinn nach an der Ausbildung -, soll dat ausgebaut ginn? Bleiwe mer bei dräi? Gëtt et do och eng Positioun?

D'Projeten effektiv vun dem A400M a vun dem WGS si gemaach gi mat der Iddi, fir eng international Visibilitéit ze kréien - dat ass ëmmer gesot ginn -, dass mer mat groussen Natioune kënnen um Dësch sëtzen. Bleift dës Iddi vun der Visibilitéit nach weiderhin d'Zilsetzung? An eng zweet Fro an deem Kontext, wann ech déi zwee Projeten do huelen, also WGS an A400M, an ech huelen de LuxGovSat derbäi, dann hu mer wierklech eng déck Depense, déi mer laangfristeg hunn, iwwer e laangen Zäitraum. An doduerch kréie mer e manner finanzielle Spillraum am Fong geholl fir aner Projeten. Gëtt et do eng Iddi vun engem Prozentsaz? Oder wéi soll dat fonctionnéieren?

Eng nei Iddi ass d'Militärspidol. Dat ass mat der Traumatologie. Wat heescht dat konkret? Vläicht kréie mer haut do Opklärung, wéi dat soll goen. An deem Beräich wollt ech awer soen, dass ech do weess, dass notamment d'Air Rescue sech spezialiséiert huet. An am Beräich Terroruschléi a Katastrophen, fir do éischt Behandlungen ze maachen, do si si ganz wäit. An duerfir ass d'Fro déi: Kéint een net effektiv do mam Privatsecteur zesummeschaffen, wann een esou ee Modell opbaut? Ginn also Synergië mam Zivill ugestrieft? A gëtt do esou zesummegeschafft, notamment och mat de Spideeler? Dat géif mech nawell och interesséieren.

Da kommen ech op den Tarmac vum Fluchhafen ze schwätzen, wat jo eng gutt Saach ass, dass deen elo opposabel ginn ass, well mer Militärfluchhafen hunn, wou zum Beispill ee Bomber wéi e B1 muss kënne landen. Mä do gëtt et an deem Kontext en Dossier, deen heescht Kerosène. An iwwert de Kerosène, do ware grouss Diskussiounen, wat den Approvisionnement vun eisem Fluchhafen ugeet. Ass deen Dossier ofgeschloss? A wou si mer do drun?

Een anere Punkt, deen ech wollt uschwätzen, ass dee vun der ISR: Intelligence, Surveillance, Recognition. Dat ass och e Schwéierpunkt vun eiser Arméi. Mir ware jo laang am Kosovo; mer ware méi wéi ee Jorzéngt do. A mer hunn do ISR-Aarbecht gemaach. An d'Dingoe sinn am Fong geholl an deem Sënn och ugeschaaft ginn, well déi hunn en ISR-Profill. Well dës geschützte Spähween, déi sinn esou ausgeriicht mat moderner Elektronik, dass se Iwwerwaachung, Kommunikatioun, Navigatioun an Informatioun maachen.

An an därselwechter Logik - dat war en éischte Schratt - sollt elo mat eise Benelux-Partner e Soldat du futur, well do hunn ech scho laang näischt méi dervun héieren, geschafe ginn. Dat heescht, do sollten d'Zaldoten individuell esou ausgerüst gi mat modernen Equipementer am Beräich Kommunikatioun, Navigatioun, Infor-

matioun, fir eben hir eege Sécherheet ze maximiséieren. Wou ass dee Projet drun? Gëtt dee finaliséiert? Ass deen am Rullen? Wou si mer do drun? Wou sinn d'Belsch drun? Wou sinn d'Hollänner drun?

Schliisslech nach e leschte Punkt vun deene Projeten, déi ech opzielen. Dat ass dee vum Gesetz vum 29. Juni 2016 (veuillez lire: vum 5. Juli 2016), wat e Pooling-and-sharing- oder e Smart-defence-Projet ass, dee vum Multi-Role-Tanker-Transport-Projet, wou jo d'Fligeren an der Loft ravitailléiert ginn.

An do wollt ech awer trotzdeem eng Fro stellen. Wa mer esou Projete matmaachen, gëtt et do Iwwerleeungen, eventuell Lëtzebuerger Piloten an dësem Programm anzesetze respektiv auszebilden, datt se esou Maschinne kënne fléien? Dat hätt mech nawell och interesséiert.

An nach e Punkt, dee mer wichteg schéngt, dat ass deen - ech hat et virdru schonn deelweis ugeschwat -: d'Zesummenaarbecht mat privaten Entreprisen an engem sougenannten „public private partnership". Säit Jore fléie mer mat CAE Aviation e Patrullefliger an der Missioun Atalanta, wou Pirateschëffer geortet ginn, déi aner Schëffer iwwerfalen am Golf vun Aden. Wéi ass et domat? War dat eng gutt Erfahrung? Et gouf jo scho vill Luef. A wéi soll dat an Zukunft weidergoen? Setze mer weider op esou PPPen? A wa jo, gëtt eventuell e Prozentsaz vun den Ausgaben dorop ugestrieft?

E puer Wierder iwwert déi generell Verdeedegungspolitik mat der UNO, NATO, EU a Benelux. Do ass der CSV hir Positioun: An all dëse Missiounen huet d'CSV eng multipolär a complementaire Approche 3 D: Diplomatie, Defense an Developpement. An esou steet et an eisem Wahlprogramm. An dat zielt och esou fir eis. A Lëtzebuerg ass nun emol e klengt Land an et ass op seng Partner ugewisen, an der éischter Linn natierlech op d'Belsch, mat deene mer - ech kann et och esou nennen - e Partenariat privilégié hunn, mä och mam Benelux. An hei gouf et jo an de leschte Joren eng Deklaratioun fir d'Zesummenaarbecht, notamment dann och mat den Hollänner. Do hätt ech och nawell gär gewosst, wéi do de Stand ass. Klappt dat? Maache mer Saache mat den Hollänner zesummen? Oder wéi geet et do weider?

Ech hunn et gesot, ech soen et nach eng Kéier: An der EU muss d'Politique étrangère et de sécurité commune konsequent weidergefouert ginn, un déi heiteg Lag ugepasst ginn.

An do wollt ech vun Iech, Madamm Statssekretärin, wëssen: Wéi ass et mat dem EU-Aktiounsplang fir Verdeedegung vum Dezember 2016? Mer haten dat schonn eng Kéier hei an der Chamber diskutéiert. Wou si mer do drun? Well dorun hänkt jo dann d'Iddi vun engem Fonds européen de la Defense. An dëse kéint jo eben eng Basis si fir eng europäesch Arméi à terme, déi mir jo och gären hätten, an déi och mat engem Käreuropa an eisen Ae realiséierbar wär.

Ee Wuert, dat virdru gefall ass, ass den Terrorismus. Wéi ass et mat den neien Erausfuerderungen duerch den Terrorismus? Bon, an dësem Beräich, mengen ech, sinn Zesummenaarbecht an Dialog tëscht de Partner och iwwert déi kulturell Grief ewech d'Conditio sine qua non an och, mengen ech, déi eenzeg richteg an effikass Aart a Weis, fir erfollegräich kënnen ze sinn.

Wat ass an deem Kontext déi zukünfteg Roll vun der NATO? Well dat ass fir mech wichteg. Soll d'NATO sech ëm den Terrorismus bekëmmeren oder net? Bleift se strikt militäresch oder soll se och an deem Beräich ee Standbeen kréien? Soll se aktiv ginn? Dat ass eng Fro, déi sech stellt. An do hätt ech och nawell gär d'Positioun héiere vun eiser Regierung, wéi si sech dat virstellt. D'NATO huet jo och schonn ee Standbeen an der Cyberkriminalitéit.

An deem Kontext, wa mer schonn an d'Zukunft kucken, wollt ech och nach eng Kéier e puer Wierder iwwert d'Lignes directrices Defense 2020 bréngen. Well dës waren 2013 niddergeschriwwen, mä si hunn ni de Wee bis an d'Chamber gepackt, wat schued ass. An dëse gëtt jo am Fong geholl gekuckt, wéi eng Objektiver realiséiert musse gi fir Europa a Froe vun der Sécherheet an der Verdeedegung. An d'Dokument soll jo eng Basis si fir eis Verteidegungspolitik mat enger laangfristeger Visioun a mat der Ambitioun, eis Fridden a Sécherheet ze garantéieren, dat am Kader vun enger europäescher Responsabilitéit. Wéi ass et domat?

Wat de Livre blanc ugeet, huet jo de Minister gesot, e kéint net publizéiert ginn, well d'Sécherheetslag an eiser Welt staark geännert hätt. Den Här Kartheiser hat dat jo och schonn ugeschwat. En hat dat am Ufank vu senger Mandatsperiod gesot, den Här Minister, an e wär scho sou gutt wéi prett, e misst nach just d'Virwuert schreiwen. Mer hunn näischt dovu kritt. Et wär awer wichteg. An ech hoffen, dass déi Interpellatioun haut eis do e bëssen opkläert, dass mer am Fong geholl och associéiert ginn, d'Parlament, wa mer eng nei Vision stratégique formuléieren. Dat ass fir mech e wichtege Wonsch. An ech hoffen, dass mer dat och kënnen dann zesumme maachen.

E puer Wierder iwwert d'Operatiounen dobaussen an eis national Verdeedegung. Ech hat et scho gesot: Mir si präsent an der UNO, an der EU an och an NATO-Missiounen. An dës wäerten och weider eis dräi Standbeen bleiwen. U sech sinn et jo ëmmer prinzipiell Friddensmissiounen. Et kënnen zwar och Übunsmissioune sinn. Mä de Prinzip „No boots on the ground", keng Zaldoten a Krichsasätz, dee bleift jo bestoen.

An ech huelen och un, dass déi aner Konstant, déi, fir déi beschtméiglech Ausrüstung fir eis Zaldoten, fir de Risiko esou kleng wéi méiglech ze halen, dass déi och bestoe bleift. Dat géif ech normal fannen. An an deem Kontext géif ech mer och wënschen, dass mer dat Gesetz, wat d'Friddensmissioune kadréiert, och géifen deemnächst kréien, well mer ganz oft Diskussiounen hunn, wa mer Missiounen hunn, déi net onbedéngt e Friddenscharakter hunn, fir dass mer do eng kloer Lag kréien, vum legislative Standpunkt aus gekuckt.

Gutt! Mä wat sollen an Zukunft dann d'Kritäre sinn, fir un esou Missiounen deelzehuelen? Et falen der jo ewech. De Kosovo ass ewechgefall. Et sinn der derbäikomm elo iwwert d'NATO: d'Stationéierung vum Militär a Polen an an de baltesche Staten. Sollen dat weider Ad-hoc-Decisioune sinn, déi festleeën, wou mer deelhuelen a wou mer net deelhuelen? Oder hutt Der do iergendeng konkret Iddi, wéi Der do wëllt virgoen?

National gekuckt wäert eis Arméi sécherlech ëmmer e wichtegt Standbee behale bei den nationale Katastrophen. Ech ka mer virstellen, dass se och an Zukunft bei Iwwerschwemmungen do e grousse Rôle ze spillen huet.

A mech hätt awer en neie Beräich interesséiert, well do hu mer elo legiferéiert: bei engem sougenannten „Renegade"-Tëschefall. Do hate mer jo dëser Deeg en ungaresche Persounefliger, deen de Funkkontakt mat Lëtzebuerg verluer hat. Do waren zwee belsch F-16 an d'Luucht gaangen, well mer do eng Base légale hunn.

Wéi gi mir do agebonnen? Wéi si mer do agebonnen? Do si jo e puer Ministèren, déi do agebonne sinn. Wéi fonctionnéiert dat? Huet dat fonctionnéiert? An an deem Kontext kéint ee jo och d'Iddi hunn, dass, wa mer do dran associéiert sinn, dann och Lëtzebuerger Piloten d'F-16 kéinte fléien. Ech weess et net. Wa mer scho Leit Piloteschäiner maache loossen, gëtt net dru geduecht, och déi Leit an deene Missiounen anzesetzen?

Da kommen ech zur Zesummenaarbecht mat deenen anere Verwaltungen: Police, Douane, Services de secours. Do stellt sech d'Fro: Wéi wäit soll oder wéi wäit kann d'Kollaboratioun mat der Polizei an der Douane goen, notamment justement am Kontext Terrorismus beim Plan „Vigilnat" ab Niveau 3? Wéi geet dat? Wéi eng Übungen, wéi eng Programmer, wéi eng Katastrophepläng gëtt et schonn a wéi eng si virgesinn?

Da kommen ech zur Relatioun tëschent Arméi a Verteidegungsministère. Do hu mer jo en neien Organigramm virgestallt kritt. Déi Fro, déi sech stellt, ass: Riskéiert dësen neien Organigramm net awer, zu engem Waasserkapp ze féieren? Wann een dat esou kuckt, kéint dat ganz gutt sinn. Wéi eng nei Käschten entstinn duerch dësen neien Organigramm? Well duerch d'Zesummeleeë vun Etat-major a Ministère de la Defense, da gi jo Gebailechkeete fräi, da géif dat jo éischter heeschen, dass ee kéint Aspuerunge maachen.

A kann duerch dës Demarche d'Reorganisatioun vun eise Ressources humaines net méi effizient ginn a besser genotzt ginn? Dat géif ech nawell gär wëssen. An och, wa mer an esou eppes ginn, ginn et do och nei Managementmethoden, déi do afléissen?

Iwwerhaapt, ech hu gelies an der Press, dass d'Defense net soll am ale Palais de justice sinn, wou de Ministère des Affaires étrangères hikënnt. Wou ass dat virgesinn? Wou sollen déi hikommen? Dat kéint ee vläicht och dann haut gewuer ginn.

Dann e puer Wierder zur Reform vun der Arméi, zum Rapport Fischbach, deen ech jo virdrun ugeschwat hat. Den Här Fischbach huet bemängelt, dass et u Motivatioun an der Arméi feelt. Hie sot deemools: „De Leadership vun der Politik an der Arméispëtzt ass gefuerdert." Ass et effektiv besser ginn? Sinn d'Leit méi motivéiert? Ech hoffen et! Mä et ass eng Aufgab, déi mer alleguerten hunn, déi sech duerfir interesséieren.

Nach e puer Konklusioune géif ech gär zéien zu de Konklusioune vum Här Fischbach. Hien huet gesot, de President vun engem Syndikat sollt net gläichzäiteg eng Fonction à responsabilité an enger Administratioun oder engem Établissement public hunn. Wéi gesitt Dir dat? Haalt Der Iech dorun?

D'Collocatioun tëscht der Direction de la Defense an dem État-major gouf dora jo och ugeschwat, an ech mengen, duerch deen neien Organigramm geschitt dat jo och. D'Rolle vum État-major (Conseiller militaire), dem Militärzentrum (Administration de l'armée) an der Direction de la Defense (Conseiller politique du ministère), déi sollen nei definéiert ginn. Dat schéngt jo dann an déi Richtung ze goen, wéi den Här Fischbach dat proposéiert huet, well doduerch géife mer eng besser Informatiounspolitik an d'Arméi kréien.

De Service militaire vun de Fräiwëllegen eventuell ëm ee Joer verlängeren, fir d'Employabilitéit vun den Zaldote besser ze rentabiliséieren; wou sidd Der do drun? Maacht Der dat? Oder loosst Der dat am Raum stoen?

Dann, d'Phase de reconversion carrement ëm ee Semester verlängeren, dat heescht 18 Méint Rekonversioun amplaz vun 12, fir d'Zaldoten doduerch besser op d'Beruffsliewen ze preparéieren; gitt Der och an déi Richtung?

Dann, d'Militärschoul an den Educatiounssystem integréieren, fir se méi attraktiv a variabel ze maachen an de Centre militaire ze entlaaschten, dat ass jo geschitt. Dat geschitt jo iwwert de Lycée technique vun Ettelbréck. Mir haten do jo e Projet virgesinn, virdru war e Projet virgesinn, deen e bësse méi visibel war. Dir kéint eis vläicht soen, wéi do d'Resultat ass, wéi dee Projet evoluéiert. Dir kéint eng Kéier effektiv d'Chamberskommissioun oder respektiv d'Chamber doriwwer an d'Bild setzen, da kéint ee gesinn, wéi mer do weiderkommen.

Dann zum Aspekt Evolutioun vun eiser Arméi. Wéi eng sinn déi zukünfteg Missioune fir eis Arméi? Do hat de Minister op RTL-Radio den 12. Januar gesot: „Méi Präsenz um Terrain fir d'NATO." Dat war eng Prioritéit. An da sot en, d'Friddensmissioune sollte recentréiert ginn. Wat heescht dat konkret effektiv?

An dann ass och gesot ginn, d'Lëtzebuerger bräichte Spezialisten. An ech weess, wann ee Spezialiste brauch, ob dat bei der Arméi oder bei der Polizei ass, grouss Spezialisten, Leit, där et net vill gëtt, wou et der manner gëtt, wéi der gebraucht ginn, ass et schwéier, déi ze kréien, besonnesch och iwwert déi klassesch universitär Schinn beim Stat. Dee Problem ass also, wéi gesot, bei der Polizei. Huet do de Minister vläicht Léisungsvirschléi, wéi Der do u Spezialiste kommt?

A schliisslech, do ass och a leschter Zäit net méi driwwer geschwat ginn: Wou ass de Projet vun der Disziplinn drun? Do hate mer jo en duebele Projet gemaach: Police/Arméi. De Policeprojet ass an der legislativer Millen, dee vun der Arméi nach net. Wou sidd Der do drun?

Dann, am Beräich Politik vu Personal a Perspektive fir Zaldoten, hätt ech folgend Froen. Éischt Fro: Sollen et Annerungen um Statut militaire ginn? Wéi wäit gëtt sech strikt un d'Reform vun der Fonction publique ugeleent? A wou mussen d'Particularitéite vun der Arméi spillen? Dat wär nawell och interessant gewuer ze ginn. Wat geschitt mat de Prime-militairen? Do ass jo och eng Etüd gemaach gi vun de Primmen. An deem Kontext, wou si mer do drun?

An dann de Lycée militaire, dee jo fale gelooss ginn ass - do hat ech jo driwwer geschwat -, de COPRAL, do maacht Der eis eng Kéier e Bilan, hutt Der gesot.

Material, Equipementer an Infrastrukturen, do hat den Här Schneider deelweis d'Acquisitiounspolitik kritiséiert, notamment am Kontext Dingoen. An en hat gesot, d'Politique d'acquisition géif iwwerduecht ginn. Gëtt et do eng nei Approche? Wéi eng Kritäre ginn do geholl, wa Material kaaft gëtt an esou weider?

An deem Kontext stellt sech dann och d'Fro iwwert d'Renovatiounsaarbechte vun de Kasären um Härebierg. Do hat den Här Chef d'état-major Mancinelli gesot, dat géif zwëschen 2017 an 2022 iwwert d'Bün goen. Ass deen Timing nach ëmmer richteg?

An dann nach e wichtege Punkt, wou ech och frou wär, wann ech géif Äntwerte dorop kréien: Wou si mer dru mat engem Droneprogramm? Et ass näämlech d'Iddi ginn, fir militäresch Dronen ze kafen. An do gëtt et jo e puer Méiglechkeeten, wann een esou eppes mécht. Dat kann d'Arméi am Alleingang maachen. Si kann dat awer och iwwer en nationaalt Konzept an Zesummenaarbecht mam ziville Beräich maachen. Dat kéint an dësem Fall d'Polizei sinn, respektiv och d'Ponts et chaussées, oder dann eben bei allem, wat d'Mobilitéit ugeet, kéint een Drone gebrauchen. Gëtt et do Neies? Ech wär frou, wann Der eis do géift och an d'Bild setzen.

Ech kommen zu menger Konklusioun, Madamm Presidentin. D'Politik muss ëmmer iwwert dat Militäresch priméieren. Well d'Verteidegungspolitik ass keng Fin en soi, mä et ass e Mëttel zum Zweck, fir eis demokratesch Wäerter ze verteidegen. D'Politik muss d'Richtung uginn.

Europa brauch eng effikass Aussepolitik an eng kohärent Verteidegungspolitik, wann et op der Weltkaart seriö geholl wëllt ginn. An d'Arméi, dat ass een Instrument ënner villen an der politescher Geschirkëscht. Mir kënnen net mat enger Arméi aus dem 20. Jorhonnert d'Defie vum 21. Jorhonnert ugoen. Mir brauchen, subsidiaresch, déi richteg Mëschung aus Aussepolitik an Defense a Bewosstsäin, dass mer e klengt Land an der grousser Welt sinn an dass all eis Aussen- a Sécherheetspolitik just europäesch ka sinn. Sou musse mer eis dann och opstellen. An esou kënne mer effizient Solidaritéit weise mat deenen aneren Natioune vun der EU an der westlecher Welt.

An ech widderhuele mech an deem Kontext nach eng Kéier: Et schéngt mer unabdénglech, d'Parlament ze associéieren an der Formuléierung vun eiser Vision stratégique an dësem Beräich. Den Exercice vun haut, mengen ech, geet an déi Richtung, an dat ass och gutt esou!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Halsdorf. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Villmools Merci, Madamm Presidentin. Madamm Statssekretärin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänke wëll ech deenen zwee Interpellanten, dem Här Kartheiser an dem Här Krieps, villmools Merci soe fir hir Initiativ, déi et ons erlaabt, haut ausféierlech iwwert déi international Sécherheetslag, d'Strategie vun den internationalen Akteuren, awer och iwwert d'Zukunft vun onser Lëtzebuerger Arméi ze diskutéieren.

Mir wëssen et all: Déi international Sécherheetslag ass an de leschte Joren ëmmer méi komplex ginn, a besonnesch säit dem Joer 2014 ass dat net méi ze iwwersinn, och hei an Europa. D'Prinzipien, déi laang Joren als Grondpfeiler vun der internationaler Uerdnung gegollt hunn, wéi dat absolutt Recht vun den nationale Grenzen, de Respekt virum Droit humanitaire international oder wéi de Bündnisfall vun der NATO, ginn haut erëm a Fro gestallt an déi sougenannt westlech Welt gesäit sech souwuel internen, awer och externe Gefore géintiwwer.

Déi transatlantesch militäresch Allianz, d'NATO, steet viru groussen Erausfuerderungen. Populistesch a souguer antidemokratesch Mouvementer ginn ëmmer méi staark an attackéieren de Kär vun onse liberalen a progressiven Demokratien. Mir hunn och an der EU nach ëmmer mat den dramatesche Folge vun der Wirtschaftskris an de südeuropäesche Länner ze kämpfen. D'Entwécklungen a verschiddenen EU-Länner, wat d'Demokratie an d'Rechtsstaatlechkeet ugeet, zum Beispill a Polen an Ungarn, ginn ons och Grond zur Besuergnis.

An der Türkei goufe säit dem Putschversuch am Juli 2016 Dausende vu Beamten, Wëssenschaftler a Journalisten entlooss a festgeholl. Héichrangeg tierkesch Militär, also NATO-Zaldoten, froen entre-temps an Däitschland Asyl un. Déi rezent Provokatioune vum President Erdoğan droen net zu enger Deeskalatioun bäi.

Och d'Positioun vun den USA, deem gréissten a wichtegsten NATO-Partner, ass haut säit der Wahl vum Donald Trump, dee schonn alles a säi Contraire behaapt a getwittert huet, schwiereg anzeschätzen.

Eenzel Memberstate vun der NATO ginn also net onbedéngt e staarkt Bild of, an dat zu engem Zäitpunkt, wou dëst ëmsou méi wichteg wär.

Russland trëtt militäresch nees méi aggressiv op an huet en Deel vum Statsgebitt vun der Ukrain annektéiert. Mä och d'Interventiounspolitik vum Westen, virop den USA, am Noen a Mëttleren Osten ass gescheitert. No den Hoffnunge vum Arabesche Fréijoer hunn déi feelend Investissementer, déi an dës Staten net gemaach goufen, dozou gefouert, dass a ville Länner do déi al Diktaturen duerch nei Schreckensregimmer ofgeléist goufen. Libyen ass haut en „failed state" an a Syrien toobt nach ëmmer e bluddegen, schreckleche Biergerkrich. Reliéis extremistesch Gruppen hu sech och an dëse Staten installéiert.

Déi doraus entstanen Instabilitéit, den Terrorismus an awer och déi Dausende Millioune Leit, déi do vidru fortlafen a bei ons Schutz si-

chen, sinn déi direkt Konsequenz vun enger Situatioun, déi mer weder als Europäesch Unioun nach als NATO am Moment richteg am Gréff hunn.

Mir hunn et also mat ënnerschiddlechen Interesse vun onse Bündnispartner ze dinn, mat komplexe Situatiounen a mat Sécherheetsrisiken an eisem direkten Ëmfeld, deene mer mat simplistesche Léisungen net bäikomme kënnen.

An esou enger Situatioun ass et also ganz kuerz gegraff, wann ee wéi den Donald Trump sech reng op dat budgetäert Zil vun 2% vum PIB fir den Effort de Defense beschränkt.

Virop gesot: Den Donald Trump ass net deen éischten amerikanesche President, deen déi europäesch Partner dozou opgefuerdert huet, hir Militärausgaben ze erhéijen. D'Zil, d'Ausgabe fir ons kollektiv Sécherheet bis 2020 op 2% vum PIB eropzeschrauwen, war, wéi gesot, eng Decisioun vun de Bündnispartner um Sommet vu Wales 2014.

Lëtzebuerg konnt sech enger Erhéijung vu sengem Effort net komplett verschléissen. Eleng schonn aus Froe vu Solidaritéit eraus wëlle mer dat och net. Grad mir als klengt Land profitéiere vun enger kollektiver Sécherheet. An dozou musse mer och eise Bäitrag leeschten. Mir kënnen als Lëtzebuerg net vun honnert Prozent vun der Sécherheet profitéieren, awer null Prozent vun der Responsabilitéit iwwerhuelen. Onse Wuelstand hei zu Lëtzebuerg an a ville Länner vun Europa ass och d'Resultat vu 70 Joer Fridden a Sécherheet. Dowéinst huet Lëtzebuerg jo och decidéiert, säin Effort de Defense vun 0,4% op 0,6% bis 2020 eropzesetzen.

Elo sinn natierlech 0,6%, kéint ee soen, nach wäit ewech vun 2%. Allerdéngs geet et net duer, eng Zomm ze fixéieren, mä et muss een och déi Sue sënnvoll kënnen ausginn a verschaffen. A fir nëtzlech Projeten ze fannen, fir bis op 0,6% ze kommen, hu mer gesinn, dat ass och net esou einfach gewiescht. An ech freeë mech awer, dass dat am Moment de Fall ass.

Dofir, mengen ech, an dat ass och d'Positioun vun der LSAP, sinn déi 2% wierklech illusoresch fir Lëtzebuerg. An et ass och der kollektiver Sécherheet vun ons alleguer net gedéngt, wa mer géifen einfach déi Suen zur Fënster erausgeheien. D'LSAP-Fraktioun begréisst et also, dass och de Verteidegungsminister an der Kommissioun gesot huet, dass déi 2% fir Lëtzebuerg net géifen a Fro kommen, dass dat vëlleg illusoresch wär. An ech schléisse mech natierlech och deene Remarquë vum Alexander Krieps un iwwert d'Responsabilitéit vun deene Länner, en huet se „Waffenhändler" genannt, mä vun deene Länner, déi Waffe produzéieren. Ech mengen, dat war eng Remarque, déi ech deelen.

Ech freeë mech also beim Wuert „sënnvoll" Suen ausginn, freeë mech, dass mer hei an der Chamber Projete mat grousse Majoritéite gestëmmt hu wéi de Projet GovSat, wéi de Projet AGS (Alliance Ground Surveillance), wéi de Projet MRTT (Multi-Role Tanker Transport), déi scho realiséiert gi sinn a wou all Kéiers och d'Wichtegkeet vun de Retombées économiques fir Lëtzebuerg ënnerstrach ginn ass.

Ech wollt awer nach zwou Remarquen, allgemeng Remarquë maachen, wat den Effort de Defense ugeet. Éischtens, déi Suen, déi mer fir d'Verteidegung ausginn, dat ass net nëmme fir d'NATO, mä och fir d'Europäesch Unioun, zum Beispill an den europäesche Friddensmissiounen, am Kader vun der PESC, der gemeinsamer europäescher Verteidegungs- a Sécherheetspolitik (veuillez lire: der gemeinsamer europäescher Sécherheetspolitik). An et sinn och Suen, déi an UN-multilateral Engagementer fléissen.

Eng zweet Remarque wollt ech maachen zum Effort de Defense: dass den Effort de Defense net dat nämlecht ass wéi den Defensebudget. Dat huet de Minister an der Kommissioun - all Joers kënnt e jo, wann de Budget am November, Dezember diskutéiert gëtt - ganz kloer ënnerstrach.

Den Effort de Defense, wat beinhalt deen? Dee beinhalt d'Depensë vun der Direction de la Defense, d'Depensë vun der Arméi, d'Depensë vum Fonds d'équipement militaire, mä och nach vill aner Depensen, déi vun aneren Administratioune gemaach ginn, wéi zum Beispill d'Renovatiounsaarbechten um Härebierg, déi um Budget vu Bâtiments publics stinn, d'Renovatioun vun der Landepist vum Findel oder och, wa mer elo a Richtung Militärspidol ginn, Depensen, déi ee bei anere Posten erëmfënnt.

Dofir kommen ech nach eng Kéier zréck op de President vun den USA. Wat beim Donald Trump elo nach nei ass, ausser dass en op déi 2% pocht, ass, dass en déi 2% wëllt quasi zur Konditioun maachen, fir dass e Land am Ugréffsfall nach op d'Ënnerstëtzung vun den USA kéint zielen. Dat heescht, den Artikel 5 wär dann a Fro gestallt.

Esou Iddien, mengen ech, sinn net nëmmen immens geféierlech a stelle fundamental Prinzipie vun der NATO a Fro, mä si weisen och, dass den Donald Trump eng Kontributioun zur kollektiver Sécherheet just um Militärbudget festmécht. Dëst ass der LSAP no eng immens vereinfacht Siicht op d'Sécherheet an op d'Verdeedegungspolitik, déi vill ze kuerz gräift a Problemer net eleng léise kann.

Zur Sécherheet gehéiert niewent der Sécherheet viru Krich, Gewalt a Kriminalitéit näämlech och déi ekonomesch Sécherheet, dass een net virun Honger muss fortlafen, déi sozial Sécherheet, dass een ouni eng Aarbecht oder wéinst enger Krankheet net alles verléiert, oder och d'Sécherheet, säi Privatliewen däerfen esou ze gestalten, wéi een dat wëllt, ouni dofir verfollegt ze ginn.

D'NATO, och wa si vu ville Leit nach ëmmer primär als militäresch Bündnis ugesi gëtt, huet sech och weiderentwéckelt a méi eng breet Approche, déi sougenannt „comprehensive approach", zur Sécherheet adoptéiert. An d'NATO schafft och un der ziviller Dimensioun vun der Sécherheet, an dat och am Kader vun deem ganzen Transformatiounsprozess, deen d'NATO an deene leschte Jorzéngte matgemaach huet an dee mer vläicht net genuch kommunizéiert hunn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Net fir näischt gesäit de Wee zur NATO-Memberschaft zum Beispill haut och konkret Reforme vir, Reforme vun de Verwaltungen, Reformen am juristesche Beräich, Reforme bei der Korruptiounsbekämpfung. Ech mengen, d'Rapportrice Claudia Dall'Agnol, wéi mer iwwert de Bäitrëtt vu Montenegro hei ofgestëmmt hunn, huet dat jo och an hirem Exposé ënnerstrach. Doriwwer eraus, mengen ech, schafft d'NATO och enk mat der EU an der UNO souwéi mat internationalen ONGen zesummen, fir eng vernetzt an integral Sécherheetsapproche ze förderen.

Wann den Donald Trump also elo kritiséiert, dass europäesch Länner net genuch fir d'Sécherheet géife maachen oder fir dee sougenannten „burden-sharing", da solle mer him an d'Ae kucken an en drun erënneren, dass d'Sécherheet och aner Dimensiounen huet, zum Beispill d'Entwécklungszesummenaarbecht.

Och hei gouf et international Sommeten, wou international Ziler vereinbart gi sinn, an zwar 0,7%, net hei vum PIB, mä vum RNB. Ech mengen, dat ass och wichteg ze ënnersträichen. 0,7% hunn d'Länner sech engagéiert, fir an d'Entwécklungszesummenaarbecht fléissen ze loossen. An hei, dat wëll ech emol hei eng Kéier haart soen, läit de Bäitrag vun den USA awer am Moment nëmme bei 0,19%!

Wa Lëtzebuerg also decidéiert, dass een zur Sécherheet an der Welt verstäerkt och iwwer Entwécklungszesummenaarbecht bäidroe kann a wëllt, an net eleng iwwer eng militäresch Schinn, dann ass dat e Fait, op dee mir heibannen, mengen ech, alleguer, an ech besonnesch och als LSAP-Member stolz sinn an deen een den USA och duerchaus virhale kann.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Verteidegungspolitik gëtt och um europäeschen, um EU-Plang gemaach, a virun deem ëmmer méi komplexen internationalen Hannergrond musse mer genau préiwen, wéi eng Opportunitéite sech eventuell am Kader vun enger verstäerkter Zesummenaarbecht innerhalb vun der Europäescher Unioun kënnen erginn.

Mir sinn als LSAP prinzipiell domat averstanen, dass d'Europäesch Unioun eng Sécherheetsunioun opbaut, well et Sënn mécht, och an dësem Beräich nach méi enk zesummenzeschaffen. Dobäi geet et net nëmmen ëm d'Interoperabilitéit. Ech mengen, den Här Krieps huet jo gutt illustréiert, wéi wichteg et ass, dass mer do Efforte musse maachen, fir zu där Interoperabilitéit ze kommen, dass net zéng verschidden Typpe vu verschiddene Produite kaaft ginn. Mä awer och d'Fuerschung an d'Entwécklung um europäesche Plang, wat gemeinsam Verdeedegungssystemer ugeet, mengen ech, si wichteg, an net nëmmen an deene klassesche militäresche Beräicher, mä och an deene manner traditionelle Beräicher vun der Defense.

Ech kommen zur Digitaliséierung, déi et an alle Gebidder gëtt an déi och virun der Defense net Halt mécht. An d'Cyber Security - d'Cybersécherheet - ass en Thema, wat ëmmer méi wichteg gëtt. D'Analys vun Daten et cetera, alles dat musse mer an Zukunft am A behalen. An et mécht dofir och Sënn, dass d'EU ganz enk zesummeschaffe wëllt a sech an deem Domän och zesumme mat der NATO besser wëllt koordinéieren.

Allerdéngs bleiwen, wat den „European Defence Action Plan" ugeet, nach ëmmer vill Froen ze klären, a mat enger Rei vun deenen éischte Proposen, déi aus der EU-Kommissioun komm sinn an déi elo um Dësch leien, si mir als Sozialiste kloer net d'accord. An ech hu mech och gefreet, dass eis Regierung do déi nämlecht Positioun huet.

Ech erënneren hei nach eemol drun - wéi ech hei am Kader vun enger mëndlecher Fro de Verteidegungsminister gefrot hunn, wat d'Ausgabe fir d'Defense ugeet, wéi déi Europäesch Kommissioun dat virgesäit -, dass déi Ausgabe bei de Stabilitéitskritären, dass dat ugeholl ka ginn, ouni dass een dat och fir sozial Ausgabe kéint maachen, dass mer do komplett dergéint sinn.

Mir sinn och dergéint, dass d'Kritäre fir d'Europäesch Investitiounsbank solle geännert ginn, well de President vun där Bank, de Werner Hoyer - dee mer jo kennen, well en hei zu Lëtzebuerg ass a well mer jo als Chamberskommissioun och scho Kontakt mat him haten -, eis och drun erënnert, dass d'Europäesch Investitiounsbank, wa se géif an d'Militärgeschäft eraklammen, ganz wichteg aner Kredittgeber, Geldgeber géif verléieren. An ech mengen, dat ass net Sënn an Zweck vun enger europäescher Verteidegungspolitik.

Mir géifen et also ganz kritesch gesinn als LSAP, wann an Zukunft europäesch Gelder géifen an den Opbau vun ze vill „hard power" fléissen an dofir an anere wichtegen Domäne feele wäerten. Wat bei der Europäescher Unioun jo den Avantage ass, dat ass, dass se och deen enorme Volet vun der „soft power" huet, an och dee soll een an Zukunft verstäerken.

Ech mengen, an dësem Beräich, do waart nach ganz vill Aarbecht op eis, a mir wäerten och déi Entwécklungen hei an der Chamber an der Kommissioun an deenen nächste Méint genau verfollegen.

Eng Sécherheetsunioun an der Europäescher Unioun kann awer dobäi hëllefen, dass mer zesummen an och am Kader vun der NATO besser op déi ënnerschiddlech Erausfuerderunge kënne reagéieren, fir ugepasste Léisungen ze presentéieren. Dëst wäert awer och nëmmen da fonctionnéieren, wann d'Europäesch Unioun an d'NATO effikass zesummeschaffen, fir keng Strukturen ze duplizéieren. Leider war dëst an der Vergaangenheet, wéi mer dat wëssen, um politeschen Niveau net ëmmer esou einfach, well et politesch Blocagë gouf, well verschidde Membere vun deenen zwee Bündnisser dat permanent blockéiert hunn.

An der Vergaangenheet hate souwuel... Ech ginn Iech e Beispill, wat ech perséinlech erlieft hunn: Mir waren am Kader vum NATO-Parlament virun e puer Joer zu Bréissel, an de Sujet war, wou ech ganz aktiv sinn, déi zivill Dimensioun vun der Sécherheet, a mir hu gekuckt, wéi d'Europäesch Unioun an och d'NATO sech këmmeren ëm d'Protektioun vu kriteschen Infrastrukturen. A mir waren dunn am Staddeel Evere zu Bréissel bei der NATO an hunn do mat deene Responsabele geschwat an hunn hir Pläng virgestallt kritt.

Den Dag drop ware mer an der Europäescher Kommissioun och an enger Abteilung, déi sech mat der Protektioun vun de kriteschen Infrastrukture beschäftegt, an dunn hunn ech gefrot: Kennt Der den Här esou an esou, de schwedeschen, deen Dän, oder ech weess net méi wien, dee mer bei der NATO kennegeléiert hunn? Déi hu sech net kannt! Déi zwou Institutioune sinn an der nämlechter Stad! An ech mengen, duerch dee Rapprochement elo zwëschent EU an NATO soll esou eppes net méi virkommen.

Do ass schonn an deene leschte Jore munches geschitt. Mä besonnesch, mengen ech, och déi gutt Entente an déi gutt Zesummenaarbecht vum Generalsekretär Stoltenberg an der Vizepresidentin vun der Kommissioun, der High Representative fir d'Aussepolitik an Europa, déi solle mer schätzen. An ech mengen, déi hunn och vill Bewegung an deen Dossier bruecht. An ech wëll hinne vun dësem Haus aus dofir Merci soen.

An ech mengen, dat Ganzt ass jo och dokumentéiert ginn duerch eng politesch gemeinsam Erklärung vun der Europäescher Unioun an der NATO am Juli 2016. An et gëllt elo, un der Ëmsetzung vun dëser gemeinsamer Erklärung ze schaffen. An och dat wäerte mir als Lëtzebuerger Chamber hei zu Lëtzebuerg an och am Kader vun deenen interparlamentaresche Gremien, wou mer als Chamber vertruede sinn, verfollegen an och an déi Richtung schaffen.

Ech wëll drun erënneren, dass schlussendlech d'Memberschaft an der Europäescher Unioun an der NATO fir vill Länner, och fir Lëtzebuerg, complementaire zuenee sinn. EU-Member ze sinn, bedeit grad fir ons Frënn aus den osteuropäesche Länner eng zousätzlech Garantie zu hirer NATO-Memberschaft, eng zousätzlech Garantie vun hirer nationaler Onofhängegkeet, och verstäerkt erëm vis-à-vis vu Russland.

Mir verstinn haut hei bei ons vläicht net ëmmer, firwat dës Länner Russland esou staark als Bedroung empfannen. Mä wann een, geografesch gesinn, ganz no un esou engem groussen Noper drun ass, deen an de leschte Joren ëmmer erëm militäresch a sengen Nopeschlänner intervenéiert ass, fir seng eegen Interessen ze schützen, dann huet een do eng ganz aner Vue drop.

Och fir dëse Länner ons Solidaritéit ze weisen, wäerte sech d'Lëtzebuerger Zaldoten un der „Enhanced Forward Presence" Missioun vun der NATO a Litauen bedeelegen. Mir wëssen, dass véier Bataillounen an déi dräi baltesch Länner ginn, mat jeeweils 1.000 Zaldoten, an och een a Polen, ënner verschiddene Lead-Natiounen. Mir maache mat onsen däitschen Nopere mat a Litauen. A mir haten do länger Erklärunge kritt vum Minister a vun de Vertrieder vun der Arméi a vun der Defense an der Kommissioun. Dofir brauch ech dorobber net anzegoen.

Allerdéngs ass et awer och wichteg fir ons, dass mer ons weiderhin asetzen, dass esou Missiounen net zur Eskalatioun féieren, mä dass een och den Dialog mat Russland weiderhi fërdert, fir Konflikter ze léisen. An ech mengen, dofir ass et och ze begréissen, dass am leschte Joer, am Joer 2016, den NATO-Russland-Rot dräimol zesummekomm ass. Et ass also richteg, dass d'Alliéierten um Sommet vu Wales, Pardon, vu Warschau dës Kéier, dat war dee Sommet vum leschte Joer, decidéiert hunn, dass d'Dissuasioun - oder d'Ofschreckung, loosse mer et esou nennen -, d'Ofschreckung an d'Defense zesummegi mat engem periodeschen, cibléierten, awer och substanziellen Dialog mat Russland, an dat, fir dass Malentenduen an Appreciatiounsfeeler kënne verhënnert ginn, awer och fir d'Transparenz ze erhéijen.

An ech mengen, esou en Dialog erlaabt et awer och den Alliéierten, Russland u seng international Obligatiounen ze erënneren; besonnesch och déi, déi mat der Ukrain ze dinn hunn. Fir dass mer méi laangfristeg d'Sécherheet an de Fridde fir ons alleguer erhale kënnen, mengen ech, ass esou en Dialog onverzichtbar!

Här President, ganz aner Erausfuerderunge stelle sech fir d'EU a fir d'NATO duerch d'Terrorismusbekämpfung an d'Cyberattacken. Béides si Menacen, deenen een net reng militäresch, mä just mat hybride Strategië bäikomme kann. D'Bekämpfung vum Terrorismus huet natierlech och eng kloer militäresch Komponent, awer net nëmmen!

D'Antiterrorkoalitioun, déi vun den USA ugefouert gëtt, huet am Irak an a Syrien dann och tatsächlech duerchaus zu Erfolleger gefouert an eng ganz Rei Territoirë konnte vun Daesh erëm zréckeruewert ginn. Mä säit hire Stand am Mëttleren Osten méi schwiereg ginn ass, hu sech d'Terroriste vun Daesh op aner Strategië verluecht: Anstatt, dass si déijéineg, déi hir Ideologie verfollegen, opruffen, sech hinnen um Terrain unzeschléissen, fuerdere si elo, dass een an anere Länner, notamment hei och an Europa, Terrorattacke soll duerchféieren, dëst mat den tragesche Resultater, déi mer kennen. Daesh versicht also deen Terrain, dee se am Mëttleren Osten, am Irak an a Syrien verluer hunn, um Internet ze recuperéieren.

Fir dëser Form vun extremisteschem Terrorismus bäizekommen, brauche mer ganz aner Strategien; Strategien, déi sech och zum groussen Deel am digitale Beräich ofspillen, fir dës Terroristen ze fannen a se ze iwwerféieren an och ze verhënneren, dass si hir Attacken duerchféiere kënnen.

Doniewent brauche mer awer och nach vill méi effizient Strategien a Programmer, fir d'Radikaliséierung vu jonke Mënsche bei ons an Europa ze verhënneren, an de Schoulen, duerch d'Schafe vu soziale Perspektiven an och duerch d'Schafe vun Opstigsméiglechkeeten.

An och an de betraffene Länner brauche mer Programmer, fir dës Länner ze stabiliséieren, nees opzebauen an demokratesch stabill Systemer do ze installéieren. Well nëmmen esou kréie mer d'Ideologie vum Terrorismus laangfristeg bekämpft!

An dofir begréissen ech och... Wéi de Generalsekretär Stoltenberg hei war, mengen ech, virun annerhallwem Joer, huet e jo och gesot, dass den „capacity building" eppes Wichteges ass, an en huet och begréisst, dass mir an eisem Defensebudget do och d'Gelder fir den „capacity building" eropgesat hunn.

Wat d'Cyber Security ubelaangt, wäert et an Zukunft ëmmer méi wichteg ginn, dass mer an dësem Beräich vernetzt an effikass géint Attacken zesummeschaffen an eis verteidege kënnen.

Wat d'Digitaliséierung méi wäit fortschreit, wat och méi Beräicher, déi iwwer Computer gesteiert ginn, do drop erafalen (veuillez lire: dorënner falen). D'Wichtegkeet vun der Cyber Security gouf vun der NATO och ganz offiziell um Sommet vu Warschau d'lescht Joer unerkannt doduerch, dass d'Sécherheet vum digitale Raum elo op deeselwechten Niveau vun der Sécherheet vum Loftraum, vum Meeresraum a vum Territoire gestallt gouf. An dofir begréissen ech et als LSAP-Spriecher, dass de Verdeedegungsminister an och Dir, Madamm Statssekretär, an dësem Beräich schonn nei Leit rekrutéiert hutt. Dëst ass e Beräich, deen och an Zukunft nach weider ausgebaut muss ginn.

Allerdéngs wäerten an dësem Beräich och vun onser Säit aus Attacke gefouert ginn, net onbedéngt vu Lëtzebuerg selwer, hoffen ech, mä awer duerch d'Notze vu Capacitéiten, déi der NATO zur Verfügung gestallt ginn. An do gesinn ech eng Gefor, wat d'parlamentaresch Kontroll ubelaangt. Eng Cyberattack gesäit een net. Do dämpt et net. Do ass kee Feier. Also, dat gesäit een net ëmmer direkt. An ech perséinlech setze mech säit ville Joren am NATO-Parlament derfir an, dass ee muss, besonnesch wat d'Transparenz an de Contrôle démocratique a parlementaire vun der Cyber Security an der Cyber Defence ubelaangt, dru schaffen.

Zur parlamentarescher an demokratescher Kontroll an zur Transparenz wëll ech awer och nach e puer méi allgemeng Wierder soen. Et ass gewosst, dass grad an engem sensibele Beräich wéi der Defense net all d'Strategien, net all d'Operatiounen direkt kënnen ëffentlech gemaach ginn an dass eenzel Rapporten der Geheimhaltung ënnerleien. Mir schätzen dofir, dass de Verteidegungsminister mat Leit aus der Direction de la Defense an héich Arméivertrieder regelméisseg an d'Kommissiounssitzunge kommen, fir ons alleguer Ried an Äntwert ze stoen.

Mir sollen ons parlamentaresch an demokratesch Kontroll vun der Defensepolitik awer nach verbesseren. An an deem Kader ass et fir d'LSAP wichteg, dass d'Deputéiert, awer och d'Effentlechkeet nach eng Rei méi detailléiert Informatiounen zur Verfügung gestallt kréien, wéi dat bis elo de Fall war.

En éischte laang iwwerfällege Schrëtt, deen ech och ausdrécklech begréisse wëll, ass jo, dass haut déi Ligne-directricë vun der Defensepolitik presentéiert ginn, déi déi laangfristeg Ausriichtung a Strategie vun onser Defensepolitik definéieren. Dat dréit natierlech och zur Transparenz bäi. A mir wäerten dat jo och an der Kommissioun nach mat Iech all zesummen diskutéieren.

2013 ass effektiv un engem Livre blanc geschafft ginn. Ech wollt dat awer och nach uschwätzen. Déi Aarbechten hunn awer missen ënnerbrach ginn, well eben 2014, wéi ech et virdrun erklärt hunn, déi Situatioun vun der Weltuerdnung terribel geännert huet: am Osten d'Ukrain, am Süde Syrien, an du war de Sommet vu Wales, wou och nei Responsabilitéiten op d'Länner duerkomm sinn. An dofir, mengen ech, ass et richteg, dass gewaart ginn ass, fir d'Direction de la Defense ze stäerken, fir d'Arméi ze stäerken an dann zesummen nei Ligne-directricen auszeschaffen.

Mir begréissen och déi Efforten, déi gemaach gi sinn, fir déi Resultater vun där Consultance ëmzesetzen. Mir haten d'Geleeënheet am September, ech mengen, et war den 20. September, um Härebierg empfaangen ze ginn an d'Konklusioune vun där Consultance virgestallt ze kréien an och ze diskutéieren.

An engem zweete Schrëtt, wat de Contrôle parlementaire an démocratique vun der Defensepolitik ubelaangt a wéi mer déi kéinte stäerken, fannen ech, dass de Rapport d'activité iwwert d'Defense, deen am Rapport vum Ministère des Affaires étrangères integréiert ass, vläicht méi ausgebaut kéint ginn. Wann een d'Defense mat anere Politikberäicher vergläicht, da kritt een hei wierklech net genuch Informatiounen eraus.

Ech ginn Iech e Beispill: De Minister huet ons an der Kommissiounssëtzung den Defensebudget fir 2017 presentéiert. Do huet en d'Aféierung vun engem neien Artikel iwwer eng Millioun presentéiert, fir den „capacity building" an Drëttlänner ze ënnerstëtzen, déi aus engem Konflikt kommen. Idealerweis muss een herno als Parlamentarier aus deem Rapport d'activité dann och kloer ersiichtlech erausliese kënnen, a wéi eng Länner dës Sue gefloss sinn, wéi se agesat ginn a wéi eng Projete genau domadder finanzéiert goufen. Dës Transparenz hu mer zu Recht viru Joren an der Kooperatiounspolitik agefuerdert. An ech mengen, dass et elo un der Zäit ass, och vun der Defense méi etoffféiert Rapport-annuellen ze kréien. Dat ass ëmsou méi wichteg, wann d'Zommen, déi verschafft ginn, klammen.

Ech géif dofir d'Madamm Statssekretärin froen, dëst mat an de Ministère ze huelen a beim Rapport - ech mengen, elo setze mer d'Ligne-directricen ëm; 2016 ass et ze spéit, mä 2017 oder 2018 - ze berücksichtegen, fir dass mer als Deputéiert nach e bessert Gesamtbild kënne kréien.

D'Lignes directrices, déi ausgeschafft goufen, an dee Plan directeur, deen dorauser erfollege wäert, mussen där komplexer internationaler Situatioun Rechnung droen an eng national Strategie definéieren, déi eben dëser internationaler Situatioun gerecht gëtt. Dës national Strategie huet dann natierlech ganz direkt Auswierkungen och op déi national Arméi. An dorop wëll ech nach kuerz am Detail ze schwätze kommen.

Wann et onst Zil ass, bis 2020 (veuillez lire: bis 2020 de Budget fir d'Defensepolitik) op 0,6% eropzesetzen, da musse mer wierklech iwwerleeën, wéi eng Volete mer developpéiere wëllen, fir dës Suen, wéi ech virdru gesot hunn, sënnvoll anzesetzen; sënnvoll, fir eis Ziler an der EU an awer och an der NATO ze erreechen, mä awer och sënnvoll fir déi national Ekonomie.

D'Akafspolitik vun der Arméi muss dann och en vue vun der nationaler Strategie geplangt ginn. An no der leschter Arméireform vun 2007 goufen am Fong ze vill Capacitéite kaaft, déi haut net ëmmer effektiv an effikass genotzt kënne ginn, an dat, well eben déi strategesch Ausriichtung net ëmmer kloer definéiert war. Dëst soll an Zukunft net méi de Fall sinn. Mir brauche fir d'Eischt eng Strategie, definéiert duerch d'Lignes directrices, an da musse mer ons Strukturen entspriechend upassen, an eréischt duerno kafe mer dann och dat entspriechend Material.

Mir als LSAP si frou, dass dës Ligne-directricen elo ausgeschafft sinn. Onst erklärt Zil ass et, eng modern Arméi ze gestalten. Och wann an de leschte Jore vill Efforte gemaach gi sinn, esou musse mer haut feststellen, dass mer vill weiderkomm sinn, mä dass mer nach net ganz do ukomm sinn. Wa mer vun enger moderner Arméi schwätzen, da soll dat eng Arméi sinn, déi och de reelle Gefore vun haut begéine kann. Mir mussen dofir ewechkomme vun enger renger Landarméi hin zu engem moderne Corps, dee sech an der Cyber Defence auskennt, dee seng Kooperatioun an der Dimension aérienne ausbaut an deen och a Richtung vun engem medezinnesche Volet, Stéchpunkt Traumatologie, geet.

Wat d'Capacité aérienne ubelaangt, dee Volet vun der Fligerei, do hate mer eng Diskussioun an der Kommissioun. Den Här Kartheiser mengt, et wär vläicht besser, alles an d'Arméi ze integréieren a Material ze kafen. Ech ka mech awer erënneren, wéi mer mam Minister sur place a Sizilien waren, fir de Projet Sophia ze kucken, dass aner Länner mat risege Fligeren do waren, wou se mindestens sechs bis zéng Leit gebraucht hunn, fir deen an d'Luucht ze kréien, dass se immens vill Kerosène gebraucht hunn an dass dat Material oft vereelzt war, an dass se am Fong neidesch op eis erofgekuckt hunn, wéi mir dat ganz einfach mat deem PPP mat CAE Aviation gemaach hunn. An ech mengen, et ass eng Pist, iwwert dee mer solle weider diskutéieren. An de Minister huet jo versprach, nodeems d'Ligne-directricë public sinn, dass en och bei deem Thema op ass fir all Diskussiounen. An ech mengen, do wäerte mer eis och an Zukunft nach mussen dermat beschäftegen.

Eng Fro nach séier un d'Statssekretärin. Ech wollt froen: Wéini kënnt elo endlech dat neit OMPs-Gesetz fir all déi Missions de maintien de la paix? Mir hunn héieren, dass et bal prett wär. An ech hoffen, dass dat de Fall wär. An ech wär frou, wa mer do en Zäitraum genannt kéinte kréien.

Ech wollt dann nach drun erënneren, dass eng modern Arméi sech och duerch eng ganz modern Rekrutementsstrategie auszeechent. Am Moment feelen ons manifestement nach Leit. Mir wäerten astellen. Et si vill Efforte gemaach ginn. An den Här Kartheiser huet vun deenen 1.200 respektiv plus 200, 1.400 Leit geschwat, déi d'Gesetz virgesäit. Do ass d'Positioun vun der LSAP vläicht eng aner. Et geet net drëm, fir do stur opzestocken an op 1.400 Leit ze kommen. D'Quantitéit ass net esou wichteg, mä et ass d'Qualitéit, op där mer solle schaffen. Dat ass, mengen ech, vill méi eng wichteg Fro.

Eng modern Arméi brauche mer, virun allem eng Arméi, wou dee richtege Mann op där richteger Plaz ass respektiv och déi richteg Fra.

Wann ech scho vu Frae schwätzen, wollt ech och de Volet Gender uschwätzen, deen een net däerf vernoléissegen. Och dëst ass en Thema, dat ech am NATO-Parlament ëmmer ganz aktiv verteidegen. Ech erënneren an dësem Kader och un d'Resolutioun 1325 aus dem Joer 2000 vum UN-Sécherheetsrot, déi déi wichteg Roll vun de Frae bei der Preventioun a bei der Bewältegung vun de Konflikter, bei Friddensmissiounen, humanitärer Hëllef an och beim Erëmopbau no enger Krichssituatioun ënnersträicht. E méi héijen Undeel u Fraen an all Organisatioun, a genausou an der Arméi, féiert zu engem besseren Aarbechtsklima an zu bessere Resultater, well een op eng méi grouss Unzuel vu kompetente Kandidatinnen a Kandidate kann zréckgräifen.

An dësem Kontext wollt ech vun der Madamm Statssekretärin wëssen, ob et eng speziell Strategie gëtt, fir och méi Fraen an der Arméi ze rekrutéieren. Ech weess, et gëtt e Gläichstellungsbeoptragten. Dee gëtt et schonn. Wa mer vläicht da méi detailléiert Rapporte kréien, kënne mer och gesinn, wat do d'Resultater vun där Aarbecht vun deem Gläichstellungsbeoptragte sinn. Op jidde Fall ass dat en Thema, dat fir d'LSAP wichteg ass a wou mer solle weider dru schaffen.

Duerch méi Frae kann d'Arméi also méi inklusiv ginn an hirer sozialer Roll, déi am Kär déiselwecht bleift, och wa mer d'Arméi ëmbauen a méi modern Komponenten derbäikommen, nach besser gerecht ginn. Effektiv ass d'Arméi e ganz wichtege Facteur vun Integratioun.

An ech wëll drun erënneren, dass 13% vun onsem Corps EU-Auslänner sinn. A mir sinn dofir och frou, dass d'Nationalitéitegesetz fir si eng speziell Dispositioun - den Här Kartheiser huet et erwäänt - virgesinn huet.

D'Arméi huet och weiderhin eng sozial Roll ze spillen a ka fir jonk Leit e Start an d'Aarbechtsliewe bedeiten. Déi mannsten Zaldoten envisagéieren eng ganz Carrière bei der Arméi, mä si ginn duerno an nei Beräicher virun. An hei sinn d'Zuelen, fannen ech, formidabel. Dofir verstinn ech verschidden Deeler aus der Motioun vum Här Kartheiser net. Hei sinn d'Zuele formidabel, well, wéi ech gewuer gi sinn, hu mer iwwer 90 bis 95% vun de Leit, déi eng Plaz beim Stat oder beim Parastat fannen am Kader vun der Rekonversioun.

D'LSAP begréisst natierlech och déi Efforten, déi gemaach gi si beim Rekrutement, d'Opmaache vum Büro um Boulevard Royal, mä och déi ganz Efforte ronderëm d'Formatioun an de Militärlycée zu Ettelbréck.

Zum Schluss wëll ech kuerz op d'Roll vun der Arméi bei der nationaler Verteidegung agoen. D'Lëtzebuerger Arméi war ganz einfach opgrond vun hirer Gréisst ni amstand, onsen nationalen Territoire virun enger friemer Arméi ze schützen, a war ëmmer scho virun allem a militäresche Bündnisser aktiv. D'national Verdeedegung fënnt haut awer manner an engem direkten territoriale Konflikt statt, mä op eng asymmetresch Aart a Weis, zum Beispill am Kampf géint Terrormenacen.

Dës Menacë cibléiere kee Statsterritoire als Ganzt, mä geziilte Plazen oder Institutiounen. An an dësem Kontext kann d'Arméi och hëllefen an der Verteidegung vum nationalen Territoire, besonnesch am Kader vum Plan „Vigilnat". Do kritt d'Arméi eng wichteg Roll, wann et zur Stuf 3 kënnt. Mir hoffen natierlech alleguer, dass et net zu där Stuf 3 kënnt, well mir wëssen, dass d'Arméi da prett a bereet ass, do matzehëllefen a mat deenen anere Kräfte vun der Force publique zesummenzeschaffen. Dat ass och schonn ugeschwat ginn an diverse Kommissiounssëtzungen.

Mä och bei enger Naturkatastroph kann d'Arméi am Inland agesat ginn. A rezent, am Juli d'lescht Joer bei den Iwwerschwemmungen, war ons Arméi am Asaz fir ons Biergerinnen a Bierger. An ech mengen, och dat ass eng nobel Tâche. An och dofir si mer hinnen heibannen all dankbar fir déi exzellent Aarbecht, déi si gemaach hunn.

Ech wëll alle Vertriederinnen an de Vertrieder vun der Arméi elo eng Kéier Merci soen. Ech wëll et net honnertmol maachen, wéi den Här Kartheiser dat gemaach huet. Ech wëll mech do net ubidderen, well ech mengen, d'Membere vun der Arméi sinn net domm a si wëssen, dass an dësem Haus net eng Partei sech fir si asetzt, mä dass mer alleguer, d'Parteien, déi hei an der Chamber vertruede sinn, d'Interesse vun dëser Arméi ze schätze wëssen, hir Aarbecht schätzen, dass mer houfreg op déi Arméi sinn an dass se op alle Bänken, an alle Parteie Leit hunn, déi hir Aarbecht schätzen.

Als Konklusioun, wëll ech e puer Punkte soen.

Éischtens, den Effort de Defense 0,4/0,6 dréit d'LSAP. Sécherheet gëtt et net zum Nulltariff. Mä kloer och: 2% ass net sënnvoll. An do deele mer d'Meenung vun der Regierung.

Zweetens, d'Krisen op der Welt kann een net eleng mat militäresche Mëttel bekämpfen. Zum „burden sharing" gehéieren aner Aspekter, och den Developpement.

Drëttens, de Minister an d'Statssekretärin hu vill mat hire Mataarbechterinnen a Mataarbechter geschafft, souwuel am Ministère wéi och an der Arméi. Déi Consultance huet Resultater bruecht. D'Ligne-directricë leien elo vir. Déi ginn haut presentéiert, mä dat ass keen Enn vun der Diskussioun. Ech sinn iwwerzeegt, dass si alleguer bereet sinn, weiderhin, wéi déi lescht dräi Joren, mat ons als Chamber aktiv weiderzefueren.

Véiertens begréisst d'LSAP déi verstäerkt Zesummenaarbecht zwëschent der Europäescher Unioun an der NATO.

Fënneftens ass et fir d'LSAP och wichteg, déi sozial Komponent vun der Arméi nach weider auszebauen, duerch d'Rekonversioun nach weider um Lycée militaire ze schaffen. A mir begréissen déi Resultater, déi do an de leschte Joren erziilt gi sinn.

A sechstens - ech hunn et virdrun ugeschwat -, et geet bei der Arméi zu Lëtzebuerg net ëm eng Zuel. Et geet net drëm, 1.400 Leit do ze hunn. Et geet net ëm d'Quantitéit, mä et geet ëm d'Qualitéit.

An als leschte Punkt: Als President vun der aussepolitescher Kommissioun, wou mer jo och d'Defense behandelen, freeën ech mech weider, fir mat allen zesummenzeschaffen. Mir kréie jo elo d'OMPs-Gesetz, nach aner Gesetzer vläicht, a mir wäerte weider matschaffen.

Mir hunn also vill ze schaffen, mä et gëtt och ze feieren. An do freeë mer eis och, dass mer kënne mat der Arméi zesummen déi 50 Joer Fräiwëllegendéngscht zu Lëtzebuerg feieren, an déi 175 Joer vun der Militärmusek. Also, dëst Joer gëtt vill geschafft, awer och vill gefeiert.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Marc Angel. An d'Wuert huet elo den Här Gusty Graas fir d'DP.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, Madamm Statssekretärin, brauch e Land wéi Lëtzebuerg iwwerhaapt eng Arméi? Déi Fro soll gestallt ginn. An déi Fro gëtt vun der Demokratescher Partei mat engem klore Jo beäntwert.

Mir brauchen eng Arméi, net fir Kricher ze féieren. Mir brauchen eng Arméi fir aner wichteg Ursaachen, sief dat aus solidareschen oder humanitäre Grënn. An duerfir ass et och gutt, datt mer haut déi Debatt hei féieren. An doweinst soen ech och mengen zwee Kolleegen, dem Fernand Kartheiser an dem Alexander Krieps, Merci fir déi Initiativ, déi se geholl hunn, fir haut an deem Debat hei d'Lëtzebuerger Arméi an den Zentrum vun den Diskussiounen ze stellen.

An et ass och gutt, datt mer déi zwou Interpellatiounen hei gemeinsam behandelen, well een, dee sech e bësse mat der Problematik vun eiser Arméi auserneesetzt, dee kënnt ganz séier zur Konklusioun, datt een déi zwee Voleten hei net getrennt kann diskutéieren. An doweinst ass et och gutt, datt mer déi Initiativ esou hei gesinn hunn. Well déi Verflichtungen, déi eis Arméi huet, kann een net lassgeléist gesi vun internationalen Entwécklungen.

Sécher, wa mer e bëssen zréckginn an eiser Geschicht, da war d'Arméi ni e bestëmmend Element, fir et emol esou auszedrécken, vum Fortbestand vun eisem Stat. Mir hunn och kee Grënnungsmythos, deen op militäreschen Aktioune baséiert. A wann ee 580.000 Awunner huet, also eng mëttelgrouss däitsch Stad, dann ass et jo och illusoresch, fir Hegemonieusprécher ze stellen.

De Grand-Duché huet an deene leschten 178 Joer, zënter senger Onofhängegkeet, ëmmer versicht, no baussen Allianzen ze sichen. De Grand-Duché ass e Land, wat méi wéi vill anerer ëmmer duerch friem Muechte beaflosst ginn ass. Doweinst si mer och op Hëllef vu baussen ugewisen. Mir sinn e Land, wat sech gären ënnert de Prabbeli vun internationalen Organisatioune stellt.

Firwat soen ech dat? Majo, well mer awer och gläichzäiteg hannendrun deementspriechend Obligatiounen hunn. An et ass evident an et ass wichteg, datt mer eis eise Moyenen no och e Bäitrag op deem Niveau leeschten. An dozou gehéiert natierlech och eis Arméi ganz kloer.

Lëtzebuerg huet ëmmer e gewëssent Gemeinschaftsdenke gehat. An och haut spillt dat eng wichteg Roll an eiser kollektiver Virgeeënsweis. Mir sinn och net fir näischt Matgrënner vu wichtegen internationalen Organisatiounen. Ech denken un d'Benelux, ech denken un de Conseil de l'Europe, ech denken natierlech un d'NATO, an ech denken net zulescht och un d'Europäesch Unioun, déi jo dann d'nächst Woch hire 60. Gebuertsdag feiert.

Haut fanne mer och eraus, datt et eng richteg Decisioun war, fir op dee Wee ze goen. Et huet

derzou gefouert, datt dëst Land sech spéitstens nom Zweete Weltkrich zu engem stabille Sozialstat mat enger héijer ekonomescher Produktivitéit entwéckelt huet. An, wéi gesot, déi Astellung do verlaangt dann eben och, datt mer um militäresche Plang och eise Bäitrag leeschten. Et ass dofir, an dat ass fir eis als DP ganz evident, eng vun deene gréissten Erausfuerderungen, déi eng modern Lëtzebuerger Arméi haut muss unhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert de Stellewäert vun der Arméi ass scho ganz oft a vill an der Vergaangenheet an och an der rezenter Vergaangenheet hei diskutéiert ginn. Ech erënneren natierlech un dat Schlësselelement vun 1967, wéi den obligatoresche Militärdéngscht op dëser Plaz ofgeschaaft ginn ass duerch d'Gesetz och vum 29. Juni. Haut natierlech, wéi gesot, muss sech eng Arméi deem verännerten internationalen Émfeld upassen. 1967 ass net 2017.

Wat sinn dann elo d'Haaptaufgabe vun enger moderner Lëtzebuerger Arméi? D'Demokratesch Partei gesäit do eng Rei Pisten, op déi ech elo wëll hei agoen. Ech hunn et schonn...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleegen, wann ech gelift. Et ass ganz schwéier fir de Riedner, wa kleng Konferenze sinn.

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Här President.

Ech hunn et hei schonn ënnerstrach: Eng grouss Erausfuerderung sinn eben d'Mataarbechten um internationalen Niveau, mat internationale Strukturen. An do denken ech natierlech ganz kloer an éischter Linn un d'NATO, d'NATO, déi jo de Mëtten hei och Géigestand vun der Interpellatioun vum Kolleeg Alexander Krieps ass.

Et goufen emol Leit op dëser Plaz viru Joren, déi hate gemengt, d'NATO wier net méi noutwendeg. Haut gesi mer just de Contraire. Ech géif bal behaapten: Méi wéi jee ass et wichteg, datt mer eng staark NATO hunn, e staarkt Verteidegungsbündnis musse behalen. Well d'NATO ass jo net nëmmen eng reng militäresch Organisatioun, wéi se nawell gären duergestellt gëtt. Si huet entre-temps eng Rei aner wichteg Aufgabe kritt. A spéitstens zënter datt déi nei amerikanesch Administratioun um Pouvoir ass, spéitstens dunn ass jo u sech och de Stellewäert vun der NATO méi staark diskutéiert ginn.

Den Här Trump, deen haut dat eent seet, muer dat anert, iwwermuer erëm eppes aneres, dat si mer entre-temps gewinnt, huet natierlech provokativ Aussoe gemaach vis-à-vis vun der NATO. En huet dat Wuert „obsolet" gebraucht. Jiddefalls, mir gesinn dat haut als Demokratesch Partei ganz aneschters. An dat huet natierlech awer och derzou gefouert, datt eng gewëssen Onrou vläicht opkomm ass, wéi d'Zukunft vun der NATO soll ausgesinn.

Glécklecherweis, muss ee soen, datt säi Verteidegungsminister, den James Mattis, elo rezenterweis allerdéngs schonn aner Téin ugeschloen huet an net onbedéngt dat nogeplappert huet, wat säi President vläicht an engem Ufluch vun Naivitéit, Netkënnen oder Netwësse vu sech ginn hat. Da loosse mer elo emol de 25. Mee ofwaarden, wou den Här Trump da jo am Prinzip op Bréissel kënnt an dat neit NATO-Gebai, wat zwar nach net fäerdeg ass, mä dann awer soll ageweit ginn. Do soll hien dann och Tacheles rieden.

An dann huet d'NATO och an deene leschten Deeg erëm eng aner Bedeitung kritt duerch en Här, dee sech jo ëmmer méi opspillt an deene leschte Wochen a Méint, op eng Manéier, déi inakzeptabel ass. Ech schwätzen natierlech vum Här Erdoğan hei. A besonnesch déi lescht Deeg beweise jo, datt dat Säbelgerassel vum Här Erdoğan lues a lues awer en Niveau erreecht huet, datt d'Europäesch Unioun - an ech betounen hei „d'Europäesch Unioun" - sech vläicht muss iwwerleeën, wéi eng gemeinsam Positioun ee vis-à-vis vun deem Här, dee jo wëllt den absolutte Präsidialsystem installéieren, an Zukunft anhuele soll.

Dat huet allerdéngs natierlech och Inzidenzen op d'NATO, well d'Tierkei ass jo awer och e Memberstat vun der NATO. Ech wëll dat elo net hei verdéiwen, well d'nächst Woch bei dem Debat iwwert d'Aussepolitik wäerte mer jo da Geleeënheet kréien, vläicht nach e bësselche méi an den Detail ze goen.

Eppes ass ganz kloer: D'NATO ass alles aneres wéi obsolet. Si muss sech den neien Aufgabe natierlech awer och nach méi resolutt stellen. Do muss och nach méi eng enk Kooperatioun mat der Europäescher Unioun ugestrieft ginn. D'Terrorismusbekämpfung ass ouni Zweifel och eng ganz wichteg Aufgab. Si muss och verstäerkt nach bereet sinn, d'Interesse vun de Länner aus Osteuropa, besonnesch laanscht d'russesch Grenz, ze vertrieden.

An dann ass en neie Problem och op d'NATO zoukomm, deen de Mëtte schonn zum Deel hei ernimmt ginn ass. Ech schwätze vun de Cyberattacken. Effektiv, a wann ee sech do emol e bësse méi genee dermat auserneesetzt, am Duerchschnëtt gëtt d'NATO all Mount Affer - all Mount! - vu ronn 500 där Attacken. Dat ass natierlech en neit Phenomeen, wat net nëmmen der NATO Problemer mécht, wat och eis hei zu Lëtzebuerg wäert an Zukunft leider méi Problemer maachen. An och eis Lëtzebuerger Arméi huet jo do scho reagéiert an huet schonn eng Spezialistin mat där ganzer Thematik beoptragt, wou se ënner anerem jo Projete vun der Agence européenne de Defense an der NATO suivéiert.

Jiddefalls ass et gutt, datt mer och op deem Gebitt elo eng national Strategie da wäerten ausschaffen. Et geet jo haut drëms, fir wierklech op d'Sensibilitéit fir den Dateschutz an och op d'Koordinatioun vun de Réseauen hinzeweisen. D'Entwécklung um internationalen Niveau, an an deene leschte Méint huet sech esou munches geännert, wäert natierlech onweigerlech derzou bäidroen, datt awer d'Depensë fir d'Verteidegung weltwäit an d'Luucht kënne goen.

Natierlech, d'Amerikaner, déi ëmmer erëm drop hiweisen, an den Här Trump ass do elo net deen Éischten, datt de Bäitrag vun de Memberstate fir d'NATO muss eropgesat ginn an datt d'Amerikaner do zum Deel ëmmer méi ongedëlleg ginn, ass zum Deel och, kann ee soen, nozevollzéien. Jiddefalls, d'Spannungen tëscht den USA a Russland wäerten domadder net méi geréng ginn.

Op där anerer Säit hu mer e Land wéi China, wat an enger gewëssener Lauerstellung ass. An et däerf een och net vergiessen, datt d'Chineesen 2016 ronn 140 Milliarden US Dollar an d'Rüstung investéiert hunn.

An datt d'Relatiounen zwësche Peking a Washington de Moment och net onbedéngt fein sinn, dat ergëtt sech zum Beispill och duerch eng Ausso vum Trump sengem Chefberoder, dem Här Stephen Bannon, deen am „Guardian" am Mäerz behaapt huet, d'USA a China géifen an deenen nächsten zéng Joer e Krich iwwert d'Inselen am südchineesche Mier féieren. Dat sinn natierlech Aussoen, déi alles aneres wéi derzou wäerte bäidroen, datt eng méi Entspanungspolitik kann tëscht de Groussmuechten asetzen. Esou extrem Aussoe soll ee vläicht net onbedéngt iwwerbewäerten, mä et däerf ee se awer och net ënnerschätzen.

Dann däerf een och net vergiessen, datt den neien amerikanesche President jo och ugekënnegt huet, datt e wëllt aus Amerika nach vill méi eng staark Militärmuecht maachen, datt en och wëllt den Etat eropsetze vu 600 op 650 Milliarden. Kee Wonner, datt sech dann natierlech op där anerer Säit och d'Russe bereet weisen, fir méi an d'Rüstung an an d'Verteidegung ze investéieren.

Wéi gesot, mir sollen eis also kengen Illusiounen higinn a musse leider dermat rechnen, datt d'Konflikter zumindest an noer an a mëtteler Zukunft net wäerte méi kleng ginn an datt d'Rüstungsspiral och wäert an Zukunft nach weider dréien. Dat wäert, wéi gesot, dann och seng Konsequenzen op d'NATO hunn, ergo och op eise Verteidegungsbudget.

Lëtzebuerg ass kee Musterschüler. Dat hu mer scho festgestallt. Mir hunn zwar an deene leschte Joren, a besonnesch ënnert dëser Regierung, ganz grouss Efforte gemaach. Mir hunn eis jo als Zil gesat, eise Bäitrag bei der NATO vun 0,4% vum PIB op 0,6% eropzesetzen. Am Moment leie mer also plus ou moins bei 0,5%.

Ech wëll nach eng Kéier ganz kuerz un déi Haaptdecisiounen erënneren, déi mer an der leschter Zäit hei getraff hunn, sief dat de Militärsatellitt GovSat, den AGS-Satellittesystem, den MRTT-Fliger an dann natierlech och eis Participatioun um Militärfliger A400M, iwwert deen ee sech jo regelméisseg Gedanke mécht. An et soll jo Enn 2019, Madamm Statssekretärin, souwäit sinn, datt en da fäerdeg ass. Mir wësse jo awer och, datt do erëm nei Diskussiounen entstane sinn, well virun allem Däitschland do gewësse Reserven ugemellt huet, wat deen Typ vu Fliger ubelaangt. Ech wëll awer och ganz däitlech hei ënnersträichen, datt d'Demokratesch Partei all déi Decisioune matgedroen huet.

Meng Partei jiddefalls steet ganz kloer hannert der NATO. A si hat dat och an hirem Wahlprogramm 2013 nach eng Kéier kloer ënnerstrach. Ech zitéieren: „Die Grundlage unserer Sicherheitspolitik liefert die Zusammenarbeit mit anderen Demokratien. Die NATO ist dabei die erste und wichtigste Instanz und der Eckpfeiler der transatlantischen Zusammenarbeit zwischen Europa und Nordamerika." Selbstverständlech. An et ass gewosst, datt mer nach mussen zousätzlech Efforte maachen.

Wéi kënne mer déi Ziler erreechen? Déi sinn natierlech fir eis als Lëtzebuerg begrenzt. Mir kënnen net méi Buedemtruppen zur Verfügung stellen. Mir hu keng Schëffer, mä mir kënnen awer an aneren Domäner nach méi aktiv ginn. Ech denken zum Beispill un d'Opklärung. Dat ass eng Roll, wou mer kéinten an Zukunft um Niveau vun der NATO nach méi verstäerkt spillen. An deem Sënn kann een och, wéi gesot, eiser Defensepolitik eng deelweis nei Orientéierung ginn. An - et ass och schonn hei ënnerstrach ginn - dat géif jo dee Moment fir d'Lëtzebuerger Ekonomie och e Gewënn bedeiten, well jo awer do eng direkt Zesummenaarbecht mat Lëtzebuerger Betriber ka stattfannen.

Mir konnten dat jo bis elo net maachen. Mir si keng Rüstungsindustrienatioun, a mir wäerten dat och ni ginn, mä mir hunn awer aner Atouten. An déi solle mer och mat Sécherheet notzen. Wann et nëmme méiglech ass, solle mer dat Material net am Ausland kafen. Mir sollen et hei, bei Lëtzebuerger Betriber kafen. An dee Moment stäerke mer och d'Lëtzebuerger Ekonomie.

Wa mer iwwer Opklärung schwätzen, si mer natierlech och ganz séier bei Fligeren. Mir verschléissen eis als Demokratesch Partei net, fir an Zukunft do nach zousätzlech Investitiounen ze maachen. An enger éischter Phas ass et evident, datt een do muss méi op eng Partnerschaft mat dem Privatsecteur zréckgräifen, mat ziville Gesellschaften. Dat geschitt jo schonn de Moment. Ech erënneren zum Beispill un d'CAE Aviation, an de Marc Angel ass virdru schonn drop agaangen.

Mir hate jo och - ech mengen, et war d'lescht Joer - d'Chance, déi Visitt do op Sizilien um Militärfluchhafe Sigonella ze maachen, wou mer eis dann och konnten op der Plaz iwwerzeege vun där Aarbecht, déi do geleescht gëtt, haaptsächlech am Beräich, wéi gesot, och vun der Flüchtlingsproblematik. Esou Missioune kënnen ouni Zweifel och nach ausgebaut ginn.

Well eis Arméi natierlech de Moment dat Material net huet, ass et also evident, datt ee muss versichen, mat ziville Partner zesumme vläicht esou Aufgaben an Zukunft ze maachen. Do kann een natierlech d'Fro stellen, ob esou Aufgaben net à moyen oder à long terme och verstäerkt vun der Arméi selwer kënnen iwwerholl ginn. Natierlech spillt dann d'Technik eng ganz grouss Roll an da si mer natierlech och, an ech kommen herno nach eng Kéier drop zréck, beim Rekrutement vun de Spezialisten.

Wa mer iwwer Fligere schwätzen, da si mer natierlech och ganz séier bei deem eenzege Fluchhafen, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, dem Findel. Mir wëssen, datt do eng Rei Iwwerleeunge gefouert ginn. Ënner anerem, an ech ginn dervun aus, datt d'Madamm Statssekretärin eis vläicht do wäert zousätzlech Erklärunge ginn, soll vläicht eng Kéier, fréier oder spéider, eng sougenannten Helikopterstaffel ugeschaaft ginn. Déi muss natierlech iergendwou stationéiert ginn. Dann ass d'Fro natierlech och ze stellen, ob net um Findel eng Kéier muss eng sougenannte militäresch Zon geschafe ginn.

Mir hunn och op deem Gebitt nach eng aner Thematik, déi muss diskutéiert ginn, wa mer iwwer Opklärung schwätzen: Dat sinn d'Dronen. Och do kéint ee méi eng grouss Roll spillen. An ech wëll och drun erënneren, datt zum Beispill d'NSPA zu Capellen jo och dovu kéint profitéieren.

Eng weider wichteg Achs fir d'Arméi sinn natierlech déi zäitlech begrenzte Friddensmissiounen, Stéchwuert Mali, Afghanistan; Kosovo ass elo zu engem Enn komm. Och do kënne mer an Zukunft wichteg Signaler no bausse weisen, well déi jo awer och zu engem gudden Deel humanitäre Charakter hunn.

An och hei wëll ech nach eng Kéier d'Demokratesch Partei aus dem Wahlprogramm vun 2013 zitéieren, wou mer deemools geschriwwen haten: „Es besteht ein großer Bedarf an internationalen Einsätzen zur Krisen- und Konfliktbewältigung. Als vollwertiges Mitglied der Völkergemeinschaft will die DP, dass Luxemburg sich verstärkt an Friedensoperationen der Vereinten Nationen, der Nato und der EU beteiligt."

Datselwecht gëllt, wéi gesot, och fir äänlech Missiounen, wat d'NATO ubelaangt. De Moment ass jo eng nei Missioun geplangt a Litauen, wou jo net manner wéi 22 Lëtzebuerger Zaldote wäerten am Asaz sinn. Et geet jo dorëms, fir u sech d'Grenze laanscht Russland ofzesécheren. Op déi aner Manéier wësse mer jo och, datt d'Russen dat wahrscheinlech net onbedéngt ganz euphoresch wäerte gesinn. Ech fannen allerdéngs, datt mir hei ëmmer e sachlechen Discours féiere mussen, vu béide Säiten aus gekuckt. An ech erënneren och drun, datt et jo awer och e sougenannten NATO-Russland-Rot gëtt. An deen ass mat Sécherheet do, fir eben iwwer esou Problemer ze diskutéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et virdru scho kuerz ugeschnidden, d'Lëtzebuerger Arméi zielt de Moment am Total, wéi gesot, zivill a Militär zesummegerechent, ronn 1.000 Leit. Da si mer natierlech beim Rekrutement. Mir wëssen, datt dat net duergeet. Mir wëssen, wa mer e Bléck no vir werfen, op wat fir Aufgaben datt mer eis selwer vläicht stellen, datt mer dat mat deem do Effectif net kënnen erreechen.

Den autoriséierten Effectif vun der Lëtzebuerger Arméi ass duerch dat modifizéiert Gesetz vum 23. Juli 1952 iwwert d'Organisatioun vun dem Militär festgehalen. Do si jo eng Rei maximal Seuile festgehalen. Wann een elo emol déi aktuell Situatioun da vergläicht mat deem, wat theoretesch méiglech wier, da komme mer bei den Offizéier nëmmen op 68%. Bei den Ënneroffizéier 71%. Bei de Kapréil souguer nëmme 40%. A bei de Volontairen 61%. Dat heescht, et ass also nach genuch Sputt no uewen.

Wann ee schonn Zuelen zitéiert, da soll een och d'Quellen uginn. Dat maachen ech och ganz gär. An déi hunn ech aus enger Question parlementaire N°1624 vum 9. Dezember 2015 vum Kolleeg Fernand Kartheiser.

Et gëtt jo oft monéiert, datt déi Jonk haut u sech net méi esou bereet wären, och net méi déi néideg Kritäre kéinten erfëllen, fir an d'Arméi ze kommen. Se wiere bequem, se wieren iwwergewiichteg. Bon, dat sinn zum Deel vläicht Klischeeën, mä zum Deel stëmmt et allerdéngs och. Mir wëssen, datt et méi problematesch ginn ass, datt et méi schwiereg ginn ass, fir jonk Leit an d'Arméi eranzekréien. Sécher ass de Bewegungsmangel, de Manko u sportleche Fäegkeete grouss. Mä dat ass awer en allgemenge gesellschaftleche Problem. Deen ass elo net nëmmen eleng op déi Jonk ze gesinn. Sécher ass et natierlech méi interessant, vläicht verstäerkt bei enger Playstation ze sëtzen oder virum Fernseh, wéi all Dag déi néideg Disziplinn ze weisen a sech dann och kierperlech ze bewegen. Eng Etüd vum Institute of Health huet dat iwwregens alles konfirméiert.

Allerdéngs wär et awer och falsch, wa mer elo géifen den Niveau erofsetzen an da vläicht géife manner vun deene Jonke verlaangen. Neen, au contraire, mir sollen den Niveau bäibehalen. Mä mer mussen awer och vläicht méi eng oppe Sprooch mat verschiddene Leit schwätzen an hinne kloer verständlech maachen, datt, wann ee wëllt an d'Arméi goen, een awer och dee Moment muss gewësse Kritären erfëllen.

Et ass awer scho beonrouegend, wann an der Moyenne plus ou moins 36% scho beim éischten Test echouéieren.

Da ginn et natierlech nach aner Defiziter an der Arméi. Dat ass ganz kloer. Ech erënneren, zum Beispill, hei och un de medezinnesche Secteur. Och do hate mer eng Question parlementaire gestallt. Wann ech soen „mir", da war ech dat zesumme mat de Kolleege Max Hahn an dem Lex Krieps, de 24. November 2016. An och hei gouf konfirméiert, datt et effektiv nach e Manko u medezinneschem a paramedezinneschem Personal géif ginn.

Wa mer, wéi gesot, d'Arméi an d'Zukunft projezéieren an eis d'Fro stellen, wéi déi Arméi vu muer soll ausgesinn, da si mer natierlech och ganz séier bei de Carrièren. Mer mussen och iwwer en neien, bessere Statut vun dem Militär nodenken. Sécher, dee klassesche Fonctionnairesstatut, esou wéi en de Moment och um Niveau vun der Arméi ugewannt gëtt, ka sech och zum Deel mol heiansdo als méi schwéierfälleg erausstellen. Mä alles dat, wéi gesot, muss elo an engem neie Gesetz eben iwwerluecht ginn, an et muss gekuckt ginn, wéi mer do déi beschtméiglech Konditioune kënne schafen, fir datt d'Arméi awer och beschtméiglech ka fonctionnéieren.

Dann ass och natierlech d'Fro ze stellen: Musse mer d'Arméi net nach méi opmaachen, och fir Netlëtzebuerger? De Moment ass dat jo begrenzt op den Niveau vun den Zaldoten. Musse mer net och um Niveau vum Kader awer de Wee goen, fir och Netlëtzebuerger kënnen ze rekrutéieren? Da sinn ech, wéi gesot, erëm bei der Ausso, datt mer haut a verschiddene Beräicher vun der Arméi immens Spezialiste brauchen, déi mer vläicht net ëmmer hei um Marché fannen, oder, wa se hei sinn, vläicht net onbedéngt d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. Dat ass eng Fro, déi soll an aller Serenitéit diskutéiert ginn. Mir als Demokratesch Partei verschléissen eis deem jiddefalls net. An et soll een och do eng oppen an eng kloer Positioun anhuelen.

Formatioun ass natierlech e weidert wichtegt Element, net nëmmen d'Formatioun u sech, mä och virun allem d'Formation continue.

An da wëll ech nach op ee ganz wichtege Punkt hiweisen, deen natierlech vläicht net zu dem klassesche militäreschen Aspekt gehéiert, dat ass d'Militärmusek. Dat ass awer e wichtegt kulturellt Element. An och do soll een awer hei ganz kloer d'Ausso maachen: Et ass gutt, et ass wichteg, datt mer eng Militärmusek hunn, ëmsou méi wéi se dëst Joer dann och nach dee groussen Anniversaire vun 175 Joer huet.

D'Arméi war fréier emol ganz kloer ëmmer esou d'Sprangbriet, an dat ass och am allgemengen Discours dobaussen esou gesot ginn, fir an d'Fonction publique eranzekommen, sief dat d'Douane, sief dat d'Police, sief dat d'Bréifdréier. Dat ass natierlech haut an engem gréissere Mooss net méi de Fall. Haut ass et zum Deel awer esou, an deenen ënneschte Carrièren, wann ee ka virweisen, datt ee Volontarist an der Arméi war respektiv wann een och nach auslännesch Asätz hanner sech huet, dann huet ee Prioritéite beim Rekrutement.

Dann dinn ech ee Moment do emol ganz kuerz d'Kap vum Gemengepolitiker un. An do muss een och ganz éierlech sinn. Dat bréngt och heiansdo e bësse Problemer mat sech, well vu vireran eben a gewëssene Carrièren, wann ee sech aus der Arméi mellt, deen dee Moment och Virrecht huet. A priori ass dat och net a Fro ze stellen. Ech mengen, et däerf een net vergiessen, déi Leit hunn awer en Déngscht fir d'Land geleescht. An deen Déngscht, dee soll sech awer och op iergendeng Manéier positiv erëmspigelen. Op där anerer Säit wësse mer an der Praxis, datt d'Gemengeverantwortlech net ëmmer sou ganz frou sinn, well se vläicht da selwer en anere Kandidat haten a se dann awer deen aus der Arméi mussen huelen.

Firwat soen ech dat Ganzt? Mä dowéinst ass d'Fro ze stellen, ob mer net awer erëm sollen nei Debouchée schafen, wou awer déi Leit, déi e fräiwëllegen Déngscht um Härebierg maachen, vu virera vläicht méi Perspektiven erëm kréien, wat d'Plazen ubelaangt, an datt ee vläicht och emol eng Kéier - soss mengt een ëmmer, et misst een nëmmen no vir kucken - d'Rad e bësse géif zréckdréien a kucken: Ma kënne mer dann net mat engem gewëssene Quotesystem vläicht fonctionnéieren, datt et awer och do séchergestallt ass, datt déi Leit, déi de fräiwëllegen Déngscht maachen, méi Perspektiven an Zukunft kënne kréien ?

Ech wëll och nëmmen hei drun erënneren, datt zum Beispill d'Bréifdréieschgewerkschaft elo eréischt kierzlech dem respektive Minister e Bréif geschriwwe huet, wou se erëm drop hiweist. Ech wëll elo net hei e Plädoyer derfir halen, mä et wier awer vläicht net onintéressant gewuer ze ginn, wéi dat de Moment an Arem Ministère gesi gëtt, well et däerf ee jo net vergiessen, datt potenziell Plazen an deene leschte Jore besonnesch bei der Police an der Douane ewechgefall sinn.

Vum Rekrutement ass et natierlech ganz no bei d'Infrastrukturen, well een, dee wëllt an d'Arméi goen, muss noutgedrongen op den Härebierg goen. An da si mer och ganz séier bei der Situatioun um Härebierg. Et muss een allerdéngs hei ënnersträichen, datt do an deene leschte Jore jo vill Efforte gemaach gi sinn, datt de Chantier net schlecht leeft. An datt dat och net vu Muttwëll ass, ass vu ville Säiten an all deene Jore gesot ginn.

Ech wëll och hei zum Beispill soen, wat de Spezialrapport vun der Cour des comptes de 4. Mee 2016 geschriwwen hat: «La Cour recommande donc d'accélérer la réalisation des projets de rénovation des bâtiments en question afin de mettre à disposition du personnel concerné des infrastructures modernes et adaptées aux exigences du métier exercé.» Ech mengen, dat kann een nëmme mat béiden Hänn ënnerschreiwen. Wa mer gär wëllen, wéi gesot, eng effikass, eng modern Arméi hunn - an dat wëlle mer jo -, da musse mer hinnen awer och déi néideg adaptéiert Raimlechkeeten zur Verfügung stellen.

Et ass engem allerdéngs gesot ginn, datt elo erëm nei Problemer, och douewen, opgetruede sinn, besonnesch wat de POS, de Plan d'occupation du sol ubelaangt. Féiert dat zu Retarde bei der Emsetzung vu gewëssenen Infrastrukturen? Kann een déi Zäit elo net notzen, fir sech nach Gedanken ze maachen? Brauche mer net nach zousätzlech, ech denken zum Beispill, sportlech Infrastrukturen?

Ech schwätzen zum Beispill vun enger Piscine. Et gëtt mer gesot, datt déi Dikrecher Piscine esou iwwerlaascht wär, datt et net ëmmer esou einfach wär, fir d'Volontairë vun der Arméi och do ënnerdaach ze kréien. Duerfir einfach emol d'Fro, ob net muss op deem Niveau investéiert ginn. Ech weess, wann esou eng schéin, nei, grouss Piscine do gebaut gëtt, da misst se natierlech awer och beschtméiglech genotzt ginn. Mä wann een dee ganze Raum Dikrech, Ettelbréck do kuckt, da weess een, datt deen awer an enger ganz grousser Entwécklungsphas ass an datt do mat Sécherheet, an ech denke virun allem och un d'Schoulen, an Zukunft nach eng Demande wäert do sinn.

Wa mer natierlech iwwert den Härebierg schwätzen, da muss een och e Wuert iwwert d'Sécherheet insgesamt verléieren. Och do d'Fro, ob d'Sécherheet optimal garantéiert ass, wat d'Videosurveillance an och wat d'Clôture ubelaangt.

Vun Infrastrukture geschwat, da schwätzt een natierlech vum Militärspidol. An ech kann dat nëmmen hei nach eng Kéier ënnersträichen, wat de Kolleeg Alexandre Krieps scho gesot huet. Am neie Spidolsplang, iwwert dee mer jo de Moment ganz äifreg an der Santéskommissioun diskutéieren, ass de Plang vun engem Militärspidol natierlech net mat dran. Ech weess, et wier natierlech elo ganz einfach, et géif een hei d'Ausso maachen: „Mir sinn natierlech fir e Militärspidol." Esou einfach kann ee sech et awer och net maachen. Et muss ee jo och bedenken, wat dat awer alles fir Konsequenze mat sech bréngt. An trotzdeem soll déi Iddi awer zumindest emol ugeduecht ginn a gegebenenfalls och emol eng Kéier a méi engem breede Mooss diskutéiert ginn. Et däerf ee jo och net vergiessen, datt dat jo awer och e wichtegt Element wär fir eise Bäitrag vun der NATO.

Vun den Infrastrukture si mer och ganz séier beim Material vun den Zaldoten. Et ass evident, wa mer hinne gutt Infrastrukturen zur Verfügung stellen, da brauche se och dat beschtméiglecht Material. Ech wëll net méi op déi dach leideg Geschicht vun den Dingoen hei zréckkommen. Déi ass schonn oft hei diskutéiert ginn. Jiddefalls ass ze hoffen, datt sech esou Saachen an Zukunft vläicht awer net méi onbedéngt widderhuelen.

Och hei ass schonn e puermol, zu Recht, ugeschnidde ginn: Wat ass dann de Rôle vun der Arméi, wat déi bannescht Sécherheet ubelaangt? Natierlech si mer do ganz séier och bei der Terrorgefor. Mir si bis haut hei zu Lëtzebuerg dovunner verschount ginn. Mä kee ka behaapten, datt net och eng Kéier leider eppes hei bei eis passéieren géif. Et däerf een net vergiessen, mir sinn eng Dréischeif vun den internationale Finanzen. Mer hunn hei zu Lëtzebuerg ganz wichteg europäesch Institutiounen.

An da si mer natierlech och séier beim „Vigilnat"-Plang a bei der Zesummenaarbecht zwëschent der Police an der Arméi. Déi Trennung besteet net esou strikt wéi an anere Länner, wéi zum Beispill an Däitschland. Bei eis ass do méi eng enk Kooperatioun virgesinn. Allerdéngs och do d'Fro, ob net muss méi eng Ofstëmmung kommen tëschent Polizei a Militär, besonnesch, zum Beispill, och beim Gebrauch vu Waffen.

Jiddefalls bei der territorialer Verteidegung, an ech gesinn dat heiten als een Element dovun un, muss d'Arméi och an Zukunft eng ganz wichteg Roll spillen. Datselwecht gëllt bei hirem Asaz fir Naturkatastrophen. An do ass dat gutt Beispill hei virdru scho genannt gi vun der Katastroph d'lescht Joer am Iernzdall.

Wa mer eis Gedanken iwwer eng Arméi vu muer maachen, da si mer natierlech och ganz séier bei enger sougenannter Reservarméi oder, wéi d'Spezialiste soen, „Réserve nationale". Et muss ee jo soen, dann hale mer eis och un deen Term. Déi kéinten natierlech och an enger Rei Domänen ouni Zweifel agesat ginn.

Och do muss een allerdéngs méi wäit aushuelen a sech och Gedanke maachen: Jo zum Prinzip, mä wat bedeit dat alles? Wat bedeit dat un zousätzlechem Rekrutement vu Personal? Well do muss jo eng jäerlech Formatioun garantéiert ginn. Do musse Raim zur Verfügung gestallt ginn. All dat muss iwwerluecht ginn. Mä mir sinn awer als Demokratesch Partei prinzipiell der Meenung, datt ee sech dat, wéi gesot, emol eng Kéier soll ganz genee iwwerleeën, inwiefern datt mer eng sougenannte Réserve nationale hei zu Lëtzebuerg kéinten awer och realiséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wa mer iwwer eng Arméi vu muer schwätzen, komme mer natierlech och net derlaanscht, eis Gedanken ze maachen: Wéi soll eis Kollaboratioun um europäeschen Niveau ausgesinn? Da si mer och ganz séier beim Stéchwuert europäesch Arméi. Jiddefalls, et gëtt oft bedauert, datt mer um europäesche Plang net eng kohärent Verteidegungspolitik hunn. Eng ronn 300 Projete si virgesinn, fir u sech dat Zil nach méi no ze erreechen. Allerdéngs si bis elo ganz wéineg Punkte dovunner ëmgesat ginn.

Wann 1954 natierlech déi franséisch Assemblée nationale eng aner Decisioun geholl hätt, wéi se deemools geholl hat, da wäre mer haut vläicht an enger anerer Situatioun.

Ech wëll awer hei op déi wichteg Roll vun der Agence européenne de Defense hiweisen, déi den 12. Abrëll 2004 gegrënnt ginn ass.

Och d'Europäesch Kommissioun huet sech jo méi ambitiéis Ziler gesat, fir u sech méi eng kompetitiv europäesch Verteidegungsindustrie opzebauen. An ech wëll och hei de fréiere Kommissiounspresident José Manuel Barroso zitéieren, dee schonn am Juli 2013 an deem Kontext Folgendes gesot hat: «Nous n'aurons pas le poids nécessaire dans le monde sans une politique de Defense commune. Pour soutenir cette politique, nous devons renforcer notre secteur de la Defense et de la sécurité. (…) Le temps est venu de faire davantage ensemble et de nous engager pour plus de coopération dans le domaine de la Defense.» An och deen haitegen EU-President, de Jean-Claude Juncker, deen eis jo net onbekannt ass, huet sech an deem Domän scho ganz wäit eraus gewot a souguer d'Schafe vun enger europäescher Arméi gefuerdert.

Och d'Europaparlament huet sech schonn 2012 fir eng vill méi staark, vill méi effikass gemeinsam Sécherheets- a Verteidegungspolitik ausgeschwat. An um Conseil européen vum 19. an 20. Dezember 2013 gouf déi éischte Kéier nom Akraafttriede vum Vertrag vu Lissabon iwwer eng gemeinsam europäesch Verteidegungspolitik diskutéiert. An da wëll ech awer och nach op de Lissabonner Vertrag hei ze schwätze kommen, an zwar méi spezifesch den Artikel 28A Paragraf 2, dee seet: «La politique de sécurité et de Defense commune inclut la définition progressive d'une politique de Defense commune de l'Union.»

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu Onrecht, muss ee soen, gëtt jo d'Arméi oft mat Krich associéiert. An dat ass an dësen Zäite mat Sécherheet net ubruecht. D'Arméi, an och déi Lëtzebuerger Arméi, huet leider heiansdo e bëssen en negativen Image dobaussen. An et däerf een awer net vergiessen, datt eng Arméi trotzdeem e wesentlecht Element vun engem Rechtsstat ass.

Dowéinst muss also nach eng verbessert, eng verstäerkt Promotiounsaarbecht och dobausse gemaach ginn. Eng ganz gutt Initiativ ass ouni Zweifel d'Opmaache vun dem Büro um Boulevard Royal. Eng gutt Initiativ ass d'Präsenz an de Schoulen, op Foiren.

D'Fro, déi ee sech allerdéngs muss stellen, ass: Geet dat duer? Well déi Leit, déi Zilgrupp, déi mer wëllen erreechen, dat si jo Jonker zwëschen 18 a 25 Joer. Mir wësse jo awer alleguer, datt déi haut op aner Medien uspriechen. An dowéinst ass et awer trotzdeem, mengen ech, e bëssen ze bedaueren, datt d'Arméi emol net op Facebook ass, datt se net den Twitter benotzt an esou weider an esou fort. Ech weess, se muss do vläicht méi reservéiert virgoen. Mä auslännesch Arméie maachen dat.

Dowéinst géif ech awer d'Propos maachen, datt vläicht och méi déi modern sozial Medie verstäerkt genotzt ginn. Well mer wëssen, datt déi Messagë bei deene Jonken haut vill méi Uklang fannen, wéi wa mer an de Kinoe laang Spotten erofspullen an esou weider an esou fort. Wéi gesot, vläicht déi Uleedung emol mat op de Wee huelen.

Datselwecht gëllt och zum Beispill bei der Zesummenaarbecht mat der ADEM. Ech wëll drun erënneren, datt zum Beispill mäi Kolleeg Fernand Etgen, deen den 3. Juli 2013 hei geschwat huet, sech schonn deemools fir eng besser Zesummenaarbecht mat der Administration de l'emploi ausgeschwat huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et uganks schonn hei betount: D'Demokratesch Partei steet ganz kloer hanner enger Arméi fir eist Land. Si muss sech allerdéngs upassen. Si muss déi nei Erausfuerderung unhuelen. Déi lescht Reform datéiert, wéi gesot, vun 2007. Deemools goufen och déi sougenannten UDOen agefouert. D'Personalerhéijungen, déi deemools virgesi waren, sinn net realiséiert ginn. Ech hunn dat schonn hei ënnerstrach. Mir brauchen ouni Zweifel en neit Kadergesetz. Et sinn eng Rei positiv Elementer ze erkennen. Ech wëll zum Beispill op den Organigramm hiweisen, deen amgaangen ass ëmgesat ze ginn.

Mir stellen och fest, datt eng gutt Relatioun besteet zwëschen dem Ministère an der Direction de la Defense. Dat ass enorm wichteg, datt déi zwou Entitéite gutt zesumme kollaboréieren. An dann, fir d'Lescht, däerf een awer och net vergiessen hei ze behaapten, datt eng gutt Relatioun och mat der Chamber jo awer si muss, well et ass jo am Endeffekt awer d'Chamber, déi de legislative Kader setzt.

An ech muss allerdéngs och hei ënnersträichen, datt mer um Niveau vun der Force-publiques-Kommissioun oder vun der aussepolitescher Kommissioun ganz gutt Relatiounen hunn, sief dat mat deenen zoustännege Beamten, sief dat mat de politeschen Autoritéiten, datt do regelméisseg en Austausch ass. An dee muss och an Zukunft esou bleiwen.

De momentane Budget vun der Lëtzebuerger Arméi, dee läit bei plus ou moins 80 Milliounen am Joer. Dat ass mat Sécherheet keen exorbitante Montant. Et ass also derwäert, datt mer och an Zukunft nach verstäerkt an d'Lëtzebuerger Arméi investéieren an déi néideg Kreditter zur Verfügung stellen.

Mir brauchen dofir natierlech - an ech zitéieren hei nach eng Kéier de Rapport vun der Cour des comptes - «une programmation militaire à long terme qui précise les orientations à prendre». Mir waarden duerfir och op dat Wäissbuch. Mir waarden op déi nei Programmatioun.

Eppes ass kloer: D'Demokratesch Partei wäert d'Regierung an hire Beméiungen ënnerstëtzen, och an Zukunft eng effikass a modern Lëtzebuerger Arméi ze hunn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Graas. An d'Wuert huet elo den Här Claude Adam fir déi gréng.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci fir d'Wuert, Här President. Merci den Interpellanten, datt mer eis emol eng Kéier e bësse méi ausféierlech kënne mat der Arméi a mat der NATO hei auserneesetzen. Merci och der richteger Decisioun vun der Conférence des Présidents, datt mer déi zwou Interpellatiounen hei zesummen debattéieren.

Den Interpellant vun der ADR hat jo schonn a sengem éischten Tiret ugefouert, datt mer och sollten allgemeng iwwert d'Verdeegungspolitik am Kontext vun der UNO, der NATO, der EU an der Benelux schwätzen. Den Interpellant vun der DP huet sech op de Rôle vu Lëtzebuerg am Kader vun der NATO fokusséiert. An et gëtt natierlech och eng Rei gutt Grënn, fir sech spezifesch mat dësem Rôle auserneenzesetzen.

Ech hu selwer net an der Arméi gedéngt. Ech hunn och keen Offizéier a mengem enke Familljekrees. Ech hu just a jonke Joren, an den 80er Joren, un där enger oder anerer Friddensmanif deelgeholl.

(Interruptions)

Am Ausland an am Inland. An ech mengen awer, do waren 1980 zu Bonn och Leit an Uniform derbäi. An ech ënnerstelle kengem, deen haut eng Uniform dréit, datt en dee Rüstungswahnsinn, dee mer an den 80er Joren awer kannt hunn, onbedéngt nodréiglech géif gutt fannen an dem Kale Krich géif notraueren.

(Interruption)

Déi Lëtzebuerger gréng Partei ass wéi déi meescht europäesch gréng Parteien aus der Anti-AKW an eben aus der Friddensbewegung eraus entstanen. An och wa villes sech an der Welt geännert huet zënter den 80er Joren: Eng Rei vun eisen Aussoe vu fréier sinn haut nach gradesou richteg wéi deemools. Zum Beispill hu mer ëmmer gesot: „Feindbiller opbauen, dat déngt dem Krich. De Feind gëtt responsabel gemaach fir all dat Béist op der Welt an och an der eegener Gesellschaft."

déi gréng wollten derzou bäidroen, d'Ursaachen an d'Dynamik vun der Blockkonfrontatioun tëschent NATO a Warschauer Pakt ze iwwerwannen. An et ass och wouer: Militär a Rüstung verbrauchen immens vill Energie, Rohstoffer a mënschlech Aarbecht. An déi feelen dann op anere méi nohaltege Plazen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- „Frieden schaffen ohne Waffen", dat war de Slogan vun den 80er Joren. Wéi gesot, d'80er Jore si laang passé. Wichteg Daten, regelrecht Meilesténg an der Sécherheetspolitik gëtt et der vill. Ech nennen der just zwee. Deen éischten ass den Zerfall vun der Sowjetuniouun Enn den 80er Joren, Ufank den 80er Joren. Dat huet zu engem Enn vum Kale Krich gefouert, wat positiv ze gesinn ass. Et huet awer och zu enger Verschlechterung vun de Liewenskonditiounen an den éstleche Länner eben duerch den Zesummebroch vun der kommunistescher Wirtschaft gefouert.

De Warschauer Pakt gouf et net méi. D'NATO huet expandéiert. Leider si mer dem Weltfridden net méi nokomm. Mir hunn och duerno nach e Krich an Europa erlieft - Exjugoslawien - mat alle Brutalitéiten a Verstéiss géint d'Mënschlechkeet, wou mer gehofft hätten, mer géife se zumindest um europäeschen Terrain net méi erliewen.

En zweet ganz wichtegt Evenement, wat d'Sécherheetspolitik betrëfft, waren d'Attentater op de World Trade Center den 11. September 2001. Dat waren, éischtens, déi mäerde-

reschst Attentater vun der Geschicht vun der Mënschheet an, zweetens, hu Millioune vu Leit se live op der Tëlee verfollegt, wat e psychologesche Schock mat sech bruecht huet a wat zu Reaktiounen a Konsequenze gefouert huet, déi ënnert dem Titel „Krich géint den Terror" och haut nach undaueren.

Haut entspriechen arméiert Konflikter ëmmer manner engem klassesche Krichsbild, wou zwee State mat reguläre Truppe sech géintiwwerstinn. Wéini ass Krich? Wéini ass Fridden? Hu mer Fridde just, well et keng Krichserklärung gëtt? Hu mer scho Krich, wann et kee gültege Friddensvertrag méi gëtt?

D'Konfliktursaache si villschichteg. Eng wichteg Roll derbäi spillt zum Beispill ee quasi onbegrenzte Waffenhandel. Besonnesch déi sougenannte Liichtwaffesystemer si liicht a präiswäert um Schwaarzmaart ze kréien a ginn, och dat muss gesot ginn, meeschtens an Europa produzéiert.

Eng Roll spillt och eng strukturell Ohnmacht vu verschiddene Staten, besonnesch um afrikanesche Kontinent. Si loossen zou, datt privat Truppe sech breetmaachen. Si hunn oft en ekonomeschen Interêt drun, datt d'Ausenanersetzunge laang undaueren. Historesch, sozioekonomesch, politesch oder reliéis Ënnerdréckung vun enger Ethnie oder Natioun ginn och zum Muechterhalt instrumentaliséiert a féieren zu Krich. A leider gesi mer eng relativ grouss Ohnmacht vun der UNO, wat d'Friddenssécherung duerch d'UNO schwéier mécht. D'Vetoméiglechkeet am Sécherheetsrot an ongenügend finanziell Méiglechkeete sinn zwee vun de Punkten, déi enger Opwäertung vun der UNO am Wee stinn.

Den europäesche Pendant zur UNO, wat d'Friddensaarbecht ugeet, d'OSZE, ass och a senger Entwécklung gehemmt. Dobäi kéint d'OSZE eng nach méi wichteg Roll an der Konfliktpreventioun an net militärescher Konfliktbewältegung anhuelen. déi gréng sinn der Meenung, datt d'Preventiouns- an d'zivill Konfliktreguléierungspolitik net däerf zugonschte vun enger militärescher Interventiounspolitik vernoléissegt ginn.

Zu enger aktiver Preventiounspolitik gehéiert awer och, datt mer eis fir eng fair wirtschaftlech Kooperatioun asetzen, datt mer ekologesch a sozial Standarde respektéieren, weltwäit. Dozou gehéiert och eng kritesch Begleedung vun den Institutioune wéi IWF, Weltbank a WTO. Et ass fir eis zum Beispill gutt, wichteg a richteg, datt eise Budget vun der Kooperatiounshëllef däitlech méi héich ass wéi eise Budget fir d'Militär.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Mir gesinn dat als ee positivt Signal, dat mir och kënnen an d'Vitrinn stellen, an dat wierklech net just wéinst der Héicht vun eiser Hëllef, mä och wéinst der qualitativ gudder Aarbecht, déi Lëtzebuerg am Secteur vun der Kooperatiounspolitik mécht. Do si mer houfreg drop. Dat ass och eng korrekt Äntwert drop, wa mer ze vill gedirängelt ginn, mer missten eise Militärbudget eropsetzen.

Eréischt wann all Preventiounsmoossnamen erschëpft sinn an erwisenerweis passiv Gewalt géint d'Zivillbevëlkerung ausgeüübt gëtt oder kuerz virdru steet ausgeüübt ze ginn, da kann aus eiser Siicht d'Asetze vun internationale militäresche Verbänn noutwendeg sinn. Viraussetzung dofir ass fir eis en eendeitegt Mandat vun der UNO.

Här President, ier ech dann elo spezifesch op d'Lëtzebuerger Arméi ze schwätze kommen, wollt ech nach eng Kéier preziséieren, datt et fir eis just Sënn mécht, d'Lëtzebuerger Arméi am Kader vun eisen internationalen Engagementer an Alliéierten ze gesinn. Mir sinn der Meenung, datt d'Vue vun enger Arméi als Ausdrock vun der nationaler Souveränitéit vun engem Land iwwerall an Europa obsolet ass. Zu Lëtzebuerg hate mer nach ni eng national Souveränitéit an der Defense. An ënner anerem duerfir si mer jo och 1949 Grënnungsmember vun der NATO ginn.

No dem Auserneefale vum Warschauer Pakt ass leider net iwwert d'Noutwendegkeet vun der NATO diskutéiert ginn. Et ass massiv op eng Osterweiderung gesat ginn. An heiansdo denken ech a menger Naivitéit, déi Osterweiderung, wa se da schonn decidéiert war, hätt ze fréi opgehalen. Vläicht hätte mer och Russland an d'Ukrain missen an d'NATO integréieren. Dann hätte mer vläicht Problemer manner. Obschonn ech mer do awer och net esou sécher sinn. Et ass virdrun ugedeit ginn: D'Tierkei ass zënter 1952 en NATO-Member-Land. A wien hätt geduecht, datt mer haut, 2017, déi Ausenanersetzungen hunn tëschent de Partner NATO-Land Tierkei, NATO-Land Däitschland, NATO-Land Holland. A wie weess, ob et domadder genuch ass.

Haut schonn, mat 28 Memberen, ass d'NATO dat bei Wäitem gréisste Militärbündnis op der Welt. D'Fro, a wéi eng Richtung datt d'NATO sech entwéckelt, ass haut méi pertinent wéi jee. Direkt e puer Facteure spillen hei mat, déi eng ganz Rei Froen opwerfen an d'Zukunft vun deem gréisste Militärbündnis vun der Welt dierfte matbestëmmen. Et sief nach emol drun erënnert, datt d'NATO-Memberlänner sech bis elo ëmmer op den Artikel 5 - wann ee Memberland ugegraff gëtt, da gëllt dat als Ugréff op all Memberland - konnte verloossen.

Jo, et gëtt och den Artikel 42 Paragraf 7 vum Traité vu Lissabon, wou d'europäesch Länner sech eng Assistance mutuelle, wann ee Land aus der EU agresséiert gëtt, zousécheren. Frankräich hat elo eng Kéier Recours dorobber gemaach. Ech kommen och nach méi spéit op d'europäesch Sécherheetspolitik ze schwätzen. Ech bleiwen awer elo nach ee Moment bei der NATO.

D'NATO, mat sengen 28 Memberen, gëtt dominéiert vun den USA a fir d'éischte Kéier an der rezenter Geschicht léisst ee President vun den USA Zweifel opkommen, wat säi Wëlle betréfft, Europa am Fall vun enger Attack ze verteidegen. Hie fënnt d'NATO almoudesch an iwwerholl a säi Vizepresident, den Här Graas hat dat och scho gesot, fënnt dat awer Gott sei Dank net, soudatt een ënnerem Stréch muss soen, datt den aktuelle President vun de Vereenegte Staten onberechebar ass an dat mécht en zu engem Sécherheetsrisiko.

D'Amerikaner hate scho vill Presidenten, déi an eisen Aen eng verfeelten Aussepolitik gemaach hunn. Ech denken un de Lyndon Johnson. Dat ass deen, op deem seng Kap e groussen Deel vun der Vietnampolitik geet. Ech denken un de Ronald Reagan, dee fir Kale Krich, Guerre des étoiles an Oprüstung gesuergt huet. Ech denken un den George Bush, deen zu engem groussen Deel fir den Irakkrich verantwortlech ass. An ech sinn dann ebe gespaant, wat mer eis nach vun deem neien US-amerikanesche President do ze erwaarden hunn.

Den honorabelen Här Krieps freet no dem jäerleche finanzielle Bäitrag vu Lëtzebuerg zu der NATO. déi gréng sinn der Meenung, datt d'Fuerderung vun 2% vum BIP als Richtlinn fir d'Memberstaten e falsche Wee ass. Dat ass e Wee, deen onweigerlech an eng weltwäit Oprüstung féiert. E Wee, deen net zu méi Sécherheet féiert, mä dee genee de Contraire bewierkt.

Europa soll net dëse Wee goen, dee vun den USA virgeschloe gëtt. Ëmmer méi permanent Waffe bréngen net ëmmer méi Sécherheet. An deene leschten zwanzeg Joer ass et kee Krich ginn, wou dee mat den deierste Waffe schlussendlech och de Gewënner war. Afghanistan, Libyen, Syrien, Irak: Wéi eng Problemer hu mer dann do mat Waffegewalt geléist? Ech menge keng. Mer hunn héchstens neier geschafen.

Mir hunn d'Eropsetze vun den Ausgabe fir d'Arméi vun 0,4% op 0,6% vum BIP matgedroen. Mir stellen d'Memberschaft vu Lëtzebuerg an der NATO och net a Fro. Mir mussen och eise finanziellen a mënschlechen Apport bréngen.

Dat bréngt eis dann an eng Situatioun, déi fir d'Politik eigentlech ontypesch ass, eigentlech eemoleg ass. De politesche Wëllen an d'Asiicht sinn do, datt mer Sécherheet och am Kader vun eisem internationale Militärbündnis net zum Nulltariff kënne kréien. Mir si bereet, méi Suen auszeginn, hunn an der Vergaangenheet scho vill Sue fir d'Arméi ausginn a mir hunn Decisioune geholl, déi mer zumindest ongläcklech fannen. Ech mengen, mat deenen 48 Dingoen, déi mer kaaft hunn an déi haut zu engem groussen Deel als Ersatzdeellager gebraucht ginn, a mat dem A400M kënne mer net wierklech frou sinn.

Fir eis Depenseausgaben eropzesetzen, setze mer op grouss Projeten, déi wa méiglech och nach wirtschaftlech interessant si fir eist Land: Ee Militärspidol, Satellitten, IT, Dronen, Erneierung vum Flughafen; den Transportfliger hat ech schonn erwäänt. Fir eis däerf awer déi wirtschaftlech Nëtzlechkeet nëmmen un zweeter Stell stoen. Fir eis soll Lëtzebuerg, als ee Land, wou d'Militär ni eng éischt Roll beim Schafen a beim Erhalt vum Stat hat, säi Bäitrag erfëllen, andeems mer a wichteg Aspekter vum Militär investéieren, déi e preventiven an en defensive Charakter hunn.

Erstaunlech war fir eis, a Gespréicher mat dem SPAL ze héieren, datt den Equipement vum eenzelnen Zaldot géif ze wënsche iwwreg loossen. Mir krute gesot, datt et ze wéineg a vereelzt Material géif ginn, Panzerwesten, Gewierer an Nachtsichtgeräter - ech hunn do kee lëtzebuergeschen Term duerfir fonnt - wieren eigentlech iwwereelzt, missten ersat ginn. D'Renovatioun vun de Kasären ass iwwerfälleg, dat wësse mer alleguer. Si ass jo och elo decidéiert.

Et kann ee sech awer nach d'Fro stellen, firwat datt net scho laang Regierunge virdrun decidéiert hunn, do ze investéieren. Ech weess net, wéi zoutreffend datt déi Kriticke sinn. Si sinn op alle Fall derwäert, opgeworf ze ginn. An ech mengen och, mer sollten eis dat do zu Häerz huelen a kucken, fir dat ofzeschafen. Et dierft jo net un de budgetäre Moyene leien. Ech mengen, de Wëllen ass do, an d'Moyene sinn och do.

An ee Kapitel, wat sécherheetspolitesch och nach eng ganz Rei Froen opwërft, dat dierft de Brexit sinn. Dat ass och schonn hei erwäänt ginn. D'Britte sinn, niewent de Fransousen, déi bei Wäitem militäresch stäerksten Natioun an Europa. An och wann de Brexit kuerzfristeg keng gréisser Auswierkungen op d'Defense huet - mir si jo nach zesummen an der NATO -, da kréie mer awer mëttel- a laangfristeg aner Perspektiven, wat eng europäesch Sécherheetspolitik betréfft.

Groussbritannien huet sech ëmmer géint eng gemeinsam europäesch Arméi gewiert. Mir mengen, et wier awer falsch dervun auszegoen, datt elo geschwënn, wann d'Britte fort sinn, eng europäesch Arméi méi gräifbar wier. Och wann nëmme méi 27 Memberlänner iwwreg bleiwen, da bleiwen d'Differenzen nach ëmmer grouss. Mir sollen an Europa un dësen Differenze schaffen an net mengen, mir kéinten déi mat enger gemeinsamer Defensepolitik iwwerdecken. Mir musse fir d'Alleréischt emol eng gemeinsam europäesch Aussepolitik fannen, déi formuléieren an ëmsetzen, dann eréischt kann eng gemeinsam Defensepolitik och wierklech déif gräifend ëmgesat ginn.

Fundamental si mir allerdéngs iwwerzeegt dovun, datt esou eng europäesch Defensepolitik Sënn mécht an och effikass ka sinn, ouni méi deier mussen ze ginn. D'Spuerpotenzial wier anscheinend grouss. D'Zauberwuert heescht Kooperatioun, Zesummenaarbecht. Anscheinend gëtt et an der EU 19 verschidde gepanzert Gefierer an den Arméien, an den USA just eent. Den honorabelen Alexandre Krieps huet nach Beispiller, och vu Fligeren a vun anerem Material, ugefouert. Dat mécht natierlech villes onnéideg méi deier. D'Spuerpotenzial, fir zesummen Uschafungen ze maachen, läit anscheinend bei 25 Milliarden Euro d'Joer.

Et gëtt ganz vill positiv Beispiller vun enger gudder europäescher Zesummenaarbecht: militäresch an zivill Missiounen a Somalia, Mali, dem Niger, dem Kosovo an der Zentralafrikanescher Republik, fir der just e puer ze nennen. Der Erausfuerderung, fir effikass a méi enk zesummenzeschaffen, steet allerdéngs d'Angscht virum Souveränitéitsverloscht entgéint.

Aus eiser Siicht gëtt et scho laang keng national Souveränitéit méi, wat d'Defense ugeet. All Sécherheetsmenacë kennen a respektéiere keng Grenzen. D'EU huet nach ni d'Ambitioun gehat, eng militäresch Groussmuecht ze ginn. An déi gréng wieren déi Allerlescht, déi esou eng Fuerderung géife stellen. Mir brauchen awer och an der Defense, wéi a villen anere Beräicher, méi Europa an net manner Europa.

Dat verlaangen och déi nei Erausfuerderungen, zum Beispill de Kampf géint den Terrorismus. Lëtzebuerg huet eng ronn 1.800 Polizisten. An engem Fall wéi bei den Attentater zu Paräis oder Bréissel, bei enger héijer Sécherheetsstuf „Vigilnat" 3, vun 4 guer net ze schwätzen, kéime mer net derlaanscht, d'Arméi anzesetzen a wahrscheinlech bräichte mer och schnell Hëllef vu Polizisten aus den Nopeschlänner.

Hei am Land ass et relativ onproblematesch, d'Arméi anzesetzen, well se en Deel vun der Force publique ass. Et gëtt keen Ënnerscheed tëschent terroristeschen an anere kriminelle Gefore gemaach. D'Police huet bei eis och de Militärstatut. An enger akuter Bedroungslag muss d'Arméi agesat ginn, déi dann ënnert der Tutelle vun der Police steet.

Et stellt sech d'Fro vun der Ausbildung: Ginn eis Zaldote fir hir Kooperatioun mat der Police ausgebilt oder gi se just op international Missioune virbereet? Et wier och interessant, vun der Regierung ee Kommentar dozou ze kréien.

Lëtzebuerg ka säin Territoire net selwer sécheren oder verdeedegen. D'Arméi ka sech selwer och just eng Zäit laang bewaachen. An engem klassesche Konfliktfall ka Lëtzebuerg just an engem Bündnis iwwerliewen. Et kéint een och nach der Douane verstäerkt grenzkontrolléierend Aufgabe ginn, mä och do géif et nach u Leit feelen. D'Douane huet och, gradesou wéi d'Protection civile, keen Arméistatut.

Mir hu bei der Arméi grad wéi bei der Police e Problem, genuch Leit ze rekrutéieren. An ech mengen, dat ass dee Punkt, wou ech dem Interpellant vun der ADR am meeschte recht ginn, wou ech wierklech mengen... An dat ass och deen eenzege Punkt, wou ech zu mengem Kolleeg Marc Angel eng kleng Nuance gesinn. Ech mengen, et geet ëmmer ëm d'Qualitéit, mä et geet wierklech och hei ëm d'Quantitéit: Mir hunn net genuch Leit, souwuel bei der Police wéi bei der Arméi!

Natierlech sinn ech net deen Eenzegen, deen dat feststellt. Ech mengen, mer sinn eis alleguerten eens. Mä et geet natierlech dann drëm: Wéi dat maachen, wat mer eis 2007 virgeholl hunn a wat mer dann 2017 nach ëmmer net erreecht hunn?

En Deel vum Problem dierft sinn, datt mer zwar zu 600.000 hei liewen, daagsiwwer zu 800.000 oder 900.000 an datt mer awer fir vill Beruffer vu Polizei, Arméi just kënnen op e Pool vun 250.000 Leit zréckgräifen; 250.000 vun all Alter a Geschlecht a Gréisst a gesondheetlechem Zoustand.

Eng weider Ursaach dierft sinn, an dat ass och schonn hei gesot ginn, datt den Déngscht bei der Arméi ustrengend ass an och kierperlechen Asaz verlaangt, deen nach laang net all Jonke leeschte kann. Niewent dem kierperlechen Asaz ass och e Liewen um Härebierg alles aneres wéi eng Sortie an e Wellnesshotel. An ech schwätzen emol net vum desolaten Zoustand vun de Kasären, dee jo iergendwann hoffentlech ganz geschwënn behuewen ass. Ech schwätzen einfach vum militäreschen Drill, deen net jiddwerengem passt an deem och net jiddweree gewuess ass.

Da geet och oft rieds, zu Recht, vun der Rekonversioun vun de fräiwëllegen Zaldoten an d'zivillt Liewen. D'Gemenge sollte si prioritär astellen, mä d'Gemenge wiere sech oft do dergéint. Et pour cause. Ech mengen och - an ee weidere Punkt, wou ech och net mam Interpellant d'accord sinn -: Et kann ee soen, mir sollen houfreg op eis Arméi sinn. An och ech sinn houfreg op eis Arméi, well ech mengen, ee Rechtsstat brauch eng Arméi, wou ee kann drop zielen.

Mir kënnen och soen: „Mir mussen eis Flicht erfëllen", mer kënnen och soen: „D'Gemenge mussen hir Flicht erfëllen", mä ech mengen, datt dat awer haut net méi duergeet, fir vu Carrièren ze schwätzen, wann een an den zivillen Déngscht geet. Ech mengen, do musse mer wierklech reell dru schaffen. Mer musse reell Mesuren ergräifen, fir wierklech Débouchéen ze schafen. A mer mussen och mat de Gemengen a mat aneren Institutiounen zesummeschaffen, fir ze kucken: Wéi ass dann de Profill vun deene Leit, déi vum Härebierg kommen, a wat kënne mer maachen, fir dee Profill esou auszebauen an ëmzeschaffen, fir datt en och brauchbar ass no enger Zäit bei der Arméi.

Eng Rei Mesuren an deem dote Beräich sinn och schonn ergraff ginn. Mir hunn zum Beispill am September 2016 en Informatiounsbüro, deen iwwregens och vun der Madamm Statssekretärin do ageweit ginn ass, vun der Arméi an iwwert d'Arméi. A mengen Informatiounen no ass do och relativ reegen Undrang. Vill Jonker komme mat oder ouni Eltere laanscht, fir sech ze informéieren iwwert d'Arméi.

A well ganz vill Jonker déi véier Méint Instruction de base net packen, sinn an Zesummenaarbecht mam Lycée technique Ettelbréck Preparatiounsklassen ageriicht ginn, fir Jonker fitt ze maache fir d'Arméi.

A just e klengen Detail: Wéi ech d'Conditions d'admission gelies hunn, hunn ech mech gewonnert, datt déi Zäitfënster, wou e jonke Mënsch sech misst decidéieren, fir an de fräiwëllegen Déngscht ze goen, relativ kleng ass. Vläicht leien ech als Zivilist falsch, mä ech fannen den Âge limite vu 24 Joer awer trotzdeem relativ niddreg ugesat. Wat sinn d'Ursaache fir déi 24 Joer? Do si mer jo heiansdo, wou mer de Jugendalter vill méi wäit, vill méi héich definéieren.

Ech hunn och mat Interessi de Rapport vum Marc Fischbach gelies, deen am Oktober 2003 (veuillez lire: 2012) iwwert d'Arméi presentéiert ginn ass. Dëse Rapport war jo schonn iwwregens eng Kéier ausféierlech hei an der Chamber an enger Debatt beschwat ginn. Déi Debatt war am Juli 2013 op Ufro vum deemolege gréngen Deputéierte Félix Braz. Aus dem Rapport vum Här Fischbach, awer och aus rezente Gespréicher mat Leit vun dem SPAL, aus Lektüren an der Press schéngt et mer méiglech ze sinn, drop ze schléissen, datt d'Informatioun an d'Kommunikatioun an der Arméi besser gi sinn, datt awer wéi an alle Beräicher nach ëmmer och Sputt no uewe bleift.

De Rapport huet och d'Iddi an de Raum gestallt, fir den Déngscht bei der Arméi ëm ee Joer ze verlängeren a fir d'Transitiounszäit zréck an d'Beruffswelt ëm en halleft Joer nach ze verlängeren. Besonnesch wat ugeet, fir déi Transitiounszäit zréck an d'Beruffswelt op annerhalleft Joer ze setzen, dat schéngt eis eng valabel

Iddi ze sinn. Den Déngscht ee Joer verlängeren, ech weess net, wéi wäit datt d'Diskussiounen do lafen, dat kéint e bësselchen hëllefen. Ob et all Problemer géif léisen, steet am Raum. Also wier et och fir mech interessant ze wëssen, ob et scho Konklusiounen zu deenen Iwwerleeunge gëtt.

Der Arméi kënnt och eng wichteg Roll am Fall vun enger Katastroph och hei zu Lëtzebuerg zou. Bei der rezenter Iwwerschwemmungskatastroph, och dat ass scho gesot ginn, am Raum Iermsdref/Fiels hat d'Arméi gehollef. Eis Arméi muss also esou opgestallt sinn, datt se souwuel bei enger Katastroph um aneren Enn vum Kontinent duerch Hightechsatellittekommunikatioun kann hëllefen, awer och muss se opgestallt sinn, datt se bei enger Naturkatastroph bei eis am Land mat Pompelen, Camionen a Muskelasaz kann hëllefen. Dat eent däerf net op Käschte vun deem anere goen.

Mir mengen, datt och grad just d'Rettungsdéngschter eng zousätzlech Moossnam kéinte bidden, fir berufflech Perspektiven unzebidde fir fräiwëlleg Zaldoten, déi hiren Déngscht geleescht hunn. Et ass jo effektiv interessant, wann ee Leit huet, déi dräi an en halleft, véier Joer eng militäresch Formatioun gemaach hunn a villes geléiert hunn. Do ass et jo och wierklech absolutt sënnvoll, fir Plazen ze fannen. A mir mengen, datt d'Rettungsdéngschter esou eng Plaz wieren, wou een déi Saachen, déi Acquisen, déi do geleescht gi sinn, sënnvoll och am Interessi vun der Gesellschaft nach kéint asetzen.

Ech hunn och an engem rezenten Artikel vum „Lëtzebuerger Land" d'Iddi vun enger Reservarméi gelies. An dat fannen ech eng interessant Iddi, och ëmmer erëm, fir ze soen: „Déi vill Kompetenzen, déi ugeschaaft ginn, sollen net verluer goen." Ech erlabe mer awer och net, am Numm vu menger Fraktioun do en Uerteel ofzeginn. Ech wëll ech just och eng Kéier als Iddi hei an de Raum bréngen.

Dat gesot, wëll ech och meng Iwwerleeungen hei ofschléissen. Ech stelle fest, datt ënnert de Kolleege vun deene meeschte Parteie vun de Majoritéitsparteie schonn Nuancë sinn, awer datt mer eis an de grousse Linne wierklech eens sinn, datt mer vun der Noutwendegkeet vun enger Arméi... Ech hunn d'Fro net gestallt: Brauche mer eng Arméi? Ech mengen, fir mech ass dat eng Fro, wou d'Äntwert sech vum selwen ergëtt. Ech mengen, dass et ebe just déi grouss Erausfuerderung ass, dass eis Arméi nëmme ka funktionéieren an engem internationale Kader an dass mer op där anerer Säit awer och, wat d'Sécherheet vum Land ugeet an och wat den Asaz a Katastrophefäll ugeet, en zweete Volet hunn, wou d'Arméi eng wichteg Roll spillt, dee mer net däerfe vernoléissegen.

De Problem vum Personalmangel ass allgemeng unerkannt. Zéng Joer hu mer keng Léisung fonnt. Mir däerfen d'Léisung net opginn. Ech mengen, mer kommen net derlaanscht. Et ass e Fait, datt Leit feelen. An ech hoffen, datt déi Mesuren, déi ergraff gi sinn, och gräifen an datt mer nach weider Mesurë fannen, fir deem entgéintzewierken.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. An dann erëm...

M. Fernand Kartheiser *(ADR), interpellateur.*- Erëm.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ... huet d'Wuert den Här Kartheiser fir d'ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR), interpellateur.*- Ma da soen ech Iech Merci, Här President, datt Der mer nach eng Kéier d'Wuert kritt. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt eigentlech elo an dëser Interventioun haaptsächlech op dem Här Krieps seng Interventioun äntwerten a méi op déi international Aspekter vun eiser Verdeedegung agoen.

Ech wéilt awer vläicht och dem Här Adam Merci soe fir seng Interventioun, well hien huet eis de Wee gezeechent vun där grénger Partei vun deene Friddensdemonstratioune fréier, bis zu enger Partei, déi haut iwwert den Här Bettel awer 2% international zougesot huet, déi dann awer elo, hirer aler Taktik entspriechend, regierungsintern Oppositioun spillt, sech e bëssen elo distanzéiert vun deenen 2%, déi d'Regierung international versprach huet.

An awer gehéieren déi gréng haut zu deene Parteien, déi eise Verdeedegungsbudget an hirer Zäit an der Regierung ëm 50% an d'Luucht gesat hunn. Ech fannen, dat ass ganz interessant an der Geschicht vun där Partei. A mir wäerte sécher och nach dorobber zréckkommen. Vun enger Partei, déi fréier d'Arméi wollt ofschafen, bis zu enger Partei, déi haut souguer d'Schafung vun enger Reservarméi net ausschléisst: Dat ass e bemierkenswäerte Wee.

D'NATO ass e grousse Sujet, natierlech fir eis eng extrem wichteg Organisatioun. Hir Entwécklung ass onsécher. Déi Decisioune vun där neier amerikanescher Administratioun si schonn ugeschwat ginn. Déi Entwécklung ass net kloer fir den Ableck, mä fir eis, fir Lëtzebuerg muss kloer sinn, datt mer eng Verflichtung zu enger kollektiver Verdeedegung hunn - eng Verdeedegung, näischt anescht -, an dat och inklusiv vun de baltesche Staten a Polen, déi als NATO-Membere selbstverständlech och e Recht hunn op eis Solidaritéit.

Mä d'NATO muss eng Verdeedegungsallianz bleiwen. Dat heescht, datt mer eis als Lëtzebuerg sollte wiere géint eng Nostalgie vum Kale Krich an och keen neie Kale Krich wëlle mat erbäiféieren. An et gëtt leider Staten, déi op eng besonnesch vehement Manéier an, menger Analys no, net justifiéiert Manéier probéieren, an eng nei Konfrontatioun mat Russland eranzegoen.

Eis international Verflichtung ass eng Verdeedegungssolidaritéit, also ouni datt mir sollen derzou bäidroen, Spannungen ze produzéieren, där ze héijen oder eis a Konflikter eranzéien ze loossen, déi net eiser Interesselag entspriechen. Et ass ganz gutt, datt mir als Lëtzebuerg u friddenserhalenden Operatiounen deelhuelen. Dat ass e wichtegen Know-how. Mir hunn, zemools am Kosovo, mä och op anere Plazen, eng wierklech Valeur ajoutée kënne bréngen, och als klengt Land.

Mir sinn awer elo mat där Operatioun a Litauen op en aneren Terrain gaangen, en Terrain, dee politesch vill méi diskutabel ass, deen eis personell a logistesch ganz séier géif iwwerfuerderen, wann et zu enger Konfliktsituatioun géif kommen; woubäi mer awer net dovunner ausginn.

Mir mussen oppassen, wa mer iwwert d'NATO schwätzen, an dat steet och am Zesummenhang mat dem Prinzip vun der Verdeedegungsallianz, datt mer souwuel inhaltlech wéi geografesch d'Kompetenze vun der NATO net permanent weider ausdeenen. D'NATO huet haut eng Rhetorik vun enger Projektioun vu Stabilitéit, vun enger Stäerkung vun der Sécherheet baussent hire geografesche Grenzen. A mir kënne ganz schlecht ofschätzen, wou déi praktesch weltwäit Roll vun der NATO eis géif hiféieren. Den Alexander Krieps hat souguer vum chineesesche Mier geschwat. Ech mengen, eis kënnt dat zwar vläicht absolutt onrealistesch vir, mä et gëtt vläicht och Leit an der NATO, déi un esou eppes denken.

Den Alexander Krieps, a senger Interpellatioun, huet véier Froe gestallt. Ech wéilt da kuerz op déi äntwerten.

Déi éischt, wat de Spidolsplang ugeet. Et gëtt ganz einfach praktesch Erfahrungen an eise Spideeler am Land mat Übungen am Katastrophefall, déi däitlech weisen, datt an engem Katastrophefall d'Capacitéiten net duerginn. Eis Spideeler sinn haut scho wäitgeeënd ausgelaascht. A wann eng grouss Belaaschtung zousätzlech géif derbäikommen, hu mer weder genuch Better nach genuch medezinnescht Personal, fir dat kënne kuerzfristeg opzefänken. Derbäi kënnt, datt eis Populatioun ganz séier wiisst an duerfir den Drock op eis ganz medezinnesch a Spidollandschaft weider an d'Luucht geet.

Ech wäert allerdéngs, fir dem Här Krieps entgéintzekommen, eng Question parlementaire an deem Sënn un d'Regierung stellen, wou se kann detailléiert opzielen, wat eis Reserve sinn. An ech si scho gespaant op d'Reaktiounen, déi mer dann aus dem medezinnesche Secteur kréien.

Et huet mech och gewonnert, datt den Här Krieps a senger Interpellatioun praktesch déi postfaktesch Fakten oder postfaktesch Informatiounslag kritiséiert huet. En ass elo leider net hei, ech hätt hie gär gefrot, wéi en dorobber wëllt reagéieren.

Wat de Montenegro ugeet, huet d'ADR dergéint gestëmmt, well mir der Meenung sinn, datt d'NATO eng Wäertegemeinschaft soll sinn. Mir hu jo elo déi Kriticken héieren, wat d'Tierkei ugeet. Montenegro verletzt massiv d'Mënscherechter. Montenegro huet keng kloer politesch Majoritéit gehat, keng dauerhaft politesch Majoritéit fir en NATO-Bäitrëtt. An eisen Ae waren domadder zwou Konditioune fir en NATO-Bäitrëtt net erfëllt.

Ech muss awer soen: Et wonnert mech - d'Tierkei ass jo hei e puermol als negativt Beispill genannt ginn -, datt d'Regierungsparteie plus d'CSV nach ëmmer der Meenung sinn, datt d'Tierkei misst Member an der Europäescher Unioun ginn. Ech muss der CSV awer zegutthalen, datt se wéinstens proposéiert huet, en temporären Ofbroch vun de Bäitrëttsverhandlungen ze proposéieren, wat mir och ënnerstëtzt hunn.

Mä d'ADR ass a bleift déi eenzeg Partei, déi géint en tierkesche Bäitrëtt bei d'EU ass! An Dir gesitt jo elo, trotz där laanger NATO-Memberschaft an esou weider, wéi dat Land fonctionnéiert, an zemools am Ableck spëtze sech jo esou vill Saachen zou. Et ass fir eis net ze verstoen, datt d'Regierung weiderhin un engem EU-Bäitrëtt vun der Tierkei festhält an och d'Negociatiounen net wëllt ënnerbriechen.

Wat Russland ugeet, sot wann ech gelift dem Här Krieps, dee jo elo leider net kann hei sinn, datt et e Parteiefinanzéierungsgesetz hei am Land gëtt! An dat ass absolutt transparent a jiddweree kann zu all Ableck nokucken, wéi d'Parteien hei am Land finanzéiert ginn.

Mir sinn als ADR, wat elo déi international militäresch Zesummenaarbecht ugeet, grondsätzlech d'accord mat enger Zesummenaarbecht mat eisen Noperen, Partner an Alliéierten. Dat brëngt eng Ekonomie mat beim Kaf vum Material, besseren Training, Interoperabilitéit an och bei der militärescher Fuerschung. Mir mussen awer do och Parametere setzen an op e puer Saache ganz gutt oppassen.

Déi éischt ass: Eng Decisioun fir den Asaz vun enger Lëtzebuerger Arméi oder vun enger Implikatioun vu Lëtzebuerg an engem Konflikt, déi kann nëmme vu Lëtzebuerg geholl ginn an net vun iergendwelche supranationalen Organisatiounen. Mir wëllen net, datt en europäeschen Directoire, wéi mer en am Ableck hunn, zum Beispill an de Relatiounen am Normandie-Format mat Russland oder op anere Plazen, an den Negociatioune mam Iran, an op esou vill anere Plazen... Mir wëllen net, datt et en Directoire an Europa gëtt, dee kann iwwert den Asaz vun enger Lëtzebuerger Arméi decidéieren. Mir sinn net bereet, Kanounefudder ze stelle fir strategesch Ambitioune vun anere Staten.

Mir wëllen och kee groussen europäesche militärindustrielle Komplex, well dee géif op europäeschem Niveau eventuell demokratesch Decisiounsprozesser kënnen a Fro stellen, wéi et an den USA de Fall ass, wat schonn de President Truman sengerzäit kritiséiert hat. An et ass wichteg, datt mer do oppassen, datt et net zu ze vill groussem Afloss op d'Demokratie kënnt duerch industriell oder aner Interessen.

Mir wëlle mat der EU, mat der NATO zesummeschaffen, awer am Geescht vun enger Komplementaritéit. Mir wëllen also keen double Emploi vu Strukture schafen: op där enger Säit d'NATO an op där anerer Säit d'Europäesch Unioun. A mir denken, datt och nom Brexit d'Kooperatioun mat de Britten onverzichtbar ass, selbstverständlech wéi och natierlech mat eisen amerikaneschen Alliéierten.

D'Benelux-Arméi ass hei och schonn ernimmt ginn. Och do wëll ech drun erënnere beim Renegade: Mir haten a leschter Zäit e puer Incidente mat Fligeren, déi net méi konnte kontaktéiert ginn. De Renegade ass domadder duerchexercéiert ginn.

Ech wëll widderhuelen, datt d'ADR och déi eenzeg Partei hei an der Chamber ass, déi sech derfir ausgeschwat huet, am Noutfall och kënnen e Fliger iwwer Lëtzebuerger Territoire ofzeschéissen, zum Beispill wann en op Kettenuewen flitt mat där klorer an erkennbarer Absicht, fir eng gréisser Nuklearkatastroph ze provozéieren. Déi aner Parteie wëllen dat net.

Ech hu mech gewonnert, d'CSV huet souguer proposéiert, datt Lëtzebuerger Piloten dann a belsche Kampffliger kéinten um Renegade deelhuelen. Lëtzebuerger Piloten a belsche Kampffliger, déi awer iwwer Lëtzebuerg kee Fliger däerften erofschéissen, deen d'Lëtzebuerger Existenz an engem héije Mooss a Fro stellt: Do ass a mengen Ae keng politesch Kohärenz an esou enger Propositioun a si ass och doduerch net duerchféierbar.

Déi Iddi, fir eng EU-Arméi ze grënnen, dat géif sécher der Europäescher Unioun méi grouss Autonomie ginn, mä et géif gläichzäiteg eng nei enorm politesch Belaaschtung fir d'Europäesch Unioun bedeiten. Am Ableck ass d'Europäesch Unioun a villerlee Hisiicht amgaangen ze implodéieren. U sech stelle mer eis d'Fro iwwer hiert Iwwerliewen. Wa mer elo nach higinn an eng militäresch Dimensioun derbäimaache mat all deenen Tensiounen, déi mat Asazdecisiounen an anere Folge verbonne wären, da musse mer dervun ausgoen, datt dat vläicht méi eng grouss Gefor fir d'Iwwerliewe vun der Europäescher Unioun kéint si wéi e wierkleche Gewënn am Sécherheetsberäich.

Och déi Manéier, wéi elo d'Europäesch Unioun an déi Debatt eraklëmmt, ass erëm ganz typesch. Et ass eng „top down". Et gëtt uewen eppes decidéiert, wat no ënnen imposéiert gëtt. Déi „global strategy", déi do entwéckelt ginn ass, ass laansch déi kleng Länner entwéckelt ginn. Et gouf mat e puer klenge Länner e puer symbolesch Diskussiounen am Virfeld. Si ass zum groussen Deel vun e puer méi groussen Instituter, e puer méi grousse Staten decidéiert ginn a si gëtt eis elo vun uewen erof... Mir hunn dat och ni hei ratifizéiert, ni am Fong diskutéiert, mä et gëtt awer elo iwwert de Conseil européen probéiert, vun uewen no ënnen duerchzesetzen.

D'Europäesch Kommissioun huet schonn den „European Defence Action Plan" am November proposéiert. Et huet also näischt mat der Administratioun Trump ze dinn, well déi ass eréischt am Januar dëst Joer a Fonktioun komm. An dat zu engem Ableck... Also, ëmmer déi grouss Ambitiounen, woubäi mer am Ableck emol kee Konsensus an Europa hunn iwwer „Rules of engagement" bei de Battle-Gruppen, déi sougenannten Unitéiten, déi d'Europäesch Unioun elo huet. Also e komplett Auserneeklaffe vun enger Ambitioun op europäeschem Niveau an der Realitéit.

An do stellt sech natierlech d'Fro fir eis: Wéi wäit wëllt d'Regierung da goen an deem Dossier europäesch Arméi a puncto finanziell Participatioun, a puncto militäresch Participatioun? Wat wären d'Konsequenze fir eist Land? Wäre mer bereet, Infrastrukturen opzehuelen iwwer Datenzentren eraus? An esou weider an esou virun.

Mir hunn a leschter Zäit gesinn, datt Lëtzebuerg och bei deenen Diskussioune praktesch kee politescht Gewiicht huet. An do kommen ech op dem Här Angel säi Punkt zréck, deen hie laang developpéiert huet iwwert d'Europäesch Investitiounsbank. Den Här Schneider huet de 7. Dezember zejoert hei an der Chamber gesot - ech hat mer et opgeschriwwen -, datt Lëtzebuerg - an den Här Angel huet et haut widderholl - kee Rôle gesäit fir d'Europäesch Investitiounsbank an deenen neie Verdeedegungsambitioune vun der Europäescher Unioun. Dat ass hei kloer gesot ginn de 7. Dezember wéinst dem Geschäftsmodell vun der Europäescher Investitiounsbank, well dat kéint zulaaschte goe vu klengen a mëttleren Entreprisen.

(Interruption)

Gelift, Här Angel? Den Här Angel huet eng Fro, mengen ech.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Ech wollt just preziséieren: Mir hunn de President vun der Europäescher Investitiounsbank zitéiert himself, den Dokter Werner Hoyer.

M. Fernand Kartheiser *(ADR), interpellateur.*- Jo, dat ass eng Bemierkung. Ech huelen déi zur Kenntnis. Ech schwätzen elo iwwert d'Lëtzebuerger Regierung, well ech si jo net hei mam Här Hoyer befaasst, mä mam Här Schneider a senger Regierung.

An do huet d'Regierung hei gesot de 7. Dezember, si wär géint e Rôle vun der Europäescher Investitiounsbank an der europäescher Verdeedegung. Eng Woch méi spéit, de 15. Dezember, wor de Conseil européen zu Bréissel, wou den Här Bettel dann déi ganz Lëtzebuerger Regierung vertrueden huet, inklusiv d'sozialistesch Partei mam Här Schneier. A wat ass do decidéiert ginn? Zitat: «La Banque européenne d'investissement est invitée à envisager des mesures en vue de soutenir les investissements dans les activités de recherche et développement en matière de Defense.»

De 7. Dezember seet eis Regierung: „Mir wëllen dat net." De 15. Dezember gëtt et decidéiert. Do freet ee sech natierlech: Huet den Här Bettel vergiess dat ze soen? Oder wéi een Afloss huet Lëtzebuerg dann iwwerhaapt an deenen Diskussiounen? Gëtt do net einfach imposéiert an domadder ass et gedoen? An d'Europäesch Unioun muss oppassen, well et ass jo net esou, datt d'Amerikaner aussepolitesch Feeler maachen an d'Europäesch Unioun mécht baussepolitesch keng Feeler. Esou ass et net!

Déi ganz Russlandproblematik ëm d'Ukrain ass zum Deel aus Feeler vun der Kommissioun Barroso entstanen. Mir hate Libyen. Dee Katastrophenzoustand, an deem Libyen haut ass. Do ass eng militäresch Interventioun provozéiert ginn, ënnerstëtzt ënner anerem vum Här Asselborn, deen dat deemools onbedéngt wollt. E Genocide, huet e gesot, wär a Libyen. An en huet déi militäresch Interventioun begréisst. Haut gesi mer a wéi engem Zoustand dat Land ass.

Et ass net esou, datt d'Amerikaner Feeler maache baussepolitesch, a mir net. Dat ass net realistesch. An ech si jo och frou a ville Situatiounen, datt d'Europäesch Unioun zu deem Zäitpunkt keng Arméi hat, well ech wéilt elo net wëssen, wat soss entstane wär.

Et gëtt Spekulatiounen a Fabulatiounen am Ableck an Defenseinstituter um europäesche Plang iwwer eng europäesch Nuklearbewaffnung. De franséischen Nuklearschierm soll ausgedeent ginn op déi ganz Europäesch Unioun.

Wéi steet dann d'Lëtzebuerger Regierung derzou? Ass d'Lëtzebuerger Regierung dann elo derfir - esou schéngt et ze sinn, mä ech froen dat -, datt mer sollen eng nuklear Capacitéit op europäeschem Niveau am militäresche Beräich hunn, a gläichzäiteg ass se géint eng zivill Notzung vun der Kärenergie mat Kettenuewen, Fessenheim, Gott weess, wat et gëtt? A wou ass dann do elo d'Linn vun der Lëtzebuerger Regierung? Stellt se sech géint eng eventuell Iwwerleeung fir eng nuklear Capacitéit op europäeschem Niveau am Militäreschen, a wär domat kohärent mat hirer Politik am zivillen Nuklearen, oder net? Dat géife mer gär wëssen.

Da muss een och de Brexit kucken. Wat huet dat fir Konklusiounen? A wat huet dat fir Konsequenzen? Et wär e Feeler, ee vu menge Virriedner hat dat gesot, fir elo ze mengen: Elo sinn d'Britten eraus, elo maache mer séier eng europäesch Arméi. Dat ass schonn eng Kéier gescheitert. Ech mengen, den Här Angel hat op 1954 verwisen, oder den Här Graas... den Här Graas, pardon, mat der Communauté européenne de Defense an der Assemblée nationale. Dat ass schonn eng Kéier gescheitert. Well d'Problemer sinn nach ëmmer prinzipiell déi nämlecht, wéi mer se deemools haten. An et ass dofir ganz geféierlech, op dee Wee ze goen.

Wann ee wëllt vum Brexit profitéieren, da misst ee kucken, ob deen Artikel 42 (7) am Lissabon-Vertrag net an deem Sënn géif änneren, datt een erëm e Genre UEO géif aféieren an op eng automatesch Bäistandsklausel géif zréckkommen, wéi de fréieren Artikel 5 vun der UEO et erlaabt huet. Well deen ass ofgeschaaft ginn, well d'Britten e wollten ofschafen. Déi wollte méi eng flexibel Klausel am Lissabon-Vertrag.

A wann ee wëllt higoen an d'europäesch Verdeedegung stäerken, da soll een net un eng europäesch Arméi denken, mä et soll een zréckgoen op automatesch Bäistandsgarantien am Kader vun enger verklengerter neier UEO. Dat kann dann och an der Europäescher Unioun sinn. Mä et ass op dee Wee, wou ee soll goen, well dat vun alle State ka gedroe ginn, well dat och eng Konsequenz aus dem Brexit wär, déi awer am Ableck leider net diskutéiert gëtt.

Mir kënnen d'accord si mat méi klengen Infrastrukturen, wéi der MPCC an esou weider, klenge Quartiers généraux, déi geschafe ginn. Dat ass an der Rei. Mä wéi gesot, et misst een dat an de richtege Kontext setzen, deen och d'Europäesch Unioun en tant que tel elo net an eng politesch Gefor bréngt, déi se wahrscheinlech un de Rand vum Zesummebroch géif bréngen, wann een derniewent gesäit d'Migratiounsproblematik, den Euro, d'Relatioune mat Russland an aner Saachen, institutionell Froen, Brexit, wat schonn d'Europäesch Unioun méi wéi genuch belaascht.

Dann hu mer déi Iddi vun engem europäesche Marché intérieur am Waffeberäich, am Armement an an der Defense. Domadder kënne mer liewen. Et muss ee just kucken, wat dat konkret géif heeschen. An et muss een dann och kucken, datt eis Lëtzebuerger Kleng- a Mëttelentreprisen - well anerer hu mer bal keng méi, wann ech elo ArcelorMittal eraushuelen - och kënne mat profitéieren. Dat stellt natierlech de Problem vun de Clearancë fir déi Betriber. Dat heescht, déi mussen och all Méiglechkeete kréie vu Regierungssäit, fir kënnen un Ausschreiwungen deelzehuelen, déi Kompetenzen och sécherheetsméisseg ze hunn, fir kënnen iwwerhaapt un esou engem Marché intérieur deelzehuelen. Da kann dat Retombéeën hu fir eist Land, déi interessant sinn. Mä do brauch et dann och eng Ënnerstëtzung vun der Säit vun der Regierung.

Ech wëll vläicht eng lescht Iwwerleeung maachen iwwert de Fonds européen de sécurité et de Defense, deen och am Kader vun där neier Iddi elo ugeduecht gëtt; am Ableck nach ënner enger anerer Form. Mä wat ass d'Zilsetzung laangfristeg? Fir dat ze gesinn, muss ee kucken, wat déi grouss Staten dozou soen an hire Virbereedungsaarbechten, notamment bei de Fransousen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Wann een higeet an et hëlt een, wat eng Iddi ass, d'Dépenses de Defense aus de Maastricht-Kritären eraus. Dann hu mer héieren, net zu onrecht, datt een dann och vläicht misst d'Sozialdepensen oder aner Saachen eraushuelen aus de Stabilitéitskritären. Mä dat ass eigentlech net de Fong vun der Debatt.

De Fong vun der Debatt ass, datt eng Rei Länner, wéi Frankräich notamment, d'Maastricht-Kritären, d'Konvergenzkritären iwwerhaapt net kënnen erfëllen am Ableck, wann net déi Dépenses de Defense erausgeholl ginn aus hirer Berechnung vun de Stabilitéitskritären. An et geet dann a Richtung vun der Mutualiséierung vun der Schold, ëmgerechent an d'Dépenses de Defense. Dat heescht, et ass eng Europäiséierung vun den Defenseausgaben, wat och zu enger Erhéijung vun der Lëtzebuerger ëffentlecher Schold géif féiere fir Ausgaben am Defensesecteur, déi an anere Länner gemaach ginn.

Dat ass dat laangfristegt Zil. A mir mussen eis wierklech froen, ob mer dat wëllen, well et géif eis eege Situatioun bei Maastricht a Fro stellen. Et géif heeschen, datt mer e Militärbudget vun anere Länner iwwer eis Schold praktesch matfinanzéieren, ouni datt eis eege Sécherheetscapacitéite géifen erhéicht ginn. An ech mengen, wann een op dee Wee geet, da muss een déi Gedanken zu Enn denken. An ech géif soen, dee Wee ass op jidde Fall net am Interessi vun eisem Land.

Dat gesot, wéilt ech nach eng Kéier alle Kolleege Merci soen, déi un dëser Debatt deelgeholl hunn. Vun eiser Säit aus wor et ganz wichteg, fir d'Interpellatioun iwwert d'Arméi ze maachen, fir souwuel national wéi och e puer international Aspekter unzeschwätzen. A ville Punkten hu mer och eng gewëssen Iwwereneestëmmung, wat d'Arméi ugeet: eng generell Ënnerstëtzung un d'Arméi.

Ech huelen un, datt déi Lénk elo mat e bëssen enger anerer Approche nach an d'Debatt agräifen, mä et ass schéin, eng Demokratie ze hunn, Här Wagner. Do kënne mir an Dir, Dir a mir, mir kënnen do jeeweils eis Standpunkter duerleeën. Op jidde Fall, vun eiser Säit aus fannen ech, datt et zum 50. Gebuertsdag vun der Arméi, 175 Joer Militärmusek, gutt war fir d'Chamber, datt mer dat hei diskutéiert hunn.

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ganz gutt!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kartheiser. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech mengen, et gëtt Zäit, datt de Konsens emol e bësse gebrach gëtt.

(Hilarité)

Dat ass jo meng Roll hei.

Ech komme mer oft vir hei an dëser Chamber e bësse wéi an deem Film „The Matrix". Ech mengen, dee kennt Der all. Et ass net mäi Liiblingsfilm bei Wäitem. An Dir wësst jo, en ass e bëssen inspiréiert un „Alice im Wunderland". An „The Matrix" ginn et zwou Pëllen, déi ee kann huelen.

(Interruption)

Déi blo Pëll... Den Här Fayot ass schonn um gudde Wee. Déi blo Pëll symboliséiert d'Illusioun, an enger tranquiller Welt ze liewen, déi awer net der Realitéit entsprécht. An déi rout Pëll, wann een déi schléckt, da gesäit een déi batter Realitéit. An ech hunn den Androck, datt immens vill Leit haut hei an dëser Chamber déi blo NATO-Pëll geschléckt hunn. Dobaussen awer vill manner. Do hunn der scho vill déi rout geholl. Dat muss een awer och nach ënnersträichen. Wann ech mat Leit schwätzen, dann héieren ech e ganz aneren Toun. Glécklecherweis.

30 Joer elo nom Enn vum Kale Krich ass et erëm esou wäit: Weltwäit fänkt een erëm un, iwwer Krich ze schwätzen. Et gëtt op jidde Fall iwwer Krich gepëspert. A mir sinn a Wierklechkeet souguer esou wäit, datt Leit vu menger Generatioun, mä souguer och nach Leit, déi méi jonk sinn, vu méi jonke Generatiounen, där ginn et der ëmmer méi, sech iwwerhaapt d'Fro stellen, dat erlieft een heiansdo, ob et iwwerhaapt eng gutt Iddi wier, elo zu dëser Zäit e Kand op d'Welt ze setzen. Et wéisst ee jo net.

(Interruption)

Jo, Dir schwätzt vläicht manner man jonke Leit.

Ufanks der 90er Joren huet awer och schonn den europäesche Kontinent ugefaangen, erëm de Krich ze entdecken. Groussmuechten, ënner anerem dat nom Mauerfall erëm gestäerkt Däitschland, waren net onbedéngt dorunner oninteresséiert, datt e grousst Land wéi Jugoslawien auserneebrécht a Plaz géif maache fir méi kleng an ethnesch geprägte Republicken. An de Summum gouf dunn duerch d'Bombardéierung vu Belgrad duerch d'NATO erreecht, déi weder dem Artikel°5 entsprach huet nach dem internationale Vëlkerrecht. Natierlech gouf dësen Ugréff als Verdeedegung vun de Mënscherechter duergestallt. An déi reell Gräueltate vun enger Partie vun de Serben hunn natierlech e gudde Virwand geliwwert. Allerdéngs waren d'Serbe bei Wäitem net déi Eenzeg, déi net lupenrein waren.

Ass et da wierklech nëmmen ëm Demokratie oder Mënscherechter gaangen? Mir mengen net. Mä den Ugräifer an engem Krich, dee muss säin Handelen ëmmer erëm nees justifizéieren, dat ass eng Konstant an der Geschicht. An et ass natierlech och ganz agreabel sech dee Gedanke virzestellen, datt mir - tëschent Guillemeten – „déi Gutt" wieren an déi aner „déi Béis". Dat ass en Denkschema, an deen, esou hunn ech den Androck, mer erëm amgaange sinn ze verfalen, wa mer net schonn dra verfall sinn.

Mir leenen déi simplistesch Vue of vun der Schwaarz-Wäiss-Molerei vun der Welt. Mer leenen all Form vu Campismus of, de Choix tëschent engem vermeintlechen zivilisatoresche Block géint een aneren. Eise Camp ass dee vun den normale Leit, déi kee Krich wëllen, déi géint Ënnerdréckung kämpfen, egal aus wat fir enger Natioun. Et gi Bevëlkerungen engersäits an et ginn déi, déi iwwer hir Bevëlkerunge verfügen. E Krich, dee brécht u sech normalerweis ni spontan aus, well d'Mass vun den normale Leit dat wéilt. Et ass a Wierklechkeet kee Mënsch, dee Krich wëllt. Den normalen, duerchschnëttleche Fransous, Däitschen, Amerikaner, Britt, Russ, Tierk, Belsch oder Lëtzebuerger, dee wëllt kee Krich. Kee wëllt deem anere seng Ressourcë besëtzen a kontrolléieren. Keen normalen, éierleche Mënsch spillt mat esou perverse Gedanken. An trotzdeem ginn et Konflikter. Et verschäerfe sech ëmmer méi Konflikter. Wouhier komme se dann?

D'Äntwert ass an eisen Ae kloer an et ass u sech ëmmer déiselwecht Äntwert wéi zanter Jorhonnerten. Et gëtt ëmmer an deene jeeweilege Länner verschidden Oligarchien, déi duerch Propaganda an elo och nach Massemedie Leit géinteneen ophetzen. An et fanne sech ëmmer och naiv Politiker, fir dat Spill matzespillen. Mainstream-Politiker, déi kann een en masse à la chaîne produzéieren.

Mer kenne jo déi Biller och nach aus der Geschicht aus deene Filmer vun 1914, wou een deelweis franséisch oder däitsch Zaldote gesäit, wéi se „la fleur à la main", wéi se gesot hunn, wéi se enthusiastesch an de Krich gezu sinn, voll mat engem nationalisteschen a kricheresche Enthusiasmus. Et däerf een awer eng Saach net vergiessen: Deen Enthusiasmus, an de Krich ze zéien, dee gouf et deemools an der Bevëlkerung guer net. Dat ass historesch prouvéiert. Déi Fotoen an déi Filmer, dat war Propagandamaterial. De Krich, dee war net vun de Bevëlkerunge gewollt. Si hu souguer massiv dergéint rebelléiert. D'Zaldoten, dat ware jo am Prinzip Aarbechter a Baueren, kruten, wa se hire Brudder vun der anerer Front net wollten ëmbréngen, eng Kugel als Strof. Den Uerder, dee koum vu Politiker oder vun héijen Offizéier, déi aus der Bourgeoisie oder aus der Aristokratie gestaamt hunn, gutt protegéiert an hire gemittleche Salonen.

Dofir nach ëmmer, Kricher, gëschter an haut, sinn an éischter Linn Kricher, déi déi Herrschend géint déi Beherrschten am eegene Land féieren. Mä, et huet missen duergestallt ginn, wéi wann d'Regierunge scho bal vum chauvinisteschen Drang vun hire Leit gedriwwe goufen. De Géigendeel war wouer.

Et gëtt eng Konstanz an der Geschicht: Déi, déi een ëmmer erëm vu Krich a Militärinterventioune schwätzen héiert, dat si meeschtens Häre, heiansdo och Fraen, déi weder vun hirem Alter nach vun hirer sozialer Positioun hier vun engem Krich kéinte betraff ginn. An deem Fall ass et natierlech einfach, vu Militärinterventiounen ze schwätzen.

Mir als Lénk sinn op jidde Fall dergéint, datt Meedercher a Jongen, déi d'Uniform droen an déi ee muss respektéieren, hiert Liewen oder hir Gesondheet op d'Spill setzen, nëmme fir Groussmuechtgelüster vun enger privilegéierter Minoritéit ze verteidegen.

Dofir wéilte mer och ganz genee wëssen, wa behaapt gëtt, datt d'NATO ee Verteidegungsbündnis wier, wat mer natierlech verneinen, da muss ee kloer wëssen: Wien ass dann elo de Feind? Géint wie solle mer eis verteidegen? Wien ass den „enemy"?

Wann ech mer eng Kaart vun Europa ukucke mat den NATO-Basen, da stellen ech fest, et gëtt ee Land, wat op senger westlecher Flank total encercléiert ass. An dat ass Russland. Och wann ee kee Frënd vun der Regierung vum Här Putin ass, an dat si mer bestëmmt net, dann ass et trotzdeem net schwéier, anzegesinn an ze verstoen, datt Russland déi Virgoensweis vun der NATO als militäresch Provokatioun ugesäit. An ech mengen, d'Dirigeante vun der NATO wëssen dat jo och ganz bewosst.

Ass Russland tatsächlech esou eng Gefor fir Westeuropa? Schonn deemools am Kale Krich gouf d'Sowjetunioun als militäresch Gefor ugesinn, quitte datt a Wierklechkeet de Warschauer Pakt der NATO ënnerleeë war an e waarme Krich net hätt kënne gewannen. E wär zwar mäerderesch gewiescht, mä konventionell net ze gewannen. Déi militäresch Gefor gouf awer eropgespillt, fir Militärbudgeten ze erhéijen an ze legitiméieren.

Haut ass d'Situatioun wahrscheinlech nach äänlech. Et ass wahrscheinlech souguer esou, datt Russland militäresch nach manner bedeitend ass. Do huet ee just blank Zuelen. Wann ee kuckt, Russland huet ee Militäretat, ongeféier, esou kann ee vläicht e bëssen iwwer e puer Zuelen diskutéieren, vu 70 Milliarden Dollar, d'USA si bei 600 Milliarden Dollar, d'Vereenegt Kinnekräich 56 Milliarden, Frankräich 46 Milliarden - dat wonnert mech, ech hätt geduecht, et wär ëmgedréit -, Däitschland 36 Milliarden. An da muss een nach bedenken, wann déi EU-Memberstaten hire Militärbudget op 2% erhéije géifen, wat fir eng destruktiv militäresch Capacitéit dat géif duerstellen.

Dat heescht, eng militäresch Konfrontatioun mat Russland wier zwar keen Zuckerschlecken, mä wier fir Russland net ze gewannen. Déi militäresch Opwäertung awer vu Russland déngt och schlussendlech dem Här Putin selwer, deen esou senger Bevëlkerung e gewëssenen Nationalstolz zréckgëtt no den humiliante Jelzin-Joren. An dat notzen hien a seng Clique vun Oligarchen natierlech aus, fir hir eege Muechtbasis doheem ze verstäerken. Et kann ee scho bal soen, datt, jo, de Regimm vum Här Putin e grousse Gewënner ass vum NATO-Säbelrasselen.

Här President, zur sougenannter Sécherung vun eise sougenannten Interessen: Et muss een ëmmer ënnerscheeden. Ech géif gären eng Kéier, ech mengen, dat muss een heiansdo maachen, deen Exercice - well mir sinn äusserst eurozentresch, mer schwätzen ëmmer vun Europa, Europa, Europa, mer vergiessen, datt et nach aner Plazen op der Welt ginn -, wann een d'Logik géif ëmdréinen: Wat géif een dovunner halen, wann zum Beispill gewësse Länner wéi China oder, fir e bësse méi an d'Science-Fiction eranzegoen, de Kongo zum Beispill, dee potenziell déi Capacitéit jo hätt, wa se géife soen: „Hei eis ekonomesch vital Interessen, déi sinn am Mëttelmier, a mer musse se do verteidege goen"?

Well mer hu jo d'Tendenz, dat och ze soen, datt mer eis Interesse bis an den Hindukusch musse verteidegen. An ech kann drun erënneren, datt den ehemolege Bundespresident vun Däitschland, dee fir eng Kéier emol éierlech war, sot, et misst een och heiansdo fir Handelszwecker Kricher am Ausland féieren, wat u sech enger reeller Wourecht, mä awer enger äusserst zynescher Wourecht entsprécht, en huet missen den Hutt dowéinst huelen, fir emol eng Kéier d'Wourecht gesot ze hunn.

Ëm wiem seng Interesse geet et dann iwwerhaapt? An ech mengen, d'Leit dobausse sinn nach amgaangen et ze verstoen. Et geet a Wierklechkeet ëm wirtschaftlech Interessen, an net déi vun den europäesche Bevëlkerunge selwer, well ech mengen, déi wirtschaftlech Interesse vu grousse Gruppen an Europa an an den USA, déi sinn diametrallement opposéiert zu den Interesse vun de Bevëlkerunge selwer.

Ech mengen awer, datt et Grënn ginn, fir optimistesch ze sinn, well zanter dem Zweete Weltkrich huet wéinstens de Weste vun Europa, vläicht den Osten, awer an engem gewëssene Sënn net esou staark, u sech kee richtege Krich méi erlieft. Ech mengen, et ass och eng psychologesch Erfahrung.

An et koum och nach eng Saach dobäi. Et gëtt ëmmer méi schwéier, fir de Leit Saachen ze verklickeren. D'Medielandschaft huet sech verännert. Déi klassesch Medie verléieren un Afloss. Et ass deelweis gutt, deelweis schlecht. Ech weess, et hänkt vun de Medien of. Nei Medie gewannen un Afloss. Et ass deelweis gutt, deelweis schlecht. Et fënnt ee vun allem do. Mä ech mengen, datt ee sech aneschters informéiere kann. An u sech erkennt een immens vill Saachen erëm, déi nach ëmmer nom selwechte Zeenario oflafen.

An ech mengen, wann dee Wee vu méi waarmer Konfrontatioun géif ageschloe ginn, datt ganz vill Leit, dorënner vill Jonker, well déi si jo ëmmer am meeschte betraff, genuch klore Kapp wäerten hunn, fir ze soen: „Hei, maacht Äre Krich ouni eis!"

Här President, mir mengen, datt d'NATO eng Gefor ass fir de Weltfridden. Spéitstens no der Interventioun a Libyen misst et engem kloer sinn, wouhin de Wee vun der NATO féiert. Ech ginn elo net an op d'Charakteriséierung vum Regimm vun der Dschamahirija, iwwert deen ee vill misst soen. Mir sinn eis eens, fir ze soen, datt elo d'Situatioun a Lybien eendeiteg méi schlëmm ass an nach ni esou schlëmm war, a wahrscheinlech och nach méi schlëmm ass wéi ënnert dem italienesche Kolonialismus.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An dat ass eng direkt Konsequenz vun der Militärinterventioun, déi de Kader vun der UNO-

Resolutioun gesprengt huet an déi och Libyen gesprengt huet. An et ass och e weideren Närbode fir den Terror vun Isis an Daesh do geluecht ginn.

„Si vis pacem, para bellum" gëtt oft iwwersat mat: „Wann s de Fridde wëlls, da bereet de Krich vir." Dat huet natierlech der réimescher imperialer Logik entsprach. Dobäi si sech awer d'Philologen net ëmmer esou ganz eens, wat dat wierklech genau bedeit huet. Et kéint och bedeiten: „Wann s de hei de Fridde wëlls, da muss de dohanne fir Krich suergen." A mir mierken, datt schlussendlech déi Logik net opgeet, well, wéi mer a leschter Zäit gemierkt hunn, sech och de Krich hei kann importéieren, an et sinn natierlech ëmmer och Onschëlleger, déi de Bluttzoll musse bezuelen.

Et gëtt awer och nach en anere Sproch, deen ass vläicht manner bekannt, dee koum am 19. Jorhonnert vun engem franséische Saint-simonien - dat ass zwar net onbedéngt meng „Tasse de thé" -, den Här Barthélemy Enfantin, deen huet dat Zitat op Latäin aneschters formuléiert: „Si vis pacem, para pacem" - „wann s de Fridde wëlls, da bereet de Fridde vir."

Dat ass net naiv! Well wann een de Géigendeel géif behaapten, da musse mer kucken, a wat fir enger weltwäiter Situatioun mer sinn actuellement, déi net brillant ass. Well schlussendlech, nëmme wann een eng weltwäit gerecht Opdeelung vun de Ressourcen huet, en Handel, deen net op Käschte vun den aarme Länner gefouert gëtt, wéi dat de Fall ass, eng Weltuerdnung also, wou d'Mënschen iwwerall vun de Ressourcë profitéiere kënnen, déi am Iwwerfloss sinn, dat ass de Wee fir de Fridden.

Mir maache genau de Géigendeel. Mir maachen de Géigendeel mat eiser Aussepolitik. Mir maachen de Géigendeel mat eiser Handelspolitik - ech sinn och oft dorobber agaangen -, mat eisen Handelsverträg, déi hei ëmmer unanimement esou einfach ugesi ginn. Mer kënnen ëmmer d'Amerikaner kritiséieren fir hir imperial Logik a fir hire Ressourcëklau. Mir Europäer sinn eendeiteg net besser! Mer hu vläicht manner Moyenen. Mä hätte mer se, wiere mer genausou schlëmm.

Ech wéilt och nach e klengt Wuert soen zur „comprehensive approach", well et gëtt jo esou gesot…, et ass jo scho bal „Bussibär", déi Nato. Et ass schonn eppes Schéines, déi „comprehensive approach". Se ass jo an Afghanistan entwéckelt ginn. U sech ass déi „comprehensive approach" Postkolonialismus, dat nennt een esou. Well et geet drëms, d'Zivillgesellschaft, d'ONGen an esou weider, mat an d'militäresch Operatiounen anzebannen. Dat heescht, an dat huet jo och d'Caritas International an engem Bericht scho viru bal zéng Joer gesot, et geet drëms, déi zivill Bevëlkerunge mat anzebannen, fir datt se kënne géint Opstänneger, wien dat och ëmmer ass, militäresch mat angebonne ginn. Dat heescht: Wann s de wëlls friessen, da muss de op eiser Säit sinn. Dat ass eng postkolonial Approche. Well et war ëmmer esou, also am reelle Kolonialismus nach bis am 19. Jorhonnert huet et genausou funktionéiert. Elo gëtt et natierlech beschéinegt.

Här President, d'Regierung huet confirméiert, datt Lëtzebuerg net wëlles hätt, dee Verdeedegungsetat op 2% vum Budget eropzesetzen. An dat ass natierlech ze begréissen. An esou eng Erhéijung ass natierlech illusoresch, an dat ass och d'Meenung vun der Arméigewerkschaft, wéi och hire President haut de Moien um „100,7" gesot huet. Et ass genausou richteg (veuillez lire: falsch) och ze soen, datt de Militäretat net an de Stabilitéitskritäre soll mat aberechent ginn. Mir si frou, wéinstens op deem Punkt, datt d'Regierung an déi Richtung geet.

Mä et geet net duer. Mir erliewen zurzäit eng decidéiert Politik vun der Regierung, fir eng Militärpolitik als ekonomesch Nisch weider auszebauen. Mir mengen, datt dat net nëmme falsch, mä och gefeierlech ass.

Bis elo war et esou, datt Lëtzebuerg ëmmer gekontert huet, wann e gréissert Land, wéi Frankräich oder Däitschland, eis un de Pranger gestallt huet wéinst eise Finanzpraxissen, datt mir wéinstens keng Rüstungsindustrie hätten. Mir wäerten zwar weiderhi keng Rüstungsindustrie am klassesche Sënn opbauen - net onbedéngt, well mer et net wëllen, mä well mer et souwisou wahrscheinlech net kënnen -, mä mir entwéckelen trotzdeem e Militärkomplex mat, deen en evidente wirtschaftlechen Impakt huet. Dat gëtt jo offe gesot.

Dat heescht, elo ass d'Arméi en Deel vun eiser ekonomescher Diversifizéierung. Ass dat tatsächlech en Deel vun eiser nohalteger Wirtschaftspolitik? Ass dat wierklech en Deel vun eiser kakigrénger Politik an der Nohaltegkeet vun dëser Regierung?

Mir sinn net naiv. Mir wëssen, datt den Zesummenhang tëscht der Militärindustrie an der Wirtschaft näischt Neies ass. Datt dat Standbee fir Lëtzebuerg awer renforcéiert gëtt, ass net ze begréissen, well et eis an eng Ofhängegkeetsspiral dreift, déi eis Ekonomie nach méi vu militäreschen Iwwerleeungen innerhalb vun den NATO-Interessen, also US-Interessen ofhängeg mécht an deementspriechend d'Militärpolitik nach méi vun ekonomeschen Iwwerleeungen ofhängeg mécht, wéi dat bis elo de Fall war. A mir hunn et schonn eng Kéier hei gesot: Wann ee sech zu engem militäresche Stützpunkt mécht, da gëtt een och eendeiteg méi zu enger militärescher Zilscheif. Dovunner ofgesinn, muss ee sech och d'Fro stellen, wéi mir dat organiséieren a wat mir alles bezwecken.

Ech mengen, mir hunn och nach verschidden Depensen am Kader vun der „Alliance Ground Surveillance", 120 Milliounen Euro, dat ass jo deen Dronestreierungsprogramm, dee jo Iwwerwaachunge muss maachen. An dat ass natierlech eng eminent wichteg Roll a militäreschen Operatiounen, fir Iwwerwaachung a fir Reconnaissance ze maachen.

Dovunner ofgesinn, muss ee sech awer och d'Fro stellen, dat Dronegekrichs, wat elo gefouert gëtt, ass net grad chevaleresque. Wann een hannert dem Bildschierm sëtzt wéi bei enger Playstation quasi - et sinn der jo, déi dat scho maachen, d'Israelien, déi bombardéiere regelméisseg d'Palästinenser domadder hannert dem Bildschierm -, da gesäit een natierlech och net, wéi zerfetzt d'Kanner an d'Frae sinn. Mä soit.

Mä déi enorm Zommen, déi si jo d'Äntwert op d'Politik vun der Budgetserhéijung vun 0,4% op 0,6% fir 2020, nodeems dat esou a Wales festgeluecht gouf. An do muss een awer och soen, datt d'Amerikaner erëm eng Kéier gutt gespillt hunn. Si sous-traitéieren nämlech hir Depensen un hir europäesch Vasallen, pardon, un hir europäesch Partner.

À propos Vasallen, oder gläichwäerteg Partner, wéi dat ëmmer esou behaapt gëtt: Wësst Der, wéi een aus der NATO austrëtt? Et gëtt den Artikel°13 vun der Charta vun der NATO. Ech liesen deen eng Kéier vir, op Franséisch, well op Englesch wier et net ze lauschteren: «Après que le Traité aura été en vigueur pendant vingt ans, toute partie pourra mettre fin au Traité en ce qui la concerne un an après avoir avisé de sa dénonciation le gouvernement des États-Unis d'Amérique, qui informera les gouvernements des autres parties du dépôt de chaque instrument de dénonciation.»

Et ass net de Generalsekretär zu Bréissel, oder all aner Regierung. Den Destinataire ass zu Washington.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Entschëllegt, den Här Kartheiser…

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo, ech huele se herno. Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR), interpellateur.*- Et ass keng Fro, et ass just eng Präzisioun.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo.

M. Fernand Kartheiser *(ADR), interpellateur.*- Ech wollt lech net politesch eng Fro stellen, Här Wagner. Ech wollt Iech just soen, dat ass konform zum Droit international public, well d'USA sinn den Depositaire vum Traité de l'Atlantique nord. A wann dat elo Lëtzebuerg gewiescht wier, dann hätte se déi Lëtzebuerger Regierung missen notifizéieren. Dat ass elo net de Beweis vun der Dominanz vun den Amerikaner. Mä et ass einfach eng Fro vun der reng prozeduraler Demarche vun der Depositioun vun deem Traité. Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här Kartheiser. Also d'USA sinn Depositaire vun dësem Traité, dat kënne mer aktéieren.

Déi zweedeiteg Attitüd vun der NATO als vermeintleche Verfechter vu Wäerter wéi Demokratie a Mënscherechter, déi léisst sech jo och nach grad gutt um Beispill vun der Tierkei gesinn. Also, et brauch een net den Här Erdoğan ze hunn, fir Mënscherechter vu sengem eegene Vollek mat de Féiss ze trëppele respektiv vu senger kurdescher Bevëlkerung. Dat hate mer och scho virdrun. Net nëmmen ënnert de kemalistesche Militärdiktaturen, mä och ënnert den Zivillregierungen, déi kemalistesch geprägt waren, ob chrëschtdemokratesch oder sozialdemokratesch, déi och gefoltert an torturéiert hunn, vill Komerode vun eis am Prinzip jo och, an d'Kurden och.

Mä dat gouf ëmmer toleréiert am Kader vun der NATO. Den NATO-Partner Tierkei, dee konnt dat maachen, soulaang en e rouege Mippche war par rapport zu den US-amerikaneschen Interessen. A souwisou, Griichenland war och eng Militärdiktatur an hat kee Problem innerhalb vum NATO-Bündnis. Salazar-Portugal, déi faschistesch Diktatur, déi konnt och integréiert ginn am grousse Verfechter vun Demokratie a Mënscherechter, wat d'NATO a Wierklechkeet ass (veuillez lire: net ass).

Ech hat nach e bësse méi ze soen, mä ech mengen, Dir hutt och d'Flemm. Dofir wäert ech elo fäerdeg…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, neen, Här Wagner, pardon, mir hunn net d'Flemm, mä Är Riedzäit ass ofgelaf.

Une voix.- Jo.

(Hilarité)

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Mä dat eent schléisst dat anert net aus, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, mä Dir fuert och nom Prinzip „Angriff ist die beste Verteidigung".

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Op jidde Fall wollt ech nach ofschléissen, datt mir awer als déi Lénk hoffen, datt geschwënn den Här Jean-Luc Mélenchon President vu Frankräich gëtt, well dee géif dann dem Här Trump e Bréif schreiwen, fir ze soen, datt Frankräich austrëtt. A mir hoffen, datt och déi Lëtzebuerger Regierung sech wäert richteg dorunner inspiréieren.

Ech soen Iech Merci.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet d'Statssekretärin am Ministère fir bannenzeg a baussenzeg Sécherheet, d'Madamm Francine Closener.

Prise de position du Gouvernement

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à la Defense.*- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si wierklech frou, datt mer déi Diskussioun haut hei am Parlament kënne féieren iwwert d'Arméi, iwwert d'Defense an déi aktuell an och déi zukünfteg Erausfuerderung vun eiser Sécherheets- a Verdeedegungspolitik. Et ass eng Thematik, déi Iech heibannen an och vill aner Leit zu Recht interesséiert. Et ass jo och ganz normal an Zäiten, déi méi onsécher gi sinn a wou mer op nei an ënnerschiddlech Menacë musse gefaasst sinn an eis dogéint wappnen.

Vill Aspekter vun där Politik sinn hei schonn ugeschnidde ginn. Ech wäert och dorobber agoen. Ech wëll awer och no vir kucken an Iech tatsächlech en Aperçu gi vun de Lignes directrices vun der Defense, déi esou gutt wéi fäerdeg sinn. Et ass fir d'éischte Kéier iwwerhaapt, datt esou e politescht Dokument ausgeschafft gëtt, wat déi laangfristeg Orientatiounen an Objektiver vun der Defense festleet. De finalen Text kënnt den nächste Mount souwuel an de Regierungsrot wéi och an d'Chamberskommissioun. E soll virum Summer public gemaach ginn. An duerfir ass et gutt, datt mer haut och déi Debatt hei féieren, datt mer déi Iddien, déi vill konstruktiv Iddien, déi och haut zum Virschäi komm sinn hei am Parlament, kënne matafléisse loossen an dat finaalt Dokument.

An engems gëtt déi konkret Ëmsetzung vun deene Lignes directrices an engem Plan directeur de la Defense festgehalen, wou da ganz prezis drasteet, wéi eng Investissementer virgesi sinn, fir wéi ee Budget, wéi déi grouss Dossiere weidergefouert ginn. An dee Plan directeur gëtt regelméisseg aktualiséiert. En hëlleft bei der Planung a beim Suivi vun der Verdeedegungspolitik. Et gëtt also dat Dokument, fir Regierung a Chamber regelméisseg am Detail, transparent a strukturéiert iwwert d'Ëmsetzung vun der Defensepolitik ze informéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn zu Lëtzebuerg Wuelstand a Sécherheet gewinnt. Mä dowéinst si Wuelstand a Sécherheet nach laang keng Selbstverständlechkeet! A mir eleng kënne se net garantéieren. Fir eis Interessen effikass ze verdeedegen, ass eist Land nun eben emol op d'Zesummenaarbecht mat aneren ugewisen. An duerfir huet Lëtzebuerg sech jo och nom Zweete Weltkrich staark fir de Multilateralismus engagéiert, ass alle wichtegen internationalen Organisatioune bäigetrueden. An duerfir profitéiert Lëtzebuerg als Member vun EU an NATO vun der Sécherheet, déi duerch d'Solidaritéit ënnerenee geschafe gouf.

Mä Solidaritéit ass kee Sens unique. Och mir mussen eise Bäitrag leeschten a Responsabilitéit iwwerhuelen, wa mer op d'Solidaritéit vun deenen anere wëllen zielen. An dat maache mer, andeems eis Arméi net just deen nationalen Territoire verdeedegt, mä gemeinsam mat Truppe vun anere Membere vun der NATO an der EU och baussent eise Grenze fir eis Sécherheet suergt, op Fronten, déi eis direkt oder indirekt betreffen. Dat maache mer, andeem mer eis u gemeinsame Projete bedeelegen, un Investissementer, ouni déi eng gemeinsam Struktur net ka fonctionnéieren.

Dat musse mer maachen, dat maache mer an an engems behale mer den Interessi vun eiser Arméi am A a suergen, wou et nëmme geet, fir positiv Retombéeë fir Lëtzebuerg, sief dat ekonomescher oder awer och anerer Natur. Ech kommen drop zréck.

D'Zäite sinn also méi onsécher ginn, och an Europa, Dir wësst et. Mir gi mat neie Menacen a Gefore konfrontéiert, souwuel am Oste wéi am Süden, souwuel vu staatleche wéi och vun net staatlechen Akteuren, mat militäreschen an Terrorattacken, Cyber- an och Hybridattacken. Dat kollektiivt Sécherheetsëmfeld ass méi onberechenbar ginn. D'Welt verännert sech, d'Menacen evoluéieren, d'Technologien an d'Material entwéckele sech permanent weider. A mir kënnen do natierlech net einfach stoe bleiwen. Fir déi nei Erausfuerderunge brauche mer eng modern an effikass Arméi an Defense.

Op EU-Niveau ënnerstëtzt Lëtzebuerg duerfir den Defensepackage, deen am Dezember 2016 ofgeseent gouf. Déi lescht Woch goufen um EU-Sommet déi éischt konkret Resultater aktéiert. D'Defense vun der EU muss méi effikass, méi staark, méi kohärent mat der allgemenger EU-Politik ginn, speziell mat der Wirtschaftspolitik. Dat sinn d'Konditioune fir méi Autonomie. An déi rezent Decisiounen - Stéchwierder ebe PESCO, CARD oder MPCC - ginn an déi richteg Richtung.

D'Verdéiwung vun der europäescher Verdeedegungspolitik ass also amgaangen. An ech wëll hei ënnersträichen, datt d'EU-Länner net op den Här Trump gewaart hunn, fir sech besser ze koordinéieren, d'Defensebudgeten eropzesetzen an nei gemeinsam Projeten ze lancéieren. Scho virum Här Trump koum vun den USA d'Opfuerderung un Europa, fir méi ze maachen, fir manner vun den Amerikaner ofzehänken, méi ze maachen also, fir déi eege Sécherheet ze garantéieren. Och verschidden EU-Länner fuerderen dat.

An d'EU huet all Interêt, méi autonom ze sinn an hirer Sécherheetspolitik a muss duerfir och den néidege politesche Wëlle weisen a sech déi finanziell, capacitaire an operationell Moyene ginn. Dat si mer amgaangen ze maachen!

Den Här Trump erwaart sech vun den Europäer en „return on invest" fir de US-amerikaneschen Effort de Defense, dee bei iwwer 3,5% vum PIB läit. Den Drock, fir op 2% ze kommen, och zu Lëtzebuerg, gëtt also net méi kleng. Den Trend a puncto Effort de Defense geet no uewen.

Ech wëll awer och hei ganz kloer soen: Fir dës Regierung besteet d'Äntwert op d'Onsécherheet an d'Onstabilitéit, déi ëmmer méi zur Regel ginn, net eleng aus engem méi héije Verdeedegungsbudget. D'Politik vun den „3 D" - Diplomatie, Developpement an Defense - ass déi Politik, déi Lëtzebuerg vertrëtt an déi mer och an Zukunft wäerte vertrieden. D'Konflikter ze bekämpfen, dat ass wuel inevitabel. Mä vill méi wichteg ass et jo, derfir ze suergen, datt et iwwerhaapt net zu Konflikter kënnt. D'Preventioun bleift eng absolutt Prioritéit! An déi Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik dréit proportionell gesinn dozou esou vill bäi wéi net vill aner Länner op der Welt.

An och déi europäesch Sécherheetspolitik seet, datt d'Defense net deen eenzegen Outil ass, fir Sécherheet ze schafen. Allerdéngs ass d'Defense awer ee vun den Outilen, déi mer hunn, fir eis Sécherheet ze garantéieren. Dat heescht eben: An d'Defense muss och investéiert ginn.

Muss duerfir elo all EU-Land an den nächste siwe Joer säin Effort de Defense eropsetzen op 2% vum PIB? Léist dat all Problemer? Ass dat realistesch? Dozou kann een e puer Saache soen.

Éischtens, den Effort de Defense ass net déi eenzeg Miesslat fir Sécherheet. Solidaritéit dréckt sech net just a statisteschen Zuelen aus. Grad wéi aner europäesch Länner och, investéiert Lëtzebuerg schonn zanter Joren immens vill Moyenen an Antiterrorismusmoossnamen, an d'Police, an d'national Resilienz an, wéi gesot, an d'Entwécklungshëllef, awer och an den Accueil vu Flüchtlingen. Dat alles si grouss Depensen, déi alleguerten och der Stabilitéit an der globaler Sécherheet déngen. Dat soll, dat muss eis ugerechent ginn!

Et muss een och kucken, wat den Effort de Defense eigentlech beinhalt. Jo, Lëtzebuerg ass Leschten an der NATO, wa mer just dee Pourcentage vum PIB kucken, dee fir den Effort de Defense ass. Mä an der NATO sti mer awer och bei anere Kritäre ganz exzellent do, esou gutt wéi keen aneren! Néierens soss ass näämlech den Taux un Investissementer par rapport zum ganzen Defensebudget esou héich wéi zu Lëtzebuerg, bei iwwer 32%. D'Fuerderung un d'Staten ass déi, datt se wéinstens 20% vun hirem Effort de Defense fir Investitiounen an den Akaf vu Capacitéiten ausginn, déi d'NATO brauch. A Lëtzebuerg läit, wéi gesot, bei iwwer 30% a wäert och héich bleiwen.

Dat heescht, datt e groussen Deel vun de Sue fir utile Capacitéiten ausgi gëtt, déi eis hei am Land, an der EU an an der NATO feelen. Dat ass ebe bei Wäitem net fir all Land de Fall. An den USA läit de Pourcentage zum Beispill nëmme bei 25%, an der Belsch bei grad emol 2%.

Ausserdeem steet Lëtzebuerg och ganz gutt do beim Prozentsaz vu Militär, déi mer a Missioune schécken. An drëttens muss awer och d'Effikassitéit e Kritär sinn! Déi Lëtzebuerger Defense huet sech jo eben elo nei Strukture ginn, fir déi Hausse vum Effort de Defense effikass ze geréieren, wuelverstanen déi Hausse op 0,6%. A schonn eleng dat ass eng enorm Planifikatiounsaarbecht, fir datt déi Investissementer pertinent sinn, fir datt se nëtzlech sinn.

Misst Lëtzebuerg awer bis 2024 säin Effort de Defense verdräifachen, wier dat kaum bis guer net machbar a scho bal onverantwortlech. Eis Arméi ka guer net esou séier wuessen! Mä och hei ass Lëtzebuerg net eleng. Eng ganz Rei vu gréissere Länner soen eis méi oder manner däitlech, méi oder manner oft an de Kulissen, datt och fir si dat Zil vun 2% am Joer '24 net realistesch ass.

Nawell, an dat musse mer wëssen, wäert den Drock net ofhuelen. Enn Mee ass jo deen NATO-Sommet, wou d'Statscheffe sech mam Här Trump sollen ënnerhalen. Am Moment lafen ënnert den alliéierten an EU-Länner intensiv Konsultatiounen, un deene Lëtzebuerg natierlech deelhëlt, fir d'Positioune fir dee Sommet ze preparéieren.

Et ass also haut nach ze fréi, fir hei eng definitiv Annonce ze maachen iwwert de Lëtzebuerger Effort de Defense bis '24. Ech wëll awer betounen, datt Lëtzebuerg weiderhin zu den Engagementer vu Wales steet: den Trend no ënne vun den Defensebudgeten ze stoppen, den Effort de Defense ze erhéijen. Et ass net eng fest Obligatioun, fir op 2% am Joer '24 ze kommen. Par contre huet d'Lëtzebuerger Regierung sech fest engagéiert, fir eben national op 0,6% ze komme bis 2024.

Also nach eemol: Mir sinn eis bewosst, datt mer an Europa an och zu Lëtzebuerg an dëser Post-Brexit- a Post-Trump-Situatioun Efforte musse maachen am Sënn vun enger méi grousser Autonomie a puncto Sécherheet. Mä dat muss am Kader si vun enger realistescher Progressioun, déi mat alleguerten eise Partner ofgeschwat gëtt. An dat leeft.

Dann d'Fro: NATO, EU, EU-Arméi. Eng Stäerkung vun der europäescher Defense ass keng Duplikatioun vun der NATO. Dat ass en Nonsens, well egal ob Member vun der EU oder vun der NATO, jiddwereen huet ëmmer nëmmen eng eenzeg Verdeedegung an eng eenzeg Arméi a kann déi net einfach esou verduebelen. D'Verdéiwung vun der europäescher Verdeedegungspolitik kann d'NATO nëmme stäerken a vice versa.

D'Bierger géifen et kaum verstoen, wa mer als Äntwert op d'Sécherheetserausfuerderung eis Mëttel net besser géifen asetzen. Mir musse se onbedéngt op eng complementaire Aart a Weis ouni double Emploi notzen. A wa vun EU-Beméiungen am Beräich vun de Capacitéite rieds geet, kann et sech och nëmmen ëm déi handelen, déi souwuel an EU-Missioune wéi och an der NATO zum Asaz komme kënnen. Eng besser strukturéiert Planung an der EU an d'Kohärenz mat eisen Engagementer am Kader vun der NATO-Planung, der NDPP, soll dozou bäidroen.

Dat bréngt mech, wéi gesot, zum Sujet och vun enger EU-Arméi. Ëmmer erëm kënnt déi Fro jo op. Ob een derfir ass oder dergéint, hänkt eigentlech dovun of, wat een dorënner versteet. Wéi gesot, all Land huet jo just eng Arméi. Et geet also net drëm, op där enger Säit eng NATO-Arméi a parallell eng EU-Arméi opzesetzen. Et gëtt och keng NATO-Arméi als solch, och haut net! Wann d'NATO zum Beispill a Litauen deployéiert, wéi dat am Kader vun der „Enhanced Forward Presence" de Fall ass, da sinn et jo net eegen NATO-Truppen, déi dohinnerginn, mä eng Zesummesetzung vun Truppe vun NATO-Länner. Dat ass och bei EU-Operatiounen de Fall, bei de „Battlegroups". Mir gesinn also kee Bedarf an denken och net, datt et tel quel machbar wier, fir eng EU-Arméi opzestellen, déi als Ganzt misst geréiert ginn. Mir solle vill méi kucken, wat eis Ziler sinn, näämlech datt d'EU weider gemeinsam Operatioune féiert, wéi zum Beispill am Mali, an der RCA oder am Mëttelmier, datt eis Arméien duerfir och dat néidegt Equipement hunn, datt de politesche Wëllen do ass, fir dat ze maachen.

Mir sinn amgaangen, an all deenen Domäner d'EU-Defense ze stäerken, domadder d'EU-Armméien. Ech rappeléieren, datt d'militäresch Operatioune vun der EU just ausserhalb vum Territoire vun der EU kënne stattfannen. Um europäeschen Territoire mécht d'EU awer den zivillen Deel vun der europäescher Verdeedegung, wéi zum Beispill an der EUNAVFOR MED, déi eben eng zivill Operatioun ass mat militäresche Moyenen.

D'Stäerkung vun der NATO huet och e positiven Effet op d'Europäesch Unioun an op hir Capacitéiten, déi mer am Kader vun der NATO entwéckelen. Déi gi jo och national an am Kader vun der EU benotzt. Wéi wichteg déi transatlantesch Partnerschaft an d'Verdéiwung vun der Zesummenaarbecht tëscht der EU an der NATO sinn, beleeën déi gemeinsam Deklaratioune vu Warschau vum 8. Juli, d'Deklaratioun vun den NATO-Ausseministeren an d'Konklusioune vum EU-Conseil vum 6. Dezember d'lescht Joer. D'NATO huet also weiderhin eng zentral Roll fir Lëtzebuerg, well se an Europa verantwortlech ass fir déi kollektiv territorial Verdeedegung vun den Alliéierten.

Wat bezilt Lëtzebuerg dann elo un d'NATO? Bon, beim finanzielle Volet vun eiser NATO-Memberschaft, do musse mer ënnerscheeden tëscht engersäits der Contribution directe an der Contribution indirecte. D'Contribution directe, dat ass de sougenannten „common funded budget", an dee couvréiert d'Käschte vun deem, wat sämtleche Memberen zeguttkënnt, wéi zum Beispill „Command and Control" vun der NATO.

D'national Kontributioune ginn no engem Verdeelungsschlëssel, deen um RNB baséiert, gerechent an all Joer aktualiséiert. Am Fall vu Lëtzebuerg ass dee Schlëssel bei 0,15% vum Budget commun. Dat ass fir Lëtzebuerg e Montant vun 3,76 Milliounen Euro bei engem NATO-Gesamtbudget vun 2,3 Milliarden Euro. Dee Budget besteet aus engem Volet civil, haaptsächlech dat internationaalt Sekretariat, engem Volet militaire an dem NSIP („NATO Security Investment Programme"), deen déi gemeinsam benotzten Infrastrukturen innerhalb vun den alliéierte Länner couvréiert, zum Beispill d'Radaren.

D'Contribution indirecte par contre, déi ass natierlech vill méi héich a couvréiert sämtlech Käschten, déi Lëtzebuerg direkt dréit, wann eist Land fir d'NATO eppes mécht, dat heescht d'Paien, d'Material, d'Deployementer, d'Modernisatioun vum Charroi, d'Formatioun an esou weider fir eben NATO-Missioune wéi zum Beispill KFOR. D'Käschte fir d'NATO-Asätz belafe sech dëst Joer fir eis Auslandsmissiounen op 4.074.000 Euro. Dorënner ass d'VJTF, natierlech och d'„Enhanced Forward Presence", de Kosovo, d'KFOR, an an Afghanistan d'„Resolute-Support"-Missioun.

Wat elo méi spezifesch déi Fro ugeet vun der Modernisatioun vum Charroi, do sinn d'lescht Joer eng ganz Rei vun neien Acquisitioune gemaach ginn. Déi waren néideg, fir eis eben un deene Missiounen a Litauen ze bedeelegen. D'Chamber ass doriwwer jo informéiert ginn, datt Lëtzebuerg am Kader vun de Mesurë fir „Reinsurance" am Oste vun Europa un der „Very High Readiness Joint Task Force" an un der „Enhanced Forward Presence" a Litauen deelhëlt. Dat sinn Deployementer vun alliéierten Truppen, déi et duerch eng Rotatioun erlaben, datt eng permanent NATO-Präsenz an deenen éstleche Länner garantéiert ass, déi kéint reagéieren an och direkt an den Asaz goen am Fall vun enger Aggressioun.

Lëtzebuerg bedeelegt sech 2017 un der eFP an ab 2018 un der VJTF, all Kéiers a Litauen ënner däitschem Kommando. An dann ass et jo och nëmme selbstverständlech, datt d'Equipementer fir déi Asätz mussen op der Héicht sinn. Dat heescht, et muss genuch Material do sinn, et muss dat richtegt Material do sinn, fir eng ganz Kompanie ze deployéieren. Duerfir ass decidéiert ginn, bis 2018 eng ganz Rei vun Equipementer ze kafen, adaptéiert Wanterkleedung notamment, fir a Litauen ze goen, 15 gepanzert Ween - Unimoggen, fir d'Experten ënner Iech -, Radioen, Waffen. Vun 2016 bis 2018 hu mer an deem Kontext e Gesamtmontant vu 45 Milliounen Euro virgesinn, fir datt de Charroi modern ass, adaptabel an interoperabel bleift a virun allem eisen Truppen, eise Leit dohanne Sécherheet garantéiert. D'Sécherheet vun eise Leit a sämtleche Missiounen ass déi alleréischt Prioritéit, dat versteet sech vum selwen!

D'Fro vun de Jeepen: Neen, mir kafe se net. Eis Hummeren, déi decken de Moment eise Besoin of. A wat och déi Equipementer ugeet am Kontext „soldat du futur", mir hunn deen Equipement nach net, well mer dat ebe mat der Belsch a mat den Hollänner wëllen zesumme maachen, an dat ass nach net definitiv ofgeschloss.

Wéi gesot, an eiser Peripherie ass e Bou vun Onsécherheet an Onstabilitéit entstanen, deen eis virun nei Defie stellt. Mir gesi véier Kategorië vun Erausfuerderungen: éischtens, de Kampf géint den Terrorismus, deen och zwee Voleten huet, en nationalen an en internationalen.

Deen nationale Volet: Dir kennt den „Vigilnat", den nationale Plang, dee bei enger Terrorattack géint Lëtzebuerg aktivéiert gëtt. Den „Vigilnat" gouf ënnert der Leedung vum HCPN ausgeschafft an definéiert déi verschidden Tâchen, déi déi staatlech Organer, d'Verwaltungen an d'Servicer am Kader vun der Terrorismusbekämpfung op eisem Territoire erfëlle mussen.

Hei am Land ass d'Arméi net fir de Kampf géint den Terrorismus zoustänneg, si ass eng Capacité d'appui. Si huet am Kader vum „Vigilnat" prezis Aufgaben a Verflichtungen, déi se erfëlle muss, déi se erfëlle wäert, sou wéi d'Arméi dat och wärend dem Exercice den 23. Januar gewisen huet. Do gouf jo eng Terrorattack simuléiert.

Am Fall vun esou enger Alerte muss d'Arméi also eng gewëssen Zuel u Militär zur Verfügung stellen. An d'Arméi huet dat och esou geplangt, datt se zu all Moment capabel ass, fir dat ze maachen, fir déi Leit zur Verfügung ze stellen - a wann néideg och nach méi. An dat ass de Fall! Well mir wësse jo och, eng Rei vun eise Leit waren de leschte Summer an Auslandsmissiounen, an déi séier Hëllef, déi am Iernzdall konnt geleescht gi bei den Iwwerschwemmungen, weist jo awer, datt d'Zaldoten ëmmer prett si fir en nationalen Asaz.

Am Kader vum „Vigilnat" schaffen Defense a Police schonn zesummen, awer och schafft d'Arméi zesumme mat der Douane, mat der Santé, alles ënnert der Obhut vum HCPN. D'Arméi trainéiert och ganz konkret an deem Kader mat der Police.

Et gëtt awer och an anere Kaderen eng Zesummenaarbecht mat anere Verwaltungen. D'Arméi an d'Direction de la Defense sinn alle béid och Member vum Conseil supérieur de la protection nationale. Da siegéiert d'Defense och am „Cyberboard" an d'Arméi an d'Direction de la Defense treffe sech och regelméisseg mat der Direction politique vum Ausseministère a mat den internationale Representatiounen bei EU a NATO, fir ebe verdeedegungspolitesch Froen ze beschwätzen, awer och fir Kohärenz ze schafen.

Wat dann den internationale Volet ugeet vum Kampf géint den Terrorismus: D'NATO huet d'Terrorismusbekämpfung als solch net an hirem Mandat. Dat ass net eng Tâche fir Defense oder Militär, mä d'Verantwortung vun all eenzelnem Stat. NATO an EU leeden awer Operatiounen, fir géint Krisen ze kämpfen, déi duerch Terrorismus bedéngt sinn, un deene Lëtzebuerg natierlech och deelhëlt. Beispill: „Training Mission" am Mali, „Resolute Support" an Afghanistan, awer och déi finanziell Kontributiounen, déi mer leeschten, an d'Programmer, fir méi moderéiert Länner ze ënnerstëtzen. Tunesien oder Jordanien, dat kennt Der.

Egal ob et sech elo ëm EU- oder NATO-Missiounen handelt, si sollen ëmmer am Kader si vun enger globaler Sécherheetspolitik, ebe Stéchwuert 3 D, an och zur Stabilisatioun bäidroen.

Lëtzebuerg hëlt och deel un den EU-„Battlegroups", déi och fir d'EU „on call" sinn, falls eng Kris géif ausbriechen. Déi nächste Kéier, wou d'Lëtzebuerger Arméi beim „Battlegroup" matmécht ass iwwregens 2018. Wéi gesot, d'Terrorismusbekämpfung: éischt grouss Erausfuerderung.

Déi zweet ass d'Defense collective, also déi gemeinsam Verdeedegung am Sënn vum Artikel 5 vum NATO-Vertrag als Dissuasiounsmëttel virun Attacken op den Territoire vun den Alliéierten. Den Artikel 5 ass zwar wuel net declenchéiert ginn, mä d'NATO muss awer zu all Moment esou opgestallt sinn, datt se direkt ka reagéieren, falls eng Aggressioun kéim. D'Reassurance an d'Dissuasioun am Oste sinn an deem Kontext ze gesinn a ginn, wéi gesot, illustréiert duerch d'VJTF a vun dësem Joer un och vun der eFP, wat eben deemno en Emdenken an och eng Emorganisatioun bei der Arméi mat sech bréngt, déi an deem Sënn muss plangen an hir Truppen opstellen.

Drëtten Defi: d'Stabilisatioun post-conflit. Et geet drëm, de Partner am Süden awer och am Mëttleren Orient zur Säit ze stoen an hiren Efforten, fir hiert Land an hir Regioun mat eegene Mëttel erëm ze stabiliséieren, den Neesopbau ze erméiglechen. Dozou gehéiere Formatiounen, Infrastrukturen, Equipementer. Ouni dat kéinten déi wierklech dacks ganz haart erkämpfte Fortschrëtter iwwerhaapt net oprechterhale ginn. A fir déi Mesure gëtt et souwuel op Niveau vun der EU wéi och der NATO Konzepter, vun deene mir fervent Supporter sinn a se och finanziell ënnerstëtzen.

An dann déi véiert Erausfuerderung - dovunner hu mer de Mëtten och scho vill héieren -: Cyber- an Hybridmenacen. Och am Domän Cyber steet d'Defense awer net un éischter Rei. Et gëtt eng national Cyberstrategie, an d'Arméi, déi zwee Cyberexperten agestallt huet, këmmert sech eben ëm dee Volet Defense vun där Strategie. Dat heescht, dass och d'Arméi muss hir Reseaue viru Cyberattacke schützen. D'Defense suivéiert och déi Dossieren an deenen internationale Gremien.

Eis Cyber Defence ass awer, an dat ass, mengen ech, ganz wichteg, passiv. Dat heescht, mir stellen eis net op, fir cyberméisseg unzegräifen, mä mir mussen awer an der Lag sinn, Ugréffer ofzewieren.

Cyber ass een Domän, deen ëmmer méi wichteg gëtt. Dat sinn d'Konflikter vun der Zukunft. A grad fir Lëtzebuerg si Cyber- an Hybridattacke geféierlech, well eis Ekonomie zu engem ganz groussen Deel op ICT, Kommunikatioun, Datebanken a Satellitte berout. Esou Menacë sinn transversal, an duerfir muss d'Arméi sech nei Profiller ginn an nei Capacitéiten entwéckelen. Dat ass inevitabel.

Dann, wat d'Participatioun un Auslandsmissiounen ugeet, op déi ech nach kuerz wëll agoen: Mir huelen och an Zukunft dorunner deel. Et ass wichteg, dass Lëtzebuerg net just ee Land ass, wat Suen huet a Saache keeft, mä dass et seng Solidaritéit och mat enger physescher Präsenz vun eisem Militär am Ausland ënner Beweis stellt. An der Planung kuckt d'Arméi awer och an engems, datt Auslandsmissiounen ëmmer am Equiliber bleiwe mat der Missioun heiheem.

Natierlech kéint Lëtzebuerg wéi all aner Land op der Welt bei engem gréisseren Tëschefall kuerzzäiteg iwwerfuerdert sinn. Dat war jo och de Fall a Frankräich nom 11. November 2015. An duerfir huet Paräis jo och den Artikel 42 (7) vum Lissabon-Vertrag invoquéiert, fir Hëllef vun den EU-Memberstaten ze kréien. An ob dat e grousst Land ass oder e klengt, jiddweree kann emol op d'Solidaritéit vu senge Partner ugewise sinn. An esou engem Fall ass et da wierklech net auszeschléissen, datt eis Truppen aus dem Ausland op Lëtzebuerg zréckgeruff ginn.

Am Moment ass Lëtzebuerg op enger ganzer Rei vu Plazen engagéiert: am Mali mat zwee Leit, am Kosovo mat 23 Militär, an Afghanistan ass een Demineur, an a Litauen waren elo grad véier Militärexperten dohannen, fir der multinationaler Brigad ze hëllefen, d'Satellittentechnik opzeriichten. An am zweete Semester ginn dann 22 Militär a Litauen; dat ass en Transportpeloton. An dann ass et jo och esou, dass mer am Mëttelmier en Observatiounsfliger stellen am PPP mat enger privater Firma, fir eben d'Flüchtlingsstréim ze observéieren. Opgrond dovunner si schonn Dausende vu Leit gerett ginn.

D'EFP ass och e gutt Beispill derfir - an ech hunn et scho gesot -, datt eis Auslandsmissioune sech änneren. An de leschte Jore louch den Akzent op den OMPen: Opérations de maintien de la paix. Elo allerdéngs steet, wéi gesot, erëm d'Defense collective am Vierdergrond als Äntwert op d'Instabilitéit am Osten an am Süden.

Déi Deployementer a Litauen, dat sinn net einfach Exercicer. Si sinn eng operationell „advanced presence". Dat heescht, déi Truppen, déi do sinn, mussen an alleréischter Linn reagéieren, wann et zu engem Virfall kéim. An d'Regierung freet dowéinst och ëmmer explizitt fir déi Asätz den Aval vum Regierungsrot a vun der Chamberskommissioun. Mir sinn och amgaangen, déi Revisioun vum OMPs-Gesetz ze finaliséieren. Et geet jo drëm, fir dat Konzept ebe vun deenen Auslandsmissioune méi breet ze definéieren, fir eben deen neien Typ vun Deployementer mat ze couvréieren.

Mir wäerten och der Chamber proposéieren, fir déi Prozedur méi einfach, méi kuerz ze maachen. De Projet de loi gëtt an den nächste Méint deposéiert. En ass scho laang fäerdeg. Am Dezember hu mir eigentlech eis Aarbechten ofgeschloss. Du koumen awer nach statutaresch Revendicatiounen derbäi vun de Gewerkschaften, deene mer wollte Rechnung droen. An elo waarde mer nach op den Avis vun der Fonction publique. An dann hoffe mer, dass mer ganz geschwë kënnen domadder heihinner kommen.

Wéinst där néideger Reorientéierung vun eisen Deployementer, hu mer dann awer och decidéiert, eis Bedeelegung un der KFOR-Missioun am Kosovo am Oktober zu Enn ze bréngen, no 17 Joer Präsenz an 52 Kontingenten. Mir hanerloossen am Kosovo eng besser Situatioun wéi déi, déi mer 2001 fonnt hunn. Lëtzebuerg verschwënnt awer net ganz aus dem Kosovo, well eis Entwécklungshëllef geet intensiv weider. An d'Defense kuckt och, wéi se der KFOR an dem Kosovo weiderhi finanziell kann hëllefen. Ech proposéieren, fir doriwwer an den nächste Wochen eng Kéier e Bilan ze maachen, e Bilan ze zéien an der Chamberskommissioun vun eisem Asaz am Kosovo.

Da goufen de Mëtten eng ganz Rei vu Froe gestallt iwwert d'Organisatioun vun der Arméi, hir Entwécklung, hir Personalpolitik. A wéinst deenen Defien, déi mer opgezielt hunn, huet déi intern Entwécklung vun Arméi an Defense effektiv eng kruzial Bedeitung.

Dir wësst, datt am September en neien Organigramm fir d'Defense ugeholl ginn ass. Domadder ass d'Restrukturéierung vun der Arméi, déi zënter 2007 jo amgaangen ass, ofgeschloss. Et geet drëm, datt d'Arméi den aktuellen an neien Aufgaben a Missioune ka gerecht ginn, datt et eng besser Koordinatioun gëtt tëscht dem Politeschen an dem Militäreschen, andeems d'Direction de la Defense an d'Arméi permanent Strukturen opbauen, fir den Dialog an d'Prise de décision ze verbesseren.

An déi Synergie gëtt dann nach emol richteg besser, wann effektiv och een Deel vum État-major mat der Direction de la Defense och physesch ënner engem Daach zesummesëtzt. Firwat ass dat nach net geschitt? Ma well mer déi organisationell Neiopstellung gebraucht hunn, den Organigramm also gebraucht hunn, fir ze wëssen, wéi eng Leit da mat wéi engen aneren, mat wéi enge Fonctioune Kolocatairë ginn. Am Moment siche mer nach no engem adequate Gebai, wat genuch Plaz huet fir all déi Leit a wat awer och de Sécherheetsnormen entsprécht, déi d'Defense brauch. Dat ass awer och an der Planung.

Deen neien Organigramm gesäit jo dann och vir, datt den État-major reorganiséiert gëtt, fir datt d'Arméi nach méi effikass fonctionnéiert, eben och am Sënn vum Rapport Fischbach. Deen Deel vum État-major, dee sech ëm déi strategesch Dossiere këmmert wéi Planifikatioun, déi international Relatiounen, de Contrôle, deen Deel kënnt also op déi gemeinsam Adress mat der Direktioun vun der Defense. An deen aneren Deel vum Etat-major geet op den Härebierg, fir mat deem operationellen Deel eben zesummenzeschaffen an Doublicatiounen ze verhënneren.

Une voix.- Très bien!

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à la Defense.*- Déi nei Strukturen, déi setzen dann och déi Lignes directrices vun der Defense ëm.

Eent muss een awer do derbäi ganz kloer soen: Een Organigramm ass, fir unzefänken, ee Bild. E muss ëmgesat a mat Liewe gefëllt ginn. Den Organigramm stellt een Zil duer. Eng Zilorganisatioun, op déi mer mussen histeieren. Momentan huet d'Arméi nach net genuch Leit, fir all déi Posten ze besetzen, déi deen Organigramm virgesäit; wéi gesot, wat en Zil ass.

Ab September fänkt Arméi un, op Basis vum neien Organigramm ze schaffen. Parallell musse mer rekrutéieren, reorganiséieren. Do besteet absolutt guer keen Zweifel drun.

Mir hunn och elo déi zweet Phas vun der Consultance ugefaangen, déi eis ebe soll hëllefen, deen neien Organigramm um prakteschen Niveau ëmzesetzen, kloer Definitioun vun Tâchen a Prozeduren, Moderniséierung vun der Informatik, Definitioun vun enger globaler Stratégie de recrutement, déi eis weist, wéi vill Leit mer brauchen, mat wéi enge Profiller, op wéi enger Plaz an och, op wéi eng Manéier se kënne rekrutéiert ginn.

Bis Enn 2017 ass déi Stratégie de recrutement fäerdeg mat engem konkrete Plang, fir kuerz-, mëttel- a laangfristeg an der Arméi ze rekrutéieren. Wuel gouf scho villes gemaach an ech si frou, dass Der och de Bureau d'information ënnerstëtzt, och d'COPRAL-Coursë loosse sech ganz gutt un. Dat ass gutt a wichteg, well dee soziale Rôle vun der Arméi eng Prioritéit bleift.

Mä d'Arméi brauch awer net nëmmen déi Fräiwëlleg. Si brauch och Beruffszaldoten, fir d'Soldats volontaires ze encadréieren. Se brauch Leit fir den État-major, fir d'Capacitéiten ze geréieren. An anere Wierder: Mir mussen an all eenzel Carrière rekrutéieren. An duerfir musse mer elo nei Weeër goen. Mir wëllen d'Arméi nach méi attraktiv maachen duerch nei Carrièren, nei Beruffer, méi Beruffsperspektiven, fir dass ëmmer méi Jonker Loscht kréien, an d'Arméi ze kommen an och do ze bleiwen.

Mir hunn eng ganz Partie Iddien haut de Mëtten hei héieren. Mir wäerten eis awer och un innovative Modeller am Ausland inspiréieren. Mir mussen och iwwerleeën, wou Netlëtzebuerger kënnen agesat ginn. Mir mussen eis Kommunikatioun iwwerdenken. An et ass ganz richteg, dass mer e gudde Strapp méi mussen op déi sozial Medie setzen. An och Aspekter wéi den Equiliber tëscht Beruff a Famill si keen Tabu, am Géigendeel. Mir wëllen effektiv méi Fraen encouragéieren, de Wee an d'Arméi anzeschloen. An der Direction de la Defense melle sech ganz vill Fraen op vakant Posten. An duerfir ass et natierlech och sënnvoll, dass mer dat och an der Arméi förderen.

Et gëtt awer och nach eng aner interessant Pist. Leit, déi an der Arméi ausgebilt ginn, an duerno zréck an dat zivillt Liewe ginn, hu Kompetenzen, déi och duerno kënne fir d'Defense genotzt ginn. Ëmgedréit: Et gëtt um zivillen Aarbechtsmaart Leit mat Kompetenzen, déi och kënne militäresch interessant an nëtzlech sinn, zum Beispill Dokteren, Infirmieren, Techniker an esou weider. Mir denken drun, eng Zort Service de disponibilité national ze grënnen; also ee Pool vu Leit aus der Zivillgesellschaft, op déi een am Fall vun enger Kris kéint zréckgräifen, déi der Arméi kéinten zur Hëllef kommen. Nach gëtt et kee prezise Modell oder Modalitéiten. Et ass, wéi gesot, eng Pist, déi awer ganz interessant schéngt an déi mer wëlle studéieren.

Ee Wuert nach zu den Debouchéen. Et ass natierlech wichteg, dass mer d'Arméi attraktiv halen. An dat geet eben och iwwert d'Debouchéen. Ech muss awer och nach eng Kéier rappeléieren: Am Moment a schonn zimlech laang läit den Taux de reconversion tëscht 90 a 95%. Dat heescht, quasi jiddwereen, deen als Soldat volontaire an der Arméi war, kritt herno no engem Joer oder méi eng Aarbechtsrekonversioun, eng Aarbechtsplaz.

Den Droit d'exclusivité gouf ofgeschaaft vun der Fonction publique, well d'Verwaltungen direkt zum Deel wëlle rekrutéieren. Duerfir hu mer eben och nach méi Efforte gemaach an der Rekonversioun. Mir hu Partenariater gemaach mat Verwaltungen, fir geziilt op hir Besoinen anzegoen, fir geziilt Zaldoten ze fannen, zum Beispill ebe mat der ASS, mat dem Centre de rétention, oder och nach, fir Huissieren anzestellen.

Jiddefalls wëlle mer, wéi gesot, um Enn vum Joer e kloert Bild hunn iwwert dee ganze Rekrutement. Mir ginn awer scho virdrun an den nächste Méint an de Regierungsrot mat deenen éischte Rekrutementer, déi mer direkt musse maachen. Mä et ass awer och net eleng d'Arméi, déi dat richtegt Personal brauch.

Eis Defense politique gëtt jo am Numm vum Minister a vun der Statssekretärin an der Direktioun gemaach, an der Direction de la Defense. D'Planifikatioun an d'Gestioun vun deene wierklech groussen Investissementsprogrammer gëtt do geleet. D'Projete ginn ëmmer méi komplex. Si ginn technesch ëmmer méi anspruchsvoll. D'Direktioun huet schonn ugefaangen, méi spezialiséiert Personal anzestellen, mä mir stellen eis awer d'Fro, ob et net Sënn géif maachen, eng Agence nationale de l'investissement capacitaire ze grënnen, also eng Agence e wéineg nom Modell vu Lux-Development, déi ënnert der Leedung vun der Direction de la Defense géif Spezialisten a Projectmanager astellen, fir déi grouss Programmer ze entwéckelen.

Parallell schaffe mer awer och un der Adaptatioun vun de legislativen a reglementareschen Texter, inklusiv fir se un déi nei Virgabe vum Beamtegesetz ze adaptéieren. Dat gëtt an aller Transparenz am Kader vun enger regelméisseger Quadripartite tëscht Direction de la Defense, État-major a Syndikater negociéiert.

D'Haaptdossiere sinn d'Loi organisation militaire. Mir adaptéieren dat Gesetz un déi nei Gegebenheete vum Fonctionnairesstatut, preziséiere verschidde Punkten, déi en ligne si mat der Defense vun der Zukunft. An dat Gesetz gëtt dëst Joer deposéiert.

D'OMP-Gesetz, hunn ech scho gesot, do si mer fäerdeg. Mir waarden nach op en Avis. Da gëtt dat direkt deposéiert. Mir schaffen och un engem modernen Disziplinargesetz. Dat kënnt, mä mir hunn eben dem Kadergesetz Prioritéit ginn. Awer dat kënnt och.

Mir hunn zesumme mat de Gewerkschaften an dem État-major un enger Erneierung vum Statut vun de Soldats volontaires geschafft. D'Negociatioune sinn ofgeschloss. Den Text geet deemnächst an de Regierungsrot.

Mir hunn e Régime de travail vun der Militärmusek ausgeschafft. Och dat war e wichtege Punkt, deen huet misse gekläert ginn. An och dat läit am Moment beim Statsrot.

Dann hu mer de Statut vun den Offizéier adaptéiert, fir den neie Profiller, déi gesicht ginn, gerecht ze ginn. Och dat läit beim Statsrot.

An dernieft wäerte mer nach d'Reglementer iwwert d'Remuneratioun vun de Volontairen op de Leescht huelen, an dobäi wéi ëmmer mat der Arméi an de Gewerkschaften enk zesummeschaffen.

A mir schaffen och drun, an dat ass jo och ugeklongen, fir de Militärdéngscht fir déi Fräiwëlleg ze verlängeren, och d'Rekonversioun. Et muss een do awer oppassen, datt een net ze vill ee laange Service decidéiert, well dat ass och net am Sënn vun enger attraktiver Arméi oder vun enger méi attraktiver Arméi. Also, do gëtt et schonn e Spagat ze maachen, mä do si mer amgaangen, dat ze finaliséieren.

An da gi jo d'Infrastrukture vun der Arméi verbessert. Eis Kasäre sinn al. An et ass nëmme richteg, datt eise Militär uerdentlech Infrastrukturen zur Verfügung kritt, fir ze schaffen, fir ze trainéieren. Effektiv wäerten déi ganz Renovatiounsaarbechten eiser lokaler Ekonomie zeguttkommen. Et ass e grousse Chantier fir eis Handwierksbetriber. Wat déi Aarbechten do ugeet, huet d'Arméi hir Besoinen definéiert. An dat baulecht Ëmsetze vun deem ganze Plan de rénovation gëtt jo vum MDDI gemaach.

Dir Dammen an Dir Hären, mir brauchen also eng Defense a mir brauchen eng Arméi. Wéinst dem Effort de Defense, dee substanziell eropgeet, musse mer eis iwwerleeën, wéi a wou mer déi Sue sënnvoll ausginn. Menacen evoluéieren, Technologien evoluéieren, eist Land evoluéiert. Wann eis Defense an eis Arméi solle pertinent bleiwen, da mussen och si sech entwéckelen.

An de Moment ass dee richtegen, fir iwwert d'Entwécklung vun eiser Defense politique a vun eiser Arméi nozedenken. Mir kënnen déi Suen natierlech einfach a grouss international Programmer erabezuelen, wéi dat an der Vergaangenheet dacks gemaach ginn ass a wou et net onbedéngt e Lien gouf mat Lëtzebuerg, oder mer kënnen déi Suen hei zu Lëtzebuerg investéieren a Programmer, a Projeten, déi effektiv eppes mat eisem Land ze dinn hunn, an engems awer och mat der Iwwerleeung, datt awer och eis Arméi eppes dovunner huet, datt se ka Kompetenzen opbauen, datt se ka wuessen, an durabel Synergië mam Privatsecteur agoen. An duerfir brauche mer déi néideg Strukturen, fir dat effikass ze maachen.

An deem Kader ginn et am Fong eng Rei Prinzipien, déi eis wichteg sinn.

Éischtens, wéi gesot, mir wëllen esou eisen Effort de Defense investéieren, datt en utile ass am Kader vun EU an NATO, eiser Arméi zeguttkënnt, an eben och positiv Retombéeë fir eist Land huet.

Zweetens sollen Defense an Arméi eisem Land gläichen, d'Valeure vun eisem Land vertrieden. Also Zouverlässegkeet, Dynamik an Oppenheet sinn déi grouss Valeure vun eisem Land. An engems soll se awer och op der Héicht sinn, wat Technologien, Innovatioun a Kommunikatioun ugeet.

An dann drëttens: Den Typ vum Equipement, an dee mer wëllen investéieren, brauch nei Kompetenzen. Mir brauche méi Leit, dat stëmmt, mä mir brauchen awer och aner Profiller.

Véiertens, de Rôle social vun der Arméi ass a bleift eng Prioritéit fir eist Land a muss preservéiert a virun allem och developpéiert ginn.

Alles schéin a gutt. Wat heescht dat elo konkret? Als Alleréischt suerge mer derfir, datt all Zaldot, all Militär fir säin Alldag a seng Asätz dat néidegt Basismaterial huet. An ech weess, datt de SPAL, op deem säin Avis ech ganz vill Wäert leeën, en Tour gedréit huet duerch d'Fraktiounen, obwuel mer jo an der Quadripartite alles beschwat hunn a weider eigentlech och keng Reklamatioune komm sinn. Mir sinn eigentlech souversiichtlech, datt jiddwereen dat huet oder kritt, wat e brauch.

D'Gewierer sinn effektiv schonn 20 Joer all, mä se gi regelméisseg getest, se bleiwe prezis, zouverlässeg. D'Gilets pare-balles entspriechen den aktuellen Normen, absolutt. An och d'Nuechtsiichtgeräter gi vun der NSPA inspizéiert an als konform erkläert.

Wéi gesot, et ass eis wichteg, et ass immens wichteg, datt d'Basismaterial klappt, datt eis Leit gutt equipéiert sinn. A mir wäerten alles derfir maachen, datt dat och esou ass.

Mir hunn och esou geplangt, datt d'Arméi an d'Defense déi néideg Moyenen hunn, fir d'Engagementer ze honoréieren, déi mer scho geholl hunn am Kader vun der NATO. Mir mussen awer elo méi wäit kucken. An duerfir definéiere mer an de Lignes directrices eng Evolutioun bis 2025 an doriwwer eraus.

Mir wëllen an der Arméi deen traditionelle Rôle vun der Reconnaissance ausbauen a konsequent op nei Technologië goen, doranner investéieren. Dësen traditionelle Rôle vun der militäreschen Opklärung gëtt haut definéiert als den ISR-Beräich. ISR steet fir „Intelligence", „Surveillance" an „Reconnaissance".

An anere Wierder ass dat d'Missioun, fir Informatiounen ze sammelen iwwert d'Ëmfeld, an deem eng Trupp am Asaz ass. Déi Informatioune betreffen d'Geforen an deem Ëmfeld. Et ass also eng Missioun, déi den Zaldot schützt.

Déi Technologie, ëm déi et hei notamment geet, ass déi vun den Dronen. Fréier ass mat der Spektiv gekuckt ginn. Haut gëtt mat der Dron gekuckt. D'Missioun ass déiselwecht, d'Technologie huet evoluéiert. Drone ginn zum Beispill agesat iwwert dem Mëttelmier, fir Flüchtlingsstréim a Schlepperbanden ze iwwerwaachen. Drone sinn agesat ginn iwwert dem Fluchhafe vu Kabul, wou Lëtzebuerger Zaldote stationéiert waren, fir eben dee ganze Perimeter vum Fluchhafen ze iwwerwaachen am Sënn vun der Protektioun vun den Zaldoten.

Iwwert deen Asaz vun den Drone gëtt kontrovers diskutéiert. Duerfir wëll ech och direkt ganz däitlech nach emol betounen, datt dës Regierung Dronen nëmmen an exklusiv fir d'Iwwerwaachung, fir d'Observatioun wäert asetzen. Déi Dronen, déi mer kafen, sinn also keng bewaffnet Dronen. Si gi benotzt, fir Informatiounen ze sammelen iwwer eng bestëmmte Situatioun an engem internationale Kader an also strikt ënner nationalem Recht.

Ech wëll awer och betounen, datt déi technologesch Entwécklung, déi mer mussen agoen, déi sougenannte Capacité de soutien net a Fro stellt, déi d'Arméi zur Verfügung stellt. Waasseropbereedung, Deminage, Dekontaminatioun: Och dat wäert weiderhin esou gemaach ginn, wéi mer dat haut maachen; eventuell souguer nach e bësse méi.

Déi zweet grouss Entwécklung concernéiert effektiv d'Composante aérienne vun der Arméi. Déi gëtt ausgebaut, an zwar an de Beräicher Transport, Évacuation médicale an Observatioun. D'Composante aérienne vun der Arméi gëtt et scho laang, zanter dem Gesetz vun 2007. Si limitéiert sech jo haut awer haaptsächlech op den A400M, dee mer nach net hunn. Dobäi gëtt et jo awer zu Lëtzebuerg ganz vill Know-how, vill Savoir-faire an deem Beräich. Stéchwuert Cargolux, fir nëmmen déi ze nennen.

Duerfir mécht et och Sënn, datt d'Arméi sech an deem Domän weiderentwéckelt. Mir ginn eng Etüd an Optrag, fir ee Gesamtkonzept auszeschaffen. Doranner gesi mer zum Beispill een Helikopterprogramm vir, virun allem fir Évacuations médicales ze maachen. Dorobber ginn ech elo gläich nach an. An deem Kontext denke mer och un e Partenariat tëscht Stat a Privatsecteur, fir ënnert der Leedung vum Stat eng Capacitéit vun Observation aérienne opzebauen. Dës Capacitéite kéinten zum Beispill och an engem maritime Kontext agesat ginn, well mer jo zu Lëtzebuerg och ee Pavillon maritime hunn, dee muss protegéiert ginn.

Dat Ganzt, also déi nei Demarchen am Beräich Composante aérienne, gëtt ee Konzept mat ganz ville Facetten. Mir kënnen d'Projeten eleng maachen oder mat Partner. Mir denken un d'Formatioun vu méi militäreschem Fluchpersonal. Mir envisagéieren eng physesch militäresch Präsenz um Findel, wou de Stationnement an d'Maintenance kënne gemaach ginn a wou sech Opportunitéite bidden, fir mat Lëtzebuerger Akteuren zesummenzeschaffen, zum Beispill mam Findel, mat enger Air Rescue, mat enger Luxaviation, mat der Cargolux, der SES oder aneren.

Een aneren ambitiéise Projet ass dee vun der Médecine militaire. All militäresche Kontingent, deen an den Asaz geet, soll vun enger medezinnescher Equipp begleet an ënnerstëtzt ginn. An an deem Beräich ginn et ganz, ganz grouss Besoinen, souwuel bei der NATO wéi och bei der EU.

Duerfir entwéckele mer elo e Programm, vun deem souwuel eist Militär wéi och d'NATO profitéiert, mä awer och déi ganz Lëtzebuerger Populatioun. Dat Personal an dat Material, an dat mer investéieren, kënnt dem ganze Land zegutt. Dee Projet, deen deemno eigentlech vill méi wäit gräift wéi e Militärspidol, dee Projet huet dräi Pilieren:

Éischtens, Chirurgie traumatique. Mir setzen eng Equipp vun Dokteren a medezinneschem Personal op d'Been, déi no spezifesche militäresche Kritäre forméiert sinn an déi am Kader vun der NATO oder vun der EU dann op den Terrain ginn an an den Asaz kënne geschéckt ginn. Déi Zäit, wou déi Equipp keng militäresch Obligatiounen huet, schafft se hei zu Lëtzebuerg an engem vun eise Spideeler, entweder fir alldeeglech Tâchen ze maachen oder och am Fall vun enger Kris. Esou si méi Dokteren, méi Infirmièren, héich spezialiséiert Experte fir Lëtzebuerger Patienten disponibel.

Deen zweete Pilier sinn déi ustiechend Krankheeten. Nom selwechte Modell gëtt eng Equipp op d'Bee gesat, déi kann an den Asaz geschéckt ginn, mä och hei zu Lëtzebuerg wäert schaffen, ënner anerem mat nationale Partner wéi zum Beispill dem Laboratoire national de santé oder och aneren. Wann eemol eng weltwäit Epidemie wéi déi vun Ebola géif ausbriechen, dann hätte mer hei zu Lëtzebuerg zousätzlech Kompetenzen, fir dorobber ze reagéieren.

An dann deen drëtte Pilier: ee Centre médical de crise de la Defense. Mir wëllen zousätzlech Spidolsbetter zur Verfügung stelle fir blesséiert Militär oder am Fall vun enger nationaler Kris. Déi zousätzlech Capacitéite sinn e militäresche Complément zum nationale Kriseplang. An an deem Centre de crise kann och generell dat medezinnescht Personal fir den Eeschtfall forméiert ginn.

D'Konzept steet an ass ofgeschwat mam Santésministère, geet geschwënn an de Regierungsrot. Duerno fänkt dann eng ganz prezis Planung un, wou mer d'Modalitéiten definéieren: Wéi vill Leit brauche mer? Wéi rekrutéiere mer se? A wéi enge Spideeler gi wéi eng Aktivitéite gemaach? Mat wéi engen aneren nationalen Akteure kënne mer zesummeschaffen?

Wa mer e Schratt méi wäit sinn, gëtt d'Chamber selbstverständlech informéiert. Et ass e ganz flott Konzept, un dat ech gleewen an dat och scho mat ganz villen Akteuren ugeschwat ginn ass, notamment eben och mat de Spideeler. Ech denken, datt dat eis kéint gutt zu Gesiicht stoen.

Nieft dem Ausbau an der Moderniséierung vun der Arméi, nieft der Entwécklung vun der Composante aérienne an nieft dem Aféiere vun der Militärmedezinn bleift awer natierlech och de Satellitteberäich ee wichtege Pilier vun der Defense. Eis Investitiounen an de LuxGovSat, eise staatleche Kommunikatiounssatellitt, illustréiert déi Richtung. De Bedarf u securiséierter militärescher Satellittecapacitéit wiisst permanent, sief et fir Kommunikatioun, sief et fir d'Observatioun. An d'Defense sicht also och no weideren Opportunitéiten; an deem dote Beräich ganz sécher.

Här President, léif Membere vum Parlament, dës nei Richtunge fir eis Verdeedegungspolitik an den nächste Joren hu mer gewielt, well se militäresch prioritär sinn a well se op eng Expertis opbauen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, sief et beim Stat, sief et an der Medezinn oder eben an der Wirtschaft.

Wichteg ass, fir ze betounen, datt mer dat alles net kënnen eleng maachen a maîtriséieren, mä an Zesummenaarbecht mat eisen nationalen an eisen internationale Partner. Et versteet sech och vum selwen, datt mer dat do net vun haut op muer ëmsetzen. Dat do ass eng Entwécklung, déi sech iwwer Joren hinzitt, mä déi mer awer haut a muer mussen decidéieren. Et ass en ambitiéisen, mä realisteschen an noutwendegen Zukunftsprogramm fir d'Defense a fir eis Arméi.

Ech wëll ofschléisse mat engem Merci fir déi vill konstruktiv Virschléi vun eisen Deputéierten. Ech sinn och ganz frou iwwert déi breet Énnerstëtzung, déi et hei gëtt fir d'Arméi, fir d'Defense a fir déi zukünfteg Ausriichtung. Virun allem awer wëll ech e Merci soen un eis Zaldoten, eise Militär, den État-major. Eis Arméi mécht dem Land am Ausland ganz vill Éier a se ass fir eis Leit hei am Land ëmmer disponibel.

Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Statssekretärin.

6. Ordre du jour

Op Demande vun eenzelne Kolleegen an am Accord mat der Conférence des Présidents sinn dann d'Votte muer de Mëtten.

Domat komme mer un d'Enn vun der Sëtzung vun haut. Muer de Mëtten ass Rendez-vous um zwou Auer.

Merci. E schéinen Owend a kommt gutt heem!

(Fin de la séance publique à 19.41 heures)

SÉANCE 26

MERCREDI, 15 MARS 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Interpellation de M. Fernand Kartheiser au sujet de «Eng modern Arméi fir nei Erausfuerderungen»

et

Interpellation de M. Alexander Krieps au sujet du rôle du Luxembourg au sein de l'OTAN (suite)
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*
- *Vote sur la résolution 1 (rejetée)*

3. Déclaration gouvernementale de M. Claude Meisch et de M. Guy Arendt au sujet de l'«Aktiounsplang fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch» - suivie d'un débat
- *Déclaration: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture*
- *Débat: Mme Martine Hansen, M. Claude Lamberty (dépôt d'une motion), M. Alex Bodry, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum*
- *Motions: Mme Martine Hansen, M. Fernand Kartheiser*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*
- *Vote sur la motion 2 (adoptée)*

4. 7105 - Projet de loi portant introduction d'une prime unique pour l'année 2016 dans le cadre de l'accord salarial du 5 décembre 2016 dans la Fonction publique
- *Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative: M. Yves Cruchten*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. 7023 - Projet de loi portant changement de limites entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la Commune de Sanem
- *Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Yves Cruchten*
- *Discussion générale: M. Laurent Zeimet, M. Max Hahn, M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Dan Kersch et M. Claude Meisch, Ministres; M. Guy Arendt, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleeginnen a Kolleegen, ech maachen d'Sëtzung op a ginn dovun aus, dass d'Regierung keng Matdeelung ze maachen huet.

(Assentiment)

Da géife mer direkt zum Ordre du jour iwwergoen.

2. Interpellation de M. Fernand Kartheiser au sujet de «Eng modern Arméi fir nei Erausfuerderungen»

Interpellation de M. Alexander Krieps au sujet du rôle du Luxembourg au sein de l'OTAN (suite)

Wéi Der wësst, hu mer gëschter Owend de Vott iwwert d'Motioun an d'Resolutioun op de Mëtte vertaagt. Der Form halber wëll ech froen, obwuel d'Motiounen an d'Resolutioune vollstänneg erkläert gi sinn, ob een d'Wuert dozou freet.

(Négation)

Wann dat net de Fall ass, da géif ech direkt d'Motioun, déi vum Här Kartheiser abruecht ginn ass, zum Vott stellen.

(Motion déposée en séance publique n°25 du 14 mars 2017 - à consulter dans cette édition du compte rendu)

Vote sur la motion 1

An ech lancéieren de Vott.

(Brouhaha général)

D'Procuratiounen.

Une voix.- Et geet net!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Geet et net? Huet et net geklappt?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass nëmme beim Jo, wou et geet.

(Hilarité)

M. Eugène Berger *(DP).*- Den Här Graas huet och dergéint gestëmmt.

(Concertation interne)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, et ass bis 43 gaangen.

(Brouhaha)

Ech géif dann de Vott emol provisoresch ofschléissen, fir en dann nach eng Kéier ze lancéieren.

Da géife mer, wann d'Technik prett ass, de Vott nach eng Kéier lancéieren. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir korrigéieren dat da bei deene Kolleeginnen a Kolleegen, wou et net gaangen ass. Mir hunn 53 Nee-Stëmmen an 3 Jo-Stëmmen. An domat ass d'Motioun 1 ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 55 voix contre et 3 voix pour.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par Mme Claudia Dall'Agnol), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot (par M. Roger Negri), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Vote sur la résolution 1

(Résolution déposée en séance publique n°25 du 14 mars 2017 - à consulter dans cette édition du compte rendu)

Mir géifen dann zum Vott iwwert d'Resolutioun iwwergoen. An och do fänkt d'Ofstëmmung un. D'Prokuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

56-mol Neen, 3-mol Oui. Domat ass d'Resolutioun 1 ofgeleent. Ech soen lech Merci.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Martine Mergen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Roger Negri), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, eng Deklaratioun vun der Regierung duerch den Erzéiungsminister Claude Meisch an de Statssekretär am Kulturministère Guy Arendt iwwert den Aktiounsplang vun der Regierung fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch. D'Wuert huet den Erzéiungsminister, den Här Claude Meisch.

3. Déclaration gouvernementale de M. Claude Meisch et de M. Guy Arendt au sujet de l'«Aktiounsplang fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch» - suivie d'un débat

Déclaration

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären,

d'lescht Woch hunn de Statssekretär Guy Arendt an ech selwer hei am Haus bei net manner wéi véier Chamberskommissiounen déi Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch kënne virstellen. Ech denken, dat entbënnt mech, gradesou wéi datt et jo och iwwert d'Press communiquéiert gouf, elo hei dovunner, fir déi Punkten am Detail nach emol virzestellen.

Mä ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt déi Initiativ iwwerhaapt baséiert op dem breede Wonsch vun der Populatioun hei am Land, fir eppes fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze maachen, eis Lëtzebuerger Sprooch ze promouvéieren, se héichzehalen, se un déi nächst Generatioune weiderzeginn, se och un déi weiderzeginn, déi vu bausse bei eis kommen. A mir stellen ëmmer nees fest dann, virun allem hei an dësem Sall hu mer et virun enger Rei vu Méint beim Jugendkonvent zum Beispill festgestallt, datt ganz besonnesch jonk Leit deen dote Wonsch ganz kloer a mat enger grousser Natierlechkeet, awer och mat enger ganz grousser Däitlechkeet ëmmer nees widderhuelen.

Mir brauchen also net onbedéngt elo en Aktiounsprogramm, fir eis Lëtzebuerger Sprooch ze revitaliséieren oder ze reaniméieren, well se ass gutt positionéiert, se gëtt vill geschwat, se gëtt vill geschriwwen, se gehéiert zur Alldagskommunikatioun einfach mat derbäi. Mä trotzdeem denke mer, datt bei deene Changementer, déi mer hei am Land kennen, mer awer Initiative mussen huelen a Suerg drop leeën, datt et en Deel vun eiser Identitéit bleift, en Deel vun eiser Kultur och an Zukunft wäert bleiwen.

D'Regierung gesäit och absolutt kee Widdersproch doranner, sech fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch anzesetzen a gläichzäiteg awer och mat därselwechter Selbstverständlechkeet ze soen, datt mer e méisproochegt Land sinn an datt mer eis och fir eis Méisproochegkeet wëllen a mussen engagéieren.

Mir gesinn och kee Widdersproch doranner, datt mer e weltoppent Land sinn, e Land sinn, wat gäre Leit vu baussen och ophëlt, wou mer wëssen, datt dat och zum Deel en Deel vun eisem Erfollegsrezept ass vum Lëtzebuerger Land, datt Leit mat Iddien, mat Tatendrang a gudden Initiativen och vu wäit oder vu manner wäit bei eis komm sinn, fir sech hei nidderzeloossen an hei mat eis zesummen eppes ze ënnerhuelen. Och dat ass kee Widdersproch zu enger Strategie, enger laangfristeger Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch. An dës Strategie ass ganz kloer eben och en Deel vun der Méisproochegkeet a vun der weiderer Förderung vun eiser Méisproochegkeet hei zu Lëtzebuerg.

Déi Strategie, déi mer virgeluecht hunn, ass ganz kloer mëttel- a laangfristeg ugeluecht. Wann een eppes fir eng Sprooch wëllt maachen, da geet dat per Gesetz net, per Reglement net mat enger Decisioun, mä et muss ee virun allem mat ganz villen Akteuren zesumme kucken, e Konsens och ze fannen, kucken, déi anzebannen, eng ganz Rei vun Initiativen ze huelen an och ganz vill Leit dovunner ze iwwerzeegen, ze motivéieren, fir déi Initiative mat ëmzesetzen.

An duerfir hu mer als éischt Initiativ och gesot, datt mer gären en Zwanzegjoresplang fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch wëllen erstellen, deen nach iwwert déi ganz konkret Mesuren, dee mer jo och hei an dëser Strategie schonn dran hunn, soll erausgoen, deen och net eng Kéier erstallt soll ginn an dann iergendwann eng Kéier soll ofgeschloss ginn, mä dee regelméisseg soll evaluéiert ginn, wou d'Ziler da sollen evaluéiert ginn, wou gekuckt soll ginn, wat fir eng Mesuren zu wat fir engem Resultat gefouert hunn, deen och permanent eigentlech soll kucken, wat fir eng nei Erausfuerderunge sech géife stellen oder mat wat fir engen neien Initiativen een d'Lëtzebuerger Sprooch an eisem Land méi staark nach kéint verankeren.

En zweete wichtege Punkt - deen ech, mengen ech, awer hei am Haus net weider am Fong brauch duerzestellen -, dat ass, datt mer d'Lëtzebuerger Sprooch an eiser Verfassung wëlle verankeren, wat jo éischter eng Initiativ vun der Chamber ass. Mä sécherlech passt béides ganz, ganz gutt zesummen, nach emol ganz kloer och an eisem Grondgesetz ze maachen, datt mer eng Lëtzebuerger Sprooch hunn, an awer gläichzäiteg och niewendrun eng Rei vu Méiglechkeeten, vun Initiativen an och vu Strukturen a Ressourcen eis ze ginn, fir dann och ganz konkret eppes fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze maachen.

Mir hunn och festgehalen, datt mer der Lëtzebuerger Sprooch d'Visibilitéit net nëmmen no banne solle ginn, mä och no bausse solle ginn, datt mer en Arrangement administratif ustriewe mat den EU-Institutiounen, fir zumindest dat, wat mëttlerweil selbstverständlech ass hei zu Lëtzebuerg, näämlech datt e Bierger sech un Administratiounen oder Ministèren hei wennt an der Lëtzebuerger Sprooch an dann och ka verlaangen, op Lëtzebuergesch eng Äntwert ze kréien, datt och dat Gültegkeet huet herno, wann e Lëtzebuerger oder en anere Bierger vun eisem Land sech un eng EU-Institutioun op Lëtzebuergesch wennt, fir och do deementspriechend op Lëtzebuergesch eng Äntwert kënnen ze kréien.

Ech denken, datt do virun allem och jo Europa nach emol e Stéck méi no réckelt bei d'Leit hei zu Lëtzebuerg, andeem eis Sprooch, d'Lëtzebuerger Sprooch och eng gewësse Visibilitéit um europäesche Plang kritt.

Dann d'Mesuren, déi éischter vum Guy Arendt nach wäerten am Detail virgestallt ginn, déi och struktureller Natur sinn, wou mer gesot hunn: Et geet net duer, eenzel Initiativen ze huelen, déi sécherlech ganz breet gestreet och um Regierungsniveau mussen ëmgesat ginn, fir wierklech och en Effet kënnen ze hunn, mä mir mussen eis Moyene ginn, mir mussen eis Ressourcë ginn, mir mussen eis Strukture ginn, fir och dat dote kënnen ze schëlleren. An och dat ass hei ganz, ganz kloer ugeluecht.

A fir dee Kommissär an deen Zentrum fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze schafen, do schaffe mer un engem Gesetzesprojet, wou mer d'Ambitioun hunn, deen nach virun dësem Summer an der Regierung guttzeheeschen an dann hei an d'Haus kënnen eranzekréien.

An d'Ambitioun besteet selbstverständlech, dat, wéi de Gros vun all deenen aneren Ukënnegungen, déi mer gemaach hunn, nach am Laf vun dëser Legislaturperiod och kënnen net nëmmen unzedenken an unzestoussen, mä och ëmzesetzen.

Wat de Volet vun deem ganze Bildungsberäich ubelaangt, esou ass dat natierlech e wichtege Pilier fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch, well bis elo, wa mer et ëmmer nees fäerdegbruecht hunn, trotz deene ganz ville Leit, déi vu baussen ëmmer nees bei eis komm sinn, datt d'Lëtzebuerger Sprooch nach ëmmer eng grouss Bedeitung zu Lëtzebuerg huet, dann ass dat virun allem duerch déi ëffentlech Schoul gewiescht, well déi Leit, déi vu bausse bei eis komm sinn, op d'mannst oder spéitstens an der zweeter Generatioun, wann d'Kanner duerch d'ëffentlech Schoul gaange sinn, hu se duerno Lëtzebuergesch geschwat, och wa mer et net tel quel an aller Breet an eise Schoulprogrammer hunn, mä et ass am Klassesall präsent gewiescht, et ass um Schoulhaff präsent gewiescht, an d'Lëtzebuerger Sprooch ass op eng ganz natierlech Manéier u Generatiounen och vun auslännesche Kanner weidervermëttelt ginn. An ech denken och, datt en Deel vun deem Succès vun deenen Integratiounsefforten, déi mer jo awer zu Lëtzebuerg iwwert déi lescht Jorzéngte gemaach hunn an och kannt hunn, datt déi dorobber berouen, datt d'ëffentlech Schoul hei wierklech hir Aufgab iwwerholl huet.

Natierlech stéisst och dat u Limitten. An duerfir denken ech, musse mer och do nach eng Kéier kucken: Wat kënne mer méi maachen? Wat kënne mer aneschters maachen? Wéi kënne mer eis an der Breet vläicht och nach besser opstellen?

D'Realitéit ass haut, datt mer en Aarbechtsmaart hunn, wou jo och net nëmme Residenten täteg sinn, mä och ganz vill Leit bei eis am Alldag hei präsent sinn op der Schaff, an de Butteker, am Bus an am Zuch an op ganz villen anere Plazen, déi eigentlech net hei duerch d'Schoul gaange sinn, datt mer eng ganz staark Immigratioun och nach ëmmer hunn, datt mer och e Phenomeen hunn, datt en Deel vun de Kanner, déi aus der Immigratioun eraus kommen, a Privatschoulen, an international Privatschoule ginn, wou et bis elo op jidde Fall net Usus ass, datt systematesch Lëtzebuergesch geschwat respektiv vermëttelt gëtt, an datt mer haut eng Situatioun hunn, datt mer Dausende vu Kanner, vu klenge Kanner a Crèchen hunn, wou kee Lëtzebuergesch geschwat gëtt. An ech denken, och dat soll eis sécherlech interpelléieren.

Duerfir hu mer jo och eng Rei vun Initiativen hei ugekënnegt, déi zum Deel net nei sinn, wéi zum Beispill, datt an all de Crèchen ab September iwwerall och muss Lëtzebuergesch geschwat ginn, och lëtzebuergeschsproochegt Personal muss präsent sinn, och datt mer an Zukunft bei enger Reform vum Privatschoulgesetz déi Privatschoulen, déi net eise Schoulprogramm ubidden, mä en internationale Schoulprogramm ubidden, och obligéieren, do zu engem gewëssene Mooss am Stonneplang fest Lëtzebuergeschcoursen, Lëtzebuergeschformatioune festzeschreiwen, fir datt all Generatioun herno wierklech, déi duerch eis Schoulen, déi ëffentlech an déi privat, gaangen ass, och eis Sprooch kenneléiert.

Duerfir huele mer Initiativen, déi awer éischter am Beräich vun Optiounscoursë leien, am Beräich vun der Fräiwëllegkeet leien, fir och eis Orthografie, eis Schreifweis weider kënnen ze vermëttelen, oder fir Loscht ze maachen an ze motivéieren, och op Lëtzebuergesch ze schreiwen a gutt op Lëtzebuergesch ze schreiwen, wou ech Iech ka soen, datt am nächsten Hierscht bei der nächster Rentrée och eng ganz Rei vu Lycéeën deementspriechend Optiounscoursë wäerten ubidden.

Duerfir hu mer eng Campagne lancéiert, wou een un de breede Public erukënnt, mat enormem Erfolleg eigentlech och, wou mer 86.000 Visiteuren op eiser Internetsäit respektiv der Facebook-Säit haten, d'Campagne „schreiwen.lu", wou een op eng flott, interessant an och ganz kuerz Manéier jiddwerengem ka weisen a vermëttelen, wéi een da säi geschriwwent Lëtzebuergesch och ka verbesseren.

Duerfir huele mer weider Initiativen och am Beräich vun der Formation des adultes. Mir encouragéieren all déi Akteuren, sief et Asblen, sief et Gemengen a sief et och eis eegen Instituter, wéi zum Beispill den Institut national des langues, och do nach eng Kéier an der Breet an an der Déift méi Formatioune fir Lëtzebuergesch unzebidden, méi Formateuren och ze forméieren, fir e Multiplicateureffet kënnen ze kréien, a ganz besonnesch och nach spezifesch Formatioune weider auszeschaffen. An do si mer esou wäit, datt mer déi och kënnen elo definitiv op den Terrain bréngen, déi ganz besonnesch geduecht si fir Demandeurs de protection internationale respektiv Bénéficiaires de protection internationale, well mer och do natierlech e ganz, ganz grousse Besoin gesinn.

Dat sinn eng Rei vun deenen Iniativen, an ech wëll se elo net nach eng Kéier oplëschten, déi mer an deem Strategiepabeier do zesummegefaasst hunn, dee mer hei an der leschter Woch am Detail konnte virstellen an och diskutéieren. Et ass e grousse Pak. En ass jo och als solche virun allem vun deene Leit, déi sech schonn zanter Laangem fir d'Lëtzebuerger Sprooch engagéiert hunn dobaussen, qualifizéiert ginn.

Wichteg ass, datt mer och zesummen un d'Ëmsetzung ginn. Et geet ëm d'Saach hei, et geet ëm eis Sprooch. An ech denken, datt virun allem och hei d'Majoritéits- an d'Oppositiounslogik net soll spillen, datt mer zesumme sollten déi Efforten do, jiddwereen, wou e Responsabilitéit dréit, och hëllefen ëmzesetzen.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Erzéiungsminister. An d'Wuert huet elo de Statssekretär am Kulturministère, den Här Guy Arendt.

M. Guy Arendt, *Secrétaire d'État à la Culture.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, zousätzlech zu deem, wat de Claude Meisch elo als Erklärunge ginn huet zu eisem Strategiepabeier, wollt ech am Fong nach e puer Saachen derbäiflécken, an zwar, dat wësse mer alleguerten: Eis Sprooch gehéiert zu eisem kulturelle Patrimoine. An ënnert deem Gesiichtspunkt läit natierlech dee Volet mer ganz staark - ganz staark! - um Häerz.

Vill vun eis Lëtzebuerger hunn déi Lëtzebuerger Sprooch an der DNA, mä anerer hu se u sech bäigeprafft kritt. An dat alles, déi Leit sollen zesummegedroe ginn, a mir sollen am Fong alles, wat d'Lëtzebuerger Sprooch betrëfft, zesummendroen. An eise kulturellen Instituter, do leeft scho ganz vill am Lëtzebuergeschen. An dorobber wëlle mer opbauen an natierlech och ausbauen. Dofir plange mer och en Dag vun der Kultur a vun der Sprooch, dee soll esou schnell wéi méiglech, enk mat den Instituter zesummen organiséiert ginn.

Mir hunn och e ganz räiche Patrimoine an der Lëtzebuerger Sprooch, zum Beispill souwuel an der Literatur wéi och an der Musek. D'Nationalbibliothéik huet iwwer 30.000 Publikatiounen an der Lëtzebuerger Sprooch, a sëllech Bibliothéiken duerch d'Land hunn och eng ganz Partie där Bicher an hire Regaler stoen.

D'BnL, am Kader vum Cedom, huet den „Litty" erausginn, eng Publikatioun op Lëtzebuergesch, wou eise musekaleschen a kulturelle Patrimoine opgeschafft gëtt. Den nationale Literaturzenter zu Miersch, dee fir d'Opwäertung an d'Erhale vun der Promotioun vun der Lëtzebuerger Literatur responsabel ass, mécht och eng enorm gutt Aarbecht.

Dann hu mer natierlech am Audiovisuellen och ganz vill. Do ass den CNA dorobber beduecht, fir eisem Patrimoine am Lëtzebuergeschen och do Rechnung ze droen.

Am kulturelle Secteur allgemeng gëtt sech op vill Aart a Weise mat der Sprooch beschäftegt. Ech kommen nach eng Kéier un d'Musek an un d'Literatur. Wien hätt näämlech virun e puer Joer nach dru geduecht, dass ee Museker, deen op Lëtzebuergesch séngt a komponéiert, de Serge Tonnar, dee bekanntesten Artist ass aus dem Land? Wien hätt virun e puer Joer geduecht, dass Rap oder Hip-hop och op Lëtzebuergesch géife goen? Et geet! Mir hunn de Bewäis!

Ech denken awer och un déi vill Auteuren, sief et am Theater oder a soss literaresche Formen, déi am Lëtzebuergesche schaffen. Si sinn e wichtege Bausteen an der Lëtzebuerger Sprooch.

En anert Uleies an deem Pabeier, dee mer d'lescht Woch virgestallt hunn, ass natierlech och d'Orthografie vun der Lëtzebuerger Sprooch. Den LOD, de Lëtzebuerger Online Dictionnaire, soll beschtens Enn dëses Joers fäerdeg ginn. Fäerdeg ass awer nëmme relativ, well en Dictionnaire ass jo eppes Lieweges an dee gëtt ëmmer nach à jour gesat. Mä op alle Fall soll d'allgemeng Aarbecht do fäerdeg sinn.

Da wëll ech awer och op dëser Plaz op déi sëllech privat Initiativen hiweisen, déi am Kader vun der Lëtzebuerger Sprooch schaffen an déi een net dierf vergiessen. Ech denken do ënner anerem un de Lex Roth, deen net midd gëtt, a senger „Klack fir eis Sprooch" déi eis ze erklären. Dann den Alain Atten, dee Woch fir Woch Wierder auserneepléckt an al Riedensaart a -weisen opliewe léisst. Mä ech denken awer och un aner Privatinitiativen, wéi zum Beispill de Spellchecker, deen den Défie vun eiser Sprooch technesch wollt begéinen, an dat natierlech mat vill Succès.

D'Zuele weisen eis, dass ëmmer méi Leit, déi hei am Land liewen, eis Sprooch wëlle léieren, déi natierlech net Lëtzebuerger sinn. Am Kader vun der Erwuessenebildung hunn d'Lëtzebuergeschcoursen een enorme Succès. Enorm vill Leit sinn an deene Coursen ageschriwwen, an dat däitlech méi wéi déi Jore virdrun, am Verglach och mat der Situatioun vu virun zéng Joer.

Ech hu perséinlech e grousse Respekt virun där Loscht um Lëtzebuergeschen, an ech begéine mat grousser Regelméissegkeet Leit, déi amgaange sinn, eis Sprooch ze léieren. Mä et muss een deene Leit och d'Méiglechkeet ginn, d'Sprooch ze schwätzen! Et geet net duer, dass se se léieren, si musse se och kënne schwätzen.

An do doen ech am Fong eng Kap vu fréier un, wou ech dann emol esou déi sougenannte Sproochentester gemaach hu mat Leit, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit wollte kréien oder wëlle kréien. An do sinn eng Hickecht derbäi, déi schonn x, 20, 30 Joer hei am Land liewen, an dann hunn ech ëmmer gefrot: „Ma, an Dir schwätzt nach ëmmer kee Lëtzebuergesch?!" „Majo", sote se, „dat ass ganz einfach: Ennert den Aarbechtskolleege schwätze mer eis Nationalsprooch. A wa mer mat Lëtzebuerger schwätzen, déi switchen dann automatesch op Franséisch oder Däitsch oder Englesch ëm." Mir sollen definitiv am Ëmgang mat Netlëtzebuerger, déi awer e bësse Lëtzebuergesch kënnen, mat deenen och Lëtzebuergesch schwätzen, fir dass se et och besser kënnen assimiléieren.

Wéi gesot, ech hunn elo eng Partie Pisten opgezeechent, déi schonn de Moment lafen, mä et gëtt der sécherlech nach méi. A fir dës Besoine kloer ze identifizéieren a fir eng kohärent Approche ze hunn, huet de Strategiepabeier virgestallt, an de Premier hat et och schonn op der Tribün hei gesot, dass mer wëllen e Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzen, deen dann am Interêt vun eiser Sprooch zum Lëtzebuerger Patrimoine vun eiser Kultur mat bäidréit.

Dee Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch, dee soll d'Ministèren an d'Verwaltunge beroden am Beräich vun der Lëtzebuerger Sprooch, an awer och eng Koordinatiounsaarbecht maachen. Selbstverständlech, seng Haaptaufgab wäert natierlech sinn d'Ausschaffe vun deem Zwanzegjoresplang, fir dass deen och kohärent a propper ausgesäit.

Ronderëm de Kommissär hu mer jo och virgesinn, en Zentrum fir Lëtzebuergesch opzebauen. Zu deem senger Aufgab gehéieren natierlech och d'Etüd vun der Norméierung vun der Lëtzebuerger Sprooch an d'Sproochpromotioun, an deen Zentrum soll och enk mat eisen anere kulturellen Instituter zesummeschaffen. Ech denken do un de Centre national de littérature, un den CNA an un d'Uni Lëtzebuerg.

Dës Strategie, déi mer opgestallt hunn, ass eng Äntwert op Ängschten an awer och op Besoinen, déi et ëm a fir d'Lëtzebuerger Sprooch gëtt. Dës Äntwert ass net a Stee gemeesselt, mä et ass en Ufank vun engem evolutive Prozess. Wéi gesot, mir schwätze vun engem Zwanzegjoresplang. Dat ass also net eppes, wat een einfach elo eng Kéier ee fir alle Mol festhält. Et ass evolutiv an et ass och net, fir ze soen: „Elo hu mer dee Strategiepabeier hei

stoen an domadder huet et sech." Neen, mir musse konkret a schnell schaffen. An ech denken do un de Kommissär an och un den Zentrum fir d'Lëtzebuerger Sprooch; dat ass e Gesetzesprojet, deen de Claude Meisch an ech selwer wëlle relativ schnell virun der Vakanz nach wa méiglech hei bei Iech an der Chamber deposéieren.

Wéi gesot, vun deene 40 Mesurë sinn der deelweis scho verschiddener a Kraaft, anerer sinn an der Emsetzung. Mä si kënnen allegueren nach ausgebaut a verbessert ginn. Et geet ëm d'Lëtzebuerger Sprooch, an ech maachen do am Fong en Opruff, mam Claude Meisch zesumme maachen ech en Opruff un allegueren déi Leit, déi un der Lëtzebuerger Sprooch interesséiert sinn, fir konstruktiv matzeschaffen an ze hëllefen, fir der Lëtzebuerger Sprooch dee Stellewäert ze ginn, dee se verdéngt.

D'Lëtzebuergescht soll net iwwert deenen anere Sproochen stoen, mä d'Lëtzebuergescht brauch sech awer och net ze verstoppen. Mir sollen d'Lëtzebuergescht fleegen. An déi Mesuren, déi mer hei virgesinn hunn, sollen dozou déngen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Ganz gutt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Statssekretär. An d'Wuert huet dann déi éischt Riednerin, d'Madamm Martine Hansen, fir d'CSV. An der Presidentekonferenz ass festgehale ginn, dass jiddwer Intervenant zéng Minutten huet. Merci.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech soen, datt mer begréissen, datt mer iwwer eis Sprooch schwätzen. Datt d'Lëtzebuergescht fir eis, fir all eis Bierger wichteg ass, ech mengen, dat misst jiddwerengem zënter dem Referendum spéitstens kloer sinn. Eist Lëtzebuergescht, eis Sprooch gehéiert zu eiser Identitéit, genausou wéi awer och eis Méisproochegkeet. Béides ass wichteg a béides muss gefërdert ginn.

De 16. Januar sot de Premierminister Bettel an der ëffentlecher Petitiounsdebatt, hie géif ee Kommissär fir déi Lëtzebuerger Sprooch schafen, an dee soll kucken, wat ee kéint verbesseren. De 25. Januar krute mer dunn erkläert, datt d'Regierung géif een Aktiounsplang ausschaffen, fir eis Sprooch ze förderen.

Do kann ee sech awer froen: Ass dat net d'Päerd vun hanne gesuedelt? D'Regierung mécht een Aktiounsplang a stellt duerno de Kommissär an, dee soll kucken, wat kéint verbessert ginn!

Elo krute mer dee leschten Donneschdeg net den Aktiounsplang, mä elo heescht et d'„Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch" virgestallt. An als éischte Punkt vun där Strategie ass festgehalen, datt eng Strategie wäert ausgeschafft ginn. Och dat ass speziell. An de Rescht vun der Strategie, oder wat et och ëmmer soll sinn, ass eng Oplëschtung vu 40 eenzelne Moossnamen, wouvun der op d'mannst zwanzeg derbäi sinn, déi näischt Neies sinn.

Den Här Minister Meisch sot an der Pressekonferenz, dëst wär d'Gebuertsstonn vun enger laangfristeger Strategie. Da muss ech awer soen: Dann hat dës Strategie vill Fréigebuerten! Hei gëtt villes als nei verkaaft, wat déi lescht Regierunge gemaach respektiv festgehalen hunn. E puer Beispiller: éischtens, d'Verankerung vun der Lëtzebuerger Sprooch an eiser Verfassung. Natierlech si mer der Meenung, datt eis Sprooch soll a muss an der Verfassung verankert ginn. Mä nei ass dat net! De Virschlag koum vun der CSV, an zwar vum Paul-Henri Meyers, schonns an der leschter Legislaturperiod.

Och net nei ass den LOD. Mä mir hätten et allerdéngs begréisst, datt et net nach géif bis 2018 daueren, bis datt en online kéim. Mir hätten och begréisst, datt zum Beispill de Spellchecker, een Outil, dee vill vun eis, ganz vill Leit benotzen, elo schonns Zougréff kéint hunn op den LOD. Weder d'Helpline vum LOD ass nei nach d'Aarbechte vum Conseil permanent de la langue luxembourgeoise, nach d'Kooperatioun vun dem Institut fir d'Lëtzebuerger Sprooch- a Literaturwëssenschaft vun der Uni.lu mat Unien aus dem Ausland.

Och net nei ass d'Lëtzebuergescht am Cycle 1. Allerdéngs wäert dat Lëtzebuergescht duerch der Regierung hir Decisioun, datt elo och nach muss Franséisch am Cycle 1 gemaach ginn, sécherlech net zousätzlech gestäerkt ginn.

Och net nei ass de Congé linguistique. Mä nei ass, datt dës Regierung Spuermoossname beim Congé linguistique ergraff huet. Si huet näämlech mat der Spuermesure 193 d'Bäihëllef fir d'Betriber ëm 50% gekierzt.

Wat ass dann elo nei? Nei ass, et gi Poste geschafen: ee Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch, dee mat engem Comité interministériel zesummeschafft, an et gëtt een Zentrum fir d'Lëtzebuergescht gegrënnt.

D'Fro, déi sech an dësem Zesummenhang stellt, ass: Brauche mer dat do alles, fir konkret um Terrain Verbesserungen ze kréien? Wär et net méiglech gewiescht, emol op déi Strukturen zréckzegräifen, déi mer schonns hunn, zum Beispill de Conseil permanent de la langue luxembourgeoise, an deenen da méi Moyenen ze ginn?

Ass déi Méiglechkeet analyséiert ginn? Prinzipiell si mer géint onnéideg Multiplikatioune vun Institutiounen.

Dann zur Lëtzebuerger Sprooch als EU-Amtssprooch.

Ufank Oktober d'lescht Joer sot de Minister Meisch, datt d'Regierung géif envisagéieren, fir Lëtzebuergesch als offiziell EU-Sprooch unerkennen ze loossen.

D'Regierung schéngt do hir Meenung geännert gehat ze hunn. Zumindest war den Här Braz am Numm vun der Regierung Enn 2014 nach anerer Meenung. Hie sot bei der Interpellatioun zum Lëtzebuergeschen hei an der Chamber, wéi et grad ëm déi Fro vun der Unerkennung vun eiser Sprooch als EU-Amtssprooch gaangen ass - ech zitéieren: „Ech kann am Numm vun der Regierung soen, dass et do keen neie Moment gëtt." An hie sot: „Dat, wat do géif vun Opwand op d'Land duerkomme par rapport zum Retour, ass an eisen Aen an der Bilanzéierung nach ëmmer net anescht, wéi et war."

An dëser Strategie elo gëtt definitiv och eppes aneres virgeschloen, wéi den Här Meisch dat Ufank Oktober gesot hat, näämlech datt et soll erméiglecht ginn, datt den Echange mat den EU-Institutioune fir eis Bierger misst kënnen op Lëtzebuergesch gemaach ginn. Esou een administratiivt Arrangement schéngt och méiglech ze sinn. Et ass jo och eent fir déi katalanesch Sprooch fonnt ginn. Also muss et ëmsou méi méiglech si fir eis Sprooch, déi am Gesetz vun 1984 als national Sprooch vun de Lëtzebuerger festgehale ginn ass.

Allgemeng wär an dësem Zesummenhang awer interessant ze wëssen: Wéi grouss ass de Besoin hei zu Lëtzebuerg, fir sech an eiser Sprooch un d'Institutiounen ze wennen, a wéini huet d'Regierung wëlles, Negociatioune mat den europäeschen Institutiounen opzehuelen?

Nei sinn och nach folgend Saachen - ech mengen, den Här Arendt huet et gesot -: eng Ausstellung fir d'Dokumentatioun vun der Sproochegeschicht, d'Aféierung vun engem Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur, een nationale Präis fir d'Verdéngschter ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch an ee Literaturconcours fir d'Kanner.

Dat ass jo och alles schéin a gutt. Mä wat bréngen dës eenzel Punkte konkret um Terrain? Gëtt duerfir méi Lëtzebuergesch an de Betriber geschwat? Wat bréngt dat eise Bierger konkret?

Wat mer begréissen, dat ass, datt déi staatlech Internetsäite respektiv Deeler dovu sollen op Lëtzebuergesch iwwersat ginn. Do stelle sech awer och nach eng Partie Froen. Wien decidéiert, wat relevant ass, fir ze iwwersetzen?

A wann ech vun Aktiounsplang schwätzen, da wéisst ech u sech gären, wat bis wéini soll geschéien. Well zwanzeg Joer sinn eng laang Zäit! En Hiweis heirobber fënnt een awer néierens.

Wat mer wierklech och begréissen, dat sinn all Efforten, déi gemaach ginn, fir de Refugiéen eis Sprooch ze léieren. Och d'Erschaffe vu Schoulënnerlagen, fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch ze léieren, ass ze begréissen.

An och ze begréissen ass, datt obligatoresch Lëtzebuergeschcoursë sollen an de Privatschoulen agefouert ginn. Hei stelle sech awer och nach e puer Froen. Soll d'Offer obligatoresch sinn oder soll deen eenzelne Schüler obligatoresch Lëtzebuergesch musse léieren? Dat ass e wesentlechen Ënnerscheed.

Zesummefaassend, dës Strategie, déi als Zil huet, eng Strategie auszeschaffen, besteet aus villen Aktiounen, déi net nei sinn. Vun deem, wat nei ass, begréisse mer verschiddener, anerer, wéi zum Beispill déi bilingual gratis Kannerbetreiung, sécherlech net. Fir eis als CSV soll dat Lëtzebuergescht am Cycle 1 d'Integratiouns- a Kommunikatiounssprooch sinn. Si bereet ausserdeem gutt op d'Alphabetiséierung op Däitsch vir, wat all eise Kanner eppes ka bréngen oder eppes bréngt.

Wat awer feelt, dat ass, zum Beispill, sech konkret Gedanken ze maachen zum Lëtzebuergeschen an eise Schoulen. Et soll fir d'Éischt emol dat verbessert ginn, wat do ass, amplaz einfach eppes derbäizesetzen. Optiounscoursen iwwert d'Lëtzebuerger Kultur a Literatur, iwwert d'kreatiivt Schreiwen an esou weider sinn net d'Léisung a sinn iwwregens och elo schonns méiglech, wann d'Schoulen dat wëllen.

De Programm fir dat Lëtzebuergescht muss iwwerschafft ginn. En ass souwuel am Fondamental wéi am Secondaire ganz vag gehalen. Hei misst eng Programmkommissioun duerchgeeënd a kohärent fir de Fondamental an de Secondaire definéieren, wat misst gemaach ginn. Et muss séchergestallt ginn, datt eis Sprooch enseignéiert gëtt, wéi et misst sinn, fir datt all eis Kanner ee gudde Bagage vun eiser Sprooch matkréien.

Mä zu eiser Identitéit gehéiert net nëmmen eis Sprooch. Heizou gehéieren och eis Bräich, eis Lidder, och „Ons Heemecht", eis Literatur - „De Renert", eis Geografie, eis Geschicht an esou weider. Déi besteeënd Programmer missten zesumme mat den entspriechende Programmkommissiounen, dem Conseil permanent de la langue luxembourgeoise an aneren Akteuren ugepasst a konkretiséiert ginn.

Dann nach kuerz zum Gesondheets- a Fleegesecteur. Dës Strategie weist keng Léisung op. Si verweist op besteeënd Gesetzestexter. Vill Leit fille sech awer trotz dësen Texter net wuel, wann en Dokter zum Beispill nëmme Franséisch schwätzt. Et muss also no Léisunge gesicht ginn, zesumme mam Secteur. An de Congé linguistique war dofir agefouert ginn, fir et de Salariéen oder den Independanten ze erlaben, fir eis Sprooch ze léieren.

Als CSV si mer der Meenung, datt d'Regierung hir Spuermoossnam 193, mat där si d'Bäihëllef fir de Betrib vun 100 op 50% erofgesat huet, soll réckgängeg maachen oder zumindest erëm soll no uewen adaptéieren an och geziilt soll d'Promotioun vum Congé linguistique maachen.

Am Kader vun der Petitiounsdebatt ass och driwwer diskutéiert ginn, fir wichteg Gesetzestexter an enger vulgariséierter Form op Lëtzebuergesch ze publizéieren. Dëse Punkt ass elo guer net méi erwäänt ginn. Soll do näischt geschéien? A wa jo, firwat net?

Dir Dammen an Dir Hären, dat Ganzt huet op jidde Fall eppes Guddes u sech: Mir schwätzen iwwer eis Sprooch. Allerdéngs, mir haten eis vun enger Strategie méi gewënscht. Mä vläicht ass dëst jo awer nëmmen d'Strategie, déi festhält, fir eng Strategie auszeschaffen, an dofir huet se zwanzeg Joer Zäit.

Wichteg ass, an dat soll een net aus den Ae verléieren - ech zitéieren och de Lex Roth aus der RTL-Sonndeszeitung -: „Eis Sprooch muss do gehollef kréien a gestäipt ginn, wou si all Dag vun de Leit gebraucht gëtt (…)."

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Hansen. An nächste Riedner ass den Här Claude Lamberty fir d'DP.

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, eng Sprooch ass en immens wichtegen Deel vun enger Gesellschaft. Se verbënnt, se hëlleft verstoen, se erméiglecht de Mënschen eng einfach a gutt Kommunikatioun am Alldag, se ass e Schlëssel am Zesummeliewe mat eise Frënn, mat eisen Noperen, mat eise Schoul- an Aarbechtskolleegen.

Grad well eis Sprooch en immens wichtege Facteur an eisem dagdeegleche Liewen ass, e ganz wichtegt Element vun eiser Natioun an eisem Patrimoine, ass et wichteg, sech Gedanken ze maachen a sech eng Strategie ze ginn, fir d'Lëtzebuergescht ze stäerken.

An de leschten Deeg hu sech ënner anerem Leit wéi Lex Roth oder Jemp Schuster ganz positiv iwwert d'Strategie vun der Regierung fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch geäussert. Eleng schonn de Fait, dass esou Leit, déi an de leschte Joren a Jorzéngten awer nun emol unerkannten Experten am Domän vun eiser Sprooch sinn, sech positiv äusseren, dass elo endlech jorelaang Fuerderungen erfëllt ginn, weist, dass dës Regierung et fäerdegbruecht huet, dem Lëtzebuergeschen als Sprooch e méi héije Stellewäert ze ginn.

D'Lëtzebuerger Sprooch ass virun allem eng Sprooch, déi lieft. Se gouf nach ni esou vill geschwat, gelies a geschriwwe wéi haut, ob an SMSen, a WhatsAppen a Mailen oder a Bréiwer, ob Radio oder Télee, vu Kanner- iwwer Sachbicher, d'Lëtzebuerger Sprooch ass am Alldag vun eis alleguer präsent. Se gëtt gefleegt a se kënnt de Leit hei am Land ëmmer méi no.

Mat dësem Aktiounsplang wëllt d'Regierung de Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch awer net nëmmen erhalen, mä weider verstäerken. Et goufe sech ambitiéis Ziler gesat, déi et elo gëllt, am Sënn vun enger laangfristeger Sproochen- a Kulturpolitik an d'Realitéit ëmzesetzen.

D'Demokratesch Partei wäert dës Ustrengunge selbstverständlech ënnerstëtzen. Déi véier grouss iwwergräifend Ziler, déi d'Regierung mat dëser Strategie wëllt erreechen, déi si scho gesot, mä ech erwäne se nach eng Kéier: éischtens, de Stellewäert vun eiser Sprooch ze verstäerken; zweetens, d'Norméierung, de Gebrauch an d'Etüd iwwer eis Sprooch virunzedreiwen; drëttens, d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch… (veuillez lire: d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ze förderen, a véiertens, d'lëtzebuergeschsproocheg Kultur ze promouvéieren).

(Problème de sonorisation)

Här President! Paus! Also, ech hu keen Handy!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech mengen, et misst erëm goen.

(Interruption)

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Et misst erëm goen. Dir héiert mech?

(La séance publique est suspendue à 14.40 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 15.10 heures.)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Heimat maachen ech d'Sëtzung erëm op, mat den Entschëllegunge fir déi Pann. Mä mat der Technik kann dat virkommen. Merci eise Leit, déi et esou séier erëm an d'Rei kruten.

Ech géif da proposéieren, fir dass mer awer e Fuedem dra behalen, dass den Här Lamberty nach eng Kéier vu vir géif ufänken.

(Exclamations)

Jo, ech mengen, bei esou enger Ënnerbriechung! Dir maacht dat, Dir fänkt vu vir un, fir dass awer e bësse Suite an deem Ganzen drableift.

(Brouhaha général)

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Et ass jo enregistréiert. Ech kann dann do weiderfueren, dat ass kee Problem.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dat ass kee Problem. Wann Dir insistéiert, fir direkt weiderzefueren, da refuséieren ech Iech et net.

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Ech géif soen, et wär wéi an engem gudde Buch oder an engem gudde Film: d'Introduktioun ass gemaach, mä ech kann elo mam Haaptdeel weiderfueren. Duerfir, mengen ech, brauch ech net vu ganz vir unzefänken.

Ech erlabe mer duerfir och, wéi gesot, elo einfach en éischte wichtege Punkt, deen ech wëll ervirsträichen, dat ass sécherlech d'Ausschaffe vun deem Zwanzegjoresplang, mat deem den zukünftege Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch befaasst gëtt.

An hei ass och schonn e ganz wichtege Message. De Kommissär kritt d'Missioun, zesumme mat aneren Akteuren aus der Gesellschaft Richtlinnen auszeschaffen, déi eis Sprooch no vir bréngen, net vun uewen erof diktéieren, mä zesumme mat de Leit hei am Land eis Sprooch weiderbréngen an entwéckelen. De Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch kritt déi wichteg Aufgab, nieft dem Ausschaffe vum Zwanzegjoresplang, och derfir ze suergen, de Suivi vun de Moossnamen ze assuréieren an och d'Förderungsmoossnamen ze koordinéieren, déi vun der Educatioun an der Kultur ugestouss ginn.

De Kommissär bleift awer net eleng, fir déi Missioun ze erfëllen. Et gëtt ronderëm hien en Zentrum fir d'Lëtzebuergescht geschafen. Eng vun de Käraufgaben hei ass d'Norméierung vun der Lëtzebuerger Sprooch. Och hei gëtt d'Zesummeschaffe groussgeschriwwen. Et sollen näämlech ganz enk Lienen entstoe mat anere kulturellen Instituter wéi dem Centre national de littérature, dem Centre national de l'audiovisuel oder natierlech och der Uni Lëtzebuerg.

Här President, als fréiere Schoulmeeschter läit mer d'Schoul natierlech nach ëmmer ganz besonnesch um Häerz. Wa mer soen, déi Lëtzebuerger Sprooch wier d'Haaptintegratiounssprooch hei am Land, dann dierf een op kee Fall vergiessen, déi exzellent, awer wierklech déi exzellent Integratiounsaarbecht vun eise Schoulen hei op dëser Plaz ze erwänen! Virun allem si droen dozou bäi, dass haut méi Lëtzebuergesch geschwat gëtt wéi jee virdrun.

Vergiesse mer net, dass all Kand, wat hei am Land eng staatlech Schoul duerchleeft, gewéinlech och Lëtzebuergesch ka schwätzen. Dat ass wierklech eng enorm Leeschtung. Bedenkt een, wéi vill Kanner mat net Lëtzebuergesch schwät-

zenden Elteren hei am Land op d'Welt kommen, versteet een och, firwat ab Oktober dëst Joer de Prozess, fir Lëtzebuergesch op eng spilleresch Aart a Weis ze léieren, schonn an de Crèchen a Betreiungsstrukture verstäerkt gefërdert gëtt.

D'Lëtzebuerger Sprooch fënnt also ab dem Hierscht och a Crèchen, wou bis ewell nëmme Franséisch geschwat gouf, de Wee an den Alldag vun de Kanner. Dëst kënnt natierlech besonnesch de Kanner mat Migratiounshannergrond zegutt a wäert dozou féieren, dass Lëtzebuergesch méi fréi méi präsent am Liewe vu ville Kanner wäert sinn.

Déi Lëtzebuerger Sprooch ass a bleift domadder Haaptintegratiounssprooch hei am Land. Och duerno wäert sech d'Lëtzebuerger Sprooch wéi e roude Fuedem duerch eis Schoulen a Lycéeën zéien: vun der Spillschoul, dem Cycle 1, wou d'Lëtzebuergescht d'Haaptkommunikatiounssprooch bleift, iwwert de Léierprogramm Lëtzebuerg als Friemsprooch, obligatoresche Lëtzebuergeschcoursen an den internationale Grondschoulen a Lycéeën, bis hin zu de sëllechen Optiounscoursen iwwert d'Lëtzebuerger Kultur an och Literatur.

Iwwregens soll jo och schonn ab der nächster Rentrée all Schüler d'Méiglechkeet kréien, sech an en Optiounscours iwwert d'Lëtzebuergescht an d'Lëtzebuerger Orthografie anzeschreiwen. D'Regierung hëlt d'Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch an de Schoulen also ganz eescht, an dat och scho laang virun dësem Aktiounsplang!

A propos Orthografie: Wéi d'éinescht gesot, gëtt Lëtzebuergesch duerch déi nei Technologie mëttlerweil och ëmmer méi geschriwwen. Zënterhier gëtt och de Wonsch ëmmer méi grouss, fir richtegt an och korrekt Lëtzebuergesch ze schreiwen. Nieft de flotten an am Alldag ëmmer méi präsenten Onlinedictionnairen an Appen, wéi zum Beispill dem LOD oder dem Spellchecker, dee virdru schonn ugeklongen ass, gëtt et ewell eng immens interessant an informativ Broschür.

Et ass vläicht méi e klassesche Wee, mä ech kann Iech se alleguerten nëmmen un d'Häerz leeën.

(M. Claude Lamberty montre une documentation.)

Et ass eng extrem flott Broschür. Se heescht „Gewosst wéi!", eng Broschür, déi all Mënsch, wéi gesot, sech op schreiwen.lu och kann erofluede an déi an all Bibliothéik hei am Land gehéiert. Heiranner fënnt een op eng interessant Aart a Weis déi verschidden Orthografieregele vun der Lëtzebuerger Schreifweis, vun der Eifeler Regel bis zu den Diphthongen, an, wat richteg flott ass, dat Ganzt ëmmer mat Lëtzebuerger Spréchwierder oder Zitater aus lëtzebuergesche Film-, Musek- a Literaturwierker illustréiert.

An da gëtt et, an do wëll ech vläicht dann och kuerz agoen op dat, wat virdrun erwäänt ginn ass, eng aner Broschür, well et gouf schonn eng Kéier eng éischt Broschür, déi mir ganz bekannt ass, well déi hunn ech deemools och missen um deemolegen ISERP e bësse méi genau léieren a kucken, an déi huet déi deemoleg Educatiounsministesch, d'Anne Brasseur, an Optrag ginn, wou dann „Eng kleng Hëllef, fir Lëtzebuergesch ze schreiwen", wéi gesot, och schonn am Joer 2001 ganz präsent war. Dir gesitt also, et ass net esou, wéi wann nach ni eppes fir d'Lëtzebuerger Sprooch gemaach gi wär. An iwwregens ass och da virdrun ugeklongen, „D'Heemecht" wär nach net genuch illustréiert a beschriwwen, an an där Broschür op Säit 12, do war se schonn dran!

(M. Claude Lamberty montre une documentation.)

Här President, et ass nach net allze laang hier, do huet den heitegen Educatiounsminister Claude Meisch d'Leit motivéiert, selbstbewosst mat eiser Sprooch ëmzegoen, an dat op allen Niveauen. Mir als Demokratesch Partei begréissen duerfir och ausdrécklech, dass op europäeschem Niveau de Stellewäert vun eiser Sprooch soll verstäerkt ginn.

Äanlech wéi d'Sproochegesetz vun 1984 hei am Land virgesäit, sollen an Zukunft all d'Bierger d'Méiglechkeet kréien, sech op Lëtzebuergesch un d'EU-Institutiounen ze adresséieren an och eng Äntwert op Lëtzebuergesch ze kréien. Well dat ass et, wat de Bierger an enger éischter Etapp konkret brauch: Wann en eng Fro huet a wann e sech wëllt a senger Heemechtssprooch un d'EU wennen, da schreift en e Bréif op Lëtzebuergesch an da kritt en och eng Äntwert a senger Sprooch. Dat ass a mengen Aen e gudden, e pragmatesche Wee an e grousse Surplus um Service um Bierger, deen hei gewielt gouf. Et verstäerkt een de Stellewäert ganz kloer no baussen an et erliichtert een d'Kommunikatioun tëschent dem Bierger an de jeeweilegen EU-Institutiounen.

Här President, d'Verankerung vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Verfassung ass e weidere wichtege Punkt, deen hei soll erwäänt ginn, well et trotzdeem e Meilesteen ass, wann d'Sprooch och bis an der Constitutioun gefestegt gëtt.

Dann nach vläicht ee Wuert zu deem, wat de Statssekretär Guy Arendt gesot huet vun der Eegeverantwortung. Ech gesinn dat genausou wéi hien. Mir alleguerten, heibannen an och dobaussen, droen natierlech eng grouss Verantwortung par rapport zur Entwécklung vun eiser Sprooch an och zum Emgang domat.

Wéi vill Kolleegen, wéi vill Frënn huet jiddweree vun eis a sengem Frëndeskrees, déi doheem net Lëtzebuergesch schwätzen? A wéi oft switche mir, well mer et och kënnen, well et eng Stäerkt vun eis ass, an d'Sprooch vun deemjéinegen, deen awer vläicht ganz oft léiwer hätt, mir géife mat him Lëtzebuergesch schwätzen, fir dass en déi Sprooch och ka richteg a gutt léieren?

Am Resumé kann een haut feststellen, dass mat dësem Aktiounsplang Strukture geschafe ginn, déi eiser haut scho lieweger Lëtzebuerger Sprooch an den nächsten zwanzeg Joer d'Méiglechkeete ginn, sech weiderzëentwéckelen, an déi aus engem richteg grousse Pak vun eenzelne Mesurë ganz vill Beräicher ofdecken, fir eiser Sprooch op verschiddenen Niveaue weiderzehëllefen. Nach ni huet d'Politik méi gemaach wéi dës Regierung fir eis Sprooch!

Als DP felicitéiere mer der Regierung natierlech a wënschen eiser Sprooch och weiderhin eng lieweg Zukunft. Ech wéilt ganz zum Schluss awer nach eng Kéier betounen, dass d'Stäerkung vun eiser Sprooch op kee Fall op d'Käschte vun eiser Villsproochegkeet dierf goen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Et dierf een net vergiessen, dass de Räichtum vun eisem Land op gesellschaftlechem, kulturellem oder ekonomeschem Plang vill, wierklech ganz vill mat eise Sproochekenntnisser hei am Land ze dinn huet, Lëtzebuergesch op där enger an eis geliefte Méisproochegkeet op där anerer Säit. Fir d'Demokratesch Partei sinn dat zwee Standbeen, déi eis vu villen aneren ënnerscheeden, déi eis auszeechnen an op déi mir kënnen a sollen houfreg sinn.

Ganz zum Schluss nach zwee Wierder. Mir hunn eng Motioun virbereet, déi d'Chamber (veuillez lire: d'Regierung) opfuerdert, fir kënnen deen Aktiounsplang, dee virgeluecht ginn ass, dann och an d'Realitéit ëmzesetzen. Dat heescht, d'Chamber ralliéiert sech do natierlech drun a fuerdert d'Regierung op, de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch weider ze förderen. An, Här President, ech géif Iech déi iwwerreechen.

Motion 2

D'Chamber,

vu

- datt d'Lëtzebuerger Sprooch op groussen ëffentlechen Interessi steisst;

- datt et e politesche Konsens iwwert d'Noutwendegkeet vun enger verbesserter Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch gëtt;

bekennt sech

- zur Verankerung vum Lëtzebuergeschen als Sprooch vum Land an der neier Verfassung;

- zur Lëtzebuerger Sprooch als Integratiounssprooch;

- zu den dräi Amtssproochen mat dem Franséischen als legislativ Sprooch zu Lëtzebuerg;

- zur Méisproochegkeet, wéi se ënner anerem am Sproochegesetz festgehale ginn ass;

begréisst, datt d'Regierung schonn eng Rei Mesurë fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch ëmgesat huet;

begréisst, datt d'Regierung eng Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch ausgeschafft a presentéiert huet, déi 40 konkret Piste fir eng laangfristeg Sproochen- a Kulturpolitik zu Lëtzebuerg opweist;

fuerdert d'Regierung op

- de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch weider ze förderen;

- an deem Sënn déi ausgeschaffte Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch konsequent ëmzesetzen a wann néideg un nei Erausfuerderungen unzepassen;

- esou séier wéi méiglech de Poste vum Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze besetzen an den „Zentrum fir d'Lëtzebuergesch" ze schafen;

- zesumme mam Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch an dem „Zentrum fir d'Lëtzebuergesch" den uviséierten 20-Joresplang auszeschaffen an en Zäitplang fir d'Emsetzung vun den eenzelne Mesuren aus dësem Plang festzeleeën;

- no dräi Joer een éischte Bilan vun de Mesuren ze presentéieren.

(s.) Claude Lamberty, Claude Adam, Marc Angel, Eugène Berger, Alex Bodry.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Merci.

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Ganz gutt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Lamberty. An nächste Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Strategiepabeier vun der Regierung fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch fousst engersäits op dem Regierungsprogramm vun 2013. E fousst awer och op all deenen Initiativen, déi an deene leschte Jore vun deenen diverse responsabele Stelle geholl si ginn, fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze förderen, also eng Kontinuitéit mat enger Politik, mä gradesou awer och markéiert dës konzertéiert Erugoensweis en neien Elan an der Sproochepolitik hei zu Lëtzebuerg, besonnesch och wat d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch ugeet.

Dëse Strategiepabeier soll an en Aktiounsplang münden. Et ass also keen definitiven Text. Et ass eng Grondlag, déi weider soll genäert ginn duerch nei Initiativen, nei Iddien, déi an den nächste Jore wäerte mat derbäikommen, déi dann an e Plang wäerte münden, deen zesumme mat allen Akteure soll dann ausgeschafft an och ëmgesat ginn. Et ass eng ganz strukturéiert, awer gläichzäiteg och eng flexibel Aart a Weis, fir un d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch erunzegoen.

Dëse Pabeier huet sécherlech och ze di mat der Petitioun 698, déi mer och schonn hei d'Geleeënheet haten an der Chamber ze diskutéieren. Si spigelt erëm op d'Suerg, déi vill Leit hei zu Lëtzebuerg hunn, wat d'Weiderliewen, d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Sprooch ugeet. Dat Uleies gëtt vun dëser Regierung, vun dëser Koalitioun seriö geholl. An dat ass och gutt esou.

Wat awer fir eis als LSAP wichteg ass, ass, dass déi Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch, eiser Landessprooch, sech net géint aner Sprooche riicht. Et ass eng positiv, eng offensiv, eng zukunftsorientéiert Strategie, a keng negativ, defensiv a réckwäertsgekéiert. Si ziilt drop aus, d'Gesellschaft zesummenzebréngen. Si ziilt also och drop aus, fir eis Heemechtssprooch als Kommunikatiouns-, Integratiouns- a Literatursprooch ze stäipen. Dat ass wichteg. An dat geschitt am Kader vun deem besteeënde Sproochesystem, deen net ëmgeännert gëtt, dee gefestegt gëtt, mat Lëtzebuergesch als Sprooch vum Land, mä awer och mat eisen dräi Amtssproochen Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch a mat dem Franséischen als Sprooch vun eiser Gesetzgebung.

Dat ass och déi Realitéit, déi mir um Terrain zu Lëtzebuerg feststellen. An dëst, also deen op d'Méisproochegkeet opgebaute Sproochesystem, deen e staarke Pilier am Lëtzebuergeschen huet, bleift eis Particularitéit hei am Land, eis Stäerkt, eise Virdeel, dee mer op kee Fall däerfen opginn; d'Méisproochegkeet mat engem staarke lëtzebuergesche Pilier, wéinst dem Zesummeliewen, wéinst dem Zesummeschaffen, wéinst der Zukunft och vu Lëtzebuerg als internationalen an europäeschen Zentrum.

D'Lëtzebuerger Sprooch ass d'Sprooch vun eisem Land, e Stéck vun eiser Identitéit, vun eiser Kultur, mä awer och dat Franséischt, dat Däitscht an och zum Deel dat Englescht, déi hunn en Impakt op eis Identitéit an eis Kultur. An déi Mëschung do mécht eigentlech als Ganzt d'Identitéit vun eisem Land aus. Dorunner solle mer op kee Fall rüttele goen.

An engem Moment, wou ee feststellt, dass bei eisen Noperen, ob dat a Louthréngen ass, ob dat am Saarland, a Rheinland-Pfalz ass, eng ganz staark Bewegung ass, fir de Lëtzebuerger Modell versichen ze imitéieren an op si unzepassen, wou si soen: „Mir mussen onbedéngt d'Sprooch vun eisem Noper kennen. Mir mussen onbedéngt d'Méisproochegkeet an de Vierdergrond stellen"; an engem Moment, wou anerer erkennen, wat fir een Atout eigentlech déi Méisproochegkeet ass, däerfe mer op kee Fall deen doten Avantage opginn.

Also d'Förderе vum Lëtzebuergesche bleift am Kader vun deem Sproochesystem, wéi mer en hei zu Lëtzebuerg kennen an dee sech grosso modo bewäert huet iwwer laang, laang Jorzéngten.

Als LSAP hu mer eis mat villen aneren derfir agesat, a mer hunn eis do eens gemaach an der zoustänneger Kommissioun, dass d'Lëtzebuerger Sprooch soll endlech an eis Verfassung integréiert ginn. Ech wëll drun erënneren, dass bis 1948 just déi däitsch an déi franséisch Sprooch an eiser Verfassung stoungen an dass vun 1948 u just eng Referenz op e Sproochegesetz gemaach ginn ass an eisem ieweschte Gesetz, der Constitutioun. Et gëtt also Zäit, dass mer dee Manko do behiewen an am Kader vun eiser neier Verfassung, un där mer elo an der Endphas schaffen, och d'Lëtzebuerger Sprooch, mä awer gradesou de Lëtzebuerger Sproochesystem an eis Constitutioun verankert kréien.

Da kann net méi dat virkommen, wat deem éischte sozialisteschen Deputéierten, dem C.M. Spoo, hei an der Chamber geschitt ass: Nodeem en déi éischt Wierder hei op Lëtzebuergesch gesot huet, ass e vum deemolege Chamberspresident direkt ënnerbrach ginn a gebiede ginn, e sollt net méi an där doter Sprooch hei weiderfueren, well eis Verfassung déi dote Sprooch net géif kennen.

Lëtzebuergesch war als Dialekt eigentlech verpöönt, war keng vollwäerteg Sprooch sengerzäit. Déi Zäite si glécklecherweis definitiv eriwwer. An duerfir fanne mer et och net falsch, op de Wee ze goe vun enger offizieller Unerkennung vum Lëtzebuergeschen op EU-Niveau iwwer e Verwaltungsarrangement, dee méiglech ginn ass duerch en Accord, wou Lëtzebuerg selwer a senger Presidence 2005 matgeholl huet, deen ze erreechen, deen et méiglech mécht, eben de Gebrauch vum Lëtzebuergeschen an den Institutiounen an an der Korrespondenz mat den europäeschen Institutiounen iwwer en administrativen Arrangement ze verankeren. Quitte dass d'Käschte vun där Operatioun da vun deem jeeweilege Stat, hei Lëtzebuerg, ze droe sinn.

Dat do bréngt eis awer e gutt Stéck weider. An dat geet souguer iwwert déi reng Symbolik vun enger offizieller Unerkennung eraus, wat och d'Méiglechkeet gëtt, fir sech a Lëtzebuerger Sprooch un d'Institutiounen ze riichten an och eng Äntwert a Lëtzebuerger Sprooch an Zukunft ze kréien, wann deen Arrangement da gefaasst ginn ass.

Normativ europäesch Texter wäerten haut wéi an Zukunft weiderhin a franséischer Sprooch hei zu Lëtzebuerg gëllen a verschafft ginn. Richteg ass et, mengen ech, dass an deem Plang virgesinn ass, dass all wichteg Texter op Internetsitte vun der Regierung - dat muss awer an Zukunft selbstverständlech och fir den Internetsite vun der Chamber gëllen an och vun de Gemenge gëllen - och sollen op Lëtzebuergesch zur Verfügung stoen.

Dat gëllt an eisen Aen och fir Publikatiounen, déi ee mécht iwwer Informatiounsbroschüren, vulgariséiert Texter iwwer wichteg gesetzlech Bestëmmungen, déi sollen ënner anerem och, mä net nëmmen op Lëtzebuergesch zur Verfügung sinn. Do hu mer vläicht ze oft dem Penchant noginn, fir am Fong amplaz vum Lëtzebuergeschen dann eng däitsch Versioun ze huelen, well mer gesot hunn: „D'Lëtzebuerger verstinn och Däitsch, also brauch een dat net nach eng Kéier nieft dem Franséischen an enger drëtter Sprooch ze maachen." Ech mengen, do sollt ee méi systematesch d'Lëtzebuergescht wierklech och bei deenen Informatiounsinitiativen, déi ee vun ëffentlecher Säit hëlt, zur Geltung bréngen.

D'Regierungsstrategie huet véier iwwergräifend Ziler, hannert deene mer stinn, wéi se och den Avantage huet, dass se eigentlech secteuriwwergräifend ausgeriicht ass: Förderung, Fuerschung, Schoul, Kultur, Beruff, Alldag, Verwaltung, all déi dote Beräicher sinn duerch déi eng oder aner Moossnam an deem Pabeier tangéiert. An dat ass gutt esou. An et ass eigentlech och déi éischte Kéier, wou probéiert gëtt, déi Strategie wierklech an deem dote Mooss ze bündelen a kloerzemaachen, wat een eigentlech als iwwergeuerdnet Ziler verfollegt.

Mir mengen awer och, dass déi Flexibilitéit, déi d'Regierung wollt hunn, och sollt genotzt ginn, fir nach déi eng oder aner zousätzlech Iddi mat an deen heite Programm eranzehuelen. Ech wëll op eng, an dësem Moment, am Numm vun eiser Fraktioun, hiweisen, dat ass effektiv, nach zousätzlech Efforten ze maachen, wat de Gebrauch vum Lëtzebuergeschen am Alldag ugeet, zemools an Déngschtleeschtungsbetriber, am Handel, wou also de Kontakt mam Client muss kënne méi oft wéi haut op Lëtzebuergesch stattfannen.

Dat bedeit en Effort vun ieweschter Säit, mä et bedeit awer virun allem en Effort vu privater Säit, vun der Säit vun de Patronen, vun deene Leit, déi an de Betriber schaffen. An ech mengen net, dass dat elo reng eng Fro vu Suen ass, wou ee misst méi elo d'Patrone subventio-

néieren, fir do eppes ze maachen. Et ass jo am Interêt vum Betrib selwer, dass am direkte Kontakt mat de Clienten, mat de Lëtzebuerger Clienten, dass do och Personal ass, wat Lëtzebuergesch zumindest versteet an och an de wesentleche Punkte sech kann am Lëtzebuergeschen ausdrécken.

Do stelle mir eis vir, dass do Pläng secteurweis zesummen ausgeschafft gi vum Stat mat deenen eenzelne Patronatsvertrieder an deenen eenzelne Beräicher mat kloren Ziler, mat klore Mëttelen a Ressourcen, déi zur Verfügung gestallt ginn, fir an der Praxis also do am Alldagsgebrauch vum Lëtzebuergeschen am Kontakt mam Client konkret virunzekommen, äänlech wéi dat schonn am Spidolswiesen zu engem gudden Deel scho leeft an och gutt Resultater zurzäit opweist.

Här President, ech gesinn, meng Zäit leeft mer e bësse fort. Ech wëll just begréissen, dass deen heite Plang natierlech vun Oppositiounssäit, well se an der Oppositioun sinn, eigentlech net däerf ganz gutt fonnt ginn. Dat ass d'Regel, déi nach ëmmer schéngt hei sech duerchzesetzen. Wat mir awer opfält, dat ass, dass déi Leit, déi sech jorelaang fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzen, ob dat Leit vun der Aktioun Lëtzebuergesch sinn, ob dat Leit sinn, déi am Conseil permanent vun der Lëtzebuerger Sprooch sëtzen, dass déi sech positiv, onopgereegt, sachlech positiv zu där heiter Initiativ vun der Regierung geäussert hunn. An et ass dat eigentlech, wat zielt, an net d'Gestëppels an d'Gepicks vun der Oppositioun. Duerfir sti mer zu 100% hannert deem heite Plang.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bodry. An nächste Riedner ass de Claude Adam fir déi gréng.

(Interruption)

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Dat ass schwéier.

Merci fir d'Wuert, Här President. déi gréng sinn der Meenung, datt et richteg ass, wann d'Regierung sech eng laangfristeg Strategie gëtt, fir d'Lëtzebuerger Sprooch an der Sproochen- a Kulturpolitik ze förderen. An ech gesinn et d'selwecht wéi den Här Bodry: Dat solle mer an enger sachlecher, nüchterner Diskussioun maachen. Mir brauche keng Hyperaktivitéit ronderëm eis Sprooch. Mir brauche keng Revolutioun, wat den Emgang mat eiser Sprooch ugeet. Mir brauche keng Lëtzebuerger Mammemëllechsproochendebatt.

Mir wëllen alleguer d'Lëtzebuerger Sprooch valoriséieren. Ech gesi keen, deen do aus der Rei sprëngt. A fir déi gréng ass Lëtzebuergesch d'Sprooch vum Lëtzebuerger Land. Mir wëllen, datt méiglechst all Leit, déi an eisem Land wunnen, a méiglechst vill Leit, déi an eisem Land schaffen, dës Sprooch kënne léieren, eis Sprooch kënnen notzen, well, jo, d'Lëtzebuerger Sprooch ass ee Moyen par excellence, fir um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen. An dat ass jo genau dat, wat mer alleguerten heibanne wëllen.

Wat mir Gréng net wëllen a wou mer eis aktiv dergéint wieren, dat ass, wa versicht gëtt, d'Lëtzebuerger Sprooch ze mëssbrauchen, fir eis Populatioun ze dividéieren. All eis Beméiunge mussen an d'Richtung goen, fir d'Leit op d'Lëtzebuerger Sprooch hinzefëieren. Mir wieren eis géint Bestriewungen, déi wëllen ausgrenzen, déi Leit ausgrenzen, déi eis Sprooch net kennen oder nach net kënnen.

Duerfir si mir och ganz kloer der Meenung, datt d'Lëtzebuerger Sprooch haut net kann Amtssprooch ginn. Dat hätt fir d'Lëtzebuerger an d'net Lëtzebuerger Residenten, fir eis Wirtschaft, eisen Aarbechtsmaart esou vill negativ Konsequenzen, datt souguer de Petitionär an neien ADR-Member a senger…

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- …eegener Petitioun, eng vun deene mat de villen Ënnerschrëften, hei an der Chamber dat Zil absolutt relativéiert huet.

A wann d'ADR dann e Vertrieder sollt an d'Europaparlament schécken, da géif ech dat am Numm vu menger Partei bedauerlech fannen, well eis Vuen, wéi eng EU soll ausgesinn a wéi mer eng gemeinsam europäesch Zukunft solle gestalten, einfach diametral anescht si wéi déi vun der ADR.

(Interruption)

Wann dann esou ee Volleksvertrieder géif mengen, dem Lëtzebuerger Vollek en Déngscht ze erweisen, wann en zu Stroossbuerg oder zu Bréissel seng Interessen op Lëtzebuergesch géif vertrieden, da wier dat éischter säi Problem wéi eisen. Mir si bis elo ëmmer dervun ausgaangen, datt de Fait, datt mer souwuel eng Diskussioun op Däitsch wéi op Franséisch wéi op Englesch kënne féieren, éischter e Gewënn fir d'Lëtzebuerger duerstellt wéi en Nodeel.

Mir sinn der Meenung, datt eng wueliwwerluechte Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch Sënn mécht. Mir hu scho méi oft festgestallt, datt et der Lëtzebuerger Sprooch gutt geet, et ass och erëm haut gesot ginn. Et schwätzen a schreiwen a léieren haut méi Leit eis Sprooch wéi jee virdrun an eiser Geschicht.

Jo, firwat dann iwwerhaapt eng Promotioun maachen? Ma, mir wuesse rasant. All Joer kommen 12.000 Leit bäi. De Wuesstum gëtt, zu Recht, vill thematiséiert. A wann och haut méi wéi jee Lëtzebuergesch geschwat gëtt, da stelle mer fest, datt och ganz vill aner Sproochen hei am Land geschwat ginn an datt een am ëffentleche Raum oft den Androck kritt, wéi wa Lëtzebuergesch nëmme wéineg géif geschwat ginn.

An der Sproochendebatt ass et wichteg, och ze kucken, wéi et um Aarbechtsmaart ausgesäit. Mir stelle fest, graff vereinfacht: 100.000 Lëtzebuerger schaffen zu Lëtzebuerg, 100.000 net Lëtzebuerger Residenten an 200.000 Frontalieren. Datt ënnert deene Prämissen a ville Betriber wéineg Lëtzebuergesch geschwat gëtt, ass net verwonnerlech. An enger globaliséierter Welt ass dat awer och net ouni Weideres ze änneren.

Huele mer emol ee Betrib aus menger Noperschaft, huele mer emol d'Goodyear, e Betrib, dee mëttlerweil 70 Joer hei am Land ass: Do schaffen haut méi wéi 3.000 Leit. Dat ass ee vun deene gréisste Privatbetriber am Land. Ech weess net, wéi eng Sprooch vun de Leit an der Produktioun geschwat gëtt. Ech weess awer, datt déi éischt offiziell Sprooch vun deem Betrib weder Lëtzebuergesch nach Franséisch ass, mä Englesch ass. Fir eis ass dat eent vu ville Beispiller, déi weisen, datt mer eis Sprooch solle förderen, mä näischt kënne forcéieren a vun uewen erof diktéieren.

déi gréng maache sech regelméisseg Gedanken iwwert den Emgang mat eiser Sprooch. Déi gréng Stëftung hat am Oktober eng Konferenz iwwert d'Méisproochegkeet an der Klengkannerbetreiung organiséiert. An ech invitéieren Iech haut schonn alleguer op eng Table ronde zu der Méisproochegkeet an der Aarbechtswelt. Den Här Bodry huet dat och ugeschwat. Mir mussen Efforte maachen. An et ass natierlech d'Fro: Wéi kënne mer déi Efforte maachen?

Mir organiséieren eng Konferenz den 28. Mäerz an der Stad. An hei si Vertrieder souwuel aus dem Handel, aus dem Bankesecteur, aus dem Fleege- a Spidolssecteur an aus der Industrie. Mir wëllen nolauschteren, wéi d'sproochlech Situatioun um Aarbechtsmarché ausgesäit. A mir probéieren dann, politesch Konsequenzen aus deenen Erkenntnisser ze zéien. Esou eng Approche am Dialog ass de Wee, dee mir Gréng ageschloen hunn an der Sproochendiskussioun. A mir sinn der Meenung, datt dat ee gudde Wee ass.

Här President, ech ginn net op all déi 40 Mesuren an, déi mer vum Minister a vum Statssekretär schonn d'lescht Woch an enger Réunion jointe vun dräi oder véier Chamberskommissioune virgestallt kritt hunn. Duerfir ass meng Riedezäit net laang genuch. Ech maachen en onkomplette Kommentar vun de Mesuren.

Zu den éischte fënnef Mesuren, sougenannten iwwergeuerdnete Mesuren. Jo, et mécht absolutt Sënn, déi Sproochen- a Kulturpolitik laangfristeg unzegoen. Dës Mesurë sinn och net, zumindest net all, nei erfonnt. D'Lëtzebuerger Sprooch op EU-Niveau iwwer en Arrangement administratif unerkannt ze kréien, ass en éischten interessante Schratt. Mir gesinn zurzäit keng Noutwendegkeet, fir hei méi wäit ze goen. Géife mer en zweeten oder en drëtte Schratt an d'A faassen, dee méi wäit geet, géife mer eis selwer kee Kaddo maachen, mä vill Problemer schafen.

Am Kapitel 1, wou et ëm de Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch geet, ass virun allem de Punkt 7 „Iwwersetze vu staatlechen Internetsäiten op Lëtzebuergesch" deen, deen am schnellste fir méi Visibilitéit fir d'Lëtzebuerger Sprooch wäert suergen.

Et stellt sech natierlech och d'Fro no eiser drëtter Amtssprooch, dem Däitschen, an eventuell och dem Engleschen. Dat kéint fir vill Secteuren interessant sinn. Ech mengen, mir sollten dat flexibel ugoen.

Am Kapitel 2 iwwert d'Norméierung, de Gebrauch an d'Etüd vun der Lëtzebuerger Sprooch kënne mer all d'Mesurë begréissen, déi d'Regierung ugefouert huet. An et sinn och d'Punkten 8 bis 14 aus dësem Kapitel, déi an eisen Ae beleeën, datt mer et ebe mat engem laangfristege Projet ze dinn hunn.

D'Lëtzebuerger Sprooch huet sech an deene leschte Jorzéngte vill beweegt an entwéckelt. Mir stellen zum Beispill e Verschwanne vun den Dialekter fest. Nodeems d'Madamm Jacobs net méi hei schwätzt, hunn d'Varianten an der Sprooch vun eisen Deputéierten nëmme méi…

(Brouhaha général et interruptions)

…Nuancen.

Ech gesinn, ech hat och mer erwaart, datt eng kleng Oppositioun vun deem Eck kéim, eben, wou Der elo grad drop higeschwat hutt,…

(Interruption)

…mä Dir kënnt Iech awer nach gutt erënneren, wéi d'Madamm Jacobs hei geschwat huet, do hate mer awer nach vill méi grouss…

(Brouhaha)

…Dialekter hei, deene mer konnten nolauschteren.

Eis Sprooch brauch Ënnerstëtzung, fir sech weiderzëentwéckelen an ze festegen. Si brauch awer och Zäit. An et ass och schonn hei gesot ginn: Et gëtt haut vill méi Lëtzebuergesch geschriwwen an och besser geschriwwen, wéi dat nach virun enger gewëssener Zäit war, an dat souwuel am Alldag wéi och an der Literatur.

Dat drëtt Kapitel behandelt d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur. Mir gesinn dat eigentlech alles positiv. Den „eigentlech" dréckt eis Skepsis aus iwwert de Punkt 15, net mam Titel „Lëtzebuergesch an de Betreiungsstrukturen", mä éischter mat de ville Froen, déi eis déi méisproocheg Erzéiung stellt. Ech hu schonn ëfters dorobber higewisen. Ech weess, datt mer eis net alleguerten honnertprozenteg eens sinn.

Ech deelen alleguerten déi Aussoen, déi mäin Deputéierten- a Schoulmeeschterkolleeg Lamberty iwwert d'Lëtzebuergescht an der Schoul gemaach huet.

Ech bleiwen awer derbäi, datt déi Méisproochegkeet eis ganz vill Erausfuerderunge stellt. Ech bleiwen och derbäi, net un dat Bild ze gleewe vun engem klenge Gehir, dat mer just brauchen ze fëllen, vläicht mat engem Triichter, an och net un d'Bild vun engem klenge Gehir, dat sech vollsuckelt ewéi e Schwamm, mer brauche just Wëssen oder Sprooch drop ze tippen.

Ech mengen, dat stëmmt net. Wann dat géif stëmmen, dann hätten all eis Kanner mat Migratiounshannergrond vill manner schoulesch Problemer, wéi se der haut hunn, da wiere se besser an de klassesche Lycéeë vertrueden an net iwwerduerchschnëttlech bei den Décrocheurs scolaires.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- An ee ganz liichten Zweifel hunn ech och mat der Obligatioun, fir Lëtzebuergeschcoursen an den internationale Grondschoulen a Secondaires anzeféieren. Jo, dës international Schoule sinn in, besonnesch wéinst hire Sproocheregimmer, déi anescht si wéi an eisen ëffentleche Schoulen, Ausnam: déi nei international ëffentlech Schoul zu Déifferdeng.

Jo, et ass net gutt, wa ganz Kohorte vu Schüler kee Lëtzebuergesch léieren. Mä! Muss zum Beispill engem Diplomat säi Kand, dat fir véier Joer an d'Land kënnt, Lëtzebuergesch léieren? Wéi motivéieren ech ee Véierzéngjäregen, dee wéinst sengen Elteren hirem Beruff schonn a sengem drëtte Land an eng international Schoul geet, fir Lëtzebuergesch ze léieren? Mir sollten net vergiessen, datt déi international Schoule grad just erfonnt gi sinn, fir dëse Kanner d'Liewen net onheemlech schwéier ze maachen.

All déi aner Mesurë si fir eis onproblematesch an noutwendeg. Dat gëllt och fir déi Mesuren an der Erwuessenebildung. Ganz wichteg si fir eis d'Punkten 30, „Sproochekenntnisser am sozialen, therapeuteschen a Familljesecteur", an 31, „Sproochekenntnisser am Gesondheetssecteur". Net onbedéngt, well hei vill Neies steet, mä well eng Kéier rappeléiert gëtt, datt grad just an dëse Secteuren a ganz zu Recht schonn elo vill Efforte gemaach ginn, fir Lëtzebuergesch ze léieren. An déi Efforte mussen och weidergefouert ginn.

Da kommen ech zum Schluss, zum leschten a véierte Kapitel. Et geet ëm d'Kultur. Mir verstinn all déi Mesuren als zousätzlech Mesuren an net als Ofännerung vu Mesuren, déi et scho gëtt. Mir ginn dervun aus, datt och an Zukunft d'Literaturpräisser wéi an der Vergaangenheet Wierker an dräi oder véier Sprooche wäerten éieren. A mir géifen et och kloer bedaueren, wann de Prix Servais oder de Concours littéraire national oder dee jonken Hörspillpräis net méi méisproocheg wieren.

A wa mer bei d'Theater- an d'Filmwelt ginn, dann ass de Sproocheräichtum och eng immens Plus-value. Mir kënne gäre spezifesch Präisser och fir lëtzebuergesch Wierker schafen. Mir sollen awer net d'Kand mat der Bidden ausschëdden. D'Méisproochegkeet ass e wichtege Bestanddeel vun eisem Land, eiser Schoul an eiser Kultur. Mir mussen oppassen, datt mer zumindest bleiwen, wat mer sinn. Mir sollen eis net sproochlech a kulturell méi aarm maachen, wéi mer et elo sinn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Adam, mam Wonsch, heiansdo e Bléck op d'Auer ze werfen. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, d'ADR begréisst prinzipiell all Initiativ, déi sech fir d'Lëtzebuergescht asetzt, an an deem Sënn hu mer och déi heiten Initiativ vun der Regierung a priori emol positiv opgeholl. Dat entbënnt eis awer net vu gewëssene Kriticken an Iwwerleeungen, déi mer musse maachen, a vun der Fro: Geet dat hei wäit genuch? Sinn et déi richteg Mesuren? A wéi wäit ass dat ëmsetzbar, wéi wäit bréngt et och wierklech eppes der Lëtzebuerger Sprooch?

Mir hu festgestallt, datt dat heiten emol zu d'Eischt e politesche Geste ass. Ech mengen hei - verschidde Riedner hunn et och gesot -, et ass eng Reaktioun op dem Här Lucien Welter seng Petitioun, déi e bruecht huet mat ronn 15.000 Ënnerschrëften. An ech mengen, d'Regierung ass sech bewosst, datt geschwë Wahle sinn an datt se do séier eppes muss maachen, och wann et net wierklech mat Iwwerzeegung gemaach gëtt.

Déi Iddi, fir zwanzeg Joer unzesetzen, dat kléngt hei strategesch: „20 Joer!". Mä eng Regierung, déi nach 571 Deeg hei am Land un der Regierung ass, déi dedouanéiert sech. Déi seet sech: „Déi 571 Deeg, déi mir nach hei sinn, déi hu mer dann eng gewësse Rou, well mer esou maachen, als hätte mer eppes fir eis Sprooch gemaach. A wat duerno kënnt, dat kënnen dann déi nächst Regierunge kucken."

Dat ass u sech wéineg iwwerzeegend, zemools well déi 20 Joer eng Absichtserklärung sinn ouni vill konkreten Inhalt. Dee soll e Kommissär ausschaffen! An do hu mer erëm e Reflex vu Leit, déi wierklech net direkt mat grousse Moossname wëlle kommen. Et gi Comitéë geschaaft, et ginn Ämter geschaaft. Ech erënnere mech un den Asterix - deen an engem schéine Franséisch geschriwwen ass, Här Adam -, well do steet schonn: «On créera des commissions et des sous-commissions», als Mëttel, fir laanscht Decisiounen ze kommen. An dat heiten ass e bëssen deeselwechten Androck: Mir kreéieren Organer an da kënnen déi sech emol debrouilléieren. Op jidde Fall, dës Regierung ass dann net méi do, wann et wierklech zu Moossname kënnt.

Ech verstinn och net, firwat jiddwereen heibanne sech entschëllegt praktesch, fir fir d'Lëtzebuergescht anzetrieden, a seet: „Oh, mir maachen eppes fir d'Lëtzebuergescht, awer ëm Gottes wëllen, dat geet net géint déi aner Sproochen, net géint d'Méisproochegkeet!" Dat seet jo och keen! Dat huet nach ni ee gesot! A wéi engem Land soss vun der Welt...

Une voix.- Et huet nach kee sech entschëllegt.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- A majo sécher! Ma sécher! Der Rei no hutt Der Iech entschëllegt, der Rei no!

(Protestations)

Do ass dach...

(Interruption)

A wéi engem Land géif een dat dann nach fannen, datt ee seet: „Ma mir maachen eppes fir eis Nationalsprooch", ob dat Franséisch oder soss eppes ass, oder Däitsch, oder an iergendengem Land, a gläichzäiteg: „Mir maachen näischt géint déi aner."? Dat ass selbstverständlech, datt et net géint eng aner Sprooch geet. Mä et ass batter néideg, datt mer emol endlech konkret fir d'Lëtzebuergescht Saache maachen!

Lëtzebuergesch dividéiert net. Lëtzebuergesch schléisst keen aus. Ganz am Géigendeel. Mir hunn als ADR ëmmer gesot: „Mir kucken, datt méiglechst vill Leit solle Lëtzebuergesch léieren, datt se all Chancen hunn hei am Land, un eisem ganze Liewe kënnen deelhuelen, all Beruffschancen hei am Land hunn. A wa Lëtzebuergesch eppes ass, dann ass et eng Inklusiounssprooch, an ni eppes, wat kann ausschléissen!

Dës Regierung wëllt also hei e Geste setzen. Mä mir kucken d'Praxis an dat Deklaratorescht, a mir halen dat ganz kloer auserneen.

Wat huet dës Regierung gemaach? D'Nationalitéitegesetz, mat Hëllef vun de Kolleege vun

der CSV, wou den Niveau vum Lëtzebuergeschen erofgesat ginn ass. Et ass nach net laang hier, datt Der dee konkrete Geste hei an der Chamber gesat hutt. An no 20 Joer, wann een no 20 Joer hei am Land nach ëmmer näischt gemaach huet, fir d'Sprooch ze léieren, da kritt een d'Nationalitéit nach geschenkt! Dat ass déi konkret Realitéit vun dëser Regierung!

Mir hunn eng Debatt iwwert d'Affekoten. Elo musse mer kucke geschwënn, ob d'Affekoten nëmme Franséisch hei am Land musse schwätzen! Och déi Debatt steet eis nach bevir. D'multilingual Fréierzéiung gëtt ewell esou presentéiert vun der Regierung, als wär dat eppes, fir esou an deene puer Crèchen, wou Franséisch geschwat gëtt, elo och Lëtzebuergesch anzefëieren. Och do gëtt et eng aner Realitéit: Déi grouss Majoritéit vun de Crèchen, wou Lëtzebuergesch geschwat gëtt, déi musse Franséisch afëieren! Vergiesst net deen Deel vun der Realitéit, well dat ass deen, dee wierklech Bedeitung huet.

D'international Schoulen, déi ëmmer hei gegrënnt gi sinn: Mir hunn dat ëmmer als ADR kritiséiert, datt an deene Gesetzer keng Präzisiounen do sinn iwwert den Niveau vum Lëtzebuergeschen. Elo gëtt probéiert, e bëssen nozebesseren. Och dat gesi mir als eng Reaktioun op eis berechtegt Kritik.

Gëschter huet d'Demokratesch Partei proposéiert, datt am Kader vun der Lëtzebuerger Arméi och auslännesch Offizéier an Ënneroffizéier zougelooss sollte ginn. Mä wéi eng Sprooch géifen déi mat den Zaldote schwätzen, wa se kee Lëtzebuergesch kënnen? Wa se Lëtzebuergesch kënnen, kënne se jo Lëtzebuerger ginn. Wa se keent kënnen, mussen dann eis Zaldoten elo mat deenen eng aner Sprooch schwätzen? Ass et erëm de Lëtzebuerger, dee muss säi Multilinguismus, deen e sech uléiert an uschafft, benotzen, fir elo mat Auslänner hei ze communiquéieren, déi Lëtzebuerger Fonctionnaire wëlle ginn?

Fir eis ass kloer: D'Fonction publique hei am Land, den ëffentlechen Déngscht ass lëtzebuergeschsproocheg. A mir verlaange vu jiddwerengem, dee wëllt am Déngscht vun eiser Heemecht am lëtzebuergeschen ëffentlechen Déngscht schaffen, datt en och d'Sprooch vum Land kann. An dat ass nun ebe Lëtzebuergesch!

(Interruption)

Fir eis ass et och evident, datt mer net elo toleréieren, datt d'CSV elo hei kënnt an dat heiten, déi hei Moossname kritiséiert, déi awer zum Deel an hirer Regierungszäit mat decidéiert goufen. Ech referéiere mech do op de Studieplang an de Primärschoulen, wéi dat elo heescht: am „Fondamental". Deen ass 2011 ausgeschafft ginn. Du wor d'CSV un der Regierung. D'CSV dréit mat d'Verantwortung a kënnt haut heihinner a seet: „Et ass jo schued, an eise Schoule gëtt net iwwert d'Lëtzebuerger Geografie, iwwert d'Lëtzebuerger Geschicht, iwwert d'Lëtzebuerger Bräich an esou weider geschwat", an dee Plan d'étude, deen dat festleet, deen ass du festgeluecht ginn, wéi d'CSV selwer un der Regierung war!

(Brouhaha)

Fir eis ass och d'Verfassungsreform e ganz kloert a wichtegt Signal. Mir hätte gär - a mir hunn eng Proposition de loi gemaach! -, datt Lëtzebuergesch esou séier wéi méiglech an eis Lëtzebuerger Constitutioun ageschriwwe gëtt, well mir kréie keng generell Verfassungsreform an dëser Legislaturperiod. Ech soen derbäi: „Gott sei Dank!" Mä mir hätte gär als ADR, datt esou séier wéi méiglech déi Dispositioun iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch virgezu gëtt, a mir hunn eng extra Proposition de loi zu deem Zweck gemaach.

An et ass komesch, datt am Artikel 4 vun Ärer Propositioun elo gesot gëtt: „Jo, mir wëllen och d'Villsproochegkeet aschreiwen." Gitt Der zréck op dat, wat bis elo an der Verfassungsreform gesot ginn ass? Oder wëllt Der deen Text huelen, dee bis elo diskutéiert ginn ass? Eng Onkloerheet. A mir hätten nawell gär, datt d'Regierung eis seet, ob se bei deem Text bleift, deen elo am Ableck an der Verfassungsrevisioun virgesinn ass, oder ob se vun deem Text ofweicht, fir an der Villsproochegkeet eng nei Formulatioun anzeféieren.

D'selwecht mat Europa. Mir haten déi Referenz op déi Dispositioun, déi de Conseil 2005 ugeholl huet an déi elo d'Regierung wëllt ëmsetzen, schonn e puermol an eisem Wahlprogramm! 2014 fir d'Lescht, wann Der et wëllt nokucke kommen! Dat ass eng ADR-Fuerderung, déi scho laang besteet. Mir hu se e puermol hei an der Chamber virbruecht. Den Här Meisch huet ëmmer iwwerrascht gemaach, wa mer elo dermat komm sinn. Dat ass eng al ADR-Fuerderung, a wa mer eppes begréissen an Ärem Moossnamekatalog, dann ass et, datt Der Iech do eis endlech uschléisst.

Mir hunn och eng aner - am Europäesche Parlament -, ech liesen Iech dat vir, well et ass ganz interessant, et ze liesen. Et gëtt eng Decisioun vum Europäesche Parlament vun 1995 - Här Adam, elo lauschtert gutt no!, ech iwwersetzen dat op Lëtzebuergesch -, wou d'Europäescht Parlament, wat sech op d'Organer vun der Europäescher Unioun bezitt, ausdrécklech seet: „D'Europäescht Parlament ass der Meenung, datt et d'Recht vun all Deputéierten ass, a senger Mammesprooch ze schwätzen an ze schaffen, datt dat en ontrennbare Bestanddeel vum demokratesche Recht vu sengem Mandat ass." Dat seet d'Europäescht Parlament.

Mir als ADR, mir verspriechen eppes hei konkret: Wa mir an den Europawahlen d'iwwernächst Joer en Europadeputéierte kréie sollten, da schwätzt dee ganz sécher am Europäesche Parlament Lëtzebuergesch! A mir wäerten eis mat Méi druginn, mat allem Wëllen, mat aller Méi, fir datt dat och da méiglech ass, datt och am Europäesche Parlament - wéi den Här Spoo et hei gemaach huet sengerzäit - Lëtzebuergesch als gläichwäerteg unerkannt gëtt.

(Brouhaha)

Mir haten eng ganz Rei Lacunne festgestallt an deene Propositiounen, déi d'Regierung eis virgeluecht huet: Lëtzebuergesch als Gesetzessprooch, als Amtssprooch. Den Här Adam huet do vläicht eng kleng Konfusioun. Wat ass Amtssprooch? Wat ass Gesetzessprooch?

Mir als ADR, mir hätte gär, datt mer d'Lëtzebuergescht esou entwéckelen, datt mer schrëttweis Lëtzebuergesch och a Richtung Gesetzessprooch kënnen entwéckelen, datt mer an enger éischter Phas parallell Texter entwéckelen, fir datt mer wëssen, elo hu mer e Grad u Rechtssécherheet erreecht, deen eis erlaabt, och eng Gesetzessprooch draus ze maachen, an datt mer et dann aféieren. Dat ass e progressive Prozess. Dat geet net vun haut op muer, mä dee politesche Wëlle muss awer do sinn. An dee gëtt et net op der Regierungssäit, dee gëtt et do net!

Mir hunn och an de Schoulen hei..., mir hate fréier, an där Regierung virdrun, wou d'Sozialiste jo och Member waren, do gouf nach geschwat vun enger lëtzebuergescher Sektioun an de Lycéeën. Dat ass fale gelooss ginn. Ass d'DP do dergéint? Sinn déi gréng do dergéint, géint eng lëtzebuergesch Sektioun an de Lycéeën? Huet d'LSAP hir Meenung geännert? Firwat gëtt dat net méi diskutéiert? Dat wier eng flott Iddi gewiescht. An et géif gläichzäiteg deene Leit, déi wëllen e Master am Lëtzebuergeschen op der Uni.lu maachen, eng Carrièresperspektiv ginn. Et geet jo net, datt Der hei kritiséiert oder bedauert, datt esou wéineg Leit dat studéieren! Majo wann Der hinne keng Carrièresperspektive gitt, dann ass et natierlech schwéier, esou e Studium ze maachen.

Mir vermëssen och, datt d'Uertschafts- an d'Flouernimm net konsequent op Lëtzebuergesch iwwersat ginn, datt och déi international Navigatiounssystemer, Elektroniksystemer net op Lëtzebuergesch favoriséiert ginn,...

(Brouhaha)

Ma dat ass wichteg!

(Brouhaha)

An da komme mer nach op eppes anescht, Madamm Beissel, wat Iech och vläicht interesséiert, well et all Bierger am Land interesséiert, dat ass de Gesondheetssecteur. Wann ech kucken, wat Dir hei an Ärer Moossnam 31 iwwert de Gesondheetssecteur schreift: Méi schwaach geet et net! Dir sot just, wat am Ableck de Stand ass.

Dir sot, de Gesondheetsminister hätt d'Recht - effektiv, am Ableck -, d'Sproochekenntnisser duerch de Collège médical iwwerpréiwen ze loossen. Gemaach gëtt dat wahrscheinlech ni. Datt Sproochecoursen an de Klinicken offréiert ginn, ass eng gutt Saach. Mä dat geet net duer! Mir hätte gär endlech eng voluntaristesch Approche, fir all Lëtzebuerger, deen an eng Klinik geet, d'Angscht ze huelen, fir sech mussen a Sproochen auszedrécken, déi e vläicht net kann, oder de Risiko ze huelen, mat engem schwéiere Leed an d'Klinik ze kommen an dann net verstanen ze ginn an net behandelt ze ginn oder falsch behandelt ze ginn. E Mëssstand, dee mer endlech musse bekämpfen, an zwar decidéiert bekämpfen!

Am Commerce ass et d'selwecht - ech gesinn, Här President, ech hu gesinn (veuillez lire: ech hu gesinn, datt d'Zäit ofgelaf ass), ech halen also op an engem Saz mam Commerce - an och do ass natierlech e Wëllen néideg. Et geet einfach net méi! An et gëtt och vun de Leit net méi akzeptéiert! Datt mer hei an eise Stroossen, hei an der Stad, an der Groussgaass, an all deene Stroossen hei ronderëm, a ville Geschäfter, wann net an deene meeschten, op Lëtzebuergesch näischt méi kënne kafen, och dat ass eriwwer! Mir hätte gär eng aner Politik, fir deem en Enn ze maachen!

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci...

(Brouhaha général)

...dem Här Kartheiser. A leschte Riedner...

(Interruptions diverses)

Une voix.- Schummt Iech!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Just de President huet am Moment d'Wuert! An nächste Riedner ass den Här Marc Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Wann een nom ADR schwätzt, denkt een dacks...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dann ass näischt méi ze soen.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- ...denkt een dacks,...

(Interruptions)

...datt et vill Sprooche ginn, op déi ee sech verstoe kann, an datt et heiansdo och eng Sprooch gëtt, op déi ee sech net versteet.

Wéi d'Regierung virun enger Woch dee Strategiepabeier fir d'Promotioun vum Lëtzebuergesche presentéiert huet, ware mir als Lénk an der éischter Reaktioun éischter enttäuscht, well wesentlech Saachen an eisen Aen an deem Strategiepabeier gefeelt hunn. Éischtens schonn den Numm selwer: „Strategie". Wann een eng Strategie entwéckelt, da muss een och Ziler definéieren. Da muss een Objektiver definéieren. An da si mer an enger gesellschaftlecher Debatt, wéi mir eis virstellen, wéi an Zukunft mëttel- oder laangfristeg de Sproochegebrauch zu Lëtzebuerg soll orientéiert sinn. An déi Zilvirgaben, déi feelen. Duerfir ass och dat, wat als eenzel Punkten an deem Strategiepabeier steet, just eng Opzielung vu méi oder manner inspiréierten a schonn deelweis existéierende Mesuren a Mesuretten, wou verschiddener drënner sinn, déi duerchaus sënnvoll sinn, mä wou et awer deem Ganzen un der Kohärenz vun der Konzeptioun absolutt feelt.

Da geet d'Regierung elo dohinner a seet: Ma fir déi Strategie, déi dann och zu engem Zwanzegjoresplang féiere soll, duerfir setze mer e Kommissär an, also eng Persoun an, déi dat entwéckele soll mat den Akteure vun der Zivillgesellschaft. Mä ech mengen, datt dat net d'Aufgab ka si vun enger Persoun, vun engem Kommissär, wéi gutt deen och ëmmer ass, mä datt et d'Aufgab ass vun der Politik, d'Ziler an d'Objektiver ze definéieren, an datt een dann zesumme mat allen Akteure kuckt, wéi een déi Ziler eventuell erreeche kann, ob een eventuell muss Redressementer maachen zu deenen Ziler an Objektiver, déi ee gemaach huet. An et ass net, d'Verantwortung weiderginn un d'Institutioun vun engem Kommissär, deen dat dann alles entwéckele soll.

Deeselwechte Phenomeen hu mer och gesinn, oder gesi mer, am Beräich vum Kulturentwécklungsplang. Och do feelt et un inhaltleche Virgaben, déi dann ersat ginn doduerjer, datt eng Persoun domadder beoptragt gëtt, Ziler zesumme mat anere Leit ze definéieren. Mir mengen, datt d'Politik sech do hirer Verantwortung entzitt.

Och vermësse mer, oder hu mer vermësst, datt dat, wat zwar ëmmer ugekënnegt ginn ass - näämlech op där enger Säit wëlle mer d'Promotioun vum Lëtzebuergesche virubréngen an op där anerer Säit soe mer: „Mä mir liewen awer an engem méisproochege Land", datt deem Spannungsverhältnis iwwerhaapt keng Rechnung gedroe gëtt, mä et ginn ebe just eenzel kleng Mesurë geholl fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen. Mä wéi ass dann dat Verhältnis vun deem Lëtzebuergeschen, wat dann esou promouvéiert ass, an deem méisproochege Land? Och dovunner hu mer ganz wéineg fonnt.

Mir mengen och, datt een eigentlech hätt missen ausgoe vun der Sproochesituatioun, wéi se am Moment och zu Lëtzebuerg ass, wéi et se gëtt. Mir schwätzen hei an der Chamber Lëtzebuergesch. Eis Texter sinn op Franséisch. Mir kucken däitsch Télee. Englesch ass ëmmer méi am Gebrauch. An op eise Chantieren an op de Stroossen a vun deene Leit, déi op deene Chantiere schaffen an d'Stroosse bauen, ginn nach eng ganz Rëtsch aner Sprooche geschwat.

Virdrun ass de C. M. Spoo vum Här Bodry a vum Här Kartheiser och ugeschwat ginn. Mä de Caspar Mathias Spoo huet hei op Lëtzebuergesch geschwat net, well Lëtzebuergesch esou eng schéi Sprooch ass, mä well e wollt d'Sprooch vun den Aarbechter schwätzen. E wollt d'Sprooch schwätze vun deene Leit, déi schaffen. An dat ass e wesentlecht Element dovunner, wa mer hei iwwert d'Promotioun vun där enger oder anerer Sprooch schwätzen. Lëtzebuerg ass e méisproochegt Land! An dat ass an engem Mooss, datt et eenzegaarteg ass op der Welt. Keen anert Land ass an där Situatioun wéi Lëtzebuerg, mat Lëtzebuerg vergläichbar. An dat ass eppes, woumat mer eis an der Vergaangenheet, zumindest datt ech weess, awer ëmmer och no bausse gebretzt hunn, datt mer esou vill Sprooche kënnen! An natierlech stellt eis dat awer och viru grouss Erausfuerderungen, well d'Fro, wéi mer mat der Situatioun ëmginn, kënne mer net, wéi mer dat dacks an anere Fäll maachen, bei anere Länner knäipen, kopéieren, mä mir mussen et selwer aus eegener Kraaft entwéckelen.

A wann ee seet: „Lëtzebuerg ass méisproocheg", dann heescht dat net, datt all Leit hei am Land an alle Sprooche gläich staark sinn. Ech selwer war frou, wéi ech op Deuxième konnt Franséisch ofwielen an op Première net hu missen am Franséische getest ginn. Ech sinn och an Däitschland studéiere gaangen. A wéi ech erëmkomm sinn an och ugefaangen hunn, hei ze schaffen, hat ech och Schwieregkeete mam Franséischen. An dat ass eppes, wat, mengen ech, ganz ville Leit hei am Land esou geet. Duerfir musse mer, wa mer driwwer schwätzen, wéi mer mam Lëtzebuergeschen an där méisproocheger Gesellschaft ëmginn, och deem Rechnung droen.

An d'Fro, déi sech jo elo hei stellt bei der Promotioun vum Lëtzebuergeschen, ass: Wéi eng Gewiichtung gi mer deem Lëtzebuergeschen an där Gesellschaft? D'Förderung, menge mir, vum Lëtzebuergeschen ass eppes Wichteges an ass eppes, wat keen a Fro stellt. Mä et däerf een et ëmmer nëmmen..., oder et soll een et gesinn am Kontext vun deem, wat eist Land bis haut ausgemaach huet. Dat heescht, mir mengen, datt, wa mer soen: „Mir sinn e méisproochegt Land, wou d'Lëtzebuergescht eng méi wichteg Roll ze spillen huet", da muss een och kucken, datt een de Leit d'Moyene gëtt, sech an deem Land, dat méisproocheg ass, doheem ze fillen an och staark ze fillen. Et geet drëm, d'Leit staark ze maachen. An do hätte mer och Mesuren an esou engem Strategiepabeier erwaart. Leider hu mer déi net fonnt.

Ech wëll véier Pisten, net eng eege Strategie, mä véier Pisten opzeechnen, wou een hätt kënnen d'Lëtzebuergescht méi staark maachen a gläichzäiteg d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg reaffirméieren an och de Leit d'Méiglechkeet ginn, dat ze benotzen.

Mir hunn am Moment e Congé linguistique zu Lëtzebuerg, dee gëllt fir Salariéen - et ass virdrun zu Recht gesot ginn, datt en enger Spuermesure deelweis zum Affer gefall ass -, deen do ass, fir datt d'Leit, déi hei schaffen, Lëtzebuergesch kënne léieren; also eppes, wat sech éischter un Netlëtzebuerger adresséiert. Mä kann ee sech dann net e Congé linguistique virstelle fir Lëtzebuerger, déi Lëtzebuergesch kënnen, fir eng aner Sprooch, déi an hirem besonnesche Secteur wichteg ass, kënnen ze léieren? Dat heescht, aus där Méisproochegkeet e wierklechen Atout ze maachen, an deen de Stat och investéiert!

Eng aner Pist, déi mer och schonn an anere Kontexter an Diskussiounen opgeworf hunn, dat ass d'Fro vun der Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch. Mir mengen, datt dat duerchaus eng sënnvoll Pist kéint sinn, net well Lëtzebuergesch esou eng dichteg Sprooch ass, mä well et Sënn mécht, d'Alphabetiséierung, also de Phenomeen, wou ee Lauter, déi een als Kand vu sech gëtt, kann a Graphèmë verwandelen, an där Sprooch ze maachen, déi een effektiv um Schoulhaff schwätzt. An do maache mer jo och Beméiungen, fir datt dat d'Lëtzebuergescht soll sinn. Duerfir menge mer, datt d'Iddi vun der Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch eppes ass, wat een net einfach esou verwerfe soll.

Drëttens menge mer, datt mer an engem Land wéi Lëtzebuerg, wou mer esou vill Leit hunn, déi e Migratiounshannergrond hunn, eegen Efforten a verstäerkten Efforte maache mussen an der universitärer Fuerschung, wat d'Didaktik vun de Sproochen zu Lëtzebuerg ugeet. Well dat ass och eppes, wat mer just ganz begrenzt kënnen aus anere Länner knäipen, well eis Situatioun eben esou eegenaarteg ass.

Véiertens, d'Kultur. Do, muss ech soen, war ech awer e bëssen enttäuscht, datt nieft engem neie Präis fir d'Verdéngschter ëm d'Lëtzebuerger Kultur a Sprooch relativ wéineg do drastoung. 2008, bei der Iwwerreechung vum Batty-Weber-Präis huet de Lëtzebuerger Schrëftsteller Nico Helminger Folgendes gesot: „Zegdausende Schüler verloossen eis Lycéeën ouni ze wëssen, datt et jee e Lëtzebuerger Schrëftsteller ginn ass." An dat ass eng Realitéit! A wa mer d'Förderung vum Lëtzebuergesche wëlle virundreiwen, dann heescht et och, datt mer d'Förderunge vun deene Leit, déi Lët-

zebuergesch schreiwen, awer wéi den Nico Helminger selwer, déi och Däitsch schreiwen als Lëtzebuerger Auteur oder Franséisch schwätzen, jo, souguer Englesch schreiwen, genuch würdegen a fir dorauser en Atout och vun eiser Kultur ze maachen.

Här President, ech resuméieren: Mir mengen, datt dat hei net wierklech eng Strategie ass, well déi eigentlech gréisser gesellschaftlech Debatt, déi esou engem Strategiepabeier misst virausgoen, net stattfonnt huet. Mir mengen, datt d'Ziler net definéiert ginn, wou mer hiwëllen. An duerfir fanne mer eigentlech den Inhalt vun deenen 13 Säite relativ moer.

Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm.

Wëllt d'Regierung d'Wuert nach eng Kéier ergräifen?

(Négation)

Merci.

Ech mengen, dat war e konstruktiven Echange. Mir sinn dann zum Debat mat enger Motioun saiséiert, sinn och saiséiert mat der Motioun vum Här Kartheiser. Ech géif mengen, dass een dat no der Chronologie soll maachen, wéi déi Motiounen erakomm sinn. Dat heescht, fir d'Éischt déi Motioun vum Här Kartheiser an dann duerno déi Motioun, déi am Rame vum Debat abruecht ginn ass.

Ass d'Chamber do dermat d'accord?

(Assentiment)

Da maache mer dat esou.

Kann ech dovun ausgoen, dass alles erkläert ass? Ass keen, dee wënscht, d'Wuert nach ze ergräifen?

(Négation)

Merci, dann ass dat och esou decidéiert.

(Interruptions par Mme Martine Hansen et M. Fernand Kartheiser)

Motions

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech wëll just kuerz begrënnen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah okay. Ma dann, Madamm Hansen, wann Dir wëllt, dann huelt...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Maache mer déi zwou Motioune mateneen? Oder?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir stëmme se noeneen of. Mä Dir kënnt awer Stellung huelen zu deenen zwou.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech kann awer schonn zu deenen zwou Motioune Stellung huelen.

Bei der Motioun vun der ADR, do muss ech soen, datt mer mat eenzelne Punkte kënnen averstane sinn, wéi zum Beispill de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch als administrativ Sprooch auszebauen oder d'Lëtzebuergescht och an den Europaschoulen ze ënnerstëtzen oder och international Schoulen. Oder och op eng multilingual gratis Fréierzéiung u sech ze verzichten.

Mä mir kënnen awer och mat anere Punkten net averstane sinn. Ech wäert der just zwee hei soen.

Dat Éischt ass, eist Nationalitéitegesetz misst jo elo erëm geännert ginn. Mir hunn et virun engem décke Mount gestëmmt. Mir hunn dat och matgestëmmt, well et dréit den Usprëch Rechnung an et dréit der Realitéit Rechnung. A mir sinn och net averstane mat deem Punkt, d'Lëtzebuergescht als vollwäerteg Sprooch an der Legislatioun anzesetzen, well mer der Meenung sinn, datt mer net dee Vocabulaire hunn, fir wierklech Gesetzestexter ze iwwersetze respektiv ze schreiwen. Mä mir haten, an dat hu mer elo an der Debatt gesot, nach eng Kéier gefrot, fir se kënnen a vulgariséierter Form explizéiert ze kréien. Dofir wäerte mer déi Motioun vun der ADR net stëmmen.

Dann och vläicht séier zur Motioun vun der Majoritéit. Och déi wäerte mer net stëmmen. Et steet u sech hei net vill Neies dran. Et steet hei dran, et wär eng Strategie. Ech hat schonn erkläert virdrun, dat hei ass keng Strategie. Et ass eng Oplëschtung vu 40 Punkten, wou der vill net ganz nei sinn. Et feelt eis, datt de Congé linguistique, datt d'Spuermesure soll u sech réckgängeg gemaach ginn. An natierlech si mer och net mat där gratisser a méisprooocheger Fréikanderzéiung ouni wëssenschaftlecht Konzept averstanen, wat awer hei als Mesure drasteet. Dofir stëmme mer och hei dergéint.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Hansen. Weider Wuertmeldungen? Den Auteur vun der Motioun huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR), auteur.*- Jo, Här President, villmools Merci. Et war net meng Intentioun ze schwätzen, mä et war awer elo vläicht interessant, nodeem d'Madamm Martine Hansen och geschwat huet, du wollt ech awer e puer Wuert soen. Déi Motioun, déi hate mir jo schonn den 11. Oktober zejoert an der Chamber deponéiert. Dat heescht, datt mer eigentlech deemools, an där Situatioun eis erwaart haten, datt géif direkt driwwer ofgestëmmt ginn. Dat war deen Ableck net de Fall, well aner Echeancen ugekënnegt gi sinn, soudatt déi Motioun hei an där Form elo muss mat deem Hannergrond ënnersicht ginn.

An ech muss soen, ech hunn op jidde Fall den Androck, datt d'Regierung sech an hirem Plang net nëmmen inspiréiere gelooss huet vun der Motioun vum Här Lucien Welter, mä och vun dëser ADR-Propositioun, déi als Motioun jo schonn zënter dem Oktober um Dësch läit. An do sinn eng Rei Punkten, vun deenen ech unhuelen, datt se en Effet haten. Dat ass, d'Lëtzebuerger Sprooch an der EU als Amtssprooch am Sënn vun den Decisioune vum 13. Juni 2005 huelen; dat ass eppes, wat mir hei ganz konkret proposéiert haten. D'Lëtzebuergescht an den Europaschoulen, an de Privatschoulen an an den auslännesche Schoulen zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen: Och do fanne mer Spuren am Aktiounsplang vun der Regierung. D'Offer vun de Sproochecoursen a vun de Coursen iwwer Lëtzebuerger Kultur konsequent an nohalteg weider ausbauen; dat si Beispiller. Oder och e bësse méi wäit, d'konkret Méiglechkeete fir Lëtzebuergesch ze léieren, dat fënnt sech erëm an enger Referenz op de Congé linguistique an de Propositioune vun der Regierung.

An deem Sënn denke mer, datt dës Motioun och schonn hiren Effet hat, datt se derzou bäigedroen huet an der Regierung, an deene Parteien, de Reflexiounsprozess virunzebréngen. An an deem Sënn, mengen ech, ass se nach ëmmer aktuell an huet sech bewäert. An ech si frou, datt mer haut och da kënnen doriwwer ofstëmmen.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Keng weider Wuertmeldungen zu deenen zwou Motiounen?

Da géif ech Iech bieden, fir d'Éischt iwwert d'Motioun vum Här Kartheiser ofzestëmmen.

(Motion déposée en séance publique n°1 du 11 octobre 2016 - à consulter au compte rendu n°1/2016-2017 en page 4)

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Stëmmen; d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 3-mol Jo, 56-mol Neen. Domat ass d'Motioun 1 ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mer géifen direkt zu där zweeter Motioun iwwergoen. Ech mengen, och do ass alles gesot. Da géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60 Deputéierten hu sech bedeelegt: 32-mol Jo, 26-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass déi Motioun ugeholl. Merci.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm de Projet de loi 7105. E betrëfft déi eemoleg Primm an der Fonction publique. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Yves Cruchten.

4. 7105 - Projet de loi portant introduction d'une prime unique pour l'année 2016 dans le cadre de l'accord salarial du 5 décembre 2016 dans la Fonction publique

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre Deputéierten, wéi Der wësst, de 5. Dezember zejoert huet d'Regierung zesumme mat der CGFP en neien Accord salarial ofgeschloss fir d'Joren 2016, 2017 an 2018.

An dësem Accord stinn 23 Moossnamen, déi déi Beschäftegt am ëffentlechen Déngscht betreffen. Bei dëse wichtege Moossname geet et ëm déi sozial Verantwortung vum Stat als Patron, ëm administrativ Vereinfachungen, e groussen Deel handelt iwwert d'Wuelbefannen an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz, ëm Carrièresharmoniséierungen an ëm e bessert Verknäppe vum beruffleche Liewe mat deem privaten.

Vun deenen 23 Moossname sinn awer och siwe Moossnamen, déi mat de Paien, also den Traitementer ze dinn hunn. Wann och manner wéi een Drëttel vun de Moossnamen direkt eppes mat de Paie vun de Statsbeamten ze dinn hunn, esou wësse mer awer alleguerten, dass et dacks dës Moossname sinn, déi am grand Public diskutéiert ginn.

Heizou ass ze soen, dass d'Regierung 2013 dovunner ausgaangen ass, dass et am Laf vun dëser Legislaturperiod net zu enger genereller Opbesserung vun de Gehälter am ëffentlechen Déngscht géif kommen, well virun dräi an engem hallwe Joer déi finanziell Situatioun vum Stat an och déi generell ekonomesch Situatioun vun eiser Wirtschaft dat net hiergoufen.

An der Tëschenzäit huet déi finanziell Situatioun vum Stat sech awer verbessert an och eis Wirtschaft steet haut erëm vill besser do wéi virun e puer Joer. Dat war den Ulass fir d'Regierung, fir, wann och nëmme moderat, Lounopbesserungen am Accord salarial festzehalen. D'Regierung erhofft sech natierlech och, dass se domat en Zeeche ka setze fir d'Verhandlungen, déi am Privatsecteur lafen. Well wann et der Wirtschaft gutt geet, da muss et och de schaffende Leit gutt goen.

Et gouf, zesumme mat der CGFP, festgehalen, dass am ëffentlechen Déngscht eng Prime unique ausbezuelt gëtt, déi 1% ausmécht vum Traitement, deen d'Fonctionnairen oder d'Beamten am Joer 2016 kritt hunn. Dës Primm soll den 1. Abrëll kënnen ausbezuelt ginn. Well awer vill vun den anere Moossnamen aus dem Accord salarial, déi ech virdrun opgezielt hunn, nach net prett sinn, fir ëmgesat ze ginn, gouf dësen Deel aus deem ganze Pak virgezunn, fir dass de Stat kann, esou wéi et ofgemaach war, dës Primm mat Zäiten ausbezuelen.

Zu dëser Primm ass Folgendes ze soen: Si ass net pensionabel, dat heescht, se zielt net bei der spéiderer Pensiounsberechnung vun de Fonctionnairen, déi am Régime spécial transitoire sinn. Se gëtt um Prorata gerechent vun de Méint, déi de jeeweilege Fonctionnaire oder Beamten am Joer 2016 am Déngscht war. Fir d'Berechnung zielen den Traitement de base mat Allongementer, d'Majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières a fir d'Fonctions dirigeantes, d'Familljenzoulag, d'Allocation de fin d'année an d'Suppléments personnels de traitement.

Fir komplett ze si sief nach gesot, nieft de Fonctionnairen a Beamte beim Stat gëllt dës Primm och fir d'Memberen aus der Chamber, dem Statsrot an de Lëtzebuerger Vertrieder am Europaparlament.

An der Chamberskommissioun gouf de Minister Kersch gefrot, wéi wäit dass ee mat den Texter wier, déi d'Gemengebeamte betreffen. An de Minister konnt bestätegen, dass dëst Reglement och prett misst sinn am Gemengesecteur fir den 1. Abrëll.

Och d'Eisebunner kommen, no dem Vott vun haut vun dësem Gesetz, an de Genoss vun der Prime unique.

Ausser e puer textuelle Formuléierungen hat de Statsrot näischt um Projet de loi auszesetzen. An och an der Chamberskommissioun gouf de Projet eestëmmeg ugeholl. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun eiser Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Cruchten. An d'Wuert huet den Här Gilles Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech soen dem Rapporteur, dem Yves Cruchten, Merci fir säi schréftlechen an och haut mëndleche Bericht.

Am Regierungsprogramm steet effektiv: «Compte tenu de la situation des finances publiques, aucune nouvelle augmentation (…) du point indiciaire n'aura lieu pendant cette législature. Les négociations futures seront axées autour d'améliorations statutaires.»

Mat dem Gesetzesprojet vun haut setze mir eng vun de gläich siwe Gehaltsmoossnamen ëm aus dem Accord salarial vum 5. Dezember 2016. An ech géif soen, et war wuel manner d'Evolutioun vun den ëffentleche Finanzen, mä éischter eng geschéckt Verhandlungsstrategie vun der CGFP, déi eng politesch Noutsituatioun vun enger Regierung, oder virun allem engem Minister, genotzt huet, fir zu dësem Accord salarial ze kommen.

D'CGFP, Dir Dammen an Dir Häre, huet jiddefalls gutt verhandelt. D'CGFP huet de Regierungsprogramm widderluecht an aus den Améliorations purement statutaires goufen nawell zolidd Retombées pécuniaires. An hannert virgehalener Hand gëtt esouguer gesot: „A wa se nach méi gefrot hätten, hätte se vläicht och nach méi kritt."

Dir Dammen an Dir Häre, haut geet et ëm d'Prime unique vun 1% fir d'Joer 2016. Virun zéng Joer, beim Accord salarial vun 2007, do gouf eigentlech fir d'Éischt op de Mechanismus vun der Prime unique zréckgegraff. Den Avantage vun der Prime unique ass eigentlech deen, dass een engem eppes an der Paitut bäigëtt, ouni dass de Mechanismus dovunner recurrent ass, dat heescht, dass e sech widderhëlt. Duerfir och d'Wuert „prime unique", well de Punktwäert fir d'Gehaltsberechnung, dee bleift an dësem Fall onverännert.

Dës Prime unique, an de Rapporteur huet et gesot, ënnerläit effektiv der Pensiounscotisatioun, ouni dass se awer pensionabel ass. Well awer eng Cotisatioun erhuewe gëtt, spillt d'Prime unique awer um Niveau vum Facteur d'ajustement vun de generelle Pensiounen. Dat heescht, si garantéiert doduerch och eng dynamesch Adaptatioun vun dem allgemengen Niveau vun de Pensiounen.

Technesch ass de Projet och alignéiert op fréier Gesetzer, déi d'Prime unique aus engem Gehälteraccord ëmgesat hunn. D'CSV vermësst awer, dat soe mer, wat den Impakt vun de Gehaltsopbesserungen aus dem Accord salarial vum Dezember 2016 op de konventionéierten an awer och op den assimiléierte Secteur ass. Mir bedaueren eigentlech, dass et hei bis haut nach keng chiffréiert Donnéeë ginn, déi do op dem Dësch leien.

Mir stellen eis och d'Fro, wat de Sënn eigentlech vun dem Artikel 2 aus dem Gesetzesprojet ass, an dobäi besonnesch dee leschte Saz. Hei heescht et effektiv: «La présente loi entre en vigueur le jour de sa publication au journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg.» Also dem Mémorial, zënter Dezember 2016. Mä da kënnt e Saz, dee seet: «Les dispositions de l'article 1er prennent effet au 1er janvier 2016.» '16, net '17! An hei gëtt eigentlech eng Retroaktivitéit agefouert, déi guer net néideg gewiescht wier. Well d'Suen, déi gi jo elo 2017 ausbezuelt. An d'Berechnungsbasis vun der Prime unique si ledeglech Gehaltselementer vun 2016, mä déi sinn esou oder esou ginn an

déi stinn och fest, well jiddweree weess, wat de Revenu annuel vun 2016 war. An d'Gesetz huet och heirop guer keen Afloss. Et handelt sech hei eigentlech ëm eng sougenannten „rétroactivité économique", dat heescht, et hëlt een en Emstand aus der Vergaangenheet als Grondlag, fir eng gesetzlech Moossnam fir d'Zukunft ze regelen. An hei ass d'Gehalt vum Joer 2016 ganz einfach d'Grondlag, mä d'Prime unique gëtt ausbezuelt nom Akraafttriede vun dësem Gesetz.

An duerfir muss ech soen, et ass dach e bëssen erstaunlech, dass de Statsrot sech zwar mat, wéi de Rapporteur gesot huet, ville Wuertspillereien ausenanergesat huet, ob et elo e Conseiller d'État oder e Membre vum Conseil d'État ass an nach x Remarquen handelt, mä de Statsrot seet awer absolutt näischt zu dësem fundamentale Problem vun der Retroaktivitéit.

Duerfir, sous réserve vun dëse Bemierkungen, Här President, stëmmt d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei, déi mer sinn, dësem Gesetzesprojet dann awer zou. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Roth. An als Nächsten huet d'Wuert den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Här President. Als Spriecher vun der Demokratescher Partei brauch ech jiddefalls net esou laang ze ruddere wéi mäi Virspriecher vun der CSV a kann och direkt soen, datt d'Demokratesch Partei ouni iergendwellech Bedenken hannert dësem Gesetzesprojet steet. Richteg ass effektiv, datt an dem Regierungsofkommes net stoung, datt et nach sollt zu enger Erhéijung vun den Traitementer kommen. Mä op där anerer Säit däerf een och net vergiessen, datt sech jo awer och déi ekonomesch Situatioun verbessert huet, datt och aner Parametere sech verbessert hunn, soudatt mir et awer och als opportun ugesinn, datt een zu dësem Zäitpunkt dës Prime unique wäert matdroe kënnen.

Datt mer et och zu dësem Zäitpunkt stëmmen, ass evident. Ech mengen, mir hunn en Zäitpunkt festgehale vum 1. Abrëll. Dat hätte mer net fäerdegbruecht, wa mer elo e ganzen Accord salarial, deen de 5. Dezember mat der CGFP ënnerschriwwe ginn ass - deen iwwregens ganz interessant Neierungen och beinhalt -, hätte mer also wéi gesot dëse Punkt net kënnen ëmsetzen, wa mer dee globalen Text schonn elo hätte misse ganz ficeléiert hunn. An deem Sënn ass et also ganz richteg, datt mer zu dësem Zäitpunkt dat Gesetz hei stëmmen.

An, wéi gesot, nach eng Kéier ouni Ëmweeër kann ech da ganz kloer och den Accord vun der DP brëngen.

(Interruptions)

Ech wëll awer och nach ofschléissend selbstverständlech dem Rapporteur Yves Cruchten Merci soe fir säi schréftlechen a säi mëndleche Bericht.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Graas. Dann huet den Här Claude Adam d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech brëngen den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Fernand Kartheiser huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och dem Här Cruchten Merci. En huet en Talent, fir déi schwiereg Gesetzer aus dem Beräich vun der Fonction publique ëmmer ganz gutt ze erklären. Him e grousse Merci.

Fir d'ADR wor et och iwwerraschend, fir ze gesinn, datt mer eng Regierungskoalitioun hei hunn, déi hire Regierungsprogramm hei carrément niéiert. Ech mengen, dat ass wierklech ganz interessant, dat festzestellen. An ech ka mech ganz gär de Kommentare vum Här Roth uschléissen, déi probéieren, eis de psychologeschen Hannergrond vun där 180-Grad-Kéier hei ze erklären.

Et ass awer fir eis méi wéi dat doten, wa mer feststellen, datt d'Regierung hei hir eege Verspriechen an hir eege Virsätz net anhält. Sécher huet d'CGFP gutt verhandelt, wéi den Här Roth gesot huet. Ech mengen, dat muss een unerkennen. Mä hei gëtt et esou duergestallt vun der Regierungssäit, als kéint sech dat Ganzt justifiéieren, well sech jo eis finanziell Situatioun terribel verbessert hätt!

Wéi dës Regierung 2013 dann op jidde Fall - ech weess net, ob d'Regierung gewielt gouf, dat ass eng aner Diskussioun! -, mä op jidde Fall, wéi déi dräi Parteien, déi elo eng Majoritéit stellen, genuch Stëmmen zesumme kruten, fir dës Regierung kënnen ze forméieren, wéi dat de Fall war, hate mer am Stat 720 Milliounen Defizit. Haut hu mer an dësem Statsbudget 2017 iwwer eng Milliard Defizit. Mir hunn dëst Joer zwou Milliarden, dës Regierung huet elo grad zwou Milliarde geléint! Ech mengen, dat ass elo een, zwee Méint hier. De Pluriannuel fir déi nächst Joren, d'Previsioune fir de Budget fir déi nächst Joren hunn all Joer en Defizit am Statsbudget iwwer eng Milliard!

An do stellt sech fir eis awer eng ethesch Fro: Gi mir hin als Politik a maachen eng Erhéijung vun eisem Liewensstandard op d'Käschte vu Scholden, op d'Käschte vun deem, wat eis Kanner déi nächst Generatioune musse bezuelen? Hu mer net schonn iergendwou awer e Plaffong erreecht, wou et eis esou gutt geet, datt mer net méi op de Wee vun esou Moossname musse goen? Ass et verantwortlech, an Zäiten, wou mer eng Milliard Defizit hunn, nach esou Moossnamen ze huelen, no enger Steierreform an no anere Mesuren, déi de Leit awer och méi an de Portmonni bruecht hunn? Mir mengen net!

Mir sinn awer anescht konsequent wéi d'CSV. Mir hunn och Kriticken un dësem Gesetz. Awer mir zéien déi richteg Konsequenz aus eiser Logik an aus eisen Argumenter. D'CSV seet, wat alles schlecht ass, a si stëmmt derfir. An ech kann Iech soen, mir maachen eng Analys, eng ethesch Analys, ob et verantwortlech ass, dat doten ze maachen. Mir kommen zur Konklusioun: Et ass net verantwortlech. An dofir stëmme mir mat Neen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Leschte Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Wéi schonn de Rapporteur et gesot huet, dee Projet de loi gouf unanime ugeholl, dat heescht och mat eiser Stëmm, an der Kommissioun.

Mir begréissen natierlech déi Prime unique. Mä mir wollten awer nach eppes dozou soen: datt an eisen Aen, an dat ass jo kee Geheimnis, de Service public eppes ganz Wichteges ass, a fir eis ginn et dofir e puer Viraussetzungen, datt e Service public, dat heescht e Service, deen am Déngscht vun alle Bierger ass, gutt fonctionnéiert. Dat heescht ënner anerem, datt Fonctionnairë richteg bezuelt ginn an datt anererséits och de Service public esou organiséiert gëtt, datt ënner anerem och Fonctionnairë korrekt kënne schaffen am Déngscht vun de Bierger.

Dës Regierung hat schonn am Ufank vun der Legislaturperiod eng Reform vun der Fonction publique gemaach, wou mir och duerch mäi Virgänger hei, de Justin Turpel, eng gutt 40 Amendementer erabruecht haten, well mir u sech net mat der Ausriichtung averstane ware vun der Organisatioun vu gewëssene Reforme vun der Fonction publique. Well an eisen Aen ass et genausou wichteg wéi och Gehältererhéijungen, esou kleng se och kënnen hei ausgesinn.

Et däerf een och net mengen, an dat an der aktueller ekonomescher Situatioun och, wat d'Präisser ugeet, wat d'Logementspräisser haaptsächlech och nach ugeet, datt et och e Schlaraffeland ass elo, esou wéi dat ëmmer esou duergestallt gëtt, fir all Fonctionnaire. Bäi Wäitem net! Et däerf een och net vergiessen, datt et gutt fir d'Ekonomie ass am Globalen, wa Fonctionnairen och iwwer eng gutt Kafkraaft verfüge kënnen. Dovunner profitéiert jiddwereen.

A mir wëllen awer och nach drun erënneren, datt ee misst awer global iwwert d'Salairë schwätzen, ob public oder privat. Well am Privaten, dat wësse mer jo och, datt et net méi esou gutt ausgesäit an u sech ëmmer méi schlecht ausgesäit. An dat muss een natierlech maachen, ouni déi zwee Regimmer géinteneen auszespillen. Dat heescht u sech, och eng Opwäertung vun de Salairen am private Secteur ass an eisen Ae wichteg, ouni datt op d'Fonction publique geklappt gëtt. Dat wier natierlech falsch.

Mir wäerten dofir och..., souwisou hu mer et schonn thematiséiert, de Marc Baum huet dat jo och scho gemaach, wat d'Working Poor ugeet. Ech mengen, dat ass eng Diskussioun, déi am Prinzip eng Regierung misst féieren. Da wäerte mer se dann eben e bësse provozéieren. Ceci étant dit, mir wäerten, wéi ech dat scho gesot hunn, dëse Gesetzesprojet matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo de Fonction-publiques-Minister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Merci, Här President. Merci och un d'Spriecher vun deenen eenzelne Fraktiounen. A virun allem Merci dann och un déi grouss Majoritéit vun de Fraktiounsspriecher, dass Der dësem Projet de loi kënnt zoustëmmen.

Ech huelen och mat Satisfaktioun zur Kenntnis, dass och déi gréisst Oppositiounspartei, d'CSV, dem Accord salarial dann a senger Gesamtheet schéngt zouzestëmmen, mä ganz besonnesch awer och der Prime unique, déi haut hei op der Dagesuerdnung steet.

Et ass zwar schwéier novollzéibar fir mech, wéi een op där enger Säit ka soen, d'CGFP hätt extrem gutt verhandelt, an op där anerer Säit, dass se hätt kënne méi froen, wa se da gewollt hätt. Wéi gesot, ech mengen, dass do e gewëssene Widdersproch an där Ausso steet. Mä do ka vläicht hei duerno ee mer dee Widdersproch erklären.

Et ass fir mech jiddefalls och net esou, dass d'Regierung an iergendenger Noutlag gewiescht wär oder och de Minister an enger Noutlag gewiescht wär. Wann dat esou gewiescht wär, da géif ech gär wëssen, a wéi enger Noutlag meng Virgänger gewiescht wären, déi an enger Situatioun vun totaler Wirtschaftskris hei zu Lëtzebuerg Accorden ofgeschloss hunn, déi de Statssäckel wesentlech méi deier gi wéi dat, wat mer haut an och an Zukunft wäerten diskutéieren.

Wéi gesot, nach eng Kéier Merci u jiddwereen, dee gehollef huet, dëse Projet ëmzesetzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Minister.

Mir géifen dann zum Vott iwwert de Projet de loi 7105 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7105 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

(Interruption)

Mir korrigéieren dat, mir gesi jo, wien alles hei ass an da maache mer dat.

De Vott ass ofgeschloss a mir hu 56 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen. Domat ass de Projet 7105 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7105 est adopté par 55 voix contre 3 voix.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze froen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert. Ech soen Iech Merci.

Da komme mer zum nächste Projet, dem Projet de loi 7023 iwwert d'Ännerung vun de Stadlimitten oder Stadgrenzen tëschent der Stad Esch an der Gemeng Suessem. An deeselwechte Rapporteur, den Här Yves Cruchten, huet d'Wuert.

5. 7023 - Projet de loi portant changement de limites entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la Commune de Sanem

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.*- Nach eng Kéier Merci. Ech maachen dat och elo kuerz.

(Brouhaha)

Viru 25 Joer war de Projet vun der Revalorisatioun vun den alen Industriefrichen tëschent Esch a Bieles nach en Dram vun eenzelne Politiker. Deemools huet ee vill Fantasie gebraucht, fir sech deen neie Quartier virzestellen. Haut, 25 Joer méi spéit, gëtt dat Ganzt Realitéit. Niewent den Héichiewe sinn haut Geschäfter, eng Rockhal, eng Universitéit, sëllech Büroen a Gesellschaften. Hei entsteet och Wunnraum fir Jonk an Al, Wunnraum, dee méi wéi dréngend gebraucht gëtt an eisem Land.

Dee ganze Projet vum Belval entsteet, wéi mer wëssen, iwwergräifend op dem Territoire vun der Stad Esch an dem Territoire vun der Gemeng Suessem. De Quartier allerdéngs gouf net entworf a gezeechent no de Prämisse vun de Gemengegrenzen. Dofir ass et net verwonnerlech, wann haut an der Realisatioun d'Stroossen an d'Terrainen dës Grenzen iwwerschreiden.

Et ass deemno ubruecht, fir d'Gemengegrenze frësch ze zéien an esou en administrativen Duerjerneen ze verhënneren, zum Beispill bei den Adressen. Aus dësem Grond gëtt mat dësem Projet de loi en Echange vun Terraine gemaach tëschent deenen zwou Gemengen. Sou trëtt d'Stad Esch 519,95 Ar un d'Gemeng Suessem of an ëmgedréit wiesselen exakt gradesou vill Ar aus der Sektioun Bieles eriwwer an d'Sektioun Esch-Nord.

Mat dësem Echange gëtt also keng Gemeng méi kleng nach méi grouss, mä et ass gewosst, wie responsabel ass fir d'Reseauen, d'Uschlëss an d'Infrastrukturen. Déi zwee Gemengeréit hunn dës Operatioun och ewell eestëmmeg guttgeheescht.

De Statsrot hat keng Observatioun ze maachen. An och an der Chamberskommissioun gouf de Projet eestëmmeg ugeholl.

Nach eng Kéier Merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn d'Zoustëmmung vun der LSAP.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. Dann huet d'Wuert den Här Laurent Zeimet.

Discussion générale

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Här President. De Rapporteur huet gesot, keng vun deenen zwou Gemenge géif méi grouss ginn, mä ech mengen, duerch dësen neie Site ginn déi zwou Gemengen zesumme méi grouss. An doriwwer eraus, och eis Regioun gewënnt do derduerch.

Ech kommen aus enger Gemeng, déi esou en äänlechen Exercice viru Joren och mat der Nopeschgemeng gemaach huet, a wënschen deenen zwou Gemengen, datt se sech och elo eens ginn, wéi se hir Stroosse wäerten an Zukunft benennen. Mir sinn do gudder Hoffnung, datt hinnen dat och wäert geléngen a wënschen hinne bonne Chance!

An ech soen och dem Rapporteur Merci a ginn den Accord vun eiser Fraktioun.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP).*- Den Här Zeimet huet mer säi Witz geklaut, vun dohier géif ech da just nach dem Rapporteur Merci soen - also mäi Witz geklaut, dat mat de Stroossennimm, dass mer eis richteg verstinn -, dofir bleift mir och just nach, dem Rapporteur Merci ze soe fir dee gudde schréftlechen a mëndleche Rapport. An ech ginn den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'nächst Kéier hutt Der dann een op Reserv.

Une voix.- Voilà.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Roberto Traversini.

M. Roberto Traversini *(déi gréng).*- Merci. Selbstverständlech brëngen ech och den Accord vun eiser Fraktioun.

An ech wier och frou - wann ech mäi Kolleeg hei vun der Käerjenger Gemeng gesinn -, mir wieren och frou, wa mer dat eng Kéier kéinten zwëschen Déifferdeng a Käerjeng maachen, well mir hunn am Fong geholl en Altersheim, wou Nidderkuer ass, an et ass nach op Käerjenger Terrain. D'Entrée ass dee falsche Wee. An

do wier ech och eng Kéier frou, wa mer dat och kéinten zesumme léisen, datt endlech dat Nidderkuerer Altersheim och zu Nidderkuer géif geheieren.

Villmools Merci.

(Interruption par M. Michel Wolter)

(Hilarité)

M. Michel Wolter *(CSV).*- Mat enger uerdentlecher Propos!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dann huet d'Wuert den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Rapporteur Merci soen an d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz bréngen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech ginn dann dovun aus, dass den Här Baum eis deen Accord och géif ginn.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Jo, formal, da ginn ech och den Accord zu dësem Projet an ech denken, datt déi zwee LSAP/déi gréng-Schäfferéit vun Esch a vu Suessem dee Problem ënner sech gekläert kréien.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gutt Nouvellen. An dann huet d'Wuert den Här Innenminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Merci, Här President. Bei esou vill Eestëmmegkeet bleift mir och nëmmen, e Merci un de Rapporteur ze soen, a mir hoffen, dass dee Projet dann - dee laang gedauert huet! - endlech zu engem gudden Enn gefouert gëtt.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7023 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7023 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet ass unanime mat 59 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Och do stellen ech d'Fro no der Dispens vum zweete Vott.

(Assentiment)

Ass dat esou decidéiert?

(Assentiment)

Merci. Da si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm a mir hu Rendez-vous muer de Mëtten um zwou Auer fir d'Interpellatioun iwwert d'Groussregioun.

Heimat ass d'Sëtzung ofgeschloss.

(Fin de la séance publique à 16.35 heures)

SÉANCE 27

JEUDI, 16 MARS 2017

Présidence: Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
   - *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
2. Interpellation de M. Jean-Marie Halsdorf au sujet de la Grande Région
   - *Exposé: M. Jean-Marie Halsdorf (intervention de M. Gast Gibéryen) (dépôt d'une motion)*
   - *Débat: M. Gusty Graas (interventions de M. Jean-Marie Halsdorf et Mme Viviane Loschetter), M. Roger Negri, M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen (intervention de M. Jean-Marie Halsdorf), M. Marc Baum*
   - *Prise de position du Gouvernement: Mme Corinne Cahen, Ministre à la Grande Région*
   - *Motion 1: Mme Corinne Cahen, Ministre à la Grande Région, M. Jean-Marie Halsdorf*
   - *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

Au banc du Gouvernement se trouve: Mme Corinne Cahen, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Minister vun der Groussregioun, gudde Mëtteg! Ech géif heimat d'Sitzung vun haut opmaachen.

Ech wollt froen, ob d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen huet.

Mme Corinne Cahen, *Ministre à la Grande Région.*- Neen, Madamm Presidentin, dat ass net de Fall.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Da soen ech der Madamm Minister, stellvertriedend fir d'Regierung, villmools Merci.

Mir hunn ee groussen an Haaptpunkt um Ordre du jour haut de Mëtteg, dat ass d'Interpellatioun vum Här Jean-Marie Halsdorf iwwert d'Groussregioun. Et ass de Modell 1 als Organisatioun vun der Zäit. An ech géif dann direkt den Här Halsdorf eropbieden, fir eis seng Interpellatioun ze presentéieren. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

2. Interpellation de M. Jean-Marie Halsdorf au sujet de la Grande Région

Exposé

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), interpellateur.*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, d'Zukunft vun Europa an d'Zukunft vun der Groussregioun sinn enk vernetzt. Dat haitegt Europa ass e Konstrukt, dat sech nom Zweete Weltkrich gemaach huet op där üüblecher Matrice: D'Vergaangenheet kennen, fir d'Géigewaart ze verstoen an d'Zukunft ze preparéieren. Deemools war gewosst, wat Krich bedeit a wat Fridde wäert kéint si fir d'Zukunft. An op dësem nobele Gedanke gouf déi haiteg EU gestréckt, mam Gedanken, ee wirtschaftleche Raum ze schafen, well dëst e Garant kéint sinn, fir kee Krich méi ze kréien.

Europa huet sech säit dem Zweete Weltkrich vill verännert. Haut, 2017, huet eis EU eng aner Nues wéi deemools, wéi de Robert Schuman den 9. Mee 1950 d'Schafe vun enger Communauté européenne du charbon et de l'acier, der CECA, tëschent Lëtzebuerg oder de Benelux-Länner, Frankräich, Däitschland an Italien proposéiert huet. Eis Europäesch Unioun huet eng rasant Entwécklung kannt duerch d'Eropwuessen op 28 Staten, mä huet sech vill verännert och duerch d'Globaliséierung vun eiser Welt.

Wann ee kuckt, wou d'Grenze vun der CECA 1950 waren a wou d'Grenzen haut sinn, da läit et op der Hand, dass d'Regioune souwéi och eis Groussregioun méi Bedeitung musse kréien, och fir d'EU ze stäerken. D'Regioune ginn an enger iwwerdimensionéierter EU ëmmer méi wichteg. Dowéinst solle mer ons och, laut Kommissiounspresident Juncker, un der Debatt bedeelegen, fir ze kucken, wéi een Europa mer brauchen. Vläicht eent mat e puer Vitessen? Dës Fro stellt sech och fir d'Groussregioun, well d'Groussregioun ass Deel vun Europa. Also stellt sech och d'Fro: Brauche mer eng Groussregioun mat e puer Vitessen?

Mir sinn op alle Fall iwwerzeegt vun engem Europa vun de Regiounen. Dës stelle ganz kloer eng Plus-value duer. An der Groussregioun kann een de Gedanke vum Subsidiaritéitsprinzip gesinn, well an eisem Raum geet et jo justement dorëm, an der Subsidiaritéit de Mateneen ze verbesseren.

Wéi 1985 de Schengen-Vertrag ënnerschriwwe gouf vun Däitschland, Frankräich an der Benelux, sinn d'Grenze gefall. Du louch et op der Hand, sech Mëttel ze ginn, fir sech iwwert d'Grenzen ewech besser mat sengen Noperen ze echangéieren an d'Unioun vun eise Vëlker ze verbesseren.

Natierlech wier et ni zu enger Groussregioun komm, wa Lëtzebuerg sech net wirtschaftlech rasant entwéckelt hätt, mat der Konsequenz, dass vill nei Aarbechtskräfte gebraucht gi sinn, Aarbechtskräften, déi mer net am Land hei haten an déi mer och net hei am Land hunn.

Eng fundamental Feststellung ass, dass Lëtzebuerg vun Ufank un de Motor vun der Groussregioun wor, souwuel wirtschaftlech wéi och politesch. A gläichzäiteg weist dat eis och, dass Lëtzebuerg d'Groussregioun brauch.

Et gëtt e gewëssent Gefill vun enger Appartenance commune an der Groussregioun. Mä dat Gefill hu vill Lëtzebuerger net a vill Frontalieren och net. Eng gemeinsam Geschicht hu mer zwar, dat ass d'Lotharingie. Mir hunn also déiselwecht Wuerzelen. An duerch d'Industrialiséierung am leschte Jorhonnert krute mer eng ekonomesch Groussregioun. An op dësem traditionelle Background ass jo och déi europäesch Iddi vun der Zesummenaarbecht an der Regioun duerch de Begréff „Saar-Lor-Lux" konkretiséiert ginn. Zu dëser hunn nach Rheinland-Pfalz a Wallounien an och déi däitsch a franséisch Communautéit vun der Belsch gehéiert.

Groussregioun: Geschichtlech gekuckt gouf 1980 d'Regionalkommissioun Saar-Lor-Lux-Trier/Westpfalz geschafen. An 1995 war zu Mondorf de Sommet vun der Groussregioun, Här Buergermeeschter! Mat dësem ass sech méi Effizienz erwaart ginn.

Haut huet Lëtzebuerg déi 16. Presidence vum Sommet vun der Groussregioun. An et freet ee sech: Wat ass gemaach ginn a wat kann nach gemaach ginn? Wat kënne mer nach zesumme maachen, zu zwee oder zu méi?

D'Groussregioun ass net näischt. D'Groussregioun, dat si fënnef Regiounen, véier Länner, dräi Sproochen, zwou Kulturen, eng geostrategesch Positioun. Ech soen et gär: 65.401 km², e PIB vun 351,8 Milliarden Euro, 11,5 Millioune Leit an 219.000 Frontalieren, dovunner 170.000 hei zu Lëtzebuerg. Dat si Chiffere vun 2015.

Dëse klengen Exkurs wollt ech an d'Vergaangenheet maachen, well ech mengen, dass et noutwendeg ass, fir besser ze verstoen, wou eis Groussregioun hierkënnt a firwat se entstanen ass. An esou kann een dann och vläicht besser verstoen, wat se eis wäert ass, wéi ee Méiwäert se eise Bierger bréngen kann an och bréngt. An duerfir och dës Interpellatioun, fir op där enger Säit ze bilanzéieren, op där anerer Säit awer och ze kucken, wéi eng Schrauwe mer dréie mussen, fir dass eis Groussregioun lieft. An hei spillt, dat soen ech ganz kloer, de politesche Motor eng wesentlech Roll.

Eppes musse mer ons virun Aen halen: Wa mer iwwert d'Groussregioun schwätzen, ass Lëtzebuerg dat eenzegt Land, dat eenzegt ganzt a souveräänt Land an der Organisatioun Groussregioun. Doduerch hu mer natierlech méi kuerz Weeër a méi politescht Gewiicht, well mir net ëmmer nach mussen zréck bei eng federal Regierung froe goen, mä eis Regierung ass direkt um Terrain vertrueden duerch d'Ministesch vun der Groussregioun. Si ass den theoretesche politesche Motor.

Duerfir verstinn ech och, wann ech déi Fuerderung héieren, dass d'Regioune missten e Recht kréien, fir ze experimentéieren. Déi kann ech novollzéien, ebe justement, si wëlle sech besser abréngen an der Groussregioun. An duerfir misst an deenen anere Länner dëse Prinzip emol ugewannt ginn.

Tatsaach ass: Lëtzebuerg ass en eegestännege Stat. Déi aner Entitéite sinn all ofhängeg vum Zentralstat. An ech sinn och dervun iwwerzeegt, dass et noutwendeg ass, d'Regiounen un de Bannegrenze vun der EU weider engem Integratiounsprozess ze stellen, an dat grad elo, wou nationalistesch Stréimungen opkommen, grad elo an der aktueller Kris, well an der Flüchtlingsfro gëtt no nationale Léisunge gesicht, mä kéint hei net och d'Groussregioun een Deel vun der Léisung sinn?

D'Spannungsfeld ass ëmmer datselwecht: nationalstaatlech Interesse versus regional Bedierfnisser.

Ech kommen elo zum Fonctionnement vun der Groussregioun. D'Instrumenter vun der Groussregioun, dat sinn d'Aarbechtsgruppen, dat ass d'Haus vun der Groussregioun an de GECT. D'Haaptfudder, dat sinn d'Interreg-Programmer.

Zu den Aarbechtsgruppen: Aktuell gëtt et 40 operativ Aarbechtsgruppen. Si bréngen vill Kompetenz, mä wéineg konkret Errungenschaften. Wann een de Rapport vun der 15. Presidence vum Sommet liest, dat war jo eng wallounesch, da mierkt een, dass sech munches mécht. Vill Initiative sinn ënnerwee. Neier ginn och ugestrieft, mä et ass ganz schwéier, dës eise Bierger iwwert dëse Wee méi no ze bréngen.

Zum Haus vun der Groussregioun: Dëst Haus huet eng grouss Symbolik. Well et zu Lëtzebuerg ass, obligéiert dat eis och, a Lëtzebuerg ass jo och duerch seng geografesch Lag predestinéiert als Nuebel vun der Groussregioun, op d'mannst vun eisem Raum. Déi nei Regierung huet nun decidéiert, d'Haus vun der Groussregioun vun eiser Haaptstad op Esch ze delokaliséieren.

Meng Fro un d'Madamm Minister: Firwat gouf sech fir Esch decidéiert? A virun allem: Firwat goufen dës Gebailechkeeten, déi alles wéi optimal sinn an hirem Erscheinungsbild, ausgewielt?

Dës Gebailechkeeten hu keng Visibilitéit no baussen a si stellen a mengen Aen näischt duer. Viru Jore war jo schonn, am Fong geholl wéinst

der Symbolik, u Schengen geduecht ginn, fir do eventuell d'Haus vun der Groussregioun hinzesetzen. Mä elo verplanze mer et an e Bürosgebai an der Escher Gare. Ech froe mech, wat déi Symbolik hei bedeit.

An iwwerhaapt: Belval, mat der Uni an enger gudder Accessibilitéit wier och nach eng gutt Alternativ fir d'Haus vun der Groussregioun an et hätt och eng aner, eng flott Symbolik, well Belval huet Modellcharakter als Projet, als grenziwwerschreidende Projet. Dowéinst wier et wierklech e staarkt Symbol, wann d'Maison de la Grande Région op Belval wier.

D'Haus vun der Groussregioun soll jo u sech eng Ulafstell si fir de Bierger, fir d'Studenten a fir d'Decideuren. Wéi vill Leit fannen dann de Wee dohinner? Gëtt et do Zuelen? A wéi eng Missioun wëllt Dir, Madamm Minister, dem Haus vun der Groussregioun ginn?

Da kommen ech zum GECT, dem Groupement européen de coopération territoriale. Dat ass en Instrument, eng nei Errungenschaft vun der EU, déi et erméiglecht, vereinfacht a verbessert Zesummenaarbecht iwwert d'Grenzen ze maachen an domat déi Aktivitéiten, déi mer hunn, ze perenniséieren.

Esou GECTen, déi hunn eng Personnalité juridique propre. Si kënnen also Gelder kréien, Budgete kréie fir hir Aufgaben an hir Missiounen. A mir hunn och zwee esou GECTen: deen een ass de GECT Groussregioun, deen d'Aarbecht vun der Groussregioun ebe perenniséiert. Do ass kee Broch méi, wéi et fréier war. Fréier hat emol eng Kéier déi eng Entitéit d'Presidentschaft, dann déi aner, dann hunn d'Leit gewiesselt. Hei hu mer ëmmer déiselwecht Leit.

A mir hunn de GECT Alzette Belval ronderëm Esch, wou dann och Lëtzebuerg a Frankräich zesumme kënne schaffen. Kann een do scho Konklusiounen zéien iwwert de Méiwäert vun dëser Zesummenaarbecht a vun dësem Instrument? Eppes schéngt mer kloer: Mat dësem Instrument, mengen ech, ass d'Groussregioun nach net méi an de Käpp vun de Leit ukomm.

An dann, last but not least, d'Interreg-Programmer. Déi si jo de finanzielle Mastik vun eiser Groussregioun. Dës Gelder sollen am Fong geholl d'Zesummenaarbecht an eisem Raum förderen, bilateral, trilateral, multilateral tëschent alle Partner, tëschent allen Entitéiten, tëschent allen Deelregiounen. Do sinn 131 Milioune Gelder tëschent 2014 an 2020 geplangt duerch den Interreg. An dat ass och gutt esou, well mir brauchen effektiv eng ganz Rei vu konkrete Pläng, vu konkrete Projeten, fir d'Groussregioun vun ënnen no uewen de Bierger an hirem Alldag méi no ze bréngen. An do kann, mengen ech, den Interreg eng wesentlech Roll spillen.

Ech hunn och festgestallt d'ailleurs an der leschter Zäit, dass de Camille Gira ganz aktiv ass an der Promotioun vum „Interreg V A Grande Région 2014-2020", wat ech dann och begréissen.

Meng Froen dozou: Wivill Projeten dovu bezéie sech op Lëtzebuerg, vun all deene Projeten? A wivill goufen der zu Lëtzebuerg initiéiert? Well et kënnt dobaussen nach ëmmer, d'Lëtzebuerger Gemenge géife sech schwéierdinn, Interreg-Projeten ze ënnerstëtzen. Ass dat nach ëmmer esou? Dir kënnt eis dat vläicht soen.

An déi generell Fro, déi sech hei stellt: Geet dëse Package vun Instrumenter a finanzielle Moyenen duer, fir d'Groussregioun nohalteg weiderzebréngen? A fir mech heescht nohalteg: D'Groussregioun muss iwwert d'Visioun an dat fir vill Leit awer theoretescht Konstrukt vun de Politiker erausgoen. D'Groussregioun muss gelieft ginn. A liewe kann een nëmmen, wann ee sech dermat identifizéiert!

Nun, d'Groussregioun huet deen Numm. An deen ass am Fong geholl duerch d'Politik komm. An elo, wou d'Groussregioun nach méi grouss ginn ass, stellen ech mer d'Fro, ob deen Numm net nach ze wäit ewech ass vun de Leit, dass en net richteg nach ukomm ass bei de Biergerinnen a Bierger, an ob et do net Sënn géif maachen, eng Initiative citoyenne vun eise Bierger ze lancéieren, fir een Numm ze sichen, mat deem se sech besser kéinten identifizéieren. Wuel wëssend awer och, dass et schonn esou eng Initiativ ënnert de Saarlänner gouf, fir en aneren Numm ze sichen. Mä et ass kloer, d'Leit kéinte sech besser mat engem Numm identifizéieren, deen duerch si ausgewielt gouf.

Ech géif also domat d'Presidence opfuerderen oder op d'mannst, jo, hir soen, si soll als Lëtzebuerger Presidence esou eng Initiativ lancéieren. Ech mengen, et wier derwäert, dat ze maachen.

Ech weess awer och, wann esou eppes geschitt, dass mam Numm eleng nach laang kee Krich gewonnen ass. Een Numm wéi zum Beispill - deen ass schonn duerch d'Weltgeschicht gaangen, kann ee soen - Euregio Maas-Mosel-Saar, wier wuel méi präzis, mä dee kéint awer ëmmer nëmme fir ee Kärraum gëllen. An d'Fro stellt sech dann an deem Kontext, ob dat net eng Léisung wier, dass ee géif esou en Numm huele fir ee Kärraum, well d'Groussregioun manifestement mat där franséischer Demarche ze grouss ass, fir eng handelsorientéiert a grenziwwergräifend Politik ze maache fir dee ganze Raum. Well et ass illusoresch ze mengen, dass d'Interesselag vu Mulhouse déiselwecht ass wéi zu Namur. Oder anescht ausgedréckt: Déi Mainzer kucken, mengen ech, éischter op d'Rhein-Main-Metropol a Stroossburg kuckt éischter op Basel an op Baden-Württemberg.

Wat bedeit also déi aktuell geografesch Groussregioun? Wéi gesäit déi grenziwwergräifend Kooperatioun aus, virun allem no der franséischer Reorganisatioun? A wat fir eng Roll - ganz wichteg, mengen ech, fir eis - spillt elo d'Lorraine nach als Grënnungsmember vun der Groussregioun?

An deem Kontext hat Dir och, Madamm Cahen, gesot, den „Grand Est" wier nach net richteg opgestallt. Ech mengen also, da wier et ubruecht, ënner Lëtzebuerger Presidence elo proaktiv virzegoen a matzehëllefen, dass dës nei Regioun mat groussem Impakt op eis Groussregioun och en faveur an am Geescht vun der Groussregioun opgestallt gëtt. An an deem Kontext, mengen ech, misste mer onbedéngt dann d'Commission intergouvernementale franco-luxembourgeoise weiderentwéckelen.

Dir hutt eng aner Ausso gemaach, wou Der gesot hutt, d'„Melkkuh der Großregion", hunn ech an engem Artikel gelies. Ech fannen dat net ganz glécklech, wann een d'Groussregioun de Leit wëllt méi no bréngen, ëmsou méi mir manifestement och duerch eis zentral Lag - ech hunn et schonn eng Kéier gesot - de Motor an der Kärregioun sinn. An eng aner Preuve, dass mer wierklech e Virbild, virbildlech sollte sinn, ass: Mir hunn och d'Haus vun der Groussregioun. An de Reflex vun eisen Noperen, mir sollten d'Käschten iwwerhuelen, ass an deem Sënn novollzéibar.

Fakt ass awer ëmmer an der Groussregioun bis haut gewiescht, wann Aktioune gemaach si ginn, wa Projete gemaach si ginn, waren et ëmmer Win-win-Projeten. Dat heescht, all Partner huet misse Gagnant sinn, soss sinn d'Projeten net realiséiert ginn. An dat wäert och esou an Zukunft bleiwen. An dat ass e gudde Prinzip, fir ebe Projeten ze maachen, déi am Bilateralen am Fong geholl méi einfach sinn, well se méi effektiv sinn, méi konkret sinn an och méi séier kënnen am Fong geholl realiséiert ginn. Sou Projete kënnen och e Virbildcharakter hunn am Sënn, dass se reusséieren an dass se herno da kënnen iwwert d'ganz Groussregioun ausgeweit ginn. Belval zum Beispill, d'grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht op Belval: Dee ganzen Territoire kéint e Modellcharakter hu fir eis Groussregioun. Oder en anert gutt Beispill vun enger bilateraler Zesummenaarbecht am Beräich Beruffsausbildung gëtt et tëschent Lothringen an dem Saarland. An dorunner kéinte mer eis och eventuell orientéieren.

Dir hutt och gesot, Madamm Minister, e Virschlag gemaach, fir d'Groussregioun ze beliewen, hunn ech gelies an engem Presseartikel, wou Der gesot hutt, Dir hätt proposéiert fir d'Schüler, een Dag gemeinsam am Parc Merveilleux zu Beetebuerg ze verbréngen. Kloer, wann d'Kanner, jonk Leit zesumme sinn, si schreiwen eis Zukunft...

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Mat engem Empfang op der Gemeng.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), interpellateur.-* Hate se en Empfang op der Gemeng?

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Dat géif ech nach proposéieren.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), interpellateur.-* Ah okay.

Also Schüler...

(Interruptions)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Loosst Iech net duerjerneebréngen!

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), interpellateur.-* Fir mech ass et kloer, Schüler aus verschiddenen Deelregiounen en Dag zesummen, dat stäerkt sécherlech d'Zougehéieregkeetsgefill. Datselwecht kann een och duerch Sportsmanifestatioune kréien. Mä dat geet largement net duer. Mir mussen also aner Saachen, aner Iddien nach developpéieren. An do sinn ech gespaant, wat Dir eis an deem Kontext nach sot.

Eppes schéngt mer ganz kloer: Mir mussen d'Groussregioun, géif ech soen, positivéieren! Mir musse se am Fong geholl positiv duerstellen an hiren Aktiounen. Dëst misst ee Slogan si vun der Groussregioun. Well et gëtt Beispiller! Zum Beispill wa mer d'Iwwerschwemmungspräventioun koordinéieren, dat ass sécherlech eng Plus-value fir d'Groussregioun an och am Fong geholl en Element, dat d'Groussregioun weider férdert. De Reseau vun eisen Unie respektiv de Lycée vu Schengen si weider Plus-valuë fir d'Studenten. Déi bilateral Zesummenaarbecht am Rettungsdéngscht, am Waasserberäich, tëschent de Spideeler, dat sinn alles Bottom-up-Initiativen, also vun ënnen no uewen, déi der Groussregioun déngen.

Mä et gëtt och aner Initiativen, wou ech mer Froe stellen, zum Beispill d'Journée de la Grande Région. Déi lescht Journée de la Grande Région war ënner wallounescher Presidentschaft. Weess dann een heibannen, wou déi stattfonnt huet a wéini déi war? Et géif mech wonneren! Duerfir soen ech et: Déi war de 17. an 18. September 2016. A si war souguer zu Baaschtnech, also net wäit vun hei ewech.

(Interruptions)

A wie vun Iech war do? Wa keen et weess, da war och keen do, ausser vläicht d'Madamm Minister. Ech huelen un, dass si op dëser...

(Hilarité)

...Journée de la Grande Région zu Baaschtnech war.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Ech huelen un, dass si do war.

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Wann ech gelift, loosst den Här Halsdorf virufueren!

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), interpellateur.-* Mä wann et wierklech esou ass, da stellt sech awer effektiv d'Fro: Wat ass den Impakt vun esou enger Organisatioun? Kann do nach eppes Positives derbäi erauskommen? An do misst een och am Fong geholl kucken, wat esou Organisatioune bréngen a wat se eis wäert sinn.

An deem Kontext kann ee sech och d'Fro stellen: Wou si mer dru mat der Journée des frontaliers? Déi huet emol eng Kéier stattfonnt an der Abtei Neumünster. Déi gouf do organiséiert. Ass do eppes iwwreg bliwwen? Ech weess et net. Duerfir stellen ech d'Fro.

Wat positiv ass an eisem Raum, dat ass, dass d'Zuel vun de Leit, déi d'Sprooch vum Noper schwätzen oder sech fir déi interesséieren, an d'Luucht geet. Dat gesi mer jo bei eis am Land. An dat gesi mer awer och am Saarland. D'Saarlänner wëlle bis 2030 d'Zweesproochegkeet kréien Däitsch/Franséisch, wat eng gutt Saach ass.

An d'Sprooch ass en Integratiounselement. Dës Elementer si wichteg. An et geet och drëm, dass d'Leit spieren, dass mer gemeinsam Interessen hunn, dass mer weisen, dass mer an der Groussregioun Projete kënne maachen, Saachen zesumme maachen, déi mer eleng net kéinte fäerdegbréngen.

Eng Iddi wier do - an ech mengen, do hutt Dir méi eng kritesch oder net grad eng favorabel Approche dozou, Madamm Minister -, dat ass déi, fir de jonke Leit d'Groussregioun méi no ze bréngen als Schoulfach oder als Bestanddeel vun engem existente Schoulfach. Ech stelle mer d'Fro, ob dat net Sënn géif maachen, wann ee vläicht géif d'Element Groussregioun an de Geografiecours, an de Geschichtscours oder an den Instruction-civiques-Cours matabauen. Dat géif näischt schueden. An déi jonk Leit géife vläicht e Gefill kréie fir d'Groussregioun.

Wou d'Zesummenaarbecht vun der Groussregioun awer ganz wichteg ass fir eis, dat ass an der Mobilitéitsfro an eisem Liewensraum. Do gëtt et en „Megapotenzial", géifen déi jonk Leit soen, eleng nëmmen, well mer esou vill Grenzgänger hunn. An deem Kontext bastele mer scho méi laang un der RMPT. Dat ass eng Région métropolitaine polycentrique transfrontalière. Déi ass lancéiert gi scho virun engem Jorzéngt. Et soll am Fong geholl de Raum plangen an eiser Groussregioun. Et soll de Modell ginn, wéi eng Groussregioun sech sollt fir d'Zukunft organiséieren. Wou si mer mat dëser RMPT drun? Wou sinn d'Aarbechten do drun? Well an der Zäit hu mer gemengt, mir kéinte mat esou engem Projet eng Virbildfunktioun hunn oder eng Virbildregioun sinn.

Nichtsdestotrotz misst de Kontext Mobilitéit geléist ginn iwwer eng Aart IVL iwwert d'Grenzen ewech, mat hannendrun engem Verkéierskonzept fir d'Groussregioun. Mir hu jo elo 24 Méint laang d'Presidence an ech wier frou, wann da géif vun eiser Regierung en Aktiounsplang presentéiert ginn, der Chamber géif en Aktiounsplang presentéiert gi mat Iddien a Prioritéite vun der Regierung, fir der Groussregioun eng besser Visibilitéit ze ginn a fir hir an der Praxis méi Liewen anzehauchen.

Dozou gehéiert natierlech, d'Rechter an d'Interesse vun de Grenzgänger an der Groussregioun an zu Lëtzebuerg ze stäerken. Zum Beispill d'Stéchwuert Transport a Verkéier: Gëtt et hei am Fong geholl gemeinsam Ziler, gemeinsam Erausfuerderungen? Sinn där ausgemaach ginn tëschent deenen eenzelne Partner? Mir sinn näämlech der Meenung, et wier wichteg, eng Roadmap opzestellen, fir am Fong geholl jiddwerengem ze weisen, wou mer hiwëllen. An esou eng Roadmap soll net nëmmen op Interreg-Projeten opgebaut ginn, mä op vill Elementer, déi et an eiser Groussregioun gëtt.

Hei stellt sech och, wann ech esou eppes soen, d'Fro, de Comité économique et social de la Grande Région, de CES, wou ass deen drun? Seng Missiounen als konsultatiivt sozioekonomescht Organ vum Sommet, bréngen déi et nach oder muss een do anescht iwwerleeën?

(Brouhaha et interruption par la présidence)

Wéi ass de Stellewäert, deen d'Regierung der Visioun 2020 aus dem Joer 2003 vum Här Santer gëtt? Wou ass do d'Ëmsetzung drun? Dat ass och eng wichteg Fro, op déi ech haut nawell gär Äntwerte géif kréien.

Mir als CSV-Fraktioun, mir sinn der Meenung, dass et gutt wier, inhaltlech Schwéierpunkte virzeginn, fir sech am Fong geholl prioritär ëm d'Groussregioun ze këmmeren, am Wëssen, dass den Transport, d'Educatioun, d'Kultur, d'Aarbecht am Fong geholl, dass et do Kollaboratioune scho gëtt, mä dass et awer och Challengë gëtt. An déi misst een dann ausbauen.

D'Mobilitéit zum Beispill, ech wollt kuerz dorop agoen. Ech war schonn drop agaangen. Dat ass dee gréisste Problem, dee mer zu Lëtzebuerg hunn. Fir dat an de Gréff ze kréien, do musse mer zesummeschaffen, well mir sinn déi gréisst Pendlerregioun an Europa. A wa mer net wëllen am Verkéier ersaufen, brauche mer effektiv eng grouss regional Léisung. Hei wier zum Beispill d'Iddi, fir kuerzfristeg e regionalen Zuchticket zu gudde Präisser anzeféieren. Dat, mengen ech, kéint eng Plus-value sinn.

Dat kann awer ëmmer nëmme geschéien an engem groussregionale Mobilitéitskonzept. An interessant wier dann och eng interregional Plattform vum Kovoiturage. Esou eppes kéint ee roueg aféiere fir d'Frontalieren. Et kéint een hinnen eis Park-&-Ridë besser bekannt maachen. An et misst een och attraktiv Méiglechkeeten ubidden, fir justement vum Auto op den Zuch oder op de Bus ze klammen.

Dat sinn also Challengen, déi si kloer. An do kéint ee Léisunge fannen.

Am Beräich Aarbecht an Ekonomie: Eisen Aarbechtsmarché musse mer besser matenee vernetzen, fir dass mer eben d'Aarbechtslosegkeet besser a geziilt bekämpfe kënnen. Mir kënnen d'Groussregioun stäerken effektiv, wa mer déi administrativ Hürden ofbauen. Dat geschitt och deelweis. Mä d'Groussregioun kéint sech am Fong geholl nach besser duerstellen, wa se eng Aart Mark wier, wa mer eng Mark géifen opbauen, zum Beispill am Beräich Tourismus, wou mer da kéinte regionale Produktmarketing maachen. An dee Slogan, deen Der der Groussregioun (veuillez lire: deen Der Lëtzebuerg) ginn hutt: „Let's make it happen", deen ass okay, mä et misst een deen dann och op Däitsch an op Franséisch iwwersetze loossen.

Mir schaffen all un engem integréierten Aarbechtsmaart. Dat wësse mer alleguerten. Mir hunn eng gemeinsam Industriegeschicht, mä leider - leider! - sinn d'Interesselagen net ëmmer déiselwecht an deen nationale Brëll gëtt nach leider vill ze vill oft ugedoen. Hei ass also e politesche Leadership gefrot.

Am Schoulberäich, do hu mer jo dee bilaterale Projet Schengen-Lycée. Dëst ass e grousse Succès an dëse kéint am Fong geholl als Projet pilote fir d'ganz Groussregioun ausgeweit ginn. Et kéint een och Projeten am Primaire lancéieren. Ech weess, dass de Patrick Weiten, de President vum Conseil départemental de la Moselle, ganz interesséiert wier. Sinn do Initiativen ënnerwee?

Et héiert een och ëmmer, dass misste gemeinsam Schrëtt an der Beruffsausbildung gemaach ginn, bei der Unerkennung vun den Diplomer. Hei weess ech, dass ee sech kéint d'Kollaboratioun tëschent der Belsch an Holland als Beispill huelen an och vläicht do Elementer vun dëser Zesummenaarbecht op Lëtzebuerg eriwwerhuelen.

Am Beräich Wunnen, do ass et eng Tatsaach, dass Lëtzebuerg seng Wunnengsproblematik an d'Groussregioun exportéiert. An duerfir musse mer hei solidaresch mat eisen Noperen no Léisunge sichen.

An der Sécherheet, dat ass eppes, wat eis alleguerten eppes ugeet, well d'Fräiheet vum Mënsch mécht sech net ouni Sécherheet, do muss et effektiv eng enk Zesummenaarbecht ginn tëschent Police, Douane a Rettungswiesen. D'Kriminalitéit an Naturkatastrophe stoppen net op der Grenz. Duerfir muss do am Sécherheets- a Rettungswiesen onbedéngt weider méi zesummegeschafft ginn iwwert d'Grenzen.

An nach een anere Beräich, deen ech wollt uschwätzen, ass dee vun der Kultur a vun der Fräizäit, well Kultur- a Fräizäitaktivitéiten droen effektiv zur Integratioun an der Groussregioun bäi. Kultur an Austausch muss ee virundreiwen, well dëst bréngt am Fong geholl d'Leit méi no beieneen. An tatsächlech hu mir hei an eisem Raum déi aussergewéinlech Chance, dass, wann zum Beispill d'Kulturinstituter vu Lëtzebuerg, vun Tréier, vu Metz a vu Saarbrécken zesummeschaffen, mir an engem Radius vun 100 Kilometer eng aussergewéinlech kulturell Offer kënne schafen.

Dëst ass d'ailleurs och deen eenzege Beräich, wou mer eng Integratioun fäerdegbruecht hunn, an dat am Joer 2007, wéi Lëtzebuerg a Groussregioun Kulturhaaptstad vun Europa goufen. An dëst gouf jo dann och perenniséiert duerch e sougenannten „Espace culturel Grande Région".

Sou eng Integratioun kéint een och iwwer Sports- a Fräizäitaktivitéite förderen. Duerfir sollt ee vläicht méi grenziwwerschreidend Sportveräiner ustriewen, fir där ze kreéiere respektiv am Sport wierklech direkt iwwert d'Grenzen zesummenzeschaffen.

Eppes ass kloer: Mir brauchen eng méi participativ Groussregioun. D'Groussregioun muss méi präsent sinn am Alldag, zum Beispill, dass och de Grenzgänger weess, dass seng Kanner och hei eng Prise en charge kréien an der Crèche iwwert de Chèque-service. Dat ass eppes Wichteges an dat misst ee positiv duerstellen. Mir mussen am Fong geholl eisen Territoire besser entwéckelen am Sënn vu méi Liewensqualitéit.

Ënnert dem 7. Sommet vun 2003 - ech hat dat virdru kuerz ugeschwat - ënner saarlännescher Presidence ass jo déi Visioun 2020 opgestallt ginn. Am Fong geholl sollt dëst Dokument am Joer 2003 eng Orientatioun si fir wënschenswäert Aktiounen an der Groussregioun op den Horizont 2020. Ënner belscher Presidence, dat sinn also gutt zéng Joer duerno, gouf dës Visioun 2020 op de Leescht geholl an zwar vum IGR, dem Institut de la Grande Région, wat e wichtege Partner ass an der Groussregioun. An dëse proposéiert effektiv eng konkret Reform.

Eng Schwieregkeet an der Groussregioun war nach ëmmer - a wäert et och bleiwen, bis mer et besser maachen - eben hir Architektur. Mir hunn ze vill Niveauen an der Groussregioun an och ze vill Gremien. Den normale Bierger an och de Politiker, dee bléckt net méi duerch. Duerfir mussen all déi politesch Gremie vläicht erëm erofdeklinéiert ginn op eng méi visibel a permanent an zougänglech Ulafstell an am Optimalfall souguer ee Gesiicht, mat deem een d'Groussregioun ka verbannen. Dat muss en Exercice sinn, dee musse mer eng Kéier laangfristeg maachen.

Dëst géif effektiv, mengen ech, zu enger méi grousser Visibilitéit vun der Groussregioun bäidroen. Vläicht kéint dat och iwwert d'Iddi vun engem Livre blanc, dee mer jo och wëllen an der EU maachen, geschéien, wou mer dann och kucken, ob mer eng Groussregioun à plusieurs vitesses maachen. Dat ass eng Iddi, déi ech wëll der Presidence soen, an déi kéint eventuell sech dorun orientéieren.

Ech wollt awer justement op deen Agenda mat zéng Recommandatiounen agoen, déi den IGR an dësem Esprit vun deem, wat ech elo grad gesot hunn, ausgeschafft huet: eng Aart prioritär Moossnamen, fir eis Groussregioun weiderzebréngen, nom Motto „eng gemeinsam Visioun", bei där et elo nëmmen drëm geet, se als konkret Decisiounen ëmzesetzen.

Dës Aarbecht ass wierklech an eisen Aen e gutt Aarbechtsdokument an et kéint effektiv eppes bréngen, wann de politesche Wëllen do ass, et ze maachen. An an dësem Sënn wollt ech eben d'Ministesch froen, wéi se zu dëse Recommandatioune steet. Wéi eng sollten ëmgesat ginn? A wéini sollte se ëmgesat ginn? A vu wiem? Natierlech net vum IGR, net vum Institut de la Grande Région.

Déi éischt Iddi ass déi, eng Kärregioun ze definéieren, dat heescht, de Raum vun der Zesummenaarbecht straffen. Dëst drängt sech op, well déi franséisch Regioun Grand Est jo wäit iwwer Lothringen erausgeet. Wéi soll dëst geschéien? Wien decidéiert dann elo a Frankräich, ass dat Metz oder ass et Stroossbuerg? Soll déi Kärregioun, soll dat Saar-Lor-Lux sinn? Vläicht wéi fréier mat Wallounien? Mat Rheinland-Pfalz Trier an der belscher Communauté vun däitscher a vu franséischer Sprooch? Wat soll an dëser geschéien? A wat soll mat der Rescht-Groussregioun geschéien? Dat ass en éischte Punkt.

Een zweete wier deen: De Sommet misst sech méi oft gesinn an engem Conseil régional. D'Groussregioun wier esou méi präsent an et géife regelméisseg Decisioune getraff ginn, fir déi politesch a regional Strategie ëmzesetzen. Mä et soll een awer net vergiessen, de Sommet ass e Sommet des chefs des exécutifs.

Drëtt Moossnam: Et misst e Secrétaire général genannt ginn, fir déi operationell Geschäfter ze pilotéieren. Dëse misst verschidde Responsabilitéiten a Mandater hunn, fir seng Aarbecht ze maachen, eng gewëssen Entscheedungsbefugnis also.

Véierte Punkt: D'Membere vum CPI, oder vum IPR, wéi déi Däitsch soen, missten direkt gewielt ginn.

Fënneftens: en zentraalt Organ opbauen, dat Publikatiounen an zwou Sprooche mécht, fir justement d'Identitéit tëschent Bierger an der Groussregioun ze schafen.

Sechstens: eng Agence fir Villsproochegkeet a Kultur grënnen, déi hiren eegene Budget hätt. Dëst wier sënnvoll, well dëst zwee Schlësselelementer an eiser Regioun sinn an dës e groussen integrative Charakter hunn. An et wier och eng Aart a Weis, fir justement (veuillez lire: fir justement d'Iddi vun) Lëtzebuerg Groussregioun Europahaaptstad an der Kultur weiderzefeieren an och eben den Espace culturel Grande Région nach ze verbesseren.

Déi nächst Propositioun ass déi, fir eng Agence fir Tourismus ze schafen. Déi hätt hiren eegene Budget, hätt eng gemeinsam Marketingstrategie a verschiddene Beräicher am Tourismus, zum Beispill am Cyclotourismus, an de Randonnéeën oder am urbanen Tourismus.

Eng weider Propositioun wier déi, fir eng Ausstellung ze maachen iwwert den europäesche Gaardebau, an zwar op der Basis vum grenziwwerschreidende Projet „Gäert ouni Grenzen".

Eng aner Iddi wier, d'Schafe vu Clusteren an der Groussregioun ze favoriséieren, zum Beispill am Automobillberäich oder am Logistikberäich, an déi grenziwwerschreidend berufflech Ausbildung ze förderen.

Nach eng weider Iddi wier et, d'Mobilitéit an der Groussregioun ze verbesseren duerch eng besser Ënnerstëtzung vun den Autoritéiten, déi den éffentlechen Transport an der Groussregioun organiséieren.

Eng aner Iddi: e Centre de recherche des espaces frontaliers schafen, an dat an der Universitéit vun der Groussregioun.

Schliisslech nach d'Initiative vun de Bierger ënnerstëtzen, zum Beispill duerch d'Organisatioun vu Fore fir eis Bierger.

Ech mengen, eis Zesummenaarbecht an der Groussregioun kann nëmme progresséieren duerch eng besser Abannung, méi eng aktiv Abannung vun de Bierger. A mir mengen, déi zéng Propositioune géifen eis Groussregioun ënner anerem an der wirtschaftlecher Entwécklung an och an der Visibilitéit stäerken.

Madamm Presidentin, ech kommen elo zu de Konklusiounen. Hei wollt ech de Jean Monnet zitéieren, dee gesot huet: «Rien n'est possible sans les hommes. Rien n'est durable sans les institutions.» Eng Groussregioun kann nëmme mat Liewe gefëllt ginn, wann de politesche Wëlle vun allen Entitéiten do ass. A Lëtzebuerg ass de wirtschaftleche Motor vun der Groussregioun. Lëtzebuerg soll och de politesche Motor vun der Groussregioun sinn. Oder net? Nëmmen esou kréie mer eng gemeinsam Regioun.

Laangfristeg bräicht dëse Raum am Sënn vun der Nohaltegkeet an der Effizienz och eng institutionell Stäerkung. Dëst kéint geschéien duerch eng Direktwahl vun den Deputéierte vun der Groussregioun an och duerch d'Wahl vum President vum Sommet.

Et muss ee sech bewosst sinn, dass ee Bierger vun der Groussregioun ass, ouni awer seng national oder regional Identitéit a Fro ze stellen. Eng komplementar Biergerschaft wier also och eng gutt Saach.

D'Groussregioun huet 20 Joer. Si ass gewuess, si ass méi räif ginn, ass gläich altersméisseg effektiv groussjäreg. An et goufe vill Saache gemaach, mä et bleift nach villes ze maachen. D'Groussregioun ass awer manifestement verkannt, och wa mer Städtenetzwierker hunn, och wa mer eng Uni vun der Groussregioun hunn, och wa mer kulturell intensiv zesummeschaffen. Mir maache villes bilateral. Et misst awer méi multilateral gemaach ginn. An hei wier et dann interessant ze wëssen, wivill bilateral Projeten, Interreg-Projete et gëtt. A wivill multilateral Projete gëtt et? Well aus de Propositioune vun deem engen oder vun deem aneren hätt een am Fong geholl e Gradmiesser, wou mer dru wieren.

D'Groussregioun muss méi populär ginn. Si muss eis eng Perspektiv ginn. Den Alldag muss sech am Déngscht vun enger laangfristeger Visioun maachen. An déi zéng Recommandatioune vum IGR, déi ech lech elo grad gesot hunn, sinn an eisen Aen e stabillt Fundament, wou et elo drëm geet, dat ëmzesetzen.

„Biergerno" a „Participatioun", dat si jo Är Leitsätz. An dat sinn an eisen Aen och déi richteg Leitsätz fir eis Presidence am Fong geholl, fir eis Presidence an deenen nächsten zwee Joer. Mä dës musse mat Liewe gefëllt ginn! An et muss eis ëmmer an éischter Linn ëm d'Wohlergehen vun eise Bierger goen. De Bierger soll sech mat der Groussregioun identifizéieren. E soll de Méiwäert am Alldag gesinn. Dëst muss eist Zil sinn. An duerfir brauche mer en neie Schwong. Duerfir brauche mer e Paradigmewiessel. Duerfir muss d'Groussregioun méi an de Fokus vun der breeder Éffentlechkeet kommen, an dat Positivt an net an dat Negativt (veuillez lire: dat am positiven an net am negative Sënn). Ob dëst ënner eiser Presidentschaft stattfënnt, dat gesi mer jo dann an zwee Joer, wa mer no eiser Presidence de Bilan maachen.

Lëtzebuerg ass e wichtegen Deel a Motor vun der Groussregioun, awer Lëtzebuerg brauch och d'Groussregioun wéi keen anere Partner an der Groussregioun, eleng wann et schonn nëmme fir d'Aarbechtskräften ass oder fir ons grenziwwerschreidend Verkéiersproblemer an de Grëff ze kréien.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn elo vill gesot. Duerfir wëll ech ofschléissend nach eemol kuerz déi wichtegst Punkte respektiv Fuerderunge vun der CSV resuméieren:

D'Groussregioun brauch en Numm, deen, wéi ech et virdrun erkläert hunn, eis Bierger auswielen. D'Groussregioun brauch eng gutt visibel, zentral a permanent Ulafstell respectivement e Representant. Mir mussen d'Haus vun der Groussregioun opwäerten. Als konkret Mesure, vun där d'Bierger an der Groussregioun all Dag profitéiere kéinten, sollte mer eng interregional Plattform fir Kovoiturage schafen. Mir sollten d'Groussregioun als Mark méi opbauen. D'Zesummenaarbecht an der Schoul an an der Beruffsausbildung sollt verbessert respektiv ausgebaut ginn. Mir sollten den Espace culturel Grande Région zum Beispill duerch e Sentier touristique vum Patrimoine mondial an der Groussregioun ausbauen. A mir kommen net derlaanscht, eng Kärregioun ze definéieren. Dëst sinn déi kuerz- a mëttelfristeg Ziler.

Laangfristeg muss de Liewensraum Groussregioun perenniséiert ginn duerch eng einfach, konkret an direkt institutionaliséiert Biergerbedeelegung. Dat ass eis Vue vun der Groussregioun. An an deem Kontext hunn ech och eng Motioun, déi ech hei wollt hannerleeën. Si ass nach net ënnerschriwwen. D'Kolleege vun deenen anere Sensibilitéiten oder anere Parteien hei an der Chamber kënne sech dat ukucken a wa se mat wëllen ënnerschreiwen, soe se eis Bescheed.

Et ass am Fong geholl eng Motioun, déi dat resuméiert, wat ech elo gesot hunn, fir eben e Plan d'action stratégique à court et à long terme fir d'Groussregioun ze maachen am Esprit vun deem, wouvun ech elo grad geschwat hunn, dat heescht Biergernähe an och d'Action-citoyennen, d'Appartenance, den Enjeu géostratégique an esou weider, fir all deem Rechnung ze droen, fir eis Groussregioun weiderzebréngen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- sachant que la XVI^e Présidence du Sommet de la Grande Région est exercée par le Luxembourg depuis le 1^er janvier 2017;

- consciente de la situation actuelle de l'Union européenne;

- constatant que de plus en plus de citoyens ont des problèmes à s'identifier avec l'UE;

- constatant que, située au centre de la dorsale européenne, la Grande Région illustre parfaitement les enjeux de l'UE au niveau transfrontalier, tous domaines confondus;

- étant acquis que la Grande Région constitue l'une des principales coopérations transfrontalières européennes;

- estimant que les processus d'intégration et de coopération qui existent au sein de la Grande Région peuvent et doivent servir d'exemple pour la mise en œuvre de politiques et de démarches similaires dans toute l'UE;

- convaincue de l'idée qu'une Europe des régions constitue une plus-value;

- constatant néanmoins un manque de perception et de visibilité de la Grande Région auprès de ses citoyens;

invite le Gouvernement

- à présenter dans les meilleurs délais un plan d'action stratégique à court et à long terme pour la Grande Région ayant pour but

1° le renforcement de sa visibilité et de sa perception auprès de ses habitants et de ses décideurs politiques et économiques;

2° le renforcement du sentiment d'appartenance à la Grande Région;

3° la consolidation de son enjeu géostratégique aussi bien au sein de son espace qu'au-delà;

4° une meilleure intégration des actions citoyennes afin d'améliorer la vie quotidienne de tous ses habitants.

(s.) Jean-Marie Halsdorf.

(La motion a été signée ultérieurement par MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz et Serge Wilmes.)

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Halsdorf fir seng Interpellatioun, deen eis gutt an de Sujet agefouert huet. Als nächsten an éischte Riedner nom Interpellant hunn ech den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. Gusty Graas *(DP).*- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, den 23. Oktober 1955 war am Saarland e Referendum. An zwar ass et drëms gaangen, wat fir een zukünftege Statut datt dat haitegt Bundesland sollt kréien. Den deemolege Ministerpresident, de Johannes Hoffmann, dee wollt aus dem Saarland deen éischten europäeschen Territoire maachen, wou u sech sollten europäesch Institutioune sech nidderloosse kënnen. An zwar sollt dat am Raum vu Saarbrécken stattfannen.

Glécklecherweis, muss ee soen haut, am Réckbléck, fir eist Land, datt dee Referendum do mat 67,7% sech géint déi Iddie vum Här Hoffmann ausgeschwat hat, well soss géif et haut kee Kierchbierg ginn, soss géif et haut och wahrscheinlech kee Lëtzebuerg ginn, wat esou eng grouss Roll géif um europäeschen Niveau spillen, mat deene villen EU-Institutiounen, déi mer jo schlussendlech elo an deene leschte Jorzéngte konnten hei zu Lëtzebuerg implantéieren.

Jiddefalls, wann dee Referendum do eng aner Ausgangsméiglechkeet geschafen hätt, da wär eist Land net zu deem ginn, wat et haut ass. A mir géifen haut och méi wahrscheinlech net vun enger Groussregioun schwätzen. An dat sinn eréischt 60 Joer hier!

Villes huet sech natierlech an deene leschte 60 Joer verännert. Et ass awer gutt, emol eng Kéier erëm de Bléck no hannen ze werfen, datt ee gesäit, wéi historesch Entscheedungen awer kënnen herno e ganz groussen Impakt op grenziwwerschneidend Regioune kréien.

Wann een dann och nach bedenkt, datt 1945 nach vum Naziregimm Bommen op Frankräich, op d'Belsch an op Lëtzebuerg gehäit goufen, a wann ee gesäit, wat fir eng Zesummenaarbecht datt mer awer haut - besonnesch mat Däitschland - hunn, da muss ee soen, datt et gutt war, datt an de 50er Jore besonnesch en anere Geescht geherrscht huet, datt Leit do waren, déi un aner Iddie gegleeft hunn an déi bereet waren, fir och um interregionalen Niveau méi enk zesummenzeschaffen.

1969 gouf dunn de Begréff Saar-Lor-Lux vum Dokter Hubertus Rolshoven, dem deemolege President vun dem intracommunautairen Institut, kreéiert. An Iwwerleeungen, fir eng méi grenziwwerschreidend Kooperatioun ze maachen, déi sinn den 22. Februar 1978 gefouert ginn. An den 21. Mäerz 1980 ass en Accord intergouvernemental tëschent Frankräich, Däitschland a Lëtzebuerg zu Kaiserslautern ënnerschriwwe ginn. De 16. Oktober vun deemselwechte Joer ass dunn definitiv de Grondstee fir déi sougenannten „Groussregioun" geluecht ginn. D'Wallonie an déi däitschsproocheg Gemeinschaft aus der Belsch sinn dunn an den 90er Joren nach derbäigestouss.

Jiddefalls, eppes konnt een zu deem Zäitpunkt scho festhalen, a wat mer haut ëmmer méi feststellen: Dat war Europa am Klengen. An déi Valeur vun där Entwécklung weess ee vläicht och net ëmmer esou richteg anzeschätzen. Jiddefalls, Regioune sinn dunn zesummegewuess. An et kann een och soen, datt sech doraus och eng gewëssen eegen Identitéit entwéckelt huet.

Eppes ass kloer: Grenze sollen, däerfe keng Trennung sinn, mä Grenze sollen e Raum sinn,

wou Leit zesummen eng gemeinsam Visioun hunn, an zwar Projeten entwéckelen.

Et ass duerfir schonn interessant, wann ee kuckt, wéi sech an deene leschte véier Jorzéngten déi, ech soen elo ëmmer „sougenannte Groussregioun", well där gëtt et mat Sécherheet nach vill op anere Plazen och, entwéckelt huet. Nom éischte Sommet, dat war den 20. September 1995 zu Mondorf, ass dunn decidéiert ginn, datt all Regioun soll ofwiesselnd och d'Presidence vun där neier Struktur iwwerhuelen.

Mir hate se zum Beispill als Lëtzebuerg vum 1. Februar 2008 bis den 31. Juli 2009 an zënter dem 1. Januar vun dësem Joer hu mer dann och elo nees d'Presidence. An ech wëll och der Regierung a virun allem der zoustänneger Ministesch, dem Corinne Cahen, hei elo scho Merci soe fir hiren Engagement, dee se bewisen hunn, datt se wëllen dee Geescht weiderféieren. An ech zitéieren och hei d'Corinne Cahen aus engem „Paperjam"-Interview vum leschten 2. Februar, wou et u sech dat ganz gutt op de Punkt bruecht huet: «La Grande Région est, au fond, un noyau dans l'Europe, qui doit prouver que quand celle-ci ne fonctionne plus très bien, il est important qu'il n'y ait pas de frontières, que nous travaillions ensemble et que nous soyons soudés.» Ech mengen, dat ass eng Ausso, déi een nëmme ka mat zwou Hänn och ënnerschreiwen.

Dës Interpellatioun vun haut gëtt eis dann ebe wéi gesot och d'Geleeënheet, déi ganz Entwécklung vun hire verschiddene Facetten hier ze beliichten, ze analyséieren. An ech wëll och dem Kolleeg Jean-Marie Halsdorf duerfir Merci soen, datt en déi Initiativ hei ergraff huet, well et wichteg ass, datt mer eis och vun Zäit zu Zäit mat esou Punkte wéi deem heite méi am Fong auserneesetzen.

Déi primär Fro, déi natierlech muss de Mëtten emol direkt gestallt ginn: Brauche mer iwwerhaapt eng Groussregioun? Wou ass den Notze vun esou enger politescher Struktur? Fir eis als Demokratesch Partei ass déi Äntwert ganz kloer, ganz eendeiteg: Mir stinn zu där politescher Struktur. Mir sinn der Meenung, datt et wichteg ass, datt mer - a besonnesch an dësen Zäiten! - eis zu enger Groussregioun bekennen.

Datt do natierlech och d'Iwwerleeung ass, datt ee fir d'Éischt emol och déi eegen Interesse vläicht an de Vierdergrond stellt, ass net ze ignoréieren. Woubäi ech awer och kloer wëll hei ënnersträichen: Wann ee vun Atoute schwätzt, déi dat fir Lëtzebuerg matbréngt, dann däerf een dat net nëmme reng um materiellen Niveau gesinn, mä et muss een och doriwwer eraus aner Aspekter mat consideréieren. D'Groussregioun brengt dësem Land, eis als Grand-Duché, mat Sécherheet ganz vill.

A bei Geleeënheet vum 7. Sommet, deen zu Saarbrécken war, do ass dann dat Dokument, wat jo och virdrun hei scho genannt ginn ass, d'„Vision d'avenir 2020" presentéiert ginn. Et muss ee soen, haut, am Réckbléck, wann een elo dat Dokument do e bëssen eng Kéier duerchliest, datt do awer schonn eng Rei flott, gutt Iddien dran enthale waren, déi effektiv och am Laf vun de Joren ëmgesat goufen. An ech wollt virun allem op zwee Punkten do hiweisen. Wéi gesot, hei war eng Visioun bis d'Joer 2020 virgestallt ginn. 2020, dat sinn nëmmen nach dräi Joer, dat ass net méi ganz laang. Mä et waren, wéi gesot, zwou Initiativen, déi meritéieren, datt een déi hei nach eng Kéier ënnersträicht, virun allem de Lycée Schengen - eng immens flott, eng ganz gutt Iddi -, deen am Hierscht 2007 seng Dieren opgemaach huet. An et ass och en exzellent Beispill, wéi zum Beispill dat Sproochepotenzial an der Groussregioun nach ka gefërdert ginn.

Een anert gutt Beispill war d'internationaalt europäescht Kulturjoer aus dem Joer 2007, wou jo decidéiert gi war, eng Ausdeenung ze maachen iwwer eis Grenzen eraus och an d'Regiounen. An dat war ouni Zweifel och e ganz positivt Element.

Natierlech, an do ass d'Politik virun allem och gefuerdert, muss d'Iddi vun der Groussregioun no baussen nach vill méi promouvéiert ginn. Dobaussen, d'Leit dobaussen, d'Wieler dobaussen, d'Mënschen dobausse kënne sech wahrscheinlech ënnert deem Begréff „Groussregioun" net allze vill virstellen. Dat ass keng Kritik, mä dat ass einfach nëmmen eng Feststellung. Duerfir si mer och der Meenung, datt ee muss nach zousätzlech Efforte maachen, fir déi Struktur nach dobausse méi populär ze maachen.

Mir als Demokratesch Partei, ech hunn dat schonn hei ënnerstrach, mir stinn zu der Groussregioun. Mir gesinn och do eng Rei wichteg Pilieren, déi derwäert sinn, hei analyséiert ze ginn, an déi och derwäert sinn, an Zukunft nach méi ënner Bewäis gestallt ze ginn an och nach méi drop ze insistéieren. Ech wëll hei op e puer wichteg Piliere kuerz agoen.

Natierlech ass déi Groussregioun an éischter Linn gekennzeechent duerch den ekonomeschen Aspekt. Sécher gëtt et do nach ganz grouss Ënnerscheeder. Sécher si Bestriewungen do, fir verschidden Harmoniséierungen ze erreechen, sief dat um fiskalesche Plang, sief dat um aarbechtspolitesche Plang. Mä och do musse mer awer realistesch sinn: Mir kënnen a mir wäerten och ni déi Ziler erreechen, déi ee sech vläicht do gesat huet.

Lëtzebuerg huet natierlech e Sonderstatut. Lëtzebuerg ass Vollmember vun der EU. Dat ënnerscheet eis ebe vun engem Saarland, vun enger Rheinland-Pfalz, vun enger Wallonie. Mir hunn natierlech doduerch och aner Méiglechkeeten. Mir hunn och vläicht méi Autonomie selbstverständlech wéi eis Partner. An dat wäert et och mat sech bréngen, datt och an Zukunft déi Kollaboratioun natierlech net esou enk ka gestalt ginn, wéi ee sech dat vläicht munchmol wënscht.

Lëtzebuerg huet sech och entre-temps zu enger regionaler ekonomescher Metropol do entwéckelt. An dat stellt sech jo am beschten eraus, wann ee gesäit, wéi deen Aflux vun Netresidenten op eist Land all Dag ass, wéi am Fong geholl ëmmer méi Leit an dëst Land schaffe kommen. 2010 waren et der 152.000, 2015 schonn 174.000, Tendenz ouni Zweifel steigend. Mä stellt lech emol een Dag vir, wou déi Leit net an dëst Land kéimen! Wat géif dat bedeite fir eis Ekonomie? Dat wär scho bal eng Horrorzeen, déi sech do géif wahrscheinlech ofspillen, well da ganz vill Rieder net géifen dréien.

Duerfir hu mir och als Lëtzebuerger Land all Interêt, fir e beschtméigleche Kader ze schafen, wou déi Leit, déi op Lëtzebuerg schaffe kommen, sech och kënnen an deene beschtméigleche Konditiounen erëmfannen.

Da si mer natierlech och ganz séier bei der Mobilitéit. An dat ass ganz kloer eng vun deene gréissten Erausfuerderunge vun der Groussregioun. Wéi kënne mer d'Mobilitéit besser gestalten, besonnesch a Richtung Lëtzebuerg? An et ass näischt Neits, mir wëssen et alleguer, wa mer an de Spëtzestonnen d'A1, d'A3, d'A4 an d'A6 gesinn, dann herrscht do just Schrëttempo. Wa mer da verschidden Zich gesinn, déi moies a Richtung Lëtzebuerg kommen, da muss ee sech awer och munch Froe stellen. An ech soen eppes ganz kloer hei, vu datt ech dat regelméisseg erliewen: Perséinlech sinn ech der Meenung, datt verschidden Zich, déi aus Frankräich kommen, net méi dierften op Lëtzebuerg fueren! Wann ee gesäit, ënner wat fir enger Form datt déi iwwerféllt sinn, wann ee gesäit, datt do keen, ech géif scho bal soen Zentimeter carré fräi ass, fir eng Plaz ze kréien, da wëll ech mer net virstellen, datt et eng Kéier zu engem Accident kënnt, an och scho guer net virstellen, datt et zu enger Vollbremsung kënnt!

Ech hunn dee Punkt och schonn op enger anerer Plaz ugeschnidden. Mir hunn do e Punkt erreecht, wou et ufänkt, allerdéngs diskutabel ze ginn. Mir sinn eis op alle Fall do bewosst, datt muss ganz kloer séier gehandelt ginn. Dat ass och e Bewäis, datt natierlech um Niveau vun der Mobilitéit a virun allem och, wéi gesot, wat den ëffentlechen Transport ubelaangt, nach villes muss geschéien.

Mir gesinn och do als Demokratesch Partei e puer Pisten, déi een an Zukunft muss goen. Engersäits natierlech um Niveau vum Autobunnsreseau, wou jo prinzipiell dann decidéiert ginn ass, datt besonnesch d'A3 soll vergréissert ginn. Ech wëll awer och hei ganz kloer soen, datt de Bau vun neie Stroossen net kann d'Endléisung sinn, mä au contraire, datt, wéi gesot, den ëffentlechen Transport ouni Zweifel muss priméieren.

Ech denken och un d'Zuchverbindung. Do ginn och immens Efforte gemaach. Et gëtt eng nei Streck, en neit Gleis gebaut tëschent der franséischer Grenz an der Stad Lëtzebuerg. Mä virun 2020, 2022 wäert dat net fäerdeg sinn. Mir mussen also an der Iwwergangsperiod nach eng Rei aner Efforten do maachen.

Ech denken zum Beispill och drun, wann den Ausbau vun der Autobunn virgeholl gëtt, datt ee sech och muss d'Fro stellen: Soll net ee Couloir méi spezifesch reservéiert gi fir Bussen, fir Taxien oder fir Autoen, wou mindestens zwee Passagéier drasëtzen?

Mir mussen e Kranz vun Opfangparkinge ronderëm d'Grenzen amenagéieren. Do si jo eng Rei gutt Initiativen entre-temps an d'Weeër geleet ginn. Zum Beispill zu Rodange, wou jo e Projet mat 1.632 Plaze leeft. Dann zu...

(Brouhaha et interruption par la présidence)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Et héiert een et ze vill gutt.

M. Gusty Graas *(DP).*- Jo, wann, da maacht e bësse méi lues!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Graas, et ass un lech!

M. Gusty Graas *(DP).*- Jo.

Bon, dann, wéi gesot, zu Waasserbëlleg, wou dann och en neie Park & Ride virgesinn ass.

Mir mussen en adaptéierten, e bessere Kader schafen, fir datt d'Pendler hei kënnen zu Lëtzebuerg nach verbessert Konditioune virfannen. An ech denken do zum Beispill och un eis Sprooch! Gëschter ass vill hei iwwert d'Sprooch diskutéiert ginn. Zu Recht! An och do mussen zousätzlech Efforte gemaach ginn, well mer jo oft héieren, datt et net grad positiv duergestallt gëtt, wa Leit, déi hire Wunnsëtz net hei zu Lëtzebuerg hunn, an ech denke virun allem un de klengen Handel, net eis Sprooch schwätzen. An duerfir ass et och interessant, datt et Mesurë gëtt, datt et Initiative gëtt, fir iwwert d'Grenzen eraus lëtzebuergesch Coursen unzebidden. Dat sinn Initiativen, déi och an Zukunft sollen ouni Zweifel nach weider ausgebaut ginn.

Datt mir do als Lëtzebuerger Land eng gewësse Subventioun accordéieren, fannen ech jiddefalls ubruecht, well och hei si mer an der Situatioun, datt souwuel mir als Land do nëmmen ze gewannen hunn, wéi awer och déi Leit, déi bei eis schaffe kommen.

Da si mer och, wa mer iwwert d'Wirtschaft schwätzen, ganz séier beim Tourismus. Och do besteet ganz sécher nach vill Potenzial. Déi véier Regiounen, fir et emol esou ze soen, an der Groussregioun kënnen nach vill méi enk zesummeschaffen, kënnen nach vill méi Potenzial ausnotzen. Den Interreg-Programm gëtt eis jo do och Méiglechkeeten, fir esou Saachen ze ënnerstëtzen.

Et gëtt eng Rei aner Domänen. Ech wëll se net ze vill hei verdéiwen. Eenzelner sollen nach kuerz ugeschnidde ginn, zum Beispill d'Kriminalitéitsbekämpfung. Ech wëll och an deem Kontext de Centre de coopération policière et douanière erwänen. Den Austausch vun Informatiounen iwwer Krimineller oder d'Poursuite vun deene Leit géif och ouni Zweifel zu vill méi Sécherheet bäidroen. D'Kontroll vu Bussen, vu Camionen an esou weider, och do, wéi gesot, muss nach vill méi zesummegeschafft ginn. An deem Sënn soll een nach eng Kéier op den Accord vu Prüm och hiweisen.

Dann, de Fokus muss an Zukunft verstäerkt op déi Jonk geluecht ginn. Och déi Jonk mussen erkennen, wat et fir e Wäert ass, wann een an enger Regioun, an enger Groussregioun ka liewen, wou sech ganz vill Potenzialer opdinn.

Duerfir wëll ech zum Beispill op en Instrument hei hiweisen, den TWB, den Training Without Borders, eng Initiativ vun eisem Educatiounsministère am Kader vum Erasmus +, datt zesumme mat enger Rei vu Lycéeën aus Frankräich an aus der Belsch an och aneren Akteuren. Dee Projet dauert ronn 36 Méint an dee bitt d'Méiglechkeet, eng grenziwwerschreidend Zon ze schafen an Terme vun Aarbecht a wirtschaftlech Aktivitéiten. Jonk Leit, déi och schoulesch Problemer hunn, kréien hei alternativen Méiglechkeeten, sech ze entwéckelen. Et ass, kann ee soen, e Musterbeispill an enger Groussregioun, wéi sozial- an aarbechtspolitesch Aktivitéite kënnen openeen ofgestëmmt ginn.

Da kann een natierlech och d'Fro stellen: Firwat net och emol eng Kéier iwwert d'Iddi vun engem Jugendparlament vun der Groussregioun nodenken?

De kulturellen Austausch, ech war scho virdru kuerz drop agaangen, ass enorm wichteg, bitt d'Méiglechkeet, datt ee sech géigesäiteg nach méi genee kenneléiert. Ech erënneren och hei un d'Opféierung vun der Dräigroschenoper am Joer 2007, op zwou Sproochen. Dat war deemools e ganz grousse Succès. An et ass vu jonke Leit net nëmme geschriwwe ginn, mä awer och opgefouert ginn.

Och am Héichschoulwiesen, um Niveau vun der Fuerschung virun allem bidde sech nach ganz vill Méiglechkeeten un. Och eng verstäerkt Zesummenaarbecht vun den Universitéite soll een hei nach eng Kéier an d'A faassen.

En anere Punkt, dee fir eis als DP awer wichteg ass a wou nach ganz vill Opportunitéite bestinn, fir zesummenzeschaffen, dat ass um Niveau vum Ëmweltschutz. An ech denken do virun allem och un eis Gewässer, an éischter Linn natierlech un d'Musel. D'Musel ass e Kondominium. An hei ass och u sech e gudden, e wichtege Projet realiséiert ginn. Ech denken zum Beispill un déi Kläranlag vu Pärel/Besch, wou jo awer och dräi Gemengen hir Ofwässer - an de Buergermeeschter vu Réimech weess...

M. Henri Kox *(déi gréng).*- „Beesch".

M. Gusty Graas *(DP).*- „Beesch, Beesch", entschëllegt, Här Buergermeeschter!

...an de Buergermeeschter vu Réimech weess dat vill besser wéi ech, datt dat awer en interessante Projet ass, datt do e grenziwwerschreidende Projet ass. An och dee beweist, wéi wichteg et ass, datt mer och op deem Niveau zesumme kollaboréieren.

Och den Accident zu Witry an der Belsch 2014 am September, wou et zu enger gréisserer Pollutioun um Niveau vum Stauséi zu Esch/Sauer komm ass, huet bewisen, wéi wichteg et ass, datt och eis Secouristë méi enk zesummeschaffen, och virun allem prophylaktesch méi enk zesummeschaffen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, mäi Virriedner huet e bësse méi kritesch Téin duerchklénge gelooss, wat d'Maison de la Grande Région zu Esch ubelaangt. Ech soen lech ganz éierlech, als Süddeputéierte sinn ech allerdéngs frou, datt d'Maison de la Grande Région zu Esch ass. Esch ass eng interessant Stad. Esch ass eng opstriewend Stad. Esch ass eng Grenzstad, soudatt ech absolutt kee Problem hunn, och an der Logik vun enger Dezentraliséierung hei zu Lëtzebuerg, datt déi Institutioun op Esch komm ass.

Et däerf ee jo net vergiessen, datt och wichteg aner modern...

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), interpellateur.*- Ech hunn dat jo och net gesot.

M. Gusty Graas *(DP).*- Ben, ech hunn et zwar esou opgeholl, datt Der et zumindest a Fro gestallt hutt.

(Interruptions)

Jo, mä och zu Esch ass..., Esch fannen ech perséinlech awer och gutt. Haaptsaach, et ass am Süden. A wéi gesot, duerfir fannen ech déi Decisioun vun der Regierung allerdéngs richteg.

(Brouhaha et interruption par la présidence)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mir sinn eng eenzeg Grenzregioun.

(Interruption)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Loosst elo wann ech gelift den Här Graas schwätzen!

(Interruptions)

Här Graas!

M. Gusty Graas *(DP).*- E wichtegen Akteur an der Ëmsetzung vu Prioritéiten, vun Iddien an enger Groussregioun sinn natierlech d'Gemengen. D'Gemengen hunn och do e wichtege Rôle ze spillen. An ech wëll zum Beispill hei op deen Zesummeschloss vun der En-Comm ze schwätze kommen. Dat si Gemengen, déi laanscht d'franséisch Grenz sech zesummegeschloss hunn. Dat geet da vu Schengen un, dat geet bis eriwwer op Diddeleng, wou och grenziwwerschreidend Problemer ëmmer diskutéiert ginn. Si kënnen u sech dat ëmsetzen, wat vun Iddien zréckbehale ginn ass. Ech weess awer, datt och um Niveau vun der däitscher Grenz, un der belscher Grenz esou Initiative geholl goufen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, ech hat et scho kuerz duerchklénge gelooss: Natierlech muss een awer och realistesch sinn, wann een eng Analys hei vun der Groussregioun mécht. Mir kënnen natierlech déi Ziler, déi ee sech munchmol setzt, net einfach esou erreechen. Ze mengen, mir géifen eng Kéier eng administrativ Integratioun vun der ganzer Regioun erreechen, dat ass schonn eng Illusioun. Duerfir solle mer eis Ambitiounen och net ze héich usetzen.

Allerdéngs, dat Potenzial, wat do ass, muss maximal genotzt ginn. Well et däerf ee jo awer net vergiessen, datt déi Themen, déi op deem Niveau diskutéiert ginn, oft nach Theme sinn, déi op engem vill méi héijen Niveau och hir Bedeitung hunn, sief dat d'Mobilitéit, sief dat d'Migratioun an esou weider. An dowéinst ass et och wichteg, datt mer politesch Strukturen hunn. An och do hunn ech awer elo eng Fro u mäi Virriedner. Ech wëll näämlech op de CPI hei ze schwätze kommen, de Conseil parlementaire interrégional. Wann ech den Här Halsdorf elo richteg verstanen hunn, da mengt hien, datt déi Membere misste gewielt ginn. Bon, ech...

(Interruption)

Gelift?

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), interpellateur.*- An enger spéiderer Phas! An enger spéiderer Phas, jo.

(Brouhaha)

M. Gusty Graas *(DP).*- Jo. Ech muss allerdéngs do awer trotzdeem liicht meng Verwonnerung ausspriechen. Dat géif jo heeschen, datt mer och nach praktesch missten eng Wahl organiséiere fir de CPI. Ech fannen allerdéngs, da géife mer awer eng Dier opstoussen, da musse mer och nach fir d'Benelux-Parlament an och fir all aner Institutiounen, déi op regionalem Niveau fonctionnéieren, Wahlen organi-

séieren. Ech fannen, loosse mer also elo näischt hei iwwerdreiwen! Ech sinn also éischter der Meenung, kommt, mir bleiwen op dem Niveau vun der Bezeechnung, also datt eng Chamber hir Leit nominéiert, vun der Nominatioun fir an déi Gremien, wéi wa mer och nach géifen dann zousätzlech Wahlen do organiséieren. Dat geet menger Meenung no allerdéngs ze wäit.

Wat awer allerdéngs net soll heeschen, datt mer de CPI hei net sollen nach méi valoriséieren. De CPI huet eng wichteg Roll ze spillen. De CPI, dee sech jo zesummesetzt aus Parlamentarier aus deenen eenzelne Regiounen, huet och eng ganz Rei interessant Prise-de-positionen an deene leschte Jore geholl. De CPI, deen näämlech de Moment ënnert der Presidence vum Mars Di Bartolomeo steet, eisem President, deen och dëst Joer zwou Séance-plénièren hei bei eis organiséiert, den 2. Juni an den 1. Dezember, huet, wéi gesot, eng ganz wichteg Roll ze spillen.

Ech weisen zum Beispill op dräi Pabeieren hin, déi en d'lescht Joer geholl huet: d'Migratioun, de Wäibau an d'Fotovoltaik. Well och wann aus deene Stellungname vläicht net direkt legislativ Konsequenzen entstinn, esou däerf een allerdéngs net vergiessen, datt se awer eng wichteg Valeur ajoutée mat sech brénge, well se op engem aneren Niveau awer kënne consideréiert ginn a well se och do dat Denken, wat an enger Groussregioun sech entwéckelt, awer kënne mat eriwwerbréngen a wat mat Sécherheet och oft wäert da consideréiert ginn.

Datselwecht gëllt och fir de Comité économique et social vun der Grande Région. Och do, wa seng Roll zwar nëmmen doranner besteet, fir Avisen ofzeginn, déi konsultativer Natur sinn, soll een allerdéngs dat net ënnerschätzen.

Eng wichteg Fro, déi sech natierlech stellt, an déi ass och schonn hei virdrun ugeschnidde ginn: Wéi soll dann d'Grande Région an Zukunft ausgesinn? Et ass jo en neie Moment an deem Sënn agetrueden, well eben déi nei Regioun Grand Est a Frankräich geschafe ginn ass. Soll elo an Zukunft d'Groussregioun bis op Stroossbuerg, bis an den Elsass goen? Et wär vläicht flott fir eis, fir heiansdo bis an den Elsass ze fueren. Mä Spaass op der Säit! Ech mengen allerdéngs, hei solle mer eng kloer, eng éierlech Ausso maachen: D'Grande Région soll sech op dat limitéieren, wat de Moment ass. Dat heescht, op der franséischer Säit soll dat d'Lorraine sinn. Mir hunn och mat der Lorraine historesch Verwuerzelungen. Bis 1659 hu jo nach Deeler vun der Lorraine zu Lëtzebuerg gehéiert. Wa mer elo eng Ausdeenung géife virhuelen an eng Regioun, déi am Moment zéng franséisch Departementer kennt, géif ech soen, datt de Geescht vun där Grande Région, wéi mer en de Moment kennen, net méi an deem Sënn géif respektéiert ginn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, Europa ass de Moment ganz fragill. De Brexit ass duerfir symptomatesch. Firwat mécht een elo e Lien zu Europa? Mä ganz einfach, an dat huet mäi Virriedner och schonn zu Recht hei ënnerstrach: Et kënnt een net derlaanscht, wann een iwwer eng Groussregioun schwätzt, datt een natierlech och do iwwer Europa schwätzt. Well eng Regioun ass u sech e gutt Fundament, fir en Europa no vir ze bréngen. Europa gëtt jo och vertrueden duerch de Comité des régions, en Instrument, eng Assemblée, déi och eng grouss Wichtegkeet huet. An dann ass et an deem Sënn och net vu Muttwëll, au contraire, datt och op engem Niveau ënnendrënner Regioune kënne gutt fonctionnéieren, och, wéi gesot, wa se nëmmen e konsultative Charakter hunn.

Jiddefalls, d'Demokratesch Partei ass der Meenung, datt et sech lount, sech och an Zukunft fir d'Interesse vun der Groussregioun anzesetzen. An eng wichteg Roll fält do ouni Zweifel eisem Land zou. Lëtzebuerg soll och an Zukunft de Motor mat enger héijer Leeschtung vun enger Groussregioun bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Graas. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech dem Interpellant Jean-Marie Halsdorf e grousse Merci soe fir seng Ufro, d'Groussregioun hei an der Plénière ze thematiséieren, an awer och mengem Virriedner Merci soe fir seng exzellent Interventioun, dem Gusty Graas.

Mir hunn an dësem Moment méi wéi ee Sujet op eisem Ordre du jour, deen den internationale Relatioune vu Lëtzebuerg op verschiddenen Niveaue Rechnung dréit. Net méi spéit wéi d'nächst Woch schwätzt jo eisen Ausseminister Jean Asselborn iwwert déi international Situatioun an Europa an an der Welt.

Als klengt Land huet Lëtzebuerg sech ëmmer engagéiert fir gutt partnerschaftlech Relatioune mat sengen Noperen. A mir haten och ëmmer e groussen Interêt als Lëtzebuerg dorunner, dass all déi Länner ronderëm eis enk mat eis verbonne sinn an och, dass mer gutt zesumme mat hinne schaffen. Mir hunn d'Europäesch Unioun ni eleng als e Bannemaart gesinn, wou Wueren zollfräi zirkuléieren, mä och virun allem als e Friddensprojet, dee verhënnere soll, dass an Europa d'Nationalstaten nach eemol géintenee Krich féieren.

De 25. Mäerz sinn et 60 Joer hier, dass déi Réimesch Verträg 1957 ënnerschriwwe gi sinn tëschent deene Länner, déi de Grondstee geluecht hu vun der Europäescher Unioun. Mir feieren dëse Jubiläum zu engem Zäitpunkt, wou ëmmer méi Leit d'Aueren erëm wéilten zréckdréien. Iwwerall an Europa gëtt et Stëmmen, déi manner Immigratioun, méi Grenzkontrollen a méi Decisiounsgewalt um nationalen Niveau fuerderen. Firwat ass dat esou? Ganz offenbar gesi vill Europäer d'Virdeeler, déi eng staark Unioun bréngt, net méi. Villes, wat an deene leschte 60 Joer als echte Fortschrëtt empfonnt ginn ass, gëtt haut esou als selbstverständlech ugeholl, dass et net méi direkt a Verbindung bruecht gëtt zum europäeschen Integratiounsprozess.

D'Leit hunn d'Gefill, dass alles, wat d'EU betrëfft, wäit ewech vun hire Suergen am Alldag ass. Dat ass awer net richteg. Eis Groussregioun bitt Méiglechkeeten, déi Virdeeler ganz konkret an de Vierdergrond ze stellen an e Bewosstsäin derfir ze schafen an ze förderen, dass eng gutt Zesummenaarbecht fir all Säite Verbesserunge bréngt.

Mir brauchen eis nëmmen zréckzeversetzen an déi Zäit, wéi et nach keen Euro gouf an nach iwwerall Grenzkontrolle waren. An da stelle mer eis vir, déi Grenze géifen haut erëm zougoen! Fir all déi Frontalieren, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen, fir d'Lëtzebuerger Ekonomie, déi dës Aarbechtskräfte jo brauch, wär dat eng Katastroph. Mä och fir all eis Bierger géif e gutt Stéck Fräiheet erëm ewechfalen. Ech soen dat, well mer eis bewosst musse sinn, dass d'Groussregioun, déi mer voll ënnerstëtzen, an där Form nëmmen am Kader vun der EU, déi d'Grenzen ofbaut a Politicken harmoniséiert, gutt fonctionnéiere kann. Fir d'Bierger an der grenziwwerschreidender Groussregioun heescht dat, dass d'EU hinne Kooperatiounsméiglechkeeten ubitt, déi se an engem rengen nationalstaatleche Kader ganz einfach net hätten.

Et ass dann och e Fait, dass vill Kompetenze bei eisen Noperen net an der Regioun, mä beim Zentralstat leien, wat et schwiereg mécht, op enger Rei vun Dossiere Fortschrëtter ze maachen. Wann et d'Zil vun der Groussregioun ass, Barrièren ofzebauen a Problemer gemeinsam unzegoen, esou kann dach all Nationalstat fir sech decidéieren, dës Barrièren ze erhalen oder ze verstäerken. An dës Zort vun Decisioune falen net onbedéngt an där betraffener, an eiser Regioun. Wéi déi Kompetenze bei eisen Nopere verdeelt sinn a wéi wäit d'Bereetschaft do geet, op d'Bedierfnisser vu Grenzregiounen anzegoen, dorop hu mir leider hei zu Lëtzebuerg keen Afloss. Au contraire, mir mussen eis un d'Decisiounen, déi an dëse Länner falen, upassen.

Eng wichteg Verännerung gëtt et an deem Sënn fir d'Lorraine - et ass elo scho vu menge Virriedner ugeschwat ginn -, déi jo elo integréiert ass an der Regioun Grand Est. D'Madamm Ministesch wäert eis bestëmmt herno dozou soen, wat fir en Impakt eben de Grand Est op eis Groussregioun huet a wéi dat an deem Sënn ka weider organiséiert ginn, well et ass wierklech e ganz groussen Deel, deen do vun der Champagne bis op Stroossbuerg bäikënnt. An d'Fro, déi ee sech stellt, ass, ob duerch deen direkten Noper, an dat ass eben nun emol d'Lorraine, d'Zesummenaarbecht an eiser Groussregioun erschwéiert gëtt oder wéi ee sech do muss uleeën, fir dass dat net de Fall ass.

Dofir wollt ech d'Ministesch froen, ob se der Meenung ass, dass et eventuell Sënn kéint maachen, de Grand Est als Ganzt mat anzeschléissen. Hu mir gemeinsam Interesse mat der Regioun Grand Est, déi mer um regionalen Niveau besser vertriede kënnen? Well dat ass jo de Sënn vun eben enger Kooperatioun, och am Groussberäich.

Mat oder ouni Grenze gëtt et an der Groussregioun eng Rei Problemer, déi mer zesumme besser kënne léisen, wéi wa mer se eenzel probéieren an de Grëff ze kréien. Als Alleréischt fält engem do natierlech den Transport an, well do ass e Problem, mat deem all Dag Zegdausende vu Leit konfrontéiert sinn, souwuel d'Frontalieren, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, wéi och all aner Pendler, déi am Stau stinn. Ech mengen, et ass och scho virdru vu mengen zwee Virriedner ugeschwat ginn, et ass e reelle Problem, deem mer eis mussen unhuelen. Wann et eis do näämlech net geléngt, op béide Säite vun de Grenzen eis Capacitéite fir den ëffentlechen Transport op eng kohärent Manéier auszebauen, komme mer do einfach net virun.

D'Verbesserungen, déi mir an dësem Beräich erreechen, kommen dergéint direkt bei eise Bierger gutt un. Dozou gehéieren den Ausbau vu Park-&-Ridë ronderëm d'Grenzen - mir hu schonn oft dovunner geschwat -, d'Méiglechkeeten, op béide Säite vun de Grenzen eenheetlech gënschteg Tariffer vum ëffentlechen Transport anzeféieren, liicht accessibel Informatiounen zu all dësen Transportméiglechkeeten ze liwweren.

An da musse mer eis och iwwerleeën: Déi Ziffere, déi virdru genannt gi si mat iwwer ronn 180.000 Frontalieren, déi mer hunn an deenen dräi Länner, déi ronderëm eis leien, déi betréffen déi Beräicher. Deen tëschent Lëtzebuerg an Thionville ass nu wierklech e Punkt, dee schwéier ass ze diskutéieren; do wëll ech elo an dësem Moment net drop agoen, aus deem Grond vun dem Accident. Ech mengen, dat soll een elo net thematiséieren.

En anere Punkt ass awer dat, wat mer schonn oft als LSAP gesot hunn, dat ass déi direkt Verbindung, eng Eisebunnsverbindung vu Lëtzebuerg op Saarbrécken, déi technesch haut ouni Problem méiglech wär, wat awer elo de Moment just iwwer Fret, also Gütertransport stattfënnt. Fir eis wär dat eng Méiglechkeet, fir eng direkt Verbindung do ze schafen. Do ass natierlech an Däitschland de Problem tëschent der Verbindung vum Saarland op Lëtzebuerg. Do muss een e ganz klengt Stéck duerch Rheinland-Pfalz fueren. Dat heescht, do sinn Diskussiounen ze féieren, well Rheinland-Pfalz natierlech wëllt, dass all Zuch fir d'Éischt op Tréier fiert, ier en dann op Saarbrécken ka fueren. Mä ech wëll ganz einfach soen, an deem berüümten Dräieck vu Konz, net wäit vun engem grousse Miwwelgeschäft, do besteet en Dräieck, deen et géif erlaben, direkt op Saarbrécken ze fueren. Ech hunn dat emol esou ausgerechent: An der Zäit, do bräicht een eng déck Stonn. Also mengen ech, dat wär e groussen Avantage och vis-à-vis vun der Strooss.

En anere Punkt, fir dann awer och e belscht Beispill ze nennen, dat ass, dass de Verkéiersminister François Bausch jo amgaangen ass, mat der Belsch ze verhandelen, fir e Park & Ride zu Stackem ze maachen op deem alen Eisebunnstriage, dee bei Arel läit. Ech mengen, dat wär eng super Initiativ, wann een do kéint e grousse Parking bauen, fir d'Leit vun do aus op den Zuch ze setzen a vun do aus se dann op Lëtzebuerg ze féieren.

Mir begréissen dofir, dass dësen Aspekt am Programm vun der Lëtzebuerger Presidence, also dee vum Transport an der Groussregioun, eng grouss Prioritéit duerstellt an agebett ass an e Raumplanungskonzept fir d'ganz Groussregioun.

Mir mussen eis awer bewosst sinn, dass trotz dësen Efforten de Privatauto ëmmer nach e wichtegen Undeel um Verkéier wäert hunn, well et mam ëffentlechen Transport net méiglech ass, all eenzel Uertschaft - ech mengen, mir wëssen dat - zu allen Zäiten ideal unzebannen.

Hei kënnen awer Ureizer geschaaft ginn, fir dass d'Leit, déi op d'Aarbecht fueren, dann net méi all eleng an engem Auto solle sëtzen. Ech mengen, mir kennen dat: Carsharing, Carpooling an esou weider. Och den Ausbau vun der Elektromobilitéit spillt hei eng Roll, awer dat nëmmen, wa mer dat, déi Elektrizitéit, mat erneierbarer Energie kënnen hierstellen. Domadder entlaaschte mer zwar net direkt d'Stroossen, mä mir reduzéieren awer d'Emissiounen an domat d'Belaaschtung fir déi Leit, déi laanscht den Haaptachsen dovunner wunnen. Domat kann natierlech och e Bäitrag geleescht ginn zu eise Klimaschutzziler. Mir schwätze jo hei an der Chamber och oft iwwert d'Gewiicht, dat den Transport an eise Bilanzen huet, wat eis CO_2-Emissiounen an de Verbrauch vu fossiller Energie ugeet. Ech wëll just drun erënneren, den Transport ass méi wéi d'Halschent vun eisen Emissiounen.

Wa mer da vun dem Tanktourismus wëlle schwätzen, dann ass dat zum Deel awer hei am Debat iwwert d'Groussregioun e bëssen irreféierend. E groussen Deel dovunner maache jo d'Frontalieren aus, déi hei zu Lëtzebuerg tanken, déi net hei wunnen, mä hei schaffen, awer doduerch keen Tanktourismus produzéieren, also net extra op Lëtzebuerg gefuer kommen. Dat ass dat, wat mir ënner Tanktourismus verstinn: nëmme fir ze tanken.

Energie a Klimaschutz sinn allerdéngs och Sujeten, wou et natierlech och an der Groussregioun en zimlech grousst Konfliktpotenzial gëtt. An et wäert keen heibanne wonneren, wann ech da spontan u Cattenom denken. Dës Anlag ass ganz einfach fir déi ganz Groussregioun eng Gefor. Dat bedeit awer net, dass jiddwereen an der Groussregioun därselwechter Meenung ass an dass mer do un engem Strang zéien, fir Cattenom ofzeschalten. Fir déi franséisch Regioun, déi nei Regioun Grand Est, stinn d'Wirtschaftsinteressen do däitlech iwwert de Sécherheetsbedenken.

Nach d'lescht Woch huet d'EDF op enger Pressekonferenz ervirgestrach, wéi vill Aarbechtsplazen an der Regioun vu Cattenom ofhänken, wéi vill Milliounen d'EDF hei investéiert a wéi vill Steieren dat erabréngt, just fir am selwechten Otemzuch ze soen, dass d'Reakteren zu Cattenom ouni Problem 50 oder 60 Joer kéinte lafen. „Mit 40 ist noch lange nicht Schluss", war d'Iwwerschréft. Dat fanne mer ganz bedenklech. An ech mengen, an engem anere Kader musse mer wierklech eng Kéier doriwwer diskutéieren. Ech mengen, mir hunn elo d'Lafzäit iwwer 30 Joer, fir nach zéng Joer ass jo elo ugelaf. Mä wa mer elo nach vu 50 a 60 Joer schwätzen, da muss ee sech awer wierklech op d'hënnescht Bee setzen, fir dass an där Saach do net eng Kéier d'Groussregioun enger Katastroph wäert ënnerleien.

Mat eisen däitschen Nopere kämpfe mir awer elo schonn eben och mat deene Moyenen, déi mer hunn, fir dass Cattenom esou schnell wéi méiglech zougemaach gëtt. D'Formuléierung zu deem Sujet am Programm, deen d'Madamm Ministesch am Kader vun der Lëtzebuerger Presidence presentéiert huet, klammert awer leider dee Konflikt aus. Och wann den Titel vun deem Abschnitt „Eine sichere Großregion für alle" heescht, esou beschränkt sech de Punkt nuklear Sécherheet op gemeinsam Übungen am Fall vun engem Accident.

Ech zitéieren: „Insbesondere in der nuklearen Sicherheit ist die grenzüberschreitende Koordinierung von Schutzmaßnahmen in der ersten Phase eines Unfalls von entscheidender Bedeutung. Daher soll mit allen Akteuren über die Durchführung gemeinsamer Übungen gesprochen werden." Dont acte. An dëser Fro weise sech deemno ganz däitlech d'Limitte vun enger Zesummenaarbecht an der Groussregioun.

Et gëtt awer natierlech och duerchaus Themen, déi d'Leit iwwert d'Landesgrenzen eraus matenee verbannen. All Dag schaffe Lëtzebuerger Residentë mat Grenzgänger zesummen. Alle béid, egal wat fir eng Nationalitéit se hunn, kafe se dës Säit oder déi aner Säit vun der Grenz an, esou wéi et grad am prakteschsten an am gënschtegsten ass. Am Alldag gëtt et e permanente Kontakt tëschent all dëse Leit. An d'Politik kann dozou bäidroen, dass d'Zesumméiwen an d'Zesummeschaffe virun allem als eppes Positives empfonnt gëtt.

Eng wichteg Roll spillt heibäi d'Sprooch, oder besser gesot: d'Sproochen. Mir musse konsequent d'Méisproochegkeet an der Groussregioun förderen. Zu Lëtzebuerg hu mir ganz liicht d'Gefill, dass mir eis Hausaufgaben an deem Beräich souwisou maachen an dass eis Noperen do emol misste méi Efforte maachen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Roger Negri *(LSAP).*- Mir mussen awer och zu Lëtzebuerg un eiser Astellung zur Méisproochegkeet schaffen. Mir hunn an deene leschte Méint ganz oft an ausféierlech iwwert d'Förderе vun der Lëtzebuerger Sprooch geschwat. Dat ass och gutt esou. Et däerf awer net sinn, dass d'Lëtzebuergesch zu engem Instrument gëtt, fir anerer auszeschléissen.

Une voix.- Très bien!

M. Roger Negri *(LSAP).*- D'Méisproochegkeet, déi mer zanter ganz laanger Zäit fleegen, ass e wichtegen Deel vun eiser Identitéit, déi sech ëmmer erëm duerch eng grouss Oppenheet vis-à-vis vun deenen aneren ausgezeechent huet. Och zu Lëtzebuerg musse mir Efforte maachen, fir dass dës Oppenheet erhale bleift. Förderе kann een dat op ganz verschiddenen Niveauen, ugefaangen an der Schoul, wou en Austausch vu Schüler a gemeinsam Projete kënnen hëllefen, Barrièren ofzebauen a bei de Schüler d'Motivatioun ze verbesseren, fir den Noperen hir Sprooch ze léieren.

E ganz flotte Projet an deem Sënn stellt sécher de Schengen-Lycée zu Pärel duer. Vun Natur aus offe fir grenziwwerschreidend Kooperatioune sinn och d'Héichschoulen, woubäi de Stat a regional Instanzen dës Zesummenaarbecht am wëssenschaftleche Beräich besonnesch ënnerstëtze kënnen.

Ganz besonnesch positiv fanne mir et als LSAP, dass ënner Lëtzebuerger Presidence d'Kooperatioun am Beräich vun der Beruffsausbildung verstäerkt soll ginn. Wa mir wëllen, dass d'Leit

an der Groussregioun reell kënne vun der Fräiheet profitéieren, déi se am Prinzip hunn, fir do ze schaffen, wou se déi beschte Konditioune fannen, da musse mer derfir suergen, dass eis Ausbildungsprogrammer vergläichbar sinn a géigesäiteg och kënnen unerkannt ginn. Et geet dobäi net drëms, dass jiddwereen exakt d'selwecht ausbilt a sengem Land oder a senger Regioun, mä dass dee spéidere Patron kann novollzéien, wat déi betreffend Persoun geléiert huet, an dass dës Ausbildung och unerkannt ka ginn, wa se vun hirem Niveau hier gläichwäerteg ass.

Mir sollen eis am Kader vun eisen Diskussiounen ëm en nohaltege Wuesstum allerdéngs och Gedanke maachen, ob et net Weeër gëtt, staark Ongläichgewiichter an der Groussregioun ofzeschwächen.

Une voix.- Très bien!

M. Roger Negri *(LSAP).-* Mat sengem staarke Wuesstum dréit Lëtzebuerg zu dësem Ongläichgewiicht bäi. Eisen Aarbechtsmaart wiisst vill méi dynamesch wéi bei eisen Nopere a mir zéien domat och ëmmer méi Aarbechtskräften aus der Groussregioun un. Op béide Säiten huet dat Vir- an Nodeeler. Zu Lëtzebuerg kréie mir domat méi Steieren a Sozialbäiträg eran. Mä déi Leit erwaarden domat natierlech och Rechter! Soudass d'Verflichtunge vun eisem Sozialsystem mat enger Zäitverzögerung am selwechte Mooss wuessen.

An den Nopeschregiounen, déi net esou e staarke Wuesstum hunn, hëlleft dat wuel zum Deel, d'Aarbechtslosegkeet méi niddreg ze halen, mä et mécht et de Patronen an der Groussregioun och sécher net méi einfach, gutt qualifizéiert Personal ze kréien. A fir d'Regioune selwer ginn natierlech Steiereinname verluer, wann hir Awunner am Ausland schaffen.

Äänlech verhält et sech beim Thema Wunnen. Well d'Wunnengen zu Lëtzebuerg knapp an deier sinn, ginn ëmmer méi Lëtzebuerger an d'Groussregioun wunnen, obwuel se hei schaffen an e groussen Deel vun hirer Famill oder hire Frënn hei zu Lëtzebuerg wunnen hunn. Wa mer dozou schwätzen, dass an der Landesplanung et am beschten ass, wann d'Leit no bei hirer Aarbecht wunnen a sech och net ze vill wäit ewech mussen deplacéieren, fir hir Fräizäitaktivitéiten auszeüben, da gëllt dat Ganzt och fir d'Groussregioun. Et wär deemno fir all Bedeelegt besser, wann déi Ënnerscheeder um Aarbechts- an um Wunnengsmaart net esou ganz grouss géife ginn an net ëmmer méi géife weiderwuessen.

Net zulescht gëtt et awer zwee Beräicher, déi nach ëmmer weltwäit gehollef hunn, d'Barrièren tëschent Leit mat ënnerschiddlechen Originnen a kulturellem Hannergrond zesummenzebréngen. Dat sinn d'Kultur an de Sport, woubäi de Volet Kultur zwee Aspekter huet. Zum enge sollte mir mat geziilten Initiativen d'Leit aus der Groussregioun encouragéieren, déi ganz villfälteg Offer an der ganzer Regioun ze notzen a méi och dofir iwwert d'Landesgrenz ze goen. Zum anere mussen d'Veranstalter besser Méiglechkeete kréien, fir no bausse gemeinsam fir vill interessant Programmer kënne Reklamm ze maachen.

Dat riicht sech da souwuel un d'Awunner aus der Groussregioun, wéi awer och un d'Touristen, fir déi et jo besonnesch flott ass, an esou engem enke Raum esou eng grouss kulturell Diversitéit kënnen ze entdecken.

Madamm Presidentin, wa mer vu Groussregioun schwätzen, da menge mer eis Groussregioun ronderëm eis, mat engem Deel - wéi mer wëssen - vun der Belsch, Däitschland a Frankräich. Mä och anerer schwätzen an hirem Deel vun Europa vun hirer Groussregioun. Uschwätze wëll ech domat den Numm vun eiser Groussregioun. Do di mer eis ganz schwéier, eng grëffeg Corporate Identity ze schafen.

Eis gefält déi Propositioun vun der Maison de la Grande Région, déi hire Siège jo zu Esch an der Gare huet. An iwwregens, mir fannen Esch e ganz flotte Siège. An ech mengen, op der Escher Gare ass een ee Kilometer wäit ewech vun dem Belval, vun der Universitéit, wéi virdru gesot gouf, wat e Paradeprojet ass fir eist Land, mengen ech, an der zweetgréisster Stad vum Land, fir do...

(Interruption)

...eng Maison de la Grande Région ze maachen. Zemools muss ee jo och wëssen, wann ech richteg am Bild sinn, dass Esch jo och net wäit ass vun engem Dräilännereck. Sou mengen ech, dat wär awer eng gutt Iddi. Dofir géife mer dat awer wierklech weider ënnerstëtzen, dass een dat soll developpéieren, Här Halsdorf. An ech mengen och, d'Escher Gare ass jo gutt ugebonnen un den ëffentlechen Transport. Also ass dat fir eis awer en ideale Site, fir dat do virunzedreiwen.

Ech wëll och domadder hei d'Geleeënheet benotzen, fir der Maison de la Grande...

(Interruption)

...Région e grousse Luef auszeschwätze fir hir exzellent Aarbecht. Ech kommen awer zréck op déi Propositioun, déi se gemaach hu vum Numm, an zwar „Région Rhin-Meuse-Moselle" - d'Sarre war elo net derbäi -, well deen Hiweis op gréisser Flëss ëmmer e gudde geografesche Fokus ass, fir de Leit aus anere Géigenden eng Orientéierung ze ginn, wou déi betreffend Groussregioun dann ass.

D'Initiativ, d'Groussregioun a Verbindung ze brénge mat der Uertschaft Schengen, fanne mir als LSAP dergéint awer zimlech onpassend, well mat deem Numm de Schengen-Raum am europäesche Kader gemengt ass; do brauch ech lech elo hei kee Bild ze molen. Dofir wäre mer frou, wann een deene fréiere Lokalfürste vu Schengen dee Message mat kéint op de Wee ginn.

Madamm Presidentin, ofschléissend wëll ech soen, dass d'Presidence vun der Groussregioun, déi mer voll ënnerstëtzen, eng Chance ass, fir eng Rei vun Dossieren, déi eis als LSAP um Häerz leien, virunzebréngen zu engem Moment, wou et immens wichteg ass, dass d'Leit an hirem Alldag gesinn, dass eng Zesummenaarbecht iwwert d'Grenzen ewech reell Virdeeler bréngt an dass en nationalistesche Reflex, wou jiddweree probéiert, kuerzsiichteg nëmmen no sengen Interessen ze kucken, vill Chancen a Perspektiven am Keim erstéckt.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci dem Här Negri. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Roberto Traversini. Här Traversini, Dir hutt d'Wuert.

M. Roberto Traversini *(déi gréng).-* Grazie mille!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Con piacere!

M. Roberto Traversini *(déi gréng).-* Léif Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass gutt a wichteg, datt mir haut hei an der Chamber iwwert d'Groussregioun schwätzen, an dofir dem Här Halsdorf villmools Merci fir dës Interpellatioun.

Lëtzebuerg huet zënter dem 1. Januar vun dësem Joer d'Presidence vun der Grande Région fir déi nächst zwee Joer. Den Aktiounsprogramm vun der Lëtzebuerger Presidence leet zwou Haaptachse fir hir Aarbecht fest: engersäits d'Groussregioun am Déngscht vun hire Bierger an anerersäits eng Groussregioun, déi sech muss fit maache fir d'Zukunft.

An deem Kader a well meng Virriedner scho ganz villes gesot hunn, wäert ech mech op dräi Volete begrenzen: d'Aarbechtswelt, d'Mobilitéit, an zum Schluss wëll ech lech nach e puer Saache matdeelen.

Schonn an der Debatt zur Groussregioun virun néng Joer ass vu verschiddene Riedner hei am Haus drop higewise ginn, datt d'Konzept vun der Groussregioun vun engem gewëssenen Dualismus gepräägt ass. Op där enger Säit schwätze mer vun enger Regioun, an där et déi politesch Ambitioune gëtt, fir um regionale Plang méi geziilt mateneen zesummenzeschaffen; déi regional Ekonomie soll gestäerkt ginn an déi gemeinsam Identitéit soll geschafe ginn.

Gläichzäiteg schwätze mir op där anerer Säit awer och vun engem grousse Marché mat villen Operateuren, déi sech, wéi dat an engem Marché nun eemol esou ass, un éischter Stell ënnerenee Konkurrenz maachen. Jiddweree vun hinne wëllt dee Gréissten, dee Stäerksten, dee Schéinste sinn, dëst net nëmmen um ekonomesche Plang, mä och an anere Beräicher wéi zum Beispill der Recherche, der Kultur an dem Transport.

Dësen Dualismus mécht d'Analys an d'Diskussioun ronderëm d'Groussregioun a mengen Aen immens interessant. Et erlaabt eis näämlech, souwuel op Gemeinsamkeete wéi och op d'Ënnerscheeder tëschent deene verschiddenen Deeler vun der Groussregioun anzegoen. An et erlaabt eis och, verschidde sozioekonomesch Prozesser an Dynamike besser ze verstoen.

D'Entwécklungen um Aarbechtsmaart an deene verschiddenen Deeler vun der Groussregioun, awer besonnesch déi hei am Land, sinn e flott Beispill heifir. Si erklären näämlech déi héich Unzuel vu Pendler, déi an der Groussregioun all Dag iwwert d'Grenz fueren, fir op d'Aarbecht ze kommen. D'Groussregioun ass an Europa déi Regioun, an där et déi gréissten Unzuel vu Pendler gëtt.

2015 goufen et ongeféier 215.000 (veuillez lire: 219.000) Leit, déi net an deem Land geschafft hunn, an deem se gewunnt hunn. D'Halschent vun dëse Leit sinn aus Frankräich a ronn dräi Véierels vun hinne schaffen hei zu Lëtzebuerg. 2000 waren dat der ongeféier 170.000. Dat ass eng Entwécklung, déi sech zum Deel dorauser ergëtt, datt trotz Wirtschaftskris d'Zuel vun den Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg tëschent 2000 an 2015 ëm 55% zougeholl huet.

Jo, et ass dëst eng Entwécklung, vun där mir hei zu Lëtzebuerg zënter Jore profitéieren. Eise Lëtzebuerger Wirtschaftsmodell vun deene leschte Jorzéngten ass op dëse kontinuéierleche Wuesstum vun der auslännescher Aarbechtskraaft opgebaut. Dëst hat mäi Kolleeg Henri Kox jo och schonn am Detail a sengem Budgetsrapport d'virlescht Joer beschriwwen.

Wéi mer all wëssen, bréngt dës Entwécklung awer och grouss Erausfuerderunge fir eist Land mat sech. Eng vun dësen Erausfuerderungen ass d'Mobilitéit, op déi ech am zweeten Deel vu menger Interventioun wäert nach eng Kéier kuerz ze schwätze kommen.

Erlaabt mer virdrun awer, nach ee Moment beim Thema Aarbechtswelt an der Groussregioun ze bleiwen. Wa mir den Aarbechtsmarché an der Groussregioun analyséieren, da bitt sech eis d'Méiglechkeet, d'Situatioun zu Lëtzebuerg statistesch mat där vun eisen Nopeschregiounen ze vergläichen. Munchmol erlaabt eis dëst och, d'Situatioun hei am Land méi kritesch ze beliichten.

Sou stécht de Lëtzebuerger Wirtschaftswuesstum am Vergläich zu deenen aneren Deeler vun der Groussregioun positiv ervir. Och wat den Thema Chômage ubelaangt, mécht Lëtzebuerg ebenfalls am Vergläich eng relativ gutt Figur.

Et gëtt dann awer och Beräicher, an deenen et zu Lëtzebuerg nach Handlungsbedarf gëtt. D'lescht Woch stoung de Weltfraendag ënnert dem Motto «Les femmes dans un monde du travail en évolution: une planète 50-50 d'ici 2030». Hei ass drop higewise ginn, datt et oft Frae sinn, déi weltwäit dee gréissten Deel vun der onbezuelter an informeller Aarbecht leeschten. An et ass och drop higewise ginn, datt manner Fraen enger bezuelter Aarbecht nogi wéi Männer. A genee dëst ass ee vun deene Beräicher, wou een am Verglach an der Groussregioun däitlech mécht, datt mir hei zu Lëtzebuerg scho méi wäit kéinte sinn a misste sinn, wéi et momentan de Fall ass.

Hei zu Lëtzebuerg maachen d'Frae just ongeféier 40% vum Emploi salarié aus. Och wann dëst 4% méi héich ass wéi virun 20 Joer, si mir Gréng der Meenung, datt mir hei nach e wäite Wee ze goen hunn.

Eis Groussregioun besteet, wéi gesot, aus véier Länner, fënnef Regiounen, dräi Sproochen a läit op der Schnëttstell vun dem frankofonen an dem germanesche Kulturraum. Eis Groussregioun ass gepräägt vu Konkurrenz a vu Kooperatioun. Si ass gepräägt vu verschiddene géigeleefegen Approchen a gläichzäiteg vu ville Gemeinsamkeeten.

A genau dofir si mir Gréng der Meenung, datt d'Groussregioun nach ëmmer e grousse Potenzial bitt. Et gëllt just, dëse Potenzial gescheit ze notzen, besonnesch um Aarbechtsmaart. Hei gëtt et schonn eng Kooperatioun tëschent deene verschiddenen Aarbechtsämter an der Groussregioun iwwert d'EURES-Netzwierk. Dës Kooperatioun erlaabt et deene Leit, déi eng Aarbecht sichen, fir hir Sich op déi gesamt Groussregioun auszewäiten.

Potenzial gëtt et an dësem Beräich awer bestëmmt trotzdeem nach. Et kéint ee sech zum Beispill d'Fro stellen, wéi ee virun allem jonke Leit an der Ausbildung innerhalb vun der Groussregioun nach besser Méiglechkeete kéint bidden. Ech denken hei zum Beispill un en Austauschprogramm, duerch dee jonk Leit aner Betribskulture kéinte kenneléieren. Ech stelle mer d'Fro, ob een d'Offer vum EURES-Netzwierk net souguer kéint op d'DPIen auswäiten. Sécherlech misst heifir fir d'Éischt d'legal Basis geschafe ginn. An awer mengen ech, datt esou eng Initiativ vu Kooperatioun e richtegt a wichtegt Signal no bausse kéint vermëttelen.

Ech kommen dann awer och zum zweete Schwéierpunkt a menger Interventioun.

Mat der Zuel vun den Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg, déi jo, wéi virdru gesot, 55% tëschent 2000 an 2015 zougeholl huet, huet och d'Zuel vun de Pendler op Lëtzebuerg zougeholl. Vun deenen 219.000 Grenzpendler am Joer 2015 an der Groussregioun pendelen dräi Véierels moies natierlech heihinner an owes genau datselwecht fir heem. Déi meescht vun hinne kommen aus der Lorraine, duerno aus der Wallonie, aus der Regioun vun Tréier, schlussendlech aus dem Saarland.

Dës Zuel ass och zënter 2015 weider geklommen, soudatt momentan schätzungsweis ronn 187.000 Leit aus der Groussregioun sech a Bewegung setzen, fir op Lëtzebuerg schaffen ze kommen, a mir där ronner Zuel vun 200.000 ëmmer méi no kommen. De Stroum vun de Pendler wäert dann och déi nächst Joren net ofhuelen.

Erlaabt mer nach eng kleng Klamer zu den atypesche Pendler ze soen. Domadder sinn d'Leit mat Lëtzebuerger Nationalitéit gemengt, déi an der Grenzregioun wunnen an op Lëtzebuerg schaffe kommen. Dat waren am Joer 2015 ronn 5.500 Persounen oder besser gesot 3,3% vun de Pendler insgesamt. Dëst ass eng relativ nei Entwécklung an déi ebenfalls e ganz kloren Trend opweist. D'Zuel vun de Lëtzebuerger Pendler, déi op Lëtzebuerg schaffe kommen, och wa se verhältnisméisseg niddreg ass, huet sech säit 2000 ëmmerhi verfënneffacht.

Nach ëmmer wëllen oder mussen déi meescht vun den insgesamt 187.000 Pendler de Wee all Dag mat Privatautoen zréckleeën, dat obschonn den ëffentlechen Transport och haut scho vill Leit transportéiert. Eleng mam Zuch kommen all Dag 31.000 Pendler op Lëtzebuerg. Mir hunn am Ganzen haut schonn 194 Zuchverbindunge vu Lëtzebuerg an d'Groussregioun, 86 an d'belsch Groussregioun, 91 an déi franséisch a 17 an déi däitsch.

Zousätzlech zum Zuch bestinn 48 Buslinnen, déi no bei der Grenzregioun fueren. Vun deene Linne maachen der 28, virun allem RGTRs-Linnen, méi wéi fënnefmol all Dag den Aller-retour. Et fueren deemno all Dag méi wéi 300 eenzel Busser vu Lëtzebuerg, net nëmmen aus der Stad, mä och aus dem Minett an aus der Nordstad, an d'Groussregioun. Dat sinn der vill! An trotzdeem ass den „modal split" net zefriddestellend. Ze laang ass déi Entwécklung virun allem a Richtung Auto gaangen, mat als Resultat deem Chaos, dee mir all Dag kënne live op de Stroossen erliewen. Dat kann natierlech net esou weidergoen.

An dofir investéiert dës Regierung enorm vill Geld an den Ausbau vun den Zuch- a Busverbindungen, an d'Mobilitéitsstrukturen insgesamt. Mir sinn iwwerzeegt, datt, wa bis eng attraktiv Offer vun ëffentlechem Transport do ass, da benotzen d'Leit deen och. Dat gëtt jo oft genuch gesot. Fir d'Offer un déi reell Besoinen unzepassen, gi verschidde Piste verfollegt. Ech wëll se hei elo just summaresch opzielen:

Éischtens, et leeft zurzäit eng ganz wichteg Ëmfro bei de Benotzer zu Lëtzebuerg an iwwert d'Grenzen eraus. Déi ass méi wéi iwwerfälleg a wäert enorm wichteg Donnéeë liwweren, fir den ëffentlechen Transport nach besser unzepassen.

Zweetens, et gëtt lafend Upassunge vum RGTRs-Busnetz mat méi gënschtegen Tariffer. Déi sougenannt RegioZone-Tariffer gëllen uniform iwwert d'Landesgrenzen eraus an hunn deeselwechten Tariff.

Drëttens, dee längst iwwerfällegen Ausbau vun dem CFL-Streckennetz a vu verschiddene wichtege Garen. Ech hoffen, och eng Kéier zu Déifferdeng eng richteg Gare ze kréien.

D'Ausriichten, véiertens, vun enger offizieller Internetplattform fir de Kovoiturage, wat och schonn hei gesot ginn ass, wat och schonn amgaangen ass.

Fënneftens, op d'mannst 15 Projete fir den Neibau oder den Ausbau vun Opfangparkingen op Landesgrenzen oder bei Pendelstréim.

Sechstens, eng Zesummenaarbecht mat de Responsabele vun de Grenzregiounen, soudatt och vun hirer Säit aus an déiselwecht Richtung geschafft gëtt: e verbesserten ëffentlechen Transport, den Ausbau vum Park & Ride an den Ausbau vun der Mobilitéitskette mat speziell der aktiver Mobilitéit; ech schwätzen do natierlech de Vëlo un.

Ofschléissend wëll ech dann nach kuerz op déi politesch a strukturell Zesummenaarbecht an der Groussregioun agoen. De Fait, datt mir an der Groussregioun mat méi oder manner ofhängege Regioune vu gréissere Länner ze dinn hunn, a just mat engem Nationalstat Lëtzebuerg, dee mat sengem ganzen Territoire betraff ass, mécht d'Zesummeschaffen an der Praxis leider net méi einfach.

An eisen Ae weist dat awer éischtens, datt Lëtzebuerg nach méi wéi déi aner Länner un enger gudder Zesummenaarbecht an enger gemeinsamer Entwécklung muss interesséiert sinn, an datt zweetens dëst och en Avantage ka sinn, well mir méi flexibel sinn, fir Decisiounen ze huelen, an als Stat och ëmmer nees den nationalen Niveau vun eisen Nopeschlänner mat erabezéien.

Lëtzebuerg ass a bleift wuel nach op zimlech laang Zäit een, wann net „deen" Haaptmotor vun der Groussregioun. Mir brauchen d'Groussregioun an d'Groussregioun brauch eis, zum Wuel vun den Awunner dëssäits an déisäits vun der jeeweileger Statsgrenz. D'Groussregioun ass dofir e gutt a wichtegt

Instrument, fir gemeinsam Problemer festzestellen an ze diskutéieren. D'Léisunge respektiv d'Decisiounen, fir Léisungen ze ënnerstëtzen, mussen awer meeschtens op nationalem Niveau geholl ginn, dat zu Berlin, Paräis a Bréissel.

Dat ass an der Mobilitéitspolitik zum Deel esou, wou an der Belsch zwar d'Wallonie e Mobilitéitskonzept huet, mä d'Zuchstreck Bréissel respektiv d'SNCB awer vu Bréissel ofhänkt. An Däitschland ass ebenfalls Berlin den Uspriechpartner, wann et ëm Zuchverbindunge geet, oder ganz aktuell, den CDU/CSU-Projet vun der Maut, iwwert déi eis däitsch Grenzregioun jo och alles aneschters wéi begeeschtert sinn.

A Frankräich ass d'Situatioun rezent nach e bësse méi komplizéiert ginn. Duerch hir Réforme territoriale an d'Fusioun vun hire Regioune reecht d'Gebitt vun eiser franséischer Nopeschregioun elo bis an d'Champagne, wat och Virdeeler kann hunn, ma wat wuel och de CPI, eise Conseil parlementaire interrégional vun der Groussregioun, virun nei Problemer dierft stellen.

Fir bei Frankräich ze bleiwen, wëll ech awer och déiselwecht Meenung hu wéi mengen ech déi meescht heibannen: datt mer och do musse weider Drock op eis franséisch Kolleege maachen. A soulaang déi Atomzentral vu Cattenom net zou ass, muss deen Drock enorm héich bleiwen.

Une voix.- Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng).*- Ouni elo hei nach e weidert gréngt Kärthema, d'Energiepolitik, mat Bléck op d'Groussregioun ze debattéieren, wëll ech just betounen, datt och am Zesummenhang mat der neier Lëtzebuerger Entwécklungsstrategie, wéi se an der Rifkin-Etüd festgehale gouf, d'Groussregioun an Zukunft och am Beräich Energie, an zwar am Beräich vun der erneierbarer Energie, eng wichteg Roll ze spillen huet. Well 100% erneierbar lokal Energieproduktioun wäert fir Lëtzebuerg net ouni eng effikass Zesummenaarbecht an der Groussregioun méiglech sinn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, fir opzehale wëll ech dann nach just un eng Propos erënneren, déi mäi Kolleeg Claude Adam virun néng Joer hei beim Débat d'orientation vun der Groussregioun gemaach huet: Datt d'Zesummeschaffen an der Groussregioun duerchaus kann Erfolleg hunn, datt eng kreativ Dynamik kann ugestiwwelt ginn, datt grenziwwerschreidend Netzwierker entstinn, dat alles hat virun zéng Joer d'Kulturjoer an der Groussregioun gewisen.

Dës aktiv Zesummenaarbecht ronderëm e spezifescht Thema, zesumme mat villen involvéierte Leit, Organismen, Organisatiounen, Gemengen, Betriber, Firmen, sollte mir op kee Fall vergiessen. Wär dat net och eng Iddi, an aneren Themeberäicher dat ze maachen? Firwat net zesummen an der Groussregioun e Mobilitéitsjoer, en Naturschutz-, en Emweltjoer, en Ausbildungsjoer, e soziaalt Joer an d'A faassen?

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an och Merci u meng Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Traversini. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, déi Debatt, déi de Jean-Marie Halsdorf haut hei ugestouss huet mat senger Interpellatioun, déi gëtt eis eng Kéier emol d'Geleeënheet, fir driwwer ze diskutéieren, wat mer am Kader vun der Groussregioun verstinn, fir ze kucken, wou mer stinn, de Wäert vun der Groussregioun, a wou mer sollen histéieren. D'Wichtegkeet vun der Groussregioun, datt mer eis d'Fro stellen: Spillt d'Groussregioun déi Roll, wéi mer eis se virstellen? Kréien d'Bierger aus deene véier Länner eppes mat oder kréie se näischt mat, wat an der Grenzregioun geschitt? A wat ass Konkretes opgrond vun der Groussregioun an der Vergaangenheet realiséiert ginn?

Ech hunn an deene leschten Deeg e bëssen Artikelen nogelies, virun allem elo rezenter, zënter datt vum Februar u Lëtzebuerg d'Presidence an der Groussregioun iwwerholl huet. An dann huet een aus deenen Artikelen a Kommentare Saachen erausgelies, Wierder erausgelies wéi: en „Debattéierklub" wier et. Anerer hu gesot: „Mir mussen dee Projet erëm an Erënnerung ruffen." Déi aner hu gesot: „Ma et muss een d'Groussregioun erëm zum Liewe waakreg maachen." Dat war den Toun, deen een duerch all déi Artikele fonnt huet, vu Leit, déi op deem Niveau aktiv sinn.

An da muss ee sech selbstverständlech eng Fro stellen: Wéi kann et da sinn, datt eng Groussregioun, déi esou laang fonctionnéiert, vun de Leit esou kritesch beobacht gëtt?

A wa mer soen, dat ass haut, dann hunn ech zréckgekuckt: Am Joer 2003 huet de fréiere Lëtzebuerger Statsminister a Kommissiounspresident Jacques Santer am Fong genau datselwecht scho gesot! Dat sinn allerdéngs elo scho 14 Joer hier. Och hien huet gesot: „Mir mussen d'Groussregioun erëm entdecken. Si muss erëm nei belieft ginn" an esou weider.

Dat heescht, dat war 2003, an elo 2017 komme mer am Fong erëm mat deeneselwechte Kommentaren.

Do muss een eng kritesch Analys, mengen ech, maachen. A mir sollten net einfach higoen an eis op d'Schëllere klappen a soen, wéi gutt a wéi wichteg datt déi Groussregioun wier, mä mir sollten eis wierklech ausenanersetze mat der Roll, déi se spillt, an ob se déi Roll och richteg spillt.

A mir sti grad elo op engem Punkt vun enger neier Erausfuerderung! Mir wëssen, datt Frankräich - an et ass de Mëtten hei ugeschwat ginn - eng nei Territorialreform gemaach huet, datt se eng nei Regioun Grand Est gegrënnt hunn. An et war ëmmer d'Lorraine, déi mer gesinn hunn an eiser Groussregioun! Mä gëtt et déi Lorraine haut nach? Laut der franséischer Landkaart gëtt et se net méi, mä mir hunn nach just déi grouss Gegioun Grand Est.

Dat heescht, do musse mer elo wëssen: Wouhinner steiert elo déi Groussregioun, déi mir gemengt hunn? Brénge mir et fäerdeg, datt a Frankräich nach just d'Lorraine elo dozou gehéiert? Oder musse mer net higoen an déi nei Regioun an déi Groussregioun ophuelen? An da geet et quasi vun Namur, vu Bréissel bis op Basel, wou alles do drënnerfält.

Et ass also eng Risenentwécklung, déi elo do amgaangen ass! An da muss ee sech iwwert de Sënn froen: Ass dat de But gewiescht vun enger Groussregioun? Sinn nach zesummenhänkend Punkten do, wa mer esou wäit auserneen dat Bündnis do maachen?

Mä net nëmme wat Frankräich ubelaangt, och an Däitschland stelle sech déi Froen! Well doduerch, datt a Frankräich déi grouss Regioun geschaaft ginn ass, sinn et am Fong elo net nëmme méi d'Saarland a Rheinland-Pfalz, déi do u Frankräich just ugrenzen, mä och Baden-Württemberg, wat eent vun deene gréisste Bundeslänner mat iwwer eelef Milliounen Awunner ass, stéisst am Fong op där ganzer Säit un déi nei Regioun a Frankräich un.

A wann een e bëssen an déi regional Press kucke geet an Däitschland an et liest een do de Gedanken no, da stellen déi sech d'Froen, ob et richteg ass, datt Rheinland-Pfalz an d'Saarland nach sollen hei an enger Groussregioun fonctionnéieren, fir dann eventuell mam Grand Est a Frankräich ze negociéieren an ze diskutéieren, a Baden-Württemberg wier net méi derbäi! An do kommen dann och Gedanken op, déi soen: „Ma wier et net besser, mir géifen et esou maachen, datt déi dräi Bundeslänner, d'Saarland, Rheinland-Pfalz a Baden-Württemberg, sech zesummen als Verhandler an Diskussioune mat der Regioun Grand Est a Frankräich befaassen?"

Also eng Groussregioun, déi mer elo hunn, wann een éierlech ass, déi ganz schwaach bis elo fonctionnéiert huet, steet viru grousse Verwandlungen, souwuel op franséischer wéi op däitscher Säit, deene mer eis musse stellen, wéi mer déi an de Grëff kréien.

D'Madamm Minister weess vläicht scho méi Hannergrondinformatiounen an Iddien, wéi se do lafen. Mä et däerft sécherlech net méi einfach ginn an et däerft sécherlech och net fir Lëtzebuerg méi einfach ginn!

D'Groussregioun géif explosiounsaarteg an d'Luucht goen, net nëmme flächeméisseg, mä och wat d'Awunner betrëfft. A mir als Lëtzebuerger géifen awer op eiser Gréisst bleiwen. An et muss ee sech d'Fro stellen, ob do net iwwert d'Zil da vun deem, wat urspréinglech an enger Groussregioun gemengt war, géif erausgeschafft ginn.

Duerfir, déi Iddi, déi de Jean-Marie Halsdorf hei virgeluecht huet, fir eventuell Wahlen ze maachen an esou enger Groussregioun, ech mengen, dovunner kann een dreemen, mä et soll een dat net als realistesch ugesinn.

(Interruption)

Well mer wëssen, datt mir hei eng Wahlflicht hunn, an déi aner Länner hunn e Wahlrecht. Wa mer a Frankräich, an Däitschland do d'Leit géife froen, wat se vun der Groussregioun halen, da géifen déi eis fir d'Éischt froen: „Vu wat schwätzt Der do?" A fir datt een déi dann och nach beweegt krit, datt se sollte fir esou e Parlament do wiele goen, ech mengen, do géife mer eis eng fänke goen! Well ech kéint mer net virstellen, datt vill méi wéi 5% sech vun de Leit do géife bewegen, fir e Parlament, vun deem se näischt wëssen, oder eng Regioun, vun där se näischt wëssen, fir fir déi dohinner wielen ze goen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Gibéryen, erlaabt Der, dass den Här Halsdorf Iech eng Fro stellt?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wann dat net op meng Riedezäit geet!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Neen.

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), interpellateur.*- Ganz kuerz. Dir sot effektiv op där enger Säit, Dir hätt d'Press gelies an do wäre lauter Leit, déi géifen am Beräich vun der Groussregioun schaffen an déi géifen Iech dat Gefill ginn, dass et effektiv net richteg weidergeet, dass kee Liewen dra wär, an dat loosst Der als Argument. Op där anerer Säit sot Der awer dann, wann déi Leit... Well den IGR, dat ass dee gréissten Institut, dee mer an der Groussregioun hu mat lauter esou Spezialisten. An notamment déi Artikelen, déi Der gelies hutt, déi beruffe sech och deelweis op dat, wat déi gesot hunn. Do steet dat doten dran als Faktum an als laangfristegt Zil, fir dat dote fäerdegzekréien.

Duerfir verstinn ech Ären Argumentaire net. Op där enger Säit benotzt Der dat, fir am Fong geholl ze weisen, dass mer net gutt dostinn, op där anerer Säit sot Der awer, dat wär en Hirngespinst, wat déi Leit do géifen op de Pabeier bréngen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech weess net, Här Halsdorf, wou Dir sollt wëssen, wat fir eng Artikelen datt ech gelies hunn. Mä an deenen, déi ech gelies hunn, stoung dat doten net dran. Also, jiddwereen huet seng Artikelen.

Bon, ech wëll awer hei virufueren, well ech nach e puer Minutte just hunn. Ech wëll dann och nach op e puer Punkte kommen, wou mer am Fong missten d'Groussregioun hunn. Mä hu mer se do?

Éischtens musse mer emol oppassen, datt och am Kader vun där aktueller Groussregioun eng gewëssen - ech wëll net soen „Näid" - Konkurrenz besteet. Mä loosse mer éierlech sinn: Och eis Groussregioun, déi Nopeschlänner, sinn net onbedéngt frou mat eis, wa mer dat soziaalt Gefäll huelen! Wa mer kucken, wéi vill Leit datt si forméieren, déi mir op eisen Aarbechtsmaart heihinnerzéien, déi gesinn net doranner de Gedanke vun der Groussregioun!

Oder wa mer gesinn, well mir de Wunnengsbauproblem hei zu Lëtzebuerg net gelöist kréien, datt der esou vill an déi däitsch Grenzregioun, haaptsächlech an déi däitsch Grenzregioun ginn an doduerch d'Wunnpräisser do enorm an d'Luucht ginn, soudatt am Fong déi normal Däitsch vun hei vu vir schonn erëm musse méi wäit an Däitschland eragoen, fir eng Wunneng ze kréien, och dat gesinn déi net am Kader vun enger Solidaritéit vun der Groussregioun.

An da musse mer och kucken, déi Moossnamen, déi mer getraff hunn, sief et Park & Ride, siefen et d'Buslinnen an esou virun, déi ginn am Prinzip dann och net do eriwwer. Mä vu datt mir eng national Form hunn, déi aner hu regional Formen, gëtt dat Ganzt direkt bilateral tëschent de Regierungsmemberen an deene Responsabele vun där Gemeng oder vun där Stad realiséiert. Dat heescht, och do musse mer dat wëssen, duerch déi zwou Differenzstrukturen, déi et gëtt.

Nach séier, Madamm Presidentin: Wa mer déi nei Groussregioun kriten, mat där neier territorialer Reform vu Frankräich, da musse mer wëssen, datt mer och an där Groussregioun sechs Atomkraaftwierker hunn! Frankräich: Cattenom, Fessenheim - eent vun den eelsten a vun deenen am meeschte contestéierten -, Chooz, Nogent-sur-Seine; an der Belsch Tihange, an Däitschland Mülheim-Kärlich.

An do stellen ech mer dann och d'Fro: Gëtt um Niveau vun der Groussregioun, Madamm Minister, och dee Sujet do ugeschwat? Oder soen déi aner Länner do einfach: „Dat fält net ënner eis Kompetenz, dat ass eng national Kompetenz."? Mä dat sinn awer Froen, déi d'Leit aus der Regioun interesséieren! Dat sinn immens wichteg Froen, déi d'Leit interesséieren, déi eiser Meenung no awer net debattéiert ginn.

Oder huele mer d'Diskussiounen iwwert d'Autobunnen, huele mer d'Diskussiounen iwwert den ëffentlechen Transport. Wa mer gesinn, wéi laang datt tëschent Lëtzebuerg a Bréissel den Zuch do brauch! D'Kolleegen aus dem Benelux-Parlament wëssen och, datt do vun der belscher Säit praktesch keng Initiative lafen, fir déi Zuchstreck ze verbesseren. Dat wier eppes, wat d'Leit och géif interesséieren, wann eng Grande Région géif soen: „Ma elo brénge mir et emol fäerdeg, datt d'Zuchverbindungen an där Grande Région optimal fonctionnéieren!", amplaz datt dat net d'Realitéit ass.

Oder wa mer Richtung Köln fueren: d'Autobunnsnetz net ausgebaut! Oder ob den däitschen ICE net kéint bis hei op Lëtzebuerg kommen. Dat wiere Froen, déi géifen d'Leit aus der Grande Région interesséieren.

Oder ee Wuert, wa mer iwwer Betriber schwätzen, wa mer vu Solidaritéit schwätzen, loosse mer dach éierlech sinn: Och an enger Groussregioun kuckt dach all Land no sech! Well wa mer net géife reng no eis wëlle kucken an déi aner no sech, da misst ee jo och kënnen driwwer diskutéieren, jee nodeem, wat fir eng Betriber datt mer zum Beispill hei an d'Land eranhuelen! Wou mer wëssen, datt se herno nëmme Frontaliere beschäftegen, wier et dann net méi solidaresch vun eis, wa mer géifen zu deem Betrib soen: „Ma da maacht Äre Betrib direkt do, wou d'Leit schaffen (veuillez lire: wunnen)!"

Amplaz datt d'Leit musse bei de Betrib kommen, kann de Betrib jo och bei d'Leit goen, amplaz datt d'Leit mussen all Dag eng, zwou Stonnen am Stau stoen. Och dat wier eng Solidaritéit an der Grande Région, mä dorunner denkt keen! Mir op jidde Fall net! Mir versichen alles hei unzezéien a mir kucken do net no den Nopeschregiounen.

Et ginn also vill där Punkten, Madamm Presidentin, déi ech mer nach hei opgeschriwwen hunn, mä vu datt meng Riedezäit awer elo schonn ofgelaf ass, wëll ech just soen: Eng Groussregioun huet e Wäert, wa se wierklech fonctionnéiere kann, wa se wierklech en Territoire ëmfaasst, deen iwwersiichtlech ass, an net wann dat eppes Risegrousses gëtt; wa jiddweree bereet ass, och e gewëssene Solidaritéitseffekt mat eranzebréngen, fir datt de Bierger dobaussen och wierklech en Notzen dann dovun huet.

A wa mer éierlech sinn, musse mer haut soen, datt bis haut d'Bierger nach näischt vun där Groussregioun wierklech entdeckt hunn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Gibéryen. An als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech wäert en äänleche Problem hu wéi mäi Virriedner, fir an zéng Minutten op all déi Dimensioune vun der Groussregioun kënnen anzegoen, a weess och elo schonn, datt ech ganz wesentlech a wichteg Aspekter, wéi zum Beispill d'kulturell Dimensioun, iwwerhaapt emol net uschneide kann.

Ech wëll mech duerfir op verschidden Deelberäicher konzentréieren, déi menger Meenung no vläicht an der Diskussioun nach net esou zum Virschäi komm sinn, wéi se dat hätte missen, an och vläicht eng aner Vue op dat duerleeën, wat mir hei zu Lëtzebuerg och gär als „Groussregioun" bezeechnen, mat Lëtzebuerg an där Groussregioun am Zentrum. An et ass effektiv esou, datt mir d'Groussregioun als Alleréischt zu Lëtzebuerg als groussen Aarbechtsmaart all Dag erliewen, dee bei eis 45% ausmécht, wat 170.000 Salariéë sinn, déi aus de Grenzregiounen op Lëtzebuerg schaffe kommen; Leit, déi dagdeeglech heihinnerkommen.

Déi grouss grenziwwerschreidend Aarbechtsmobilitéit ass u sech d'Konsequenz vun der gewollter an och bedriwwener ekonomescher Dominanz vu Lëtzebuerg par rapport zu den Nopeschregiounen an deelweis souguer doriwwer ewech. Lëtzebuerg funktionéiert an där Groussregioun eigentlech wéi en ekonomesche Schwamp, deen d'Plus-valuen, déi d'Frontalieren och hei am Land erschaffen, opsuckelt an eiser Meenung no net genuch a gerechte Proportiounen un déi betraffe Regioune ronderëm eis weidergëtt.

Dobäi ass d'wirtschaftlech Situatioun vun enger ganzer Rëtsch Regiounen, déi jo och äänlech wéi mir an der Vergaangenheet vun der Kris vun der Stolindustrie betraff waren, am grousse Ganzen net roseg. Den ekonomesche Wuesstum konzentréiert sech bal exklusiv op Lëtzebuerg, wat dozou féiert, datt déi aner Grenzregioune vernoléissegt wierken an och lues a lues eng sozial an ekonomesch Veraarmung erliewen.

Lëtzebuerg profitéiert vu senger Dominanz ganz vill am Moment, a mir mengen, och an der aktueller Situatioun souguer ze vill. Well Frontaliere si Salariéen, déi op Lëtzebuerg kommen, hei hëllefen, Gewënner fir Betriber ze erwirtschaften, Gewënner, déi och hei besteiert ginn, geneesou wéi hire Salaire hei besteiert gëtt an och geneesou wéi se hei hir sozial Cotisatioune bezuelen. Am Géigenzuch sinn

d'Frontalieren awer och Salariéen, deenen hir Ausbildung, hir Schoulzäit net vun eisem Land finanzéiert ginn ass, déi eigentlech also volkswirtschaftlech gesinn och eng bëlleg Aarbechtskraaft duerstellen.

Wann ee gesäit, datt dëst fir Lëtzebuerg ganz virdeelhaft schéngt, gesäit een awer och am Géigenzuch, datt besonnesch a Frankräich an an der Belsch d'Gemengen do ëmmer manner d'Méiglechkeet hunn, verschidde basesch Aufgabe vu Service public kënnen ze erfëllen. Awer och zu Lëtzebuerg schaaft dës disproportionéiert ekonomesch Entwécklung tëschent de Regiounen hei an eisem Land Problemer. Si si virdrun och scho vu Virriedner ugeschwat ginn.

Mir hunn duerch dee Schwampeffekt Problemer mat eisen Infrastrukturen. Mir hu Problemer an der Mobilitéit; net nëmmen, datt d'Stroossen iwwerfëllt sinn owes a moies fir op d'Aarbecht, mä och d'Zich sinn entre-temps iwwerfëllt. Mir hunn eng onheemlech Hausse vun de Wunnengspräisser zu Lëtzebuerg, well mer en enormen ekonomesche Wuesstum hunn, deem mer eigentlech an der Planifikatioun vun eisem Land net méi nokommen. Mir hunn eng ekologesch Dimensioun, déi derbäikënnt. Et ass virdrun d'Stéchwuert „Tanktourismus" ugeschwat ginn, deen zwar, wann et och keen Tourismus ass, mä nawell eng Realitéit duerstellt, mat där eist Land muss ëmgoen!

An ech mengen, datt een awer och net derlaanscht kënnt, sech d'Fro ze stellen, firwat dat esou ass, firwat mir esou deen ekonomesche Schwamp sinn. Si mer wierklech esou dichteg hei am Land? Sinn déi Leit, déi hei schaffen an ausgebilt gi sinn, besser ausgebilt gi wéi Leit an engem anere Land?

A wann een ëmmer dovunner schwätzt, datt Lëtzebuerg de Motor vun där Regioun ass, da muss ee sech och d'Fro stellen, wourun dat läit. Mir mengen, datt et an alleréischter Linn virun allen anere Méiglechkeeten oder méiglechen Äntwerten dorunner läit, datt mer eigentlech déi Souveränitéitsnisch ausnotzen duerch eng Fiskalpolitik, eng Politik, déi op Kompetitivitéit opgebaut ass, déi ëmmer méi Betriber eben op Lëtzebuerg bréngt; eng Tendenz, déi och mat der leschter Steierreform, wou jo och d'Betribsbesteierung weider erofgesenkt ginn ass, nach soll weider ancréiert ginn.

A mir kommen och net derlaanscht, de Widdersproch ze erkennen an ze benemmen, fir ze soen: Et kann een net engersäits soen, mir si kritesch par rapport zum Wuesstum vun der Populatioun hei, an awer gläichzäiteg maache mer alles, fir den ekonomesche Kader esou ze riichten, datt nach méi Entreprisen op Lëtzebuerg kommen an datt nach méi Leit hei zu Lëtzebuerg schaffe sollen.

Mir mengen, datt et duerfir sënnvoll an néideg wär, Moossnamen ze huelen, déi eng effektiv a gläichberechtegt wirtschaftlech Kooperatioun tëschent de Regioune schafe géifen, an domat deene franséischen, däitschen a belschen Territoiren och eng Zort Auswee ze weisen aus der eigentlech - wéi et am Moment ausgesäit - wirtschaftlecher Dependenz vu Lëtzebuerg.

Et gehéiert dozou déi sozialpolitesch Dimensioun, déi mer garantéiere mussen, a mir sollen net méi weider versichen zum Beispill, d'Frontaliere vu Prestation-sociallen auszeschléissen, wéi dat an der Vergaangenheet geschitt ass. Ech erënneren nëmmen un d'Studien-, d'Studentebourssen. Dat war en CSV-Minister, deen déi ofgeschaaft huet, wou dann dës Regierung probéiert huet, dergéint ze goen a Solutioune fonnt huet, déi och net grad an eisem Sënn sinn. Et betrëfft och Saache wéi d'Kannergeld, déi ganz Fro ronderëm d'Chèque-servicen, déi zwar formal och fir Frontalierskanner gëllen, déi awer esou ausgeriicht sinn, datt se an der Praxis wuel kaum vun hinne kënnen an Usproch geholl ginn.

Et geet ëm déi ekonomesch Dimensioun vun enger gerechter Kooperatioun innerhalb vun der Groussregioun. A mir mengen, datt mer och do en Émdenke brauchen. Mir mussen ewechkomme vum Paradigma vun der Konkurrenz tëschent de Regiounen, och der Fiskalkonkurrenz, wou Lëtzebuerg de Motor ass vun där Fiskalkonkurrenz, a mir mussen iwwergoen an d'Logike vu Kooperatioun mat gemeinsame Projeten an och gemeinsame Mëttelen. Dat ass eppes, wat, mengen ech, net nëmme fir d'Groussregioun gëllt, mä och insgesamt fir den europäesche Projet, wa mer deem, äänlech wéi der Groussregioun, awer wëllen eng Zukunft ginn.

Mir missten Iddien a Konzepter entwéckelen, fir wierklech a Kooperative mat den Nopeschregiounen zesummenzeschaffen an och eenzel Aktivitéite gemeinsam ze plangen.

An der Vergaangenheet hate mer schonn e puermol op eenzel Projeten higewisen. Mir hunn zu Lëtzebuerg de Problem mat den Nuisancë vun den Nuetsflich vu Cargolux. Gläichzäiteg ass an der Lorraine en ale Militärfluchhafen ausserhalb vu Wunngebidder, deen eidel steet. Firwat geet een et net un a geet offensiv drun erun an et mécht een ëffentlech eng „public-public partnership", fir do eben ekonomesch Aktivitéiten ze entwéckelen?

Mir mengen och, datt - ech kann elo net am Detail drop agoen - ee sech nach eng Kéier méi genau vläicht misst ukucken, wat beim PED, dem Pôle de développement économique am Süde vum Land, deen och grenziwwerschreidend war, wat do am Ufank d'Iddi derhannert war, wat d'Usprëch waren, an och kucken, firwat en eigentlech gescheitert ass, e Projet, deen awer, wéi e '85 gegrënnt ginn ass, bezeechent ginn ass als «laboratoire de l'Europe des politiques publiques en matière des coopération économique transfrontalière». Ech mengen, datt et eenzel Elementer an deem Projet gi sinn, déi ebe justement d'Logik vun der Konkurrenz iwwerwonnen hunn oder iwwerwanne wollten. An et huet awer anerersäits un engem wierklech gemeinsamen industrielle Projet gefeelt, firwat en eigentlech och gescheitert ass.

En zweete Punkt, deen och net ernimmt ginn ass: Mir mengen, datt mer mussen och als Lëtzebuerg mathëllefen, e fiskaleschen Ausgläich tëschent de Regiounen ze schafen. Zënter 2002 gëtt et de Juncker-Reynders-Fonds, wou de Lëtzebuerger Stat 30 Milliounen, ronn 30 Milliounen all Joer u Grenzgemengen (veuillez lire: u belsch Grenzgemengen) attribuéiert, aus deem Grond, well déi Leit hei eben dee wirtschaftleche Wuesstum erschafen, well déi hei och besteiert ginn, well och hir Salairen hei besteiert ginn, a gläichzäiteg hunn d'Gemenge keng Méiglechkeeten. Mir mengen, datt een dee Modell eigentlech misst ausbauen, datt een deen och misst fir franséisch Gemenge gëlle loossen, och fir däitsch Gemenge gëlle loossen a wierklech eng Form vu Fiskaltransferen an der Groussregioun virgesinn. Ech mengen, datt dat och dozou géif féieren, datt d'Groussregioun och an den Nopeschregiounen anescht vun de Leit géif wouergeholl ginn, och wann dat just en Ufank vun där Fro ka sinn.

Ech wëll als leschte Punkt - an Dir gesitt, ech dréie meng Säiten ëm, well ech eigentlech nach méi wollt soen - just drop hiweisen, datt et jo net nëmmen esou ass, datt mer d'Bewegung hu vun den Nopeschregiounen op Lëtzebuerg, mä ganz vill Lëtzebuerger ginn an d'Nopeschregiounen entre-temps wunnen, duerch den ekonomesche Wuesstum, deen dozou gefouert huet, datt d'Wunnengspräisser zu Lëtzebuerg enorm héich sinn. A wann ee mat Buergermeeschteren aus deenen - domat hunn ech dann als Escher ze dinn - Nopeschgemengen aus Frankräich diskutéiert, stellt ee ganz dacks fest, datt ee Gentrifizéierungsphenomeener an der Peripherie entdeckt. Dat heescht, Leit, déi sech d'Wunnen zu Lëtzebuerg net méi leeschte kënnen, ginn dann an d'Grenzregiounen, mat all deene soziale Problemer, déi dat eventuell bedeit, an an enger Situatioun, wou déi Gemengen oder déi Géigenden eigentlech ëmmer manner capabel sinn, fir do wierklech kënnen eng anstänneg a seriö Sozialpolitik ze maachen.

Madamm Presidentin, ech hunn d'Zäit iwwerschratt, duerfir soen ech just als Ofschloss: Mir denken, datt mer ëmdenke mussen an ewech vun der Konkurrenz, hin zu der Kooperatioun. Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Baum. D'Lëscht vun de Riedner ass elo ofgeschloss. Ech constatéieren, dass Der all Är Zäit epuiséiert hutt. Dat heescht, et ass awer e Sujet, wou Der alleguerte vill Iwwerleeungen an Iddien hutt. An duerfir freeën ech mech elo, fir d'Madamm Minister hei op der Tribün ze begréissen, déi eis elo d'„substantifique moelle" vun hiren Iwwerleeungen zu deem Sujet seet. Madamm Cahen, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Corinne Cahen, *Ministre à la Grande Région*.- Jo, villmools Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol géif ech gären dem Här Halsdorf villmools Merci soe fir dës Interpellatioun. Effektiv gëtt an der Chamber net dacks genuch iwwert d'Groussregioun geschwat. Et gëtt allerdéngs Groussregioun gelieft all Dag um Terrain. Ech mengen, dat ass jo nach méi wichteg am Fong wéi an der Chamber driwwer ze schwätzen. Mä et war awer haut elo emol eng gutt Geleeënheet, fir eng Kéier de Sujet ganz ze abordéieren an eng Kéier ze kucken, wat dann alles elo wärend der Lëtzebuerger Presidence wäert lafen.

Ech géif awer och gären all deenen anere Riedner villmools Merci soe fir hir Remarquen, fir hir Iddien a fir hir Bäiträg. Ech mengen, d'Groussregioun, wa mer soen, mir wëllen zesummewuessen, mir wëllen all zesummen an der Groussregioun liewen, da fänkt dat jo mat ons alleguer heibannen un, well mir sinn alleguer Bierger vun der Groussregioun. An duerfir sinn ech och frou, Iech esou zahlreich haut hei ze gesinn!

Dir waart och zahlreich den 2. Februar, wéi mer den Optakt hate vun der Presidence vun der Groussregioun an de Rotonden zu Bouneweg. Dat war e grousse Succès. Do waren iwwer 500 Leit. An d'Table ronde mat de politesche Mandatairen huet bewisen, wéi wichteg eis Groussregioun haut och ass, grad eben an engem Kontext vu rietspopulisteschen Tendenzen an Europa. Duerfir, mengen ech, ass et wichteg, dass mer dat och esou gemaach hunn an dass jiddweree sech nach eng Kéier konnt zu där Groussregioun bekennen.

Mir hunn natierlech Prioritéiten. Ech géif se elo opzielen als Éischt, d'Prioritéite vun der Lëtzebuerger Presidence, an Dir wäert gesinn, dat geet queesch duerch de Gaart, queesch duerch all d'Ministèren, queesch duerch d'ganz Gesellschaft, éier ech dann op déi aner Froen natierlech wäert zréckkommen.

Bon, d'Thema vun der Lëtzebuerger Presidence ass „Méi no um Bierger". Et ass gesot ginn, dacks ass d'Groussregioun jo awer eppes, wat e bëssel chen iwwert d'Käpp ewech geet. Mir wëlle méi no bei de Bierger kommen. Ech mengen, dat ass och an der Linn, déi d'Lëtzebuerger ëmmer haten, wat d'Groussregioun ugeet. Mir wëlle méi communiquéieren, mir hunn en neien Internetsite, mir sinn och op de soziale Medien zanter dem 2. Februar präsent an hunn och do relativ vill Visiteuren all Dag. An da wëlle mer natierlech och méi ëffentlech Evenementer am Haus vun der Groussregioun maachen.

Mir wëllen och, dass d'Bierger aktiv participéieren. D'Presidence wëllt eben, wéi gesot, méi no beim Bierger sinn. Mir schaffen un der Schafung vun engem Jugendparlament vun der Groussregioun. Dat gëtt et am Moment nach net. Mir wëllen dat zesumme mam Conseil parlementaire interrégional maachen an dem neien Zentrum fir politesch Bildung. Et ass och eng Fro gewiescht vun eise Partnerregiounen, fir dat ze maachen, fir déi Jonk och nees méi fir d'Politik am Allgemengen an och d'Politik an der Groussregioun am méi Spezialen ze interesséieren.

Mir plangen och en Evenement mat de politesche Jugendorganisatiounen. Dir wësst, dass dëst Joer de 60. Anniversaire vun de Réimesche Verträg ass. An do hu mer am Fong wëlles, mat de politesche Jugendorganisatiounen en Event ze maachen. Mir sinn amgaangen, dat am Moment ze plangen.

Dann d'Rencontre scolaire, mir hu schonn dovunner geschwat. Den Här Halsdorf huet et gesot, dat war d'virlescht Joer am Beetebuerger Park, dat war d'lescht Joer zu Tréier. Dat soll och weiderfueren. Et soll ee wierklech och gesinn, déi Jonk solle gesinn, firwat een iwwerhaapt d'Sprooch vum Noper léiert, firwat et esou wichteg ass. An dann, wa mer wëllen zesummewuessen, wa mer wëllen en Zougehéiregkeetsgefill schafen an der Groussregioun, da muss ee bei deene Klengsten ufänken. An ech mengen, duerfir ass dat ëmsou méi wichteg.

Mir wäerten am Haus vun der Groussregioun en Espace citoyen ariichten an da wäerte mer och d'Mobilitéit vu jonke Volontairë wëlle verbesseren.

Wat den Aarbechtsmaart ugeet, do wäerte mer d'Émsetzung vum Accord-cadre iwwert d'grenziwwerschreidend Beruffsausbildung ëmsetzen. De 15. November ass am Stater Kolléisch eng Konferenz iwwert d'Digitalisatioun. Si gëtt organiséiert vum Departement vun der Groussregioun, zesummen awer mam Aarbechtsministère, mam Bildungsministère a mam Wirtschaftsministère. An där Konferenz gëtt analyséiert, wéi den Aarbechtsmaart am Zäitalter vun der Digitaliséierung wäert ausgesinn a wat fir Ausbildungen an Zukunft wäerten néideg sinn.

Den Aménagement du territoire, de Schéma du développement territorial vun der Groussregioun gëtt am Hierscht 2018 fäerdeg. Domat wäert d'Groussregioun eng wichteg Basis kréien, op där si sech ka weiderentwéckelen.

Den Transport, mir hunn et haut e puermol héieren, ass ee vun de gréissten Themen an der Groussregioun. D'Groussregioun huet am Moment eng 220.000 Frontalieren. Vun deenen 220.000 Frontaliere schaffen der eng 170.000 zu Lëtzebuerg, dat ass bal e Véierels vu sämtleche Grenzgänger an der ganzer Europäescher Unioun! Dat heescht, de gréisste grenziwwerschreidenden Aarbechtsmaart an der Europäescher Unioun, dat ass deen, dee mir hei an der Groussregioun hunn.

De Flux vun de Grenzgänger, dee wiisst méi séier wéi d'Infrastrukturen; mir wëssen et alleguerten. An den Transportminister, deen huet elo eng Enquête iwwert d'Mobilitéit lancéiert, un där och d'Frontalieren deelhuele kënnen. D'Regierung probéiert, hir Prioritéiten och op d'Groussregioun ze iwwerdroen. Dat ass zum Beispill d'Promotioun vun alternativen Transportméiglechkeeten. Mir hunn et och schonn héieren: De Carsharing, de Kovoiturage, Park-&-Ridë sollen ausgebaut ginn. Ech kommen do nach eng Kéier drop zréck.

Op Lëtzebuerger Territoire gëtt natierlech och vill gemaach: Verduebelung vu verschiddenen Zuchstrecken, Ausbau vun anere Strecken, Ausbau och vun de Garen, zu Beetebuerg zum Beispill oder vun der Stad Lëtzebuerg, wou dann e fënneften an e sechste Quai wäerte bäikommen. Et sollen nei Garen entstoen um Houwald an dann - wéi mer all wëssen - am Pafendall fir erop op de Kierchbierg, d'A3 tëschent Gaasperech an Diddeleng soll ausgebaut ginn. Dann hunn ech et grad gesot, d'Park-&-Ridë sollen och ausgebaut ginn an et sollen och neier derbäikommen op Lëtzebuerger Säit wéi awer och op där anerer Säit vun de Grenzen. Ech kann do e puer Beispiller ginn: Stockem, Mesenich, Stengefort, Rodange, Fréiseng. Bref, do ass scho ganz vill geplangt, wat an der Maach ass.

Eng Aarbechtsgrupp mat Frankräich wäert deemnächst och zesummekommen, fir ze analyséieren, ob et eventuell méiglech ass, a Richtung vun Téleetravail a Coworking ze goen, fir ebe mat dozou bäizedroen, de Verkéiersproblem ze entlaaschten. An den Transportminister, dee wäert och e Sommet iwwert d'Mobilitéit an der Groussregioun organiséiere wärend eiser Presidence.

An der Ekonomie soll d'Groussregioun d'Leaderregioun an Europa gi fir propper Technologien. Duerfir gëtt de Cluster EcoInnovation weider ausgebaut. De Cluster Automotive gëtt developpéiert ënnert der Form vu grenziwwerschreidenden Testterrainen. Dobäi gëtt ënner anerem analyséiert, wéi déi verschidden Telekommunikatiounsreseaue sech op d'Konnektivitéit vun den Autoen an op d'Conduite automatique auswierken.

D'Mobilitéit soll am Allgemengen natierlech méi ëmweltfrëndlech ginn. Luxinnovation ass fir eis Presidence e ganz wichtege Partner. Luxinnovation organiséiert vum 20. bis den 22. Juni dëst Joer eng grouss Konferenz iwwert d'Économie circulaire. Wärend deenen dräi Deeg steet d'Groussregioun ee ganzen Dag laang am Mëttelpunkt. An d'Économie circulaire ass och ee vun onse ganz grousse Sujete wärend der Presidence vun der Groussregioun, well och do wëlle mer eng Virreiderregioun an Europa ginn.

Bildung an Ausbildung, Programmer fir Schüler: Mir schaffen un Austauschprogrammer. Den Austauschprogramm Schuman, do sinn am Fong Huitièmen a Sixièmen, déi solle kënnen an aner Lycéeën an der Groussregioun goen tëschent zwou a véier Wochen, an da sollen déi Klassen och op Lëtzebuerg kommen. Do geet et ëm e ganz aktiven Austausch. Dann den „Training without borders", dat ass en Ausbildungsraum fir Jonker, déi Problemer an der Schoul hunn. Si gi mat den Entreprisen, virun allem aus de Beräicher Konstruktioun a Betreiung, zesummebruecht, eben och fir hir Employabilitéit an hir sozial Integratioun ze verbesseren.

D'Universitéit vun der Groussregioun organiséiert eng Konferenz zum Thema Méisproochegkeet an d'Zesummenaarbecht bei der Kodiplomatioun gëtt verdéift, genausou wéi d'Diskussiounen iwwert déi automatesch Unerkennung vun akademeschen Diplomer; dat hutt Der jo elo d'éinescht och gefrot. An effektiv hu mer do op bilateralem Terrain ganz vill, wat leeft, souwuel wat de Benelux ugeet wéi awer och Lëtzebuerg mat der Belsch oder Lëtzebuerg mat Däitschland. An dat wëlle mer alles op d'Groussregioun dann dee Moment ausweiden.

Kultur an Tourismus: Do mussen natierlech méi Synergien entstoen tëschent der Kultur an dem Tourismus. Mir hunn hei an der Groussregioun méi wéi zwanzeg klasséiert Sitte vun der Unesco, méi wéi zwanzeg! 2018 ass en plus dat Europäescht Joer vum Patrimoine culturel. An do bitt et sech natierlech un, dass mer eis Unesco-Sitte besser vernetzen an dass mer se och de Visiteuren aus der ganzer Welt vill méi bekannt maachen, fir dass déi och heihinnerkommen an déi Sitte visitéieren.

Fir déi Thematik vum territoriale Marketing professionell ze begleeden, wäert eng Konferenz vun Experten organiséiert ginn. Am Mëttelpunkt steet d'Promotioun an d'Exploitatioun vum kulturellen an touristesche Patrimoine.

Dorënner fält och d'Schafe vu gemeinsame Produiten zum Beispill. Virun zéng Joer ware Lëtzebuerg an d'Groussregioun Kulturhaaptstad an Europa an zéng Joer duerno wëlle mer dann elo do och e wierkleche Bilan zéien. Eng éischt Reuniouun mat de politesche Responsabele war schonn am Februar, den 9. Februar, ënnert der Presidence vum Statssekretär Guy Arendt.

Lëtzebuerg an d'Groussregioun hunn och eng wichteg Roll nom Zweete Weltkrich am europäeschen Integratiounsprozess gespillt. De Robert Schuman huet dobäi eng fundamental Roll gespillt. A mir wäerten duerfir och e Circuit Robert-Schuman schafen. Dee Circuit wäert d'Geschicht vun den Industriesitte mat der Schafung vum europäesche Bannemaart illustréieren.

Sécurité nucléaire: D'Groussregioun soll am Beräich vun der nuklearer Sécherheet esou sécher wéi nëmme méiglech sinn. Här Gibéryen, d'Noutdéngschter an d'Protection civile mussen an der éischter Phas vun engem Accident optimal funktionéieren, wéinstens emol dat. Wa mer d'Atomzentralen nach net zou hunn, da muss op d'mannst dat emol funktionéieren. De 6. Juli wäert doséinst eng Fachkonferenz iwwert d'Gestioun vun enger nuklearer Kris an d'grenziwwerschreidend Koordinatioun vu Schutzmoossnamen zu Senningen organiséiert ginn.

Ech wëll awer och eng Kéier hei soen, well et ugeschwat ginn ass: Wat d'nuklear Sécherheet ugeet, dat ass ëmmer nees en Thema, virun allem an de bilaterale Gespréicher. Wa mer eng CIG hu mat Frankräich zum Beispill, schwätze mer iwwer Cattenom. Op der Gäichel schwätze mer ëmmer iwwer Tihange. D'Saarlänner sinn och do ganz aktiv, d'Rheinland-Pfälzer och. Dat heescht, dach, dat ass am Fong permanent e Sujet och an der Groussregioun!

D'Groussregioun ass awer net deen eenzege Raum an Europa, wou grenziwwerschreidend zesummegeschafft gëtt. Duerfir ass et richteg, dass mer och en Austausch iwwert d'Best Practices maachen, mat zwee Partner notamment, dat sinn d'Benelux an d'Oberrheinkonferenz, vun där d'Presidence d'nächst Joer d'Malu Dreyer huet, d'Ministerpresidentin aus Rheinland-Pfalz. Ech hunn d'Madamm Dreyer dës Woch gesinn a mir hunn och do schonn ausgemaach, dass mer do Best Practices wäerten austauschen an dass mer och do méi enk wëllen zesummeschaffen.

Lëtzebuerg war a bleift de Motor natierlech vun der Groussregioun. Mir sinn eben nun emol geografesch an der Mëtt. Mir sinn den eenzegen Nationalstat. Mir hunn dee gréisste Wirtschaftswuesstum. Mir sinn europäesch an international och am beschten opgestallt. An an enger Etüd iwwert d'Kompetitivitéit, déi dëst Joer vun der EU-Kommissioun publizéiert gouf, ass Lëtzebuerg op der siwenter Plaz vun 263 europäesche Regiounen! Besonnesch gutt si mer an der Innovatioun an dovunner profitéiert natierlech och d'Groussregioun.

Mir brauchen natierlech d'Groussregioun, d'Groussregioun brauch eis. An duerfir si mer och een op deen aneren ugewisen.

Dann ass d'Haus vun der Groussregioun ugeschwat ginn. D'Haus vun der Groussregioun huet de 17. Juni 2015 zu Esch opgemaach. D'Missioune sinn am Arrêté grand-ducal vum 30. Juli 2013 präziséiert. Am Haus si lauter verschidde Servicer: d'Sekretariat vum Sommet vun der Groussregioun, d'Sekretariat vum Wirtschafts- a Sozialrot vun der Groussregioun, d'Vertriedung vun der Statskanzlei Rheinland-Pfalz, de Kulturraum Groussregioun, d'Euregio Saar-Lor-Lux, de Reseau vun de Stied Quattro-Pole, de Reseau vun de Stied ToniCité, d'Autorité de gestion an d'Sekretariat vun Interreg an den Institut vun der Groussregioun.

D'Haus vun der Groussregioun versammelt also d'Haaptakteure vun der ganzer groussregionaler Zesummenaarbecht. Et ass eng Plaz vu Rencontren, vun Echangen, et ass e Point de contact fir interesséiert Bierger a Biergerinnen. A mir hunn der och ganz vill, déi do aus- an aginn. D'Akzeptanz fir d'Gebai war bei eise Partner vun Ufank u ganz grouss, well duerch seng geografesch Positioun op der Escher Gare huet et eng ganz grouss Visibilitéit, an dovunner profitéiert och d'Groussregioun, där hir Visibilitéit laang Zäit eben e bëssen defizitär war, well mer ebe keen esou en Haus haten.

D'Gebai zu Esch ass och e Symbol vun der Proximitéit zum Bierger. Et ass exzellent un den ëffentlechen Transport ugebonnen. Et läit no bei der Uni, hu mer schonn héieren. Am Gebai wäerte wärend der Lëtzebuerger Presidence eng ganz Partie vun ëffentlechen Evenementer organiséiert ginn, Konferenzen.

D'Haus vun der Groussregioun dréit ganz kloer zum Imagewandel vun der Stad Esch och bäi. Esch ass eng Grenzstad, Esch ass eng Unisstad, Esch ass eng Stad vun der Fuerschung a vu klenge moderne Betriber. Esch huet eng dynamesch demografesch Entwécklung. A selbstverständlech ginn et Kontakter tëschent dem Haus vun der Groussregioun an den Autoritéite vun der Stad Esch. An ech géif proposéieren, dat weider auszebauen, an dass mer deen een oder aneren Evenement och zesummen an deem Haus vun der Groussregioun wäerten organiséieren.

Den Interreg dann, wat d'Autorité de gestion ugeet, do goufen d'Strukture staark vereinfacht duerch d'Schafe vum GECT. Dat ass de Groupement européen de coopération territoriale, deen elo nach zwee Memberen huet, virdru waren et der eelef. D'Konsequenz dovunner ass, dass d'Verwaltungsprozedure vereinfacht goufen, an haut funktionéiert dee vill méi effikass.

Zanter dem Lancement vum Programm Interreg goufen 144 Projeten deposéiert, 36 Projete goufen approuvéiert fir e Coût total vun 155.403.928 Euro. Ech kann awer déi Chifferen herno nach eng Kéier ginn. Vun deene 36 Projeten hunn der 27 eng Lëtzebuerger Participatioun. Do sinn all méiglech Gemengen derbäi - den Här Halsdorf huet dat gefrot -: Beetebuerg, Esch, Mäertert, Péiteng. Et sinn awer och Projeten tëschent Universitéiten, tëschent Naturparken, dat geet vu bis. Dat heescht, et goufen nach ni esou vill Projeten eragereecht. An et ass och déi éischte Kéier, dass et méi Projete wéi Sue ginn. Dat ass elo am Fong eng grouss Première.

De meeschte Succès hunn d'Projeten iwwert d'Emwelt an de Cadre de vie. Ennert de Projeten, déi zréckbehale goufen, géif ech déi heite Beispiller nennen: d'Task force frontaliers zum Beispill, si soll den Zougang zur grenziwwerschreidender Beschäftegung vereinfachen, digital Kommunikatiounsstrategië fir den Tourismus an der Groussregioun, an da Greater Green, Green Tech Meta-Cluster, dat ass eng Verstäerkung vun der Kompetitivitéit duerch nei, méi ëmweltfrëndlech Technologien.

D'Groussregioun ass am Fong Europa am Klengen; mir hunn et haut schonn e puermol héieren. Bei eis stelle sech am Fong déi nämlecht Problemer am Klengen, wéi se sech an Europa vläicht dann och méi grouss stellen. D'Themen an Europa si jo ganz dacks och d'Garantie jeunesse, Europa 2020, d'Bildung, de Chômage, d'Sécherheet, d'Verdéiwung vum Bannemaart an d'Ofschafe vun de verbleiwenden territoriale Restriktiounen. Et ginn do nei Erausfuerderungen natierlech, souwuel an Europa wéi och an der Groussregioun. Ech hu scho vun der Digitalisatioun geschwat an och vun der Économie circulaire. Ouni d'europäesch Integratioun hätt sech d'Groussregioun net esou entwéckele kënnen. Ech denken do un de Bannemaart, u Schengen, un déi gemeinsam Wärung, mä awer och un déi europäesch Legislatioun.

Den Här Halsdorf huet et scho gesot: D'Grande Région huet eng Bottom-up-Politik gemaach an dat ass och gutt a richteg esou. An de 4. Juli treffe sech déi politesch Responsabel zu Schengen. Dir gesitt, mir gesinn ons also net nëmme fir Sommeten. Mir sollen eis de 4. Juli elo gesinn zu Schengen, fir un d'Bedeitung vum Schengener Accord och ze erënneren. Dat ass dann esou eppes wéi e Coin du feu, just dass ee kee Feu brauch matzen am Juli. Dat geschitt da bei Geleeënheet vun der véierter Etapp vum Tour de France, deen deen Dag vu Munneref op Vittel geet an dann eben duerch Schengen och fiert. Ech mengen, Schengen ass e Symbol vum fräien Europa, vun den oppene Grenzen. An duerfir ass et wichteg, dass mer och do nach eng Kéier symbolesch, och well deen Dag den Tour de France derduerchfiert, ons dann natierlech gesinn.

Wie Reesfräiheet seet, muss awer och un d'Sécherheet denken. De Centre de coopération policière et douanière schafft mat senge Mataarbechter drun, déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit ze bekämpfen. An et gëtt driwwer nogeduecht, d'Kooperatioun, déi ganz gutt funktionéiert, nach weider ze verbesseren. Do gesinn ech de Préfet vum Grand Est, den Här Fratacci, den 28. Abrëll, dee wäert dann do och eng Entrevue hu mat justement de Responsabele vun deem CCPD.

De Grand Est ass e puermol ugeschwat ginn. Dat ass natierlech e spannende Sujet, well mir fuere gären an d'Champagne alleguer. Do geet et engem jo net ze vill schlecht. Do kritt een eppes Gutts ze drénken an am Elsass och. Et ass allerdéngs esou, bon, dat ass elo eng ganz grouss Regioun, déi Région Grand Est, déi huet 57.000 km². Et ass och déi franséisch Regioun mat de längste Grenzen. De President vun der Regioun an de Préfet vun der Regioun hunn hire Sëtz elo allen zwee zu Stroossbuerg. Dat ass effektiv elo méi wäit ewech wéi virdrun, wéi se zu Metz waren. Mä d'Kooperatioun an der Groussregioun soll sech virleefeg net änneren. Déi institutionell Zesummenaarbecht an der Groussregioun mam Grand Est bleift am Moment op d'Lorraine limitéiert. Sou gesinn änner sech am Fong an den Aarbechtsstrukture virleefeg näischt. Tatsaach ass allerdéngs och, dass et sécherlech wäert zu neien Initiative fir d'Kooperatioun kommen.

De Grand Est, dee wëllt méi dezentral Kompetenzen. De Grand Est huet iwwert déi al Regioun Elsass eng grouss Experienz, natierlech och an der grenziwwerschreidender Kooperatioun mat Baden-Württemberg. Dovunner solle mer natierlech och profitéieren. Eis Groussregioun wäert Synergië schafen, hunn ech scho gesot, mat der Oberrheinkonferenz zum Beispill.

Groussregional kënne mer an Zukunft verstäerkt an de Beräicher Automobillclusteren, Industrie 4.0 an IT-Fuerschung zesummeschaffen. An natierlech ass awer och déi bilateral Kooperatioun immens wichteg. Den 31. Januar hat ech zesumme mam Aarbechtsminister Nicolas Schmit eng Entrevue justement mam neie President vun der Région Grand Est, dem Philippe Richert, an do ass et virun allem och ëm d'Digitaliséierung gaangen, wou mer wëllen och wierklech an d'Ausbildung investéieren, an d'Weiderbildung, och an déi Leit, déi vläicht elo op Plaze schaffen, déi mat der Digitaliséierung da wäerten ewechfalen. Dir gesitt, do ass eng éischt ganz konkret Kooperatioun mat der Région Grand Est, e Sujet, deen eis alleguer um Häerz läit.

Am Kader vum 11. Sommet vun der Groussregioun gouf 2009 ënner Lëtzebuerger Presidence decidéiert, eng Strategie ze entwéckele fir d'Schafe vun enger grousser, grenziwwerschreidender Metropolregioun. Et gouf festgestallt, dass nëmmen esou kéint déi néideg Masse critique zesummekommen, déi noutwendeg ass, fir an enger oppener Ekonomie an Europa kënne kompetitiv matzehalen.

Nodeems ënner anerem eng Etüd Metroborder gemaach gouf, eng Lëscht vun de prioritären Transportprojeten definéiert gouf, eng Analys vum Volet Ekonomie erstallt gouf, kommen d'Aarbechten elo lues awer sécher op en Enn.

2016 goufen eng Synthees an e Bilan vun den Aarbechte gemaach en vue vun der leschter Phas, fir e Schéma du développement territorial vun der Groussregioun ze erstellen. Dëse Schéma du développement territorial Groussregioun soll operationell gemaach ginn duerch konkret Pilotprojeten elo emol fir d'Éischt. An am Januar 2017 gouf eng Kandidatur och beim Programm Interreg agereecht, fir en europäesche Kofinanzement ze kréien. An et ass virgesinn, all déi concernéiert Akteuren an all déi interesséiert Bierger och do dann aktiv matanzebannen.

De Comité économique et social vun der Groussregioun ass e ganz wichtege Partner vun eiser Presidence. Et ass d'Organ vum sozialen Dialog. Am Wirtschafts- a Sozialrot vun der Groussregioun sinn d'Vertrieder vun de Patronen a vun de Salariéen. Si sinn d'Leit vum Terrain. A wa mer schwätzen, dass mer ze wäit vun de Leit sinn: Neen, si sinn déi, déi wierklech um Terrain sinn! Si sinn d'Forces vives vun der Groussregioun. Dëst Joer feiert iwwregens de Wirtschafts- a Sozialrot seng zwanzeg Joer, säin zwanzegste Gebuertsdag. Obwuel d'Bezéiunge vum Wirtschafts- a Sozialrot vun der Groussregioun mat all politescher Presidence bis elo ëmmer ganz gutt waren, sinn ech der Meenung, dass mer d'Zesummenaarbecht wärend eiser Presidence nach sollte verdéiwen. De CESGR, wéi en ofgekierzt genannt gëtt, ass wichteg fir eng gelonge Presidence. Ech freeë mech do op d'Zesummenaarbecht an den nächste Méint mam neie President vun deem Conseil économique vun der Groussregioun, dem Jean-Claude Reding.

Säi Wonsch ass et och, den Akzent op d'Beruffsausbildung ze setzen, dat am Hibléck op d'Erausfuerderung nees vun der Digitaliséierung. Mir sinn op jidde Fall decidéiert, déi Erausfuerderungen unzehuelen, a mir schaffen och do scho ganz aktiv drun.

D'Zukunftsbild 2020 dann, dat ass e Strategiepabeier aus dem Joer 2003. E gouf ausgeschafft vun enger politescher Kommissioun ënnert dem Virsëtz vum Jacques Santer. An deem Pabeier goufe strategesch Orientatiounen definéiert, déi am Laf vun der Zäit sollten a konkret Projeten ëmgesat ginn. De 7. Sommet vun der Groussregioun den 30. Juni 2003 zu Saarbrécken huet dat Dokument entgéintgeholl. Eng zentral Iddi war deemools d'Schafe vun interregionalen Agencen an de Beräicher Tourismusmarketing, Héichschoulen a Fuerschung, Wirtschaft a Beschäftegung, Kultur a Méisproochegkeeg an Transport.

Et huet sech awer fréi erausgestallt, dass d'Ëmsetzung vun esou Agencen aus juristeschen an awer och aus finanzielle Grënn ganz, ganz schwiereg géif ginn. Onofhängeg dovunner konnten awer vill Iddie vun deem Zukunftsbild ëmgesat ginn. Am Tourismusberäich ka sech d'Groussregioun international ganz gutt verkafen. D'Festungsstad Lëtzebuerg, d'Réimerstad Tréier, d'Völklinger Hütte, d'Place Stanislas, fir nëmmen déi ze nennen, déi ergänze sech op eng beandrockend Aart a Weis, fir dat dann och ausserhalb vun der Groussregioun besser ze verkafen.

D'Universitéit vun der Groussregioun, déi gouf et nach net am Joer 2003. Si wäert ënnert der aktueller Presidence an den nächste Wochen och hire Programm presentéieren. Wirtschaftlech gesinn huet sech do ganz vill gedoen. D'Groussregioun huet d'Rekonversioun vu Kuel a Stol an eng modern Déngschtleeschtungsgesellschaft am Groussen a Ganze ganz gutt gemeeschtert. Och konnten d'Auswierkunge vun der Finanzkris 2008 gemeeschtert ginn.

An der Kultur deet sech vill. Et ginn iwwerall Kooperatiounen. De Plurilinguismus mécht och Fortschrëtter. Dat aktuellst Beispill ass d'Annonce vum President Patrick Weiten aus der Moselle, fir do en zweete Schengen-Lycée opzebauen. Och dat hu mer haut schonn héieren. De Schengen-Lycée gëtt et jo schonn. Et gëtt och eng Frankräich-Strategie vum Saarland. Dat heescht, do huet sech wierklech ganz, ganz vill gedoen, fir dem Noper seng Sprooch och ze léieren, fir dass mer besser matenee communiquéiere kënnen.

Am Transportberäich ass d'Zuel vun de Privatautoen zanter 2003 natierlech weider geklommen. Awer och d'Zuel vun de Benotzer vum ëffentlechen Transport ass substanziell geklommen zanter 2003! Mir kennen do alleguer d'Erausfuerderungen - ech hunn och schonn e bësselchen doriwwer geschwat -, déi sech an deem Beräich stellen. A wéi gesot, de Minister François Bausch wäert do och eng Konferenz zu deem Thema organiséieren.

Da muss ech hei awer nach eng Remarque maachen. Ech géif gären ënnerscheeden tëschent deem, wat d'Lëtzebuerger Regierung bilateral mécht, an dann deem, wat d'Presidence vun der Groussregioun eben ënnert der Lëtzebuerger Presidence elo mécht. Dat ass kee Widdersproch, dat ergänzt sech am Fong ganz gutt. Mir hu gemeinsam Kabinettssëtzunge mam Saarland, mat Rheinland-Pfalz, mat der däitschsproocheger Communautéit vun der Belsch, mä awer och an der Commission intergouvernementale franco-luxembourgeoise pour le renforcement de la coopération transfrontalière, an natierlech och d'Gäichel mat der Belsch. Do behandele mer natierlech regelméisseg och ganz vill Sujeten, déi mat Grenzgänger a mat all deenen Aspekter vun der Kooperatioun an der Groussregioun ze dinn hunn.

D'Presidence wëllt, wéi gesot, no beim Bierger sinn. Duerfir wäert de Reseau vun de Mediateuren och méi eng grouss Opmierksamkeet kréien. Den neie Mediateur vun der Chamber wäert d'Aarbechte koordinéieren. An deemselwechte Geescht wäert d'Presidence och mat der d'Task force frontaliers zesummeschaffen, déi zu Saarbrécken installéiert ass. Déi Task force schafft juristesch an administrativ Léisungen aus fir d'Frontalieren, mä awer och fir d'Betriber, déi Grenzgänger ebe beschäftegen.

Beräicher, déi hei am meeschte behandelt ginn, sinn d'Aarbechtsrecht, d'Ausbildung a sozial a Steierfroen. D'Zil ass eng Verbesserung vun der Mobilitéit vun de Salariéen an engem grenziwwerschreidenden Aarbechtsmaart. Ech sot et: Ee Fokus vun der Lëtzebuerger Presidence an der Groussregioun ass a bleift den ëffentlechen Transport. Mä awer och zum Beispill den Dossier vun de Soins partagés wäert e Sujet ginn.

Dann ass gesot ginn, den Numm vun der Groussregioun: Effektiv hate se ënner saarlännescher Presidence scho probéiert, en aneren Numm ze fannen. Dat war awer net gaangen. Et ware 6.000 Proposen, mengen ech, erakomm, a bei deene 6.000 war awer keng richteg derbäi apparemment. Ech mengen, do kann den Här Halsdorf méi nach dozou soe wéi ech selwer. Ech sinn awer och där nämlechter Iwwerzeegung: Mir brauchen en aneren Numm. Virun allem ass dat ganz kloer ginn dee Moment, wou d'Région Grand Est komm ass, déi sech am Ufank och Grande Région genannt huet. Du wousst kee méi, vu wat mer nach iwwerhaapt géife schwätzen: Schwätze mer elo vun der Grande Région Frankräich oder schwätze mer vun eiser Grande Région?

Duerfir, ech sinn absolutt d'accord. Mir wäerten ënner Lëtzebuerger Presidence dat och probéieren. Dat Schwieregst ass net, en Numm ze fannen. Dat Schwieregst ass, dass jiddweree sech eens ass iwwer een Numm. Mir schaffe schonn dorunner, scho méi laang, a mir wäerten och do weider dru schaffen, fir vläicht am beschten en Numm ze fannen, deen en Numm ass, deen dann op Däitsch an op Franséisch

och d'nämlecht ass. Well dat ass näämlech eng aner Problematik, dass, wann een dat dann zum Beispill géif iwwersetzen, dat dann ëmmer eppes ganz aneschters gëtt.

D'Schüler am Beetebuerger Park, dat hunn ech gesot. Ech mengen, et ass wichteg, dass een d'Sproochen am Alldag lieft, dass d'Kanner och mierken, firwat se Sprooche léieren, dass déi och zesummewuessen. Dir hutt d'Fro gestallt vum Programm vun der Groussregioun. Deen ass optional am Geoscours op Deuxième. Dat heescht, de Geosproff kann op Deuxième decidéieren, d'Groussregioun do a sengem Programm ze behandelen, hie muss awer net. Et ass en optionelle Punkt am Programm op der Deuxième.

D'Atomzentralen, dat hunn ech och gesot. An den Dag vun der Groussregioun, deen ass 2018 virun Ouschteren an d'Thema wäert sinn „Explore Luxembourg".

Voilà. Ech mengen, elo op alles geäntwert ze hunn. Madamm Presidentin, wann Der erlaabt, nach e Wuert zur Motioun.

Motion 1

Also Dir gesitt, mir hunn e ganz etofféierten, grousse Programm. Dee geet queesch duerch all d'Ministèren, déi dës Regierung huet. Duerfir mengen ech, dass déi Motioun superfétatoire ass. Mir maachen dat alles, wat gefrot gëtt. Mir sinn do der Chamber e bëssen zevirkomm oder der Motioun emol zevirkomm.

Wéi gesot, ech soen nach eng Kéier dat, woumat ech ugefaangen hunn: Mir sinn alleguer Bierger vun der Groussregioun. Ech mengen, Fréiseng ass och net wäit ewech vun enger Grenz. Do misst een d'Groussregioun e bëssel che spieren op déi eng oder aner Aart a Weis, mä awer och am Rescht vum Land. An duerfir verspriechen ech Iech, dass mir am Ministère vun der Groussregioun ganz aktiv wäerte schaffen, fir och an zwee Joer ganz konkret a flott Projete realiséiert ze hunn, éier dass mer dann déi Presidence un d'Saarland wäerte weiderginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci un d'Madamm Minister. Mir hätten am Prinzip elo den Tour vun all de Riedner gemaach. Ech weess net, ob den Här Halsdorf nach eppes wëllt soen zu senger Motioun. Dir hat et zwar schonn ugedeit, mä bon, si ass kloer. Mä wann Der nach wëllt e Wuert soen?

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), interpellateur.*- Zur Motioun kann ech nach eng Kéier soen, dass d'Iddi dran ass, fir e Plan d'action ze maachen. E Plan d'action, dat setzt viraus, dass een d'Zesummenhäng gesäit vun deenen Aktiounen. Ech muss soen, et gëtt munches gemaach an der Groussregioun, mä ganz oft huet een d'Gefill, dass emol hei eppes gemaach gëtt, do e bëssen, alles ad hoc. Et ass kee richtege Schema do. A mir hätten eis gewënscht, dass dat eben e Ganzt wier. Dat ass net de Fall. Oder mir gesinn dat also esou, dass dat nëmme kéint realiséiert ginn iwwer e Plan d'action. An duerfir menge mer och, mir sollten déi Motioun hei stëmmen, ofstëmmen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Gutt. Merci. Ech hu gesinn, formell ass se an der Rei. Ech géif da proposéieren, mir stëmmen doriwwer of.

(Interruption et exclamations)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- D'Madamm Minister hat scho Stellung dozou geholl. Si fënnt am Prinzip, dass se superfétatoire ass, well si seet, de Programm vun der Regierung géif dat alles ofdecken, wat an der Motioun drasteet.

Also, wëllt nach iergendeen d'Wuert huelen? Well soss, géif ech mengen, stëmme mer of. Gutt.

(Concertation interne)

Vote sur la motion 1

Ech maachen de Vott op.

(Concertation interne)

Sou, de Vott ass ofgeschloss.

Resultat: 26-mol Jo, 32-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass déi Motioun dee Moment net ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Félix Eischen) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Roger Negri), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par Mme Claudia Dall'Agnol) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir sinn elo um Enn vun eiser Sitzung. Dir wësst, et ass d'nächst Woch Sitzung dënschdes, den 21., mëttwochs, den 22. an donneschdes, den 23. Mäerz, mat engem ganz chargéierte Programm. Ech bieden Iech alleguerten, massiv präsent ze sinn, fir dass mer kënne viru gutt schaffen.

An da maachen ech fir haut d'Sitzung zou a soen Iech alleguerte Merci.

(Fin de la séance publique à 16.35 heures)

SÉANCE 28 MARDI, 21 MARS 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
   - *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
2. Communications
   - *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
3. Ordre du jour
   - *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
4. Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur la politique européenne et étrangère
   - *M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
5. Nomination d'un médiateur
   - *Vote secret sur les candidats au poste de médiateur*
6. 6854 - Projet de loi ayant pour objet

   1. le renouvellement des régimes d'aides à la recherche, au développement et à l'innovation;

   2. les missions de l'Agence nationale pour la promotion de l'innovation et de la recherche;

   et modifiant la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation
   - *Rapport de la Commission de l'Économie: M. Franz Fayot*
   - *Discussion générale: M. Léon Gloden, Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia, M. Roy Reding*
   - *Prise de position du Gouvernement: Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*
   - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
7. 7039 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°98/2013 du Parlement européen et du Conseil du 15 janvier 2013 sur la commercialisation et l'utilisation de précurseurs d'explosifs
   - *Rapport de la Commission de l'Économie: Mme Tess Burton*
   - *Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Max Hahn, M. Gérard Anzia, M. Roy Reding*
   - *Prise de position du Gouvernement: Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*
   - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, M. Romain Schneider et Mme Lydia Mutsch, Ministres; Mme Francine Closener, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtteg! Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen d'Regierung, ob se niewent där grousser Kommunikatioun och nach eng kleng Kommunikatioun ze maachen huet.

(Négation)

Dat ass net de Fall.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Elo net direkt, Här President.

2. Communications

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da wollt ech Iech just informéieren, dass, wéi gewinnt, d'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten hei deponéiert ass, an d'Lëscht vun de Projeten, déi zënter der leschter Sëtzung vum Rôle gestrach gi sinn, un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite gaange sinn. D'Lëscht vun de Petitiounen, déi säit der leschter Sëtzung deponéiert goufen, ass un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 21 mars 2017

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi et le projet de révision de la Constitution suivants ont été retirés du rôle des affaires de la Chambre des Députés:

***6087** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 juin 1972 sur les emblèmes nationaux*

Dépôt: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, le 23.11.2009

Retrait: M. Fernand Etgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, le 17.03.2017

***5339** - Projet de révision des articles 76 à 83 et 116 de la Constitution*

Dépôt: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, le 04.05.2004

Retrait: M. Fernand Etgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, le 17.03.2017

3) Les demandes de pétition publique et la pétition ordinaire suivantes ont été déposées:

***768** - Demande de pétition publique: Légalisation du cannabis pour les maladies chroniques*

Dépôt: M. Kevin Raach, le 19.01.2017

***769** - Demande de pétition publique: Les membres de familles ne doivent pas restituer le RMG des parents ou d'un conjoint*

Dépôt: M. Fabio Santos, le 21.01.2017

***770** - Demande de pétition publique: Fin aux abus des contrats de travail intérimaire*

Dépôt: M. Fabio Santos, le 21.01.2017

***771** - Demande de pétition publique: Pour une reconnaissance du crime d'écocide (destruction d'un écosystème sur un territoire donné, capable de menacer la survie et le bien-être des générations présentes et futures) et tenter d'assurer aux êtres vivants un environnement sain.*

Dépôt: M. Marc Lacombe, le 22.01.2017

***772** - Demande de pétition publique: Fir gratis Kondomer an de Schoulen*

Dépôt: M. Bob Schroeder, le 18.01.2017

***773** - Demande de pétition publique: La langue luxembourgeoise obligatoire dans le secteur des services publics (Docteurs, Hôpitaux, Pharmacies, bureaux administratifs)*

Dépôt: M. Norman Schneider, le 26.01.2017

***774** - Demande de pétition publique: Drastische Erhöhung der Bußgelder für einen Rotlichtverstoß - Radarüberwachung von großen / gefährlichen Kreuzungen mit gleichzeitiger Abschaffung des Gelblichtverstoßes*

Dépôt: M. Frederic Becker, le 29.01.2017

***775** - Demande de pétition publique: Manifest für sichere und gesunde Drogenpolitik in Luxemburg und Europa*

Dépôt: M. Xavier Thill, le 31.01.2017

***776** - Demande de pétition publique: Plus de budget pour les jeunes athlètes du Grand-Duché*

Dépôt: M. Claudio Nunes Dos Santos, le 01.02.2017

***777** - Demande de pétition publique: Modification de l'âge limite des enfants pour accéder à l'éducation précoce ou au cycle 2 de l'enseignement fondamental*

Dépôt: M. Abderrahim Dyb, le 26.01.2017

***778** - Demande de pétition publique: Pour beaucoup moins de temps d'attente des enfants aux urgences à la clinique (souvent de 3 à 4 heures actuellement pour des enfants malades et leurs parents)!*

Dépôt: M. Steve Colin, le 02.02.2017

***779** - Demande de pétition publique: Pour une gare CFL correcte à Esch*

Dépôt: M. Pascal Dussausaye, le 04.02.2017

***780** - Demande de pétition publique: Interdiction d'entrée au pays pour Donald Trump*

Dépôt: M. Eric Nepgen, le 05.02.2017

***781** - Demande de pétition publique: Contre la réduction des prestations de la caisse dépendance*

Dépôt: Mme Viviane Elise Jeannette Salvestrin, le 13.02.2017

***782** - Demande de pétition publique: Erweiderung vun de gesetzleche Lëtzebuerger Feierdeeg Augmentation du nombre de jours fériés légaux luxembourgeois*

Dépôt: M. Edoardo Tiberi, le 14.02.2017

***783** - Pétition ordinaire: Pour une application de régimes fiscaux visant à encourager l'achat d'un véhicule écologique à tout propriétaire d'un tel véhicule, sans exclusion en fonction de la date d'achat ou de la durée/échéance du contrat de location longue durée.*

Dépôt: M. Benoît Ernst, le 09.02.2017

***784** - Demande de pétition publique: Toutes les personnes divorcées ou séparées ont les mêmes droits aux mêmes montants qu'un couple résidant au Luxembourg.*

Dépôt: M. Gérald Delvallé, le 15.02.2017

***785** - Demande de pétition publique: Non à l'initiation au français à la crèche et au cycle 1 et Non à l'apprentissage du français oral au premier trimestre du cycle 2.1*

Dépôt: M. Jacques Dahm, le 15.02.2017

***786** - Demande de pétition publique: Droit à la pension et à un travail adéquat afin de ne pas être radié du jour au lendemain sans aucune raison*

Dépôt: Mme Maria Izabel Rodrigues, le 16.02.2017

***787** - Demande de pétition publique: Pour un référendum populaire au sujet de l'autorisation de ratification du CETA*

Dépôt: M. Vincenzo Cirilli, le 16.02.2017

***788** - Demande de pétition publique: Renouvellement du permis de conduire à partir de 65 ans*

Dépôt: M. Adrien Lebrun, le 16.02.2017

***789** - Demande de pétition publique: Pétition pour une ou plusieurs Kannerklinik comme il en existe une actuellement à Luxembourg-ville, réparties dans le pays*

Dépôt: M. Andrea Spigarelli, le 17.02.2017

3. Ordre du jour

Dann huet d'Presidentekonferenz fir dës Woch deen Ordre du jour virgeschloen, deen un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite gaangen ass.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An ech géif dann direkt d'Wuert weiderginn un den Här Ausseminister, de Jean Asselborn, deen haut de Mëtte seng Deklaratioun iwwert d'Europa- an d'Aussepolitik mécht. A bei där Geleeënheet wëll ech dann d'Vertrieder vum Corps diplomatique do uewen häerzlech begréissen. Bienvenue!

An den Här Asselborn huet d'Wuert.

4. Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur la politique européenne et étrangère

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Merci villmools, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, léif Kolleegen alleguerten, zënter menger leschter Ried vu virun engem Joer, wou ech de Constat gemaach hat, dass eis Welt nach méi gespléckt, desorientéiert, gefëierlech ginn ass wéi déi Jore virdrun, kann ech haut leider keng Verbesserung feststellen. Ganz am Géigendeel: Mir liewen a villen Hisiichten an enger méi chaotescher Welt. Latent Konflikter, Biergerkricher, Kricher gi weider an neier entstinn, den Terrorismus oder och d'Menace do dervunner ass omnipräsent, an den Autoritarismus, och an eiser Noperschaft, dee verbreet sech.

Och wann d'Flüchtlingskris an Europa manner akut schéngt ze sinn, stierwe Leit weider am Mëttelmier, an d'Wuerzele vun där Kris hu mer nach ëmmer net richteg ugepaakt. Fortschrëtter sinn ze erkennen, mä et geet nach laang net duer.

D'Europäesch Unioun stécht weider an enger Existenzkris, an de Brexit mécht d'Saach net méi einfach. Dat ass dat Mannst, wat ee ka soen. Nationalismus, Populismus kommen op ganz ville Plazen en Europa op. Eis Politik schéngt net méi déi richteg Äntwerten op d'Froe vun enger Populatioun ze hunn, déi veronséchert ass virun den diverse Krisen an och dem Mondialisatiounsphenomeen.

Et ass effektiv net liicht, fir d'Äntwerten ze fannen als Nationalstat iwwer eng Realitéit, déi national Grenze wäit depasséiert. Duerfir kënne mer an Europa nëmmen zesummen als Unioun déi grouss Erausfuerderungen ugoen, fir en Afloss drop ze kréien a gemeinsam Léisunge mat ze fannen.

Mä leider ass dat Zesummeschaffen an der Europäescher Unioun, mä och an der Welt ëmmer méi schwéier ginn. Et gëtt ee regelméisseg kritiséiert, wann een demokratesch Mëssstänn a verschiddene Länner vun der Europäescher Unioun ervirhieft.

Ech stinn allerdéngs fest do derzou, well et ass d'Aufgab vun eis Demokraten, d'Grondprinzipie vun der Demokratie an och vun der Rechtsstaatlechkeet ze schützen. An dëser Welt ginn et ëmmer méi Politiker, déi der Meenung sinn, dass se, well se gewielt sinn, also legitimm mengen ze sinn, sech duerfir net bräichten un d'Gewaltentrennung ze halen. Si probéieren, d'Pouvoiren ze schwächen, déi hinnen am Wee stinn, oder essenziell Rechter wéi d'Meenungsfräiheet a Fro ze stellen. Do muss reagéiert ginn.

Wa mer dat net maachen, da gi mer Komplize vu Feinde vun enger pluralistescher a vun enger oppener Gesellschaft. Oder mir verstoppen eis ënnert dem Mantel vun der Gläichgültegkeet. Et ass schwéier ze gleewen, dass haut, 60 Joer no der Signature vum Traité vu Roum a méi wéi 70 Joer no der Ënnerzeechnung vun der Charta vun der UNO, erëm Téin falen, déi eis un déi tragesch europäesch Geschicht vu schrecklechem Leed erënnere mussen. Dat dierfe mer net zouloossen.

Mir mussen eis all mat allen demokratesche Mëttelen, déi eis zur Verfügung stinn, dergéint wieren. Mir mussen eis Fräiheeten an eis Wäerter verteidegen. Mir mussen eis asetze fir de Friddensprojet Europa, fir d'Kooperatioun an d'Integratioun. Dat ass eis Verantwortung vis-à-vis vun de kommende Generatiounen.

D'Erausfuerderungen, Här President, déi sech der Europäescher Unioun stellen, si weiderhi ganz grouss um soziale Plang, um wirtschaftleche Plang an och um sécherheetspolitesche Plang. D'Victoire vum Donald Trump bei de Presidentschaftswahlen an de Vereenegte Staten huet dem Rietspopulismus an Europa neien Opdriff ginn. A si wäert och déi transatlantesch Relatioune virun eng Rei vun neien Erausfuerderunge stellen.

Wat d'Immigratioun ugeet, hate mer wuel 2016 manner Flüchtlingen an och Migrante wéi dat Joer virdrun, d'Balkan-Route ass méi oder manner - ech soen „méi oder manner" - zou, mä op der gefëierlecher Mëttelmier-Route sinn ëmmer nach Zegdausende vu Leit ënnerwee op der Flucht viru Krich a Misär an op der Sich no enger besserer Zukunft.

Eng weider Ursaach fir déi schwiereg Situatioun, mer wëssen et alleguerten an der Europäescher Unioun, ass natierlech de Brexit, op deen ech wäert agoen.

Den Opdriff vum Populismus, vum Nationalismus a ville Länner an Europa mécht eis extrem Suergen, och wann no de Wahlresultater an Holland nees e bësse méi Erliichterung opkomm ass. D'populistesch Parteie bidden de Leit scheinbar einfach Léisunge fir ganz héichkomplex Problemer. Mä déi Virschléi, déi se virbréngen, sinn aus der Loft gegraff. Se beroue weder op Fakten nach op Realitéite vun der haiteger Welt. Et gëtt mat Feindbilder geschafft, mat Fake News, mat alternative Fakten, wéi wann de Krees net méi ronn, mä véiereckeg wier.

De Populismus riicht sech géint dee sougenannten Establishment, géint Minoritéiten, géint Flüchtlingen, géint Migranten, géint aner Kulturen, géint aner Reliounen. E berout op der Ofgrenzung an op der Ausgrenzung vis-à-vis vun deenen anere. Rietspopuliste probéieren, d'Viruerteeler, d'Onzefriddenheet, d'Angscht, d'Jalousie vun de Leit auszenotzen, fir doraus politescht Kapital ze schloen. Schold sinn ëmmer déi aner.

Mir mussen alles maachen, fir ze verhënneren, dass d'Populiste sech an eisen demokratesche System verankeren. Si notzen déi demokratesch Weeër, fir un d'Muecht ze kommen. A wann dat hinne geléngt, dann hiewele se de Rechtsstat aus a stellen d'Grondwäerter a Fro.

Mir dierfen déi Gefor beileiwen net ënnerschätzen, Här President. D'Geschicht huet eis geléiert, dass Diktaturen ëmmer dann entstinn, wann de Rechtsstat an d'Grondwäerter ausgehielecht ginn. Hu mer net aus der Geschicht verhalen, dass Populismus an Nationalismus riicht an d'Verdiewe féieren? Mir mussen eis wieren. An dat bedeit och, dass mer erkenne mussen, dass déi Errungenschaften, déi mer an der Europäescher Unioun genéissen, net selbstverständlech sinn. Näischt ass haut nach selbstverständlech! Mir mussen eis asetze fir eis Unioun, fir d'Grondwäerter an de Rechtsstat; net heiansdo, mä all Dag!

An Europa si vill Leit duerch d'Folge vun der Wirtschafts- a Finanzkris direkt betraff. Déi wirtschaftlech Situatioun an der Europäescher Unioun huet sech an de leschte Jore wuel verbessert, mä mir sinn nach ëmmer net iwwert de Bierg. D'Lag a Griichenland, virun allem, mä och an enger Rei vun anere Länner, ass weiderhi ganz bedenklech.

Ech hu vill Verständnis fir d'Suerge vun de Leit an deene Länner. A mir kënnen et net zouloossen, dass déi strukturell Reformen, déi leider ganz oft onsozial an onmënschlech Konsequenzen hunn, just um Bockel vun deene Leit ausgedroe ginn, deenen et souwisou scho ganz schlecht geet. Dat ass ee vun de ville Grënn, firwat mer eng staark sozial Dimensioun an der Europäescher Unioun brauchen.

Dee Standpunkt hu mer och wärend eiser Presidence am zweete Semester 2015 vertrueden. An dee Standpunkt vertriede mer méi wéi jee och haut. Eng staark Europäesch Unioun brauch eng staark sozial Dimensioun. Wa mir an Europa fir eis Bierger wëllen do sinn, wa mir wëllen, dass d'Leit weider un Europa gleewen, da musse mer an der Europäescher Unioun méi sozial an och méi demokratesch denken an handelen. Dat heescht, dass mir déi sozial Programmer vun der Europäescher Unioun weider ausbaue mussen, besonnesch fir déi Länner, wou d'Strukturreformen déi Äermsten an déi Aarm am meeschten treffen. Dat heescht, dass mer an der Europäescher Unioun méi Verantwortung mussen zesummen droen! An dat heescht och, dass mer méi Solidaritéit an der Unioun brauchen, an dat net nëmme bei Migratiounsfroen.

Loosst mech ee Moment op d'Migratiounsproblematik agoen! Dir wësst, 2015 huet d'UNHCR, also d'UNO-Flüchtlingswierk, weltwäit 65,3 Millioune Flüchtlingen an intern Deplacéierter gezielt. Dës Ziffer war markant. Et ass déi éischte Kéier zënter dem Zweete Weltkrich, dass esou vill Leit op der Flucht waren. Migratioun ass e komplext Thema. Et ëmgräift vill verschidde Situatiounen: déi vun de Flüchtlinge viru Krich a Verfolgung, déi vun den ekonomesche Migranten, déi vun den illegale wéi vun de legale Migranten.

D'Populiste probéieren ëmmer nees, Amalgammen ze maachen, schwiereg Situatiounen ze vereinfachen a vergiessen ze loossen, wat Rechter an och wat Flichte sinn. Dat kann net eis Approche sinn. Hei geet et fir d'Éischt emol, mir wëssen dat, ëm Mënscheliewen. Hannert den Zuele geet et ëm Kanner, ëm Männer, ëm Fraen, ëm Familljen.

Déi héich Migratiounsfluxen, déi mer 2015 gesinn hunn, haten als Konsequenz, dass Dublin net méi richteg fonctionnéiere konnt, a Schengen wor a Gefor. Dorauser huet ee musse Lektiounen zéien a kucken, de System fir d'Zukunft ze verbesseren. Et ass net einfach, dat wësst Der alleguerte gradesou gutt wéi ech. Europa brauch eng gemeinsam Approche! D'Sich no europäesche Léisungen ass deen eenzege Wee, fir d'Problematik unzegoen.

D'geografesch Lag vun der Unioun ass esou, dass si no un de Konflikter läit. Et kann een dowéinst och kee Verglach maache mat Politicken, wéi se zum Beispill a Japan oder och an Australien gemaach ginn. D'Europäesch Unioun muss fir d'Flüchtlingen, déi virun deene schlëmmsten Zoustänn op eiser Welt forlafen, sécherstellen, dass se den héchsten Niveau u Schutz vun hire Mënscherechter garantéiert kréien, esou wéi d'internationaalt Recht dat och virgesäit. Mir mussen do all, ouni Ausnam, eiser Verantwortung nokommen!

Mä Leit, déi net ënnert d'Konventioun vun 1951 falen a sech illegal an Europa ophalen, mussen och, wéi d'Gesetz et virgesäit, kënnen zréck an hir Heemecht geschéckt ginn. Dat heescht net, dass mir net weider no Weeër musse sichen, fir legal Migratioun auszebreeden. Europa brauch och weider Immigranten. A mir hei zu Lëtzebuerg, Här President, si wuel am beschte placéiert, fir ze wëssen, wat fir eng wichteg Kontributioun Migranten an eiser Gesellschaft bäidroen.

International gesinn, huet Europa, wat d'Migratioun ugeet, 2016 munches ënnerholl.

D'Deklaratioun EU-Tierkei, mat alle Schwaachpunkten, déi mer jo och hei an der Chamber dacks debattéiert hunn, erlaabt, de Businessmodell awer vun de Schmuggler ze stoppen. Just nach 47 Flüchtlingen den Dag koumen an der Moyenne op de griicheschen Inselen 2016 un. De Mount virun der Deklaratioun waren et der nach 1.700 den Dag; a mir wëssen ënner welche Geforen. Gläichzäiteg sinn 2016 70 Leit an der Ägäis ëm d'Liewe komm. 2015 waren et der nach 1.100.

Et gëtt sech an der Europäescher Unioun och d'Fro gestallt, ob an Zukunft d'Dossiere vun den Demandeurs d'asile ausserhalb vun der Europäescher Unioun kéinte behandelt ginn, fir an enger zweeter Etapp op d'Reinstallatioun zréckzegräifen.

Dëst funktionéiert nëmmen a strikter Zesummenaarbecht mam UNHCR, dem UNO-Flüchtlingswierk. Aus Campen, wéi se de Moment zum Beispill a Libyen bestinn, ass dëst carrément ausgeschloss. Do si mënschenonwierdeg Zoustänn. An deem Kontext wëll ech och kloerstellen, dass et keng sécher Plaz ausserhalb vun der Europäescher Unioun gëtt, wou Refugiéen, déi am westleche Mëttelmier, also an Europa, gerett ginn, kënnen zréckgeschéckt ginn!

Wat d'Migranten ugeet, huet d'Europäesch d'Kommissioun an den europäeschen Aussendéngscht am Juli éischt Kommunikatioune publizéiert, fir nei Partenariater mat Drëttstaten opzebauen. D'Kommunikatioun proposéiert eng integréiert Approche, déi verschidde Politicken an Instrumenter mat abezitt, fir d'Migratiounsstréim an de Griff ze kréien. Fir fënnef afrikanesch Länner goufe sougenannten „Compacts" ënnerbreet: Niger, Nigeria, Senegal, Mali an och Äthiopien.

Dës Compacts sinn och e Suivi vum La Valette-Sommet, deen am November 2015 ënner eiser Presidence stattfonnt huet. Lëtzebuerg huet sech ëmmer engagéiert, dass de Geescht vu La Valette esou vill wéi méiglech an de Compacts erëmzefanne wier. Wéi Der wësst „more for more" wor eist Leitmotiv wärend eiser Présidence, a mir hunn eis energesch géint de Prinzip „less for less", och mat der Géigewier vum Romain Schneider, dem Kooperatiounsminister, gewiert. Dëst am Bezuch op d'Kooperatiounshëllef selbstverständlech.

D'Migratiounssituatioun ass natierlech ee Volet, wa mer vun Entwécklungshëllef an humanitärer Hëllef schwätzen, mä mir maache keng Entwécklungspolitik mat deem eenzegen Objektiv, d'Migratioun ze verhënneren.

D'Unzuel un Asyldemanden an der Europäescher Unioun bleift mat 1,24 Milliounen Demanden héich am Joer 2016. Dat sinn der ëmmerhin awer e bësse manner wéi 2015, wou et 1,35 Millioune waren. Gläichzäiteg sinn déi illegal Grenziwwergäng konsequent zréckgaangen. Et si ronn eng hallef Millioun Leit illegal iwwert d'Baussegrenze vun der Europäescher Unioun an Europa erakomm. Dat entsprécht nëmme méi engem Drëttel vun dem dramatesche Bild vun 2015.

Duerch d'EU-Tierkei-Deklaratioun wéi duerch méi streng Grenzkontrollen op der ganzer Balkanroute, sinn 2016 och manner Leit illegal duerch Griichenland an d'Europäesch Unioun erakomm. Parallell dozou sinn an Italien 2016 18% méi Leit ukomm wéi dat viregt Joer, wat sech duerch d'Instabilitéit selbstverständlech a Libyen, mä och duerch aner Facteure wéi Konflikter, d'Aarmut, d'Hoffnungslosegkeet um afrikanesche Kontinent erkläere léisst.

Et schéngt mer evident, dass ee Griichenland an Italien net kann eleng loossen. Et ass net richteg, dass déi zwee Länner wéinst hirer geografescher Lag d'Charge eleng ze droen hunn. Verbessert Wiederkonditioune kënnen och erëm verstäerkte Migratiounsfluxe mat sech bréngen. Den 19. Mäerz, dat sinn eréischt e puer Deeg hier, eleng si méi wéi 3.000 Leit vun der libescher Küst gerett ginn. Fir 38 Leit ass all Hëllef ze spéit komm. Deeselwechte Weekend sinn och méi wéi 330 Leit erëm op de griicheschen Inselen ukomm.

Lëtzebuerg huet duerfir och 2016 konsequent déi Moossnamen, déi 2015 ënner eiser Presidence op EU-Niveau geholl gi sinn, ëmgesat. Véiermol sinn och eis Experten vum Asyl 2016 an een anert Land detachéiert ginn. Lëtzebuerg huet och Iwwersetzer um Terrain zur Verfügung gestallt an Italien an a Griichenland.

D'Relokalisatioun ass och weidergaangen. Lëtzebuerg huet 2016 167 relokaliséiert Mënschen ugeholl. Lëtzebuerg mécht also seng

Aufgaben. Leider ginn déi relevant EU-Decisiounen net vun allen 28 matgedroen. Verschidde Länner si souguer, wéi Der wësst, virun den Europäesche Geriichtshaff gaangen.

Duerch dëst Virgoe setzt een och déi immens Fortschrëtter am Asyl vun den Italiener a vun de Griichen op d'Spill. Déi zwee Länner iwwerhuelen e groussen Deel vun der Aarbecht an der Europäescher Unioun, wat den Asyl ugeet. An hir Verantwortung ass terribel grouss. D'Hotspots sti fir Sécherheet an deenen zwee Länner, fir ze enregistréieren an och elo d'Asylante konform zum europäesche Recht opzehuelen.

Dëst Fortschrëtter hunn et erlaabt, d'Politik vum illegalen Duerchwénken op een Enn ze bréngen. Mä mir wëssen och, a wéi enge Konditiounen d'Flüchtlingen zum Beispill op de griicheschen Inselen elo an de Campe sëtzen: primitiv, äusserst primitiv Infrastrukturen, Promiskuitéit a souguer Gewalt, Drogen a Prostitutioun. De griichesche Stat huet wéineg Moyenen. Duerfir ass et wichteg, dass hie mat Solidaritéit ënnert d'Äerm gegraff kritt, eng Solidaritéit, déi och fir all eenzelne Flüchtling wichteg ass, deen doduerch nei Perspektiven an engem neie Land gebuede ka kréien. Dat ass d'Gesiicht vun engem Europa, dat Gréisst weist.

Fir d'Situatioun besser an de Grëff ze kréien, huet d'Kommissioun 2016 eng Rei Ännerunge fir de gemeinsamen europäeschen Asylsystem proposéiert. Et geet ënner anerem drëm, eng richteg Agence fir den Asyl op d'Been ze setzen. D'Reform vum sougenannten Dublin-Reglement steet och um Programm. Dës Reform ass och fir eis wichteg, well Lëtzebuerg eng grouss Zuel - Der wësst dat, mir hunn dat d'lescht Woch explizéiert - un Dublin-Fäll huet. Leider sinn dës Proposen, déi och e Verdeelungsmechanismus virgesinn, momentan op Äis, soulaang wéi d'Diskussioun iwwert d'Solidaritéit an Europa ebe weidergeet.

Fakt ass, dass d'Sich no engem Kompromëss an der EU-Migratiounspolitik ëmmer méi schwiereg gëtt! Am Kontext vun der legaler Awanderung a Visaliberaliséierung eng wichteg Fro. Hei kënnt et leider och zu gewëssenen Abusen. A mir gesinn dee Phenomeen momentan zum Beispill mat de Balkanstaten. Duerfir huet den EU-Conseil sech mam Parlament dëse Februar op en neie Suspensiounsmechanismus gëeenegt, wann Abusen opkommen.

De 7. Mäerz huet den Europäesche Geriichtshaff och säin Uerteel gesprach iwwer humanitär Visaen an do de Memberstaten eng gewësse Marge de manœuvre gelooss, wat den Accord vun dem Visa ugeet.

Am Allgemengen ass den Akzent d'lescht Joer nach méi verstäerkt op d'Sécherheetsaspekter vun der Migratioun geluecht ginn, a besonnesch op zwee Beräicher: d'Sécherung vun de Baussegrenzen an och d'Réckféierungen. D'Agence Frontex ass ënner anerem an hirem Mandat gestäerkt ginn do derbäi. En neit Dokument fir d'Réckféierungen, den EU-Laisserpasser, ass och adoptéiert ginn.

Am Oktober gouf eng gemeinsam Approche mat Afghanistan ënnerholl, déi derzou bäidréit, Réckféierungen ze organiséieren, wann d'Situatioun et erlaabt, an d'Land géint de Mënschenschmuggel staark ze maachen. Donieft gëtt un der Integratioun vun den Zréckgefouerte geschafft. Als Immigratiounsminister allerdéngs sinn ech mer ganz bewosst, dass déi Réckféierungen an Afghanistan mat ganz vill Virsiicht ze verbanne sinn.

Nëmme wann eng Entlaaschtung vum Zoufloss entsteet, wäerte mer och ee Kompromëss fanne kënne fir déi Moossnamen, déi 2016 um EU-Niveau proposéiert gi sinn. Mir hunn all gemierkt, dass dat individuellt Handele vun eenzelne Länner de kollektiven Acquis op d'Spill setzt.

Ech kann et dofir net oft genuch soen: Solidaritéit muss d'Schlësselwuert an der Europäescher Unioun sinn, an dat net nëmmen an de juristeschen Texter, an den Traitéen, um Pabeier, mä ganz konkret an der Politik an an der Ëmsetzung vun de Moossnamen, déi zesumme geholl goufen!

Et gëtt kee Wonnermëttel, wat d'Migratioun ugeet. Wat d'EU brauch, ass politesche Wëllen an eng ëmfaassend Approche, déi all déi Aspekter consideréiert an op Wäerter wéi Oppenheet, Toleranz, Respekt baséiert, an dat an alle Memberstaten.

Här President, d'Regierung bedauert d'Resultat vum Referendum vum 23. Juni 2016 am Vereenegte Kinnekräich. De Brexit ass am Fong schlecht fir eis alleguer: fir d'Vereenegt Kinnekräich, fir d'Europäesch Unioun an och fir Lëtzebuerg. Mam Brexit gëtt et eigentlech kee Gewënner. D'nächst Woch wëllt d'Vereenegt Kinnekräich den Europäesche Rot iwwer säi Wëllen informéieren, d'Europäesch Unioun ze verloossen.

Fir dës Entscheedung soll d'Vereenegt Kinnekräich net bestrooft ginn. Dat wëllt kee verstännege Mënsch. Mir wëllen an der Unioun, an dat géllt och fir eis zu Lëtzebuerg, weiderhi gutt Relatioune mat de Britten. An duerfir setze mer eis och a fir fair an transparent Verhandlungen. Mä mir mussen awer och oppassen, dass déi 27 Länner, déi an der Europäescher Unioun zesumme wëlle bleiwen, net de Präis bezuele fir eng Entscheedung, déi de brittesche Bierger getraff huet - selbstverständlech net d'Europäesch Unioun -, an och dass déi Länner a kenger Weis benodeelegt ginn. Et wier net acceptabel, dass mer um Enn vun de Verhandlunge méi schlecht do stéinge wéi d'Vereenegt Kinnekräich.

D'Prozedur vum britteschen Austrëtt ass, wéi Der wësst, am Artikel 50 vum EU-Vertrag kloer festgeluecht. Soubal Groussbritannien dem Europäesche Rot matgedeelt huet, dass et wëllt aus der Europäescher Unioun austrieden, wat jo elo soll den 29. Mäerz geschéien, wäert den Europäesche Rot d'Leitlinne fir en Ofkommes iwwert d'Detailer vum Austrëtt festleeën. D'Verhandlunge wäerten am Prinzip zwee Joer daueren. A wann no zwee Joer keen Accord fonnt ginn ass a wann dësen Delai vun zwee Joer net verlängert gëtt, dann ass d'Vereenegt Kinnekräich net méi an der Euroäescher Unioun.

D'Erklärung vum Europäesche Rot zu 27, also ouni d'Vereenegt Kinnekräich, vum 15. Dezember 2016 ass am Fong e gutt Instrument, wat weider Eenzelheeten iwwert dat internt Verfahren an d'Aarbechtsmethoden enthält. Dir wësst, dass de President vun der Kommissioun, de Michel Barnier, fréieren Ausseminister an och fréiere Kommissär, als Chef vun de Verhandlungen designéiert gouf. De Michel Barnier kritt ee Mandat vum Rot a rapportéiert och regelméisseg un de Rot. Fir eis ass et wichteg, dass mer an deene Verhandlungen enk mat der Equipp vum Michel Barnier zesummeschaffen. Den Ausseministère wëllt d'Koordinatioun vun de Verhandlungen an enker Zesummenaarbecht mat der Cellule diplomatique vum Statsministère a mat eiser stänneger Vertriederung selbstverständlech och zu Bréissel.

Mir benotzen duerfir déi bestoend Strukturen an och d'Koordinatiounsmechanismen, de Comité interministériel de coordination de la politique européenne. Bei de Verhandlungen zu Bréissel musse mer oppassen, dass eng Rei vu Prinzipien a Spillregele respektéiert ginn. Ech denken, dass mer kloer musse wëssen, wéi den Austrëtt vun dem Vereenegte Kinnekräich ausgesäit, ier mer mat de Britten en neie Vertrag aushandelen. Bis dass d'Vereenegt Kinnekräich d'Europäesch Unioun offiziell verléisst, gëllt op jidde Fall weider d'EU-Recht, an dat mat alle Rechter a mat alle Flichte vun engem Memberstat.

Ee vun deenen éischte Punkten, déi an de Verhandlungen ugeschwat musse ginn, ass natierlech d'Geld, den EU-Budget. Et ass elo scho kloer, dass déi Verhandlungen extrem schwiereg a komplizéiert wäerte ginn. Mä en Accord iwwert déi finanziell Ofwécklung vum Brexit ass e Schlësselelement vum britteschen Austrëtt. Dat Vereenegt Kinnekräich muss all seng Verflichtungen am pluriannuelle Finanzkader 2014-2020, wat Groussbritannien jo matgedroen huet, wéi et decidéiert ginn ass, erfëllen. Mir musse verhënneren, dass de britteschen Austrëtt een ze vill grousst Lach an den europäesche Budget rappt.

En zweete wichtege Punkt, dee bei de Verhandlungen erausstécht, sinn d'Rechter vun den europäesche Bierger, déi am Vereenegte Kinnekräich wunnen, an déi vun de Britten, déi bei eis an der Europäescher Unioun wunnen. Et liewen 1,2 Milliounen Britten an der Europäescher Unioun, an 2,5 Milliounen EU-Bierger liewen a Groussbritannien. Zu Lëtzebuerg wunnen iwwer 6.000 Britten, an a Groussbritannien wunnen eng 700 Lëtzebuerger. An och ëm 1.000 Studente sinn a Groussbritannien op den Unien ageschriwwen. Hei geet et ëm d'Zukunft, wéi mer wëssen, vu ville Mënschen. An ech hoffen, dass d'Bierger net als Verhandlungskapital mëssbraucht ginn. Ech sinn awer zouversiichtlech, dass mer eis do eens ginn an dass all déi Bierger kënne bleiwen, wou se elo sinn. Dat ass eise gemeinsamen Interêt.

Ee weidere wichtege Punkt ass natierlech de Bannemaart, a méi spezifesch och d'Finanzdéngschtleeschtungen. Mir mussen oppassen, dass de sougenannten „level playing field" fir Lëtzebuerg bestoe bleift, fir dass eis Finanzplaz wettbewerbsfäeg ka bleiwen. Duerfir ass et noutwendeg, dass London deen nämlechte Cadre réglementaire et prudentiel huet wéi Lëtzebuerg an och nom Brexit en equivalente Kader behält. Duerfir ass de System vun den Equivalenze fir den Accès vun deene verschiddenen Déngschtleeschtungen am Finanzberäich op den europäesche Marché esou wichteg. A mir musse kucken, dass dee System nom Brexit deenen neie Realitéiten och ugepasst gëtt.

Bei all deem sief gesot, dass Lëtzebuerg ee wichtegen Akteur am Verhandlungsprozess mat Groussbritannien wäert sinn. Mir hu grouss Interessen ze verteidegen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a mir wäerten dat och maachen op eng oppen an op eng fair Aart a Weis. Mä mir wäerten eis Positioun mat Hänn a mat Féiss ze verdeedege wëssen. Mir acceptéiere keng faul Kompromësser, déi fir eis a besonnesch och fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg zum Nodeel wieren. „No deal is better than a bad deal" sot d'Theresa May an hirer Ried de 17. Januar. „No deal is better than a bad deal", dat géllt och fir Lëtzebuerg.

Här President, 2017 ass e wichtegt Joer fir d'Europäesch Unioun. Et ass e Joer, dat mat vill Spannung gelueden ass, net zulescht wéinst de Wahlen a verschiddene Memberstaten; grousser, vläicht awer och méi klenger. Dëst Joer feiere mer och de 60. Anniversaire vun de Verträg vu Roum. Deemools viru 60 Joer gouf zu Roum den eigentleche Grondstee vun der Europäescher Unioun geluecht. Fir dësem Ulass ze gedenken, komme jo déi 27 Stats- a Regierungscheffen e Samschdeg zu Roum zesummen, net just fir dat 60 Joer laangt Bestoen - ech mengen, dat ass d'diamanten Hochzäit - vun der Europäescher Unioun ze feieren, mä och fir den Zesummenhalt an d'Solidaritéit tëschent de 27 Memberstaten ze konsolidéieren.

Dausende Mënsche sinn an deene leschten Deeg a villen europäesche Stied am Kader vun der Biergerbeweegung „Pulse of Europe" op d'Strooss gaangen, fir e klore Message fir e gëeent Europa ze senden. Mir brauche méi esou couragéiert Engagementer am Sënn vun der europäescher Iddi. Iddie virun allem elo am Kader vun den Debatten iwwert d'Zukunft vun Europa.

Vergiesse sollt ee vläicht och net, zemools haut, wou d'Europäesch Unioun net an Héchstform ass, de prägende Saz vum Jean Monnet: «Si c'était à refaire, je commencerais par la culture.» Europa a speziell seng institutionell Dimensioun ass dacks och fir Leit, déi schonn 13 Joer derbäi sinn, e schwéier verständleche Plat; fir de Bierger quasi heiansdo onverdaulech. Mä d'Kultur vum Dialog - d'Literatur, d'Molerei, d'Musek zum Beispill - huet ee wesentleche méi déif gräifende Charakter am Vollek, fir gutt ze verstoen, wat zesummegehéiert an Europa a wat net däerf ausenanergerappt ginn.

Et ass elo ëmsou méi wichteg, dass déi 27 Memberstaten zesummeréckelen an dat Gemeinsaamt héichhalen. An der Deklaratioun, déi fir de Sommet vun dësem Samschdeg virgesinn ass, wëllen d'EU-Memberstaten op d'Errungenschafte vun der Europäescher Unioun hiweisen, op de Friddensprojet, deen d'Europäesch Unioun ass, op d'Wäertegemeinschaft, déi mir zesummen opgebaut hunn, an déi d'Réckgrat ass vun eiser Unioun. Dat ass richteg esou. Mir sollten net vergiessen, wat mir zesummen iwwert déi lescht 60 Joer opgebaut hunn, wat Europa bedeit, firwat et steet.

D'Europäesch Unioun ass een eenzegaartegen Integratiounsprojet, deen eis Wuelstand, Stabilitéit, Fräiheet, Fridde bruecht huet, Erasmus a Schengen, Ëmweltschutz, Konsumenteschutz, d'Wirtschafts- a Wärungsunioun zum Beispill. Dat sinn alles Acquise vun engem gëeenten Europa. An dorobber hu mer e Recht, och houfreg ze sinn.

Dat heescht selbstverständlech net, dass mer net musse kritesch an d'Zukunft kucken, an eng Zukunft ouni Vereenegt Kinnekräich. Mir musse kloer Prioritéite festleeën an dobäi dat am A behalen, wat fir de Bierger wichteg ass: Sécherheet virun allem an Europa an ëm Europa, gutt nohalteg Aarbechtsplazen, d'Ofséchere vun eisem Wuelstand an och vun der sozialer Maartwirtschaft.

An der Deklaratioun vu Roum sollen doriwwer eraus och un d'Grondwäerter vun der Unioun an un d'Grondprinzipien erënnert ginn, ouni déi en Ëmsetze vun deene praktesche Prioritéite vun der Europäescher Unioun net gelénge kann. Dozou gehéiert virun allem de Prinzip vun der Solidaritéit. Ouni dass d'EU-Memberstate sech ënnerenee solidaresch verhalen, an och géigeniwwer deene Mënschen, déi bei eis kommen, well se virum Krich an der Verfolgung flüchten, komme mir net weider.

Eng Solidargemeinschaft entsteet awer net vun haut op muer. Si entsteet opgrond vu groussen Ustrengungen an der dagdeeglecher Zesummenaarbecht. Si entsteet och a Krisesituatiounen, an Zäite vun Ëmbrëch, wéi mer se momentan gesinn. Am Kader vun de Virbereedunge fir de Sommet zu Roum huet d'Europäesch Kommissioun, wéi Der wësst, viru Kuerzem e Wäissbuch iwwert d'Zukunft vun der Europäescher Unioun presentéiert. An deem Wäissbuch schléit de Jean-Claude Juncker jo fënnef Zeenarie vir. Wann een déi eenzel ënnersicht, da muss ee feststellen, dass e puer vun hinnen am Fong fir Lëtzebuerg net a Fro kommen. Just einfach virumaachen wéi bis elo, ouni weider Reflexiounen oder Changementer, dat schéngt mer kaum dee richtege Wee ze sinn.

Ech ka mer och net virstellen, dass d'Europäesch Unioun sech just op de Bannemaart géif reduzéieren. Op där anerer Säit ass den Zeenario, dass d'Europäesch Unioun méi gemeinsam handelt wéi bis elo. Fir Lëtzebuerg och sécherlech ganz wënschenswäert an och d'Idealvirstellung. Mä en ass net realistesch, well et gëtt leider eng ganz Rei vu Memberstaten, déi dat guer net esou wëllen.

Et bleiwen dann zwou Optiounen, déi méiglech sinn an déi een, a mengen Aen, och ganz gutt matenaner verbanne kann: Een Europa mat verschiddene Vitessen an een Europa wat manner mécht, mä dass et dat, wat et mécht, besser mécht. Esou een Europa vun de verschiddene Vitessen ass an dierf keng Provokatioun géint Länner aus dem Oste vun der Unioun sinn. Am Géigendeel, et soll Ustéiss ginn, fir d'Europäesch Unioun weiderzebréngen, an all Land ka sech entweder direkt oder, en cours de route, spéider uschléissen.

Wann ee sech d'Erausfuerderungen ukuckt, virun deene mer stinn, da kënnen eis Usprréch vun enger méi enker Zesummenaarbecht guer net héich genuch sinn. Nëmme wa mer zesummeschaffen, kënne mer als Europäesch Unioun laangfristeg eis Interesse verteidegen. D'Gewiicht vun Europa an der Welt hëlt of, sief et wat d'Wirtschaft ubelaangt oder och d'Potenzial vun eiser Bevëlkerung. D'Spannungen um internationalen Niveau huelen zou an a villen Deeler vun der Welt gëtt opgerüst. Europa vun haut, esou wéi mer et kenne mat senge fortschrëttleche Sozialsystemer, sengen héije gesellschaftleche Standarden, kënnt ëmmer méi, am Fong, ënner Drock. Nëmmen duerch d'Zesummenhalen, duerch d'Zesummenaarbecht kënne mer deenen Tendenzen entgéintwierken, an zentrale Froen um internationalen Niveau mat entscheeden an dat, wat mer bis elo erreecht hunn, laangfristeg dann och ofsécheren.

D'Unioun muss sech och weider duerfir asetzen, dass d'Grondprinzipie vun der Rechtsstaatlechkeet, ech hunn et scho gesot, agehale ginn. Mä Dir wësst hoergenee, dass hei Mankoe bestinn. Ouni dass awer dës Prinzipien, esou wéi se am Traité festgeluecht sinn, an alle Memberstate respektéiert ginn, kann d'Europäesch Unioun laangfristeg net als een Zesummeschloss vu modernen nationale State funktionéieren.

D'Europäesch Unioun ass als eng Wäertegemeinschaft gegrënnt ginn. An dobäi muss et och bleiwen. De Respekt vun de Kopenhagener Kritäre vun 1993 ass net eleng beim Antrieden an d'Europäesch Unioun entscheedend. Si sinn och konstant an zu honnert Prozent ze respektéieren an der Dauer, wou ee Member ass vun der Europäescher Unioun.

D'Initiativ vun der Europäescher Kommissioun am Domän vun der Rechtsstaatlechkeet iwwert d'Situatioun a Polen huet sech bis elo net ausbezuelt. Et si keng Resultater erbruecht ginn.

Déi aktuell Hürde fir d'Prozedur vum Artikel 7 vum Lissabonner Vertrag, déi streng, ganz streng Sanktioune géint e Memberstat virgesäit, deen d'Prinzipie vum Rechtsstat net méi richteg respektéiert, si ganz héich. Anerersäits kann d'Europäesch Unioun net einfach nokucken, wéi hir Grondprinzipie mat de Féiss getrëppelt ginn. D'Unioun muss sech also déi néideg Mëttel an adequat Instrumenter ginn, fir d'Prinzipie vum Rechtsstat ze schützen.

Aus menger Siicht däerf de Conseil, de Ministerrot also, weder d'Kommissioun nach d'Europaparlament am Stach loossen. Am Conseil musse méi Stëmme sech bemierkbar maachen, fir ze verdäitlechen, dass een an engem EU-Memberstat weder d'Gewaltentrennung nach d'Pressefräiheet, nach d'Onofhängegkeet vun der Justiz kann afferen, fir der Ideologie vun enger Regierungspartei fräie Laf ze loossen.

Lëtzebuerg huet an der Vergaangenheet all Initiativen an deem Beräich voll a ganz ënnerstëtzt a mer wäerten dat och an Zukunft maachen. Mer gehéieren zu deene Memberstaten, déi sech als Frënn vum Rechtsstat ganz besonnesch aktiv fir de Respekt vun der Rechtsstaat-

lechkeet an Europa asetzen. Mer ënnerstëtzen och d'Initiativ vun de Frënn vum Rechtsstat, fir een „peer review"-Mechanismus am Rot vun der Europäescher Unioun ze schafen, deen et de Memberstaten erméiglecht, een A op d'Situatioun vum Rechtsstat an deenen eenzelne Memberstaten ze halen.

Mir brauchen en Europa, dat nach méi no bei de Bierger ass. Mer brauchen en Europa, dat méi sozial ass a wou déi sozial Dimensioun nieft der wirtschaftlech-finanzieller Dimensioun hir berechtegt Plaz huet. Wa mer dat net fäerdegbréngen, da verléieren d'Bierger hiert Vertrauen an Europa. Fir virunzekommen, muss d'Europäesch Unioun haut méi Asaz beweisen, wéi dat vläicht an der Vergaangenheet néideg war. Lëtzebuerg setzt sech duerfir um europäeschen Niveau an. Mer versichen, mat deenen, déi esou denke wéi mir, méi enk zesummenzeschaffen. Europa ass um Enn dat, wat seng Memberstaten draus maachen. Dorop soll sech also all eis Energie konzentréieren an duerfir ass et selbstverständlech och net ze spéit.

Wat déi wichteg Sujeten ugeet, déi an den nächste Méint um europäeschen Niveau op eis duerkommen - ech denken dobäi un de Brexit, un déi zukünfteg Relatioun mam UK, awer och un d'Zukunft vun der Europäescher Unioun -, huet d'Regierung wëlles, ganz enk mat der Chamber zesummenzeschaffen. Beim Brexit zum Beispill sinn ech selbstverständlech bereet, d'Aarbechte vum Ministerrot, wat de Conseil affaires générales wäert sinn, an der Chamberskommissioun virzedroen an zur Diskussioun ze stellen, grad esou intensiv wéi mer dat och zum Beispill mam Handelsvertrag mat Kanada gemaach hunn.

Datselwecht gëllt och fir déi grouss Achsen a Saachen Zukunft vun der Europäescher Unioun, déi no de Festivitéite vu Roum ustinn, zum Beispill déi sozial Dimensioun vun Europa, d'Wirtschafts-, d'Wärungsunioun an och d'Zukunft vun der europäescher Verdeedegung.

Här President, och wann de Chômage an déi sozial Prekaritéit an der Europäescher Unioun ze héich bleiwen, gëtt et trotzdeem Liichtblécker opgrond vun Entwécklungen, déi d'Europäesch Kommissioun Mëtt Februar publizéiert huet. Deemno wieren 2016, 2017 an 2018 d'Ekonomië vun all den europäesche Memberstaten déi éischte Kéier zënter zéng Joer erëm um wuessen. De Wirtschaftswuesstum an der Europäescher Unioun soll dëse Prognosen no 2016, 2017 an 2018 ëm 1,8% klammen an d'Statsverschëldung vun den EU-Memberstate soll progressiv erofgoen. Dëst wäert e positiven Impakt op d'Aarbechtsmarchéen an och op d'Chômagetauxen an der Europäescher Unioun hunn.

Mä trotz dësen éischter positive Previsiounen huet d'Europäesch Kommissioun ganz recht, wa se seet, dass et weiderhi gëllt, virsiichteg ze sinn, well mer eis a politesch ganz onstabillen Zäite befannen, dëst ënner anerem duerch d'Wahlen a sëllechen europäesche Länner dëst Joer, de Brexit natierlech, awer och déi nei US-Regierung, déi sech nach a ville wichtege Beräicher positionéiere muss.

Et gëllt also, déi europäesch Wirtschaft weiderhin ze konsolidéieren, fir se méi resistent vis-à-vis vun externe Schocken ze maachen. An dësem Kontext setzt Lëtzebuerg sech och weiderhi fir eng nei Verstäerkung, Stabiliséierung a Verdéiwung vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun an. Eng staark a gutt fonctionnéierend Wirtschafts- a Wärungsunioun dréit dozou bäi, fir d'europäesch Ekonomie besser op d'Zukunft ze preparéieren, se méi krisefest ze maachen a fir de Risiko vun enger neier Wirtschafts- a Finanzkris ze reduzéieren. Si gehéiert zu enger vun de wichtegste Baustelle vun der Europäescher Unioun an et wier e Feeler, hir Finalisatioun ze vernoléissegen. Soulaang dëst nach net fäerdeggestallt ass, bleift d'Eurozon an d'Europäesch Unioun am Allgemengen e Chantier, deen nach net fäerdeg ass. Mir sinn duerfir gespaant op d'Virschléi zur Weiderentwécklung vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun vum EU-Kommissiounspresident, déi dëse Mount solle virgestallt ginn.

Et kann een der Meenung sinn, dass d'EU-Memberstaten nach däitlech méi Efforte maache mussen, fir dës Wirtschafts- a Wärungsunioun ze verdéiwen. Lëtzebuerg plädéiert hei fir eng Approche an Etappen, déi keng Änneruna vun den Traitéë fuerdert. Et geet global dobäi net just ëm eng grondsätzlech Verdéiwung vun der Banken- a Kapitalmaartunioun. Déi laangfristeg Kreatioun vun enger gemeinsamer europäescher Garantie des dépôts an enger Verdéiwung vun der Fiskalunioun si wesentlech Piliere vun enger stabiller Wirtschafts- a Wärungsunioun. Mä dëst setzt erëm e Minimum un europäescher Solidaritéit viraus. An ech gesinn, dass mer do a ville Politikberäicher an der EU net richteg virukommen. Eng Verstäerkung vun der sozialer Dimensioun an der Europäescher Unioun géif zu dëser Dynamik doudsécher bäidroen.

Am Kontext vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun däerfe mer also e ganz wichtegen Aspekt net vergiessen, ee fundamentaalt Element vun de Wäerter, déi d'Europäesch Unioun definéieren, a vun deem Lëtzebuerg e stolzen an iwwerzeegte Vertrieder ass, näämlech d'sozial Dimensioun. Si war ëmmer schonn en zentraalt Element vun der Lëtzebuerger Europapolitik a mir konnten hir am Kader vun de Prioritéite vun eiser Presidence 2015 eng ganz besonnesch Visibilitéit verschafen a se domat ganz uewen op d'Agenda vun der Europäescher Unioun schreiwen.

D'lescht Joer ass de sozialen Dialog nees ganz staark relancéiert ginn. A mer mussen all Efforte maachen, fir d'Objektiver vun der Strategie Europa 2020 ze erreechen. Fir d'Zukunft vun der Europäescher Unioun ze assuréieren, ass et wichteg, dass bei all budgetärer oder wirtschaftlecher Entscheedung de sozialen Impakt en ausschlaggebende Facteur ass. Ech ginn ee Beispill: Wa mer d'Zuele vum Jugendchômage an Europa kucken, ass et ganz kloer, dass mir effizient Mesurë mussen ergräifen, fir d'Situatioun ze verbesseren. Virun allem am aktuelle Kontext, wou euroskeptesch Stëmmen a ville Länner ëmmer méi haart ginn, musse mer eis duerfir asetzen, dass mir mat den zukünftegen europäeschen Investissementer eng sozial an eng nohalteg Zukunft opbauen, déi der jonker Generatioun Hoffnung a virun allem och Vertrauen an den europäesche Projet gëtt.

An der europäescher Handelspolitik si jo déi lescht Joer eng Rei vun zukunftsweisenden Entscheedunge geholl ginn. An ech wëll hei der just zwou erausgräifen, an zwar zum engen d'Ënnerschréft vum CETA an zum aneren d'Reform vun den Antidumpingsinstrumenter, mat deenen d'EU sech besser géint onfair Handelspraktike wiere kann.

Iwwer CETA ass, an do mengen ech, si mer eis eens, zu Recht hei ganz vill diskutéiert ginn, och hei an dësem Haus. D'Chamber wäert natierlech och weider d'Geleeënheet kréien, sech mat deem Accord kritesch ausenanerzesetzen. Ech wëll op dëser Plaz net méi op déi sëllechen Argumenter agoen, déi mer ausgetosch hunn. Mä ech wëll awer festhalen, dass an Zäiten, wou anerer iwwer Grenzen nodenken, där aus Bëton an där méi subtiller, mä duerfir net manner geféierlecher, d'Europäesch Unioun et fäerdegbruecht huet, zesumme mat engem ganz wichtege Partner zu engem Ofschloss ze kommen, dee Moossstief setzt; Moossstief, wann et drëm geet, dem Diktat vun enger ëmmer nëmmen op dee kuerzfristege Profitt ausgeriichter Globaliséierung d'Primat vun der Politik entgéintzesetzen. Ech bleiwen an déifster Iwwerzeegung bei dëser Thees.

Eng progressiv Handelspolitik ass elementaire, fir eis europäesch Wäerter an enger Welt ze behaapten, an där d'wirtschaftspolitescht Gewiicht vun der Europäescher Unioun tendenziell ofhëlt. Eng Welt, an där den technologesche Wandel d'Gewunnechten a Fro stellt, an domadder och d'Ufuerderungen un d'Leit méi grouss ginn. Mä mer sollten och net mengen, dass de fräien a fairen Handel - béides ass a mengen Aen ontrennbar matenee verbonnen - ee Wonnermëttel ass, dat déi méi negativ Auswierkunge vun der Globaliséierung kann ausgläichen. Duerfir brauch een d'Zesummespill vu verschiddene Politikberäicher an Instrumenter um nationale Plang wéi och um europäeschen Niveau. Nëmmen da wäert et eis geléngen, d'Verännerunge vun der Gesellschaft mat de Virstellunge vun der Gemeinschaft erëm an Aklang ze bréngen.

Fräien a fairen Handel heescht och, dass mir eis als Europäesch Unioun zesumme mat anere Partner Regele ginn, fir dësen Handel ze steieren. Mä et geet net duer, dass dës Regele matbestëmmt ginn. Si mussen och ëmgesat an agehale ginn. An dorunner happert et leider an der Praxis. Dowéinst musse mer eis déi néideg Mëttele ginn, fir derfir ze suergen, dass eis Betriber net benodeelegt gi vun anere Länner, well se net deeselwechten Zougang op dëse Marché kréien, wéi deen, dee mir als EU ubidden, oder benodeelegt ginn, well aner Länner hir Produkter, déi heiansdo och aus Iwwercapacitéiten entstinn, zu Präisser ubidden, déi net kauscher sinn. An der Sprooch vum fräien Handel schwätze mer da vun Dumping.

Selbstverständlech mussen eis Mëttel honnertprozenteg vereenbar si mat de Regele vun der Welthandelsorganisatioun, der OMC. D'OMC ass, niewebäi gesot, deen eenzegen internationale Gremium, deem sech d'USA bis elo stellen. Dat erkläert, firwat mir als Europäesch Unioun zweemol préiwen, ob eis Antidumpingsinstrumenter nach konform sinn zu dëse Regelen. Dowéinst huet d'Kommissioun am leschte Joer e Virschlag fir eng Reform vun den Antidumpingsregelen op den Dësch geluecht, wou mir als Lëtzebuerger Regierung der fester Iwwerzeegung sinn, dass en an déi richteg Richtung geet. Wann dës Aarbechten ofgeschloss sinn, an dat kéint schonn am Laf vun den nächste Méint sinn, da setzt d'Europäesch Unioun e staarkt Signal, dass d'Verdeedegung vun den europäesche Betriber géint onfair Handelspraktiken - a mer schwätzen hei vun Honnertdausende vun Aarbechtsplazen, déi kéinte verluer goen - am Aklang steet mat de Regelen vun enger fairer a fräier Welthandelsuerdnung.

Wéi Der wësst, Här President, war 2016 ee mouvementéiert Joer fir d'Tierkei. De Versuch vun engem Coup d'État de 15. Juli huet d'Fundamenter vun der tierkescher Demokratie gerëselt. Mir all konnten eis net virstellen, dass am 21. Jorhonnert an engem EU-Bäitrëttsland eng demokratesch gewielte Regierung duerch ee Militärputsch kéint ofgesat ginn. Mir hunn dëst Virgoen op d'Schäerfst condamnéiert an eis Sympathie a Solidaritéit mam tierkesche Vollek ausgedréckt, dat op d'Strooss gaangen ass, fir seng Demokratie ze verteidegen.

D'EU huet kloer gemaach, dass si hannert der Tierkei stoung, wéi et drëms goung, d'constitutionnel Uerdnung nees hierzestellen. Mir waren ëmmer solidaresch mat dem tierkesche Vollek an Hisiicht op terroristesch Attentater. Näischt kann esou Attacke justifizéieren. Mä mir kënnen net averstane si mam Virgoe vun der tierkescher Regierung an hirer Reaktioun op de Coupversuch.

Am September, wéi den tierkeschen Ausseminister Çavusoglu am Conseil de l'Europe zu Stroossbuerg versprach huet, fir mam Conseil de l'Europe zesummenzeschaffen, hat ech mer grouss Hoffnunge gemaach. Mä d'Evolutioun zënterhier an der Tierkei kënne mer net méi acceptéieren. Et ass net vertriedbar, dass d'Grondrechter vun de Bierger esou bafouéiert ginn.

Méi wéi 100.000 Leit goufen hirer Fonctioun enthuewen. Dausende Leit goufen an de Prisong gesat, dorënner, wéi Der wësst, Journalisten an och gewielten Deputéierten. Medien, ONGen a Schoule goufen zougemaach. D'Mënscherechter an d'Demokratie gi mat Féiss getrëppelt. De President Erdoğan huet proposéiert, d'Doudesstrof erëm anzeféieren. Dat ass natierlech net acceptabel, dat ass eng rout Linn, déi definitiv net däerf iwwerschratt ginn.

Jo, d'Tierkei an d'Europäesch Unioun brauche sech géigesäiteg als Partner an der Migratiounspolitik. Jo, d'Tierkei ass e wichtegen NATO-Partner an ee wichtegen Akteur an der internationaler Politik. Mä d'Positiounen, déi den tierkesche President an deene leschte Méint bezunn huet, säi Virgoen a Saachen Demokratie, Rechtsstat a Mënscherechter, kënne mir net einfach esou unhuelen. Duerfir war et eng richteg Entscheedung vun der Europäescher Unioun, fir déi finanziell Ënnerstëtzung vun der Tierkei am Kader vun de Bäitrëttsverhandlungen zréckzeféieren. Der wësst, d'Verhandlungsgespréicher sinn och de facto ënnerbrach.

D'Evenementer vun de leschten Deeg wäerte wuel och Spuere loossen am Verhältnis tëschent der Europäescher Unioun an der Tierkei. Ass ee sech eigentlech an der Tierkei wierklech (veuillez lire: net) bewosst, dass mat deem Gejäiz iwwer Faschismus a Reliounskricher an der Europäescher Unioun de Risiko ganz grouss ass, dass domadder all diplomatesch Kultur zerschloe gëtt?

Ass ee sech net bewosst, dass de wirtschaftlechen a soziale Fortschrëtt an der Tierkei zum groussen Deel dem risege Wirtschaftspotenzial vun de Relatioune mat der Europäescher Unioun ze verdanken ass? An dass een Zesummebrieche vun de Relatiounen zum Nodeel vu Milliounen Awunner aus der Tierkei a vu Milliounen Tierken an der Europäescher Unioun wär?

Ech kann nëmmen hoffen, dass et geschwënn zu engem Ëmdenke kënnt. Mä, Här President, d'Hoffnung ass dacks der Realitéit net gewuess.

D'Joer 2016 war leider och nees ee Joer vun der Kris an der Ukrain. Méi wéi 10.000 Leit sinn zënter 2014 bei Kämpf am Oste vun der Ukrain ëm d'Liewe komm. Trotz ganz laange Verhandlungen, souwuel am Normandie-Format, wou jo Däitschland a Frankräich tëscht Russland an der Ukrain vermëttelen, wéi och an der trilateraler Kontaktgrupp, wou d'OSZE tëschent der Ukrain engersäits a Russland an de Separatisten anerersäits vermëttelt, gëtt de Waffestëllstand nach ëmmer net respektéiert. Eleng op ukrainescher Säit sinn zënter dem 1. Januar vun dësem Joer 41 Doudeger ze verzeechnen.

Här President, de Spezialrepresentant vun der OSZE, den Här Martin Sajdik, huet eemol méi zum Réckzuch vun de schwéiere Waffen a geséchert a permanent Stockagestrukturen opgeruff an ënnerstrach, dass ee sécheren Accès vun de Beobachter muss garantéiert ginn, fir dass och humanitär Efforte vun der internationaler Communautéit kënne weidergoen. Ouni Wafferou am Donbass besteet keng Chance, dass d'Minsker Accorde Wierklechkeet ginn. D'Konfliktparteie mussen och mat der Ëmsetzung vun der politescher Dimensioun vum Minsk-Ofkommes weiderfueren. D'Kris an der Ukrain kann nëmmen duerch den Dialog geléist ginn, net duerch Waffen. No Problemer 2015 huet déi ukrainesch Regierung, wéi mer wëssen, 2016 un den néidege Reforme geschafft an notamment bei der Bekämpfung vun der Korruptioun an der Reform vun der Justiz méi Akzenter an nei Akzenter gesat.

Déi Reforme ginn allerdéngs nach laang net duer. D'Regierung muss weidermaachen a konkret all dës Reformmesuren duerchsetzen. Ech hunn dat och d'lescht Woch kënnen dem President Poroschenko de vive voix soen.

Ech hu vun där Visitt profitéiert mat eise Leit, fir mer d'Situatioun am Donbass unzekucken, wou ech an der Géigend vu Mariupol bis Schyrokyne just e puer Honnert Meter vun der Kontaktlinn ewech war.

Wat ee gesäit, ass, dass dee Krich net nëmme vun e puer vereenzelte Leit, mä vun enger organiséierter Arméi gefouert gëtt, mat komplett zerstéierten Dierfer a groussem, ganz groussem mënschleche Leed. D'Biller am Donbass si Biller aus enger Krichsregioun. Et sinn déiselwecht Biller vu Verwüstung, wéi mer se an der Noperschaft vu Mossul am Irak gesinn hunn.

Eis Regierung huet zënter dem Ufank vum Konflikt iwwer 1,2 Milliounen Euro fir humanitär Projeten an d'Ukrain ginn. Ech hu wärend menger Visitt eng weider hallef Millioun fir 2017 annoncéiert, mat där mer Sanitärinfrastrukturen, virun allem och fir Kanner, an de Krisegebidder ënnerstëtze wëllen. D'OSZE-Missioun hu mer net nëmme finanziell, mä och mat engem Observateur ënnerstëtzt, deen d'lescht Woch bei där Missioun mat dobäi war, an zwar an der Géigend vu Luhansk. No der illegaler Annexioun vun der Krim an opgrond vun der Destabiliséierung am Oste vun der Ukrain hat d'Europäesch Unioun keng aner Alternativ, wéi geziilte Sanktioune géint d'Separatisten a géint Russland ze huelen. Sanktioune sinn nëmmen en Instrument, fir de Konflikt ze entschäerfen, do si mer eis och an allen Diskussiounen, déi mer hei an der Kommissioun haten, eens. Si sinn enk verbonne mat der integraler Applikatioun vum Minsker Ofkommes a kënnen opgehuewe ginn, soubal d'Konditiounen duerfir erfëllt sinn. Déi sektoriell Sanktioune si fir de Moment verlängert bis den 31. Juli 2017. Da muss de Conseil vun der EU d'Situatioun nees nei aschätzen.

An deem Kontext ass ee konstruktiivt Engagement vun alle Parteien néideg, fir d'Mise en œuvre vum Minsker Ofkommes ze erreechen. Déi voll Ëmsetzung vun dem Minsker Ofkommes ass och extrem wichteg fir eis Relatioune mat Russland, fir déi erëm ze normaliséieren. Mir musse weider den Dialog mat Russland sichen, och wa mer am Moment grouss Differenzen hunn. Wirtschaftlech a politesch gesi brauch Russland Europa an Europa brauch awer och Russland. Mer mussen also e Wee fannen, fir dass déi aktuell Situatioun evoluéiert, a fir mech geet dat nëmmen iwwert de Wee, selbstverständlech, vun der Diplomatie.

Dat hu mer och ganz kloergemaach, wéi mer am leschte September zu Moskau mam russeschen Ausseminister Lawrow zesumme waren. Ech hoffen duerfir och, datt déi russesch Delegéierten erëm un de Sëtzungen an un der Aarbecht vun der parlamentarescher Versammlung vum Europarot deelhuelen. Kloer ass, dass virun allem Russland säi Bäitrag dozou leeschte muss. Den Dialog an déi parlamentaresch Verstännegung si wichteg, sënnvoll an néideg, awer se mussen um Fundament vu gemeinsame Grondwäerter an de Spillregele vum Europarot stattfannen. Doriwwer eraus muss Russland och seriö Efforte maachen, wat d'Demokratie an d'Rechtsstaatlechkeet ugeet.

Virun 2014 hate mer alleguer an Europa déi grouss Hoffnung, dass déi praktesch Zesummenaarbecht a ville Beräicher vun der Energieversuergung bis zur Moderniséierung vun der Wirtschaft eis géif virubréngen. Sécherlech hate mer och Erwaardungen, fir iwwert déi praktesch Zesummenaarbecht eng méi déif Partnerschaft an anere wichtege Froen ze erreechen, der Fro vun der Demokratie, der Rechtsstaatlechkeet, der gemeinsamer Verantwortung fir dës Welt. Mir hunn, mengen ech, an Europa vill gudde Wëllen engagéiert an hunn och munches op de Wee bruecht, awer ech muss haut leider soen, aus menger Siicht sinn ech e

wéineg enttäuscht vun den Erwaardungen, déi sech net erfëllt hunn.

Erlaabt mer elo, ee Moment bei d'südlech Noperschaft vun Europa, Nordafrika, an an de Mëttleren Osten ze goen. Et ass eng Regioun, déi schonn ze laang vu Konflikter, Chaos a Kricher geplot ass, déi d'Ursaache vu Extremismus, Konfessionalismus, Migratioun an och Aarmut sinn. D'Bild vun der arabescher Welt ass oft eent vu politeschen, sozialen a wirtschaftleche Krisen. Dobäi kënnt de reliéisen Aspekt, d'Divisioun tëschent Sunniten a Schiiten. Hei geet et awer, loosst mech dat eemol méi ënnersträichen, virun allem ëm d'politesch Interêten, ëm d'politesch Virmuecht an der Regioun. Mat Relioun huet et absolutt näischt ze dinn.

D'arabesch Welt huet eng ganz jonk Populatioun mat bal 60%, déi manner wéi 30 Joer hunn, a bal dräi Milliounе Jonken, déi all Joer op den Aarbechtsmaart kommen. Den Taux vun der Jugendaarbechtslosegkeet ass ee vun deenen héchsten op der Welt. Et ass déi sozialekonomesch Perspektivlosegkeet, déi d'Wuerzel vu ville Problemer am Mëttleren Osten ass.

D'Konflikter a Syrien, am Irak, a Libyen, am Jemen hunn eppes gemeinsam: Si kënnen nëmmen duerch politesch Efforte geléist ginn. An all deene Länner gëtt et keng militäresch Léisung vun de Konflikter. Op den nationalen Niveaue muss en Dialog tëschent de verschiddene Gruppe gefouert ginn. Et muss eng gemeinsam, eng inklusiv Gouvernance ausgeschafft ginn, fir laangfristeg géint d'Marginaliséierung, Diskriminatioun an d'Ausschléissung virzegoen. D'Diversitéit, d'Rechter an d'Aspiratioun vun alle reliéisen an ethnesche Communautéite musse respektéiert ginn.

Nëmmen duerch national Reconciliatioun kann et zu enger dauerhafter Stabilisatioun vun der Regioun kommen. Nëmmen esou kënnen d'Souveränitéit an déi territorial Integritéit vun deene Länner och garantéiert ginn. Fir géint dës gemeinsam, an ech benotzen d'Wuert ganz bewosst, „Erausfuerderungen" virzegoen, dierfe mer eis als Europa net vun der Noperschaft isoléieren. Mer musse mat deene Länner direkt zesummeschaffen. D'Attentater an eisen dräi Nopeschlänner, Paräis, Bréissel, Nice a Berlin hunn 277 Liewe gefuerdert. Honnerte vu Leit goufe blesséiert. Déi Attentater hunn eis all viséiert. A mir mussen zesummen dergéint virgoen. Nëmmen duerch international a multilateral Zesummenaarbecht kann dëse Problem geléist ginn.

Loosst eis och net vergiessen, dass deen allergréissten Deel vun den dschihadisteschen Attentater am Mëttleren Oste stattfannen an dass déi allerallermeeschten Affer Mosleme sinn!

De Kampf géint den Terrorismus stellt eis virun eng duebel Erausfuerderung. E muss mat Determinatioun effektiv an effizient gefouert ginn. Mä dobäi musse mer och gläichzäiteg eisen eegene Wäerter vun der Rechtsstaatlechkeet trei bleiwen. De Konflikt a Syrien huet bis elo iwwer 300.000 Leit d'Liewe kascht an déi gréisst humanitär Kris zënter dem Zweete Weltkrich provozéiert. Firwat?

Déi éischt Äntwert ass a bleift, well een Diktator mat alle Mëttelen un der Muecht bleiwe wëllt, well hien net zéckt, mat brutaalster Gewalt géint säin eegent Vollek virzegoen. Mer brauchen nëmmen un d'Biller vun Ost-Aleppo ze denken, déi u Grausamkeet kaum ze iwwertreffe sinn. Et ass do zu Recht vun engem Guernica vum 21. Jorhonnert geschwat ginn. Iwwert déi sechs Joer, déi de syresche Konflikt elo schonns undauert, sinn awer donieft Kricher am Krich entstanen, vum Proxy-Krich tëschent dem Iran a Saudi-Arabien - fir d'Virmuecht an der Regioun - iwwert de Kampf vun der Tierkei géint kurdesch Gruppen oder der globaler Koalitioun géint Daesh. D'Situatioun um Terrain gëtt ëmmer méi komplex. D'Allianzen tëschent den Oppositiounsmilizen, vun deene sech e puer ëmmer méi radikaliséieren, ännert heiansdo am Wocherhythmus.

D'Konferenz am Januar zu Astana war duerfir e klenge Liichtbléck zënter laangem. Den Iran, Russland an d'Tierkei, an deelweis och verschidde Säiten, déi am Krich a Syrien sinn, sinn do zesummekomm an hu sech op e limitéierte Waffestëllstand gëeenegt. Eng nohalteg politesch Léisung a Syrien hänkt awer zu engem groussen Deel vun der Attitüd vun de Länner of, déi e politeschen, e militäreschen oder en ekonomeschen Afloss op déi syresch Konfliktparteien hunn. D'Tierkei a Russland, no méintelaangen Tensiounen, schaffe jo elo, mat allen Divergenzen, déi se hunn, awer erëm méi matenaner.

D'Dynamik vun Astana huet et méiglech gemaach, dass ee groussen Deel vun de syresche Konfliktparteien de Wee op Genf fonnt hunn. Et ass ze hoffen, dass den Envoyé spécial vum Generalsekretär vun der UNO, de Staffan de Mistura, d'Parteien zu konstruktive Gespréicher ka bewegen. No sechs Joer Krich misst et jiddwerengem kloer sinn, dass kee militäresch ka gewannen, mä just jiddweree verléiert. Iwwermuer ginn d'Negociatiounen zu Genf weider. Inschallah!

D'Wiel a Syrien kann awer net déi tëschent zwou Tyranneie sinn, tëschent dem Assad-Regimm an den Dschihadisten. Duerfir musse mer eis och weider op der Säit vun der moderéierter Oppositioun asetzen a fir inklusiv Verhandlungen zu Genf op der Basis vum Communiqué vum 30. Juni 2012. D'Oppositioun muss méi ee kohärenten Akteur ginn, fir de politesche Prozess effektiv kënne matzegestalten.

Ech wëllt hei och en Appell maache fir eng Wafferou tëschent der Tierkei an de Kurden a Syrien. Hei kämpfen zwee vun eise Partner an der Global Coalition géintenaner. Déi tierkesch Offensiv géint Daesh ass begréissenswäert an huet an der Lescht Fortschrëtter gemaach. Mä se soll sech weiderhin op Daesh konzentréieren.

D'Kurden, wéi ech op enger Rees an den irakesche Kurdistan am Dezember nach konnt op der Plaz gesinn, sinn am Fong eis Alliéiert am Kampf géint d'Extremisten, souzesoen d'Buedemtruppe vun der Global Coalition. Dass d'Daesh a Syrien geschwächt ass, awer nach weiderhin d'Konterattacke lancéiere kann, hu mer am November gesinn, wéi Palmyra erëm an d'Hänn vun den Dschihadiste gefall war. De Regimm bekämpft haaptsächlech déi méi oder manner moderéiert Rebellen, ouni sech ze vill ëm d'Dschihadisten ze bekëmmeren. Dat ass esou. Iwwerdeems hunn déi kuerdesch Milizen eng Offensiv op Rakka lancéiert, d'Haaptstad vun Daesh a Syrien. Militäresch musse mer verhënneren, dass Daesh-Kämpfer vu Mossul op Rakka ginn an dass Daesh nach weider a Syrien existéiert, nodeems se aus dem Irak verjot goufen.

D'EU ass den Haaptliwwerant vun humanitärer Hëllef a Syrien a ronderëm. Mä eis Devise vis-à-vis vu Syrien muss bleiwen: Keng Hëllef fir den Opbau, ouni natierlech e politesche Prozess, deen eventuell kéint mat initiéiert ginn ufanks Abrëll zu Bréissel.

D'Sécherheetsrotresolutioun 2254 muss ëmgesat ginn, an dat heescht, e Mechanismus schafen, deen eng politesch Transitioun méiglech mécht, an där déi ganz syresch Populatioun an hirer ganzer Diversitéit representéiert ass. Dat heescht dann och eng nei Konstitutioun an Neiwahlen.

Mä och de politesche Prozess dierf eis net d'Attrocitéite vun deene leschte Jore vergiesse loossen. Et däerf keng Impunitéit fir déi Verbriechе ginn. Dofir hu mer eis och agesat, wéi mer am Sécherheetsrot waren. An duerfir ënnerstëtzt och Lëtzebuerg aktiv e Mechanismus, fir Krichsverbriechen a Syrien ze ënnersichen, deen am Dezember d'lescht Joer zu New York ugeholl ginn ass. Et gëtt geschat, dass an deene leschte Joren op d'mannst - op d'mannst! - 60.000 Leit an de Prisonge vum Assad hiert Liewen hu misse loossen. Dat weist och eemol méi, dass den Assad sécher net dat klengst Iwwel ass.

Trotz där katastrophaler Situatioun däerf ee vläicht den Optimismus net ganz verléieren. Eise gemeinsamen Asaz vun der internationaler Communautéit ass méi wéi jee gefrot.

Am Irak ass d'militäresch Situatioun, wéi mer wëssen, lues amgaangen ze dréien. D'Offensiv vun der irakescher Arméi op Mossul huet riseg Fortschrëtter gemaach. A wann de Westdeel vun der Stad zum gréissten Deel nach ëmmer an den Hänn vun Daesh ass, ass dermat ze rechnen, dass Daesh nach dëst Joer keen Territoire am Irak wäert méi kontrolléieren.

Mä dëst heescht nach laang net, dass den Irak vun der Gefor vum Terrorismus befreit wäert sinn. Den Irak muss sech politesch grondleeënd reforméieren. Fir eis Ënnerstëtzung fir politesch Reformen an déi national Reconciliatioun ze weisen, sinn ech am Dezember a menger Fonctioun als President vum Ministercomité vum Benelux mam Didier Reynders, belschen Ausseminister, an dem Bert Koenders, hollänneschen Ausseminister, fir d'Éischt op Bagdad gaangen an dunn op Erbil, an den irakesche Kurdistan, gefuer.

Déi bescht Waff am Kampf géint Dschihadiste wéi Daesh ass, ze weisen, dass déi verschidden ethnesch a reliéis Gruppen am Iran kënnen zesummeliewen an och zesummeschaffen. D'Zesummenaarbecht vun de kurdesche Peschmerga an den irakeschen Truppen zu Mossul ass duerfir dat beschte Beispill.

Dëst muss elo a konkret Moossnamen ëmgesat ginn, ënner anerem duerch méi regional Autonomie an an enger Dekonfessionaliséierung vun der Politik. Zu Bagdad an zu Erbil hu mer een Zeeche fir den Zesummenhalt an déi territorial Integritéit vum Irak gesat, mä och eis Unerkennung ausgeschwat fir extraordinär Sacrificen am Kampf géint den Terrorismus an der Opnam vu Populatiounen, déi vum Konflikt deplacéiert gi sinn.

Den israelesch-palästinensesche Konflikt ass wahrscheinlech dee längsten ongeléiste Konflikt op der Welt, deen trotz senger laanger Dauer näischt vu senger politescher, strategescher an och emotionaler Wichtegkeet verluer huet. Déi ganz Regioun wäert sech net berouegen, wann hiren eelste Konflikt net definitiv geregelt gëtt, soss liwwert e weiderhin Närbuedem fir Frustratioun, fir Haass, fir Radikalisatioun, regional wéi och weltwäit.

2017 ass fir den Noostkonflikt ee ganz symbolesch Joer. D'Occupatioun dauert scho 50 Joer un, wärend d'Konferenz vu Madrid, déi zum Oslo-Prozess gefouert huet, viru 25 Joer stattfonnt huet, an déi politesch Trennung tëschent Ramallah a Gaza, also tëschent Fatah an Hamas, zesumme mat enger Blockad vun der Gazasträif virun zéng Joer ugefaangen huet. All Evolutiounen um Terrain weisen, dass d'Situatioun sech verschlëmmert an duerch d'Zerstéierung vu palästinensesche Strukturen oder och dem Bau vun israelesche Siidlungen an deene besate Gebidder, y inclus Jérusalem-Est.

Zënter dem 20. Januar, zënter der Vereedegung vum neien amerikanesche President, huet Israel iwwer 6.000 nei Wunnengen an de Siidlungen annoncéiert; méi wéi am ganze Joer 2016 zesummen. Opwuel d'Siidlungspolitik ausnamslos vu jiddwer israelescher Regierung bedriwwe ginn ass, huet een d'Impressioun, dass am Fong all Retenue elo endgülteg fort ass.

D'Virgoe vun Israel bei der Siidlungspolitik léisst Zweifelen opkommen, ob Israel am Fong mat enger Zweestateléisung iwwerhaapt nach eppes um Hutt huet. Zënter Oslo huet sech d'Unzuel vun de Siidler op ronn 600.000 verduebelt. Wann Isreal seng demokratesch souwuel wéi seng demografesch Zukunft séchere wëllt, virun allem dat Zweet, féiert kee Wee un der Zweestateléisung derlaanscht. Israel muss sech entscheeden: entweder fir d'Zweestateléisung oder fir d'Siidlungspolitik.

Israel, déi staark Partei, mécht d'Schafe vun engem palästinensesche Stat all Dag méi schwéier. Dëst ass eng kuerzsiichteg Politik, déi riskéiert, d'Zweestateléisung ze ersetzen duerch eng Eestatrealitéit, déi aus Gewalt an Okkupatioun da besteet.

Den internationale Konsens fir eng Zweestateléisung ass jo am Dezember d'lescht Joer vum Sécherheetsrot an der Resolutioun 2334 nach eng Kéier däitlech ënnerstrach ginn, esou kloer wéi nach ni virdrun. Dës Resolutioun seet, dass d'Grenze vun 1967 nach bestinn an dass d'Kolonien illegal sinn. Déi Paräiser Konferenz vum 15. Januar huet nach eng Kéier dësen internationale Konsens ënnerstrach. Ouni d'Israelien an d'Palästinenser awer um Dësch war et eng symbolesch Konferenz, déi an engems och gewisen huet, dass de sougenannte Friddensprozess um Nullpunkt ukomm ass.

Déi international Gemeinschaft muss weider ënnersträichen, dass dësen internationale Konsens nach ëmmer gülteg ass an dass et keen Anti-Israel a kee Pro-Palästina gëtt. Mir an Europa si Frënn vun deenen zwee. Par contre gëtt et dat internationaalt Recht an dat, wat dogéint verstéisst. An da muss een och déi israelesch Regierung konsequent kritiséiere kënnen.

D'europäesch Positioune mussen och weiderhin op de Parametere baséieren, déi 2009 defi-

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

néiert goufen. Déi arabesch Nopere sollen aktiv matwierken, zum Beispill bei engem verbesserte Quartett. An déi Vereenegt State mussen u Bord gehale ginn, wat d'Wichtegkeet vun der Zweestateléisung an engem internationale Verhandlungskader ugeet.

Leider hu mer jo de Moment am EU-Conseil grouss Divergenzen: Wéi Ëmgoe mat Israel/Palästina nom Vott vun der Resolutioun 2334 an dem Changement vun der amerikanescher Administratioun? Zwee Faiten, déi sech leider am Fong neutraliséieren. Och déi franséisch international Initiativ ass blockéiert.

Wat ech weess vum President Abbas selwer, deen ech zu Genf de 27. Februar gesinn hunn, ass, dass de President Trump hien an den nächste Wochen am Wäissen Haus empfänke soll, wat ze begréissen ass. D'Saache schénge sech allgemeng e bëssen ze tässelen, och den Transfert vun der amerikanescher Ambassad op Jerusalem oder d'Aussoen iwwert de Prinzip vun der Zweestateléisung.

Lëtzebuerg wäert weider hëllefen, Här President, bei allen diplomateschen Initiativen an der Europäescher Unioun, fir zu gemeinsame Positiounen ze kommen. Dat gëllt och fir d'Unerkennung vu Palästina. D'Demarche vu Frankräich ass heibäi ganz wichteg, ech géif souguer soen entscheedend. Lëtzebuerg stoung 2014 am Sécherheetsrot op der Säit vu Frankräich, grad wéi bei enger Initiativ fir eng international Konferenz zu Paräis. Mir sinn net dat eenzegt Land, wat dës Positioun ganz no bei Frankräich an der Europäescher Unioun a Saachen Unerkennung vu Palästina deelt.

Fir Europa ass och d'Situatioun a Libyen vun enormer Wichtegkeet.

Am Dezember 2015 hunn déi verschidde libesch Konfliktparteien ee politeschen Accord ënnerschriwwen. Dësen Accord gesäit vir, dass eng Regierung vun der nationaler Unitéit geschaaft gëtt an da vum Parlament confirméiert gëtt. Zu deem Vott ass et awer nach ëmmer net komm. Dëst dréit natierlech zum aktuelle Chaos a Libyen bäi, wat d'Geschäft vun de Mënscheschmuggler floréiere léisst. D'lescht Joer sinn aus an iwwer Libyen 180.000 Migrante komm. An dës Situatioun wäert och weiderhin unhalen, soulaang et a Libyen keng eenheetlech a stabill Regierung gëtt. Tragescherweis hunn d'lescht Joer och 4.500 Mënschen hiert Liewen am Mëttelmier verluer; Libyen, Richtung Italien.

A Libyen kann näischt ouni d'Libyer geschéien. All libesch Akteure mussen an engem konstruktive Geescht ee wierklechen Dialog féieren.

Fir Lëtzebuerg a fir d'Europäesch Unioun ass de politeschen Accord nach ëmmer valabel a muss ëmgesat ginn, notamment duerch e Partenariat tëschent dem Westen am dem Oste vu Land, d'Kreatioun vun enger eenzeger Arméi ënnert der Kontroll vun de legitimmen zivillen Autoritéiten an der Confirmatioun vun der Regierung duerch d'Parlament. De General Haftar, de staarke Mann aus dem Osten, wäert och iergendwéi musse mat agebonne ginn. D'EU ënnerstëtzt ausserdeem de libesche Stat an der Ausbildung vun enger nationaler Küstewach. Mä all dës Efforte wäerten onkomplett an ineffikass bleiwen ouni een eenheetleche Statsapparat.

Trotzdeem gëtt et och aus Libyen positiv Noriichten. Daesh, déi d'lescht Joer nach Honnerte vu Kilometer vun der libescher Küst kontrolléiert huet, ass vun do verdriwwe ginn. Dorop musse mer opbauen, fir eng grondleeënd Stabiliséierung a Libyen ze schafen, soss bleift den Terrorismus an den Dschihadismus mat all senge Konsequenzen och fir Europa ëmmer eng Gefor.

De Mëttleren Osten huet och e puer aner Liichtblécker opzeweisen.

Virun e bësse méi wéi engem Joer ass den Accord mam Iran iwwert dee gemeinsamen a globalen Aktiounsplang, den „Joint Comprehensive Plan of Action", a Kraaft getrueden. Den Accord ass de Beweis, dass Diplomatie an Ausdauer sech lounen. Et ass een decisive Schrëtt, fir de Problem vum iraneschen Nuklearprogramm ze léisen.

Do geet et drëm, derfir ze suergen, dass den Accord och voll ëmgesat gëtt vun all de Parteien an all senge Komponenten. Duerfir ass et besonnesch wichteg, dass dee Plang an enger Resolutioun vum UNO-Sécherheetsrot verankert ginn ass an domat legal bannend fir all Länner vun der Welt ass; net nëmme fir all Parteien, déi den Accord negociéiert hunn. Et kann duerfir och net eesäiteg selbstverständlech denoncéiert ginn.

Souguer ee gudden, ee verifiabelen Accord kann net esou einfach jorzéngtelaangt Mësstraue verschwannen doen, selbstverständlech, wéi dat tëschent dem Iran an de Vereenegte Staten oder dem Iran an de Golfstaten, voire dem Iran an Israel de Fall ass. Géint dëst Mësstrauen hëlleft nëmmen eppes: ee strikt an ee kontinuéierlecht Ëmsetze vun allen Dispositioune vum Accord duerch all Parteien, a keng Provokatiounen.

Lëtzebuerg wäert sech an deem Sënn och weiderhi mat sengen EU-Partner engagéieren.

Gläichzäiteg, an dat ass souwuel am Sënn och vun deem Plang wéi an der laangjäreger Linn vun der EU-Politik vis-à-vis vum Iran, wäerte mer op eng Normalisatioun vun eise Relatioune mam Iran hischaffen.

Ech war dëst Joer am Februar am Iran, fir d'Drëtt zënter 2014. Eng Mission économique ënnert dem Etienne Schneider war am Oktober d'lescht Joer do, an de Chamberspresident mat enger Delegatioun vun der Chamber am Januar 2016. Wärend menger Rees hu mer mam Iran en Traité ënnerschriwwen, fir eis gemeinsam Investissementer ze promouvéieren an ze schützen an esou eise bilateralen Handel ze stäerken.

Dës Approche entsprécht, wéi schonns gesot, der Logik vum aktuellen internationale Konsens, déi politesch an ekonomesch Relatioune mam Iran ze normaliséieren, an domadder d'Politik vun der Ouverture vum President Rohani ze ënnerstëtzen. Kuerz gesot: Wandel duerch Handel.

Här President, bei all menge Kontakter a mat den iraneschen Autoritéite spriechen ech, an ech huelen och un an ech sinn iwwerzeegt, dass Dir dat och gemaach hutt, déi do waren,... Grouss Suerge maache mer eis iwwert d'Mënscherechtssituatioun am Iran, d'Fro vun der Doudesstrof, d'Rechter vun de Fraen, d'Minoritéiten, d'Diskriminatioun vun de Bahaien, mä och d'Roll vum Iran, selbstverständlech, aussepolitesch gesinn an der Regioun.

Den Iran huet eng kloer Responsabilitéit fir Fridden a Stabilitéit an der Regioun, sief et a Syrien, am Irak, am Jemen. Konstruktiven Engagement ass gefrot, an net Kompetitioun fir d'Virmuecht um Golf!

Une voix.- Très bien!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Duerfir musse mer den Dialog mam Iran weider verdéiwen.

D'Politik vum President Rohani ass gréisstendeels vun der iranescher Bevëlkerung begréisst ginn. Déi lescht Parlamentswahlen am Iran 2016 hunn dëst confirméiert. Am Mee dëst Joer sinn am Iran Presidentschaftswahlen. An et ass ze hoffen, dass den aktuelle Cours bäibehale gëtt an et net zu enger Stäerkung vun den Hardliner kënnt.

Eis Relatiounen, Här President, mam asiatesche Kontinent si ganz wichteg fir d'Europäesch Unioun a fir eis. Duerfir si mir mat fënnef Ambassaden um asiatesche Kontinent vertrueden. Dës Ambassaden decken am Ganze 15 asiatesch Länner of an och d'Sekretariat vun der ASEAN, der Associatioun vun de südostasiateschen Natiounen, dat zu Jakarta baséiert ass.

Dëst Joer feieren d'Europäesch Unioun an d'ASEAN de 40. Anniversaire vun hire Bezéiungen. Mir organiséieren duerfir am Mee zesumme mam Wirtschaftsministère an der Chambre de Commerce en Event, fir doduerch méi Kontakter ze erméiglechen tëschent eise Betriber a Länner wéi Singapur, Indonesien, Vietnam an och Malaysien, déi jo och ganz héije Wuesstum, wéi mer wëssen, hunn.

Dëst Joer feiere mer och den 90. Anniversaire vun eisen diplomatesche Bezéiunge mat Japan, wou ech Enn Mee wäert hireesen. D'EU a Japan sinn amgaangen, een Handelsofkommes fäerdeg ze negociéieren, wat dee Moment och nei Opportunitéite fir eis Betriber an der drëttgréisster Wirtschaft vun der Welt wäert brénge.

Mir zelebréieren dëst Joer och 45 Joer diplomatesch Bezéiunge mat China. Mir hunn iwwert déi lescht Jore ganz vill mat eise chineesesche Partner gemaach. An eis Relatiounen hu sech souwuel um ekonomesche wéi och um politeschen an um kulturellen Niveau mat eisem mëttlerweil éischte Partner an Asien verstäerkt.

D'Situatioun an Afghanistan bleift weider ganz schwiereg. Et ginn nach enorm Erausfuerderungen an deem Land, déi mussen an den nächste Jore bewältegt ginn. De Kampf géint d'Taliban, d'Drogeproduktioun, d'Korruptioun sti ganz uewen op der Prioritéitelëscht vun der afghanescher Regierung. Déi international Communautéit schafft vill mat der Regierung zesummen, fir dat an de Grëff ze kréien.

Lëtzebuerg huet zënter 2001, an dat muss een nach eng Kéier soen, eng Kontributioun vu 75 Milliounen Euro un Afghanistan geleescht fir d'Entwécklungszesummenaarbecht an d'humanitär Hëllef, mä och am sécherheetspolitesche Beräich. Bis haut waren am Ganzen 274 Lëtzebuerger Zaldoten an Afghanistan engagéiert. An d'Lëtzebuerger Arméi wäert och bis den 1. Juli 2018 un der Resolute Support Mission deelhuelen.

Afrika ass en dynameschen, en diverse Kontinent vu bal 1,3 Milliarde Mënschen. Et gëtt gerechent, dass déi Zuel op 2,5 Milliarde wäert 2050 eropgoen. Nieft eisem laangjäregen Engagement an Afrika, besonnesch am Sahel mat eise Partnerlänner Burkina Faso, Mali, Niger a Senegal ass Lëtzebuerg och weiderhin engagéiert am Kader vun der gemeinsamer Sécherheets- a Verdeedegungspolitik.

Lëtzebuerg bedeelegt sech aktiv un den EU-Trainingsmissiounen am Mali an och un den zivillen EUCAP-Missiounen am Mali an am Niger. Och eis wirtschaftlech Relatiounen hu sech entwéckelt, besonnesch duerch zwou Wirtschaftsmissiounen, déi d'Chambre de Commerce am Februar 2016 am Senegal an och an Äthiopien organiséiert hat, mä och déi rezent geschaafte Business Partnership Facility mat dem Kooperatiounsministère, déi de Privatsecteur encouragéiert, sech um Developpement ze bedeelegen an dobäi op nei Marchéen hinzegoen.

D'Afrikanesch Unioun spillt eng kruzial Roll an der politescher Integratioun vum Kontinent. Wéi all Joer plangen ech och elo eng Rees op Addis Abeba, fir bei d'Afrikanesch Unioun ze goen - déi huet jo hire Sëtz an där Stad -, dëst och am Hibléck vum EU-Afrika-Sommet, deen am November an der Côte d'Ivoire stattfanne wäert.

D'Sécherheet an d'Wuelbefanne vun eisen zwee Kontinenter hänken enk matenaner zesummen. Déi terroristesch Attacken am Niger an am Mali, mä och d'Campagne vu Boko Haram am Nigeria an an der Regioun vum Lac Tchad géint d'Regierung a géint d'zivill Populatioun weisen, dass d'terroristesch Organisatioune weider staark bleiwen. Datselwecht gëllt fir Somalia, wou trotz de Presidentschaftswahlen, déi international als Succès ugesi goufen, de Kampf géint d'Al-Shabaab-Miliz nach laang net gewonnen ass.

Trotz Progrès an der Ëmsetzung vun der Demokratie a villen afrikanesche Länner bleift d'Fro vun der Qualitéit vun der Demokratie an och déi vun der Gouvernance am Interêt vun alle Leit, net nëmmen den Elitten. D'Tendenz, de Statut de Rome vum Internationale Strofgeriichtshaff ze verloossen, schéngt de Moment e wéineg gebremst ze sinn, mä d'Dynamik, no där d'Stats- an d'Regierungscheffe vun deene meeschten afrikanesche Länner eng Justiz fir jiddwereen an eng aner fir déi Mächteg wëllen, ass nach ongebrach. All déi Länner, déi politesch onstabill bleiwen, ënnersträichen dat.

An der Demokratescher Republik Kongo ass et net gelongen, wéi virgesinn, d'lescht Joer Wahlen ze organiséieren, wat zu grousse Manifestatiounen, wéi Der wësst, gefouert huet. D'Leit hunn es genuch mat der schlechter Gouvernance a wëllen eng Regierung, déi sech ëm hir Bedierfnisser këmmert an hinnen eng glafwierdeg Perspektiv fir d'Zukunft gëtt. Besonnesch schlëmm ass och weiderhin d'Situatioun am Burundi, wou jo de President - oh, wéi heescht en elo? - Nkurunziza sech un d'Muecht klamert an d'Mënscherechtssituatioun konstant méi schlecht gëtt.

D'Situatioun, Här President, bleift och dramatesch am Südsudan, wou 6 Millioune Leit an enger humanitärer Noutsituatioun sinn an eng 1,5 Millioune Mënsche geflücht sinn. Trotz den Efforte vun Deeler vun der internationaler Gemeinschaft ginn déi extrem a systematesch Gewalt, déi vu Mënsche gemaachten ekonomesch Kris an Hongersnout weider.

Amerika. Här President, de Muechtwiessel zu Washington muss eis, mengen ech, alleguerten ze denke ginn. En ass zugläich Unzeechen an Ausdrock vun engem Malaise an der Bevëlkerung iwwert d'Changementer an eiser Gesellschaft, iwwert d'Effete vun der Globaliséierung, iwwert den internationalen Nokrichsuerder. E signaliséiert eng gewëssen Angscht virun der Zukunft an e verlaangert no fréieren Zäiten, och wann een net ganz kloer weess, wat dat dann heesche soll.

Den Opruff vum neien amerikanesche President „America first" spigelt deelweis den Nationalismus an den Isolationismus zréck, dee mer hei vu rietspopulistesche Parteie jo och héieren an deen och an der Brexit-Diskussioun, dat wësse mer, präsent war.

Éischt Aktioune vum Donald Trump weisen, dass hie wëlles huet, déi populistesch Iddien, déi e wärend senger Wahlcampagne proklaméiert huet, och an Tatsaachen ëmzewandelen. Dat muss eis als iwwerzeegt Europäer, als Verdeedeger vun Integratioun a Kooperatioun, baséiert op internationalem Recht a fundamentale Wäerter a Prinzipien, wierklech interpelléieren.

Zur gläicher Zäit bleiwe vill Fragezeichen iwwert d'Pläng an d'Prioritéite vun der neier Administratioun. Fest steet awer, dass d'Vereenegt Staten ee wichtege Partner vun eis sinn a selbstverständlech och bleiwe mussen. Ee Frënd, mat deem mir zënter Joren enk verbonne sinn, virun allem och eis Populatiounen, een Alliéierten, deem mir historesch immens vill ze verdanken hunn a mat deem mir dagdeeglech och zesummeschaffen, e strategesche Partner vun Europa op der Weltbün an och en extrem wichtegen Handelspartner.

Mir waren och an der Vergaangenheet net ëmmer där nämlechter Meenung - mir wëssen dat - an hunn och eis ni virdrun gescheit, dat zum Ausdrock ze brëngen, mä zesummen hu mir eis dach agesat fir Oppenheet, fir Respekt vun der Demokratie, fir d'Rechtsstaatlechkeet, fir d'Solidaritéit, fir d'Kooperatioun. An dat misst eigentlech och esou bleiwen. Den amerikanesche Vizepresident huet de leschte Mount bei senger éischter Visitt zu Bréissel - ech hat se scho virdrun héieren zu München - am Numm vum neie President betount, dass d'Vereenegt State sech och weiderhin der Zesummenaarbecht an der Partnerschaft mat der Europäescher Unioun verflicht fillen.

Mir wëllen eng konstruktiv Bezéiung mat Amerika a wäerten op eiser Säit alles derfir maachen, mä mir erwaarden eis awer och vun Amerika, dass Amerika sech kloer an däitlech hanner ee vereent Europa stellt. Dat ass am Interessi vun Europa, mä dat ass och à la fin du compte am Interessi vun Amerika.

De Wandel beim groussen Noper am Norden huet och Repercussiounen, wéi mer wëssen, op d'Länner vum Süde vum amerikanesche Kontinent. Et ass nach ze fréi, fir konkret Schlëss ze zéien, mä eng Mauer tëschent Amerika a Mexiko hätt grouss politesch an ekonomesch, a mengen Aen nëmmen negativ Konsequenze fir déi Länner, déi sech dach an de leschte Jorzéngte mat Hëllef vun de Vereenegte Staten, awer och vun eis an Europa staark entwéckelt hunn. Net ze schwätze vun de mënschleche Konsequenzen.

Den Impakt riskéiert besonnesch grouss ze sinn op ee vun de strategesche Partner vun Europa, nämlech Mexiko. Lëtzebuerg setzt sech op europäeschem Niveau fir d'Moderatioun vum Accord global mat Mexiko an. Mir ënnerstëtzen och weiderhin d'Partnerlänner vun eiser Kooperatioun, Nicaragua an El Salvador, mat deenen eis Kooperatioun eng Rei innovativ Projeten ugeet.

(Interruption par la présidence)

Pardon! Ech muss drénken, seet de President.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- D'Stëmm geet fort.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Merci. Dëst Joer war och vu grousser Bedeitung fir Kolumbien. No laange Verhandlungen an enger Rei Hürden ass am Dezember 2016 endlech de Friddensaccord tëschent der Regierung an de FARC-Rebellen, wéi mer wëssen, a Kraaft getrueden. Wärend seng Ëmsetzung bis elo relativ gutt fonctionnéiert, bleiwen eng Rei Erausfuerderungen, fir déi d'Ënnerstëtzung vun der internationaler Communautéit liewenswichteg ass.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt de Friddensprozess mat enger Kontributioun un engem Projet, deen déi transitionell Justiz a Kolumbien stäipt, an och um europäeschen Niveau mat enger Kontributioun un de Kolumbien-Fong vun der Europäescher Unioun.

2017 gëtt e besonnescht Joer, wat eis Relatioune mat Brasilien ugeet. Dës Relatioune gi wäit zréck. Schonn an den 20er Joren huet d'ARBED sech a Brasilien etabléiert, an am Laf vun de Joren ass Brasilien zu engem vun deene wichtegsten Handelspartner vu Lëtzebuerg ausserhalb vun der Europäescher Unioun ginn.

Niewent deene ronn 2.000 brasilianeschen Awunner zu Lëtzebuerg hu sech am 19. Jorhonnert vill Lëtzebuerger a Brasilien niddergelooss, wéi mer wëssen, an hunn do Wuerzele geschloen. Et gëtt haut ugeholl, dass eng 50.000 Bierger mat Lëtzebuerger Ofstamung a Brasilien liewen. Zënter 2011 hu mer en Ambassadeur non résident fir Brasilien. Dëst Joer wäert Brasilien dat éischt Land a Südamerika ginn, an deem Lëtzebuerg eng Ambassad opmécht, an Zesummenaarbecht mat eise belsche Frënn. Dëst ass en Zeeche vun deenen exzellente Lienen, déi mir mat deem Land flee-

gen, awer och eng Konsequenz vun der wuessender Bedeitung vum südamerikanesche Kontinent fir eist Land a fir eis Ekonomie. D'Ambassad erlaabt eis fir d'Éischt, eis Relatioune mat Brasilien ze verdéiwen. An enger zweeter Phas siche mer dann och mat der Ambassade Coaccreditatioune mat anere Länner a Südamerika, déi ëmmer méi wichteg ginn.

Här President, d'Enwécklunge vun der allgemenger Sécherheetslag am Osten an am Süde vun Europa hunn d'Verdeedegungsbündnis NATO derzou gezwongen, zënter dem Sommet zu Wales 2014 seng Haltung unzepassen a virun allem eis östlech Alliéiert ze rassuréieren. De Sommet vu Warschau am Summer d'lescht Joer huet dëse Schrëtt reaffirméiert a weider Decisiounen an dës Richtung geholl.

Lëtzebuerg dréit säin Deel derzou bäi a bedeelegt sech aktiv un de Reassurancemesuren, notamment un den NATO-Truppen, déi jo a Litauen wäerte stationéiert sinn. Als verlässlechen an och vertrauenswierdege Partner ënnersträicht Lëtzebuerg domadder seng Solidaritét, Här President, mat sengen Alliéierten an eise Partnerstaten. Lëtzebuerg wäert och déi néideg Efforte maachen, fir den Engagementer vu Wales nozekommen. D'Chamber ass an dëser Hisiicht jo och d'lescht Woch schonn ausféierlech domadder befaasst ginn.

Diskussiounen an der NATO däerfe sech awer, Här President, fir déi nächst zéng Joer net nëmmen op d'Fro vun den 2% fokusséieren. Sécherheet ass méi wéi nëmmen Defense. Ee Land wéi Lëtzebuerg, wat 1% vu sengem RNB fir d'Entwécklungshëllef gëtt, leescht ee bedeitende Bäitrag, ee preventive Bäitrag fir eng méi friddlech Welt. Dës Welt kann dausendmol elo mat bestoenden Nuklearwaffen zerstéiert ginn, vum Oste wéi vum Westen.

Ofrüstung, allgemeng gesinn, géif hëllefen, der Aarmut weltwäit kënnen d'Stir ze bidden. Géif all Land op der Welt net 2% fir seng Defense ausginn, mä just 1% fir d'Entwécklungshëllef, géif et Millioune Leit op dëser Welt besser goen.

Une voix.- Très bien!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- An den nächste Joren, wann déi lescht Ratifikatiounsprozeduren ofgeschloss sinn, wäerte mir de Montenegro als 29 Alliéierte wëllkomm heeschen. Dës Erweiderung ënnersträicht net nëmmen déi wichteg Fortschrëtter, déi dëst Land am Beräich vun de Reforme vu senge Sécherheetskräften a senger Arméi gemaach huet, mä och dass d'europäesch Efforten an den Engagement vun der internationaler Communautéit am Westbalkan seng Friichte gedroen huet a mir dëser Regioun zu Stabilitéit a Fridde verhollef hunn.

Här President, Lëtzebuerg setzt sech och weiderhi fir eng méi sécher Welt mat manner Waffen an. Mir bedeelegen eis an deem Sënn aktiv un Initiativen, deenen hiert Zil d'Ofrüstung vu spezifesche Waffekategorien ass, souwéi d'Begrenzung vun eenzelne Rüstungssystemer. An deem Beräich hale mir besonnesch dru fest, dass d'Fortschrëtter op der Basis vu bindenden Traitéen a Konventiounen erreecht ginn, déi däitlech a kloer Kritäre festleeën, déi d'Staten zu konkreten Ziler engagéieren.

Gemeinsam mat eisen diverse Partner huet Lëtzebuerg 2014 de Vertrag iwwert de Waffenhandel, kuerz den ATT, Arms Trade Treaty, ratifizéiert a setzt dësen zënter sengem Akraafttriede virun zwee Joer och ëm.

Mir hunn och duerfir een deementspriechende Projet de loi deposéiert, deen eisen Exportkontrollsystem weider renforcéiert. Dat ass wichteg. Mir hoffen, dass d'Chamber an den nächste Méint d'Aarbechte vun dësem Projet och kann ofschléissen.

D'Sécherheetslag an Asien ass vun enger weiderer besonnescher Gefor, an ech weess net, ob dat sech eleng nëmmen op Asien reduzéiert, gezeechent. Nordkorea huet d'lescht Joer net manner wéi 25 balistesch Rakéite lancéiert an zwee Nukleartester gemaach.

Dës Aktiounen destabiliséieren net nëmmen d'koreanesch Hallefinsel a stellen eng Menace fir eisen alliéierte Südkorea duer, mä si veronsécheren dee ganzen ostasiatesche Raum an och ëmmer méi d'international Gemeinschaft am breede Sënn. Munch vun de geteste Rakéite kéinte souwuel d'amerikanesch Westküst wéi och d'Europäesch Unioun erreechen. Dëst ass eng Gefor, déi mer eescht huele mussen.

An der UNO wéi och an der Europäescher Unioun wäert Lëtzebuerg sech weiderhin engagéieren, fir den Drock op den nordkoreanesche Regimm héichzehalen. Wann de Regimm zu Pjöngjang seng Ambitiounen, en nukleaart Waffenarsenal opzebauen, bereet wier opzeginn, da si mir iwwerzeegt dervunner, dass iwwert de Wee vu Verhandlungen de Konflikt op der koreanescher Hallefinsel och kéint friddlech geléist ginn.

Am Kader vun der gemeinsamer Sécherheets- a Verteidegungspolitik engagéiert Lëtzebuerg sech och weiderhin an de verschiddene Missiounen, déi d'Europäesch Unioun an Drëttstate leet, fir Konflikter ze léisen. Un d'Missioun EUNAVFOR MED kontribuéiert Lëtzebuerg ee Patrullefliger iwwer en „public private partnership" an ënnerstëtzt finanziell d'Ausbildung vun de Grenzschützer un der libescher Küst.

Des Weidere sinn zwee Lëtzebuerger Ënneroffizéier an der EU-Trainingsmissioun am Mali täteg, fir d'malesch Arméi auszebilden. Och am ziville Beräich hëlt Lëtzebuerg u Missiounen deel, wéi zum Beispill an de leschte Joren am Kosovo EULEX, am Niger EUCAP Sahel, am Mali EUCAP Sahel, an och an der Ukrain EUAM.

Den Ablack sinn dräi Lëtzebuerger Polizisten am Sahel am Asaz, een am Mali an zwee am Niger. D'Participatioun un den ziville Missioune bleift eng Prioritéit vun dëser Regierung, well et dee logesche Complement ass, fir eng Konfliktsituatioun laangfristeg ze stabiliséieren.

Mir setzen eis domadder aktiv derfir an, d'Rechtsstaatlechkeet an deene betraffene Länner opzebauen, an hinnen esou um Wee hin zu enger demokratescher, stabiller Statsform ze hëllefen.

D'Zesummenaarbecht, Här President, mat de Benelux-Länner bleift ee ganz wichtege Vecteur vun eiser aussepolitescher Aktioun, sief et op grenziwwerschreidende Projeten oder op internationalem Niveau. Am Kader vun der Presidence vum Ministerrot vun der Benelux-Unioun hat Lëtzebuerg sech dräi grouss Prioritéite gesat: d'Mobilitéit an d'Sécherheet vun de Persoune verbesseren, Ëmweltschutz promouvéieren an och de Bannemaart weider verdéiwen. Mir hunn do konkret Initiative geholl, déi eise Bierger zeguttkommen, a se erlaben dem Benelux weiderhin, senger Roll als europäesche Laboratoire nozekommen.

Här President, de Bierger steet och am Mëttelpunkt vun der Presidence vun der Grussregioun, déi Lëtzebuerg den 1. Januar iwwerholl huet. Den Ausseministère huet an deem Dossier dem Departement vun der Grussregioun, am Kader vu senge Kompetenzen, seng aktiv Ënnerstëtzung ugebueden. An eis Equippe wäerten och enk zesummeschaffen.

De Siège um Kierchbierg: Als État hôte vu verschiddenen europäeschen Institutiounen an Organisme setzt Lëtzebuerg weiderhin alles drun, fir de Leit, déi do schaffen, déi beschtméiglech Aarbechts- a Liewensbedéngungen ze garantéieren. Vun engem wirtschaftlechen, sozialen a kulturelle Standpunkt ass d'Präsenz vun ongefäier 14.000 - mir mussen dat ënnersträichen - 14.000 EU-Beamten an hire Familljen ee wichtegt Element fir eist Land.

Um Niveau vun de Bauprojeten schafft d'Regierung elo momentan enk mat der Commission um Projet Jean-Monnet-II. D'Madamm Buergermeeschter vun der Stad wénkt, dann ass dat esou. D'Finanzgesetz dozou gouf jo och de 17. November 2016 hei an der Chamber ugeholl. De Projet gëtt an zwou Phase realiséiert an d'Endresultat wäert och eng funktionell an homogen Léisung fir déi ronn 3.000 betraffe Mataarbechter duerstellen, déi den Ament op verschiddene Sitten um Kierchbierg an och op der Cloche d'Or verspreet sinn.

Wat d'Kommissioun ugeet, wollt ech och nach soen, dass mer och aner Elementer vum Accord, deen ech am Dezember 2015 mat der Vizepresidentin Kristalina Georgieva ofgeschloss hat, amgaange sinn ëmzesetzen oder souguer schonn ëmgesat hunn. Esou gouf zum Beispill der Kommissioun hiren neien Datazenter zu Betzder jo den 12. Dezember a Präsenz vum Kommissär Oettinger ageweit. D'europäescht Parlament kënnt, mat der Ënnerstëtzung vum Lëtzebuerger Stat, och gutt viru mat den Aarbechten an hirem neie Gebai, dem Konrad-Adenauer-II. Datselwecht gëllt fir den drëtten Tuerm vum Europäesche Geriichtshaff. D'Plangungsaarbechte fir de Sëtz vun der Cour d'appel a vun der neier Juridiction unifiée vum Brevet kruten een Ament Retard wéinst dem brittesche Referendum d'lescht Joer. Mer sinn awer entre-temps nees weiderkomm. A mir erwaarden eis, dass dës nei Juridictioun dann och dëst Joer hei zu Lëtzebuerg ka mat hiren Aarbechten ufänken.

Här President, déi al Divisiounen tëschent Norden a Süden, Osten a Westen, aarmen a räiche Länner schéngen ëmmer méi enger anerer, fundamentaler Divisioun Plaz ze maachen, an zwar där tëschent autoritären an demokratesche Staten, tëschent zouenen an oppene Gesellschaften. Si ass tëschent deenen, op där enger Säit, déi dru gleewen, dass d'Muecht an d'Transaktiounen den internationale System regéiere sollen, an deenen, op där anerer Säit, déi wéi mir dru gleewen, dass international Bezéiungen op klore rechtsstaatleche Regelen an Norme fondéiert musse sinn. Dacks sinn déi autoritär Staten nationalistesch gepräägt an hunn eng Weltusiicht, déi een Nullzommespill ass. Déi demokratesch State gleewen dogéint un de Wäert vun der internationaler Zesummenaarbecht, fir zesummen d'Problemer ze léisen.

Nom Enn vum Zweete Weltkrich hu mer eis Welt nei opgebaut. Mir hunn eis international Organisatioune ginn, déi verhënnere sollten, dass eng drëtte Kéier e Krich géint d'Mënschheet géif ugoen. De kollektiven Trauma vun der Schoah a vum Verloscht vu 60 Millioune Mënscheliewen am Krich op där enger Säit, d'Angscht virun der absolutter Zerstéierungskraaft vun den Atomwaffen op där anerer Säit waren eigentlech d'Grondsteng fir d'Charta vun de Vereenten Natiounen, d'Charta, an där d'mënschlech Würd an d'Souveränitéit vun de State consacréiert goufen, an där d'Gläichheet tëschent alle Mënschen gradesou wéi d'souverän Egalitéit tëschent alle Staten, grouss a kleng, ee fir allemol festgehale gouf.

Dësen internationale System steet um Spill, wa Staten d'Mënscherechter net respektéieren. A ronderëm d'Welt erliewe mer am Moment eng Veschlechterung vun der Situatioun vun den zivillen an och vun de politesche Rechter zesumme mat engem erëm Opflame vu Konflikter. Weltwäit gëtt den Espace fir d'Zivillgesellschaft méi kleng. Déi Leit, déi d'Mënscherechter verteidege gi selwer Affer vun Intimidatioun a vu Gewalt. Souguer virum Mënscherechtsrot a virun der Generalversammlung vun der UNO ginn d'Organisatioune vun der Zivillgesellschaft ugegraff. Den internationale Mënscherechtssystem selwer gëtt attackéiert. Ëmmer méi State verbidden de Servicer vum héije Kommissär fir d'Mënscherechter, deen ech den 20. Januar hei zu Lëtzebuerg empfaange konnt, den Accès a kooperéieren net méi mat de Mandatairë vun de spezielle Procedure vum Mënscherechtsrot.

Lëtzebuerg ass, wéi Der vläicht wësst, Kandidat fir de Mënscherechtsrot fir d'Joren 2022 bis 2024. Et ass déi éischt Kandidatur vun eis fir dee Rot, deen 2006 an d'Liewe geruff gouf an ee wichtegt subsidiäert Organ vun der Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen ass. Esou wéi mer 2013 an 2014 een engagéierte Member vum Weltsécherheetsrot waren, wëlle mer en engagéierten a couragéierte Member vum héchsten UNO-Gremium fir d'Promotioun a fir de Schutz vun de Mënscherechter ginn.

Ze gleewen, dass déi international souwéi déi national Acquisen, Här President, vun der Rechtsstaatlechkeet a vun der Demokratie onwidderruflech sinn, wier e schwéiere strategesche Feeler. Esou wéi déi Generatioune virun eis an zwee Weltkricher fir d'Fräiheet an d'Gerechtegkeet a géint de Faschismus an den Autoritarismus gekämpft hunn, esou musse mir och elo prett sinn, fir eis Wäerter, international Obligatiounen a Prinzipie vun eisem friddlechen Zesummeliewen als Mënschen an als international Stategemeinschaft ze kämpfen.

De Franz Kafka sot a sengem Roman „Der Prozess", deen hien am Eischte Weltkrich geschriwwen huet: „Die Lüge wird zur Weltordnung gemacht." Dee Saz ass och haut nach ëmmer ganz aktuell, oder erëm ganz aktuell. Mä mir mussen eis dogéint wieren. Well ouni ee Minimum vu gemeinsamem Realitéitssënn a Vertraue wär d'Welt net gutt opgestallt, fir den nächste Generatiounen eng Perspektiv ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Ausseminister.

D'Debatten iwwert d'Erklärung zur Europa- an Aussepolitik fanne muer de Mëtten ab zwou Auer statt. Merci.

5. Nomination d'un médiateur

A mer géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et geet drëm, dass d'Chamber en neie Mediateur, en neien Ombudsmann nennt. An dozou vläicht e puer Informatiounen. Esou wéi d'Gesetz vum 22. August 2003 iwwert de Mediateur an d'Artikelen 127 bis 131 vum Chambersreglement et virgesinn, bestëmmt d'Chamber elo deen neie Mediateur. No den Dispositioune vun den Artikelen 128 an 129 vun eisem Reglement huet d'Presidentekonferenz eng Kandidatelëscht mat fënnef Kandidaten arrêtéiert. D'Lëscht vun de Kandidaten, déi nach en lice sinn, ass un d'Deputéiert verdeelt ginn. D'Chambersreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Also, et gëtt keng Procuratioune bei där doter Wiel.

Nëmmen d'Votten iwwert déi offiziell deponéiert an zréckbehale Kandidature si valabel. Dir sidd also gebieden, fir Iech um Wahlziedel fir ee Kandidat ze entscheeden.

(Brouhaha)

Wa mer senger Liewe beim éischten Tour kee Kandidat hätten, deen déi absolutt Majoritéit kritt, kënnt et zu engem Ballottage, an deem déi zwee Kandidaten nach en lice sinn, déi am éischten Tour déi meeschte Stëmme kruten.

Vote secret sur les candidats au poste de médiateur

Ech wollt och, ier ech elo gläich d'Nimm vun de Kolleegen opruffen, e puer Kolleegen entschëllegen, déi vun engem Stierffall an der Famill getraff sinn an dofir en bonne et due forme hei entschëllegt sinn. Ech wollt och gläichzäiteg de Kolleege Wiseler, Mergen a Roth eist häerzlecht Bäileed ausdrécken.

Ech géif dann, wann d'Ofstëmmung eriwwer ass, d'Nimm vun de Kolleeginnen a Kolleegen opruffen.

Appel nominal

Kolleegen, ech géif d'Sëtzung kuerz ënnerbriechen, bis dass mer ausgezielt hunn.

(La séance publique est suspendue à 16.17 heures)

***

(La séance publique est reprise à 16.24 heures)

An d'Sëtzung ass erëm op. Hei ass d'Resultat vun der Ofstëmmung. Mer hate 54 Bulletinen. Dorënner 5 Bulletins blanc. Also 49 Bulletinen, wou ofgestëmmt gouf. D'absolutt Majoritéit louch, bei 54 Leit, déi ofgestëmmt hunn, bei 28. A mer hu folgend Resultat: D'Madamm Claudia Monti mat 35 Stëmmen, den Här Jan Kayser mat 9 Stëmmen, d'Madamm Catherine Thomé mat 4 Stëmmen, d'Madamm Christiane Weidenhaupt mat enger Stëmm an den Här Aniset Luc ouni Stëmmen.

Domat wär d'Resultat kloer an d'Madamm Claudia Monti wär nom Choix vun der Chamber déi nei Mediatrice.

(Applaudissements)

Voilà, Kolleegen, da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, zum Projet de loi 6854. Et ass de Projet iwwert d'Hëllefen am Beräich vun der Fuerschung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vum Projet, den honorabelen Här Franz Fayot.

6. 6854 - Projet de loi ayant pour objet

1. le renouvellement des régimes d'aides à la recherche, au développement et à l'innovation;

2. les missions de l'Agence nationale pour la promotion de l'innovation et de la recherche;

et modifiant la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

Rapport de la Commission de l'Économie

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Madamm Statssekretärin, an engem Land wéi Lëtzebuerg, dat sech resolutt der drëtter industrieller Revolutioun verschriwwen huet, ass eng staark Fuerschung an Innovatioun e Must. Fir dass déi smart an diversifiéiert Wirtschaft, un där eist Land schafft, Realitéit gëtt, brauche mer innovativ Produkter a Léisungen. An déi entstinn an engem Ëmfeld, wou d'Fuerschung an d'Privatwirtschaft effizient zesummeschaffen.

Ee vun de Mëttele vun der Politik, fir esou en Ëmfeld ze schafen, sinn d'Subventiounen, déi de Stat entweder direkt oder duerch Agencë ka verginn. D'EU huet an dësem Beräich vun der RDI 2014 en neit Reglement 651/2014 adoptéiert an e Règlement général, deen dat accompagnéiert. An et ass un dee Kader, wou mer eis Legislatioun haut duerch dëse Projet upassen.

Dir wësst, dass d'Recherche et innovation ee vun deene véier Beräicher ass, wou d'Aides d'État an der EU erlaabt sinn. Déi aner dräi, just zur Erënnerung, sinn d'Energie an d'Ëmwelt, d'PMEen, déi jo och elo hei an dëse Volet mat

erageholl ginn, a strukturaarm Regiounen, dat ass de Projet de loi 6853, mat deem mer och an der Ekonomieskommissioun befaasst sinn an deen och elo deemnächst eng Kéier hei an de Plenum kënnt.

Déi politesch Ambitioun hannert dësem Gesetz ass et, den Investissement generell an der Recherche eropzefueren duerch besser Zesummenaarbecht tëscht ëffentleche Stellen a Privatwirtschaft. Dat affichéiert Zil, dat am PNR vum leschte Joer nach eng Kéier verëffentlecht ginn ass, ass et, bis 2020 op e Gesamtopwand vun tëschent 2,3% an 2,6% vum PIB ze kommen. An dovu sollen 0,7% bis 0,9% aus dem Privatsecteur kommen.

Fir den Ament, an dat wëssen och déi meescht vun lech, gi mer ongeféier 1,1% vum PIB fir Recherche an Developpement aus. Mir sinn also nach relativ wäit vum Schoss. Dat ass zwar net schlecht an et ass iwwert d'Joren ëmmer weider geklomm, mä an deene leschte Joren huet den Undeel vun der privater Recherche nogelooss an en ass haut relativ niddreg. An et ass genee dorun, wou mer musse schaffen. An et ass och do, wou dat Gesetz hei usetzt.

Am Resumé beinhalt dëst Gesetz dräi Haaptännerungen: Déi éischt ass eng Vereinfachung fir Kleng- a Mëttelbetriber. Vun néng Régimes d'aides ass op ee reduzéiert ginn. Dat mécht den Accès an d'Verständnis vun dëser Matière méi einfach.

Zweetens kritt Luxinnovation nei Missiounen. Fir kleng Dossiere vu 50.000 bis 100.000 Euro ka Luxinnovation eegestänneg an also méi schnell agéieren. Bei Hëllefe vu manner wéi 200.000 Euro kritt Luxinnovation eng Roll vun Agence de financement a kritt eng Dotatioun per Konventioun.

An drëttens bilt dëst Gesetz d'Basis fir déi ganz Recherche, Developpement an Innovation, sief et fir den Artisanat, de Commerce, de FinTech, den Healthtech an all déi aner Beräicher, an déi d'Lëtzebuerger Regierung privilegéiert investéiert.

Dëst Gesetz vereenegt also déi ganz Matière.

De Projet de loi mat der Nummer 6854 ass den 12. August 2015 vum Wirtschaftsministère deposéiert ginn. Wéi gesot, d'Zil vun dësem Projet ass et, déi nei Hëllefssystemer fir d'Promotioun vun der Fuerschung, der Entwécklung an der Innovatioun anzeféieren, an dat am Aklang mat deenen zwee europäeschen Texter, déi ech scho virdru genannt hunn.

Suite vum Akraafttriede vum Reglement 651/2014 gëtt och d'Gesetz vum 5. Juni 2009 iwwert d'Promotioun vun der Fuerschung, Entwécklung an Innovatioun, souwéi den Artikel 5 vum geännerte Gesetz vum 30. Juni 2004 iwwert d'Kreatioun vun Hëllefsregimmen zugonschte vu PMEe mat dësem Gesetzesprojet erëm an Aklang bruecht.

Zousätzlech ginn an dësem Gesetzesprojet eng Rei Recommandatiounen an Evaluatiounen, déi an deene leschte Jore vun nationale wéi och internationalen Akteuren un d'Lëtzebuerger Regimm (veuillez lire: Regierung) adresséiert goufen, mat consideréiert a mat ëmgesat.

Wat d'Forme vun den Hëllefen ugeet, esou ginn zousätzlech zu den aktuelle klassesche Subside mat dësem Gesetz nei Hëllefsinstrumenter geschaaft. Mat dësem Gesetz sollen all d'Méiglechkeeten, déi den europäesche Kader hiergëtt, ausgeschëpft ginn, fir der Recherche, der Fuerschung an der Innovatioun finanziell Hëllefen zoukommen ze loossen an, wéi gesot, virun allem d'Ausgaben am Beräich vun der Fuerschung an der Entwécklung vun de private Betriber ze héijen.

Mat dësem Gesetz sollen also d'Betriber weiderhin encouragéiert ginn, fir souwuel an d'Entwécklung vun neie Servicer a Produite wéi och a verbessert Produktiounsmethoden ze investéieren. Weider sollen och déi multisectoriell Spezialisatiounen a verschiddene Beräicher incitéiert ginn.

Eent vun deene wichtegsten Instrumenter, op dat gesat gëtt, si Partnerschaften zwëschen Entreprisen aus dem private Secteur an den ëffentleche Fuerschungslaboen.

E rezent Beispill, dat Der vläicht matkritt hutt, ass dee pluriannuelle Kooperatiounsprogramm tëscht Goodyear an dem LIST, dee viru Kuerzem annoncéiert gouf. Dat ass en ambitiéise Programm mat der Goodyear, wat jo am Fong dee Betrib mat deem gréissten R&D-Departement ass, an et sinn där Partenariater, där nach méi sollen an deenen nächste Joren hei am Fong duerch dëst Gesetz incitéiert ginn.

E weidert Zil vum Gesetz ass et, den administrativen Zougang zu finanziellen Hëllefen ze vereinfachen. Dofir kritt Luxinnovation GIE de Statut vun der responsabeler Finanzagence fir all déi finanziell Subsiden, déi, wéi gesot, ënner 200.000 Euro leien. An och d'Evaluatioune vun dëse verschiddenen Hëllefsregimmer, déi mat dësem Gesetz entstinn, gi weider verstäerkt.

Här President, den Hannergrond vun dësem Gesetzestext ass deen, dass sech an deene leschte 15 Joer de Lëtzebuerger System vun der RDI staark entwéckelt a strukturéiert huet a mëttlerweil eng kritesch Gréisst erreecht huet. Dorobber ass elo deementspriechend reagéiert ginn an de Regimm vun Hëllefe fir d'Recherche an d'Innovatioun ugepasst ginn.

Am Ufank hate mer hei zu Lëtzebuerg just Fuerschungs- an Entwécklungsaktivitéite vun e puer grousse Multinationallen. Dunn huet sech mat der Kreatioun vun de CRPen an der Uni Lëtzebuerg och d'Recherche fondamentale en place gesat an d'Fuerschungsaktivitéite verstäerkt. Déi ëffentlech Fuerschung ass du progressiv zu enger politescher Prioritéit vun de Regierunge ginn, obwuel hei nach Loft no uewen ass. An ech kommen zum Schluss nach eng Kéier kuerz op dës Remarque zréck.

Kontrakter mat Fuerschungsinstituter wéi zum Beispill Luxinnovation, mä och Reforme wéi d'Fusioun tëschent dem Institut Henri Tudor a Gabriel Lippmann mam Luxembourg Institute of Science and Technology (veuillez lire: tëschent dem Institut Henri Tudor a Gabriel Lippmann zum Luxembourg Institute of Science and Technology), d'Integratioun vun der BioBank an den LIH, wéi och rezent d'Reform vum Fonds national de la recherche sinn alleguerte Reformen, déi weiderhin zu enger staarker Entwécklung vum Fuerschungs- an Entwécklungssecteur bäidroen.

D'Fuerschung, d'Entwécklung an d'Innovatioun hei zu Lëtzebuerg hu sech an deene leschte Jore villen Evaluatiounen ënnerbreet. Ech hunn dat schonn am Ufank ugedeit. Sou zum Beispill vun der OCDE, déi nach 2015 e Rapport publizéiert huet, der EU, dem nationale Conseil économique et social, mä och der Chambre de Commerce. Déi Lëtzebuerger Ziler am Kader vun der Strategie Europa 2020 wéi och d'Entwécklung vun den europäeschen Dispositiounen iwwert d'staatlech Hëllefe fir d'Recherche an d'Innovatioun si weider Contrainten, déi an der Evolutioun vun dësem Secteur musse consideréiert ginn.

Fir déi strategesch Objektiver ze erreechen, ginn, wéi gesot, all d'Subventiounsméiglechkeete fir d'Recherche, d'Entwécklung an d'Innovatioun benotzt, déi dëst neit Reglement offréiert. D'Tauxen a Montants plafonds sinn zudeem vun Notifikatiounen un d'Europäesch Kommissioun ausgeschloss.

Wéi och scho virdrun erwäänt ass d'Zil vun dësem Gesetzestext, d'Betriber, wéi gesot, weiderhin ze encouragéieren, fir an nei Servicer a Produiten, a verbessert Produktiounsmethoden, awer och an déi multisectoriell Spezialisatiounen a prioritär Beräicher ze investéieren.

Nach eng Kéier zur Erënnerung: Wat sinn déi Beräicher? Dat sinn, éischtens, nohalteg Technolgien, Technologië vum Liewen - déi sougenannten Healthtech oder Biotech -, Logistik, Raumtechnologien, Automobillbranche an Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien.

Wéi och scho gesot, ginn d'Partnerschaften tëschent den Entreprisen aus dem Privatsecteur an den ëffentleche Laboe weider encouragéiert. Dat zum Beispill duerch d'Erhéijung vum Taux maximal bei Kollaboratiounen am Kader vu Projeten an der Recherche an der Entwécklung.

Fir dës Ambitiounen och a Chifferen ze faassen, gëtt hei viséiert, dass amplaz wéi aktuell all Joers zéng Kollaboratiounsprojeten ze maachen, kënfteg 20 där Projete solle gemaach ginn. E weidert Zil ass et, an Zukunft sougenannte Capacitéitsinnovatiounen ze lancéieren, an d'Objektiv ass an deem Kontext, fir bis 2020 véier weider Centres d'excellence ze bauen, dovun zwee bis 2018.

Här President, ech géif just gär ganz kuerz op déi verschidden Avisen agoen. In extenso kënnt Der déi a mengem schréftleche Rapport noliesen. Deen éischten Avis ass dee vun der Chambre de Commerce. D'Chambre de Commerce huet generell positiv op dëse Gesetzesprojet reagéiert. Si begréisst dësen Text. Si seet, dass d'Efforten, déi am Beräich vun den Ausgabe gemaach ginn, als signifikativ kënne bezeechent ginn. Si begréisst och déi nei Palett vun Hëllefsregimmer, déi mat dësem Gesetzestext a Kraaft trieden. Si ënnersträicht awer, dass déi nei finanziell Hëllefen eleng net duerginn, fir dës Ziler ze erreechen, an dass ee soll méi staark a systematesch Evaluatiounen eragoen, fir a regelméissegen Intervallen d'Efforten an och d'Schwächte vun deenen Hëllefen ze analyséieren, fir da gegebenenfalls de System ze verbesseren an ze adaptéieren.

Wat d'Avise vum Statsrot ugeet, sou hu mer dës Avisen am Detail an der Kommissioun studéiert a mir sinn och drop agaangen. A sengem Haaptavis vum 24. Mee 2016 huet de Statsrot eng Rei Opposition-formellen opgeworf. Ouni elo an den Detail ze goen, handelt et sech hei haaptsächlech ëm Froe vu Cadrage normatif an ëm Rechtsonsécherheeten duerch Verweis op den europäesche Reglement, wou de Statsrot dat dann all Kéiers kritiséiert huet.

Als Konklusioun, Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, géif ech gäre soen, dass et, mengen ech, relativ kloer ass, dass kreativ an innovativ Entrepreneuren haaptsächlech op Lëtzebuerg kommen, wa se hei e favorabelt Ëmfeld fannen. An e favorabelt Ëmfeld ass en Ëmfeld, wou Ekosystemer bestinn, wou et gutt Centre-de-recherchë gëtt, wou et eng gutt Kooperatioun gëtt mat deenen ëffentleche Rechercheinstituter. Dozou gehéieren, haaptsächlech fir Start-uppen, awer och finanziell a materiell Hëllefen, mä och d'Berodung an den Austausch mat aneren Entrepreneuren. Fir dësen Ekosystem ze realiséieren, ass dëst Gesetz e wichtegt Instrument.

Zum Schluss géif ech der Statssekretärin an och der Regierung nach gäre véier (veuillez lire: dräi) Punkte mat op de Wee ginn, a vläicht ka se och kuerz an hirer Ried zum Schluss vun dëser Debatt dorobber agoen. Deen éischte Punkt ass deen, an ech hunn dat scho virdrun indiquéiert, dass zu Lëtzebuerg, trotz deene groussen Efforten, déi gemaach gi sinn, nach Loft no uewe besteet.

Am internationale Vergläich gesäit een, dass mer, wat eisen Invest ugeet, fir de Moment bei 1,2% vum PIB leien. Am Vergläich ass d'EU-Moyenne bei 1,9%. An d'Moyenne an der OCDE läit souguer bei 2,3%. Wat verschidde vun eisen direkten Noperen ugeet, esou gesi mer, dass an der Belsch den Investissement 2,5% bedréit an an Däitschland souguer 2,8%. An ech mengen also, dass hei, wéi gesot, nach kënnen Efforte gemaach ginn, obwuel an deene leschte Joren do scho ganz vill a gutt geschafft ginn ass.

Zweete Punkt. Verschidde Beräicher, an dat ass am Prolongement vun deem éischte Punkt, brauche méi Investissementer wéi anerer, wéi zum Beispill de Beräich vum Biotech. Do gëtt et nach kee grousse privaten Ekosystem, deen de Relais kéint bilde fir déi ëffentlech Recherche. An ech mengen, dass hei an der Kooperatioun tëschent dem LCSB, der Uni, dem Centre de recherche, dat heescht dem LIH an dem FNR, nach Verschiddenes kéint verbessert ginn, fir och dëse Secteur méi performant ze maachen.

An de leschte Punkt, deen ech wollt (veuillez lire: uschwätzen), wou ech am Fong éischter eng Fro un d'Regierung hunn, dat ass d'Fro vun deem Régime fiscal fir d'Business angels, dee jo ugeduecht ass, mengen ech, a wou d'Regierung wollt eng Initiativ huelen, fir am Fong Suen an de Secteur vun de Start-uppen ze drainéieren; innovative Start-uppen, méiglecherweis mat engem fiskalen Incitatif. An ech wär frou, wa mer dozou vläicht kéinten e puer Informatiounen kréien.

Dat gesot, brëngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Fayot. An d'Wuert huet elo direkt den Här Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech soe fir d'Éischt dem Rapporteur Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

Här President, eng vun de wichtegste Matièrepremièren hei zu Lëtzebuerg ass eis Matière grise. An den 80er Joren ass erkannt ginn, datt d'Recherche an d'Innovatioun wesentlech zur wirtschaftlecher Entwécklung vun eisem Land bäidroe kënnen. Wéi steet et um Internetsite am Mot de bienvenue vum Jean-Paul Schuler, CEO vu Luxinnovation? «La recherche et l'innovation sont aujourd'hui reconnues comme étant des leviers puissants du développement économique. (...) Passons ensemble de l'idée à l'action!» Dee Slogan ass och de Fil rouge, deen dat hei Gesetz duerchleeft.

Haut hu mer d'Gesetz vum 5. Juni 2009 iwwert d'Promotioun vun der Recherche, dem Developpement an der Innovatioun souwéi den Artikel 5 vum Gesetz vum 30. Juni 2004 iwwert de generelle Kader fir d'Régimes d'aides en faveur vun de Kleng- a Mëttelbetriber.

De Projet de loi 6854 dréit dem europäesche Reglement vum 17. Juni 2014 Rechnung. Dëse Reglement ass e sougenannte Règlement d'exemption.

Här President, wat heescht dat? Op europäeschem Niveau ginn d'Statsbäihëllefe ganz kritesch gesinn. An am Prinzip muss all eenzel Statsbäihëllef fir d'Éischt der Europäescher Kommissioun notifizéiert ginn, fir en Accord ze kréien. Mat dësem Règlement d'exemption falen déi Prozeduren ewech. Dat heescht, datt all déi Aiden, déi zu Lëtzebuerg am Kader vun der Recherche an Innovatioun vergi ginn an déi de Kritäre vun dësem Règlement d'exemption entspriechen, net méi mussen der Kommissioun notifizéiert ginn.

Wéi gesot, säit den 80er Joren hu vill Entreprisen an och vill Instituter an Organismen, déi an der Recherche sinn, sech en Numm gemaach. Duerfir wëlle mer vun 1,16% vum PIB 2013 op 2,3% bis 2,6% vum PIB am Joer 2020 eropgoen. Duerch dëse Projet de loi ginn och besonnesch Kleng- a Mëttelbetriber incitéiert, fir an d'Recherche an d'Innovatioun ze investéieren.

Des Weidere gëtt d'Spécialisation multisectorielle a prioritären Domänen oder an Domänen, wou Lëtzebuerg wierklech Virreider ka spillen, gepusht. Wéi et am Avis vun der Chambre de Commerce heescht, sinn déi Axes prioritaires: Matériaux avancés, Technologies durable, Technologies de la vie, d'Logistik, d'Technologie spaciale, de Secteur vum Automobill wéi och d'Informatiouns- an d'Kommunikatiounstechnologien.

Déi Aiden, déi kënnen ugefrot ginn, si fir d'Études de faisabilité technique, Aides à l'innovation zugonschte vun de Kleng- a Mëttelbetriber, Aidë fir jeunes entreprises innovantes, fir d'Innovation de procéder et d'organisation, fir d'Investissementer an Infrastrukturen, déi d'Recherche facilitéieren oder erlaben, fir d'Investissementer a sougenannte Pôles d'innovation, fir d'Gestioun vun dëse Pôles d'innovation a fir d'Participatioun u Programmer oder Initiativen en matière de recherche, de développement et d'innovation.

Aner wichteg Punkte sinn, datt de Partenariat tëschent Public a Privé renforcéiert gëtt, datt den Accès zu den Aidë simplifiéiert gëtt an datt och regelméisseg gekuckt gëtt, wéi den Effet bénéfique konkret vun deene verschiddene Régimes d'aides ass.

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

De Montant vun den Aidë variéiert en fonction vun der Taille vun der Entreprise, vum Domän, an deem recherchéiert gëtt, vum Niveau de collaboration tëschent Entreprisen an Instituts de recherche an en fonction vum Degré de diffusion vun dem Resultat, dat duerch d'Recherche erauskënnt.

Wie gëtt dës Aiden? Dës Aidë ginn zesumme vum Ministère de l'Économie an dem Ministère des Finances ginn. Fir verschidden Aidë muss fir d'Éischt och en Avis vun enger Commission consultative gefrot ginn.

De qualitative Kritär, fir eng Aide ze kréien, ass, datt dës Aide, wéi et am Artikel 14 vum Projet de loi steet, en Effet incitatif huet an den Developpement an d'Diversification économique favorabel nuancéiert.

Wéi kann esou eng Aide ausgesinn? Et kann entweder eng Subventioun sinn oder sous forme vu Kapital oder sous forme d'Avance récupérable. Eng Avance récupérable ass e Prêt en faveur vun engem Projet oder engem Programm, deen a verschiddenen Tranchen ausbezuelt gëtt a wou d'Remboursementskonditiounen dovun ofhänken, wéi de Projet ausgeet. Et kann och sous forme vun enger Bonification d'intérêts, enger Garantie oder engem Prêt sinn. Dat hänkt vun deenen Domänen of, fir déi eng Aide ugefrot gëtt.

Här President, eng wichteg Roll kritt Luxinnovation, déi 1988 zu engem Groupement d'intérêt économique ginn ass, an déi ënnert dësem Projet de loi d'Missioun vun enger Agence de financement kritt. Ech weisen hei op eng Kritik vun der Chambre de Commerce hin, datt déi nei Missioune Luxinnovation net däerfen dovunner ofbréngen, weiderhin d'Sproochrouer an ee vun de groussen Ambassadeure vun der Recherche an Innovatioun hei zu Lëtzebuerg ze sinn.

Här President, ech hat et am Ufank vu menger Ried gesot: D'Innovatioun ass haut am Fong keen Nischeprodukt méi hei zu Lëtzebuerg. D'Innovatioun ass e wichtege Bestanddeel vun eiser Wirtschaft an et ass wichteg, datt mir Politiker regelméisseg a Betriber ginn, fir och gewuer ze ginn, wat fir eng Recherchen an Innovatiounen dës Betriber maachen. Mir als CSV maachen dat regelméisseg. An ech profitéieren hei vun der Tribün, fir och eng Kéier ervirzesträichen, datt bei eis am Osten, also am ländleche Raum, eng ganz Rei Betriber sinn, déi vill an d'Recherche investéieren an déi ee vun de Leaderen an hirem Secteur sinn.

Wie weess zum Beispill, datt et zu Gréiwemaacher eng Firma gëtt, déi um europäeschen Niveau marktführend ass an der Hierstellung vu Fënstere fir ganz grouss Autosmarken? Wie weess zum Beispill, datt zu Gréiwemaacher eng Firma Deeler fir Hightech-Motorrieder produzéiert, déi se duerch vill Innovatioun a Recherche kreéiert hunn? Am Raum Mondorf, am Raum Jonglënster ginn et ganz vill Handwierksbetriber, déi speziell a Produktiounslinnen innovéiert hunn. Zu lechternach gëtt et e berüümte Betrib, deen Deeler fir d'Loftfahrt oder d'Raumfahrt produzéiert, nëmme méiglech duerch Innovatioun a Recherche.

Et ass also d'Missioun vun de Politiker, also vun eis, Här President, Ambassadeure vun deene Betriber ze sinn, fir datt d'Leit dobausse sech bewosst ginn, wat eng top Betriber mer hei zu Lëtzebuerg hunn, a fir och d'Loscht bei deene Jonken ze kreéieren, fir an d'Recherche ze goen, well do läit e groussen Deel vun der Zukunft fir eis Jugend a soumat vun eisem Land.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Gloden. An nächst Riednerin ass d'Madamm Joëlle Elvinger.

Mme Joëlle Elvinger *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng performant Recherche a stänneg Innovatioun si wesentlech an onverzichtbar, fir kënnen nei Produiten ze entwéckelen, fir engem seng Produktiounsmethoden ze verbesseren, fir d'Qualitéit, d'Eegenschafte vun engem Produit ze optimiséieren, fir e méi zolidd, méi liicht oder méi ekologesch ze maachen.

Jo, d'Recherche an d'Innovatioun sinn de Schlëssel, fir kompetitiv ze bleiwen. Wie sech hautdesdaags net weiderentwéckelt, wien net vun neien Technologië Gebrauch mécht, deen huet et schwéier, op engem globaliséierte Maart ze bestoen. Et ass gewosst, dass Lëtzebuerg wärend deene leschte Jore vill Efforte gemaach huet, fir seng Ekonomie ze diversifiéieren. Dozou gehéieren och Secteure wéi d'ICT, d'Ekotechnologien, den Automobillsecteur, d'Logistik, den eHealth, wou grad d'Recherche, d'Entwécklung an d'Innovatioun den A an den O sinn, fir kompetitiv ze sinn an et ze bleiwen.

Dofir goufen och, zu Recht, scho vill Ressourcen an d'Recherche an an d'Entwécklung gestach. An et si jo och genau dës Aktivitéiten, déi mer nach méi hei am Land ausbaue wëllen, dat, well se eng héich Plus-value mat sech brénge kënnen. Eis ëffentlech Recherchen, sief dat d'Uni, de LIST oder de Luxembourg Institute of Health, sinn net méi an de Kannerschong. Si fänken elo lues a lues un, méi räif ze ginn. An dofir ass et nëmme richteg, dass mir eis Efforten an der Recherche an an der Innovatioun intensivéieren.

Besonnesch d'Fërdere vu Partnerschaften tëschent privaten Entreprisen an eiser ëffentlecher Recherche gëtt duerch dëst Gesetz verstäerkt. Meng Partei huet sech scho laang fir eng méi effikass Koordinatioun op dësem Gebitt agesat. Dofir sinn ech frou, dass mer mat dësem Gesetz an déi richteg Richtung ginn.

Här President, d'Demokratesch Partei begréisst och, dass d'Recommandatioune vun der OECD, vum Conseil vun der Europäescher Unioun a vum CES zu engem groussen Deel an dëse Gesetzesprojet agefloss sinn. Esou ass et och wichteg, dass mir eis konkret Ziler setzen, dass mer e Plang hunn, wou mer hiwëllen.

Eis Regierung wëllt, dass hir Depensë vun der Recherche a vum Developpement bis 2020 op 2,3% bis 2,6% vum PIB klammen. 2013 waren dës Depensen eréischt bei 1,16%. An ech si mer sécher, dass déi Ziler, déi mir eis gesat hunn, mat Hëllef vun dësem Gesetz ze erreeche sinn.

Et ass och bekannt, dass d'privat Depensen zu Lëtzebuerg fir d'Recherche an d'Entwécklung net héich genuch sinn. Dat ass besonnesch bedenklech, wann ee weess, dass mir eng Rei vun internationale Betriber zu Lëtzebuerg hunn, déi technologesch héich präzis Produiten hierstellen. Besonnesch an der Industrie hu mir héich spezialiséiert Betriber, déi scho säit Joren hei zu Lëtzebuerg an d'Recherche investéieren.

Dëst Gesetz setzt dofir geziilt Incentiven, fir dass et fir dës Betriber och weiderhin interessant ass, zu Lëtzebuerg an d'Recherche an an d'Innovatioun ze investéieren.

Mat deenen neie Forme vun Hëllefe wäerten awer och nei Entreprisen dovunner profitéiere kënnen, besonnesch kleng a mëttelgrouss Betriber, déi momentan nach net esou vill an d'Recherche investéieren.

Ech wëll elo net nach eemol an all d'Detailer vum Gesetzesprojet agoen, well de Rapporteur dat schonn ausféierlech gemaach huet, mä ech begréissen et ausdrécklech, dass mir mat dësem Gesetz Objektiver fixéiert hunn, an zwar net nëmme strategesch Objektiver, mä och quantifiabel Objektiver. Dat ass deen eenzege Wee, fir och erauszefannen, ob déi definéiert Strategie och hir Friichte droe wäerten. An et gëtt eis och d'Méiglechkeet, do nozebesseren, wou et néideg ass.

Mir hunn eis zum Beispill als Zil gesat, déi privat Depensë vun der Recherche a vum Developpement bis 2020 vun 0,71% op 1,4% vum BIP ze erhéijen. Mir wëllen, dass méi PPPen, also „public private partnership", an der Recherche entstinn. Momentan entstinn där zéng d'Joer. Mir wëllen, dass et där bis 2020 20 d'Joer sinn. Mir wëllen, dass Exzellenzzentren entstinn. An d'Zil ass et, där bis 2020 véier hei zu Lëtzebuerg ze hunn, zwee Stéck scho bis 2018. Doniewent ginn och d'Prozedure vereinfacht, fir et de PMEen ze erméiglechen, méi einfach un dës Aiden erunzekommen.

Dëst sinn alles konkret an ambitiéis Ziler, mat deene mir herno constatéiere kënnen, ob se erreecht goufen oder net.

Här President, d'Demokratesch Partei ass frou, dass mir haut dëst Gesetz stëmme wäerten. Eis Betriber waarde scho laang drop, fir kënne mat dësem neie Régime d'aides an d'Recherche, d'Entwécklung an an d'Innovatioun ze investéieren. Dëst Gesetz verbessert däitlech de Kader, fir esou Investissementer ze tätegen.

Dëst gesot, géif ech dem Rapporteur nach Merci soe fir säi mëndlechen a säi schréftleche Rapport a ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Elvinger. Nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e grousse Merci un de Rapporteur fir dëse mëndlechen a schréftleche Rapport, dee wéi ëmmer ganz komplett war, an am schréftlechen Deel kann ee sech dovun och absolutt iwwerzeegen.

RDI, Fuerschung, Entwécklung an Innovatioun, dat ass e Kapitel, wat fir Lëtzebuerg eng grouss Wichtegkeet huet. Dat sinn eiser Meenung no u sech dräi wichteg Pilieren fir Lëtzebuerg, fir d'Lëtzebuerger Wirtschaft, a fir sech och kënne vis-à-vis vun den Nopeschlänner ze positionéieren, ze behaapten an ze differenzéieren. Se si wichteg, fir dass an Zukunft en nohaltegt Wirtschaften zu Lëtzebuerg och wäert méiglech bleiwen.

déi gréng sinn also iwwerzeegt, dass d'Fuerschung zu Lëtzebuerg onbedéngt noutwendeg ass, onbedéngt muss sinn an och vun ëffentlecher Hand muss ënnerstëtzt ginn. An dat weise mer net nëmmen doduerch, dass mer haut wäerten dat Gesetz hei stëmmen, dat hu mer och als Fraktioun gewisen, an zwar am Kader vum „Pairing Scheme: Politics meets Research", wou mir als déi gréng eben och mat dräi Deputéierte vun am Ganze 17 ganz gutt vertrueden an engagéiert waren.

Et ass also fir déi gréng e staarkt Uleies, fir d'Fuerschung zu Lëtzebuerg ze stäerken. Sief et d'Grondlagefuerschung op der Uni an an den Instituter, sief et awer och déi ugewannte Fuerschung an der Privatindustrie an an de PMEen. An déi zwou Fuerschungssparten, sief et elo ëffentlech a privat oder och déi zwee Deeler Grondlagefuerschung respektiv ugewannte Fuerschung, déi mussen zu Lëtzebuerg nach vill méi staark zesummefannen.

An duerfir begréisse mer och ausdrécklech d'Zilsetzung, déi an dësem Projet de loi matdrasteet, an zwar d'Verduebelung vun de Kollaborationsprojeten, privat an ëffentlech, déi vun haut zirka zéng pro Joer op 20 pro Joer an der Strategie 2020 sollen uwuessen.

Déi verschidden Hëllefen, déi an dësem Projet de loi hei proposéiert ginn, déi huet de Rapporteur u sech schonn am Detail virgestallt, an och deen neie Rôle, deen u sech Luxinnovation GIE soll iwwerhuelen, an duerfir wäert ech hei elo net méi am Detail drop agoen.

Ech wëll awer hei ee ganz kuerze Bilan maachen, d'Resultater opweise vun deem leschte Promotiounsgesetz 2009. Dat huet Resultater bruecht, déi moossbar sinn an déi sech och weise loossen. De Budget public fir d'Recherche an d'Entwécklung ass vun 2009 bis 2015 bal verduebelt ginn, mat am Moment fir 2015 380 Milliounen Euro. Bemierkenswäert ass dobäi, wann een dat e bësse méi genau kuckt, dass de Beräich Santé deen éischten un der Stell ass, an zwar mat net manner wéi 80 Milliounen Euro fir 2015. An als zweete Secteur kënnt u sech do d'Educatioun mat 45 Milliounen Euro. Nëmmen den Ëmweltberäich ass säit all deene Jore mat zirka 8 Milliounen Euro stabill oder ganz liicht zréckgaangen, wat eis als déi gréng natierlech net kann zefriddestellen. Mä wat net ass, ka jo nach kommen. An ech mengen, wann ee kuckt och am Kader vum Verloscht vu Biodiversitéit, déi eng Realitéit ass, vum Klimawandel, vun der Strategie Rifkin, da wäert an Zukunft d'Fuerschung am Ëmweltberäich och fir Lëtzebuerg a fir ganz Europa ëmmer méi wichteg ginn.

An duerfir sollte mir hei zu Lëtzebuerg eis Capacitéiten an dësem essenzielle Beräich och vergréisseren a stäerken a Lëtzebuerg zum Virreider an Europa maachen. A mir si scho Virreider a verschiddene Fuerschungsprojeten. An ech wëll just ganz kuerz dräi Beispiller opzielen. Dat eent, wat eis als déi gréng ganz noläit, dat ass de Fuerschungsstull vun TDK op der Uni Lëtzebuerg, déi u sech Virreider sinn a wou Der och ganz regelméisseg d'Publikatioune op deenen entspriechende Sitte fannt, sief et an der Dünnschichttechnologie, sief et an der Erhéijung vum Rendement vu Fotovoltaikzellen, sief et awer och an de Konzentratorzellen. Dat ass also Energieproduktioun.

Dann hu mer ee Volet, wou mer och ganz staark vertruede sinn. An net méi spéit wéi d'lescht Joer ass u sech de Lush Prize vun de Kosmetikhiersteller un ee Lëtzebuerger Fuerscher vergi ginn, an zwar vun der Uni Lëtzebuerg an der Biomedezinn. Dat ass de Pranjul Shah, een indesche Fuerscher, deen hei zu Lëtzebuerg ënnerwee ass. A wat huet e gemaach? En huet u sech den Daarm nogebilt. An zwar e künstlechen Daarm - a wat u sech dann an dee Volet erageet, dass mer kënnen d'Déiereversich zréckschrauwen -, wou ee kann d'Interaktioun zwësche Bakterien an den Daarmhait simuléieren. An deen och absolutt weeweisend ass fir d'Fuerschung zu Lëtzebuerg. An duerfir ass dat och ee Volet, deen eis als déi gréng absolutt um Häerz läit, fir ze kucken, dass een dee Volet vun der Fuerschung un Déieren esou kleng wéi méiglech kann halen respektiv komplett dorop verzichte kann. Also Kosmetik ouni Déiereversich.

En drëtt Beispill, fir awer och ze weisen, dass d'PMEe méi wéi aktiv sinn: ALT, Advanced Logic Technology, dat ass eng PME, déi am Kanton Réiden an der Zone d'activité économique ugesidelt ass, an der SOLUPLA, déi u sech féierend ass an der Sensortechnik am Ëmweltberäich, déi souwuel d'Software wéi d'Hardware do op der Plaz entwéckelen an ugewannte Fuerschung do bedreiwen. Och dat si Beräicher, wéi mäi Virriedner virdru gesot huet, vun deene guer net esou bekannt ass hei zu Lëtzebuerg, dass mer do PMEen a kleng Entreprisen hunn, déi ganz vir bäi sinn an der Fuerschung.

Ech war och selwer erstaunt, wéi vill Leit hei zu Lëtzebuerg an dësem Secteur schaffen. An zwar fir d'Joer 2015, d'Statistike weisen dat, waren dat ëm déi 5.600 Leit. D'Halschent dovu si Fuerscher, also Leit mat ganz héije Qualifikatiounen. Een Drëttel sinn Techniker, déi do musse matspillen. An natierlech och d'administrativ Personal, fir u sech déi Fuerschungsprojeten zu Pabeier ze brénge respektiv déi ganz Gerance ze maachen.

D'Fuerschung zu Lëtzebuerg ass also och ee Garant fir Aarbechtsplazen, op allen Niveauen, ech hat scho gesot: Fuerscher, Techniker, Leit am administrative Beräich. D'Fuerschung zu Lëtzebuerg garantéiert och, dass mir an Zukunft nohalteg Aarbechtsplazen hei an alle Wirtschaftszweiger kënnen zu Lëtzebuerg halen an och an eise PMEen. An duerfir ënnerstëtze mir als déi gréng d'Fuerschung zu Lëtzebuerg. An ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Anzia. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wollt just am Numm vun der ADR och eis Zoustëmmung zu dësem Projet brénge.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Reding. Keng weider Wuertmeldungen? Dann huet d'Regierung d'Wuert: d'Madamm Statssekretärin Francine Closener.

Prise de position du Gouvernement

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie*.- Merci, Här President. De Corselet,

dee Bréissel den EU-Memberstaten undeet, wann et drëm geet, de Betriber mat finanziellen Hëllefen ënnert d'Äerm ze gräifen, dee Corselet gëtt ëmmer méi enk. Trotzdeem bleift nach Sputt. An dee Sputt notze mir gär als Wirtschaftsministère voll aus, sief et fir déi méi grouss Entreprisen, sief et awer och fir déi kleng a mëttelgrouss Betriber, déi iwwer 99% vun eisem Tissu économique ausmaachen, ze ënnerstëtzen.

Eng Wirtschaft, déi och muer an iwwermuer nach wëllt kompetitiv bleiwen, muss innovéieren. An déi Secteuren, déi mer zanter zéng Joer a méi zu Lëtzebuerg prioritär virundreiwen, fir eis Ekonomie ze diversifiéieren, déi Secteure sinn ebe besonnesch innovativ an och fuerschungsintensiv. Ob dat déi genannten Eko- a Biotechnologië sinn, den Automobillberäich, wou Der wësst, dass um Rouscht e ganz neie Campus entsteet, awer och d'Logistik, de Space an natierlech dee ganzen ICT-Secteur.

Déi Hëllefe sollen awer och aner Betriber, sämtlech Betriber an alle Secteuren incitéieren, duerch RDI hiert Iwwerliewen, hir Kompetitivitéit ofzesécheren. Fir Hëllefen am Beräich RDI ze ginn, gouf et bis elo zwee verschidde Gesetzer, op déi sech baséiert gouf: eent fir d'Aiden aus dem Wirtschaftsministère an eent fir d'Aidë vum fréiere Mëttelstandsministère.

A vu dass déi zwee Ministèrë jo elo zesummegehéieren, ass et och normal, dass et just nach ee Gesetz gëtt fir sämtlech Hëllefen am Beräich Fuerschung an Entwécklung respektiv Innovatioun.

D'Fro, déi sech stellt, wann een Hëllefe gëtt, ass natierlech: Wat bréngt dat, éischtens, dem Land an, zweetens, wat bréngt et dem Betrib? Waren déi Suen eigentlech och gutt investéiert? Déi Froe brauchen eben Äntwerten. An duerfir gi mer och an eng nei Bewäertungslogik eran, an een neie Bewäertungssystem, dee mer aféieren, deen et haut net gëtt.

Déi dräi grouss strategesch Objektiver goufe genannt.

Éischtens ass et néideg, dass d'Privatbetriber méi an d'Fuerschung investéieren. Am grousse Ganze stëmmt et, dass mer ambitiéis Ziler hu fir 2020. Ech wëll dozou awer och dem Rapporteur soen, dass mer schonn eng Kéier bei 1,8% waren. Allerdéngs, wéi d'Kris du komm ass, ass dee Pourcentage zréckgaangen, well, et ass kloer esou, dass et ëmmer an enger Kris esou ass, dass an der Fuerschung an an der Innovatioun d'Betriber als Éischt spueren. An dat gëllt besonnesch an der Finanzindustrie, wou do méi op d'Brems gedréckt ginn ass; manner an der Industrie tel quel.

Zweetens brauche mer Partenariater tëscht privaten Entreprisen an der ëffentlecher Fuerschung. Och dat ass scho gesot ginn. A mir wëlle besonnesch de PMEen hëllefen, méi ze innovéieren. Duerfir muss den Accès fir déi Hëllefe vill méi einfach ginn, vill besser ginn. Duerfir vereinfache mer eben och d'Prozeduren a leeë verschidden Hëllefen zesummen.

Ee Wuert nach vläicht zu Biotech. Et stëmmt, de Secteur brauch méi Invest an d'Fuerschung, fir méi Entreprisen unzeéien. Anerersäits gouf awer schonn intensiv um Ekosystem geschafft, wann ech nëmmen d'House of BioHealth nennen, wou d'Entreprisë sech ugesidelt hunn, wou mer jo schonn an enger zweeter Phas sinn, fir ze vergréisseren.

Et muss een och soen, dass Projeten, wéi den HPC, den „high performance computing"-Projet, dee muer zu Roum wäert ënnerschriwwe gi mat der Bréisseler Kommissioun, oder Projete wéi den Nationale Composite Centre, dass dat natierlech Projete sinn, déi eise Fuerschungszenter, Fuerschungsstanduert hei zu Lëtzebuerg extrem stäerken, dass mer och do eppes maache fir eis Reputatioun an Europa an doriwwer eraus, a virun allem och direkt Aarbechtsplaze schafen. Eleng mam HPC-Projet kommen 200 Aarbechtsplazen direkt op Lëtzebuerg derbäi.

Da bleift awer och d'Fro vum Volet vum eenzelne Betrib, déi sech stellt. Huet de Betrib mat Hëllef vun de staatleche Subventiounen dann effektiv och säin Zil erreecht? A fir dat ze moossen, ginn nei Indicateuren agefouert. Déi hänken natierlech vun der Zort vum Projet of. Dat kann den Ëmsaz sinn, dat kann den Emploi sinn, d'Steigerung vun der Produktivitéit oder anerer. An op Basis dovunner, vun deenen Indicateuren, kucke mer dann, ob d'Firma dat erreecht huet, wat se wollt; an dat bis zu fënnef Joer nodeems de Projet ofgeschloss gouf. Mir wëlle regelméisseg een Echantillon vu fäerdege Projeten, déi mer finanziell ënnerstëtzt hunn, esou moossen.

Wat gëtt subventionéiert? Abee am Fong déi ganz Innovatiounschaîne, Projeten a Programmer am Beräich RDI, awer och Etüden, technesch Faisabilitéitsetüden, den zäitweilegen Detachement vun héichqualifizéiertem Personal, zum Beispill aus engem Fuerschungszentrum bei eng privat Entreprise, d'Berodung an der Innovatioun, an och d'Protektioun vun der Propriété intellectuelle. Et gëtt also eng Aide, fir en neit Produkt ze protegéieren. Och dat ass e Beräich, deen ëmmer méi wichteg gëtt. An et gëtt och eng Hëllef speziell fir innovativ Startuppe vu maximal 800.000 Euro, fir Bréisselkonform ze ginn.

Et gëtt Hëllefe fir nei oder optimiséiert Produktiounsprozesser an d'Organisatioun vum Betrib. An nei ass och eng Aide fir Infrastrukturen am Beräich Recherche. Déi kann zum Beispill accordéiert ginn, wa sech eng Entreprise ee Fuerschungsequipement zouleet an dat duerno mat anere Partner, mat anere Betriber deelt.

Et gëtt natierlech awer och Hëllefe fir e Pôle d'innovation, wann also ëffentlech a privat Akteuren op enger gemeinsamer Thematik schaffen. Ee Beispill, dat Der all kennt, ass Neobuild.

A wéi enger Form gëtt et déi Hëllefen? Natierlech bleiwen déi klassesch normal Subventiounen, déi direkt Subventiounen, bestoen, mä et kommen awer och nei Forme vu Bäihëllefen derbäi. Et kann eng Avance accordéiert ginn. Start-uppe kënnen een Apport en fonds propres kréien. An et ass awer och esou, dass Investitiounen a Fuerschungsstrukturen oder an Innovatiounspôlë kënne mat Statsgarantien, Prêten oder Zënsbonifikatiounen ënnerstëtzt ginn.

An dann, wéi gesot, déi grouss Neierung ass natierlech och déi vun der Luxinnovation, dass déi national Promotiounsagence elo de Statut kritt vun enger Agence de financement. Déi Konventioun tëscht dem Ministère an der Agence ass amgaangen ausgeschafft ze ginn, fir déi genee Modalitéite festzeleeën.

Wat erwaarde mer eis elo un Demandë fir Hëllefen? Et kann een natierlech nëmme schätzen. Mir ginn dervun aus, dass bis d'Joer 2020 ronn 200 Milliounen Euro dierften u grouss Betriber an och un d'PMEen ausbezuelt ginn am Beräich RDI.

Dann nach vläicht dee Punkt vum Régime fiscal fir Business angels, also déi Étude juridique, fir esou ee Regimm anzeféieren. Déi hu mer maache gelooss, déi ass fäerdeg. An d'Diskussioune lafen eigentlech elo mam Finanzministère, fir ze kucken, wéi een dat am beschte kann ëmsetzen.

Här President, mat dësem neie Gesetz schafe mer d'Viraussetzungen, fir och an deenen nächste Jore weider finanziell Ureizer fir eis Betriber ze behalen, déi engersäits vu Bréissel akzeptéiert ginn, an anerersäits de Betriber d'Decisioun erliichteren, fir méi a Fuerschung, Developpement an Innovatioun ze investéieren. Well nëmmen esou hu mer och eng Chance, fir déi ambitiéis Ziler, déi mer eis gesat hunn, ze erreechen. Duerfir sinn ech frou iwwert déi breet Zoustëmmung vun der Chamber a soe Merci fir d'Wuert.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Statssekretärin. Mir wären da prett, fir zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6854 iwwerzegoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6854 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60 Participatiounen um Vott. 58-mol Jo. 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, de Projet 7039 iwwert d'Vermaartung an d'Benotzung vu sougenannte Précurseurs d'explosifs. An d'Madamm Tess Burton, d'Rapportrice, wäert eis elo erklären, ëm wat dass et genee geet. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

7. 7039 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°98/2013 du Parlement européen et du Conseil du 15 janvier 2013 sur la commercialisation et l'utilisation de précurseurs d'explosifs

Rapport de la Commission de l'Économie

Mme Tess Burton *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deen ech lech hei presentéieren, ass den 31. August 2016 vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider deposéiert ginn.

D'Zil vun dësem Gesetzesprojet ass et, spezifesch national Elementer vun engem Reglement vum Europäesche Parlament a vum Conseil an eis lëtzebuergesch Gesetzgebung ëmzesetzen. Et geet drëms, fir souwuel de Verkaf wéi och de Gebrauch vun Ausgangsstoffer vun explosive Stoffer EU-wäit ze reglementéieren. D'EU-Reglement ass schonn en vigueur. Déi spezifesch national Elementer ginn hei elo preziséiert.

Mat dësem EU-Reglement reagéiere mir op de Problem vu Mëssbrauch vu sougenanntem Ausgangsmaterial vun explosive Stoffer. An anere Wierder: Et gëtt eng ganz Rei bestëmmt chemesch Stoffer, déi sech de grand Public ganz einfach am Handel ka besuergen an aus deenen ee ka Sprengstoffer, sprëch Bommen, hierstellen.

Dës sougenannten Ausgangsstoffer goufen an der Vergaangenheet a ginn och aktuell vun Terroristen a Krimineller bei Attentater agesat. Dofir ass d'Zil vun dësem Reglement, den Zougang zu dëse chemesche Produite fir de grand Public esou gutt wéi méiglech ze ënnerbannen. Dës Mesure ass eng vu ville legislativen Äntwerten, déi d'EU gëtt op déi aktuell Terrorismusgefor an déi séllechen Attentater, déi mat selwer gebastelte Sprengstoffer vum regulären Handel getätegt goufen.

Déi chemesch Substanzen, déi hei viséiert sinn, ginn an zwou Kategorien ënnerdeelt. Déi éischt Kategorie enthält verbuede Substanzen, wann déi iwwer eng gewësse Konzentratioun erausginn. An an där zweeter Kategorie ginn dann all déi Substanzen opgelëscht, déi bei enger verdächteger Transaktioun musse gemellt ginn. Mir schwätzen hei vun zwou Annexen, wou dës Substanzen opgelëscht ginn.

Et gëtt zwar schonn eng Rei gesetzlech Regelungen am Beräich vun Explosiven, souwuel um internationalem, europäeschem souwéi och um nationalen Niveau, mä dës Regelunge konzentréiere sech net wierklech op de Risiko vun deene sougenannten Ausgangsstoffer vun explosive Stoffer. An och déi bestoend Gesetzgebunge sinn ënnerschiddlech zwëschen de Länner.

E konkret Beispill, wou Krimineller dovu Gebrauch maachen, dass d'Gesetzgebunge vu Land zu Land ënnerschiddlech sinn, ass d'Beispill vun der ETA, déi grouss Quantitéite vu Sprengstoffer, déi a Spuenien verbuede sinn, a Frankräich an a Portugal verstoppt hunn. An deem Sënn gouf eben decidéiert, fir dës spezifesch Matière op EU-Niveau ze reglementéieren, well dat eben net komplett vun den eenzelnen EU-State kann assuréiert ginn.

Wat ass dann elo konkret en Ausgangsmaterial vun explosive Stoffer? Zum Beispill Peroxyde d'hydrogène, besser bekannt ënnert dem Numm Waasserstoffperoxid, gëtt a grousse Mengen u Coiffeure verkaaft, kann awer och als Explosivstoff agesat ginn. Genausou wéi Ammoniumnitrat, dat an der Landwirtschaft agesat gëtt, oder och den Nitromethan, dee bei der Benotzung vu bensinbedriwwene ferngesteierte Spillautoe benotzt ka ginn. Dëst sinn nëmmen e puer Beispiller vu Stoffer, déi zougänglech si fir all Privatmann a fir e falsche Gebrauch mëssbraucht kënne ginn.

Här President, Lëtzebuerg huet sech fir en totale Verbuet ausgesprach a ralliéiert sech domat un déi belsch Gesetzgebung. Dat heescht, dass d'Aféierung, de Besëtz an de Gebrauch vu Stoffer, déi an der Annex 1 virgesi sinn, hei am Land verbuede sinn. Et gëtt also hei zu Lëtzebuerg och kee Régime de licence oder d'enregistrement, fir esou Substanze beim Verkaf anzedroen. Ganzer zwielef Länner hu sech fir dëse Regimm, also fir en totale Verbuet, ausgesprach, wat niewebäi och den administrativ einfachste System ass, fir dass dëst Reglement a Kraaft kann trieden.

Komme mer elo zu deene verschiddenen Avisen.

D'Chambre de Commerce bedauert an hirem Avis déi relativ spéit Ëmsetzung vun dësem europäesche Reglement, wat säit 2014 a Kraaft ass. Och wërft d'Chambre de Commerce d'Fro op, firwat Lëtzebuerg sech fir den totale Verbuet entscheet huet an de Régime de licence an de Régime d'enregistrement net mat iwwerholl huet. Dëst géif et näämlech erméiglechen, dass eng Rei vun heefeg gebrauchte Stoffer awer kéinte benotzt ginn. Hei kann een nach emol preziséieren, dass de Gesetzesprojet virgesäit, dass eng Rei vu Substanze weiderhi vum grand Public benotzt kënne ginn. Dat awer just ënner enger gewëssener Konzentratioun.

De Statsrot huet de 27. Oktober 2016 säin éischten Avis ofginn, andeems hie sech zum Artikel 5 opposéiert huet. Hei berifft sech de Statsrot op den Artikel 15 vun der Constitutioun an op den Artikel 8 vun der Europäescher Konventioun fir Mënscherechter a verlaangt, dass an dësem Artikel muss preziséiert ginn, dass am Fall, wou et e Verdacht gëtt, dass eng Persoun sech Zougréff verschaaft huet op gréisser Menge vun dësen explosive Stoffer an eng Hausvisitt duerchgefouert soll ginn, dëst awer just mat engem Mandat vun engem Riichter méiglech ass.

Dëser Demande gouf an der Kommissioun och Rechnung gedroen. Allerdéngs ass d'Kommissioun enger anerer Demande vum Statsrot net nokomm. A sengem Avis huet de Statsrot näämlech och recommandéiert, dass net, wéi virgesinn, d'Police grand-ducale den nationale Point de contact soll sinn, mä de Wirtschaftsministère. Dëser Preferenz ass, wéi scho gesot, d'Kommissioun net nokomm, well de Wirtschaftsministère net déi néideg Kompetenzen huet, fir den nationale Point de contact ze sinn, esou wéi dat an dësem Gesetz virgesinn ass.

D'Ulafstell, fir esou Verdachter ka just d'Police grand-ducale sinn, well si déi néideg Disponibilitéiten a Ressourcen huet. Zum Beispill misst de Ministère 24 Stonnen op 24 eng Ulafstell garantéieren, fir esou Verdachter unzehuelen, wat awer de Moment net méiglech ass.

A sengem Avis complémentaire gëtt de Statsrot säin Accord zu dësen Erklärungen, wat den nationale Point de contact betrëfft, an hieft domadder seng Opposition formelle och op.

Voilà! Dëst gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Burton. Éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänken der Rapportrice e ganz grousse Merci fir hiren explizitte schréftlechen an och mëndleche Rapport.

Dëse Gesetzesprojet setzt jo d'EU-Reglement 98/2013 a Lëtzebuerger Recht ëm an hätt eigentlech scho missen 2014 transposéiert ginn. Et ass e Reglement, wat d'Commercialisatioun an d'Benotze vu chemesche Produite regelt, déi nieft dem üübleche Gebrauch awer, esou wéi d'Madamm Rapportrice dat och gesot huet, vun Terroriste benotzt ginn, fir dorauser ebe Bommen hierzestellen an domadder Attentater ze plangen an och auszeféieren.

Bis dato war d'Gesetzgebung an der EU net eenheetlech. Munch Staten hu bestëmmt Produite verbueden, wärend se an anere fräi um Marché ze kréie waren. Mat dësem Reglement soll dann elo séchergestallt ginn, dass an alle Länner déiselwecht harmoniséiert Regele gëllen, wat de Verkaf an d'Benotzen ebe vun dëse

Mëttelen ubelaangt. Domadder soll et fir d'Terroristen onméiglech ginn, einfach an en anert Land ze reesen, wat vläicht méi eng large Gesetzgebung huet a sech dann do dat ze beschafen, wat se fir hir brutal Attentater brauchen.

Bestëmmt chemesch Produiten, déi bis ewell relativ einfach um Marché fir jiddwereen ze kréie waren, ginn entweder elo ganz verbuede fir de Privatmann a just nach un déi Professionell verkaaft - dat sinn déi, déi mer an der Annex 1 opgelëscht fannen -, oder se ginn ënner Observatioun gestallt, also Annex 2. Dat sinn déi Produkter, déi een och weiderhin als Particulier ze kafe kritt, soulaang net gewësse Konzentratiounen an och gewësse Quantitéiten iwwerschratt ginn.

Ech ginn Iech e puer Beispiller. D'Madamm Burton hat schonn dat eent oder anert citéiert. Ech wéilt dat e bëssen erweideren, fir dass mer och wierklech wëssen, vu wat mer hei schwätzen. Ugefaange mat Beispiller vu Produkter aus der Annex 1, also déi, déi an Zukunft just u Professioneller dierfe verkaaft ginn. Dir hat et gesot, de Peroxyde d'hydrogène, besser bekannt ënnert dem Numm „Eau oxygénée", dee gebraucht gëtt am Coiffeurssalon, fir d'Hoer ze entfierwen, fir Mèchen dran ze maachen. Dohier och den Numm „wasserstoffblond".

Une voix.- Dir wësst, vu wat Der schwätzt.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV)*.- Mir wëssen, vu wat mer schwätzen, Dir Häre.

(Hilarité)

Peroxyde d'hydrogène gëtt awer och geholl, fir Pabeier ze bleechen, fir d'Zänn méi wäiss ze maachen oder och nach, fir d'Waasser an de Schwämmen ze behandelen, well et och antiseptesch wierkt.

Dann awer och den Nitromethan. Dee gëtt benotzt als Carburant, wéi gesot, bei Courseautoen, awer och fir d'Produktioun vu pharmazeutesche Produkter a Pestiziden an och als Solvant. Fréier hu mer dat „Thinner" genannt. E Mëttel, fir Flecken ewechzemaachen, sief et vun Usträicherfaarf oder eben an de Botzereien.

An dann hätte mer och nach den Acide nitrique, dee vu Kënschtler an an den Dréckereie benotzt gëtt bei Koffergravuren a vun de Baueren och als Dünger agesat gëtt.

Ee Beispill just vun de Produkter aus der Annex 2 wier den Aceton, fir den Neellack dann ofzemaachen. Oder awer och nach den Nitrate d'ammonium, wat och erëm als Düngemëttel geholl gëtt.

Wichteg, an dat ass wierklech dat, wou mer effektiv mussen drop pochen, dat ass, dass an Zukunft Kontrollen op der Plaz gemaach ginn. A ganz besonnesch wäerten d'Leit aus dem Commerce sensibiliséiert ginn. Éischtens emol, den Distributeur, dee soll drop oppassen, dass seng Clienten - also ech soen elo just d'Coiffeuren oder eben och d'Baueren - net op eemol aussergewéinlech grouss Quantitéite bestellen. Dann awer och d'Caissièrë selwer. Déi mussen direkt reagéieren, wann esou e Mëttel op eemol a ganz grousse Quantitéiten iwwert d'Théik geet. Dat gëllt elo éischter fir Produkter aus der Annex 2. An dann awer och d'Betriber selwer. Déi sollen oppassen op hire Stock. Si sollen deen am A behalen an oppassen, dass net op eemol Wuer verschwënnt.

Soubal also ee vun hinnen eppes Anormales feststellt, muss en dat direkt bei der Police signaléieren. D'Police ass hiren Uspriechpartner a muss benoriichtegt gi bei suspekten Transaktiounen oder Tentativë vu suspekten Transaktiounen, an ebe soubal déi chemesch Substanzen, déi opgelëscht sinn an deenen zwou Annexen, verschwannen.

Mir als CSV begréissen dës wichteg Mesure fir d'Bekämpfung vu Mëssbrauch vu chemesche Produkter an domadder also och d'Bekämpfung vum Terrorismus. A mir gi selbstverständlech heimadder den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. An den nächste Riedner ass den Här Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP)*.- Merci, Här President. No esou engem ausféierleche Rapport, wéi mer en hei vun der Deputéiert Tess Burton virgedroe kruten, bleift mir u sech just nach, em ze felicitéiere fir dee gudde mëndleche Rapport awer och fir säi schréftleche Rapport, an den Accord vun der Demokratescher Partei ze ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. Den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Och vu mir aus der Rapportrice e grousse Merci fir de schréftlechen a mëndleche Rapport. Bei dësem explosiven Thema wëll ech elo net nach mat enger ganzer Rei vu Beispiller aus dem deegleche Liewen hei kommen, wou ee sech kéint schëlleg maachen. Bei verschiddene Produkter hat ech och net direkt fir mech en Uwendungsfall fonnt. An dofir géif ech einfach elo emol hei den Accord vun der grénger Fraktioun ginn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Dann den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo. Merci, Här President. Och ech brénge den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Text.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Keng weider Wuertmeldungen? Dann huet d'Statssekretärin am Wirtschaftsministère d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll der Rapportrice en décke Merci soen, fir deen ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot. Hei gesäit een eemol méi, firwat mer Europa brauchen, firwat mer méi Europa brauchen, firwat Europa gutt ass. Duerfir och de Fraktiounen e grousse Merci fir hiren Apport.

Ech wëll och nach soen, soubal wéi d'Gesetz am Journal officiel publizéiert ass, maache mer eng grouss Sensibiliséierungsaktioun beim grand Public a beim Commerce, deenen zoustännegen Autoritéiten, sief dat d'Police, den ILNAS, de Wirtschaftsministère, d'Douane, an op där anerer Säit bei de Beruffschamberen, der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers, der Fédération des artisans, der Fedil, der CLC maache mer zesummen eng grouss Campagne, fir eben déi Sensibiliséierung op déi dote Saachen ze renforcéieren.

Merci villmools.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Statssekretärin. A mer wären elo prett, fir ofzestëmmen iwwert de Projet 7039.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7039 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo gläich eriwwer.

Also, mir hunn 59 Participatiounen um Vott. 59-mol Jo. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Gérard Anzia), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou fir d'Debatt iwwert d'Europa- an Aussepolitik. Merci.

(Fin de la séance publique à 17.25 heures)

Sommaire des séances publiques n^{os}25, 26, 27 et 28

25^{e} séance

Ouverture de la séance publique p. 338

Communications p. 338

Ordre du jour p. 338

Heure de questions au Gouvernement

Question n°254 du 9 mars 2017 de M. Claude Lamberty relative aux éventuels travaux d'agrandissement de la Maison des sports, adressée à M. le Ministre des Sports p. 338-339

Question n°255 du 14 mars 2017 de M. Laurent Zeimet relative à l'ouverture du vote par correspondance à tout électeur qui en fait la demande, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État p. 339

Question n°256 du 14 mars 2017 de M. Claude Adam relative à la réforme de l'inspectorat et plus particulièrement l'impact de la création des directions sur la situation spécifique des instituteurs actuellement détachés auprès d'un service scolaire communal, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse p. 339

Question n°257 du 14 mars 2017 de M. Gast Gibéryen relative à la grippe aviaire, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs p. 339-340

Question n°258 du 14 mars 2017 de M. Marc Lies relative aux données inscrites au Registre national des personnes physiques, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur p. 340

Question n°259 du 14 mars 2017 de Mme Françoise Hetto-Gaasch relative à la classification de l'hôtellerie au Luxembourg, adressée à Mme la Secrétaire d'État à l'Économie p. 340-341

Interpellation de M. Fernand Kartheiser au sujet de «Eng modern Arméi fir nei Erausfuerderungen»

et

Interpellation de M. Alexander Krieps au sujet du rôle du Luxembourg au sein de l'OTAN p. 341-356

Ordre du jour p. 356

26^{e} séance

Ouverture de la séance publique p. 356

Interpellation de M. Fernand Kartheiser au sujet de «Eng modern Arméi fir nei Erausfuerderungen»

et

Interpellation de M. Alexander Krieps au sujet du rôle du Luxembourg au sein de l'OTAN (suite) p. 356

Déclaration gouvernementale de M. Claude Meisch et de M. Guy Arendt au sujet de l'«Aktiounsplang fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch» - suivie d'un débat p. 356-362

7105 - Projet de loi portant introduction d'une prime unique pour l'année 2016 dans le cadre de l'accord salarial du 5 décembre 2016 dans la Fonction publique p. 362-363

7023 - Projet de loi portant changement de limites entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la Commune de Sanem p. 363-364

27^{e} séance

Ouverture de la séance publique p. 364

Interpellation de M. Jean-Marie Halsdorf au sujet de la Grande Région p. 364-373

28^{e} séance

Ouverture de la séance publique p. 373

Communications p. 373-374

Ordre du jour p. 374

Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur la politique européenne et étrangère p. 374-379

Nomination d'un médiateur p. 379

6854 - Projet de loi ayant pour objet

1. le renouvellement des régimes d'aides à la recherche, au développement et à l'innovation;

2. les missions de l'Agence nationale pour la promotion de l'innovation et de la recherche;

et modifiant la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation p.379-382

7039 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°98/2013 du Parlement européen et du Conseil du 15 janvier 2013 sur la commercialisation et l'utilisation de précurseurs d'explosifs p. 382-383

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU **N°10** • SESSION ORDINAIRE 2016-2017

Sommaire des questions parlementaires

Question n°	Auteur	Objet
2698	Gusty Graas	Études sur le transport ferroviaire
2722	Roy Reding	Sanctions disciplinaires pour magistrats
2741	David Wagner	Difficultés relatives au stage d'insertion professionnelle des enseignants-stagiaires
2745 cf. 2759	Marco Schank	«Carsharing»
2755	Henri Kox, Josée Lorsché	Modification notable des modalités d'exploitation pour une vingtaine de réacteurs nucléaires français
2759 cf. 2745	Claudia Dall'Agnol	«Carsharing»
2761	Gusty Graas	Tests des gaz d'échappement des véhicules
2763	Yves Cruchten	Risque d'incendie lié à des installations photovoltaïques
2764	Claudia Dall'Agnol	Lignes RGTR desservant la ville de Dudelange
2777	Fernand Kartheiser	Statistiques de l'immigration
2778	Gérard Anzia, Henri Kox	Festival de l'automobile 2017
2780	Marc Spautz	Structures provisoires d'accueil pour réfugiés
2781	Françoise Hetto-Gaasch	Structures accueillant des nouveau-nés
2782	David Wagner	Étiquetage des produits originaires des colonies israéliennes
2783	Gilles Baum	Trafic sur la route nationale N11
2784	Josée Lorsché	Complications liées à des produits pharmaceutiques contenant la substance docétaxel
2785	Françoise Hetto-Gaasch	Aide pour aménagements spéciaux de logements pour personnes handicapées physiques
2786	Taina Bofferding	Participation de «demandeurs de protection internationale» en tant qu'auditeur libre à des cours de l'Université du Luxembourg
2787	André Bauler	Route nationale N10 entre Dasbourg et Marnach
2788	Yves Cruchten	Ligne RGTR 215
2789	Martine Hansen	Lycée technique hôtelier Alexis-Heck
2790	Laurent Mosar	Moteur de recherche en ligne permettant l'accès à des données d'assujettis à la TVA
2791	André Bauler	Tourisme au Luxembourg
2792	Franz Fayot	Dépenses militaires
2793	Fernand Kartheiser	Orthophonie
2794	Fernand Kartheiser	Prévention du VIH
2795	Fernand Kartheiser	Critères linguistiques d'embauche de LuxTram SA
2796	Martine Mergen	Maison des associations asbl
2797	David Wagner	Pénurie de logements
2798	Laurent Mosar	Contrats épargne-logement
2799	Marc Lies, Sylvie Andrich-Duval	Friche industrielle Laminoir de Dudelange
2800	Gilles Roth, Diane Adehm	«Paquet d'hiver» de la Commission européenne
2801	David Wagner	Sous-traitance de la délivrance de visas à destination du Luxembourg
2802	Martine Hansen, Marco Schank	Produits du terroir
2809 cf. 2814	Diane Adehm, Gilles Roth	Cyberattaques
2812	Gérard Anzia, Henri Kox	Fuite d'huile auprès de Goodyear à Colmar-Berg
2814 cf. 2809	Fernand Kartheiser	Cyberattaque contre des serveurs du Gouvernement
2824	Laurent Mosar	Cyberattaques de la CIA
2831	Gérard Anzia	Dégâts causés par des renards
2858	Marc Lies	Registre national des personnes physiques
2899	Fernand Kartheiser	Cyberattaque contre des serveurs du Gouvernement

Question 2698 (25.01.2017) de **M. Gusty Graas** *(DP)* concernant les **études sur le transport ferroviaire:**

Le transport ferroviaire joue un rôle-clé dans la stratégie de mobilité douce du Grand-Duché. Actuellement plusieurs études dans ce domaine sont menées dans le cadre du programme «Horizon 2020» de la Commission européenne. En effet, les recherches Roll2RAIL, It2RAIL et In2RAIL ont pour objectif de trouver des solutions pour améliorer l'infrastructure ferroviaire en Europe, respectivement par une architecture plus performante des trains, par une coordination accrue entre les différents moyens de transports en commun et par la digitalisation du réseau ferroviaire.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures:

- Est-ce que le Luxembourg participe à ces efforts de recherche (support financier ou en personnel)?

- Monsieur le Ministre peut-il m'informer si des résultats de ces trois études sont d'ores et déjà connus? Dans la négative, Monsieur le Ministre est-il en mesure d'indiquer la date de publication des conclusions?

- Monsieur le Ministre estime-t-il que ces dernières pourront servir à améliorer le réseau ferroviaire luxembourgeois?

Réponse (27.03.2017) de **M. François Bausch,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures:*

Par la question parlementaire n°2698 du 25 janvier 2017, l'honorable Député Monsieur Gusty Graas souhaite s'informer sur les études stratégiques dans le transport ferroviaire.

Le programme-cadre «Horizon 2020» pour la recherche et l'innovation 2014-2020 établi par le règlement (UE) n°1291/2013 du Parlement européen et du Conseil vise à garantir un impact plus grand sur la recherche et l'innovation en combinant les moyens financiers de l'Union et ceux du secteur privé dans le cadre de partenariats public-privé (PPP) dans des domaines où la recherche et l'innovation peuvent contribuer aux objectifs plus larges de l'Union en matière de compétitivité, mobiliser des investissements privés et aider à relever les défis de société. La participation de l'Union à ces partenariats peut prendre la forme de contributions financières à des entreprises communes établies sur la base de l'article 187 du traité sur le fonctionnement de l'Union européenne.

C'est dans ce cadre qu'a été créée par règlement (UE) n°642/2014 du Conseil du 16 juin 2014 l'entreprise commune Shift2Rail visant à stimuler et à mieux coordonner les investissements de l'Union en faveur de la recherche et de l'innovation dans le secteur ferroviaire en vue d'accélérer et de faciliter la transition vers un marché ferroviaire de l'Union plus intégré, plus efficace, plus durable et plus attrayant, adapté aux besoins des entreprises du secteur ferroviaire et conforme à l'objectif général de la réalisation d'un espace ferroviaire unique européen.

La participation substantielle de l'industrie constitue un élément essentiel de l'initiative Shift2Rail. Les gestionnaires d'infrastructure et les entreprises ferroviaires ne sont représentés que par quatre grandes sociétés.

Les projets de recherche évoqués par Monsieur le Député sont des projets «phares» destinés à éclairer le chemin de l'entreprise commune Shift2Rail, leurs résultats devant alimenter les programmes d'innovation de Shift2Rail.

Les CFL ne participent pas à ces efforts de recherche, mais ils sont engagés dans des développements à plus court terme pouvant bénéficier plus rapidement au réseau ferré luxembourgeois. Le Département des transports participe par contre au groupe des représentants étatiques de Shift2Rail. Quant à une participation financière du Luxembourg, ces projets sont cofinancés par l'Union européenne.

Les projets mentionnés devraient s'achever fin avril 2018 pour In2Rail et fin octobre 2017 pour les deux autres, à savoir Roll2Rail et It2Rail.

Ces études devraient permettre à long terme des avancées au niveau de l'industrie ferroviaire qui devraient à terme bénéficier tant au réseau ferré luxembourgeois qu'au matériel roulant qui y circule.

Question 2722 (16.02.2017) de **M. Roy Reding** *(ADR)* concernant les **sanctions disciplinaires pour magistrats:**

Am Zesummenhang mam Fonctionnement vun der Justiz wollt ech dem Här Justizminister e puer Froe stellen:

1. Wann ee Magistrat vun der Cour supérieure de justice als „sanction disciplinaire" an d'Pensioun geschéckt gëtt, wat ass da genau d'Sanktioun?

2. Kritt dee Betraffenen dann ab deem Datum eng „Pensioun"? Wa jo: Wéi héich ass déi?

3. Wéi wëllt d'Regierung an Zukunft sécherstellen, datt d'Mandater, déi d'Geriichter verdeelen (curateur, curateur à succession vacante, tuteur, notaire, commis...), gerecht an/oder no novollzéibaren, objektive Kritäre verdeelt ginn an datt esou déi néideg Transparenz geschaaft gëtt?

Réponse (15.03.2017) de **M. Félix Braz,** *Ministre de la Justice:*

ad 1. Den Artikel 156 (5) aus dem Gesetz iwwert d'Organisation judiciaire vun 1980 gesäit d'„mise à la retraite d'office" vun engem Magistrat als Disziplinarstrof vir.

Déi „mise à la retraite", gesprach duerch e rechtskräftegt Uerteel vun der Cour supérieure de justice, beendegt d'Aarbechtsverhältnis vum Agent vis-à-vis vum Stat. De betraffenen Agent verléiert seng Aarbecht, säi Statut als Magistrat.

ad 2. D'Disziplinarstof léisst d'Recht op eng Pensioun bestoen. Awer déi Pensioun gëtt eréischt ausbezuelt wann een d'Konditiounen, déi an de Pensiounsgesetzer stinn, erfëllt, dat heescht no 40 Cotisatiounsjoren oder spéitstens am Alter vu 65 Joer mat zéng Cotisatiounsjoren.

ad 3. D'Geriichter hu Regelen, no deene si Mandater un Expert, Curateur, Tuteur, Notaire, Commis, etc. verdeelen.

Et ginn zum Deel Regelen, déi an den Texter stinn, z. B. dat groussherzoglecht Reglement vum 23.12.1982 iwwert d'„conditions de désignation d'un gérant de tutelle", an zum aneren sinn et och eege Regelen, déi d'Geriichter an hirer souveräner Appréciatioun no objektiven a beruffleche Kritäre festsetzen, wéi z. B. d'Erfahrung vun Affekoten an Notairen a spezielle Beräicher. All déi Regelen, esouwuel déi aus den Texter wéi och déi aus der Praxis, solle garantéieren, dass Mandater op eng korrekt an transparent Aart a Weis gesprach ginn am Prinzip.

Question 2741 (06.02.2017) de **M. David Wagner** *(déi Lénk)* concernant les **difficultés relatives au stage d'insertion professionnelle des enseignants-stagiaires:**

Le nouveau stage d'insertion professionnelle pour les enseignants-stagiaires de l'école fondamentale, organisé par l'Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN), est entré en vigueur à partir du premier semestre de 2016.

Entre-temps, il a été porté à ma connaissance qu'au début du mois de décembre une centaine d'enseignants-stagiaires a pris rendez-vous avec la direction de l'IFEN afin de lui soumettre ses doléances relatives au stage. Pendant ces réunions, de nombreuses réclamations ont été portées à l'attention de l'IFEN.

Partant, je désire poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale:

1) Ces griefs ont-ils été consignés par écrit?

2) Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre peut-il nous les faire parvenir?

3) Dans l'éventualité où la direction de l'IFEN n'aurait pas jugé nécessaire de consigner ces

griefs par écrit, pouvez-vous néanmoins nous communiquer les principaux problèmes rencontrés par les stagiaires?

4) À la lumière des griefs et/ou doléances adressés à l'encontre du stage d'insertion professionnelle, Monsieur le Ministre estime-t-il que les objectifs définis sous l'article 10 de la loi du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale, puissent être garantis par la formation mise en place par l'IFEN?

5) Comment Monsieur le Ministre envisage-t-il de remédier à ces problèmes?

6) À l'heure actuelle, les enseignants-stagiaires doivent mener de front une tâche d'enseignement réduite seulement de deux leçons hebdomadaires sur les 23 ou 25 leçons d'une tâche complète, le suivi des cours dispensés par l'IFEN, la préparation des examens et l'élaboration d'un portfolio sur l'évolution de leurs compétences professionnelles. Par conséquent, il en résulterait des cas de surmenage menant au phénomène de «burn-out».

Estimez-vous que l'ensemble de ces obligations imposées aux enseignants-stagiaires leur assure une formation de qualité?

7) Finalement, Monsieur le Ministre peut-il m'indiquer le nombre d'enseignants qui se sont inscrits dans le stage d'insertion professionnelle au début de l'année scolaire et combien d'entre eux le poursuivent encore à l'heure actuelle?

Réponse (30.03.2017) de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse:*

Le 12 décembre 2016, la direction de l'Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN) a adressé un message à tous les enseignants-stagiaires de l'enseignement fondamental afin de les inviter à un échange sur leur vécu du premier trimestre de leur stage d'insertion professionnelle. Des plages horaires pour des entretiens individuels ou en petits groupes leur ont été proposées. Un total de 24 entretiens avec 49 stagiaires, représentant en plus une cinquantaine de collègues avec leurs questions et suggestions, ont eu lieu entre le 13 décembre 2016 et le 16 janvier 2017.

Par ces entretiens, l'IFEN souhaitait connaître la vue des enseignants-stagiaires sur le premier trimestre de leur stage. Il s'agissait par ailleurs d'avoir un premier retour sur la mise en œuvre des principes-clés définis dans les bases conceptuelles du stage:

- l'enseignant-stagiaire au centre du dispositif,

- un cadre et des méthodes de travail adaptés,

- des intervenants formés et compétents,

- une approche axée sur le processus,

- une approche axée sur la résolution de problèmes.

Ce cadre conceptuel est consigné sur le site Internet de l'IFEN https://ifen.lu/ifen/cadre-conceptuel3 ainsi que dans la brochure d'accueil à l'intention des enseignants-stagiaires (chapitres 5.2. et 5.3.).

En parallèle à ces entretiens entre enseignants-stagiaires et direction, la collecte de données en vue d'une évaluation plus globale est en cours dans le cadre des regroupements entre pairs:

- entretiens compréhensifs avec des enseignants-stagiaires,

- question posée à tous les enseignants-stagiaires sur la mise en pratique d'éléments vus depuis l'entrée en stage.

L'IFEN a mené des réunions et entretiens dans le même esprit avec les intervenants du stage (conseillers pédagogiques, formateurs, inspecteurs) et les syndicats.

Cette démarche de la part de l'IFEN a comme objectifs:

- de collecter des premières données en vue de la mise en œuvre de l'article 102 de la loi du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale, à savoir de procéder à une évaluation périodique du dispositif du stage dans le cadre d'une démarche qualité,

- de vivre les principes-clés définis dans le cadre conceptuel,

- d'intégrer les retours des enseignants-stagiaires dans la planification de la deuxième année du stage de la promotion 2016 et dans celle de la nouvelle promotion à recruter en septembre 2017.

ad 1), 2) et 3) Les entretiens entre les enseignants-stagiaires et la direction de l'IFEN étaient marqués par un esprit constructif et ouvert.

Les différents sujets abordés ont été consignés par écrit. Voici une compilation des points soulevés:

a) points soulevés pour leur grande qualité, points forts du stage:

- les échanges - lors des modules de la formation générale - sur des exemples concrets de la pratique de tous les jours en classe,

- les exemples pratiques qui sont concrètement axés sur la pratique en classe, p. ex. comment formuler le feedback suite à une production d'élève,

- le soutien par le conseiller pédagogique,

- le fait de disposer, dans certains cours, de temps pour travailler et échanger entre stagiaires et avec les formateurs sur les préparations de cours des enseignants-stagiaires,

- le module 3 du cycle 1,

- les formateurs s'investissent énormément, sont à l'écoute, répondent aux questions même en dehors du cours par les échanges sur eduMoodle et par des échanges de courriel,

- les cours de législation illustrent bien les suites d'une intervention,

- les consignes concrètes concernant les productions écrites,

- le «Leitfaden Portfolio» est très informatif et très clair,

- les échanges durant les regroupements entre pairs (note: le contraire est dit au point b),

- les collègues de cycle et d'équipe pédagogique mettent en pratique les contenus de la formation des enseignants-stagiaires,

- pas de formations à l'IFEN durant les deux semaines précédant les vacances de Noël et Pâques pour préparer et remettre les bilans des élèves,

- le module «Scolaria» est très intéressant (note: le contraire est dit au point b),

- le module de législation «Évaluation et bilans» est perçu comme très utile par ceux qui ont fait leurs études à l'étranger (note: le contraire est dit au point b).

b) points critiqués, points faibles du stage:

- les angoisses liées à la peur de l'échec,

- le temps trop important consacré aux formations,

- l'approche trop théorique pour certains modules,

- les positionnements effectués au module 2 en septembre et en octobre sont trop rapprochés,

- le module «Scolaria» n'apporte rien (note: le contraire est dit au point a),

- trop d'informations lors de la journée kick-off,

- le module de législation «Évaluation et bilans» n'est pas perçu comme utile par ceux qui ont fait leurs études à l'Université du Luxembourg,

- l'évaluation (production écrite) liée aux formations au choix,

- la différence de la charge de travail d'un surnuméraire vis-à-vis d'un titulaire de classe,

- la prise en main de la plateforme eduMoodle par certains enseignants-stagiaires qui n'ont jamais travaillé sur un «learning management system»,

- les échanges lors des regroupements entre pairs (note: le contraire est dit au point a),

- les interférences entre les modules de formation, les inspections ou les réunions,

- les difficultés de fixer un rendez-vous quand le conseiller pédagogique n'enseigne pas dans l'école de l'enseignant-stagiaire,

- l'évaluation par un inspecteur qui n'est pas l'inspecteur d'arrondissement,

- la charge de travail trop importante du deuxième trimestre (examen de législation, production écrite, bilan du portfolio, inspection),

- les deux heures de décharge accordées ne suffisent pas pour compenser la charge imposée par le stage,

- le manque de temps libre, de vacances, de temps pour la famille et les amis,

- les cours qui ont lieu le vendredi soir et le 6 décembre,

- le temps nécessaire pour les trajets des personnes qui viennent de loin.

c) Propositions formulées par les enseignants-stagiaires:

- créer des groupes plus homogènes ciblés sur des besoins bien précis et prédéfinis,

- laisser plus de choix, autant pour la sélection des modules de formation que pour la façon de travailler dans des modules de formation et regroupements entre pairs; ne pas imposer des structures, mais laisser faire, parler, échanger sans structure,

- proposer des regroupements entre pairs et des hospitations sur des thématiques précises et laisser le choix aux enseignants-stagiaires de s'inscrire selon leur besoin,

- proposer des regroupements entre pairs qui permettent de construire des préparations concrètes pour «le lendemain», par exemple: formuler une lettre aux parents, formuler une demande pour une sortie pédagogique, organiser une excursion,

- repenser le module 3,

- ne pas troubler les moments d'échange avec les autres par des moments de réflexivité ou des liens demandés vers la théorie,

- mettre à disposition le conseiller pédagogique pendant trois années,

- offrir le module «Scolaria» en petits groupes et permettre d'inscrire les données de la classe sur place.

Il ressort de cette compilation que les mêmes éléments peuvent être perçus comme positifs par certains enseignants-stagiaires, mais comme négatifs par d'autres. Il est à supposer que de nombreux facteurs impactent la perception individuelle du stage: l'expérience professionnelle antérieure au stage, la formation suivie durant la formation initiale, la situation individuelle de travail, l'implication active dans les formations, etc.

ad 4) Après quatre mois de mise en œuvre du stage qui a une durée de trois ans, il s'avère difficile sinon impossible de juger si les objectifs pourront être atteints.

Cependant, en vue de collecter de façon systématique des premiers indicateurs sur l'efficience du stage, la même question ouverte est posée à tous les enseignants-stagiaires dans les regroupements entre pairs qui ont lieu depuis la mi-janvier 2017. La question suivante a été posée: «Depuis votre entrée dans le stage, pouvez-vous évoquer des «mises en pratique» qui ont eu un effet positif (sur les élèves ou sur vous-mêmes)? D'où viennent-elles? Comment les avez-vous apprises?»

Un premier classement des réponses de 35 enseignants-stagiaires permet d'identifier une vingtaine d'items qui mettent en évidence ce qu'ils disent avoir appris depuis leur entrée en stage:

- mise en place de rituels didactiques (reformulation des consignes),

- appropriation d'un éventail plus riche de méthodes d'enseignement coopératif et créatif,

- feed-back mutuel (évaluation formative),

- soutien de toute l'équipe pédagogique,

- considérer les élèves comme «auteurs» de leur apprentissage, faire appel à leur créativité et la solliciter,

- découverte du lien entre émotion et cognition,

- adaptation des pratiques et du soutien en fonction des élèves; incorporer les élèves dans le cours,

- établir des règles de comportements avec les élèves (gestion de l'autorité par la pédagogie institutionnelle),

- donner un minimum de consignes pour favoriser l'autonomie,

- construire des consignes claires, précises et simples,

- utiliser des matériaux culturels pour introduire les cours,

- incorporer la vie quotidienne,

- valoriser le positif plutôt que pénaliser un travail insatisfaisant,

- développer un esprit de réflexion pour identifier les progrès,

- privilégier le processus plutôt que le résultat,

- demander un feed-back aux élèves,

- apprendre est un «acte social».

Les items négatifs suivants sont identifiés:

- bien souvent les pratiques positives viennent de livres, de l'université, d'Internet et des enseignants-stagiaires eux-mêmes,

- les modules de formation sont souvent théoriques, les discussions intéressantes souvent raccourcies faute de temps,

- la quantité de travail liée au stage peut avoir des effets négatifs sur l'école et les enfants,

- la formation pendant le stage est une répétition des études universitaires et ne crée pas assez de liens avec la pratique,

- le stress et la fatigue.

Dans les réponses à la deuxième partie de la question («D'où viennent-elles? Comment les avez-vous apprises?»), les enseignants-stagiaires identifient clairement l'origine de leur apprentissage dans les modules de la formation générale, dans l'accompagnement par le conseiller pédagogique et, dans un degré nettement moindre, dans le contact avec les équipes pédagogiques et collègues.

Les facteurs favorisant l'apprentissage des stagiaires qui sont liés au stage sont largement prépondérants sur les autres facteurs. Au vu du peu de temps écoulé depuis le début du stage et de la taille encore faible de l'échantillon, on peut estimer que les objectifs du stage tels que formulés à l'article 10 de la loi du 30 juillet 2015 sont en voie d'être atteints.

ad 5) Les entretiens de la direction de l'IFEN avec les enseignants-stagiaires, la collecte de réponses écrites qui est en cours, tout comme les entretiens menés par les responsables de l'IFEN avec les conseillers pédagogiques, les inspecteurs et syndicats révèlent que la perception subjective des composantes du stage que peuvent avoir les enseignants-stagiaires est très variée.

Le facteur majeur dans cette perception est la peur de l'échec au stage.

En étant à l'écoute et dans une attitude de soutien, l'IFEN encourage les enseignants-stagiaires à prendre conscience de leurs forces et compétences, les soutient à mettre leurs priorités au service des élèves et les motive à s'impliquer activement dans le stage pour lui donner du sens.

Dans la planification de la première année de stage de la promotion 2017, des aménagements ponctuels sont apportés au calendrier et à l'agencement des modules de formation afin d'améliorer les éléments perçus comme négatifs par les enseignants-stagiaires:

- augmenter le nombre d'heures de formation à suivre entre le 1er septembre et la rentrée scolaire pour ensuite pouvoir diminuer le nombre d'heures lors des semaines d'école,

- laisser les 13 et 14 septembre libres de formations à l'IFEN pour éviter les interférences avec les réunions de prérentrée organisées par les écoles ou arrondissements d'inspection,

- répartir de façon équilibrée les plages de formation sur l'année scolaire, afin de réduire le nombre de demi-journées de formation à l'IFEN à deux par semaine au maximum dans des cas exceptionnels et de viser un maximum d'une séance de formation par semaine dans la mesure du possible,

- adapter le module 3 «Comprendre les principes pour concevoir et mettre en œuvre des situations d'apprentissage» en ciblant le volet de l'évaluation formative au permier trimestre (préparation aux bilans intermédiaires des élèves) et les questionnements individuels des enseignants-stagiaires au deuxième trimestre,

- sélection du module au choix au mois de novembre seulement.

ad 6) Les enseignants-stagiaires de l'enseignement fondamental bénéficient des décharges suivantes par rapport à la tâche normale des instituteurs telle que définie dans le règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental:

1. deux leçons d'enseignement hebdomadaires pendant les deux premières années,

2. une leçon d'enseignement hebdomadaire pendant la troisième année.

Les 54 heures annuelles consacrées à l'appui pédagogique sont mises à la disposition du stagiaire pendant les trois années de stage dans le but de mener à bien la production de son mémoire et un travail de réflexion sur sa pratique professionnelle (extrait de l'article 3 du règlement grand-ducal du 25 août 2015).

Ainsi, un total de 522 heures est mis à disposition des enseignants-stagiaires sur les trois années de stage.

La charge de travail liée à la formation générale de l'année 1 du stage comprend:

- entre 65 et 70 heures de formation, dont une quinzaine d'heures entre le 1er et le 14 septembre,

- trois séances de regroupement entre pairs de trois heures chacune,

- deux séances d'hospitation de trois heures chacune,

- un examen de législation à livres ouverts,

- une production écrite de 1.200 à 1.500 mots sur l'analyse et le feed-back d'une production d'élève dans le cadre du module 3,

- une production écrite de 2.500 à 3.500 mots sur la préparation, la mise en œuvre, l'analyse

et le réflexion d'une unité pédagogique en lien avec le module au choix,

- le bilan du portfolio,

- une inspection comprenant la préparation de cours et une observation en classe suivie d'un entretien.

Cependant, la perception individuelle de la charge de travail par rapport aux heures de décharge accordées, combinée à la complexité des situations professionnelles dans lesquelles les enseignants-stagiaires se retrouvent en phase d'insertion professionnelle, varie fortement d'une personne à l'autre.

Afin d'identifier plus clairement le temps mis à disposition, il pourrait être envisagé de ne pas charger les enseignants-stagiaires en première année de stage de tâche d'enseignement le lundi après-midi. Ceci aurait comme avantage d'identifier dans l'agenda et dans la perception des enseignants-stagiaires une plage de temps à consacrer aux tâches liées au stage.

Dans les entretiens avec la direction de l'IFEN, bon nombre d'enseignants-stagiaires ont admis qu'une partie de la pression vécue durant les premiers mois de l'insertion professionnelle est liée à leur motivation intrinsèque de bien faire et à un penchant vers le perfectionnisme.

Beaucoup d'enseignants-stagiaires mettent en évidence des problèmes ponctuels présentés de façon distordue et hors contexte dans les réseaux sociaux sans proposer de solution, qui peuvent renforcer une perception négative du stage d'insertion professionnelle.

Finalement, il est à considérer que le début d'exercice de la profession d'enseignant, qui exige les mêmes responsabilités des collègues nouvellement admis à la fonction que des collègues expérimentés, constituait un défi majeur pour les enseignants nouvellement admis à la fonction par le passé.

Le dispositif du stage met tout en œuvre pour soutenir le développement aussi bien professionnel que personnel afin de permettre aux enseignants-stagiaires de gérer la complexité du métier d'enseignant, tout en sachant que la profession enseignante présente un haut risque de burnout. Prendre conscience de ses forces et potentiels de développement constitue une base pour se prémunir contre les risques du burnout tout au long de la vie professionnelle.

Dans cette perspective, le développement d'une pratique réflexive, en tant qu'élément central du cadre conceptuel du stage, vise à installer durablement une posture qui permet une adaptation continue aux changements inhérents à la profession.

ad 7) Au 1er septembre 2016, 182 enseignants-stagiaires de l'enseignement fondamental ont été recrutés.

Des dispenses de certains modules de formation, certains regroupements entre pairs et certaines hospitations ont été accordés à 101 enseignants-stagiaires.

Actuellement, les 182 enseignants-stagiaires recrutés continuent à assurer leur tâche d'enseignement et à suivre le stage d'insertion professionnelle, mis à part quelques enseignantes en congé de maternité qui profitent d'une suspension du stage.

Question 2745 (07.02.2017) de **M. Marco Schank** *(CSV)* concernant le **«carsharing»:**

La Ville de Luxembourg et la Nordstad ont toutes les deux lancé un service de partage de voitures. Le «City Mov'», repris par le groupe Enovos, propose depuis 2013 une vingtaine de véhicules électriques en partage dans cinq communes de la Nordstad et à Hesperange. Les voitures du service «Carloh» de la Ville de Luxembourg ont été mises en service en octobre 2015.

Selon mes informations, dès l'automne 2017, les CFL devraient proposer, sur initiative de Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures, leur propre service de «carsharing», un système d'autopartage lié aux transports publics.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures:

- Pour quelles raisons Monsieur le Ministre a-t-il décidé de développer un «carsharing» propre aux CFL? Quel est sa finalité précise?

- Pour quelles raisons Monsieur le Ministre n'a-t-il pas opté pour une collaboration avec les deux opérateurs existants?

- Monsieur le Ministre peut-il m'informer si le service de «carsharing» des CFL serait au moins compatible avec les deux systèmes qui sont déjà en place?

- Par quels moyens Monsieur le Ministre entend-il assurer cette compatibilité?

Question 2759 (10.02.2017) de **Mme Claudia Dall'Agnol** *(LSAP)* concernant le **«carsharing»:**

Selon un article de presse, la SNCFL envisagerait de mettre à disposition des voitures selon le principe du «carsharing» à une vingtaine de gares ferroviaires.

À ce sujet, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures:

- Quelles sont les gares concernées par ce projet? Selon quels critères seront-elles choisies?

- Dans quelle mesure les communes en cause seront impliquées dans ces projets?

- Les communes qui disposent déjà d'une telle offre seront-elles exclues du réseau «carsharing» des CFL ou y aura-t-il une offre concurrente sur leur territoire?

- Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis qu'il serait opportun et économiquement plus rentable de mettre en place un service «carsharing» unique au Luxembourg auquel les communes intéressées pourraient s'associer au lieu des services isolés qui sont créés par un nombre croissant de communes?

Réponse (21.03.2017) de **M. François Bausch,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures:*

Par leurs questions parlementaires n°2745 du 7 février 2017 et n°2759 du 10 février 2017, les honorables Députés demandent des renseignements sur le service d'autopartage, également appelé «carsharing», prévu par les CFL.

La nouvelle législation doit permettre d'inciter encore davantage, d'une part, les entreprises à investir dans le développement de nouveaux services ou produits ainsi que dans l'amélioration des processus de production et, d'autre part, la spécialisation multisectorielle dans les axes prioritaires comme les matériaux avancés, les technologies durables, les technologies de la vie, la logistique, les technologies spatiales, l'automobile et les technologies de l'information et de la communication.

Afin d'atteindre les objectifs stratégiques, le nouveau régime d'aides a été conçu de façon à utiliser toutes les possibilités d'aides à la RDI ouvertes dans le cadre du nouveau règlement général d'exemption. Ainsi, les taux et montants-plafonds proposés rendent le projet de loi exempt d'une notification à la Commission européenne préalablement à sa mise en application.

De plus, le nouveau régime d'aides a été conçu de façon à encourager davantage les partenariats entre entreprises du secteur privé et laboratoires de recherche publics à travers le renouvellement d'incitations telles que la majoration des taux maxima d'aide applicables en cas de collaboration pour des projets de recherche-développement.

Dépôt par M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 12.08.2015
Rapporteur: M. Franz Fayot

Travaux de la Commission de l'Économie
(Président: M. Franz Fayot):

16.06.2016	Présentation du projet de loi Désignation d'un rapporteur Examen de l'avis du Conseil d'État
08.12.2016	Examen du premier avis complémentaire du Conseil d'État
09.02.2017	Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État
16.03.2017	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 21.03.2017
Loi du 17 mai 2017
Mémorial A: 2017, n°544, page 1

Établissements classés

6915 - Projet de loi concernant la maîtrise des dangers liés aux accidents majeurs impliquant des substances dangereuses et portant modification de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

Le présent projet de loi a trois objets principaux:

(1) Tout d'abord, il vise à transposer la directive 2012/18/UE concernant la maîtrise des dangers liés aux accidents majeurs impliquant des substances dangereuses, appelée communément «directive Seveso III».

Jusqu'à présent, les dispositions des directives Seveso étaient transposées par le règlement grand-ducal modifié du 17 juillet 2000 concernant la maîtrise des dangers liés aux accidents majeurs impliquant les substances dangereuses en exécution de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés.

Étant donné que la nouvelle directive a trait à la limitation des conséquences pour la santé humaine et que celle-ci englobe la santé des

salariés et du public - la santé du public n'étant pas objet de la loi relative aux établissements classés - la nouvelle directive ne pourra pas être transposée par un règlement grand-ducal en exécution de la loi relative aux établissements classés, mais devra l'être par une loi.

(2) Par ailleurs, la loi du 29 mai 2009 concernant l'évaluation des incidences sur l'environnement humain et naturel de certains projets routiers, ferroviaires et aéroportuaires, législation dite «EIE Transport», octroie à l'heure actuelle à certains établissements une dispense par rapport à la législation relative aux établissements classés et si la directive 2012/18/UE était transposée en tant que règlement d'exécution de la loi relative aux établissements classés, ce règlement d'exécution ne serait dès lors pas applicable à ces établissements. Ceux-ci ne tomberaient dès lors pas sous les dispositions de la transposition. La prévention des accidents majeurs impliquant des substances dangereuses et la limitation de leurs conséquences pour la santé humaine et l'environnement ne seraient dès lors plus garanties pour ces établissements et la directive ne serait par conséquent ni transposée, ni appliquée correctement.

(3) Finalement, il y a lieu de noter qu'à l'heure actuelle, la législation relative aux établissements classés impose une procédure de consultation publique pour les établissements de classe 1 et 2. La directive 2012/18/UE, quant à elle, impose à présent également la consultation du public pour tout aménagement réalisé autour d'établissements Seveso lorsque celui-ci est susceptible d'accroître les risques ou les conséquences d'un accident majeur. Cette consultation publique doit être indépendante de la classe 1, voire de la loi relative aux établissements classés. En effet, la consultation doit également avoir lieu pour des établissements des classes 3, 3A, 3B et 4 ainsi que pour les établissements non soumis aux dispositions de la loi dite «commodo-incommodo». Cette imposition, contredisant la loi relative aux établissements classés, ne peut dès lors pas se trouver dans un règlement d'exécution de cette loi. En d'autres termes, considérant que la santé du public ne relève pas du champ d'application de la loi relative aux établissements classés, la procédure de consultation prévue par celle-ci ne peut dès lors pas couvrir l'aspect de la santé du public. Par conséquent, il est nécessaire d'instaurer une procédure de consultation indépendante de celle reprise par la loi relative aux établissements classés et d'en définir le déroulement dans le cadre d'une nouvelle loi.

Dépôt par M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 26.11.2015

Rapportrice: Mme Taina Bofferding

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

(Président: M. Georges Engel):

21.09.2016	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
	Examen des articles et de l'avis du Conseil d'État
25.01.2017	Examen du premier avis complémentaire du Conseil d'État
10.03.2017	Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État
	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 23.03.2017

Loi du 28 avril 2017

Mémorial A: 2017, n°459, page 1

Réforme du Fonds du logement

6916 - Projet de loi portant réorganisation de l'établissement public nommé «Fonds du logement»

40 ans après la création du Fonds pour le développement du logement et de l'habitat (ci-après «le Fonds»), le projet de loi 6916 a pour objet de fournir la base légale pour une réforme visant à adapter l'organisation et le fonctionnement de cet établissement public.

Le Fonds du logement restera un établissement public. Le législateur souhaite améliorer son organisation et son fonctionnement, afin de le mettre en mesure de créer davantage de logements à prix abordables. Le projet de loi sous rubrique a été rédigé sur base de certaines recommandations des audits, susceptibles d'être traduites dans un texte législatif. Il tend à adapter aux exigences modernes la définition des missions du Fonds, sa gouvernance et sa direction, à renforcer le contrôle du Fonds et à instaurer des critères de transparence.

La dotation autorisée du Fonds, initialement de 200 millions de francs luxembourgeois, a été successivement augmentée à 200 millions d'euros par la loi du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015. Cette dotation n'avait jusqu'ici pas d'affectation précise. La solution retenue consiste à introduire une transparence maximale tout en appliquant rigoureusement les règles européennes en matière de subventions aux entreprises chargées d'un service d'intérêt économique général.

Outre les règles européennes en matière d'aides d'État, desquelles le présent projet de loi tient compte, le texte sous rubrique innove sur d'autres points substantiels.

- Les membres du conseil d'administration du Fonds du logement - le conseil d'administration correspond à l'actuel comité-directeur - sont désormais nommés pour un mandat de cinq ans, renouvelable une fois.

- Le conseil d'administration comprendra à l'avenir un représentant du Syndicat des villes et communes luxembourgeoises (Syvicol), ce qui souligne l'importance d'une bonne collaboration et d'un échange constant entre le Fonds et les administrations communales.

- Le contrôle de l'État sur le Fonds se trouve renforcé par le biais de la désignation par le ministre d'un commissaire du Gouvernement qui jouit d'un droit d'information et de contrôle sur l'établissement public ainsi que sur sa gestion technique, administrative et financière et surveillera le respect de la législation ainsi que des conventions conclues avec l'État.

- La direction du Fonds ne sera dorénavant plus assurée par le président du conseil d'administration, mais par un directeur, assisté de deux directeurs-adjoints exerçant leurs fonctions soit sous le régime d'un contrat d'emploi, soit comme fonctionnaires détachés.

- Afin de permettre au Fonds d'exercer ses missions avec efficience et de répondre surtout au besoin prononcé de la création de logements locatifs, l'État pourra garantir les prêts contractés par le Fonds jusqu'à hauteur de 120 millions d'euros (60 millions d'euros dans le projet de loi initial). Pour rappel: avant l'entrée en vigueur de la nouvelle législation, la limite de la garantie d'État était fixée à 25 millions d'euros.

L'exemption d'impôts dont bénéficie le Fonds est abolie, afin de ne pas encourir le risque de voir cette exemption qualifiée comme une aide d'État au sens de la réglementation européenne.

Dépôt par Mme Maggy Nagel, Ministre du Logement, le 26.11.2015

Rapporteur: M. Max Hahn

Travaux de la Commission du Logement

(Président: M. Max Hahn):

27.09.2016	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
	Examen des avis
30.09.2016	Continuation des travaux
04.10.2016	Analyse du projet de loi quant aux remarques émises par la Cour des comptes dans son rapport spécial sur les établissements publics 2015
13.03.2017	Analyse de l'avis complémentaire du Conseil d'État
16.03.2017	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Travaux de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

(Présidente: Mme Diane Adehm):

04.10.2016	Analyse du projet de loi quant aux remarques émises par la Cour des comptes dans son rapport spécial sur les établissements publics 2015

Vote en séance publique: 23.03.2017

Loi du 24 avril 2017

Mémorial A: 2017, n°479, page 1

Sécurité du tramway

7034 - Projet de loi ayant pour objet la sécurité du tramway et modifiant

1° la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics;

2° la loi modifiée du 30 avril 2008 portant a) création de l'Administration des enquêtes techniques, b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État et c) abrogation de la loi du 8 mars 2002 sur les entités d'enquêtes techniques relatives aux accidents et incidents graves survenus dans les domaines de l'aviation civile, des transports maritimes et des chemins de fer;

3° l'article L. 215-1 du Code du travail

Le projet de loi a pour objet la création d'un cadre légal dans le domaine de la sécurité du tramway. La mise en service prochaine du tram, prévue à partir de 2017, nécessite en effet de prévoir des exigences en matière de sécurité, y compris la gestion sûre de l'infrastructure et du trafic.

Dans le contexte de la mise en service du tramway, le projet de loi a également pour objet l'adaptation de plusieurs lois:

1. la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics. Cette loi est adaptée sur quelques aspects ponctuels, notamment de terminologie.

2. la loi modifiée du 30 avril 2008 portant a) création de l'Administration des enquêtes techniques b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État et c) abrogation de la loi du 8 mars 2002 sur les entités d'enquêtes techniques relatives aux accidents et incidents graves survenus dans les domaines de l'aviation civile, des transports maritimes et des chemins de fer. La loi du 30 avril 2008 précitée est adaptée afin d'élargir le champ de compétences de l'administration aux accidents graves dans le domaine de la circulation de véhicules sur les voies publiques. Comme défini actuellement dans cette loi, le but d'une enquête technique est l'amélioration de la sécurité par la prévention d'accidents. Or, ladite loi ne prévoit pour l'instant l'ouverture d'une enquête technique qu'après un accident ou un incident grave dans les domaines de l'aviation civile, des transports fluviaux et maritimes ainsi que des chemins de fer. Dans le domaine de la circulation de véhicules sur les voies publiques, aucune enquête technique n'est pour l'instant réalisée au Luxembourg. Le projet de loi vise à donner la possibilité au ministre ayant le transport routier dans ses attributions de saisir l'Administration des enquêtes techniques (AET) en vue de réaliser une enquête technique. De même, le chef d'administration de l'AET pourra, par voie d'auto-saisine, lancer l'ouverture d'une enquête technique après un accident grave dans ce domaine. À noter que l'extension du champ d'application se limite au transport public.

3. l'article L. 215-1 du Code du travail. L'activité des conducteurs de tramway s'écarte de celle des conducteurs de train, par le fait que la circulation des tramways se fait sur la voie publique, dans le respect du Code de la route et relève du transport urbain de voyageurs.

Or, le Chapitre V du Titre Ier du Livre II du Code du travail, intitulé «Durée du travail des salariés chargés des fonctions de conduite d'un engin de traction sur rail ou d'accompagnement d'un train», s'applique à tous les salariés chargés notamment des fonctions de conduite d'un engin de traction sur rail (art. 215-1 du Code du travail).

La formulation de l'article L. 215-1 du Code du travail est tellement large qu'elle pourrait inclure le secteur des tramways.

Cependant, le document parlementaire 6179 de la loi du 2 juin 2011 portant 1. transposition de la directive 2005/47/CE du Conseil du 18 juillet 2005 concernant l'accord entre la Communauté européenne du rail (CER) et la Fédération européenne des travailleurs des transports (ETF) sur certains aspects des conditions d'utilisation des travailleurs mobiles effectuant des services d'interopérabilité transfrontalière dans le secteur ferroviaire: 2. modification du Code du travail, qui a introduit cet article au Code du travail, précise que l'alinéa 1er de cet article a été introduit pour inclure les sociétés de transport ferroviaire autres que les CFL. Il ne s'agissait à l'époque en aucune manière d'étendre la dérogation sectorielle à un autre secteur que celui des chemins de fer.

Le projet de loi vise finalement la transposition «entière» de la directive 2005/47/CE en droit national et il généralise, par son intégration au Code du travail, l'application du contenu de la directive susmentionnée sur base d'un régime unique et non discriminatoire des conditions de travail à tous les salariés du secteur ferroviaire.

De plus, la directive 2005/47/CE précitée du 18 juillet 2005 a exclusivement trait aux travailleurs mobiles occupés dans le secteur des chemins de fer affectés à des services d'interopérabilité transfrontalière effectués par des entreprises ferroviaires.

Enfin, le travail d'un conducteur de tramway se rapproche beaucoup plus de celui d'un chauffeur de bus (nécessité d'adapter la vitesse au trafic, circulation sur la voie publique) que de celui d'un conducteur de train (voie dédiée non publique, conduite par cantonnement).

En conclusion, au vu du contexte particulier de l'introduction de cet article et au vu des différences importantes existant entre les deux types de conduite, il serait incohérent de l'appliquer au secteur des tramways.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 11.08.2016

Rapportrice: Mme Josée Lorsché

Travaux de la Commission du Développement durable

(Présidente: Mme Josée Lorsché):

27.10.2016	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
19.01.2017	Examen de l'avis du Conseil d'État
09.03.2017	Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 23.03.2017

Loi du 13 juin 2017

Mémorial A: 2017, n°566, page 1

SÉANCE 29

MERCREDI,
22 MARS 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Débat sur la politique européenne et étrangère

- *Débat: M. Laurent Mosar (interventions de M. le Ministre Jean Asselborn et M. David Wagner) (dépôt d'une demande d'heure d'actualité), M. Marc Angel, M. Gusty Graas, M. Claude Adam (intervention de M. Laurent Mosar), M. Fernand Kartheiser (interventions de M. le Ministre Jean Asselborn) (dépôt d'une motion) (question de M. Marc Angel), M. Marc Baum, M. Yves Cruchten*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Parole après ministre: M. Fernand Kartheiser, M. Laurent Mosar, M. le Ministre Jean Asselborn, M. David Wagner (interventions de M. Laurent Mosar et Mme Viviane Loschetter), M. Fernand Kartheiser (intervention de M. le Ministre Jean Asselborn)*
- *Motion 1: M. Laurent Mosar, M. Marc Baum, M. le Ministre Jean Asselborn*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, M. Félix Braz et M. Marc Hansen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtteg! Ech maachen heimat d'Sëtzung op.

An den Här Ausseminister äntwert schonn, ouni gefrot ze sinn. D'Regierung huet direkt keng Kommunikatioun ze maachen. Hunn ech dat richteg verstanen?

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Här Ausseminister. Mir géifen dann direkt zu eisem eenzegen Dagesuerdnungspunkt iwwergoen, dat ass d'Débatt iwwert d'Europa- an d'Aussepolitik. Dir wësst, dass d'Riedezäit nom Modell 2 festgeluecht ass. An deen éischten ageschriwwene Riedner ass scho prett. Dat ass den Här Laurent Mosar fir d'CSV. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

2. Débat sur la politique européenne et étrangère

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Merci, Här President. „Yes, we can. Yes, we did. Yes, we can." Här President, Här Ausseminister, Dir Dammen an Dir Hären, mat deene Wierder huet de fréieren US-President Barack Obama seng lescht grouss ëffentlech Ried zu Chicago ofgeschloss. An där Ried huet hie sech haaptsächlech mam wackelegen Zoustand vun der amerikanescher Demokratie beschäftegt.

Vill vun deenen Aussoe vum fréieren amerikanesche President kann een och op den Zoustand vun eenzelnen Demokratien an Europa an an der Europäescher Unioun uwennen, virun allem déi, datt d'Demokratie näischt Selbstverständleches ass. Jo, d'Demokratie ass ëmmer dann a Gefor, wa mir all si als en definitiven Acquis ugesinn, „for granted", wéi den Här Obama seet.

D'Demokratie, an dat hu mer besonnesch an de leschten Deeg a Woche gesinn, ass awer och eppes Robustes. An ëmmer erëm dann, wann et eenzel Tendenze gëtt, fir se un d'Wackelen ze bréngen, gi Gott sei Dank Bierger op d'Strooss, wéi mer dat zum Beispill a Rumänien an a Polen gesinn hunn.

Mä Dir, Här Ausseminister, hutt recht, datt mer dat nach méi kloer gesi bei de Pulse-of-Europe-Demonstratiounen an 58 Stied vum leschte Sonndeg. An et si genau esou Demonstratiounen, un deene jo haaptsächlech vill jonk Mënschen deelhuelen, déi een awer dann trotzdeem nach e bëssen optimistesch stëmmen, wat d'Zukunft vun Europa ugeet.

Här President, d'Joer 2016 war aussepolitesch gesinn op en Neits e schwieregt Joer. An ech hunn d'Impressioun, datt 2017 net wesentlech besser wäert ginn, wann ech mer emol déi éischt dräi Méint ukucken. D'Kris an der Europäescher Unioun mat dem Brexit a Groussbritannien, dem Ukrain-Konflikt an där domadder verbonnener Bezéiungskris mat Moskau, den ongeléiste Syrien-Konflikt mat enger humanitärer Katastroph zu Aleppo an dann, last but not least, d'Wahl vum Donald Trump féieren zu enger Welt, wou esou vill Onuerdnung ass wéi scho laang net méi.

Bei Geleeënheet vun der aussepolitescher Debatt vum leschte Joer hat ech vun enger opgewullter Welt mat ville geopolitesche Riske geschwat. An dat, wat ech virun engem Joer gesot hunn, ass haut nach ëmmer richteg. A ville westlechen Haaptstied, och hei zu Lëtzebuerg, ass déi gefillte Lag dann och eng vu bis elo ni do gewieschter Veronsécherung, net zulescht awer och wéinst der Gefor vum internationalen Terrorismus.

Erlaabt mer duerfir och, haut, ee Joer no den Attentater vu Bréissel, e Gedanke vu Sympathie a Matgefill mat den Affer an hire Familllje bei eise belschen Noperen!

An déi Fro, déi, mengen ech, iwwer all deenen anere steet an déi ganz vill Mënschen dobausse sech stellen, ass déi: Wéi geet et viru mat der westlecher Welt?

Viru ronn engem Joer huet déi däitsch Editioun vun „The European" getitelt: „Warum Erdoğan über Francis Fukuyama siegt." Absolutt zu Recht! Well et ass nom Fall vun der Berliner Mauer net zum Enn vun der Geschicht mat der automatescher Victoire vun der liberaler Demokratie am Sënn vun der „leschter Synthees" komm, wéi den amerikanesche Politolog dat nach 1992 vill ze vill westlech-triumphalistesch gemengt hat viraussoen ze kënnen, well mir hu weder eng nei Weltuerdnung nach huet de Westen de Kale Krich wierklech am demokratesche Sënn gewonnen. D'Realitéit ass éischter en Zoustand vun engem neie Chaos.

An och wann ech d'Situatioun an Europa kucken, si mir net nëmme mat enger Kris konfrontéiert, mä mir schleefe méi Krise matenee ronderëm. An ech géif souguer wëlle behaapten, datt Europa vu Krisenherden ëmginn ass, op déi et nach manner Afloss huet wéi op déi eegen „Polykris", wéi eise fréiere Frënd Jean-Claude Juncker dat nennt.

All dës Krisen droen dann och derzou bäi, Dir Dammen an Dir Hären, datt d'Zoustëmmung fir Europa an deene verschiddene Memberlänner ëmmer méi an de Keller geet. Dovu profitéieren an éischter Linn d'populistesch Parteien, déi mat einfache Wierder versichen ze erklären, datt Europa un alle Problemer schold ass an datt alles vill besser géif goen, wann d'Länner erëm hir Onofhängegkeet par rapport zu deem Europa hätten.

Dir, Här Ausseminister, hutt jo och gëschter Problemer vum Populismus ugeschwat. Fir mech, a fir eis, kann et duerfir nëmmen eng eenzeg Äntwert heirobber ginn: eng Politik erëm méi no bei de Mënschen, déi och Léisunge fir d'Leit an hirem Alldag parat hält. An dësem Sënn ass och d'Aussepolitik keen abstrakten Exercice vun a fir Diplomaten, mä et muss virun allem och eng positiv Alldagspolitik fir d'Leit sinn. Da fënnt se och déi néideg Ënnerstëtzung.

Virun deem Hannergrond hu mir haut eis traditionell aussepolitesch Debatt. Här President, ier ech awer mat mengem klengen Tour du monde ufänken, erlaabt mer, wéi dat schonn Traditioun ass, dem Ausseminister Jean Asselborn an all senge ville Mataarbechterinnen a Mataarbechter am Ausseministère en opriichtege Merci ze soe fir deen immensen Engagement, dee si och erëm wärend dem vergaangene Joer un den Dag geluecht hunn.

Mir erkennen och speziell den Engagement vun eisem Ausseminister un, deem keng Stonn ze fréi an ze spéit ass, fir am Déngscht vum Weltfridden ënnerwee ze sinn.

Dëst Joer, Dir Dammen an Dir Hären, kommen ech allerdéngs net derlaanscht, fir mech mat enger Rei Aussoe vum Ausseminister aus de leschte Wochen a Méint auserneenzesetzen.

Dozou awer direkt zwou Virbemierkungen. Éischtens deele mir, wat de Fong ugeet, vill vun deene Kriticken, déi den Ausseminister formuléiert par rapport zu der rechtsstaatlecher Situatioun an eenzelne Memberlänner. An ech denken hei an éischter Linn un Ungarn an u Polen.

Zweet Observatioun: Mir veruerteele schäerfstens Aussoen, déi a sozialen Netzer géintiwwer dem Ausseminister a sengem Positionnement an eenzelnen Dossiere gemaach ginn.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- An ech denken hei méi speziell un esou Aussoen am Kontext vu senger Polen-Kritik. Et kann ee mat Aussoe vum Jean Asselborn net averstane sinn an et muss ee sech souguer mat deenen Aussoen auserneesetzen; wat fir eis awer total inakzeptabel ass, ass, wa géint d'Persoun vum Jean Asselborn indirekt Morddroungen ausgeschwat ginn. Dëst ass eppes, wat mir bis elo an dësem Land nach net kannt hunn. A mir kënnen et duerfir och net akzeptéieren, datt ëmmer méi op déi doten Zort vun Ausenanersetzung zréckgegraff gëtt, wou net méi de Ball, mä de Mann gespillt gëtt. Net just an der Aussepolitik, mä och am politeschen Debat gëtt et rout Linnen, déi ze respektéiere sinn!

(Brouhaha)

Dëst gesot, Här President, si mir awer net glécklech gewiescht iwwer verschidden Aussoe vum Ausseminister, ganz besonnesch vis-à-vis vun der éisträichescher Regierung am Kontext vun der Flüchtlingspolitik.

Éisträich ass e Land, mat deem eis eng gemeinsam Geschicht verbënnt a mat deem mir säit ville Joren exzellent Bezéiungen ënnerhalen. Mir kënnen duerfir net déi Manéier akzeptéieren, wéi den Här Ausseminister den éisträichesche Ausseminister Kurz an domadder déi ganz éisträichesch Regierung ugegraff huet.

Wien Terme wéi „rietsnationaalt Gedankegut" gebraucht, muss wëssen, wat dat um Hannergrond vun der Geschicht bedeit, a soll se duerfir net liichtfankeg gebrauchen. Ganz besonnesch, Här Minister, wann ee vun Äre Ministerkolleegen, den Här Nicolas Schmit, senges Zeechens Aarbechts- a fréieren Immigratiounsminister, kuerz no Ären Aussoen en Interview am „Lëtzebuerger Wort" ginn huet, wou en eigentlech seng Sympathië mat den Iddie vun der éisträichescher Regierung ausgedréckt huet an a senger Positioun och nach ënnerstëtzt ginn ass vun der Familljen- an Integratiounsministesch Corinne Cahen.

Mir froen eis duerfir och als CSV-Fraktioun, wat dann elo d'Positioun vun der Regierung an deem sensibelen Themeberäich ass. Ass et déi vun Iech, Här Ausseminister, oder déi vun der Madamm Cahen oder dem Här Schmit?

Hei stellt sech am Iwwregen och d'Fro vun der Kohärenz vun der lëtzebuergescher Aussen- a Migratiounspolitik. A mir ginn d'Gefill net lass, datt Dir, Här Ausseminister, oft méi fest mat der Fauscht op den Dësch schlot géintiwwer befrënnte Regierungen an der auslännescher Press, wéi Der dat am Krees vun Äre Kolleeginnen a Kolleegen heiheem am Ministerrot maacht.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Mir bleiwen der Meenung, ganz besonnesch am Kontakt mat befrënnte Länner, datt, wann een dann emol an engem Dossier net därselwechter Meenung ass, dës Diskussiounen intern um Niveau vun EU-Reuniounen oder soss bilateral ze féiere sinn an net iwwert de Wee vun de Medien.

Mir hunn et och net glécklech fonnt, Här President, datt iwwert déi am Fong berechtegt Kritiken zu der Politik vun der ungarescher Regierung den Ausseminister vun dësem Land och an der Press Budapest mat engem Ausschloss aus der Europäescher Unioun gedrot huet. Besonnesch an Zäiten, wou de Weltfridde méi wéi op enger Plaz an der Welt a Gefor ass, soll een op esou martialesch Téin géintiwwer befrënnte Memberstate verzichten. Dëst zumindest an der Ëffentlechkeet. Mir solle ganz op d'Stäerkt vun der Soft Power setzen. Mir sinn e klengt Land a mir hunn nëmmen all Avantagen, op Dialog an Iwwerzeegungsaarbecht ze setzen an net op Polterpolitik.

Dat schuet, Här Ausseminister, Ärer Persoun an et schuet dem Land. Ganz besonnesch an engem Moment, wou dëst Land wéinst Affäre wéi LuxLeaks a Panama scho souwisou am Fokus vun der Kritik vun internationale Medie steet.

Mir haten eigentlech gehofft, Här Minister, datt dës Ausrutscher wären, déi sech net méi géife widderhuelen. Mä wann ech Iech gëschter richteg nogelauschtert hunn, wëllt Dir weider un dëser net grad diplomatescher Form vu Kritik festhalen. Mir sinn hei net mat Iech enger Meenung, well mir grad mengen, datt an der Diplomatie den Toun d'Musek mécht.

An ech géif Iech vläicht nach eng Kéier un d'Häerz leeën, d'Wierder vum Här Winston Churchill nozelauschteren, deen eng Kéier gesot huet: „E richtegen Diplomat ass een, deen zweemol nodenkt, ier en näischt seet."

Här President, ech wäert mech an deenen nächste Minutte fir d'Éischt…

(Brouhaha général et interruptions)

Ech wäert mech an deenen nächste Minutte fir d'Éischt mat der Situatioun an der Türkei an duerno mat der amerikanescher Administratioun beschäftegen, d'Situatioun am Noen Osten ënnert d'Lupp huelen, awer och op d'Situatioun um afrikanesche Kontinent e Bléck werfen, fir mech zum Schluss mat der Situatioun vun der Europäescher Unioun ze befaassen.

Wat d'Türkei betrëfft, Här President, bleift Europa an der Wahlcampagne vum President Erdoğan virum Referendum vum 16. Abrëll leider näischt erspuert. Ëmmer dann, wa mer mengen, mir hätten en Déifpunkt erreecht, gi mer erëm iwwerrascht vun Aussoe vum Här Erdoğan selwer respektiv senge Ministeren, déi eis ëmmer erëm opschrecke loossen.

Och wa mer wëssen, datt d'sproochlech Excèse vum Här Erdoğan zu sengem Fonds de commerce gehéieren, sou huet e sech dach selwer iwwertraff, andeems en Däitschland an Holland mat Nazidäitschland a Faschismus a Verbindung bruecht huet. An den türkeschen Ausseminister huet de Vull du komplett ofgeschoss, andeems en deklaréiert huet, Europa hätt der Türkei e Reliounskrich deklaréiert.

Wéi sollen Europa an d'Europäesch Unioun op dës permanent Provokatioune reagéieren?

Fir d'Éischt wär et gutt, Här President, wann hei Europa mat engem Mond géif schwätzen an och eng gemeinsam Positioun notamment par rapport zu der Organisatioun vu Wahlveranstaltungen um Territoire vun eenzelnen EU-Memberlänner géif hunn.

Ech weess, datt dat an der Praxis net esou einfach ass. Nach wier et awer gutt, wann d'Europäesch Unioun et géif fäerdegbréngen, hei e staarkt Signal un d'Türkei an un den Här Erdoğan a Konsorten ze schécken. Et wär notamment wichteg gewiescht, nodeems eis Nopeschlänner vum Här Erdoğan als Faschiste bezeechent gi sinn, fir hei kloer dergéintzehalen.

A mir begréissen duerfir, Här Ausseminister, datt Dir dat gemaach hutt. Awer och vum Här Statsminister hätte mer eis heizou kloer Wierder gewënscht.

Iwwerhaapt stellt sech d'Fro, wéi mir op dat luest Ofdrifte vun der Türkei a Richtung Autokratie, wann net souguer a Richtung Diktatur solle reagéieren. Niewent méi traditionelle Mesurë wéi dem Abestellen an dem Ofruffe vun Ambassadeure wär et vläicht awer och emol opportun, iwwer e bësse méi onorthodox Moossnamen nozedenken am Beräich Handelsan Europapolitik. Et kéint ee sech zum Beispill virstellen, fir der Türkei d'Vir-Bäitrëttshëllefen ze stréichen oder och fir déi ugeduechte Visaliberalisatioun elo emol definitiv op Äis ze leeën.

„Fënf Milliarden Euro an die Türkei - für eine diplomatische Fiktion", huet schonn am August 2016 d'„Welt" geschriwwen. Appeller jiddefalls, Här Ausseminister, ginn eleng net méi duer. Dote sinn elo gefrot.

Ganz besonnesch ass et dann awer, Dir Dammen an Dir Hären, wann de Wirtschaftsminister an engem Moment vun opgewullte Bezéiungen eng Missioun, eng ekonomesch Missioun an der Türkei oprechterhält, wéi wann näischt

geschitt wär. Wann an der Türkei all Dag op en Neits d'Mënscherechter mat Féiss getrëppelt ginn an d'Nopeschstaten als Nazi a Faschiste vernannt ginn, kann et eiser Meenung no kee Business as usual ginn. Dat ëmsou méi, well d'Europäesch Unioun jo selwer derbäi ass, verschidde Wirtschaftshëllefe fir d'Türkei ze sträichen.

Dem Faass de Buedem ausgeschloen huet awer eng Remarque vum türkesche Wirtschaftsminister, déi den Här Etienne Schneider an engem Interview am „Tageblatt" rapportéiert huet, nämlech, datt den Här gesot huet, datt fir hien de 16. Abrëll erëm alles an der Rei wier an datt d'Wirtschaftsbezéiungen duerno erëm hiren normalen Niveau géifen erëmfannen. Wéi zynesch, Dir Dammen an Dir Hären, muss e Politiker sinn, wann e sech drop freet, datt endlech d'Demokratie ofgeschaaft gëtt, fir duerno erëm kënnen zu enger normaler Businessuerdnung iwwerzegoen?

An dësem Kontext géif et mech iwwregens och interesséieren, wat fir Zousoen eise Wirtschaftsminister sengem türkeschen Homolog a Saachen Zollofkommes gemaach huet.

Ech kommen awer och, Här President, net derlaanscht, d'Fro vun der Reaktioun och am Kontext vun den EU-Bäitrëttsverhandlungen ze analyséieren. Dës Bäitrëttsverhandlunge sinn de facto um Enn. Net offiziell, an dat obwuel d'Europäescht Parlament am November vum leschte Joer d'Aussetzung vun dëse Verhandlunge gefuerdert hat. Mä mat der Eskalatioun aus de leschten Deeg a Wochen ass hei en Akt vun enger absurder Inszenéierung erreecht ginn. Ofgeleente Landegeneemegungen, op d'Grenz eskortéiert Ministeren, ëmstellte Konsulater an ëmmer méi schrill verbal Attacke vun Ankara hunn an der Zwëschenzäit Fakte geschaaft. Ob do nach eng formell Rotsdecisioun vun der EU nogeliwwert gëtt, ass eigentlech schonn egal.

Trotzdeem begréisse mir awer, datt mëttlerweil Dir, Här Ausseminister, lues awer sécher och amgaange sidd, d'Gedold mat der Türkei ze verléieren. Dat wier iwwregens och iwwerfälleg, wann eis Aussepolitik - an ech weess, datt dat Iech och nogeet - hir Wäertekohärenz soll behalen.

An d'Europäesch Unioun, Dir Dammen an Dir Hären, wäert d'Ofschafung vun der Demokratie an der Türkei leider net verhënnere kënnen. Allerdéngs muss si dorobber äntwerten. E virleefegt, wann net souguer e formellt Enn vun de Bäitrëttsverhandlunge mat der Türkei ass duerfir fir d'CSV-Fraktioun a mech onauswäichlech. Et muss Schluss si mat där Appeasementpolitik géintiwwer dem Här Erdogan a senger Regierung. D'Europäesch Unioun an och Lëtzebuerg si gefuerdert, vis-à-vis vun der Türkei kloer Kant ze weisen.

Här President, ech kommen domadder zu der Situatioun an de Vereenegte Staten, wou mat deem nei gewielte President Trump d'Situatioun staark verännert ass. Gutt zwee Méint no der Amtsaféierung vun dësem President ass Europa nach ëmmer amgaangen, Äntwerten op déi nei Situatioun ze sichen. Wann et näämlech eng Konstant an de leschte vergaangene 70 Jore ginn huet, dann ass et d'Ënnerstëtzung vun den europäesche Staten (veuillez lire: Vereenegte Staten) an hire successive Presidente fir d'Iddi vun der europäescher Integratioun.

Fir d'Éischt an der rezenter Geschicht vun de Vereenegte State mécht dës Administratioun eng 180-Grad-Kéier, andeems hire President seet, hie géif sech mat ganzer Kraaft fir d'Opléisung vun der Europäescher Unioun asetzen. Dëst ass net ze toleréieren, a scho guer net ënner Frënn. Dës Veronsécherung, déi esou Aussoe mat sech bréngen, huet net nëmmen d'politesch Welt an Europa, mä och déi wirtschaftlech Welt erfaasst.

Dëst alles, léif Kolleeginnen a Kolleegen - mir kommen net derlaanscht, der Realitéit awer trotzdeem an d'A ze kucken -, bedeit, datt déi sougenannte Pax Americana, déi elo säit méi wéi 70 Joer de gesamten europäesche Kontinent viru Krich geschützt huet, zouseeënds u Bedeitung an u friddestëftender Wierkung riskéiert ze verléieren.

D'Fro, déi een allerdéngs hei muss opwerfen, ass, ob de Wee an den Isolationismus, dee jo och vum President Trump als Wahlkampfargument benotzt ginn ass, éiweg wäert undaueren, well et eigentlech deene wirtschaftlechen Interessen an deene strategeschen Instinkter vun enger maritimer Weltmuecht krass widerspréicht.

An hei kënnt dann nach déi nei Politik vun der Administratioun Trump derbäi, déi mam sougenannten „America first", an Dir hutt dat, Här Ausseminister, jo och zu Recht kritiséiert, eng Politik, déi just drop erausleeft, datt jiddwereen d'Recht ofgeschwat kritt, vu bausse sech direkt oder indirekt an amerikanesch Affären anzemëschen.

Allerdéngs wäert den Här Trump mat dëser Attitüd vill Leit virun de Kapp stoussen. Dëst souguer bis a seng eege Partei eran, well et hei schlussendlech ëm d'Fundamenter vun der amerikanescher Demokratie an Diplomatie geet. Déi international Bezéiungen, d'Ënnerstëtzung vun den Alliéierten, d'Verteidegung vun de Mënscherechter, alles dat si genau dës Fundamenter. A wann den Här Trump a seng Administratioun dat haut net méi wëlle wëssen, musse mir him dat vläicht all Dag erëm an Erënnerung ruffen.

Ech sinn näämlech dervun iwwerzeegt, datt dem Här Trump seng Achillesseen seng Wirtschaftspolitik ass. A lues a lues wäerten all déi Wieler, déi massiv fir hie gestëmmt hunn, mierken, datt si déi Éischt sinn, déi ënner enger Ofschottungspolitik wäerte leiden. An dës Mënsche wäerte séier mierken, datt et sech hei net ëm Fake News handelt, wa se dann hir Aarbechtsplaze verléieren.

Här President, mir sollen duerfir als Europäer an europäesch Politiker e kille Kapp behalen an net iwwerreagéieren. Awer mir sollten trotzdeem och erwächen an d'Wahl vum Här Trump als en „wake up call" unhuelen. E gutt Beispill vun enger richteger Attitüd huet u sech déi däitsch Bundeskanzlerin virun e puer Deeg bei Geleeënheet vun hirer Untrëttsvisitt beim President Trump ginn, wou se op eng cool a gefaassten Aart a Weis op en deelweis apaart Behuele vum Här Trump reagéiert huet.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Trump hin oder Trump hier: Zur atlantescher Allianz, zur westlecher Wäertegemeinschaft, zur Kooperatioun tëschent Demokratië gëtt et och an Zukunft keng Alternativ. Duerfir bleift fir eis och an Trump- a Brexit-Zäiten déi atlantesch Allianz dat demokratescht Réckgrat vun eisen internationale Bezéiungen. Allerdéngs musse mir an dësem Réckgrat déi europäesch Wirbele méi staark maachen, fir déi international Uerdnung net nach weider aus dem Gläichgewiicht ze brëngen.

Här President, ech kommen dann op menger Rees an eng Regioun, déi leider scho säit ganz, ganz ville Joren aus dem Gläichgewiicht ass: den Noen Osten, an do fir d'Éischt a Syrien.

D'Tragedie vun Aleppo ass u sech d'Symbol vun enger komplett verfeeltener Aussepolitik vum gesamte Westen. U sech stellt Aleppo den Echec duer vun der westlecher Politik, déi virun allem geleet gëtt vu moraleschen an ethesche Kritären, déi sécherlech alleguerte vun eis ënnerstëtzt an och luewenswäert sinn, mä déi am Fall, an dat muss een hei kloer soen, vu Syrien leider net fonctionnéiert hunn. D'Resultat ass, datt elo Russland zesumme mam Iran a Syrien all Kaarten an der Hand hunn. Mä Aleppo ass virun allem awer och eng Bankrotterklärung vun de Vereenten Natiounen, déi an dësem Dossier komplett versot hunn.

Wat ass dann a Syrien eigentlech falschgelaf, Dir Dammen an Dir Hären? De fréiere franséischen Ausseminister Hubert Védrine huet virun enger Rei vun Deeg an engem Interview am „Monde" eng exzellent Analys vun der Situatioun gemaach, eng Analys, déi ech par ailleurs zu honnert Prozent hei géif ënnerschreiwen.

Wat seet den Här Védrine, an ech deelen dat, wéi gesot? Dat ass, datt de gesamte Westen, souwuel d'Amerikaner wéi och Europa, hätte misse vun Ufank u kloer soen, wat se a Syrien eigentlech wéilten. Entweder sech anzegestoen, datt se net déi noutwendeg militäresch Moyenen an och Legitimitéit hunn, fir an dësem Konflikt ze intervenéieren. Dëst hätt als Konsequenz gehat, fir sech drop ze limitéieren, a Syrien a ronderëm just massiv humanitär Hëllef ze leeschten.

Déi aner Optioun wär déi gewiescht, fir mat alle Mëttelen d'Demokratie a Syrien duerchzesetzen, wat awer bedeit hätt, datt d'westlech Allianz sech hätt missen déi militäresch, finanziell a politesch Moyene ginn. An dat hätt notamment geheescht, datt een iwwer Joren hätt misse massiv Buedemtruppen an dat Land schécken.

Leider konnt déi westlech Allianz sech weder fir déi eng nach fir déi aner Optioun entscheeden. A si hu wärend Joren d'Oppositioun zum President Assad gleewe gelooss, datt si kéint op eng massiv Ënnerstëtzung vum Westen zielen.

Derbäi kommen nach zwee aner Feeler, déi begaange gi sinn. Fir d'Éischt, datt de Chrëschten a Syrien an am Libanon net nogelauschtert ginn ass, déi ëmmer erëm do virdru gewarnt hunn, Här President, datt zwar de Regimm vum President Assad e grausame wier, mä datt deen, deen eventuell op den Assad géif nofolgen, nach vill méi schlëmm kéint ginn.

Zweetens huet de Weste fälschlecherweis ugeholl, datt Russland géif op seng eenzeg Base navale zu Tartus verzichten an net duerfir eng militäresch Interventioun a Kaf géif huelen.

Awer och de President Obama huet sech an dësem Konflikt net mat Glanz bekleckert, andeem e fir d'Éischt eng sougenannte rout Linn opgezeechent huet, nämlech déi iwwert d'Benotze vu chemesche Waffen am August 2013, an dunn, wéi déi chemesch Waffe vum Assad agesat gi sinn, iwwerhaapt net méi reagéiert huet. Dëst ass wuel ee vun deene graavste Feeler an dësem Konflikt gewiescht. Soft an Hard Power, Dir Dammen an Dir Hären, gehéieren eben zesummen an der Aussepolitik.

Wéi geet et virun a Syrien? Momentan huet de Regimm vum President Assad mat der aktiver Hëllef vu Russland an dem Iran sech stabiliséiert a kontrolléiert grouss Deeler vu Syrien. Et muss een allerdéngs festhalen, datt a verschiddenen Deeler vu Syrien, notamment och zu Aleppo, d'Situatioun sech berouegt huet an datt et do souguer zu engem deelweisen Erëmopbau kënnt.

Mir mengen, an do ënnerstëtze mer den Ausseminister, datt der Europäescher Unioun net vill aneres hei iwwreg bleift, wéi all déi diplomatesch Efforten, déi am Moment gemaach ginn, fir eng friddlech Léisung hei ze fannen, ze ënnerstëtzen. An da musse mir virun allem hei humanitär Hëllef leeschten. Ech mengen, datt mer och do als Lëtzebuerger Entwécklungshëllef gefuerdert sinn.

Här President, ech hu gesot, datt d'Situatioun vu Syrien symptomatesch fir e groussen Deel vum Mëttleren Orient ass, deen amgaangen ass, sech virun eisen Aen opzeléisen. Vum Arabesche Fréijoer, Här Ausseminister, jiddefalls ass net méi allze vill iwwreg bliwwen. Et muss een dann och feststellen, datt keng vun deene regionale Muechten, weder den iranesche Regimm nach Saudi-Arabien nach d'Türkei, sech hei duerchgesat wäerte kréien.

Derbäi kënnt, an Dir hutt déi och gëschter ugeschwat, déi komplett chaotesch Situatioun a Libyen, déi iwwregens och duerch eng falsch verstanen Interventiounspolitik vum Westen zustane komm ass. Ech wëll hei net an den Detail agoen, mä dat Land ass quasiment an zwee Deeler gespléckt, wou deen een Deel den aktuelle Premier Sarradsch ënnerstëtzt, an deen aneren Deel vum Land gëtt vum Generol Chalifa Haftar kontrolléiert.

Wann een allerdéngs weess, Dir Dammen an Dir Hären, wéi wichteg Libyen am Kontext vun der Flüchtlingspolitik ass, muss een déi Situatioun natierlech mat Suerg kucken. An et muss vun der internationaler Communautéit alles versicht ginn, fir d'Sträitparteien hei un en Dësch ze kréien, wat allerdéngs - a loosse mer eis hei keng Illusioune maachen! -, vu déi historesch Antécédenten, net einfach wäert ginn.

Einfach wäert et och net ginn, Här Ausseminister, déi vun der Europäescher Unioun envisagéiert Flüchtlingszentren a Syrien (veuillez lire Libyen) opzebauen ouni e Minimum vu militärescher a politescher Stabilitéit, a selbstverständlech och aus humanitärer Siicht. Mir deele par ailleurs do Är Suergen, Här Ausseminister.

Här President, wann ech am Noen Oste sinn, och e Wuert zum Jemen, wou déi zwou regional Muechten Iran a Saudi-Arabien sech e brutale Krich liwweren, dee riskéiert, och zu engem nächste Flüchtlingsstroum ze féieren.

Här Ausseminister, Dir hutt gëschter gesot, datt et am Noen Osten net primär ëm e Reliounskrich oder e Krich tëschent Relioune géif goen, mä ëm politesch Muechtspiller. Dëst ass allerdéngs nëmmen hallef richteg, well de radikalen Islam besonnesch an dësem Deel vun der Welt an de leschte Joren en immensen Opschwong kannt huet.

An da sinn ech och scho bei Saudi-Arabien, wou ech net derlaanscht kommen, nach eng Kéier op déi Expansiounspolitik vun dësem Land anzegoen, dat versicht, säi radikale Wahhabismus net nëmmen am Noen Osten duerchzesetzen, mä och an aner Deeler vun der Welt an eben och an déi westlech Welt ze exportéieren.

Iwwerhaapt mécht mir, Här President, de Virmarsch vum radikalen Islam net nëmmen an der arabescher Welt ganz vill Suergen. Méi gefëierlech ass et, a mengen Aen, datt dëse radikalen Islam sech eben net nëmmen an der arabescher Welt verbreet, mä och a Länner wéi Bosnien-Herzegowina, de Seychellen, dem Sudan an Indonesien. An ech hunn net méi spéit wéi gëschter e längere Reportage iwwer Indonesien gesinn, wat ëmmer e Musterbeispill vun Zesummeliewe vu ville Reliounen war. Wat am Moment do geschitt, ass mënscheveruechtend. Do ginn d'Fraen erëm gestengegt, d'Mënscherechter ginn net respektéiert. Et ass eng Situatioun, déi engem wierklech muss ze denke ginn. Datselwecht geschitt och am Sudan. Ech brauch do net am Detail drop anzegoen.

An net ze vergiessen, wann ech da beim radikalen Islam sinn, och den Afloss vun deem iwwer Internet bei de Konvertiten an der westlecher Welt. Insofern sinn zwar d'territorial Victoirë géint den Islamesche Stat ze begréissen, mä den Dschihadismus brauch leider haut keen Territoire méi, fir sech auszebreeden. Ech mengen iwwerhaapt, datt de Kampf géint de radikalen Islam eng vun deene ganz groussen Erausfuerderunge vun deenen nächste Joren, wann net Jorzéngte wäert sinn. Ech bedaueren och duerfir, Här Ausseminister, datt Dir eigentlech ganz wéineg op dëse wichtegen Aspekt vun der Aussepolitik agaange sidd.

Ech kommen och net derlaanscht, déi westlech Politik géintiwwer engem Land wéi Saudi-Arabien an dem Qatar ze thematiséieren. Do gëtt et op där enger Säit, fir mech total inakzeptabel, Waffeliwwerunge vun Däitschland, Frankräich an och de Vereenegte Staten u Saudi-Arabien; Waffen, déi am Moment derzou déngen, am Jemen bluddeg Kricher ze féieren. Dëst Land ass dann och net onschëlleg un där opgewulltener Situatioun am mëttleren Orient an dréit virun allem substanziell, an ech hunn et gesot, zu enger Radikaliséierung vun engem wuessenden Deel vu Mosleme weltwäit bäi.

Ech si jiddefalls nohalteg der Iwwerzeegung, datt de Westen, a ganz besonnesch d'Europäesch Unioun, seng Relatioune mat Saudi-Arabien a mam Qatar muss fundamental iwwerdenken, och wann dat, an dat musse mer dann eben akzeptéieren, net wäert ouni wirtschaftlech Konsequenze bleiwen.

Mir wäerten, Dir Dammen an Dir Hären, de Phenomeen vum Dschihadismus a vum radikalen Islam esou laang net an de Grëff kréien, wéi de Wahhabismus déi offiziell Statsreliour vu Saudi-Arabien ass an och massiv an aner Länner exportéiert gëtt.

Här President, et géif nach vill zu der Situatioun am mëttleren Orient ze soe ginn, notamment wat de Konflikt tëschent Israel a Palästina ugeet, wou et leider, an Dir hutt et gëschter gesot, net vill positiv Perspektive gëtt. Mir haten an der Chamber virun enger Rei vu Méint zwou Motioune gestëmmt iwwer eng prinzipiell Unerkennung vu Palästina, déi bis elo awer vun der Regierung nach net ëmgesat goufen. Ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, datt eis Motioun, déi och als zweet gestëmmt ginn ass, eigentlech kloer drop hiweist, datt et, ier et zu enger Unerkennung vu Palästina kënnt, och ganz kloer muss sinn, datt Palästina an d'Palästinensesch Autoritéiten d'Existenzrecht vun Israel unerkennen. Dat ass manifestement, Dir Dammen an Dir Hären, nach ëmmer net de Fall.

(Interruption)

Soudatt mir, u sech, d'Attitüd vun der Regierung am Moment begréissen, hei net virun de Won ze lafen a Palästina am Moment (veuillez lire: net) unzëerkennen. Allerdéngs hu mer och hei missen an enger Reunioun, déi mer virun enger Rei vu Wochen haten, gewëssen Ënnerscheeder an den Nuancen tëschent dem Här Stats- an dem Här Ausseminister feststellen, wat der Saach, an dat hu mer deemools och gesot, net onbedéngt dénglech ass.

Erlaabt mer awer, Här President, an dësem Kontext, an ech hunn dat schonn e puermol gemaach, e bëssen d'Eesäitegkeet vun den Aussoe vum Här Ausseminister ze kritiséieren, déi hie gëschter erëm am Kontext vum Israel-Palästina-Konflikt gemaach huet. Et war just nees eng eenzeg grouss Israel-Kritik, ouni en eenzegt Wuert vu Kritik un d'Adress vun de Palästinenser! A besonnesch am Moment, Här Ausseminister - an duerfir sinn ech e bëssen erstaunt gewiescht, well ech weess, datt Dir Iech vill mat deem Konflikt beschäftegt -, hat ech gemengt, Dir hätt d'Rapporte vun Amnesty International gelies - eng Organisatioun, déi elo net bekannt ass, fir israelfrëndlech ze sinn -, déi am Moment op extrem grav Mënscherechtsverletzungen am Gazasträifen hiweisen, wat d'Hamas an d'Autoritéiten aus dem Gazasträif ubelaangt! Wat am Moment do geschitt, besonnesch mat Kanner a mat Fraen, ass net méi ze erdroen!

An duerfir géif ech Iech och bieden (veuillez lire: anzegesinn), mat allem Respekt, datt et an dësem Konflikt zwou Parteie gëtt. A mir deelen Är Meenung, fir ze soen, dat, wat d'Regierung Netanjahu mat där Koloniséierungspolitik mécht, ass net akzeptabel. Do si mer op Ärer Linn. Mä mir soen awer gradesou kloer: Dat, wat besonnesch an der Gazasträif am Moment amgaangen ass ze passéieren, ënnert der Egide vun der Hamas, kënne mer och net akzeptéieren! A soulaang déi Situatioun esou...

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Waart emol eng Sekonn!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ech géif awer nawell gär...

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Jo, jo, Dir kënnt.

D'Konditiounen, déi an der Gazaträif bestinn, wien octroyéiert déi deene Leit? Ech war véier-, fënnefmol an der Gazaträif. Do wunnen op engem Siwentel vum Lëtzebuerger Territoire bal zwou Millioune Leit ënner horribele Konditiounen. An do kënnt keen eraus, deen do dran ass. Dat gëtt net opgemaach. Do goufen et Proposen, dass ee lues a lues mat der internationaler Gemeinschaft kéint d'Gazaträif opmaachen. Och wann dat lauter Lëtzebuerger wieren, déi do liewe géifen, da géife mir ënnert deenen nämlechte Konditiounen leiden; déi nämlecht Demotivatioun an déi nämlecht Explosivitéit géifen do herrschen. An duerfir, Här Mosar, ech si mat all Kritik d'accord, mä ech kann hei net akzeptéieren, dass een eleng op d'Palästinenser, op d'palästinensescht Vollek,...

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Dat hunn ech net gemaach, Här Asselborn!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- ...d'Cause an d'Bedéngungen, ënner wat fir Konditiounen dass d'Leit a Gaza musse liewen, dass een déi dohinner leet. Och do hunn anerer eng Verantwortung. Israel huet véier Kricher an deene leschten zéng Joer a Gaza gefouert. An hei ass d'Resultat dervun, wéi d'Leit an deem Gazaträif musse liewen.

Une voix.- Très bien.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Ausseminister!

(Interruptions)

Här Ausseminister, Dir hutt herno d'Geleeënheet, fir op all Interventiounen ze äntwerten. An ech géif Iech da bieden, elo den Här Mosar schwätzen ze loossen, esou wéi mer dat hei am Haus gewinnt sinn. An den Här Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här Ausseminister, ech wëll Iech awer direkt drop äntwerten, ech mengen, Dir hutt mir net nogelauschtert. Ech hunn hei dervu geschwat, datt déi eege palästinensesch Autoritéiten, d'Hamas, déi eege Bevëlkerung schikanéieren! Liest d'Berichter vun Amnesty, net ech an net ee vun eis huet déi geschriwwen! Déi si besuergniserreegend. A wat am Moment do geschitt, ass net ze akzeptéieren!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Liest d'Berichter vun Amnesty iwwer Israel!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ech wëll...

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Och. Liest se och iwwer Israel!

(Interruption par M. David Wagner)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also och Dir hutt herno d'Wuert, Här Wagner. An ech bieden Iech elo, de Riedner ausschwätzen ze loossen!

Une voix.- Mä en hat recht.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ass dat an der Rei?

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Et ass an der Rei.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ech wëll a mengen Ausféierungen iwwert den Noen Osten awer net ophalen, ouni nach eng Kéier op déi dramatesch Situatioun vun de reliéisen an den ethnesche Minoritéiten, an hei an éischter Linn de Chrëschten an de Jesiden, hinzeweisen. Wat am Moment hei geschitt, Dir Dammen an Dir Hären - a mir hate schonn déi eng oder aner Kéier och an dësem Haus dervu geschwat -, ass e Genocide. Dat ass absolutt dramatesch. An dee Genocide verleeft deelweis an engem Silence total vun der politescher an der Mediewelt. Kee reagéiert, wat déi Situatioun vun deenen dote Leit betrëfft. An, Här Ausseminister, ech géif mer heiansdo wënschen, Dir géift Iech mat deemselwechten Häerzblutt, wéi Der Iech fir Palästina asetzt, och emol fir déi ethnesch a reliéis Minoritéiten an deem doten Eck asetzen. Well wann ee vu Wäerter schwätzt, da sinn et Wäerter, déi fir d'Palästinenser zielen, mä et sinn och Wäerter fir déi dote Minoritéiten. An duerfir nach eng Kéier den Appell un Iech, an ech wär frou, wann Der vläicht an Ärer Interventioun och emol eng Kéier dat Wuert vun deene Minoritéite géift an de Mond huelen. Dat hunn ech bis haut nach net vun Iech héieren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, ech wëll da geografesch virufueren op dem afrikanesche Kontinent an do e kuerzen Zwëschestopp am Maghreb maachen. Fir d'Éischt wëll ech hei déi positiv Efforten ënnerstréichen, déi vun enger tuneesescher Regierung a Richtung méi Demokratiséierung gemaach ginn. Tunesien ass säit dem Arabesche Fréijoer eigentlech dat eenzegt Land, wat et fäerdegbruecht huet, am Usaz eng Rei vu Reformen unzepaken a gläichzäiteg d'Stabilitéit ze wahren, och wann nach laang net alles perfekt ass.

Ech plädéieren och derfir, datt d'Europäesch Unioun, an et geschitt schonn zu engem groussen Deel, dëst Land massiv ënnerstëtzt, och op wirtschaftlechem Plang. An och mir hei zu Lëtzebuerg sollten dat dote maachen.

Här President, wat elo déi politesch Situatioun am Rescht vum afrikanesche Kontinent betrëfft, do sinn et virun allem dräi Länner - well a ville Länner kann ee sech Suerge maachen -, déi engem am Moment Suerge maachen. Dat eent ass de Mali, wou Boko Haram nach ëmmer amgaangen ass, eng ganz Rei vu Regioune vun dësem Land ze kontrolléieren. Op där anerer Säit de Sudan, wou eng forcéiert - an ech hunn et virdru gesot - Islamiséierung duerchgesat gëtt, mat dem Resultat, datt sech aus deem Land ganz grouss Flüchtlingsstréim an den nächste Méint wäerten a Bewegung setzen. An och am Kongo ass d'politesch Situatioun alles anescht wéi berouegend.

Virun allem awer, Här President, stellt sech d'Situatioun - an den Här Ausseminister huet dat gëschter richtegerweis ënnerstrach - an Afrika natierlech ganz besonnesch am Kontext vun der Flüchtlingsproblematik. An do stellt sech virun allem dann déi Fro, wat et Europa kaschte wäert, fir datt d'Flüchtlingen net méi bis an Europa kommen, mä wa méiglech an hiren Heemechtslänner bleiwen. An hei soll ënnert dem Mantel vun enger neier Noperschafts- an Entwécklungspolitik elo alles ënnerholl ginn, fir déi massiv Flüchtlingsstréim aus Afrika massiv ze bremsen. An d'Kommissioun an déi maltesesch Rotspresidentschaft hunn dat och an engem Zéngpunkteplang virgeschloen. D'EU ass derbäi, hir Afrika-Politik grondleeënd ze veränneren. Dozou verschidden Iwwerleeungen, Här President.

Eng ass déi, wat d'„good governances" an deene meeschte vun dësen afrikanesche Länner ugeet, déi leider Gottes an deene meeschte vun dëse Länner meilewäit vun deene Standarden ewech sinn, déi mir op jidde Fall bei eis kennen. Derbäi kënnt eng total auswuchernd Korruptioun, déi mécht, datt ganz vill Entwécklungsgelder net bei de Mënschen ukommen, mä an dubiéise Kanäl verschwannen.

Fir mech a meng Fraktioun ass et duerfir och eng Conditio sine qua non vun all effizienter Kooperatiounspolitik, datt mir mussen dëse Länner hëllefen, fir hir Gouvernance aneschters ze organiséieren a sech heifir selwer strikte Kritären ze ënnerwerfen a gläichzäiteg méi proaktiv géint d'Korruptioun virzegoen.

Fir eis ass et awer duerfir onbedéngt noutwendeg, Här President - an ech maachen och do en Appell un den Här Ausseminister -, datt korrupt Regenten aus deene Länner sech musse systematesch virum Internationale Geriichtshaff zu Den Haag fir hir Verbrieche veräntwerten.

Une voix.- Très juste!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Mir kënnen net eleng, Dir Dammen an Hären, dëse Länner déi Strofverfolgung iwwerloossen, mä an Zukunft misst eigentlech all Land, wat an de Genoss vun Entwécklungshëllef kënnt, sech engagéieren, d'Zoustännegkeet, d'Kompetenz vum Geriicht vu La Haye unzëerkennen.

Une voix.- Ganz richteg.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Déi zweet Konditioun ass déi, datt, obschonn an Afrika u sech e gudde Wuesstum an de leschte Jore war, dat duerchschnëttlecht Pro-Kapp-Akommen erofgaangen ass. An hei ass dann och vläicht déi gréissten Tragedie vun Afrika, näämlech déi vun enger leider vill ze vill gerénger Produktivitéit.

Här President, wat awer virun allem um afrikanesche Kontinent gebraucht gëtt, si modern Entreprisen, déi hei investéieren an de Mënschen dohannen Aarbecht ginn. Leider Gottes feelt et awer a ganz ville Länner un deenen entspriechenden Infrastrukturen. An dat ass dann och ee vun den Haaptgrënn, déi potenziell Investisseuren dovun ofhalen, sech an deene Länner ze engagéieren.

Ech wëll haut elo net am Detail op déi doten Thematik agoen, déi eigentlech méi an der Debatt iwwert d'Entwécklungspolitik hir Plaz huet. Nach mengen ech awer, datt mer déi Gesamtproblematik vun der Flüchtlingspolitik aus den afrikanesche Länner - ech schwätzen hei aus den afrikanesche Länner - net an de Gréff wäerte kréien, ouni eng adaptéiert a wesentlech méi effizient a performant Entwécklungspolitik, déi sech vill méi no de Besoine vun de Mënschen an deene Länner riicht.

An hei muss een einfach unerkennen, an dat soll jiddwereen och agesinn, datt et och den europäeschen Agrarprotektionismus ass, deen derzou féiert, datt et fir déi afrikanesch Agrarwirtschaft ëmmer méi schwéier gëtt, fir ze iwwerliewen. An duerfir muss och Europa seng Handelspolitik, ganz besonnesch vis-à-vis vum afrikanesche Kontinent, nei orientéieren. Ganz besonnesch um Niveau vun der Agrarpolitik. D'EU muss hei géigesteieren an zukünfteg Hëllefen och vun de regionale Progrèsen ofhängeg maachen.

Ech wëll an dësem Kontext och den Opruff vum UN-Generalsekretär Guterres fir eng méi akut Hongerhëllef ausdrécklech ënnerstëtzen. Primär, Dir Dammen an Dir Hären, wéinst eise Wäerter, awer och wéinst eisen Interessen. An Aussepolitik fonctionnéiert ëmmer am beschten, wa Wäerter an Interessen Hand an Hand ginn.

Här President, e puer Wierder zu der Situatioun vum fräien Handel. Virum Hannergrond vun eventuelle protektionistesche Mesurë vun der Trump-Administratioun wäert dat e Sujet ginn, deen eis an deenen nächste Wochen a Méint méi intensiv beschäftege wäert. Wäerte mir an Zukunft och erëm op de Wee vu bilateralen Ofkommesse mat eenzelne Länner goen oder bleift de Multilateralismus, esou wéi en an der Welthandelsorganisatioun virgesinn ass, nach ëmmer d'Mooss vun allen Dénger? Et mengt ee jo heiansdo, Dir Dammen an Dir Hären, et wär een am falsche Film gelant, wann elo d'Weltmuecht USA, grad wéi iwwregens China, net méi a Richtung vun engem fräien, mä vun engem gelenkten Handel wëlle goen.

D'Fro, déi ee sech allerdéngs hei muss stellen, ass, wat dat Ganzt dann iwwerhaapt nach mat Maartwirtschaft am wäite Sënn vum Wuert ze dinn huet.

D'Fro, déi d'Europäesch Unioun sech muss stellen, ass, wa Washington weider op enger protektionistescher Wirtschaftspolitik surft, ob Europa net muss méi a Richtung Asien, a virun allem och hei a Richtung China an domadder de südpazifesche Raum, kucken. Et wär, Dir Dammen an Dir Hären, strategesch net gutt, wa mir dëse risege Wirtschaftsraum aneren einfach géifen iwwerloossen.

Doriwwer eraus, Här President, stellt sech awer och d'Fro, wéi et an Zukunft mat der Welthandelsorganisatioun virugeet. Ech hat virun e puer Deeg d'Geleeënheet, d'Chamber am Comité de pilotage vun der Welthandelsorganisatioun ze representéieren. An ech kann Iech soen, Här Ausseminister, datt d'Ängschte grouss si bei ville Memberen, datt ënnert dem Drock vun den Amerikaner méi Länner riskéieren, ewech vu Multilateralismus a Richtung Bilateralismus ze schwenken. An hei musse mer eis alleguerte ganz gutt iwwerleeën, mat wat fir engen Argumenter mer déi Länner kënnen iwwerzeegen, weider am Boot vum Multilateralismus, an domadder och vun der Welthandelsorganisatioun, ze bleiwen.

Meng Zäit de Mëtte léisst et net zou, mech méi intensiv mat dëse wesentleche Froen ze beschäftegen, ech wëll dat awer am Kader vun enger Aktualitéitsdebatt an den nächste Woche virhuelen. An ech iwwerginn hei dem President déi Demande fir déi Aktualitéitsstonn.

(M. Laurent Mosar dépose une demande d'heure d'actualité.)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, ech hat de Mëtten iwwer eng ganz Rei vu Sujete kënne schwätzen. Leider net iwwer se alleguer. Notamment konnt ech net iwwert de Konflikt tëschent Russland an der Ukrain schwätzen, wou ee leider muss feststellen, datt d'Accorde vu Minsk nach ëmmer net ëmgesat ginn. Ech deelen och do, Här Ausseminister, Är Aschätzung, wat d'Leed vu ganz ville Leit an deenen dote Regioune vun eisem Globus ugeet.

D'Situatioun an der Ukrain ass och weider ugespaant, souwuel wat déi wirtschaftlech Entwécklung wéi och d'Gouvernance vun dësem Land ubelaangt. Ech bleiwen och nohalteg der Meenung, datt d'Europäesch Unioun weider den Drock op Moskau, wéi awer och op Kiew muss héich halen, fir datt op béide Säiten déi respektiv Engagementer respektéiert ginn.

Ech hätt och nach kënnen, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Konflikter am südchineesesche Mier, virun allem tëschent China an dem Vietnam, an och zum Deel mat Japan, schwätzen. Hei ass och e Konflikt amgaangen erunzeschwielen, iwwert deen an den internationale Medie wéineg geschwat gëtt, deen awer riskéiert, och fir den internationalen Equiliber gefëierlech ze ginn.

Datselwecht gëllt och fir déi nach ëmmer schwiereg Lag an Nordkorea. An hei ass méi wéi jee de konstruktiven Dialog mat China noutwendeg, fir dës Situatioun ze entspanen. Et gëtt sécherlech nach eng ganz Rei vu geopolitesch schwierege Situatiounen, wéi déi notamment um Balkan, wou och nach ëmmer e Polverfaass ënnert dem Buedem läit, wat all Moment riskéiert ze explodéieren. Duerfir ass et och hei wichteg, net weider dorunner ze zündelen.

Ech wëll mech awer zum Schluss vu menger Interventioun erëm méi a Richtung Europa an Europäesch Unioun zréckbewegen, well och do si mer wäit ewech vun enger idealer Welt. Här President, ech hat a menger Aleedung scho vun Ungarn a Polen geschwat, zwee Länner, an deenen d'demokratesch Grondrechter amgaange sinn, massiv ofgebaut ze ginn. Besonnesch d'Situatioun a Polen, wat amgaangen ass sech komplett an der Unioun ze isoléieren, ass besuergniserreegend. An engem Land, wat emol eng Kéier mat Solidarność déi mächtegst Fräiheetsbewegung géint déi kommunistesch Ënnerdréckung kannt huet, ginn all Dag leider Gottes demokratesch Rechter ofgebaut. Sou ass de facto d'Verfassungsgeriicht lamgeluecht ginn an och d'Pressefräiheet ass an deem Land net méi garantéiert.

Wat mech awer am meeschte schockéiert huet, Dir Dammen an Dir Hären, ass, datt a verschiddenen nationalkonservative Kreesser a Polen Antisemitismus beschtefalls nach als Kavaléiersdelikt ugesi gëtt. A Polen, wéi iwwregens och an Ungarn, ginn europäesch Wäerter leider ëmmer manner respektéiert. An dat ass eppes, wat mir als Europäesch Unioun net kënnen an net dierfen esou akzeptéieren, mä mir mussen, an ech hunn et virdrun a menger Aleedung gesot, déi Kritik ënner EU-Partner a rouege Gespréicher an engem Dialog un de Mann oder un d'Fra bréngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech vun Ungarn a Polen schwätzen, da sinn ech och erëm matten an der Europäescher Unioun. Mir vergiessen ze dacks, datt d'Mëtt net onbedéngt am Weste läit. An ech wëll dann och meng Interventioun ofschléisse mat der Zukunft vun dëser Europäescher Unioun. Well mer an deenen nächste Wochen eng méi fundamental Diskussioun iwwert dës Zukunft kréien, wäert ech mech haut op verschidde generell Observatioune beschränken a bewosst net am Detail an eng Post-Brexitzeenario-Debatt eraklammen.

Ech hat meng Ried ugefaangen, andeem ech drop higewisen hunn, datt d'Demokratie haut net selbstverständlech ass, mä datt all Dag erëm muss derfir gekämpft ginn. Fonctionnéiert se dann op eemol, da gëtt ee sech gär dem Alldag hin a léisst, aus verständleche Grënn, all Iddie vun Heroismus hannert sech.

An all EU-Sommet, Här Ausseminister, beweist ëmmer erëm, datt d'Europäesch Unioun eigentlech net drop ausgeluecht ass, fir an engem historesche Bewosstsäin Grousses an Ugréff ze huelen. Trotz engem stännege Krisemanagement feelt et der Unioun oft um Gespier fir d'Stonn vun der grousser Gefor an deem, wat dann onbedéngt muss gemaach ginn. Well Europa ebe virun allem e Friddensprojet ass, huet se net fir de Krich virgesuergt. Dat ass sécherlech sympathesch, awer och zum Deel naiv gewiescht. Elo an haut steet d'EU wahrscheinlech virun hirer, bis elo, gréisster Erausfuerderung. Si muss sech wiederfest maache fir eng Zäit vu cumuléierte Krisen, jo, souguer Katastrophen.

A leider Gottes ass et esou, datt all déi Gremien an déi divers Sommeten, déi mer kennen, duerfir eleng net méi duerginn. D'EU brauch einfach vläicht emol e Moment, fir Otem ze huelen an iwwer hir Zukunft nozedenken. An dat ass jo och richtegerweis amgaangen ze passéieren mam Pabeier vum EU-Kommissiounspresident Jean-Claude Juncker.

A bei allem Otem, dee mer sollten huelen, muss ee sech awer ëmmer erëm bewosst sinn, léif Frëndinnen a Frënn, datt e Scheitere vun der Europäescher Unioun leider haut net méi ganz ondenkbar ass.

Zur Verantwortlechkeet gehéiert et awer och, nei Weeër fir e Post-EU-Europa ze entwerfen. Mä bei allen Diskussiounen iwwert dëst zukünftegt Europa musse mer ëmmer erëm zwou Uertschaften an eisem Gediechtnis behalen: Schengen a Maastricht. Déi Symboler fir déi zwee gréisste Projeten, déi d'EU sech jeemools virgeholl hat: d'Ofschafung vun de Grenzen an d'Aféierung vun enger gemeinsamer Wärung, wat haut nach ëmmer innovativ Iddie sinn a wat iwwregens am Kär och näischt aneschters war an ass wéi e sougenannte Käreuropa.

Mir mussen also just op der realpolitescher Pist weiderfueren, déi och scho fonctionnéiert. Awer mir mussen dat och mat ganz vill Diplomatie géintiwwer eisen osteuropäesche Partner maachen.

Allerdéngs, Dir Dammen an Dir Hären, fir datt dës Iddie fonctionnéieren, musse gewësse Regelen agehale ginn. An zwar, wann een eng gemeinsam Wärung huet, muss een och fir d'Stabilitéit vun där gemeinsamer Wärung suergen, ouni iwwregens de Wuesstum vun der Wirtschaft ze vergiessen. Duerfir heescht den entspriechende Pacte Stabilitéits- a Wuesstumspak.

A wie gemeinsam ouni Grenze wëllt liewen, muss zesumme seng Aussegrenzen esou schützen a bei der europawäiter bannenzegter Sécherheet zesummeschaffen. Mir mussen eis allerdéngs agestoen, Dir Dammen an Dir Hären, datt dës Regelen net ëmmer respektéiert gi sinn, dat souwuel wat d'Maastrichtkritäre wéi de Schutz vun den Aussegrenzen ugeet. Dëst ass laang gutt gaangen, allerdéngs och, well et ni zu engem Härtetest komm ass. Wéi de Maastrichtsystem an de Schengensystem ënner Drock komm sinn, ass Europa vun där enger an déi aner Kris gefall. D'Statsscholdekris hat bal d'Enn vum Euro bruecht an d'Flüchtlingskris bal d'Enn vu Schengen. Nach si jo leider Gottes béid Krisen net definitiv geléist an iwwerwonnen.

Fir meng Fraktioun a fir mech selwer bleiwen esouwuel de Schengen-Raum wéi den Euro Acquisen, déi musse bestoe bleiwen an ouni déi mir eis keen Europa kënnen a wëlle virstellen. Allerdéngs mussen dës op engem séchere Fundament gebaut sinn. Nämlech nëmmen da si se staark genuch, fir verdeedegt ze ginn; a verdeedegt musse se all Dag erëm ginn.

Här President, loosst mech awer ofschléisse mat deem, wat eigentlech den Haaptgrond vun eisem Zesummeliewen an Europa ausmécht: nämlech eis Wäerter. Mir sinn nämlech méi wéi e Bannemaart oder eng gemeinsam Wärung. An den Erfolleg vun Europa ass virun allem deen, datt dës Wäerter wéi Fräiheet, Fridden, Fortschrëtt, Gläichheet der sinn, vun deenen nach ëmmer weltwäit ganz vill Mënschen dreemen, wann och, leider Gottes, net méi ëmmer bei eis doheem. Awer dës Solidaritéit huet och eng aussepolitesch Dimensioun an Europa, well wéi wëllt eis Unioun eis gespléckte Welt beieneefréieren, wa se selwer gespléckt ass? Hei musse mer also weider intensiv dru schaffen, souwuel no bannen, awer och no baussen.

Ech mengen net, datt mir, Här Ausseminister, keng Dreem méi hunn. A bei aller berechtegter Kritik, déi ee kann un Europa a sengem Fonctionnement hunn, loosse mer net vergiessen, datt déi Wäerter dat Wäertvollst sinn, wat mer de kommende Generatioune kënne weiderginn.

Dir hutt gëscht, Här Ausseminister, mam Kafka opgehalen a mat him gesot, „datt d'Ligen eigentlech haut zur Weltuerdnung géife gehéieren". Ech wëll haut och mam Kafka schléissen, awer mat engem méi optimisteschen Zitat vun deemselwechten Auteur: „Die Träumenden und die Wünschenden halten den feineren Stoff des Lebens in den Händen." Et ass aus deem feine Stoff vun der Hoffnung, aus deem mir alleguer zesummen d'Zukunft zesummebitze mussen. An engem Europa, awer och an enger Welt, déi méi wéi jee Dreem a Perspektive brauchen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Mosar. An nächste Riedner ass den Här Marc Angel fir d'LSAP.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kann net all déi Felder uschwätzen, déi de Minister gëschter ugeschwat huet, ech hunn déi Zäit net. Mä als LSAP-Fraktioun kann ech soen, mir deelen alles, wat e gesot huet. Mir stinn hannert em. Mir diskutéieren dat jo mat him an der Fraktioun. An och ech selwer hunn e perséinlech gutt Verhältnis mat him, wou mer oft iwwert déi Problemer schwätzen. Dofir wäert ech e puer Punkten uschneiden, déi fir eis Fraktioun extrem wichteg sinn. A mäi Kolleeg, den Yves Cruchten, deen eise Vertrieder am Europarot ass, wäert och nach fir d'LSAP d'Wuert ergräifen, well et ass och wichteg, déi Aarbecht hei ervirzesträichen. Den Europarot ass jo schliisslech d'Festung vun de Mënscherechter. An dofir sinn ech frou, dass ech meng Riedezäit däerf mam Yves Cruchten deelen.

Ech wollt dem Här Mosar just soen, dass et net wouer ass, dass de Minister a mir heibannen ni iwwer ethnesch a reliéis Minoritéite geschwat hunn. Hie selwer hat eng Motioun hei deposéiert, wou mer zesummen an der Kommissioun an och heibanne mam Minister doriwwer diskutéiert hunn.

Ech wëll mech awer uschléissen un eppes, wat den Här Mosar gesot huet, déi Veruerteelungen, déi een um Internet konnt fannen, déi schrecklech Droungen an Haassparole géint eisen Ausseminister, och déi veruerteelt meng Fraktioun op dat Schäerfst.

Ech wollt ufänke mat engem kuerze Rapport iwwert d'Aarbechten an der aussepolitescher Kommissioun. D'lescht Woch, beim Debat iwwert d'Sécherheetspolitik, huet e Vertrieder vun där méi rietser Oppositioun hei fonnt, ech géif net midd ginn ze widderhuelen, dass déi dräi De vun der Lëtzebuerger Aussepolitik e Ganzt sinn. Da wëll ech mengem Ruff emol direkt gerecht ginn an och haut nees dorunner erënneren. Jo, d'Lëtzebuerger Aussepolitik gëtt geprägt vun der Politik vun den 3 Den: engem D fir Diplomatie, engem D fir Developpement an engem D fir Defense. A jo, esou en integralen Usaz ass wichteg, well mir kënnen e Problem, dee sech international stellt, nëmme ganz siele mat engem D eleng léisen. An neen, dat huet och näischt mat Neokolonialismus ze dinn, wéi en anere Vertrieder vun der méi lénker Oppositioun et bezeechent huet, mä et huet mat Effizienz ze dinn.

E Beispill: De Konflikt a Syrien ass weder reng diplomatesch nach reng militäresch dauerhaft ze léisen, mä béides gëtt gebraucht. A wann eng laangfristeg Perspektiv bestoe soll, da musse mer duerno och den Developpement beim Neesopbau erbäiruffen.

An dofir ass et esou wichteg, dass mir an der aussepolitescher Kommissioun, an där ech d'Éier hunn ze presidéieren, och alleguer dës Theme behandelen an esou eng integral an eng vernetzte Vue op dat Ganzt kréien.

Och 2016, dem Joer no der Lëtzebuerger EU-Presidence, ass et ons an der Kommissioun net langweileg ginn, am Géigendeel. Mir sinn an der leschter Sessiounsperiod 72-mol zesummekomm. Mir hunn insgesamt eelef Projet-deloien analyséiert a Rapporte gemaach. Dovunner waren der eng ganz Rei fir eng besser Kooperatioun mat onse Partnerstaten an der Defense, fir mat deene besser ze schaffen, mä och an der Immigratioun hu mer zwee wichteg Projete gestëmmt. Dëst war dann och eng vun den zwou Thematiken, déi am vergaangene Joer ons Aarbechten dominéiert hunn.

D'Situatioun vun de Flüchtlingen, déi a Griichenland an an Italien an iwwerall op der Balkan-Route a schreckleche Konditioune festsouzen, huet ons staark beschäftegt. A mir hu regelméisseg de Minister Asselborn an der Kommissioun getraff, fir ons iwwert de Fortschrëtt um europäeschen Niveau ze informéieren. Zum Beispill iwwert d'Installatioun vun den Hotspots a Griichenland an an Italien, mä awer och iwwert de Progrès bei der Relokalisatioun aus dëse Länner an nach iwwert den Accord, dee mat der Türkei ofgeschloss gouf. Virun allem war et ons awer och wichteg, mam Minister iwwert d'Efforte vu Lëtzebuerg selwer ze diskutéieren, fir onse Bäitrag an dëser schwiereger Situatioun ze leeschten, zum Beispill wat den Accueil vu Refugiéen zu Lëtzebuerg ugeet.

An ech si frou, dass Lëtzebuerg hei och „on track" ass, fir seng Quot an der Relokalisatioun an an der Reinstallatioun ze erfëllen, trotz alle Schwieregkeeten, fir déi mer amgaange sinn, intern Léisungen ze fannen.

Am Beräich vun der Defense hu mer regelméisseg iwwert déi aktuell Entwécklungen a strategesch Decisiounen an der EU an och an der NATO geschwat. Mir hunn ons ausserdeem mat der Participatioun vun onser Arméi an och vun Zivillpersonal un den internationale Missioune fir d'Friddenserhalung beschäftegt. An, wéi gesot, mir hunn eng ganz Rei wichteg Projet-de-loien an dësem Domän gestëmmt, dorënner och en Accord, fir d'Zesummenaarbecht mat der Belsch ze verbesseren, en zweeten Accord am Kader vum Benelux, fir de Loftraum besser ze schützen, oder nach de Bäitrëtt vu Montenegro an d'NATO.

Am Beräich vum Developpement hu mer mam Minister Romain Schneider och regelméisseg Reunioune gehat, nach zulescht dëse Méindeg, iwwert d'Zukunft vun der europäescher Entwécklungspolitik an och iwwert d'Post-Cotonou 2020.

Mir hunn och regelméisseg Entrevuë mat Representantë vun eise Partnerlänner vun der Lëtzebuerger Entwécklungszesummenaarbecht, mat héije Vertrieder vun den UN-Organer a vun anere multilateralen Organisatiounen, déi dann hei op Lëtzebuerg op Besuch kommen. An ech soen dem Ausseminister Merci, dass en all Kéiers och e Rendez-vous mat der zoustänneger Chamberskommissioun organiséiert.

E weidere wichtegen Dossier, mat deem mer ons d'lescht Joer intensiv beschäftegt hunn, dat war och den Aussenhandel. An ech si frou, dass de Minister gëschter a senger Ried och dorop agaangen ass an och gesot huet, dass de fräien Handel fair muss sinn, an och iwwer aner Moossnamen do vill geschwat huet.

Ech wëll dem Ausseminister hei Merci soe fir déi exzellent Zesummenaarbecht, déi mer am Dossier CETA haten. Hien ass wierklech zu all Moment bei eis an d'Kommissioun komm, souguer zweemol samschdes moies, fir ons ganz aktuell um Lafenden ze halen.

Mir hunn dunn an der Chamber och eng wichteg Motioun zu dësem Thema gestëmmt, wou mer nach eemol op de Caractère mixte vum CETA insistéiert hunn a wou mer ons Positioun zum neien ICS, der Investitiounsgeriichtsbarkeet, däitlech gemaach hunn. An zwar hu mer do festgehalen, dass d'Onofhängegkeet vun dëse Riichter muss garantéiert sinn an dass, ier se hir Aarbecht ophuelen, e ganz klore Code de conduite muss ausgeschafft ginn an opgestallt ginn.

Derniewent huet d'aussepolitesch Kommissioun 2016 awer och un engem Rapport en vue vun engem Débat d'orientation, dee vun déi Lénk ugefrot ginn ass, iwwert d'Zukunft vun der EU an der Eurozon geschafft. D'Aarbechte vun der Kommissioun hu sech virun allem op de Rapport des cinq présidents virun engem Joer baséiert.

De Livre blanc, d'Deklaratioun fir déi 60 Joer Traité de Rome, déi stinn de 7. Abrëll um Ordre du jour vun onser Chamberskommissioun, fir dass och déi Punkten a mäi Rapport, dee praktesch fäerdeg ass, kënnen erafléissen a fir dann am Mee natierlech och hei an der Plénière ulässlech vun deem Débat d'orientation behandelt kënnen ze ginn.

Dofir wäert ech och haut manner iwwert dëse Volet schwätzen, well mer zu deem Zäitpunkt dann d'Geleeënheet wäerten hunn, dësem Thema déi Opmierksamkeet ze widmen, déi et och verdéngt.

Ech wëll dann awer och nach eng Visitt, déi mer eréischt viru Kuerzem an der Kommissioun haten, besonnesch ervirsträichen. Et war den 3. Februar, do hate mer d'Madamm Tocci hei. Si ass d'Conseillère spéciale vun der Madamm Federica Mogherini, wat d'Global Strategy ugeet. Si war bei ons an der Kommissioun. A si huet an enger ganz engagéierter Ried dorun erënnert, dass et am Interessi vun der Europäescher Unioun läit, dass d'Sécherheet an d'Prosperitéit vun de Bierger garantéiert ginn, dass mer a staarken demokratesche Systemer liewen an dass d'Rechtsstaatlechkeet iwwerall op der Welt respektéiert gëtt.

Si huet ons ausserdeem och drun erënnert, dass d'europäesch Integratioun fir déi zukünfteg Generatiounen eng Necessitéit ass. Fir d'Grënnungsväter vun der Europäescher Unioun war et en Dram. Fir eis, déi mir haut liewen, ass et eng Selbstverständlechkeet. A fir déi nächst Generatiounen ass et eng Necessitéit.

An domat sinn ech elo gutt lancéiert, fir mech der EU zouzewenden. Dëst Joer, jo, dëse Weekend, gi jo zu Roum déi 60 Joer vun de Réimesche Verträg gefeiert. An dat gëtt och de Kader, fir iwwert d'Zukunft vun Europa ze diskutéiere fir d'Regierungs- an d'Statscheffen. Eng Zukunft, déi mer nach just zu 27 wäerte bestreiden, nom Brexit. Eng Zukunft an engem internationale Sécherheetsëmfeld, dat nees vill méi schwiereg ginn ass, an och wou rietspopulistesch Tendenzen an isolationistesch Politik nees u Bedeitung gewannen.

Dat mannst, wat een do ka soen, ass, dass 2016 fir d'Europäesch Unioun kee gutt Joer war. Stéchwuert Brexit. Wéi mer am Juni iwwert d'Resultat vum brittesche Referendum heibannen diskutéiert hunn, dunn hu mer missen zimlech an d'Blannt eran diskutéieren. Ze wéineg war gewosst doriwwer, wéi et elo soll weidergoen. A wa mer och éierlech sinn, ass dat haut och nach ëmmer esou an net vill besser ginn.

Och wann d'Madamm Theresa May zwar hir Virstellunge fir de Brexit virun enger Zäitche virgestallt huet, fanne mer och doranner keng richteg Detailer.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Si huet, wéineg iwwerraschend, méi Souveränitéit versprach an awer och en Hiwennen zur globaliséierter Welt an internationalen Handelspartner. Awéifern hir dat an enger Welt, wou ee wichtege Partner wéi d'USA am Moment nees méi isolationistesch handelt, an dat ass jo dëse Weekend um G20-Treffe méi wéi däitlech ginn, gelénge wäert, dat steet nach op.

Bis et esou wäit ass, musse si emol fir d'Éischt aus der EU eraustrieden. An d'Verhandlunge fir den Austrëtt kënne jo eréischt lassgoen, wann elo geschwënn an e puer Deeg den Artikel 50 vum Lissabonner Vertrag declenchéiert gëtt.

An et ass richteg, dass de Kommissiounspresident Jean-Claude Juncker genausou wéi Dir, Här Ausseminister, eis dovir gewarnt huet, dass sech d'Memberstaten an dëse Verhandlungen net dierfe vu Groussbritannien auserneendividéiere loossen. Dat ass richteg, well als Block ass d'EU e staarke Verhandlungspartner. Wa sech d'Länner awer géinteneen ausspille loossen, da schwäche si sech selwer.

Mir musse gëeent an d'Verhandlungen eragoen, an zwar mam Zil, déi beschtméiglech Zukunft fir ons alleguerten ze verhandelen. Dobäi musse mer ons Eegeninteressen an de Vierdergrond stellen. An dat heescht net, dass mer Groussbritannien bestrofe wëllen, well si aus der EU erausginn. D'Basis vun onse Verhandlunge muss heeschen, dass Groussbritannien fir méi eng staark Souveränitéit och méi héich Handelsbarrièrë muss akzeptéieren. Wat si manner EU-Normen a -regele wëllen akzeptéieren, wat hiren Zougang op den EU-Marché och manner gënschteg muss ginn. Dat ass kee Bestrofe vu Groussbritannien, mä nëmmen eng logesch Konsequenz.

D'EU-Memberschaft muss méi Virdeeler fir e Land hunn, wéi wann een erausgeet, soss ass d'EU net méi attraktiv. D'EU ass, och wa Groussbritannien dat ni richteg esou gesinn huet, nun awer eemol méi wéi just e grousse Wirtschaftsraum. Wann d'Britten zur Erhalung vun dësem awer näischt bäidroe wëllen, da kënne si och net zu honnert Prozent dovu profitéieren. Soss riskéiere mir wierklech, dass och nach aner EU-Länner vläicht d'EU verloosse wéilten.

Vu dass Groussbritannien et scho kloergemaach huet, dass si vun de véier Grondfräiheete vum Bannemaart wéinstens eng definitiv net méi wëllen akzeptéieren, nämlech déi vum fräie Persouneverkéier, heescht dat an der Konsequenz och, dass si de vollen Zougang zum Bannemaart och definitiv verléiere wäerten.

E wichtege Punkt, dee mer an der LSAP fir ganz zentral halen, ass, dass mir esou schnell wéi méiglech d'Zukunft vun den EU-Bierger a Groussbritannien gradesou wéi d'Zukunft vun de Britten an der EU klären, fir dëse Leit och Kloerheet iwwer hiert ganz perséinlecht Schicksal ze ginn. D'Liewe vun onse Bierger dierf net zum Verhandlungskapital ginn. Villes iwwert d'Zukunft vun der EU a vum Vereenegte Kinnekräich hänkt also vun deene Verhandlungen of.

Et ass awer ganz kloer, dass de Vott Konsequenze wäert hunn, negativ Konsequenzen, souwuel fir d'Europäesch Unioun ewéi och fir Groussbritannien.

Hei zu Lëtzebuerg ass den definitiven Impakt op ons Wirtschaft net definitiv ze bestëmmen. Eischt Firmen a Banken hu schonn ugekënnegt, hir Aktivitéite vu London op Lëtzebuerg ze verleeën, an dat d'ailleurs ouni dass mir ons zu London wéi Geieren opgefouert hätten. Verschidde Vertrieder vun der Oppositioun hate jo méi en aggressiivt Optriede vun der Regierung zu London gefuerdert. Mä ech kann onser Regierung nëmmen zu hirer diskreter a professioneller Method, fir Lëtzebuerg zu London ze promouvéieren, gratuléieren.

Politesch a strategesch, EU-intern wéi och op der internationaler Bün kann de Brexit awer souguer eng Chance bedeiten, wa mir näämlech de Courage fannen, dës och all ze notzen, well duerch de Brexit hu mer eng reell Chance, op Domäne weiderzekommen, wou ons brittesch Frënn traditionell ëmmer blockéiert hunn, sief dat an der Defense a sief dat virun allem och am soziale Beräich.

D'Sécherheetsunioun: Mir hunn d'lescht Woch eng ganz ausféierlech Debatt hei an der Chamber iwwert d'Defense am Allgemenge gefouert, an do war och d'europäesch Sécherheetsunioun Thema. Ech wëll duerfir net méi an den Detail vun dëser Debatt agoen, mä just e puer Punkten nach eemol ervirsträichen.

Mir als Sozialiste si prinzipiell domat averstanen, dass d'Europäesch Unioun eng Sécherheetsunioun opbaut, well et Sënn mécht, och an dësem Beräich nach méi enk zesummenzeschaffen, grad och an de manner traditionelle Beräicher vun der Defense wéi zum Beispill der Cyber Security.

Mir hunn d'lescht Woch virun allem vun der externer Dimensioun vun enger Sécherheetsunioun geschwat, mä si huet och e Volet, deen d'Sécherheet innerhalb vun der EU verbessere soll. An der Sécherheet no banne sinn an de leschte Jore schonn eng ganz Rei wichteg Initiative geholl ginn, déi ganz konkret dozou bäidroe kënnen, d'Sécherheet vun den europäesche Bierger ze verbesseren, an dëst a Beräicher, déi kee Land eleng ugoe kann a wou d'EU e reelle Plus ass, zum Beispill duerch e besseren

Austausch vun Donnéeën am Schengener Informatiounssystem oder eng nei Richtlinn iwwert d'strofrechtlech Verfolgung. Dëse Volet musse mer geziilt weiderdeveloppéieren, ouni awer dobäi d'Balance tëschent der Sécherheet an der individueller Fräiheet vun de Bierger aus den Aen ze verléieren.

Am Mäerz 2016 huet d'Europäesch Kommissioun dann och endlech domat ugefaangen, un der Ëmsetzung vun hirem Versprieche vun engem méi sozialen Europa ze schaffen, andeem se zumindest emol eng éischt Propos fir e Socle vun europäesche soziale Rechter presentéiert huet an och duerno eng breet Konsultatioun gestart huet.

E méi soziaalt Europa war och d'Thema vun der LSAP-Summerakademie am September 2016. Fir ons Sozialisten ass den Triple-A social eng Prioritéit. Mir hunn - ech mengen, als eenzeg Partei heibannen - ons laang an intensiv mat där Konsultatioun iwwert den europäesche Socle vu soziale Rechter befaasst a mir hunn och zesumme mat onse Ministeren a Parteimemberen an onser Europadeputéierter eng Äntwert op dës Konsultatioun geschriwwen an op Bréissel geschéckt.

Am Allgemenge muss ee soen, dass mer eng Rei vun de Proposen, déi d'Europäesch Kommissioun hei gemaach huet, duerchaus begréissen. Allerdéngs bleift villes ze vag an et ass ze fäerten, dass dës Initiativ en zahnlosen Tiger wäert bleiwen.

Mir als LSAP bleiwen op alle Fall drun a wäerten ons och an de weidere Prozess aktiv abréngen, wann d'Kommissioun dëst Joer, an dat soll jo elo geschwë geschéien, hir definitiv Propose virstellt.

Doriwwer eraus fuerdere mer als Sozialisten eng kloer Strategie, wann et engem mat engem sozialen Europa eescht ass. An deenen Domäner, wou d'Europäesch Unioun net d'gesetzlech Kompetenz huet, mussen awer gemeinsam Standarde fonnt ginn.

Am europäesche Semester musse verbindlech sozial Kritären agefouert ginn, déi niewent reng budgetäre Kritäre gëllen an esou d'Sozialpolitik net ënner e Spuerdiktat stellen. An deene Beräicher awer, wou d'EU och d'Kompetenz huet, gesetzgeberesch aktiv ze sinn, muss si dann dat och maachen, soss kann dat soziaalt Europa keng Realitéit ginn.

Erlaabt mer ee Wuert zur Benelux. Lëtzebuerg hat d'Presidence an der Benelux. An ech fannen et gutt, dass den Akzent drop geluecht gouf, d'Relatiounen an den Dialog mat anere regionale Gruppe wéi de Visegrád-Länner, de baltesche Staten an den nordesche Staten ze förderen. Besonnesch huet mech och gefreet ze gesinn, dass de Mark Rutte - Holland huet jo elo d'Presidence vun der Benelux iwwerholl - gesot huet, e géif domadder weiderfueren a besonnesch mat de Kolleege vun de Visegrád-Länner zesummeschaffen, fir si u Bord ze behalen an der Integratioun vun Europa. An ech mengen, dat ass eng gutt Saach.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen elo zu deem vläicht wichtegsten Thema, mat deem mer ons europäesch dëst Joer befaasst hunn, awer deen och national e wichtegt Thema bleift: déi dramatesch Situatioun vun de Flüchtlingen.

De Minister huet d'Zuele gëschter scho genannt. Laut UNO-Flüchtlingswierk goufen 2016 weltwäit 65,3 Millioune Flüchtlingen an intern deplacéiert Mënsche gezielt. Vun dëse 65,3 Millioune Flüchtlinge befanne sech der nëmme 6% an Europa. Ech mengen, dat muss een och ëmmer erëm an Erënnerung ruffen, wann een iwwert d'Flüchtlinge schwätzt. 90% vun alle Flüchtlingen op der Welt sinn an aarmen Entwécklungslänner opgeholl ginn.

Am vergaangene Joer ass an dësem Dossier, an de Minister ass gëschter schonn drop agaangen, um europäesche Plang an och hei zu Lëtzebuerg vill geschitt. Nodeems d'Balkan-Route vun dëse Länner sougutt wéi dicht gemaach gi war, ass et fir d'Éischt emol zu engem immense Chaos komm. Dausende vu Flüchtlinge waren a Griichenland quasi gestrant. Haut schwätze mer scho bal net méi driwwer, mä virun engem Joer gouf Idomeni zu engem Sënnbild vu Verzweifelter un där elo zouener Grenz vun Europa.

D'EU huet missen op déi Situatioun reagéieren an, nieft der wichteger finanzieller a materieller Hëllef fir Griichenland a fir Italien, fir dass d'Hotspots funktionéieren, an enger Verbesserung vun der Sécherung vun de Baussegrenze gouf och en Accord mat der Türkei fonnt. Den Accord mat der Türkei, an deem d'EU sech verflicht huet, der Türkei bei dem Ënnerbréngе vun de Flüchtlingen ze hëllefen, hat virun allem zum Zweck, déi geféierlech an déidlech Iwwergäng iwwert d'Mier ze ënnerbannen an de Schmuggler hire Businessmodell ze zerstéieren.

Dësen Accord ass bestëmmt net ideal. An ech verheemlechen Iech net, dass eng Léisung, an där all d'EU-Memberstate solidaresch matenee sech ëm d'Flüchtlinge gekëmmert hätten a mat där dësen Accord net néideg gewiescht wier, ons besser gefall hätt. Mä dat war an där deemoleger, mä och an där aktueller politescher Situatioun leider net machbar.

Zur Türkei wëll ech op dëser Plaz eng allgemeng Klammer opmaachen. Déi jéngste Kontroversen ëm d'Optriede vun türkesche Ministeren an Holland an an Däitschland an och dem Här Erdoğan seng horrend Aussoen, Provokatiounen an och Beleidegunge vis-à-vis vun eisen däitschen an hollännesche Frënn, dat ass just e weidere Schratt op engem laange Wee vun enger Eskalatioun vu Provokatiounen, déi ëmmer méi schaarf ginn. A se spillt an alle Länner virun allem den Nationalisten an d'Hänn.

D'Türkei befënnt sech am Moment an enger ganz schwiereger Situatioun. No dem gescheiterte Coup d'État am Juli 2016 beweisen déi schrecklech dorop folgend systematesch Politik vun Entloossungen, Zoumaache vu Presseorganer duerch d'Regierung Erdoğan an och déi geplangte Verfassungsreform, alles dat beweist, dass d'Türkei de Wee vun der Demokratie verlooss huet.

Net méi spéit wéi d'virlescht Woch ass och de Bericht vun der Commission de Venise, also de Verfassungsexperte vum Europarot, iwwert déi geplangte Verfassungsreform an der Türkei public ginn. Dëse warnt virun engem Eng-Persoun-Regimm an der Türkei. Duerch déi geplangte Verfassungsännerunge kënnt et zu engem weideren Ofbau vun allen néidege Kontrollmechanismen. Checks and balances gëtt et dann net méi. Dat entsprécht dann och guer net méi engem demokratesche Presidialmodell, deen op der Séparation des pouvoirs opgebaut wier.

De Risiko besteet also, dass sech en nach méi autoritäre Presidialsystem developpéiert. An net ze vergiessen: Déi ounihi schwaach Onofhängegkeet vun der Justiz gëtt duerch deen neie System nach méi geschwächt, fir net ze soen zerstéiert.

Derniewent huet d'Türkei och un hirer direkter Grenz mat deem erëmopgeflaamte regionale Konflikt mat de Kurden an dem Krich a Syrien ze kämpfen. Beim Festhuele vun den Deputéierte vun der prokurdescher Partei HDP steet dann och ganz kloer de Konflikt mat de Kurden am Hannergrond, e Konflikt, deen ëmmer méi eskaléiert. Dofir musse mer déi türkesch Regierung och ganz kloer dozou opruffen, nees Gespréicher, en demokrateschen Dialog mat de Kurden opzehuelen an d'Situatioun ze deeskaléieren.

An der Motioun, déi mer an dëser Chamber zu dësem Thema de 16. November 2016 verabschit hunn, erkläre mer ons och solidaresch net nëmme mat de Kurden, mä och mat de Bierger vun der Türkei. D'Biergerinnen an d'Bierger vun der Türkei an alleguerten d'demokratesch Parteien an Instanzen an der Türkei stoungen de 15. a 16. Juli 2016 an der Nuecht vum Putschversuch kloer op der Säit vun der Demokratie a vum Rechtsstat. Dat däerfe mer ni vergiessen. An dofir gëllt hinnen och weiderhin eis onageschränkte Solidaritéit a Frëndschaft.

An dofir musse mer awer bereet sinn, déi türkesch Regierung ze kritiséieren, schaarf ze kritiséieren, och ze attackéieren, wa si vum Wee vun der Demokratie erofkënnt, a mir musse se dozou opruffen, sech erëm op de Wee vun der Rechtsstaatlechkeet ze beginn.

Well, och wann d'Situatioun am Moment amgaangen ass, politesch ëmmer weider ze deeskaléieren (veuillez lire: ze eskaléieren), dierf och d'Regierung an der Türkei net vergiessen, dass och si vum Westen ofhängeg sinn. Si sinn net nëmmen, genau wéi vill anerer, als NATO-Partner duerch dëst Bündnis och militäresch geschützt, mä si sinn och vum Handel an Investissementer mat de westleche Partner ofhängeg. Et ass weder fir d'EU nach fir d'Türkei gutt, wann d'Türkei sech endgülteg vum Weste géif ofwennen.

Här President, erlaabt mer, nach eemol zréckzekomme bei d'Situatioun vun de Flüchtlingen, an dës Kéier méi speziell hei am Land. Ech deelen do iwwregens d'Analys vum Minister, dass Libyen net déi Plaz ass, wou mer kéinte Flüchtlingen zréckschécken oder wou Flüchtlinge kéinten opgefaange ginn. An ech deelen och d'Analys, dass een esou Schrëtt nëmme ka maachen am Zesummeschaffe mam UNHCR.

Ech deelen och seng Analys a säi Rappell, dass, wann een iwwert d'Flüchtlingsthematik schwätzt, een net den Dossier vun der legaler Migratioun ka komplett vergiessen.

Wa mer ons d'Zuelen hei zu Lëtzebuerg vun den Demandeurs de protection internationale aus dem Joer 2016 ukucken, da stelle mer fest, dass sech d'Zesummesetzung no 2015 nees staark verännert huet. Koumen 2015 ronn d'Halschent vun den Demandeuren aus Syrien an aus dem Irak, sou waren dat 2016 nach eng 23%. Derbäi koumen 2016 3% aus Afghanistan. Et woren awer och 36% aus Länner vum Balkan, bal 10% aus de Maghrebstaten a 4,5% aus Eritrea, déi hei zu Lëtzebuerg Asyl gefrot hunn.

An, jo, vill vun dëse Leit hu keen Urecht op politeschen Asyl a vill vun hinne wäerten dowéinst am Kader vun de besteeënde Gesetzer a Prozeduren och erëm heemgeschéckt ginn, eng Rei vun hinnen och am Kader vun enger Procédure accélérée.

Et ass positiv ze gesinn, dass, wat d'Retouren ugeet, d'Retours volontaires nach ëmmer d'Regel bleiwen. 2016 hate mer 456 Retours volontaires an 113 Retours forcés. Vun dësen 113 Retours forcés waren 73 Persounen deboutéiert Demandeurs de protection internationale, also déi all Prozeduren duerchgelaf waren, an déi aner 40 Persounen hate keng Asyldemande hei gemaach, mä waren illegal hei um Territoire.

Mä ech géif an deem Kader haut vläicht gären e Schrack méi wäit goen. Et ass jo einfach ze soen, dass eng Persoun kee Recht op politeschen Asyl huet an dofir erëm fort muss. Mä heiansdo musse mer awer och op en Neits eis d'Fro stellen: Firwat kommen déi Leit dann iwwerhaapt bei eis? Et gëtt ëmmer e Grond, firwat e Mënsch aus senger Heemecht fortgeet, fir an engem anere Land Asyl ze froen. Nëmme wa mer eng detailléiert Analys vun deene Länner maachen a verstinn, firwat dës Mënsche bei ons Asyl froen, kënne mer och probéieren, laangfristeg Léisungen ze fannen.

Syrien bleift 2016 dat Land, aus deem mer och hei zu Lëtzebuerg déi meeschten Asyldemandë kritt hunn. Ech fannen et ëmmer besonnesch pervers, wa verschidde Politiker vum rietse Bord an Europa probéieren ze suggeréieren, dass dës Leit am Fong kee Recht op Asyl dierften hunn. Si schéngen ze vergiessen oder bewosst ze verdrängen, dass dës Mënschen zum Deel virun hirer eegener Regierung flüchte mussen, an zwar well si viru sechs Joer fir hir politesch Iwwerzeegungen antriede wollten.

De Minister huet gëschter drun erënnert, dass déi katastrophal Situatioun a Syrien un éischter Stell dowéinst entstanen ass, well en Diktator ursprénglech op friddlech Demonstrante fir Demokratie a Matsproocherechter op eng immens brutal Aart a Weis reagéiert huet.

Ech erënneren drun, dass de Chamberspresident an ech selwer d'lescht Woch hei eng Delegatioun vun Handicap International, déi fir Syrien schafft, empfaangen hunn. Si hu folgend Fakten aus Syrien geliwwert: 400.000 Syrer hunn an deem bluddege Krich hiert Liewe verluer an iwwer eng Millioun Syrer sinn doduerch physesch a psychesch schwéier verletzt. 4,9 Millioune Mënsche sinn aus Syrien geflücht a 6,5 Millioune Mënsche sinn innerhalb vu Syrien deplacéiert ginn. 13,5 Millioune Syrer sinn op humanitär Hëllef ugewisen. D'Bombardementer an d'Pilonnagë sinn d'Regel ginn an deem bluddege Krich. All 15 Minutte kënnt et a Syrien zu engem Bombardement, an dat haaptsächlech a staark bevëlkerte Géigenden. D'Zuel vun den zivile Victimmen ass erschreckend. De Gebrauch vun explosive Waffen a peupléierten Zone war am Joer 2012 d'Ursaach fir 42% vun zivillen Opfer. Am Joer 2016 huet dës Proportioun sech bal verduebelt op 83%.

Eng Léisung an dësem Krich ass leider nach ëmmer net a Siicht. Mat der Ënnerstëtzung vu Russland a vum Iran huet de Bashar al-Assad an dësem Krich weider u Buedem gewonnen an huet schliisslech mat Aleppo och déi symbolesch a strategesch wichteg Héichbuerg vun der Oppositioun ageholl. Militäresch duerch dës Victoirë gestäerkt, huet den Assad och däitlech gemaach, dass hien net un enger seriöer, diplomatescher Léisung interesséiert ass. Dofir hänkt elo vill vu Russland an dem Iran of, ob a wéini et dozou komme kann.

De Kampf géint d'Daesh mag iwwerdeems weidergoen a militäresch sur place vläicht erfollegräich sinn, mä fundamentalistescht Gedankegutt léisst sech net eleng mat Waffen ausrotten. Dat Ëmfeld, an deem eng ganz Generatioun elo opwiisst, déi näischt aneres kennt ewéi Krich a Misär, ass en idealen Närbuedem fir esou fundamentalistesch Iddien, déi mer op dat Schäerfst musse bekämpfen.

Soulaang mer déi katastrophal Situatioun a Syrien net an de Griff kréien, ass et wéinstens ons Flicht, deene Leit, déi virun dësem Krich fortlafen, Schutz ze bidden. Mä wa mer laangfristeg eppes un der Situatioun ännere wëllen, da brauche mer eng vill méi kloer a kohärent Strategie um internationale Plang fir Syrien, fir de Krich endgülteg op en Enn ze bréngen an duerno massiv beim Erëmopbau vun deem Land ze hëllefen. Nëmmen esou hu mer eng Chance, dass sech a Syrien net laangfristeg eng Situatioun wéi am Irak oder an Afganistan entwéckelt. An dëse Länner flüchten d'Leit ëmmer nach virun islamisteschen Terrorgruppen, déi si attackéieren an ënnerdrécken, déi hir Famillje bedroen, wa se sech wëlle politesch fir hir Zukunft asetzen.

Da kommen ech elo zu enger Regioun, wou d'Situatioun sech ganz aneschters duerstellt. 2016 koumen insgesamt 36% vun den Demandeurs de protection internationale hei am Land aus Länner vum Westbalkan: aus Albanien, dem Kosovo, Serbien a Bosnien-Herzegowina.

Et si meeschtens dës Leit, déi gemengt sinn, wa mer dobausse vun de Wirtschaftsflüchtlinge schwätzen. Mir sollten dës Leit awer vläicht besser als Aarmutsflüchtlinge bezeechnen. De Balkan ass näämlech mat déi äermste Regioun an Europa. Bosnien-Herzegowina a Kosovo gehéiere souguer zu den äermste Länner op der Welt. Am Kosovo liewen haut 10% vun de Leit an extremer Aarmut, dat heescht vu manner wéi engem Dollar den Dag, an d'ekonomesch Situatioun an dëse Länner ass souguer nach dobäi, sech weider ze verschlechteren.

Derbäi kënnt och, dass an enger Rei vun dëse Staten nationalistesch Parteien un der Muecht sinn a sech d'Situatioun an der Lescht och diplomatesch nees verschäerft huet. Et gëtt leider eng Rei däitlech Zeechen, dass sech d'Situatioun um Balkan wierklech net verbessert, mä éischter verschlechtert. Den Interessi vum neien amerikanesche President un där Regioun ass ganz kleng. An doduerch fille sech bestëmmte Kräften an dëser Regioun och nees gestäerkt, fir d'Tensiounen zumindest erëm méi staark ginn ze loossen.

D'Europäesch Unioun muss hiren Afloss an dëser Regioun stäerken. E stabillen an demokratesche Balkan ass am Interessi vun ons alleguer. Mir mussen déi sozial a wirtschaftlech Perspektive vun dëse Länner stäerken, ons bisheereg Hëllef an der Regioun iwwerpréiwen. Wat ass zum Beispill de Bilan vun den EUFOR- a KFOR-Missiounen an den Asaz vun den High Representatives?

Mir mussen ons als Europäer e richtege Marshallplang fir dës Regioun iwwerleeën. Dat mag ons och Sue kaschten, mä e weidert Ausbludde vum Balkan oder souguer en neie Krich an dëser Regioun géif ons definitiv méi deier kaschten.

Mir hunn och nach ëmmer 10% vun onsen Asyldemandeuren, déi aus Algerien, Marokko oder Tunesien kommen. Am beschten ass d'Situatioun nach an Tunesien, deem leider eenzege Land, deem eng Transitioun nom Arabesche Fréijoer gelongen ass an dat elo mat all de Problemer vun enger jonker Demokratie an engem onsécheren Ëmfeld an enger ekonomesch schwiereger Lag ze kämpfen huet.

Fir dëst Land ze ënnerstëtzen, hate mer schonn ënner eiser Presidence 2015 wichteg Initiative fir den Emploi vun de Jonke gestart, an dësen Engagement muss weidergefouert ginn, fir dëst Land ze ënnerstëtzen.

Mä mir dierfen dobäi net vergiessen, dass och an Tunesien zum Beispill d'Homosexualitéit nach ëmmer illegal ass an dës Leit verfollegt ginn an dofir fortlafen. Déi gréisser Zuel vun Demandeurs de protection internationale kënnt awer aus Algerien a Marokko, wou 2016 och d'Verfolgung vu Journalisten zougeholl huet, friddlech Demonstrante verhaft goufen an ëmmer nees Rapporte vu Human-rights-Organisatioune gemaach ginn, dass d'Leit am Prisong gefoltert ginn.

Op e lescht Land wëll ech nach agoen. 4,5% vun den Demandeurs de protection internationale zu Lëtzebuerg kommen aus Eritrea. Wann Der lech elo frot, aus wéi enge Grënn déi Leit aus Eritrea wuel fortgelaf sinn, well Der doriwwer näischt héieren hutt, dann ass dat net weider erstaunlech.

Laut enger Analys vu Care International ass d'Kris an Eritrea déi Kris, vun där 2016 am mannsten an der internationaler Press bericht gouf. Dat läit sécherlech och dorunner, dass Eritrea bal komplett vun der Aussewelt ofgeschnidden ass an international Journaliste grad wéi humanitär Aarbechter keen Zougang zu humanitären Daten am Land hunn.

International Hëllefsorganisatioune kréien et oft net erlaabt, fir der Bevëlkerung an iergendenger Form Ënnerstëtzung ze ginn. D'Leit an Eritrea leiden un enger extremer Hongersnout, well déi lescht Ernte schlecht ausgefall sinn a virun allem Fraen a Kanner sinn extrem dovu betraff.

D'Halschent vun de Kanner an dëser Regioun si geeschteg a kierperlech ënnerentwéckelt, well se u Mangelerscheinunge leiden. Derbäi kënnt, dass 2016 d'Tensioune mam Nopeschland Äthiopien nees méi staark gi sinn, mat deene si

ëmmer nach iwwert d'Festleeë vun de Grenze streiden.

Dee säit der Onofhängegkeet vun Eritrea undauernde Konflikt souwéi de Fait, dass et an Eritrea, dat musst Der Iech virstellen, e liewenslaangen obligatoresche Militärdéngscht gëtt, kombinéiert mat der desastréiser ekonomescher Situatioun vun deem Land, féieren dozou, dass vill Leit keng aner Léisung fannen, wéi sech op dee laangen a geféierleche Wee duerch d'Sahara iwwert d'Mëttelmier ze maachen, fir an Europa Asyl ze froen.

Déi ganz Sahelzon ass an enger ekonomesch desastréiser Situatioun, wou d'Leit vun Honger stierwen an op humanitär Ënnerstëtzung ugewise sinn, fir ze iwwerliewen, an och hei fanne Fundamentalisten en idealen Närbuedem fir hir Ideologien.

An dëser Regioun hu sech an de leschte Joren Imame verbreet, déi do onkontrolléiert fundamentalistescht Gedankegutt verbreeden a sech Jonker esou den Terrorgruppe vu Boko Haram uschléissen. Dëst ass eng Gefor, déi fréizäiteg muss analyséiert a bekämpft ginn, wa mer net wëllen, dass dës Regioun nach weider destabiliséiert gëtt.

Dofir sinn ech frou, dass Lëtzebuerg iwwert de Kooperatiounsministère eng Etüd iwwert dëse Phenomeen finanzéiert huet, déi vun International Crisis Group realiséiert gouf. A fir dass dës Etüd och e reellen Impakt kann hunn, gouf se och op enger Konferenz, déi zu Lëtzebuerg war, wou all Sahel-Representantë ware vu verschiddene multilateralen Organisatiounen, awer och vu ville Partnerlänner, virgestallt. Ech hunn och gefrot, dass mer se kréien, dass ech se kann un d'Deputéierte weiderschécken. Ech mengen, et ass wichteg, dass een esou Etüde mécht.

Eng aner wichteg Etüd, déi vum Lëtzebuerger Ausseministère mat 35.700 Euro finanzéiert gouf a vun Handicap International realiséiert gouf, ass d'Etüd „Qasef: Escaping the bombing", déi 2016 am September publizéiert gouf. An dës Studie analyséiert d'Korrelatioun tëschent dem Impakt vun explosive Waffen an dicht bevëlkerten Zonen an den Deplacementer vu Mënschen a Syrien an aus Syrien eraus; en Thema, wat ech jo virdrun ugeschwat hunn. Dës Etüd gouf am Dezember och vun eisem UN-Botschafter zu New York an de Vereenten Natioune presentéiert a mat villen Akteuren diskutéiert. Och dëst kann e Léisungsusaz sinn.

Am Kader vun dësem Debat haut kann ech nëmmen eng kuerz Analys vu ville Problemer probéieren. Iwwer all eenzel Problematik kéinte mer alleguer heibanne stonnelaang schwätzen. Wa mer also geziilt zu dëse Problemer a Phenomeener Etüden an Optrag ginn an och d'Resultater an d'Politik erabréngen, da kënne mer d'Problemer besser verstoen an och mathëllefen, Léisungen ze erschafen.

Här President, déi enk an erfollegräich Zesummenaarbecht tëschent dem Minister sengem Ministère an den ONGe gesäit ee beim Lëtzebuerger Engagement, besonnesch och wat all déi Initiative vum Desarmement ugeet um internationale Plang. Ech wëll Iech dofir, Här Minister, an all Ären Diplomate Merci soe fir dee laangjärege kontinuéierlechen Asaz.

D'LSAP-Fraktioun begréisst och déi vill Efforte vun der Lëtzebuerger Diplomatie um multilaterale Plang, wat d'Stäerkung, d'Promotioun an d'Diffusioun vum Droit international humanitaire ugeet, sief dat d'Kooperatioun mam Comité vum Internationale Roude Kräiz oder Roude Croissant oder ons Engagementer um Sommet humanitaire zu Istanbul am Mee 2016.

Diplomatie, Dialog, EU-/UN-zivill Missiounen, Reconciliatioun, Entwécklungshëllef: Dat sinn d'Wierder, déi den Ausseminister gëschter a senger Ried éfters benotzt huet. Hien huet däitlech gemaach, dass dorop de Schwéierpunkt muss leien an dass d'Konflikter am Oste vun Europa - Ukrain/Russland - an am Süden op där anerer Säit vum Mëttelmier net eleng militäresch ze gewanne sinn. De Minister huet ons ëmmer erëm drun erënnert, dass déijéineg, déi Crimë géint d'Mënschheet verursaachen, och virun hir Responsabilitéit gestallt musse ginn a fir hir onmënschlech a barbaresch Akte virun den internationale Geriichter veruerteelt musse ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als LSAP si mir stolz op dem Minister seng sëllech an engagéiert Plädoyere fir d'Mënscherechter a fir d'Rechtsstaatlechkeet, egal ob vis-à-vis vun Drëttstaten oder Partner an der Europäescher Unioun. Am Géigesaz zu den Oppositiounsparteie sti mer do ëmmer zu 100% hannert dem Minister. A mir ginn och bestëmmt als LSAP net hin, wéi d'CSV dat gemaach huet, an organiséieren eng Pressekonferenz, fir dem Ausseminister seng kloer Sprooch nach ze kritiséieren. Dat Ganzt war finalement e Schoss no hanne fir d'CSV, wann een d'Commentairen an de Medie gelies huet.

Ech war immens frou, wéi eng Woch no dëser Pressekonferenz den Här Zeid Ra'ad Al Hussein, en héichgeschatenen UN-Diplomat, an den Haut-Commissaire des Nations Unies aux droits de l'homme zu Besuch bei eis an der aussepolitescher Kommissioun war. Hien huet et begréisst, dass mer als Lëtzebuerg ëmmer op der richteger Säit stinn, wann et gëllt, de Multilateralismus, den Droit international an d'Mënscherechter ze verdeedegen.

Hien huet et begréisst, dass onsen Ausseminister Nationalismus a Populismus bekämpft. Op d'Remarque, dass et Länner gëtt, déi d'Fuerderunge fir de Schutz vu Mënscherechter als en Amëschen an hir innerstaatlech Affären ugesinn, huet den UN-Commissaire fir Mënscherechter ganz kloer geäntwert, dass et nach keng seriö juristesch Analys iwwert den Artikel 2.7 vun der Charte des Nations Unies géif ginn, déi oft an dësem Fall vu verschiddene Länner zitéiert gëtt an déi et erlabe géif ze beweisen, datt et en Amëschen duerstellt, wann een engem Land virwerft, et géif d'Mënscherechter mëssuechten.

Den Haut-Commissaire huet an deem Kontext bei ons an der Kommissioun de Franc-parler vu Lëtzebuerg begréisst an och, dass mer en Ausseminister hunn, deen - mir hunn Englesch geschwat -, en huet gesot, „very outspoken" ass.

Ech erlabe mer dofir als Konklusioun aus dem PV vun der Sëtzung ze zitéieren. Ech zitéieren: «Il…», also dat ass de Mënscherechtscommissaire, «…a salué le franc-parler du Grand-Duché et de son Ministre des Affaires étrangères à maintes occasions en faveur de la protection des droits de l'homme.» Fin de citation. An domat ass zu deem Thema alles gesot.

Zum Ofschluss wëll ech alle Mataarbechter vum Ausseministère, ob heiheem oder an der grousser Welt, e grousse Merci soe fir hir Professionalitéit, hiert Engagement, dat mer heibannen all ze schätze wëssen. Och dem Minister Merci fir seng Disponibilitéit, trotz senger gefëlltener Agenda ëmmer bei eis an d'Kommissioun ze kommen, no, viru wichtege Conseilssëtzungen oder anere wichtege Konferenzen. An et huet mech gefreet, gëschter a senger Ausso ze héieren, dass e gesot huet, wann e schwiereg Themen ugeschwat huet, dass en d'Chamber do an Zukunft och wëllt enk mat abannen.

Als allerleschte Punkt wëll ech engem jonke Mënsch Merci soen, dem Jonathan Ponchon, deen de leschte Sonndeg zu Lëtzebuerg ganz eleng „Pulse of Europe" organiséiert huet. An et hu sech Leit him ugeschloss. Dat ass e Mouvement, deen eis Hoffnung mécht, net nëmmen hei an Europa, mä a villen anere Stied. An dat ass e Liichtbléck. An ech hoffen, dass mer op dee Liichtbléck fir d'Zukunft kënnen opbauen.

Ech soen Iech Merci, fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Angel. Dir kënnt dann och dem Här Cruchten nach Merci soen, dass hien elo mat sechs Minutten auskënnt.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Mir haten dat esou ofgemaach.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Voilà! Dat gesot, huet als Nächsten den Här Gusty Graas d'Wuert fir d'DP.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, Här Ausseminister, Exzellenzen, an dräi Deeg sinn et 60 Joer hier, datt zu Roum en neit Kapitel an der europäescher Geschicht geschriwwe gouf. Et war e Kapitel, wat vu sechs Auteuren entworf gouf. An am Laf vu sechs Jorzéngten hu sech nach 22 zousätzlech Auteuren ugeschloss.

Eist Land stoung deemools an der éischter Rei, wéi et geheescht huet, fir Europa nei Perspektiven ze ginn. Et ass ouni Zweifel an der wieselvoller Geschicht vum Kontinent Europa dat flottsten an dat schéinste Kapitel, wat jee geschriwwe ginn ass. 60 Joer laang Fridden ënnert dëse Partner. 60 Joer laang goufe keng Bommen op hir Populatioun geworf. A wien hätt geduecht, datt nom Fall vum Warschauer Pakt Länner wéi Rumänien, Slowenien, Ungarn, Bulgarien, Polen, d'Slowakei an d'Tschechei eis direkt Nopere géife ginn, an datt mer eis direkt kéinten, ouni e Pass ze weisen, an hir Heemecht deplacéieren?

Et kann ee roueg behaapten, datt aus enger Illusioun eng Realitéit gouf. D'Mënschen haten et tatsächlech fäerdegbruecht, eng politesch Struktur opzebauen, déi och ëmmer méi zu engem homogene Ganzen eropgewuess ass. Europa ass, wéi gesot, haut ouni Zweifel e Raum vu Fridden, Wuelstand a Fräiheet.

Et ass schonn en historescht Ereegnes, wa Staten et fäerdegbréngen, Bezéiungen opzebauen, ouni duerfir musse Gewalt ze gebrauchen. Et gëtt jiddefalls net vill Regiounen op der Welt, fir net ze soe keng, wou esou vill Staten zesummen et fäerdegbruecht hunn, esou eng Harmonie ze kreéieren.

Och wann et net einfach ass, datt 28 verschidden Auteuren, leider elo gläich nëmme méi 27, sollen e gemeinsamt Dréibuch schreiwen. De Jean Monnet, an dee gouf gëschter och scho vum Här Ausseminister hei zitéiert, wëll ech och nach eng Kéier ganz gären zitéieren, ee vun de geeschtege Pappe vun dësem Europa, hat emol eng Kéier gesot: «Ce qu'il faut chercher, c'est une fusion des intérêts des peuples européens et non pas seulement le maintien de l'équilibre de ces intérêts.» Ech mengen, datt sech laang un dësem Leitsaz an Europa ouni Zweifel orientéiert ginn ass, soss hätte mer net dat opgebaut, wat u sech haut Europa duerstellt.

An trotzdeem huet een elo ëmmer méi d'Gefill, wéi wann d'Essenz vun deem Zesummeliewe géif zur Normalitéit ginn. Vläicht vill ze vill zur Normalitéit. Haut gesi mer leider och déi éischt Rëss am Haus Europa. An déi Éischt wëllen och auszéien. Dat Europa gëtt natierlech elo vill méi komplizéiert an et gëtt och manner vollstänneg.

Den 23. Juni 2016 war fir eis Lëtzebuerger e flotten Dag, e schéinen Dag. Mir hu gefeiert. Mir hunn eisen Nationalfeierdag queesch duerch d'Land gefeiert, mä op där anerer Säit gouf awer och déi Freed do gedréift vun engem Land nieft dem Ärmelkanal. Do ass mat enger knapper Majoritéit decidéiert ginn, fir Europa ze verloossen. Et war ee Schock, ouni Zweifel. An dee Schock, deen ass och haut nach do. De Brexit war tatsächlech Realitéit ginn. Mir hunn ni dru gegleeft. Mir hunn ëmmer gehofft, datt et net zu där Situatioun kéim, an trotzdeem ass se agetrueden. Zënter dem 23. Juni 2016 ass d'Welt eng aner an Europa. De Wee an en nach méi harmonescht Europa gouf leider brutal ënnerbrach.

Wéi geet et dann elo weider nom Brexit an der Europäescher Unioun? Natierlech ass d'Course op fir d'Finanzen, déi nach an der City sinn, an aner Stied ze zéien. Et mécht sech e gewëssene Konkurrenzkampf bemierkbar zwësche Paräis, zwësche Frankfurt, zwëschen Dublin, awer och zwësche Lëtzebuerg. Jiddefalls - an dat soll een elo schonn hei soen -, wann eng Kéier de Brexit bis definitiv ofgeschloss ass, da muss d'Europäesch Unioun och de Courage huelen an den Traité nach eng Kéier genee iwwerpréiwen, wéi ee kann an Zukunft esou Situatioune vläicht besser geréieren, och vläicht besser evitéieren.

Fir d'Éischt mussen natierlech d'Verhandlunge mam Leaver gefouert ginn. An nach virum Enn vun dësem Mount wäert jo dann d'Madamm May offiziell d'Demissioun vun hirem Land an der EU areechen. Da wäert e Verhandlungsmarathon vun iwwer zwee Joer asetzen. Mä et soll awer elo schonn hei kloer ënnerstrach ginn, datt d'Engländer net solle mengen, si kréichen en extrae Kaddo gemaach.

Selbstverständlech muss England och no dem Brexit e privilegéierte Partner vun der Europäescher Unioun bleiwen, mä d'Konditioune vun der Stee musse ganz kloer definéiert ginn. Et ass jiddefalls ze hoffen, datt déi 27 Memberstaten hei un engem Strang wäerten zéien an och eng Positioun vis-à-vis vun deem Problem do wäerte bezéien.

Interessant ass awer och ze gesinn, wat sech a Schottland deet. An net méi spéit wéi haut misst jo dann eng wichteg Decisioun falen, ob et elo zu engem zweete Referendum wäert kommen. Ech mengen op alle Fall, datt d'Europäesch Unioun soll an där ganzer Problematik eng lucide Positioun anhuelen an - firwat net? - net ausschléissen, datt emol eng Kéier England kéint duerch Schottland an der Europäescher Unioun ersat ginn.

De Brexit huet ouni Zweifel en Äerdbiewen an der Europäescher Unioun ausgeléist. Haut spiere mer nach ëmmer d'Nobiewen, well den Trend, fir sech aus där Gemeinschaft lasszeléisen, huet net ofgeholl; au contraire. Da musse sech awer virun allem Länner wéi Polen an Ungarn bewosst sinn, datt se sech un elementar Regelen ze halen hunn. Mir kënne jiddefalls an der Europäescher Unioun net akzeptéieren, datt elementar Wäerter, déi mer elo iwwer sechs Jorzéngten hei vertrueden hunn, op eemol net méi sollen esou gëllen. Natierlech musse virun allem um diplomateschen Niveau déi richteg Wierder fonnt ginn.

D'Fro, déi sech natierlech och an deem ganze Kontext stellt - an ech kucken hei nach eng Kéier op Polen, ech kucken nach eng Kéier op Ungarn -, ass, awéifern datt och d'Kopenhagen-Kritäre vun 1993 musse spillen. An ech wëll och nach eng Kéier hei op d'Kommissioun vu Venedeg ze schwätze kommen, déi jo och elo e Rapport erausginn huet, wou se ganz kloer festgehalen huet, datt mat enger Ännerung vum Verfassungsgeriicht a Polen d'Demokratie an deem Land awer géif a Gefor kommen. Dat heescht also ganz kloer, datt mer och am Traité musse verstäerkt Kritäre virgesinn, wéi mer mat esou Abtrünnigen, muss ee scho bal soen, an Zukunft wäerten ëmgoen.

Et ass sécher: Europa huet et de Moment net liicht. Et ass e fragillt Haus an et musse sech vill Gedanke gemaach ginn, wéi mer weiderfueren. D'Europäesch Kommissioun huet elo kierzlech e Wäissbuch virgeluecht mat fënnef Zeenarien. Positiv ass, datt d'Europäesch Kommissioun dës Kéier net de Memberstaten eppes vun uewen erof octroyéiert, mä datt hei d'Memberstaten u sech gefuerdert sinn, sech selwer mat deene Virschléi auserneenzesetzen. Duerfir sinn ech och der Meenung, datt och mir hei an der Chamber eis sollte méi intensiv domadder auserneesetzen an - firwat net? - an noer Zukunft eng Kéier méi en intensiven Debat doriwwer féieren.

Den Här Ausseminister huet gëschter kloer hei ze verstoe ginn, datt fir Lëtzebuerg u sech nëmmen zwou Optiounen a Fro kéimen. Mir kënnen déi Ausso hei als Demokratesch Partei nëmmen ënnerstëtzen. Mir kommen zwar dann op de Wee erëm vu l'Europe à plusieurs vitesses. Dat ass näischt Neies, dat ass schonn e puermol aus dem Tirang geholl ginn, wann et an Europa gekriselt huet. Mä ech ginn awer ganz gären zou, datt dat zu dësem Zäitpunkt wahrscheinlech déi beschte Léisung wär, fir dat Haus Europa net ganz an de Koup falen ze loossen.

2017 dierft jo ouni Zweifel e wichtegt Joer fir Europa ginn. Mir hu schonn e puer Méint hannerun eis. Ech denken do virun allem u véier wichteg Wahlen.

Eng Wahl ass geschloen: déi an Holland. Selbstverständlech si mer an enger éischter Reaktioun ganz frou gewiescht, datt den Här Wilders a seng Gesellen net dat Resultat erreecht hunn, wat hie sech erwaart hat, mä mir mussen dat Resultat awer och trotzdeem mat Nuancë gesinn. Well trotzdeem ass an dem Benelux-Stat de Rietsdrock nach ëmmer ganz grouss. An et däerf een net vergiessen, datt den Här Wilders awer nach ëmmerhi mat senger Trupp déi zweetstäerkste Kraaft an Holland ass.

Da kucke mer natierlech elo extrem gespaant op Frankräich. Et muss een haut vu Gléck soen, datt e Land wéi Frankräich en anere Wahlsystem huet, datt et en zweete Wahlgang gëtt. Well wann et nëmmen ee Wahlgang géif ginn, da wier natierlech grouss Gefor do, datt d'Madamm Le Pen géif vläicht souguer am éischten Tour déi Wahle wannen; wat och souwisou elo net auszeschléissen ass.

Wat sech natierlech och um Niveau de Moment vun der Republikanescher Partei ofspillt, wëll ech net weider kommentéieren, mä et gëtt awer ze denken. Et gëtt awer ze denken, awéiwäit datt awer och d'Politik op deem Niveau sech net onbedéngt positiv entwéckelt huet. All Dag kommen nei Revelatiounen un den Dag. Frankräich gëtt gebeidelt vun engem Skandal a vun anere Skandaler. Net méi spéit wéi haut ass jo erëm e Minister an der franséischer Regierung Hollande zréckgetrueden. Den Innenminister...

Une voix.- Dat war gëschter.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Gëschter. An och dat gëtt natierlech ze denken.

Den Här Fillon, mengen ech, huet den Zäitpunkt verpasst, fir zu deem richtege Moment aus der Course erauszeklammen. Well et däerf ee jo och net vergiessen, datt en och nach am Ufank wéi de grousse Gewënner u sech ausgesinn huet. Mir wëssen awer ganz kloer, wéi gesot, wa sollt de Front National a Frankräich d'Nues vir hunn nom zweete Wahltour, wat dat géif fir eis a fir Europa bedeiten, dat kann ee ganz kloer a ganz däitlech hei soen: Dat wier d'Enn vun der Europäescher Unioun! Dat géif e Brexit bis ginn. An ech mengen, dat géif och net iwwerliewen.

Elo scho gesäit een och op de Finanzmäert, datt eng méiglech Victoire vum Front National schonn hir negativ Auswierkunge mat sech bréngt. Esou sinn zum Beispill d'Zënsen op de Prêten ëm 0,5% an d'Luucht gaangen. Et kann een also nëmmen hoffen, datt europafrëndlech gesënnte Leit a Frankräich d'Renne wäerte maachen.

An ech wëll hei zum Beispill op eng Ausso vum Emmanuel Macron hiweisen, déi en de 17. Mäerz an engem „Figaro"-Interview gemaach huet. Jiddefalls eng Ausso, déi aus dem Mond vun enger Madamm Marine Le Pen onméiglech wär. Ech zitéieren: «Il n'y a pas une culture française, il y a une culture en France et

elle est diverse.» Ech mengen, e bessert Bekenntnis zu engem gemeinschaftlechen Zesummeliewe kann een net maachen. Diversitéit ass net eng Schwächt, wéi Verschiddener heiansdo mengen, mä Diversitéit ass eng Stäerkt. An dat soll ee sech och emol vläicht méi oft bewosst sinn.

Une voix.- Très bien!

M. Gusty Graas *(DP).*- Manner problematesch wäerten d'Wahle sech an Däitschland entwéckelen. Egal wien do neie Bundeskanzler gëtt, eppes ass ganz kloer: Och wann en net aus menger politescher Famill kënnt, muss een awer hei ganz däitlech ënnersträichen, datt et sech hei ëm zwou Persounen handelt, déi eng proeuropäesch Gesënnung hunn, déi mat Sécherheet wäerten derzou bäidroen, datt dat Haus Europa an Zukunft wäert gutt gefleegt ginn.

Iwwerhaapt, an dat soll een och emol hei ënnersträichen, ass et bemierkenswäert, datt et an Däitschland ganz vill Spëtzepolitiker gëtt, déi eng gutt gesënnten europäesch Politik vertrieden. Däitschland, wat sech och net scheit, seng eege Vergaangenheet opzeschaffen. Mä et däerf een och do net vergiessen, datt et awer och Schietsäite gëtt.

Mir hunn eng AfD, obwuel ech perséinlech der Meenung sinn, datt et eng ephemer Partei ass. Ech si bal iwwerzeegt, wann e puer Joer erëm sinn, da gëtt et déi net méi. Wat awer net wëllt heeschen, datt dee bronge Sumpf dann ausgedréchent ass. Da wäerte vläicht erëm nei Kräften entstoen. Jiddefalls, mir musse vigilant sinn. A virun allem och eis däitsch Frënn musse vigilant sinn. Och bei hinnen ass Närbuedem do, fir datt sech esou Entwécklunge kënne leider breetmaachen.

An dann ass nach eng véiert Wahl, iwwert déi gëtt ganz wéineg geschwat. Déi ass an Tschechien. Do gëtt am Hierscht d'Parlament erneiert. Elo kann ee soen: „Tschechien, jo, e klengt, onbedeitend Land an der Europäescher Unioun." Neen, och dat soll een net ënnerschätzen. An och do hoffe mer jiddefalls, datt et awer zu verstännege Resultater wäert kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Ruck no riets ass, wéi gesot, a villen europäesche Länner erkennbar. An ech fannen et och duerfir immens gutt, datt den Här Ausseminister gëschter e wesentlechen Akzent vu senger Ried op deen Aspekt geluecht huet. Da muss ee sech natierlech d'Fro stellen: Wat sinn d'Ursaachen? Firwat ass elo u sech, kann ee bal soen, e gewëssenen Trend do, fir sech méi no riets ze entwéckelen a fir och méi e staarkt Nationalgefill ze entwéckelen? Et sinn, mengen ech, net méi eleng déi reng klassesch wirtschaftlech Grënn, déi do d'Ursaach duerstellen.

De Problem läit ouni Zweifel méi déif. Well dee gesellschaftleche Phenomeen do, deen huet eng aner Dimensioun kritt. Et spiert een e gewëssene Réckgang vun Toleranz an eiser Gesellschaft. Et gëtt haut ganz schnell geuerteelt an et gëtt nach vill méi schnell veruerteelt. An da si mer natierlech och bei de soziale Medien, déi eng ëmmer méi wichteg Roll spillen; et ass hei virdru schonn e puermol ernimmt ginn. Och mir als Demokratesch Partei ware schockéiert iwwert dat, wat vis-à-vis vum Här Ausseminister do iwwer Facebook gelaf ass. Dat ass inakzeptabel! A mir sinn och frou, datt do gewësse Konsequenze gezu goufen.

Dat bréngt natierlech och mat sech, datt op eemol Noriichten entstinn, déi der Wourecht net entspriechen. Dat bréngt natierlech och mat sech, datt u sech d'Kommunikatioun ëmmer méi komplizéiert gëtt. An dee schläichenden Toleranzofbau ass jiddefalls, mengen ech fir mech, eng vun den Ursaachen, firwat datt op eemol méi Haass präsent ass, méi Jalousie präsent ass. Se gëtt méi séier verbreet dobaussen, mat dem Resultat, datt dat gemeinschaftlecht Denke vu ville Leit ëmmer méi a Fro gestallt gëtt. An dat ass eng ganz geféierlech Entwécklung.

A fir mech läit virun allem eng Ursaach op der Hand, firwat datt mer musse ganz geziilt dergéint ugoen: Dat ass de Manko u Bildung. Et feelt eis - an ech soe bewosst „eis" - an der ganzer Gesellschaft vläicht un der néideger Bildung. Vläicht muss och munchmol um Schoulsystem gerëselt ginn, fir datt och vläicht aner Wäerter musse méi staark vertruede ginn. Wie keng Bildung huet jiddefalls, dee lieft laanscht d'Liewen. An dowéinst mussen och do nach vill méi Efforte gemaach ginn.

Et ass ganz kloer eng Welt vun der Veränderung, déi sech de Moment breetmécht. Et huet een och heiansdo d'Gefill, wéi wann d'Rezepter vu fréier net méi géife gräifen. Heiansdo huet een och e bëssen d'Gefill, et géif een an enger Zäit esou tëschent den Zäite liewen. Dat wëllt awer net heeschen, datt ee soll de Courage verléieren, datt ee soll ze vill pessimistesch an d'Zukunft kucken. An ech kommen herno och nach eng Kéier dorobber zréck.

Duerfir ganz kloer, ganz däitlech: Loosse mer eis dee Friddensplang Europa net zerstéiere loossen! Loosse mer net ze vill op dat lauschteren, wat dobaussen negativ iwwer Europa gesot gëtt! Natierlech heescht dat net, datt een dat soll ignoréieren. Natierlech muss een op déi Kriticken agoen, mä et muss een awer och wëssen, se richteg ze filtréieren.

A besonnesch mir als Lëtzebuerger hunn dach all Interêt, eis mat aller Kraaft fir e vereenegt Europa anzesetzen. Wat wier dëst Land dann, wann et net an engem vereenegten Europa wier? Wat wier dëst Land, wann et net géif ënnert dem Prabbeli vun enger Rei vu Muechte stoen? Ech mengen, déi Fro ass relativ einfach ze beäntwerten.

Wa mer eis, wéi gesot, Gedanken iwwert d'Zukunft vun der Europäescher Unioun maachen, da komme mer natierlech och net derlaanscht, fir iwwert d'gemeinsam Aussepolitik, d'gemeinsam Verteidegungspolitik ze schwätzen. Mir haten de leschten Dënschdeg hei Geleeënheet, dat e bësse méi am Fong ze diskutéieren, soudatt een dat haut net méi muss onbedéngt maachen. Mir bleiwen awer als Demokratesch Partei der Meenung, datt Europa vläicht nach muss méi e visibelt Gesiicht kréien, besonnesch an der gemeinsamer Aussepolitik.

A mir hunn och do eng Persoun, déi am Moment mat Sécherheet eng ganz gutt Aarbecht mécht: d'Madamm Federica Mogherini. Da kommen awer och Situatiounen op, ech denken zum Beispill un de Konflikt Ukrain/Russland, wou dann awer op eemol limitéiert Formatiounen entstinn, sief dat den Här Hollande mat der Madamm Merkel, mam Här Putin oder mam Här Poroschenko, déi dann eleng iwwert déi Problematik diskutéieren. Do ass natierlech awer d'Fro ze stellen: Muss net vläicht Europa sech méi am Ganzen ëm déi ganz Problematik do bekëmmeren, fir datt mer och méi homogen no baussen dostinn?

Eppes ass kloer: Europa muss och nach besser dobaussen erklläert ginn. Europa däerf sech op kee Fall zu engem Club vun Elitten entwéckelen, well och dann hu mer keng Chance fir d'Zukunft. An duerfir déi Initiativ, déi scho virdrun hei genannt ginn ass, „Pulse of Europe", ass ouni Zweifel ënnerstëtzenswäert. Et ass de Moment nëmmen e ganz klenge Kär vu Leit, déi do eppes declenchéiert hunn. Mir als Politik sollen ons ganz kloer do derhannert stellen. Et gëtt d'Méiglechkeet, fir och iwwert dee Wee no baussen op d'Wichtegkeet vun Europa hinzeweisen.

An ech soen dat ganz éierlech hei: Ech sinn der Meenung, et gëtt héich Zäit, datt mer den 9. Mee och als e Feierdag deklaréieren. En Dag, deen esou eng wichteg symbolesch Bedeitung huet, da loosse mer deen och an Zukunft nach vill méi héichhalen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Angscht ass mat Sécherheet kee gudde Kompass am Liewen. Wien Angscht huet, dee gëtt onsécher. Obwuel natierlech d'Angscht och ontrennbar ass mat der mënschlecher Existenz.

Eng Angscht mécht eis natierlech och den Terror. Dat, wat an deene leschte Wochen a Méint geschitt ass, dat ass natierlech eppes, wat eis ganz staark ze denke gëtt. A vu Lëtzebuerg ass et net wäit bis op Paräis, bis op Bréissel oder bis op Berlin. Wéi kënne mer dann elo an Zukunft mat där Gefor ëmgoen? Falsch wier et mat Sécherheet, wann een hei géif den Terror als eng Fatalitéit ugesinn. Falsch wier et och, wann een aus Angscht virun Terror géif kapituléieren, well da géife mat Sécherheet d'Auteure vun deene barbareschen Akten hir Ziler nach méi erreechen.

Jiddefalls, Terror muss ganz kloer bekämpft ginn; noutfalls, och wann dat déi ultime Léisung sollt sinn, och mat Gewalt. Et ass besonnesch schued, datt aus reliéise Motiver oft esou Akte vollzu ginn. Grad d'Relioun, déi u sech als Missioun misst hunn, fir Fridden ze stëften, fir Gemeinschafte mat géigesätzleche Meenunge beieneen ze bréngen. Mä mäi Gott, ech mengen, et ass eng Situatioun, déi ganz deplorabel ass, déi awer och net hei kann ignoréiert ginn.

Mir sollen natierlech och den Terror net iwwerbewäerten. An dowéinst wollt ech och nach eng Kéier de Volet Angscht hei ënnersträichen. Mir sollen net an der Angscht liewen, wéi wann all Minutt kéint erëm en Terrorakt geschéien. Dat soll elo net falsch verstan ginn, mä d'Gefor, am Stroosseverkéier leien ze bleiwen, ass natierlech vill méi grouss wéi an engem Terrorakt; wat awer natierlech net wëllt heeschen, datt mer musse mat aller Kraaft zesumme géint den Terrorismus virgoen. An haut kann ee kloer hei ënnersträichen, datt d'Mesurë géint den Terrorismus och e wesentlechen Aspekt vun enger Aussepolitik sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ee Land, wat zënter Méint fir vill Oprou suergt. E Land mat enger ganz grousser historescher Vergaangenheet, mat enger räicher Kultur. Dat ass d'Tierkei. Ech géif awer direkt hei ënnersträichen, datt et falsch wier, d'Equatioun opzestellen: d'Tierkei ass Erdoğan / Erdoğan ass d'Tierkei.

Natierlech, wann een elo d'Mutatioun vum Här Erdoğan kuckt, wéi en als Premier ugefaangen huet, Ufank den 2000er Joren, wou en am Fong geholl nach vun deene westleche Länner hofféiert ginn ass, wou en als dee grousse Reformer gesi ginn ass, a wann een en haut gesäit, zu wat e sech wierklech entwéckelt huet, da muss ee sech awer munch Froe stellen!

Jiddefalls dat, wat an der Tierkei de Moment vir sech geet, dat passt natierlech net an e Bild vun eiser Wäertegemeinschaft. An dat, wat den Här Erdoğan amgaangen ass de Moment opzeriichten - et kann ee roueg vun engem absolutte Presidialsystem schwätzen -, dat steet natierlech a Kontradiktioun zu deem, wat mir an Europa hei wëlle vertrieden.

Jiddefalls, spéitstens nom Putsch am Juli 2016 si Moossname geholl ginn, déi net vertrietbar sinn. An dann ass een natierlech och ganz séier bei deene geplangtene Propagandaoptrëtter, déi jo elo stattfonnt hätten. An do war ee Land, Holland, wat sech do dergéint gestäipt huet. Frankräich hat do eng aner Positioun.

Ech mengen, datt et awer wichteg ass, datt d'Europäesch Unioun sech och do op eng gemeinsam Positioun eenegt. An et gëtt jo awer och eng Regel - an den Här Minister weess dat vill besser wéi ech - an der Diplomatie, datt een innenpolitesch Themen, Ausenanersetzungen net soll an aner Länner transposéieren.

Déi Vergläicher, déi gemaach goufen déi lescht Wochen a Méint, besonnesch déi lescht Deeg och nach, wou Wierder wéi „Nazismus" gebraucht goufe vis-à-vis vun, a mengen Aen, awer quasi Musterdemokratië wéi Däitschland oder Holland, sinn inakzeptabel. Och de Fait, datt op eemol Holland soll responsabel si fir de Massaker vu Srebrenica, dat ass jiddefalls inakzeptabel!

Wann dann och nach den tierkeschen Ausseminister, den Här Çavuşoğlu, freet…

(Interruption par M. Jean Asselborn)

Wéi heescht dee gudden Här?

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Çavuşoğlu!

M. Gusty Graas *(DP).*- Dat ass mir ze vill komplizéiert. Jiddefalls, den tierkeschen Ausseminister - dat ass méi einfach -, wann en dann och nach seet: „Ma wou hutt Dir Europa higefouert?", an da mengt en, et géife gläich Reliounskricher an Europa ausbriechen, dat sinn natierlech Terminologien, Aussoen, déi ouni Zweifel alles anescht wéi derzou bäidroen, datt d'Relatioune mat deem Land solle verbessert ginn.

Jiddefalls, eppes ass kloer: D'Europäesch Unioun soll sech allerdéngs hidden, an ech gleewen och drun, datt se dat net mécht, datt se an deemselwechten Toun soll déi grav Beleidegungen do zréckweisen.

Elo ass natierlech déi Fro ze stellen: Wéi solle mer mat der Tierkei an Zukunft ëmgoen? Soll e ganzt Vollek bestrooft ginn, well eben de Moment eng Regierung do ass, déi sech an eng Richtung entwéckelt, déi mir net kënnen akzeptéieren. Deen Debat ass net nei. Mir hunn och schonn hei an der Chamber doriwwer geschwat. Mir waren den 22. Dezember mat enger Motioun och vun der CSV hei befaasst ginn. D'Madamm Anne Brasseur hat deemools am Numm vun der Demokratescher Partei Stellung geholl. Dat sinn Aussoen, déi haut och nach hir Gültegkeet hunn. Obwuel natierlech elo villes am Laf vun deene leschte Woche geännert huet. An et gesäit ee jo och, datt déi Rechtsstaatlechkeet, déi jo an der Tierkei vläicht net déi Fundamenter hat wéi bei eis, ëmmer méi wackeleg gëtt.

Duerfir, an ech ginn dat gären zou, ass et schwéier, an där Fro hei richteg ze tranchéieren. An et gëtt jo ëmmer méi Stëmmen, déi ganz kloer soen, datt d'Tierkei op kee Fall eng Kéier an d'Europäesch Unioun komme kann. Ass dat Zoufall oder net? Ech zitéieren hei och nach eng Kéier den Hubert Védrine - et hat schonn ee Kolleeg virdrun dat gemaach -, deen elo kierzlech och an engem Interview gesot huet: «Un jour ou l'autre, il faudra dire à la Turquie qu'elle ne peut pas entrer dans l'Europe.»

Jiddefalls, eppes ass sécher: D'Europäesch Unioun huet och richteg gehandelt, wéi se elo decidéiert huet, déi finanziell Ënnerstëtzung fir d'Tierkei am Kader vun de Bäitrëttsverhandlungen erofzesetzen. A gëschter huet den Här Ausseminister eng dach, géif ech soen, ganz wichteg Ausso hei gemaach. Et war vläicht nëmmen en Niewesaz, mä deen awer eng Importenz huet: „D'Verhandlungsgespréicher sinn och de facto ënnerbrach." Et kann een ouni Zweifel soen, datt dat jo awer en neie Moment ass, wat awer och ze verstoen ass, well dat, wat sech an deene leschte Wochen a Méint zougedroen hat, kann esou net méi toleréiert ginn.

Derbäi kënnt natierlech och nach - wat d'Saach net vereinfacht -, datt d'Tierkei och nach Member vun der NATO ass, an net dee mannsten! Kënne mir eis et also erlaben, dee Partner ze verléieren? Ech wëll och do op d'Aussoe vum Jens Stoltenberg ze schwätze kommen, dem NATO-Generalsekretär, deen dovir gewarnt huet, datt mer awer elo och e gewëssene Broch (veuillez lire: kee Broch) riskéiere sollte mat der Tierkei an der NATO. Hie seet, mir sollten eis éischter op dat konzentréieren, wat eis eent. D'NATO-Präsenz an der Tierkei ass net nëmme fir d'Tierkei wichteg, mä och fir eis als Europa, well jo virun allem och do Iwwergrëffer vun der Gewalt aus Syrien an dem Irak kënnen dee Moment ënnerbonne ginn.

Dann däerf een awer och net vergiessen, datt d'Tierkei an der ganzer Flüchtlingsproblematik eng ganz wichteg Roll spillt. Sechs Milliarde goufen deem Land jo zougesprach fir hir Moossnamen, déi se scho geholl hunn. An datt dat awer och positiv Effeten hat, dat kann een un den Zuele feststellen. An de leschten zwielef Méint koumen zum Beispill nëmmen nach 27.711 Mënschen aus der Tierkei a Griichenland. Am selwechten Zäitraum am viregte Joer waren dat der 988.703. Dat sinn iwwregens offiziell Statistike vun der Europäescher Kommissioun.

Allerdéngs däerf een awer och net vergiessen - an ech beruffe mech hei och op Aussoe vun MSF-Griichenland -, datt déi Flüchtlingen, déi de Moment op de griicheschen Insele liewen, ënner extrem schlechte Konditiounen do bleiwe mussen.

Jiddefalls dreet Ankara elo dann awer dermat, fir de Krunn opzedréien - entschëllegt den Ausdrock „Krunn" -, mä fir dann nach méi Flüchtlingen hei an Europa eranzeloossen. An da kréie mer do Drounge vum Innenminister, vum Här Soylu, datt si wëlles hunn, elo dann zousätzlech nach 15.000 Flüchtlinge pro Mount op Europa zoukommen ze loossen. Ech fannen, dat ass jiddefalls en Dialog - wann et nach en Dialog ass -, deen ënner sougenannte Frënn net würdeg ass.

Als Fazit zum Problem Tierkei muss ee soen, datt mer elo sollten de Referendum vum 16. Abrëll ofwaarden. D'Europäesch Unioun soll sech elo schonn op eng gemeinsam Strategie preparéieren, wéi mer duerno mat der Tierkei weiderfueren. Dann däerf een hei natierlech och net d'Aussoe vun der Commission de Venise ignoréieren, déi ganz kloer gesot huet, datt dee Referendum do quasi an engem Ausnamezoustand géif stattfannen. A wann dee Referendum mat engem Jo ausgeet, da géif dat ganz kloer, u sech, d'Gewaltentrennung an deem Land a Fro stellen.

Ech wëll dann och nach e ganz kuerze Moment bei der Flüchtlingsproblematik bleiwen. No der Internationaler Organisatioun fir Migratioun sinn d'lescht Joer 7.763 Leit ëmkomm. Dat ware 27% méi wéi 2015. Déi meescht, wéi gesot, bei der Iwwerfaart vun Nordafrika an Italien.

D'Gestioun vun der Flüchtlingskris, do si mer eis ganz eens, weist nach wie vor natierlech eng Rei Defiziter op. Eppes ass kloer: Wa mer elo géifen ufänken, innerhalb vun Europa d'Grenzen zouzemaachen, wier dat fatal. Mir musse gemeinsam d'Baussegrenze kontrolléieren a verteidegen, an net de Contraire. Datt do natierlech all Land proportional och säin Obolus muss leeschten, ass jiddefalls ganz normal.

Et ass och hei schonn, zu Recht, ënnerstrach ginn, datt eis Zesummenaarbecht mat den afrikanesche Länner och nach méi verdéift muss ginn, well aus deene Länner wäert de Stroum net ofhuelen. Au contraire, e wäert nach zouhuelen. Ech denken do virun allem och un Zentralafrika. Do, wou et ganz vill Länner gëtt, an deene keng politesch Stabilitéit ass. Do, wou leider Terrororganisatioun wéi Boko Haram aktiv sinn. An da bréngt de Klimawandel et natierlech och mat sech, datt sech vill Leit an Zukunft wäerten op de Wee maachen, fir bei eis ze kommen.

Duerfir ass et net verwonnerlech, wann d'humanitär Hëllef net an deem Mooss gemaach gëtt, wéi et misst sinn, datt déi Leit keng Perspektiv méi hunn an datt se da selbstverständlech hiert Land wäerte verloossen.

De Moment gëtt et eng extrem grouss Hongersnout, déi jo an der internationaler Press, an

ech géif scho bal soen an der Politik, net schrecklech kommentéiert gëtt, kee schrecklechen Nidderschlag fënnt. An zwar am Südsudan, Nigeria a Somalia. Wat do cocasse ass, ass, datt dat och nach grad dräi Länner sinn, déi Uelech hunn. Mä grad do ass eng grouss Katastroph amgaangen ze entstoen. An d'UNO seet, datt et riskéiert, eng vun deene gréissten humanitäre Katastrophen nom Zweete Weltkrich ze ginn.

Duerfir ass et och bedauerlech, datt u sech déi nei amerikanesch Administratioun elo wëllt do de Geldkrunn zoudréien. Ech denken hei besonnesch un de Südsudan. An insgesamt sollen d'Amerikaner jo vir hunn, 10,1 Milliarden Dollar manner Depensen op deem Niveau ze maachen.

Am Südsudan - fir nach ee Moment do ze bleiwen - gëtt geschat, datt ronn 20 Millioune Leit ënner akutem Honger leiden. Et si scho 700.000 Leit, déi aus dem Südsudan an d'Nopeschland Uganda geflücht sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter dem 20. Januar hunn d'Vereenegt State vun Amerika jo en neie President. Déi éischt Schrëtt um diplomatesche Parkett ware vläicht net ëmmer ganz glécklech, fir net méi ze soen. Déi provokativ Aussoen droe jiddefalls och mat Sécherheet net onbedéngt zur Stabilitéit um internationalen Niveau bäi. Mir mussen eis do op gréisser Spannungen astellen. Ech denken och zum Beispill un déi Aussoen, déi den Här Trump vis-à-vis vun der NATO gemaach huet. En huet do gesot, déi wier obsolet. An doweinst réckelt natierlech och d'NATO elo méi an de Fokus vun der Opmierksamkeet. Gott sei Dank huet säi Verteidegungsminister James Mattis elo schonn e bëssen aner Téin vu sech ginn. Da waarde mer elo emol op de 25. Mee. Den Här Trump huet, mengen ech, gëschter confirméiert, datt en dann op deem NATO-Sommet zu Bréissel wäert deelhuelen. An dann hoffe mer, datt do Tacheles, awer am positive Sënn, wäert geschwat ginn.

Dee leschte Freideg war jo dann d'Bundeskanzlerin och fir d'Éischt mat hirem Homolog aus den USA zesummekomm. Et spiert een och als Aussestehende ganz kloer, wann een d'Press méi genee liest, datt déi Bezéiungen zwëschen Däitschland an Amerika mat Sécherheet schonn emol besser waren. D'Amerikaner maachen den Däitschen e ganz klore Reproche wéinst hirem Exportiwwerschoss. Dee géif sech vis-à-vis vun Amerika op iwwer 50 Milliarde chiffréieren. Ass do en neien Handelskonflikt am Entstoen? Mir hoffen et jo net. Den Drock op Däitschland, mä och op d'Europäesch Unioun, fir eng aner Wärungspolitik ze maachen, wäert net ofhuelen. Au contraire, e wäert méi grouss ginn. Et däerf een net vergiessen, datt den Exportiwwerschoss an der Eurozon bei 365 Milliounen Euro läit, an dat sinn 3,4% vum gemeinsame Sozialprodukt.

Den amerikanesche Kongress schwätzt souguer dervun, fir eng nei Importsteier festzeleeën a gläichzäiteg d'Exporter steierfräi ze gestalten. Da wësse mer jo alleguer gutt, wat dat ka bedeiten.

A wat dann awer an där ganzer Diskussioun interessant ass, dat ass d'Positioun vu China. Et ass net fir näischt, datt d'Madamm Merkel vläicht fir d'Éischt mam chineesesche Premier geschwat huet, ier se op Washington gefuer ass; mä China schwätzt sech ganz kloer géint deen nei geplangten amerikanesche Protektionismus aus. A China seet ganz kloer: „Bei eis ginn déi auslännesch Entreprisen och an Zukunft genausou behandelt wéi déi eenheemesch."

Den amerikanesche President gëtt jo net midd, ëmmer erëm ze soen: „America first". Dat sinn, wéi gesot, alles anescht wéi Téin, déi derzou bäidroen, datt mer solle méi no réckelen. Au contraire, d'Spannunge wäerten net ofhuelen. Datt en och kee grousse Frënd ass vun der Europäescher Unioun, hu mer och scho gemierkt. Haut liewe mer an enger Zäit, wou éischter solle Maueren ofgebaut ginn. Den amerikanesche President huet dann elo d'Decisioun geholl, fir eng Mauer vun 3.800 (veuillez lire: 3.200) Kilometer laanscht d'mexikanesch Grenz ze bauen, mat enger Héicht vu 5,4 bis iwwer 9 Meter. Och dat ass en Akt, deen an enger moderner Rechtsstaatlechkeet net sollt gemaach ginn.

Ech hunn et virdru scho gesot: Wat eis besonnesch och do irritéiert, dat ass, datt d'Depensë fir d'Entwécklungshëllef och solle gestrach ginn. Datselwecht gëllt och fir den Emweltschutz, deen an Amerika vill manner e Stellewäert (veuillez lire: vill méi ee klenge Stellewäert) wäert an deenen nächste Jore kréien, wéi dat bis elo de Fall war.

Ech wëll dann awer hei och däitlech ënnersträichen, datt all déi negativ Perspektiven, déi sech um Horizont elo opdinn, allerdéngs net sollten als Ursaach geholl ginn, fir eis dach gutt Relatioune mat Amerika elo hei a Fro ze stellen. Mir sollten och weiderhi mat deem wichtege Bündnis- an Handelspartner eng anstänneg a gutt Relatioun fleegen. Allerdéngs gëtt et och Grenzen. An Europa soll och net zécken, fir mam Fanger op déi nei Administratioun ze weisen, wa se amgaange sinn, e Weltbild ze entwerfen, wat net onbedéngt eisem entsprécht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter sechs Joer beschäftegt eis jo och virun allem de Krich a Syrien. Dat ass entre-temps een internationale Konflikt. Vun engem Biergerkrich ass et ausgaangen, haut ass et e Konflikt, deen déi international Politik intensiv beschäftegt. A laut offizieller Statistik vun der UNO sinn do schonn iwwer 400.000 Leit ëmkomm. Do gëtt sech natierlech och d'Fro no der Europäescher Unioun gestallt: Wat ass hir Roll? Gesäit se net ze vill blatzeg aus um internationalen Niveau vis-à-vis vun anere Länner an och Staten?

Eppes ass kloer: D'Europäesch Unioun muss sech och elo d'Fro stellen: Wat soll den Outcome vu Syrien sinn? Wéi soll Syrien ausgesinn? Wann dat Land eng Kéier wéi e Mosaiksteen zesummefale sollt, iwwerhuelen dann d'Warlords de Regimm, ginn déi dann do Meeschter? Oder soll den Assad bleiwen? Soll deen ënnerstëtzt ginn? Jiddefalls, och do menge mer, datt misst méi eng gemeinsam Positioun entwéckelt ginn. Ech muss allerdéngs drop hiweisen, datt d'Madamm Mogherini jo elo den 3. Abrëll eng nei Syrien-Strategie wäert presentéieren. Si huet och entre-temps scho wichteg Gespréicher mat Akteure gefouert, déi an deem Konflikt eng wesentlech Roll spillen: mat dem Iran, Saudi-Arabien, dem Libanon an och der Tierkei.

D'Enn vum Kalifat a Syrien ass jiddefalls net onméiglech a réckelt hoffentlech och méi no. Wann een allerdéngs mengt, da wär de Problem vum IS geléist, huet ee sech geiert. Dee wäert nach esoubal net geléist ginn, well en ass amgaangen, sech eng nei Heemecht opzebauen, virun allem am Sahel. Et huet een d'Gefill, an d'Gefor ass do, datt d'Dschihadiste vum IS do en neie Som fannen, fir hir Iddien ze verbreeden. Sief dat vum Niger aus, wou se dann elo versichen, sech an Nigeria, dem Tschad, dem Mali, Burkina Faso an dem Benin nidderzeloossen.

Dann, ech hat et virdru scho gesot, de Boko Haram, deen, obwuel e gespléckt ass, trotzdeem nach ëmmer eng extrem Gefor duerstellt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt jo ee Stat, deen heescht Nordkorea. Et ass ganz schlëmm, datt ee sech iwwert dat Land hei och muss ausloossen. E Land, wat mat eent vun deenen äermste vun der Welt ass an deem senger Regierung, op där anerer Säit, hiren Hobby doranner besteet, mat Waffen ze spillen. D'Populatioun gëtt ënnerdréckt, déi ass zweetrangeg. Et kéint een iwwert déi Situatioun jo ewechgoen, wa se net awer esou dramatesch wär a wa se net och virun allem de Weltfridde géif bedroen. Et däerf een net vergiessen, 2016 haten d'Nordkoreaner zwee Atomwaffentester a 24 Rakéitentester gemaach. De 4. Mäerz vum selwechte Joer hat d'EU dunn eng Rei vu Sanktioune vis-à-vis vun nordkoreaneschen Entreprisen ausgesprach. Mam Resultat, datt sech net wesentlech eppes geännert huet. Et spiert een also ëmmer méi, datt den diplomatesche Wee esou lues u seng Grenze kënnt an datt Sanktiounen och anscheinend net vill zu Pjöngjang wäerte bewierken.

Experte schléissen och net méi aus, datt Pjöngjang elo (veuillez lire: an e puer Joer) Rakéite mat Atomsprengkäpp baue kann, déi eng Reechwäit bis schonn an Amerika hunn. An dat stellt dann also eng reell Gefor duer.

Et ass also an deem Sënn och ze verstoen, datt déi nei US-Regierung elo méi d'Muskele spille léisst. An den Här Rex Tillerson, den neien Ausseminister, huet souguer vun engem Präventivschlag géint Nordkorea geschwat. Dat schéngt jo, wéi wann dann och hien net méi vill Loscht hätt, diplomatesch Gespréicher ze féieren. D'Chineese wëllen dat allerdéngs. Dat Ganzt kann also eng ganz geféierlech Entwécklung do ginn.

An d'Amerikaner hu gesot, wann Nordkorea net bereet wier, hir Massevernichtungswaffen ze zerstéiere respektiv ofzerüsten, da géifen et keng Gespréicher méi ginn.

Jiddefalls ass de Weltfridden do ouni Zweifel menacéiert. Mä eppes ass kloer: Mir kënnen do net reagéieren, ouni och selbstverständlech mussen den Dialog mat de Chineesen ze fannen. An datt den Dialog zwësche Peking a Washington och ewell méi ugespaant ass, dat dokumentéiert och eng Ausso vum Här Trump sengem Chefberoder, dem Steve Bannon, deen am „Guardian" am Mäerz elo behaapt huet, d'USA a China géifen an deenen nächsten zéng Joer e Krich iwwert d'Inselen am südchineesesche Mier féieren. Dat sinn natierlech Aussoen, déi engem, jo, natierlech kënnen Angscht maachen. Et soll een esou Aussoen net iwwerbewäerten, awer et däerf ee se och net ënnerschätzen.

An dann à propos Atomprogramm. Och do ass ganz rezent elo - ech mengen, gëschter war déi Ried am Iran - e ganz neie méigleche Konflikt amgaange sech ze entwéckelen, an zwar zwësche Washington an dem Iran. Well Washington d'Wiener Ofkommes net wëllt ëmsetzen, huet den Iran elo gëschter gedreet, och do vläicht gewësse Konsequenzen ze huelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, egal wéi, d'Welt ass, an do huet den Ausseminister gëschter recht gehat, net méi sécher ginn. Dat ass dat mannst, wat ee ka soen. D'Lëscht vun de Konflikter ass laang, vill ze vill laang. E puer sinn der hei thematiséiert ginn. E puer sinn der hei diskutéiert ginn. Et gëtt nach vill anerer, op déi ech och aus Zäitgrënn natierlech net kann agoen. Ech denke virun allem awer och un deen israelesch-palästinensesche Problem, d'Situatioun an Afghanistan a virun allem am Jemen, wou jo och schonn ee vu menge Virriedner drop agaangen ass. Och do gëtt et e Polverfaass. Och do ass d'Gefor grouss, datt eng Kéier eng richteg Lunt geluecht gëtt an datt do net nëmmen e lokalen, regionale Konflikt, mä och e gréissere Konflikt kann entstoen.

Et ass mer awer trotzdeem - an doweinst wëll ech awer mat enger positiver Nott ofschléissen, well ech awer mengen, datt mer, trotz all de Geforen, déi een um Horizont gesäit, ni däerfen de Courage verléieren, ni däerfen d'Hoffnung verléieren, datt sech awer och eppes zum Gudden an dëser Welt ka verbesseren - net méi spéit wéi gëscht eng kleng Notiz, eng Randnotiz an der internationaler Press opgefall. An zwar geet et do ëm d'ETA, déi baskesch Terrororganisatioun, déi ugekënnegt huet, den 8. Abrëll hir Waffen ofzeginn.

D'ETA huet zwar schonn zënter dem 20. Oktober 2011 d'Enn vun hire bewaffneten Aktivitéiten ugekënnegt. Et däerf een net vergiessen, datt an deene 40 Joer, wou d'ETA aktiv war, ronn 829 Mënschen offiziell ëm d'Liewe komm sinn. D'Tatsaach, datt déi barbaresch Akten allerdéngs elo definitiv der Vergaangenheet ugehéieren, ass awer zumindest, mengen ech, och eng kleng „lueur d'espoir", datt een duerch diplomatesch Gespréicher awer och eppes kann erreechen. An ech mengen, dat ganz klengt Beispill do - wat sech zwar elo éischter op déi nordspuenesch Regioun limitéiert, mä wat do ganz vill Misär an deene Jore mat sech bruecht huet - sollt een awer och vläicht als Beispill huelen, datt sech och eppes zum Gudden entwéckele kann.

An dëser Debatt, wéi gesot, kann een nach op vill aner Punkten agoen. Et ass eng wichteg Debatt. Et ass eng Debatt, déi all Joer hei soll gefouert ginn, déi eis och als klengt Lëtzebuerg d'Méiglechkeet gëtt, eis Positioun no baussen ze brëngen. A mir sollen och ganz kloer hei ënnersträichen, datt Lëtzebuerg zwar eng kleng Stëmm dobaussen huet, mä awer eng Stëmm, déi och gehéiert gëtt.

D'Demokratesch Partei steet jiddefalls ganz kloer hannert dem Kurs vun der Regierung a vun hirer Aussepolitik, am Besonneschen och vum Ausseminister. Him ee Merci fir säin Engagement! Dat ass mat Sécherheet net ze iwwersinn. An doweinst si mer och ganz zefridden, datt déi lëtzebuergesch Aussepolitik déi Renommee huet, déi se och verdéngt huet a wat mat Sécherheet och zum Gudde fir eist Land ass. An d'Demokratesch Partei wäert och, wéi gesot, déi Wäerter, déi Weeër an Zukunft ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Graas. An d'Wuert huet elo den Här Claude Adam fir déi gréng. Här Adam!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi alljäerlech aussepolitesch Debatt ass natierlech eng Reaktioun op d'Aussoe vun eisem Ausseminister, mä si erlaabt och all Riedner, also all Vertrieder vun de politesche Gruppéierungen hei am Haus, op Sujeten anzegoen a Schwéierpunkten ze setzen, déi senger eegener Partei wichteg sinn.

Den Här Mosar hat eigentlech een Zitat un den Ufank gesat, woumat e sech et selwer an eis alleguerte schwéier gemaach huet. Wann een eng aussepolitesch Ried ufänkt mam Saz: „Ee gudden Diplomat ass e Mann, deen zweemol nodenkt, ier en näischt seet", da misste mir jo eigentlech elo just e bësse meditéieren an eis sëtze goen.

(Interruption par M. Laurent Mosar)

Den Här Mosar huet dat awer selwer net gemaach, en huet relativ laang geschwat. Ob en zweemol nogeduecht huet? Här Mosar, dat wësst Dir eleng.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien! Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Ech muss soen, Dir hutt verschidde Saache gesot, déi ech ganz interessant fonnt hunn an déi ech begréissen; déi ech aus Ärem Mond awer och erstaunlech fonnt hunn. Zum Beispill hutt Der gesot, datt mir am Beräich vum Noen Osten, an ech deelen Är Meenung, kënne vun enger komplett verfeeltener Aussepolitik vum Weste schwätzen. An Dir hutt gesot: „Si hätte misse soen, datt" an esou weider. An do froen ech mech just: Wien, si? Hätt Der net vläicht misse soen: „mir"?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- An Iech och matabezéien? Well et ass jo awer net esou, wéi wann Der net och laang vu Regierungssäit d'Politik matbestëmmt hätt an Ärem politesche Grupp.

D'selwecht hutt Der gesot: „D'europäesch Agrarpolitik misste mir ganz iwwerdenken." Och dat ass richteg. Mir soen et scho laang, Här Mosar. An „d'Handelspolitik misst nei orientéiert ginn". Och domat si mir selbstverständlech averstanen. Mir haten op eisem leschte Kongress laang driwwer geriet. Mir freeën eis dann op déi Debatt, déi Der hei ugereegt hutt.

Dem Här Angel wëll ech Merci soen, datt en als President vun der aussepolitescher Kommissioun drop higewisen huet, datt mir eng ganz gutt Relatioun hunn, souwuel mat de Leit vum Ausseministère wéi vum Kooperatiounsministère, mam Ausseminister a mam Kooperatiounsminister. An datt mir ganz oft och d'Méiglechkeet hunn, auslännesch Delegatiounen oder Institutiounen hei an der Chamber ze empfänken an och mat hinnen an d'Gespréich ze kommen. Dat ass richteg gesot an dat ass och wichteg. An dat ass, mengen ech, och eppes, wat eis politesch Aarbecht am Parlament einfach mécht.

„Mir liewen a villen Hisiichten an enger méi chaotescher a geféierlecher Welt wéi déi Jore virdrun", huet den Här Ausseminister gëschter gesot an en huet e relativ däischtert Bild vun der Welt gezeechent. Et ass och net einfach, sech mat deene villen dramateschen Evenementer, déi op der Welt geschéien, auserneenzesetzen, ouni sech vun där negativ-passiver Stëmmung néierdrécken ze loossen. An ech wëll duerfir och mat e puer ganz positiven, optimistesche Biller ufänken.

D'lescht Woch hat den Europadeputéierte Claude Turmes an de Kino invitéiert, op de Film „Solar impulse, l'impossible tour du monde". Dëse Film, en Documentaire vun 90 Minutten, erzielt d'Geschicht vun zwee Pionéier, dem Bertrand Piccard an dem André Borschberg an hirem Team, déi dat Onméiglecht méiglech gemaach hunn. Si hunn en Tour ronderëm d'Welt gemaach. Bal 40.000 Kilometer. Si sinn iwwer zwee Ozeane geflunn. An dat alles, ouni eng Drëps Bensinn oder Kerosène ze verbrauchen.

Dat war natierlech ee fantasteschen Exploit an der Geschicht vun der Aviatioun. Mä dat war nach méi en immens wichtegen Exploit an der Geschicht vun den erneierbaren Energien.

An ech mengen, datt esou Exploiten eis och Hoffnung ginn, datt mir d'Erausfuerderunge vun der Zukunft wäerte meeschteren. Mënsche mat Pionéiergeescht sinn zu Groussem fäeg. De Bertrand Piccard an den André Borschberg setze sech vehement fir d'Weiderentwécklung vun erneierbaren Energien an an hunn dës Botschaft duerch d'arabesch Welt, duerch Indien, China, Japan, d'USA a Südeuropa bruecht. A fir deen Engagement ze honoréieren, hunn ech se un den Ufank vu menger Ried gesat.

An et ass natierlech haut och eng gutt Geleeënheet, aner Mënsche mat groussem Pionéiergeescht ze éieren. Mir feieren de 60. Anniversaire vun dem Traité de Rome, deen de 25. Mäerz 1957 ënnerschriwwe ginn ass. D'lescht Woch war an der italienescher Chamber ee festlechen Akt vun de Chamberspresidente vun de Parlamenter aus der Europäescher Unioun. Ech hunn eisem Chamberspresident seng Ried mat Interessi gelies an ech ginn him och recht, wann hien de gemeinsamen europäesche Projet als „success story" bezeechent. Och wa mir eis haut eng Rei Suerge musse maachen, wéi et mat dësem Projet weidergeet.

Ech weess net, ob ech gradesou optimistesch si wéi eisen honorabele President. Ech soen awer gradesou wéi hien och a senger Ried gesot huet: „Je ne supporte plus le misérabilisme d'aucuns." An ech wëll och däitlech soen, wat ech domadder mengen.

Et ass scho vu menge Virriedner op déi onakzeptabel Haassmessagen op Facebook hi-

gewise ginn, déi och mir natierlech veruerteelen. Internet ass kee rechtsfräie Raum. Haass ass keng Meenung. An hei mussen och déi juristesch Schrëtt ënnerholl ginn, déi sech opdrängen. Mä et gëtt och Facebook-Messagen, déi ech miserabel fannen an déi kee Fall fir d'Justiz sinn. Ech ginn Iech e Beispill: „Esou en Europa, wéi mir et hunn, kann net klappen. Esou eng Groussregioun och net." „Wat soll ee soe bei där politesch manipuléierter, orchestréierter an dirigéierter Ligepress?" „Also d'EU, dat ass e politesche Kadaver, dee vu Fäulnis esou eppes vu sténkt." Dräi onkommentéiert Aussoen op der Facebook-Säit vun engem honorabele Kolleeg heibannen, dee bal guer näischt domadder ze dinn huet, d'Aussoe si jo net vun him selwer.

Här President, an Europa an och zu Lëtzebuerg gëtt et Zäit fir opzestoen an anzestoe fir dat, wat eis wichteg ass.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Eis demokratesch a rechtsstaatlech Uerdnung ass nëmmen dann a Gefor, wa mir dat zouloossen. Wa mir zouloossen, datt déi, déi eis Wäerter, Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra, Rechter fir d'Minoritéiten an Inklusioun, Déiereschutz, Friddenspolitik, Asaz géint de Klimawandel, Natur- an Emweltschutz, europäesch Integratioun, a Fro stellen a souguer zréckdréie wëllen, ongehënnert d'Demokratie mëssbrauchen, fir mat Demagogie hir Ziler ze erreechen. Do musse mir matzäit - dat heescht elo - a vehement genuch reagéieren.

Mir mussen all opstoen an däitlech maachen, datt mir dat net wëllen, besonnesch an de Länner vun der Europäescher Unioun. 75 Joer Fridden an Europa, héich Standarde beim Emweltschutz, stabill a staark Institutiounen, eng Garantie, datt d'Mënscherechter respektéiert ginn; wa mir och nëmmen e bëssen aus eiser Geschicht geléiert hunn, da setze mir dat net alles muttwëlleg op d'Spill.

De Botschafter vun der Republik Éisträich zu Lëtzebuerg ass an engem rezenten Interview an enger Lëtzebuerger Zeitung mat dëser flotter Aussо zitéiert ginn: „Mat der Rechtsstaatlechkeet ass et wéi mat der grousser Léift: Et mierkt een eréischt, wat een un hir hat, wann ee se net méi huet."

Dëst Joer sti wichteg Wahlen un. Eng hate mir schonn an Holland. Mir si frou, datt - ech erlabe mir, dat vu mengem Standpunkt aus ze soen - GroenLinks esou ee gutt Resultat gemaach huet. Si si vu 4 op 14 Sëtz eropgaangen. An dat Resultat freet eis ëmsou méi, well déi gréng Kolleegen an Holland sech kloer fir eng weltoffen, ekologesch a proeuropäesch Politik positionéiert hunn. A mir sinn och frou, datt d'Rietspopuliste vum Geert Wilders net déi stäerkste Partei gi sinn, och wa se mat 13% nach erschreckend vill Réckhalt bei de Wieler hunn.

Geschwënn hu mir Wahlen a Frankräich. A méi spéit an Däitschland, awer och a Bulgarien an an der Tschechescher Republik, fir nëmmen d'Legislativwahlen ze erwänen. An aneren aacht europäesche Länner sinn och nach Presidentschaftswahlen oder Gemengewahlen, wéi bei eis och. An an der Tierkei ass am Abrëll e Referendum.

D'Debatt iwwert d'Zukunft vun Europa, an déi sech d'Europäesch Kommissioun elo och endlech ageschalt huet, muss gefouert ginn. D'Ambitioun muss bleiwen, zesummen an der Unioun virunzekommen. Mir hunn eis laang Zäit fir ee gemeinsamt Europa à vitesse unique ausgeschwat. Tatsaach ass awer, datt mir elo scho mat e puer Vitessë fueren. An de Brexit ass de Bewäis, datt d'Ausnamen net ëmmer zu engem glécklechen Enn féieren. Mä do, wou et net gemeinsam geet, do, wou dat nach net geet, däerfe mir net stoe bleiwen. Mir sinn der Meenung, datt den Tempo an d'Richtung net vun deenen diktéiert däerfe ginn, déi grad mengen, datt se bannent den nationale Grenze méi Zukunft hunn.

Mir hunn duerfir och d'Instrumenter an der Unioun, an déi heeschen Coopération renforcée. Zweemol hu mir dat zënter dem Traité vu Lissabon scho gemaach an dräi weiderer sinn ënnerwee. Dräi vun deenen am Ganze fënnef Beispiller vu Coopération renforcée betreffen den europäesche Justizconseil: En Ofschloss gouf et beim Scheedungsrecht; ënner Lëtzebuerger Presidence. 2015 sinn d'Régimes matrimoniaux, nom Widderstand vu Polen an Ungarn, decidéiert ginn. A mam Lead vu Lëtzebuerg, Frankräich a Spuenien leeft elo och eng Coopération renforcée, fir de Parquet européen, deen iwwregens och am Traité vu Lissabon virgesinn ass, ze realiséieren.

Mir kennen dat Instrument, an et mécht et méiglech, datt mir do, wou mir net zu nach 28 virukommen, awer zu 17, wéi beim Parquet européen, kënne schaffen. An déi aner Länner kënnen à tout moment derbäikommen, wat ee ganz wichtege Punkt ass.

D'Ambitioun muss héich bleiwen. Mä mir sollten net zécken, do vun der Coopération renforcée Gebrauch ze maachen, wou genuch Länner de Wëllen hunn, fir Europa no vir ze bréngen an eisen Zesummenhalt ze stäerken. Dat fënkt do un, wou vill Leit aus villen europäesche Länner zesummeliewen, wéi bei eis.

Här President, den Här Minister hat gëschter gesot, vun de fënnef Zeenarien, déi de Kommissiounspresident Juncker am Wäissbuch iwwert d'Zukunft vun der Europäescher Unioun géif virschloen, wieren der nëmmen zwee, déi mir kéinte wëlle respektiv déi realistesch wieren. Een dovu wier en Europa, dat manner mécht, mä dat dat, wat et mécht, besser mécht.

Mä och dat ass fir eis schwéier virstellbar. Wou soll Europa manner maachen? Wou si reng national Léisunge besser wéi solidaresch europäesch Léisungen? Mir sinn da schonn noutgedrongen éischter fir en Europa mat verschiddene Vitessen. Dat däerf awer kee Réckschrëtt heeschen. Dat kann och net en Europa à la carte ginn, wou all Regierung dat erauspickt, wat se wëllt, a sech fir de Rescht desolidariséiert.

Här President, mir haten d'lescht Woch d'Geleeënheet, eis hei an der Chamber iwwer eis Defensepolitik auszedrécken, an ech wäert meng Ried vun der leschter Woch och net haut widderhuelen. Ech wëll awer just am Resumé déi Haaptmessagen nach eng Kéier soen, well se och an dës Debatt passen.

No der relativer Onsécherheet, déi den neien US-President mat sengen Aussoen zur NATO an d'Spill bruecht huet, no dem Brexit, dee laangfristeg Auswierkungen op d'Defensepolitik vun der EU dierft kréien, sinn déi gréng der Meenung, éischtens, datt mer an der Defense wéi a villen anere Beräicher méi Europa brauchen an net manner Europa, an zweetens, datt mer fir d'Alleréischt emol eng gemeinsam europäesch Aussepolitik musse fannen, déi formuléieren an ëmsetzen, ier dann eréischt eng gemeinsam Defensepolitik nozéie kann.

An och wann nëmme méi 27 Memberlänner iwwreg bleiwen, da bleiwen d'Differenzen nach ëmmer grouss. Mir mussen an Europa un dësen Differenze schaffen an net mengen, mir kéinte se mat enger gemeinsamer Defensepolitik iwwerdecken.

A wann am Moment am gudden alen Europa eng gewëssen Europamiddegkeet besteet, an och wa Bréissel vill kritiséiert gëtt, an och wann am Moment eng EU-Erweiderung keen aktuelle Sujet ass, d'EU ass a bleift nach ëmmer e Magnéit fir vill Mënschen an och fir eng Rei Natiounen, déi wëlle Member ginn. Mir sollten net vergiessen, datt en EU-Bäitrëtt fir vill Länner eng enorm Chance ass, fir sech weiderzëentwéckelen. Fir Bäitrëttskandidate geet et ëm méi wirtschaftlech Stabilitéit, méi Wuelstand, ëm d'Sécherung vun europäesche Wäerter, Mënscherechter a Rechtsstaatlechkeet. E Bäitrëtt an d'EU muss souwuel fir d'Land wéi fir d'EU Avantagë bréngen, fir datt e ka reusséieren.

Verhandlunge lafe mat Serbien, Montenegro an theoretesch mat der Tierkei. Op d'Tierkei kommen ech nach ze schwätzen. Albanien a Mazedonien hunn och eng Demande gemaach, mä do gëtt et nach keng Verhandlungen.

Här President, Europa huet am Moment aner Suerge wéi nei Memberlänner opzehuelen. Dës Suerge kënne sech zu enger nächster grousser Kris auswuessen, deemno wéi d'Wahlen a Frankräich ausginn. Et géif mech awer freeën, vun eisem Ausseminister gewuer ze ginn, ob et nach Gespréicher zum Beispill mat Montenegro, dat kierzlech NATO-Memberland ginn ass, an eventuell och mat Albanien gëtt. Firwat? Majo, dat sinn zwee Länner, déi an eise Statistike vun den Demandeurs de protection internationale ëmmer erëm mat héije Prozentsätz optauchen.

Mir wësse jo, datt e Memberland kann aus der EU austrieden a mir stellen den Artikel 50 vum EU-Vertrag och net a Fro. Och mir sinn, grad wéi eise Minister, Frënn vum Rechtsstat a mir ënnerstëtzen och d'Initiativ, fir e Peer-Review-Mechanismus am Rot vun der Europäescher Unioun ze schafen: Gewaltentrennung, Pressefräiheet an Onofhängegkeet vun der Justiz mussen zu 100 Prozent vun all EU-Land respektéiert ginn.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Grad wéi meng Virriedner kommen ech och net derlaanscht, iwwert d'Tierkei hei ze schwätzen. D'Tierkei, NATO-Member zënter 1952, offiziell Kandidat fir EU-Member ze ginn zënter 1999, Member vun der Allianz vun de Konservativen a Reformer an Europa zënter 2013, kann als stolz an onofhängeg Natioun natierlech déi Politik maachen, déi se wëllt. Eis mécht déi aktuell tierkesch Politik virun allem Suergen, an dat aus ville Grënn an op ville Gebidder.

Am Numm vu menger Fraktioun hat ech viru Kuerzem gläich zweemol Stellung geholl, ob d'EU soll d'Bäitrëttsverhandlunge mat der Tierkei stoppen. Ech hat gesot, mir sollten dat net maachen, fir dem Erdoğan keng Méiglechkeet ze ginn, sech als Märtyrer duerzestellen. Mir waren eis net alleguerten eens, ob d'EU soll d'Verhandlunge stoppen oder ob mer sollen drop waarden, datt d'Tierkei dat géif maachen. Mir waren eis awer alleguerten eens, datt déi Verhandlungen de facto gestoppt sinn. A mir Gréng sinn d'office der Meenung, datt mer sollen eng Politik vun der Deeskalatioun bedreiwen.

Den Här Mosar huet virdru gesot: „Mir sinn e klengt Land." Ech mengen, datt et eis gutt zu Gesiicht géif stoen, eng Politik vun der Deeskalatioun ze bedreiwen. Här Mosar, et gëtt och nach e Sproch, dee seet: „Et soll een den Hond esou laang heemelen, bis datt ee keng Léngt a kee Maulkuerf méi brauch." Och dat ass eng Aart a Weis, fir Politik unzegoen.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Mä mam Här Erdoğan gëtt dat zwar näischt!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Do ginn ech Iech vollkomme recht. Do ginn ech Iech vollkomme recht, Här Mosar, mä ob Dir mat enger Eskalatiounspolitik mat der Tierkei wäit kommt, dat ass awer och eng Fro, déi soll an de Raum gestallt ginn.

Mir sinn och der Meenung, datt mer konsequent sollen zu eise Wäerter stoen, a bei där ganzer Tierkei-Diskussioun hu mir och ni en Zweifel dru gelooss, datt mer musse bei der Tierkei dat gëlle loossen, wat bei all Land gëllt: Si mussen déi rechtsstaatlech Mesuren unhuelen, déi se brauchen, fir an d'EU eranzekommen, soss gëtt et keen Erakommen.

Och an enger Politik vun der Deeskalatioun schéngt et eis un der Zäit, iwwert d'Astelle vun de finanziellen Hëllefe vun der EU un d'Tierkei nozedenken an déi néideg Konsequenzen ze zéien. Natierlech musse mer weiderhin unerkennen, datt d'Tierkei beim Ophuele vun de Refugiéë Grousses geleescht huet, an déi Hëllefen un d'Tierkei, déi un deen Deal gebonne sinn, stelle mer natierlech och net a Fro.

Mir hunn elo den éischten Anniversaire vum Flüchtlingsaccord mat der Tierkei hanner eis. Ech hat virun engem Joer, wéi deen Deal nach ganz frësch war, hei an der Chamber gesot, datt deen Deal aus der Nout gebuer wier, mä datt kee Mënsch kéint frou driwwer sinn an datt et politesch, mënschlech a rechtlech douteux wier, fir Syrer, déi a Griichenland ukommen, erëm zréck an d'Tierkei ze féieren. Ech ginn och dovun aus, datt d'Ofkommes mat der Tierkei net méi éiweg wäert halen.

Mir mussen eis preparéieren op eng Situatioun, wou d'Migratiounspolitik (veuillez lire: d'Migratiounsproblematik) weider uwiisst. Déi lescht Chiffere vun den DPI, déi mer d'lescht Woch virgestallt kruten, soen eis, datt zwar d'Zuel vun den Demanden op Asyl vun 2.447 op 2.035 zréckgaangen ass, datt et awer keng Entwarnung gëtt. Mir mussen eis drop astellen, datt mer et net méi mat enger Flüchtlingswell ze dinn hunn, déi iwwer eis Käpp ewech eragebrach ass an da lues a lues verebbt. Mir mussen eis drop astellen, datt mer et an Europa mat engem Dauerphenomeen vu Migratioun ze dinn hunn.

Mir sinn domat averstanen, datt mer eis gemeinsam Baussegrenze musse besser a gemeinsam schützen. Mir sinn awer net der Meenung, datt de Migratiounsfloss an Europa mat Stacheldrot an héije Maueren ze reguléieren ass, éischtens, well mer alleguer Mënsche sinn, an zweetens, well dat och net géif funktionéieren.

Mir mussen op ville Pläng agéieren. Mir mussen do hëllefen, wou d'Leit net kënnen an net wëlle bleiwen. Dat sinn un éischter Stell d'Krichsgebidder, déi mer all kennen. Et ass bestëmmt richteg, mat enger Motioun de Bombardement vun Aleppo ze verdamen, de Leit op der Plaz hëlleft dat awer wéineg. Mir brauchen eng méi staark UNO, fir kënnen op diplomateschem Wee Fortschrëtter ze maachen.

Dat sinn awer och Gebidder op der Welt, wou d'wirtschaftlech Situatioun einfach esou schlecht ass, datt se de Leit keng Perspektiv bitt. Gutt een Drëttel vun den Demandë vun DPI kommen aus de Balkanlänner, potenziellen EU-Bäitrëttskandidaten. Déi Leit hu praktesch keng Aussiicht op eng Unerkennung bei eis. Hei géif et absolutt Sënn maachen, déi besteeënd Zesummenaarbecht an de Pays d'origine nach auszebauen.

Mir hunn et mam relativ neie Phenomeen ze dinn, de sougenannten „Dubliner", also Leit, déi schonn an engem aneren europäesche Land enregistréiert gi sinn, do eng Prozedur duerchlaf hunn, mat negativem Ausgang, an déi da probéieren, eng nei Prozedur bei eis ulafen ze loossen, wat net geet. Och hei muss Europa besser funktionéieren.

déi gréng si frou fir déi vill Efforten, déi eis Regierung mécht a gemaach huet, fir mat den Erausfuerderunge vun de Migratiounsstréim eens ze ginn. Näischt leeft perfekt, mä villes leeft gutt. Mir kënnen eis et och net erlaben, mat eise Beméiunge méi lues ze maachen. Mir hu vill provisoresch Léisungen a kuerzer Zäit fonnt: Monopol-Gebai, Logopädie, Cegedel zu Miersch. Dat war eng Leeschtung, mä dat geet leider net duer. Mir musse weider no méi laangfristege Léisunge sichen. Duerfir brauche mer Solidaritéit am ganze Land, an alle politesche Parteien an an alle Gemengen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Mir Gréng sinn iwwerzeegt, datt mir zu Lëtzebuerg déi Migratiounsstréim packen, wa mer solidaresch sinn. Mir wëssen och, datt et net einfach ass. Mir kréie Leit aus ville verschiddene Länner, vu verschiddene reliéisen Iwwerzeegungen, vun ënnerschiddlechen Ethnien, oft mat ganz traumatesche Bagagen, déi mir op enkem Raum zesummeleeën.

De plus däerfen déi Leit net schaffen, oft emol net selwer kachen. Et ass schwéier, méintelaang ze liewen, ouni een zum Beispill duerch eng Aarbecht geregelten Dagesoflaf ze hunn. Mir sinn hei mat enger Aufgab befaasst, där mir eis net kënnen entzéien. Mir kënnen d'Migratiounsstréim net opléisen. Jiddwereen, deen dat versprécht, läit falsch. Mir kënne se just méi oder manner gutt geréieren. A mir hunn all Interêt drun, fir se gutt ze geréieren.

Dozou gehéiert vun eiser Säit d'Bereetschaft, déi néideg Gelder an Infrastrukturen, déi néideg personell Ressourcen opzedreiwen. Dozou gehéiert awer och, datt déi Leit, déi bei eis kommen, akzeptéieren, datt se an e Land kommen, wou Gläichberechtegung fir all Awunner gëllt, wou Minoritéite vun allen Awunner respektéiert ginn, wou de Jugendschutz an d'Gewaltfräiheet fir all Mënsch gëllt a wou de Gewaltmonopol ausschliisslech beim Stat läit.

Mir hunn och d'Hoffnung, datt Europa lues a lues erëm ufänkt ze funktionéieren. Mir hunn den Androck, wéi wann déi Länner, déi eng Kéier en Engagement am Kader vun der Relokalisatioun geholl hunn, deen Engagement och géifen anhalen. An dat ass jo awer déi éischt Noutwendegkeet fir eng EU, déi funktionéiert: Engagementer, déi eng Kéier zougesot ginn, och anhalen.

Nach e leschte Gedanken zur Tierkei, oder besser zu der Politik vum Erdoğan an der AKP. Wéi solle mer ëmgoe mat engem Regimm wéi dem aktuelle Regimm an der Tierkei? Ech mengen och, Här Mosar, heemelen, bis datt den Erdoğan follegt, dat wäert net klappen. Prinzipiell si mer jo der Meenung, mir sollten eng Politik vun der Deeskalatioun maachen. Mir sollten net an déiselwecht Rhetorik verfale wéi déi, déi mer virgespillt kréien. Mir sollten eis net provozéiere loossen. Dat ass natierlech méi liicht gesot wéi gemaach. Déi aktuell däitsch an hollännesch Regierunge mat dem Naziregimm a Verbindung bréngen, dat ass schonn e staarkt Stéck an net ze toleréieren.

Et schéngt jo awer och eng regelrecht Strategie vu verschiddene Politiker ze sinn, Verleumdungen an d'Welt ze setzen a sech dann net méi ëm hir Aussoen ze këmmeren.

En anert Land, en anere President. Den aktuellen amerikanesche President ass e Meeschter vun där Disziplinn. Fake News waren e wichtegen Deel vu senger Strategie am Wahlkampf. An et schéngt och nach ëmmer e wichtegen Deel a senger Aart a Weis ze sinn, als President vun den USA Politik ze maachen. Esou huet hien zum Beispill nach kierzlech behaapt, d'Obama-Administratioun hätt hien ofgelauschtert. Hie bleift all Bewäis schëlleg. Mä dat këmmert hien net. A leider ass dat och engem groussen Deel vun de Leit, déi hie gewielt hunn, egal.

Mir sinn haut weltwäit mat engem Phenomeen konfrontéiert, enger Verlagerung vun der Meenungsbildung vun der véierter Sail vun der Muecht, der Press, zu der méi neier, der fënnefter Sail, de soziale Medien. Mir kréie jo geschwënn eng Mediendebatt hei am Haus. Do kënne mer jo dann e bësse méi déif op dëse Phenomeen agoen.

De Rutte hat am Debat op der hollännescher Tëlee zum Wilders gesot: „Op de bank Twitteren is iets anders dan het land besturen." Ech mengen, ech muss dat net iwwersetzen!

(Interruption)

Dach, ech iwwersetzen et awer: „Et ass méi einfach, vun der Fotell aus ze twitteren, wéi e Land ze regéieren." An ausser vläicht an Amerika, wou dat jo elo nach de Fall ass, mengen ech schonn, datt mer eis däers solle bewosst sinn an datt mer och hei am Land net sollen dee Wee goen, deen een heiansdo feststellt, datt dat eng Aart a Weis Politik ze maachen ass, déi zudéifst onéierlech ass. An et si grad just d'Leit, déi vun hirer eegener Gerechtegkeet esou iwwerzeegt sinn, datt se keng aner zouloossen, déi op dee Wee ginn.

Här President, op der Welt wibbelt et. Alles ass méiglech. Dat mécht eis natierlech Suergen. Villes, wou mer eis dru gewinnt hunn a wou mer gemengt hunn, et wier selbstverständlech, gëtt a Fro gestallt. Wann alles wibbelt op der Welt, dann ass et an eisen Ae besonnesch wichteg, datt d'Politik net hysteresch reagéiert, mä roueg an iwwerluecht.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Erausfuerderungen hunn engersäits e bedroleche Charakter. Si bidden awer och ëmmer d'Aussiicht op eng positiv Léisung, op en Iwwerwanne vun der Kris, op e Weiderkommen, op eng Konzentratioun op dat Wesentlecht, op en Zesummestoen, op e Bewosstmaache vun de Wäerter vun eiser Gesellschaft.

An deem Sënn hu mir eisen Ausseminister och ëmmer an der Vergaangenheet ënnerstëtzt a wäerten hien och an Zukunft ënnerstëtzen a sengem deeglechen Asaz am Interessi vu Lëtzebuerg a vun Europa. De Jean Asselborn ass bal ëmmer drop beduecht, fir de Konsens ze sichen an Deeskalatioun ze priedegen. Heiansdo setzt hien awer och engem de Punkt op den i, dat muss och emol sinn. Et ass awer wichteg, datt d'Prioritéit beim „Zesummen" läit.

An der Aussepolitik gi kaum Problemer esou geléist, datt ee se kéint ofhaken. Et gëtt déi onendlech an onglécklecs Geschicht vum Krich am Donbass, wou d'Verhandlungen an der Sakgaass stiechen a wou et schwéier ass festzestellen, wéi eng Säit déi onéierlechst an am mannsten un enger Solutioun interesséiert ass. Mir hunn nach ëmmer Sanktioune géint Russland, wou mer och eng Kéier mussen draus erauskommen. Mir sinn ëmmer géint den Opbau vu Feindbiller gewiescht. Mir wëllen och Russland net als Feindbild opbauen, mä de russesche Regimm bedreift zurzäit eng Politik, déi eis et schwéier mécht. Niewent der Krim denken ech virun allem och un déi Versich, Europa ze destabiliséieren, an un d'Cyberattacken, déi schéngen op de Kont vu Russland ze goen.

Nei Geforen zeechnen sech of. Nordkorea - de Kolleeg Gusty Graas huet och schonn drop higewisen -, eng Diktatur mat Atomwaffen, ass eng permanent Gefor fir de Fridden an der Welt. Elo wëllen d'USA hir Politik vis-à-vis vun Nordkorea änneren. A wat sinn dann d'Ziler vun der US-Regierung? Wéi ee Wee wëllt se goen? Wëllt den Trump e Krich gewannen? Dat sinn natierlech keng Decisioune vun der Lëtzebuerger Regierung. Ech wënsche mer awer, datt eis Regierung hire wann och vläicht bescheidenen Afloss an der EU, an der NATO, an der UNO derfir asetzt, datt mer hei keng onkontrolléierbar Eskalatioun kréien.

Här President, mir si rezent op eng Problematik opmierksam gemaach ginn, déi nach net op der éischter Säit vun den Noriichte steet, mä déi eis awer Suerge mécht. Här Minister, wësst Dir, wat am Moment am Kamerun lass ass? Eisen Informatiounen no gëtt et a Géigende vum anglofone Kamerun, dem Südkamerun, Spannungen, déi zu Verhaftungen a Folter gefouert hunn. A verschiddene Géigende funktionéiere scho méintelaang keng Schoule méi. Den Internet ass gespaart ginn. Dat ass e ganz gefäierlechen Indiz, datt e Gebitt soll vun der Ausewelt ofgeschnidde ginn an datt keng Transparenz a keng Informatioun méi méiglech ass.

Et geet ëm Bestriewunge vu Südkamerun a Richtung Onofhängegkeet oder wéinstens a Richtung vu manner Ofhängegkeet vum Rescht vum Land. Wivill Afloss huet Frankräich nach haut an der Géigend? Wat mécht d'EU? Wat mécht d'UN, fir ze vermëttelen, ier et zu enger Eskalatioun kënnt? Ech mengen, et ass och diplomatesch a Politik gemaach, wann een intervenéiert, ier e Konflikt voll ausbrécht, well do schéngt wierklech een um Entstoen ze sinn.

Här President, a ville Länner leiden d'Mënschen ënner Krich oder krichsäänlecher Gewalt. Et ass schwéier, fir sech vu Lëtzebuerg aus der Fotell eraus e Liewen a Krichsgebidder virzestellen: eng permanent Angscht viru Gewalt, Bommen, Iwwergréff, eng permanent Suerg, fir genuch Liewensmëttel ze kréie fir sech selwer a seng Famill, keng oder kaum medezinnesch Infrastrukturen, ganz oft keng Schoul méi fir d'Kanner.

Verschidden ONGen hu sech besuergt driwwer gewisen, datt mer d'Dauer, wou mer eng Famill, déi deboutéiert ass, am Centre de rétention kënne festhalen, vun dräi op siwen Deeg eropgesat hunn. Mir hu Verständnis fir dës Suerg. Mir hunn déi Mesure awer och matgedroen, well se d'Ausnam soll bleiwen an nëmmen ugewannt gëtt, wann et net anescht méiglech ass, eng decidéiert Réckféierung och ëmzesetzen.

Et ass zu Recht gesot ginn, dat wier eng Situatioun, déi kéint traumatesch fir Kanner sinn. Mä wéi traumatesch ass dann d'Situatioun fir Kanner am Krichsgebitt selwer? Niewent de kierperleche Problemer - iessen, drénken, wäschen, wiermen - kënnt d'psychesch Belaaschtung. D'Kanner erliewen Atrocitéiten, déi se traumatiséieren, déi se net verschafft kréien, déi se e Liewe laang begleeden. Esou Situatioune gëtt et op ville Plazen, am Noen Osten, wéi gesot, mä och a verschiddene Regioune vun Afrika an Asien.

Mir kënne bekanntlech net all Misär aus der Welt schafen. Mä mir sollen an aller Bescheidenheet eisen Deel bäidroen. Mir maachen dat jo och! Mir maachen eng gutt a grousszügeg Kooperatiounspolitik. Mir maachen dat zum Beispill och a Palästina. An dat ass dann och déi Géigend vun der Welt, wou ech meng Ausféierungen zu eiser Aussepolitik wëll ofschléissen.

De Comité pour une paix juste au Proche-Orient vu Lëtzebuerg huet e Projet mat enger palästinensescher ONG „Not to forget women society". D'Zilsetzung vun deem Projet ass, fir Kanner, Fraen a Jugendlechen an hirem Flüchtlingscamp ze hëllefen. An ech mengen, mir kéinten eis alleguerte mat deem hei ugeschwate Projet solidariséieren. An ech hoffen och, datt deen an eng drëtt Phas geet.

D'Realitéit haut a Palästina an an Israel ass eng komplizéiert, mä si entwéckelt sech weider. Dat heescht, d'Entwécklung gëtt geziilt weidergedriwwen. Mir hunn dëst Joer den traurege 50. Anniversaire vun der Guerre des Six Jours an de 50. Anniversaire vun der UNO-Resolutioun 242, déi eng Suite vun deem Krich ass an den 22. November 1967 am UNO-Sécherheetsrot votéiert gouf - a bis haut net ëmgesat gouf.

50 Joer Diplomatie, Oslo I an II an eng ganz Rei vun UNO-Resolutiounen hunn net zu enger Léisung vum Konflikt bäigedroen. Am Géigendeel: D'Situatioun ass haut nach genausou verfuer, fir net ze soe méi verfuer wéi viru 50 Joer!

D'Siidlungspolitik, toleréiert a pousséiert vun den israelesche Regierungen, ass eppes Brutales. An Héichsécherheetszone mat Stacheldrot ëmgi wunne reliéis Fanatiker a Leit, déi sech keen anere Wunnraum leeschte kënnen. D'Siidler gi vun der Arméi geschützt. D'Palästinenser mussen, wa se sech an hirem eegene Land iwwert déi dräi verschidden Zone bewegen, duerch permanent Kontrollpositioune goen, déi sech oft diskriminatoresch a mënschefeindlech behuelen. Eigentlech si mer nach alleguer fir déi Zweestateléisung. Mä d'Siidlungspolitik vun der israelescher Regierung mécht esou eng Zweestateléisung ëmmer méi schwiereg.

Här Minister, wéi gesitt Dir dat? Ass déi Zweestateléisung nach ëmmer awer d'Zil, wuer mer hischaffen? Dir hutt et ugedeit. Mä ass et nach ëmmer realistesch, doru festzehalen, wéi mer dat bis elo maachen?

D'EU an hir Memberstate leeschte vill humanitär Hëllef a Palästina. Dat ass och weiderhin eng Noutwendegkeet, well Palästina esou agëenkt ass a weder e Fluchhafen nach en eegenen Zougang zu engem Hafen huet, keen Accès zu Drénkwaasser, keng Kontroll iwwer e groussen Deel vum Territoire, soudatt dëse Stat net eleng kann iwwerliewen.

Wéi reagéiert Lëtzebuerg? Wéi reagéiert d'EU drop, datt eis humanitär Hëllef vun engem Stat futtigemaach gëtt? D'israelesch Regierung léisst regelméisseg Infrastrukturen zerstéieren, déi mat europäescher Hëllef opgebaut goufen.

An dobäi ass Israel e Stat, mat deem mir eigentlech nach ëmmer privilegéiert Handelsbezéiungen hunn, och wann et...

(Interruption par la présidence)

...2008 als Reaktioun...

Här President, Merci, ech hunn d'Auer am A, ech sinn direkt fäerdeg! Awer nach ee ganz wichtege Punkt, Här President: Mir hate virun engem gudde Joer eng Motioun hei votéiert, wou mer eng Unerkennung vum Stat Palästina gefuerdert hunn, an zwar «au moment qui sera jugé le plus opportun». Här President, déi gréng sinn der Meenung, datt de 50. Joresdag vun där Resolutioun vun der UNO e gudde Moment wier, fir erëm Bewegung an d'Situatioun ze bréngen. Mir wieren der Meenung, datt et e gudden Zäitpunkt wier, fir elo Palästina unzëerkennen an dee symbolesche Geste ze vollzéien.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Här President, meng Zäit ass leider eriwwer. Et wier nach ganz villes ze soen, mä dat erlaabt mer meng Zäit net. Den Här Ausseminister huet däitlech méi Riedezäit. Dat ass och richteg esou, mä dat bréngt mech dann elo zum Sëtzegoen.

(Hilarité)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, mir hu gëschter, wéi et och richteg vu verschiddene Kolleege beschriwwe ginn ass, eng zimlech pessimistesch Ried vum Här Asselborn héieren. Dat huet eis awer net verwonnert, well wien d'Aktualitéit verfollegt, dee mierkt jo, datt eng ganz Rei Wahlresultater iwwert d'Welt net sengen Erwaardungen entspriechen, datt säi politesche Stil ëmmer méi international kritiséiert gëtt an datt déi Virstellungen, déi den Här Asselborn an der Politik vertrëtt, eigentlech ëmmer manner der Realitéit vun dëser Welt entspriechen. Wann ee mat esou Defie konfrontéiert ass, da wonnert et een net, datt ee ka pessimistesch ginn an dat och kann hei esou matdeelen.

Déi Ried wor gezeechent vun enger ganzer Rei vu Schwächten. Si hat emol fir d'Alleréischt eng gewëssen Naivitéit, fir et esou auszedrécken, bei der Beschreiwung an der Analys vu verschiddenen internationale Konflikter, wéi zum Beispill dem Syrien-Konflikt.

Den Här Asselborn huet d'Ursaach vum Syrien-Konflikt op ee Facteur reduzéiert, bal a Form vun enger Karikatur, andeem e seet: „Do ass e blutrünstegen Diktator, dee géint säin eegent Vollek do optrëtt", wat richteg ass, mä wat weder originär eleng d'Ursaach ass vum Konflikt nach wierklech dat kann alles erklären, wat do ass. Et ass virun allem e Krich och ëm d'Verdeelung vun Uelech, ëm Pipelinen, déi eventuell do kéinten an déi eng oder aner Richtung gebaut ginn. Et ass e Versuch gewiescht vun engem „regime change", deen och ënnert der Administratioun Obama laang bedriwwe gouf a mat enger Politik, mat där den Här President Trump iwwregens wëllt ophalen. Et ass e Stellvertriederkrich, e Krich ëm Militärbasen.

A mir mussen eis och als Lëtzebuerg ëmmer erëm froen: Wie sinn eis Alliéiert a Syrien? Et huet eis schockéiert, an et schockéiert eis nach ëmmer, datt mir als Lëtzebuerg Kontakter haten, Mouvementer ënnerstëtzt hunn, déi selwer ganz no bei terroristesche Bewegunge sinn. A mir fannen eis einfach net gär an enger Situatioun erëm, wou déi westlech Staten, also och mir, mat terroristeschen Organisatiounen zesummeschaffen. Mir brauchen en aneren Usaz an der Syrien-Politik.

Déi Ried wor net nëmme gezeechent vun deelweis enger Naivitéit, mä och vun enger grousser Eesäitegkeet. An als Beispill heifir wëll ech den Israel-Konflikt hei nach eng Kéier zitéieren. Ech hu mech och guer net erëmerkannt an deem, wat den Här Adam gesot huet. Den Här Adam huet sécher a guddem Wëlle geschwat, mä esou, wéi hien d'Situatioun an där Regioun beschriwwen huet, ass se net, weder beim Waasser nach bei villen anere Saachen. Ech kann elo net an den Detail agoen. An et ass och net esou, datt Israel eleng elo schëlleg wär un där Situatioun, wéi mer se do virfannen.

Déi Eesäitegkeet, déi ech hei dem Minister Asselborn wierklech muss reprochéieren, déi huet sech zum Deel a senger Ried deklinéiert an Initiativen, déi diplomatesch net ze vertriede sinn! Dir sidd Diplomat, Här Minister, Dir sidd Chef vun eiser Diplomatie. Wéi kënnt Der dann och nëmmen een Ableck unhuelen, datt eng Propositioun, wéi Dir se gëschter hei gemaach hutt, datt d'Verhandlunge sollten erliichtert ginn duerch eng Erweiderung vum Quartett ëm arabesch Staten, also ënnert dem Ausschloss vun Israel, kéint iergendeng Verbesserung an der Regioun bréngen? Natierlech net! Dir wëllt den arabesche State géintiwwer Israel e weidere Virdeel ginn!

Dir hutt un enger Konferenz deelgeholl - Här President, den Här Asselborn hat eis dat gëschter beschriwwen - zu Paräis iwwert den Noen Osten, ouni d'Präsenz vun den Israeli an ouni d'Präsenz vun de Palästinenser. Wat soll esou eng Konferenz bréngen?

(Interruption par M. Jean Asselborn)

Jo, et interesséiert mech net, mat wiem Der lech alles do zesummegesat hutt! Dee wichtege Punkt,...

(Brouhaha)

...dee wichtege Punkt, an dee politesch a moralesch wichtegste Punkt, hunn ëmmer erëm eng ganz Rei Intellektueller ënnerstrach, Här Asselborn, a loosst lech déi hei Wierder soen a meditéiert se: Een Intellektuellen, en israeleschen Intellektuellen huet gesot: „Déi do Konferenz huet d'Judden erëm op deen Niveau, op Auschwitz-Format reduzéiert. Et gëtt iwwert d'Judde geschwat an net mat de Judden!"

(Exclamations et interruptions)

An ech mengen, dat ass wierklech eng fundamental Kritik: wann ee probéiert, iwwer Länner ze schwätzen an net mat de Länner!

Et ass eng Gefor och do, wann Dir elo d'nächst Joer - wat ech unhuelen an hoffen - ofgewielt gitt, datt Der vläicht higitt an en Obama-Syndrom entwéckelt, wéi de President Obama elo déi Resolutioun 2334 am Sécherheetsrot nach ugesinn huet, wuel wëssend, datt se näischt mécht, fir dem Fridden ze hëllefen, an datt Der da vläicht higitt an nach séier Palästina unerkennt.

Et kann een iwwert den Zäitpunkt schwätzen, mä ech wëll awer soen, datt an esou enger sensibeler Matière soll e breede Konsensus an der Lëtzebuerger Politik bestoen, wa méiglech eng Eestëmmegkeet. Mir hunn elo schonn zwou Parteien... D'ADR souwisou, déi seet: „Et ka keng Unerkennung ginn ouni eng Verhandlungsléisung an ouni Unerkennung vum Existenzrecht vun Israel." Och d'CSV huet an déi Richtung argumentéiert. Dat ass awer schonn e groussen Deel vun der Lëtzebuerger politescher Landschaft. A mir kënnen net higoen an do Gestë setzen, Akte setzen, déi dem Fridden net hëllefen, a kenger Weis, an e groussen Deel vun dem politesche Spektrum an der ëffentlecher Meenung hei am Land net géife respektéieren!

Är Ried ass och voller Kontradiktiounen. Dir hutt lech e puermol agesat fir d'Demokratie - wat mer ënnerstëtzen, selbstverständlech - an Europa. Mä ech wëll lech just zwee Beispiller nennen an Elementer, déi Dir genannt hutt, déi fundamental antidemokratesch sinn an den Euroskeptizismus an Europa nach éischter favoriséiere wéi eng Identifikatioun mat den europäeschen Iddien.

Dat éischt ass vläicht manner bekannt: Dat ass déi „global strategy" an der Baussepolitik - ech mengen, den Här Angel hat déi ernimmt -, wou eigentlech eng Strategie entwéckelt ginn ass vun Experten, och vun Diplomaten, laanscht déi meescht Parlamenter, och laanscht eist Parlament. Mir si just duerno informéiert ginn duerch eng Damm, déi hei laanschtkomm ass, wat do drasteet. Deen Text ass ni ratifizéiert ginn. Mä déi europäesch Baussepolitik soll elo vun uewen iwwert de Conseil européen op eemol duerchgesat ginn, laanscht d'Staten. Och dat ass en typescht Beispill, wéi Europa fonctionnéiert: wann een ufänkt, d'Leit ze fäerten.

An nach vill méi däitlech an déi Richtung geet dat, wat Der eis iwwert d'Verdéiwung vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun gesot hutt. Dir sot: „Lëtzebuerg vertrëtt d'Verdéiwung vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun." Doriwwer kann ee schwätzen. Och mir si fir eng Wärungsunioun. Mir wëssen, datt eis Finanzplaz dat brauch. Mir haten ëmmer eng. Mir kënne kee Lëtzebuerger Frang hunn, deen aus sech eleng besteet. Dat ass eng Vernonft, déi do schwätzt, an déi ënnerstëtze mir och.

Mä wann een elo higeet wéi Dir, an Dir sot, Dir sidd fir eng Verdéiwung vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun, allerdéngs ouni Ännerung vun den Traitéen, dann ass do derhannert d'Fro: Wéi wëllt Der se verdéiwen? Wëllt Der erëm Rechtsinstrumenter huelen, déi emol net eng Direktiv oder e Reglement sinn, mä op engem Niveau nach drënner, wéi mer et beim „Twopack", beim „Sixpack" haten, wou Der d'Parlamenter wëllt ëmgoen, Referenden evitéieren, well - well! - ebe gewosst ass an Europa, datt vill Populatiounen dee Wee net méi wëllen, déi Verdéiwung net méi wëllen ouni méi e staarken Afloss vun de Staten oder eng besser Kontroll vun den europäeschen Institutiounen?

D'Europäesch Zentralbank gëtt vu kenger Instanz demokratesch kontrolléiert, vu kenger! Och net vum Europaparlament! An awer sinn déi Decisiounen, déi do geholl ginn, vu fundamentaler Wichtegkeet fir eis Zukunft vun eis alleguer.

Dir schwätzt - an ech ginn lech och do recht, et ass net, datt ech do fundamental enger anerer Usiicht wär - iwwert d'Gefore vum Populismus an Europa. Mä iwwerleet lech - iwwerleet lech! -, ob dee Populismus an Europa, deen Dir kritiséiert, an deelweis och zu Recht kritiséiert, wann en do extrem Formen unhëlt, ob deen net och entstanen ass aus dem demo-

krateschen Defizit, deen Europa huet, aus engem Mangel u Vertrauen, aus enger Frustratioun mat där Politik, déi Dir representéiert an esou vill anerer, an datt et eng Reaktioun ass, déi een awer muss verstoen a politesch opgräifen, fir se Meeschter ze ginn, amplaz se einfach nëmme global ze veruerteelen oder ze kritiséieren. Dat ass ze kuerz gegraff an domadder kritt Der esou Tendenzen einfach och net politesch opgeschafft an net an de Grëff.

Ausserdeem, an dat gëtt och ni gesot, gëtt et jo och net nëmmen e Rietspopulismus an Europa, et gëtt e Lénkspopulismus! An a wéi ville Länner hu mer deen! Et gëtt de Syriza, et gëtt de Podemos, et gëtt déi Fënnef-Stäre-Bewegung, loosst mer déi net vergiessen! Och déi destabiliséiere Länner. Déi sinn zum Deel vill méi grouss wéi déi Beispiller, déi Dir ëmmer erëm nennt.

An ech mengen, net nëmmen de Populismus ass an deem Sënn eng Fro, mä och radikal Parteie wéi a Griichenland, wou mer wierklech eng Nazipartei, wierklech eng faschistesch Partei hu mat de Golden Dawn do, an dat si wierklech geféierlech Entwécklungen.

Zwee Wierder iwwer Äre politesche Stil - well mir kritiséieren deen och, mir hunn en och schonn zejoert kritiséiert. Mir denken net, datt Dir esou sollt optrieden international, wéi Der et ëmmer erëm maacht. Et ass schued, ech soen dat hei ganz kloer, datt zwou Perséinlechkeeten an Europa sinn, déi ëmmer erëm och mat Nazivergläicher, mat Faschistevergläicher opfalen an déi doduerch vun anere Länner op d'Plaz gesat ginn. Den Här Erdoğan an Dir, Här Asselborn,...

(Protestations)

...sidd déi zwee, déi an Europa dowéinst opfalen. Dir hutt den Ausschloss vun Ungarn...

(Brouhaha)

...aus der Europäescher Unioun gefuerdert an Dir sidd vum ungaresche Minister - Wierder, déi ech matbruecht hunn - ëffentlech korrigéiert ginn!

A wat Polen an Ungarn ugeet, wëll ech Iech och soen, datt een do net plakativ däerf driwwer schwätzen. Et muss een an de Fong goen. Bei Polen sinn eng ganz Rei Veränneerunge virgeholl ginn am Dialog mat der Commission de Venise, mat der Europäescher Kommissioun. An déi Kritik, déi Dir u Polen virbréngt, déi ass einfach an där Form och net méi ubruecht!

Bei Ungarn, den Här Adam...

Pardon, ech mengen, den Här Asselborn schéngt eng Fro ze hunn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo. Wann Dir...

(Interruption par M. Jean Asselborn)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Pardon?

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Wat ass déi Kritik, déi ech...?

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Majo déi Kritik, déi Kritik, déi Dir ëmmer hutt zum Beispill beim Verfassungsgeriicht. Do si jo eng ganz Rei Amendementer geholl ginn, ech hu se och matbruecht, dat féiert mech elo ze wäit, fir déi virzeliesen, mä et sinn eng ganz Rei Amendementer geholl ginn, gesetzlech Veränneerungen iwwert de Fonctionnement vum Verfassungsgeriicht an d'Kooperatioun mat der Europäescher Kommissioun.

Ech fueren elo weider...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Fuert weider, fuert weider...!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- ...mat Ungarn. Ech hat elo vum Ausschloss geschwat. Ech wëll och op déi Kritik kommen. Den Här Adam schéngt dat och net ze wëssen, datt e Bannemaart an eng fräi Zirkulatioun vu Persounen an Europa nëmme kënnen da fonctionnéieren, wann d'Baussegrenzen effikass kontrolléiert ginn. Ungarn huet eng ganz Rei Positioune geholl, do kann een da verschiddener Meenung sinn. Mä den Haaptkritikpunkt vun Ungarn un där Majoritéitsdecisioun, déi Dir 2015 imposéiert hutt, wéi mir d'Presidence haten, do sinn eng ganz Rei Kritikpunkten, déi si per se justifiéiert! An duerfir soe mir, et däerf een net einfach pauschal soen: „Hei d'Ungarn...!", als wär dat elo den Däiwel an Europa, mä et muss een och do kucken: Wéi eng Argumenter sinn do?

Wësst Dir, datt just virun der europäescher Presidence um Niveau vum Conseil européen a Präsenz vum Här Bettel decidéiert gouf, datt d'Verdeelung vun de Flüchtlinge soll par consensus an Europa geschéien, a säit 25., 26. Juni 2015? An am Dezember 2015 gitt Dir dat par majorité qualifiée anescht regelen. Dat ass eng Kontradiktioun mat enger Decisioun vum Conseil européen.

(Interruption par M. Jean Asselborn)

Et ass och a Kontradiktioun mat dem Artikel 78 (3) vum Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne, dee seet, datt esou eng Decisioun, wa se par majorité qualifiée geholl gëtt, muss «dans l'intérêt de l'État membre concerné» sinn. Eppes, wat Ungarn aus verständleche Grënn natierlech contestéiert!

Ech mengen, den Här Asselborn huet nach eng Fro.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Neen, ech hu keng Fro!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ah. Majo dann hutt Der keng...

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Ech wëll Iech just soen,...

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et geet net op Är Zäit.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- ...mir hunn natierlech am Juli 2015 probéiert, stonnelaang, dass mer op der volontärer Basis sollen zu enger Repartitioun kommen. Déi war net méiglech!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Tjo!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- A mir hunn... Tjo! Mä et sinn...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, majo sécher!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Et sinn 28 Länner an der Europäescher Unioun gewiescht dee Moment, an do ass mir als President vum Conseil gesot ginn: „Wa mer net volontär zu enger Decisioun kommen, da musse mer et deen anere Wee maachen a mir mussen ofstëmmen."

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Wien huet Iech dat gesot?

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- An do ware se all, do ware souguer Är Kolleegen aus Polen deemools nach derbäi, déi dat guttgeheescht hunn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- A mir hunn ofgestëmmt mat deem Resultat, dass dat, wat mer ofgestëmmt hunn, haut Gesetz ass,...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, jo.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- ...mat enger Exceptioun, dass, wéi Der wësst, zwee Länner virun der Cour de justice nach sinn. Da musse mer dat ofwaarden an da kucke mer!

Mä Dir kënnt mir dach net virwerfen, dass ech elo als klenge Männi do an Europa higaange wier an ech hätt gesot: „Ah neen, et geet net volontär, et muss decidéiert gi par vote!" Här Kartheiser, sidd e wéineg verstänneg! Ech mengen, Dir waart awer..., trotzdeem hutt Der Äert Liewe verdéngt wärend méi wéi 10 Joer oder 15 Joer an der Lëtzebuerger Diplomatie! Also wann ech gelift, geheit net alles op d'Kopp a fänkt net un...

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, kee Fait personnel.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Bon, dach. Da maacht, wat Der wëllt!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Gutt.

(Hilarité et brouhaha)

Här Asselborn,...

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also just d'Zwëschebemierkung, Här Kartheiser: Dat ass kee Fait personnel, wann ee feststellt, dass Dir...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Also gutt, mä da gitt...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ...15 Joer an der diplomatescher Carrière waart.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Éischter 20 Joer, 20!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- À moins, dass Der dat als Beleidegung ugesitt?

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Neen, neen,...

(Hilarité)

...mä déi Manéier, wéi den Här Asselborn hei äntwert, ass a méi wéi enger Hisiicht interessant. Ech wëll awer just déi Zäit, déi mer zousteet, fir him ze äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Awer selbstverständlech!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir wësst, wéi fair dass ech sinn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dat ass wonnerbar.

Den éischte Punkt, Här Asselborn: Ebe well ech Diplomat sinn an 20 Joer Erfahrung an deem Beruff hunn, weess ech, datt et ganz wichteg ass, wann ee wëllt dauerhaft Léisunge fannen, datt ee muss d'Sensibilitéite vun de State kennen, hir Geschicht verstoen a wëssen, wat bannepolitesch fir si och laangfristeg duerchsetzbar ass. Wann een de Länner Decisiounen opzwéngt, wéi Dir et gemaach hutt,...

Une voix.- Oh!!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- ...dann hutt Der déi Reaktiounen.

Dir hutt selwer gesot: „Ech krut gesot...", „Ech als klenge Männchen..." - Dir probéiert Iech ze dedouanéieren, j'en prends acte -, mä wien huet Iech dat gesot? Dir hutt aus Solidaritéit mat anere Parteien, wéi déi grouss Koalitioun an Däitschland,...

(Interruption par M. Jean Asselborn)

...wou d'SPD eng Linn huet, mat der Madamm Merkel déi do Linn gestäipt huet, hutt Dir aus parteipolitesche Grënn an Europa Decisioune geholl...

(Interruption par M. Jean Asselborn)

...an Europa Decisioune geholl,...

(Interruption par M. Jean Asselborn)

...déi géint d'Interesse vu verschiddene Länner gaange sinn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Ausseminister, Dir hutt herno all Zäit, fir op alles ze äntwerten.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Voilà! Merci, Här President.

(Interruption par M. Jean Asselborn)

An Dir hutt doduerch och eis bilateral national Interessen a Gefor bruecht. Wësst Dir, datt Lëtzebuerg deen zweetgréissten Investisseur an Ungarn ass? Wësst Dir, datt mir mat deem Land nach eng ganz Panoplie vun anere Relatiounen hunn, op déi een och muss Uecht ginn, amplaz just parteipolitesch déi däitsch SPD an d'Madamm Merkel wëllen ze ënnerstëtzen?! An dat géint eng Decisioun vum Conseil européen vu virdrun!

(Interruption par M. Jean Asselborn)

Ech kommen zréck op meng Ried.

(Hilarité)

Ech kommen zréck op meng Ried, wann Der et erlaabt.

Une voix.- Jo!

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech wëll nach vläicht rappeléieren, Här President, datt den Här Minister Asselborn...

(Interruption par M. Jean Asselborn et hilarité)

Entschëllegt, ech hunn dat net verstanen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, den Här Asselborn huet ëm Hëllef geruff.

(Hilarité)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech ginn em all Hëllef, déi e brauch.

(Hilarité)

Dir kënnt mech ëmmer ëm Hëllef froen, Här Asselborn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, Här Kartheiser, maacht dat, wat Der elo ugekënnegt hutt, a kommt op Är Ried zréck!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Voilà. Ma da wéilt ech vläicht mat der Tierkei weiderfueren, d'Tierkei, wou ech nach eng Kéier eng Motioun wéilt deposéieren, well d'CSV schéngt jo hir Positioun geännert ze hunn iwwert den definitiven Ofbroch vun de Bezéiungen - net vun de Bezéiungen! -, vun de Verhandlungen, vun de Bäitrëttsverhandlunge mat der Europäescher Unioun.

Motion 1

D'Chamber

stellt fest:

- datt d'Verhältnis vun der Tierkei mat eenzelnen europäesche Länner ugespaant ass;

- datt d'Situatioun an der Tierkei no den Evenementer vun 2016 sech net verbessert huet;

- datt d'Pressefräiheet drastesch ageschränkt bleift;

- datt d'Onofhängegkeet vun der Justiz an der Tierkei net garantéiert ass;

- datt déi tierkesch Regierungskräften, no eegenen Aussoen, dobäi sinn, en „Kampf bis zum Schluss" ze féiere géint déi kurdesch Minoritéit;

- datt den tierkesche President deklaréiert huet, d'Gesetzer iwwert den Terrorismus net ze revidéieren, obschonns dëst en Deel vum Accord mat der Europäescher Unioun iwwert d'Erliichterung bei de Visaen ass;

- datt vill Observateuren, an der Tierkei an an der Welt, fäerten, datt d'Tierkei vum Wee vun der parlamentarescher Demokratie ofkënnt, fir an de Präsidentialsystem oder souguer an eng Diktatur ze rutschen;

verlaangt:

- datt d'Regierung vum Europäesche Conseil verlaangt, d'Baitrëttsverhandlungen tëschent der Europäescher Unioun an der Tierkei definitiv ze stoppen;

- datt d'Regierung der Bedeitung vun der Tierkei fir Europa Rechnung dréit, andeems se sech derfir asetzt, datt dësem Land eng „privilegéiert Partnerschaft" ugebuede gëtt, dëst awer ouni Perspektiv fir e spéidere Bäitrëtt an d'Europäesch Unioun.

(s.) Fernand Kartheiser.

Ech kann net verstoen, Här Asselborn - ech kann et wierklech net verstoen! -, datt Dir Iech opreegt iwwer Faiten an Europa, wou Dir ganz grav Mënscherechtsproblemer gesitt - Dir wëllt Ungarn aus der Europäescher Unioun erausgeheien, mat Polen hutt Der äänlech Problemer, mat anere Länner vläicht och -, an datt Dir gläichzäiteg...

(Interruption par M. Jean Asselborn)

...mat der Tierkei, déi jo awer ganz aner Mënscherechtsproblemer huet, d'Bäitrëttsverhandlungen net wëllt opginn. Dat ass net logesch! Mir sinn och fir gutt Bezéiunge mat der Tierkei, awer net op déi do Manéier!

Dir gitt op Kuba, mat Ärem Mënscherecht! Dir gitt op d'Begriefnis vum Fidel Castro, deen Dausende vu Mënschen exekutéiere gelooss huet, deen a Kricher an Afrika agegraff huet, deen zoustänneg ass fir d'Cuban Missile Crisis, deen eis bal an e Weltkrich gefouert huet! Do gitt Der op d'Begriefnis, wou en Ambassadeur Iech würdeg hätt kënne vertrieden, do zweifelen ech net drun. An hat Der do keng Mënscherechtsbedenken, wann Der op d'Begriefnis vun engem Fidel Castro gitt?

(Interruption par M. Jean Asselborn)

Mat Russland..., loosst mech...

(Interruption par M. Jean Asselborn)

Entschëllegt, ech mengen, den Här Asselborn huet nach eng Fro.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech mengen, dass et gutt wär, wann Dir dat elo géift maachen, wat jiddwereen hei mécht: Iech erëm un d'Chamber adresséieren. Ech sinn domat ganz large bis elo gewiescht, mä adresséiert Iech un d'Chamber a maacht net en Dialog mam Här Ausseminister! Voilà.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dann adresséieren ech mech un Iech, Här President, an ech wëll vläicht nach e Wuert iwwer Russland soen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà, ganz gutt!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Zu Russland: D'Minsk-II-Ofkommes ass elo zwee Joer al a mir hunn eng grotesk, eng absurd Situatioun: nämlech datt Russland, dat net Vertragspartei vu Minsk II ass, eigentlech eng Geisel vun der Regierung zu Kiew ass, well soulaang Kiew seng Engagementer net ëmsetzt am Minsk II, bleiwen d'Sanktioune géint Russland bestoen. Eng absurd Situatioun!

An déi Sanktiounen, dat hu mir hei scho méi dacks gesot, déi si konterproduktiv, och wat déi russesch Bannepolitik ugeet, si schueden eisen ekonomeschen Interessen, virun allem deene vun eise Baueren, mä och deene vun eiser Industrie. An et gëtt Zäit, datt mer do e Schlussstréch zéien! Et kann net sinn, datt Länner wéi Polen a Litauen, mat allem Respekt fir deenen hir politesch Positiounen, eis Russlandpolitik diktéieren, déi net logesch ass! A mir kommen do an en Zeenario vum Kale Krich ëmmer méi eran, dee mir refuséieren!

Mir hunn 125 Joer diplomatesch Bezéiunge mat Russland, 90 Joer eng russesch Communautéit zu Lëtzebuerg. Mir hätte gär, datt déi Relatioune sech verbesseren, och wat d'Fluchverbindungen an aner Dossieren ugeet.

Ech hunn nach vläicht, well mer do déi Froen haten, eng Minutt, dofir wëll ech nach e Wuert zu der Flüchtlingspolitik soen. Dat ass e Sujet, deen eis kéint bis den Owend beschäftegen. Mir si selbstverständlech als ADR d'accord, datt mer am Kader vun der internationaler Legalitéit - d'Flüchtlingskonventioun vun 1951, d'Genfer Konventioun iwwert de Schutz vun Zivillpersounen a Krichssituatioune vun 1949 - déi Leit schützen. Mä Dir maacht eng ganz aner Politik! Dir hutt selwer viru Kuerzem nach gesot, datt Der Iech eng méi grouss Immigratioun legal virstelle kéint fir eng demografesch a kulturell Erneierung. Dat akzeptéiere mir net. Wann Dir gär eng demografesch Erneierung vun eisem Land hätt, da maacht eng Familljepolitik an dëser Regierung, déi den Numm verdéngt huet! An net eng antinatalistesch Familljepolitik, wéi dës Regierung et hei proklaméiert huet!

Mir sinn der Meenung, datt mer de Leit human hëllefe mussen. Mir maachen dat awer net, mä mer hunn haaptsächlech Wirtschaftsflüchtlingen, déi kommen; mir hu Leit aus Länner, déi net a Konfliktsituatioune sinn.

Mir hu säit 20 Joer e Problem mam Balkan wéinst illegaler Immigratioun an dem Mëssbrauch vum Asylsystem! Dat maache mir als ADR net mat! An do ënnerscheede mer eis fundamental (veuillez lire: vun der Regierung). Mir sinn d'accord, fir deene Leit ze hëllefen, déi Hëllef brauchen. Mir sinn net d'accord, fir eise Stat ze belaaschten - eis Sozialsystemer an aner Problemer, d'Akzeptanz vun der Integratioun an aner Problemer - doduerch, datt mer Leit d'Arees erlaben, ouni datt dofir wierklech eng kloer legal Basis oder eng Noutwendegkeet géif bestoen.

Mir hunn also do eng fundamental aner Approche. Ech soen Iech Merci, well ech mengen, Här President, Dir wollt mer soen, datt d'Zäit ofgelaf ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà. Ech hunn do och alles ugerechent.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Voilà. Da soen ech Iech villmools Merci. A sollt den Här Asselborn nach äntwerten, da kann ech vläicht och nach reagéieren. Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Den Här Angel? Wat wëllt Dir nach soen?

M. Marc Angel *(LSAP).*- Jo, Här President, ech wollt den Här Kartheiser net ënnerbriechen, ech wollt him just eng Fro stellen. Ech wollt e just froen, ob et ass, well en hei alternativ Fakte wollt bréngen oder well e sech vläicht un eppes net erënnert. E seet, seng Partei, an en huet och gesot d'CSV, also déi vun der Oppositioun, géife fuerderen, bei der Reconnaissance vun den zwee Staten, Palästina (veuillez lire: an Israel), et wär eis, de Majoritéitsparteien, egal, mir géifen net drop pochen, dass d'Palästinenser och Israel unerkennen.

Ech wëll e just drun erënneren, dass mer hei am Dezember (veuillez lire: 2014) eng Motioun gestëmmt hunn, wou de Punkt K ass, dass «soulignant que la solution à deux États, promue avec constance par le Luxembourg et l'Union européenne comme la seule solution possible au conflit israélo-palestinien, suppose la coexistence et la reconnaissance mutuelle des deux États démocratiques et souverains, Israël et la Palestine.» Ech wollt e just froen, ob en dat vläicht vergiess hätt. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Selbstverständlech.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Eng Fro, eng Äntwert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. An och Merci fir dem Här Angel seng Fro. Ech freeë mech ëmmer, wann e mer eng Fro stellt.

Ech hunn dat och direkt gesot als Reaktioun op dem Här Adam säi Kommentar. Den Här Adam huet proposéiert, den Anniversaire vun enger UNO-Resolutioun ze huelen, fir eng Unerkennung vu Palästina ze envisagéieren. Den Här Adam huet a sengem Kommentar déi Konditioun do net méi ernimmt. An et ass mer dofir wierklech wichteg virkomm, fir ze soen: Et ass net den Anniversaire vun enger Resolutioun vum UNO-Sécherheetsrot, deen eng Unerkennung sollt ausléisen, mä eng Situatioun um Terrain, déi eis erlaabt, dat ze maachen, ouni all Sécherheetsrisiko fir de Stat Israel.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och.

(Interruption)

An d'Wuert huet elo den Här Marc Baum fir déi Lénk.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Den Ausseminister huet gëschter a senger Ried mat der Beschreiwung vun den däischteren Zäiten an enger ëmmer méi - Zitat - „chaotescher Welt" ugefaangen. An opgehalen huet en, konsequenterweis, mat engem Zitat vum Franz Kafka.

Hien huet déi negativ Entwécklungen an international Konflikter opgezielt, awer och d'Erausfuerderunge beschriwwen. An den Ausseminister huet appelléiert, en huet ganz vill appelléiert, virun allem un aner Staten. Begréffer wéi Solidaritéit, Kooperatioun, Fridden a Wäerter, a verschiddene Konstruktioune wéi Grondwäerter oder Wäertegemeinschaft, waren zentral Elementer vu senger Ried. Begréffer, déi och eis als Lénk wichteg sinn, jo, ech géif souguer soe konstitutiv si fir eis Konzeptioun vu politeschem Handelen.

An duerfir froe mer eis, ob déi lëtzebuergesch Aussepolitik deene Begréffer dann och entsprécht. Am Regierungsprogramm vun 2013 steet dozou: «Dans le monde nouveau en émergence le Luxembourg adapte son action internationale à la fois pour défendre ses propres intérêts et agir pour un ordre international mieux régulé et plus juste.» Et schéngt, wann een dee Saz liest, wéi wann et eng perfekt Komplementaritéit tëschent eisen eegenen Interessien, wat och ëmmer dat ass, an enger gerechter a méi reguléierter Welt géif ginn. Déi Komplementaritéit wier och vläicht ginn, wa mer ënner Interessien déi laangfristeg human, sozial an ökologesch Interessie vun de Lëtzebuerger géife verstoen, well et eigentlech déiselwecht Interessie vun de Mënschen iwwerall op der Welt misste sinn.

Vläicht wär déi Komplementaritéit och nach ginn, wann dem Här Asselborn seng Konviktiounen a Wäerter, déi e gëschter hei virgedroen huet, och géifen esou gelieft ginn. Mä mir mengen, datt d'Realitéit leider eng aner ass. Well wa mer eis déi Lëtzebuerger Aussepolitik ukucken, menge mer, datt mer eis se an hirer Integralitéit ukucke mussen. A mer mierken dann, datt den Ausseministère bäi Wäitem net deen eenzegen Akteur ass. Nieft anere Ministèren, wéi zum Beispill dem Finanz- oder dem Wirtschaftsministère, déi an deem Domän deelweis en Eegeliewen ze féiere schéngen, sinn et och nach eng sëlleche Wirtschaftslobbyen, déi no baussen hin d'Politik vu Lëtzebuerg gestalten. A bei all deenen Akteuren ass de Constat kloer: Et ginn an alleréischter Linn kuerzfristeg wirtschaftlech Interessie verdeedegt, mat zu Lëtzebuerg un der Spëtzt der Finanzplaz. An dës kuerzfristeg finanziell Interessie stinn eiser Meenung no a Kontradiktioun mat enger gerechter a geregelter Weltuerdnung. An dës kuerzfristeg Interessie priméieren awer ganz kloer iwwert déi aner Interessien.

Här President, net méi spéit wéi virgëschter war den Ekonomiesminister Etienne Schneider op Visitt an der Tierkei, mam Zil, déi wirtschaftlech Relatiounen ze fleegen an auszebauen. Wärend den Här Asselborn mat berechtegte Fuerderungen no Demokratie, Fridden an Anhalung vu Mënscherechter duerch d'Welt reest, gëtt hannert de moraleschen Appeller knallhaart Wirtschaftspolitik gemaach. Wärend den Ausseminister gëschter hei an der Chamber begréisst huet, datt d'EU déi finanziell Ënnerstëtzung vun der Tierkei am Kader vun de Bäitrëttsverhandlungen zréckféiert, gëtt um Bosporus Business gemaach. An dat ass net eréischt zënter gëschter oder virgëschter esou!

Zënter dem brutalen Néierschlag vun der Gezi-Park-Protestbewegung am Joer 2013 an der permanenter Verschlëmmerung bei der Mëssuechtung vun den demokratesche Prinzipien an de Mënscherechter geet den Echange ongestéiert weider. Fir d'Lescht gouf et esou eng bilateral Entrevue am September 2016, dräi Méint no deem kompletten Amoklaf vum President Erdoğan. Och hei gouf den tierkesche Vizepremier als Eischt vum Här Schneider empfaangen, fir iwwer Business ze schwätzen, duerno eréischt krut den Här Asselborn nach eng Kéier d'Geleeënheet, fir him an d'Gewëssen ze rieden.

En anert Beispill sinn déi jorelaang geheegten a gefleegte wirtschaftlech Relatiounen zu den Arabeschen Emirater, dem Qatar oder Saudi-Arabien, déi mat zu den Haaptfinanciere vum radikalen Islamismus gehéieren an déi och mat Ursaach sinn, firwat Milliounë Mënschen aus der arabescher Welt op der Flucht sinn.

A wéi ass et mam Israel-Palästina-Konflikt? Hei an der Chamber seet den Ausseminister, zu Recht, datt Israel amgaangen ass, d'Zweestateléisung ze torpedéieren an eng Eestaterealitéit aus Gewalt an Okkupatioun ze schafen. An duerfir menge mer och, äänlech wéi de Claude Adam dat gesot huet, datt et héich Zäit ass, datt effektiv d'Unerkennung vum Stat Palästina vun der lëtzebuergescher Regierung geschitt, esou wéi d'Motioun dat och gefuerdert huet.

Mä d'Fro ass: Wat mécht eise Premierminister? Dee schwätzt net dozou, dee schaaft Fakten. An zwar eng renforcéiert wirtschaftlech Zesummenaarbecht mat deem Okkupator.

Här President, d'Duerchsetzung vun ekonomeschen Interessien als ieweschte Grondsaz vun der Lëtzebuerger Politik fënnt sech och an der neier wirtschaftlecher Promotiounsstrategie erëm, déi de Wirtschaftsminister virun e puer Woche virgestallt huet. Datt baussewirtschaftlech Bezéiungen en Deel vun der Aussepolitik sinn an datt an deem Kontext eng Strategie entwéckelt gëtt, stelle mir net a Fro. Wat mer awer bedenklech fannen, ass d'Feele vun all Verweis, vun all Kritär an dëser Strategie op demokratesch a rechtsstaatlech Prinzipien, op d'Mënscherechter, op d'Rücksicht op Emwelt a Klimaschutz. Déi Begréffer tauchen an där Strategie net op. Am Géigendeel. An där Strategie gëtt souguer d'Kooperatiounspolitik dem ekonomeschen Imperativ ënnerworf. Déi soll näämlech als eng Zort Reservoir gesi ginn, fir Kontakter an Opportunitéite fir ekonomesch Aktivitéiten ze developpéieren. Dat ass awer ganz wäit ewech vu Begréffer wéi Solidaritéit a Kooperatioun.

An och d'Diplomatie selwer, oder Deeler vun der Diplomatie sinn am Déngscht vum Wirtschaftsstanduert. Zum Beispill a Russland, do huet Lëtzebuerg, nieft der Ambassad, véier Honorarkonsuler. Déi meescht vun deene si Milliardären. An ee vun hinnen...

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- An ee Museker.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Gelift?

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Et ass och ee Museker derbäi.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Ah, ma ech wollt op den Dirigent zréckkommen. Deen Dirigent, dee Museker, deen Der genannt hutt, ass e bekannten Dirigent, effektiv. En ass Geschäftsmann a fervente Putin-Unhänger, deen déi vëlkerrechtswiddreg russesch Annexioun ënnerstëtzt an esou och scho méi wéi eng Kéier duerch déi international Press op sech opmierksam gemaach huet. Viru Kuerzem elo huet en nach e Concert zu Palmyra ginn, fir d'Assad-Truppen ze feieren. Här Asselborn, wann et ëm d'Kohärenz vun der Aussepolitik geet, mengen ech, datt deen Honorarkonsul do de Géigendeel vun deem vertrëtt, wat d'Lëtzebuerger Aussepolitik eigentlech wëllt maachen.

Här President, wéi ech schonn ufanks gesot hunn, wann d'Lëtzebuerger Regierung quasi exklusiv déi kuerzfristeg ekonomesch Interessie vum Land verteidegt, dann ass et net kohärent mat enger gerechter a geregelter Weltuerdnung a scho guer net mat nohalteger Entwécklung. Et ass souguer ganz oft a Kontradiktioun mat deenen Ziler an domadder och mat de laangfristegen Interessie vun de Leit hei am Land.

Eis Regierung, an natierlech och d'Virgänger-Regierungen ënnerstëtzen e Finanz- a Wirtschaftsmodell, dee bewisenermoossen am grousse Stil Inegalitéite schaaft. Inegalitéiten tëschent Länner a Regiounen, mä och Inegalitéiten tëschent de Mënschen innerhalb vun deene Länner. Et ass e Modell, deen och d'Emwelt zerstéiert, net nëmmen d'Klima, mä eis natierlech Ressourcen ausbeut. A wa mer awer mathëllefen, d'Liewensbedéngungen an d'Liewensgrondlag vu Milliounë vu Leit ze degradéieren, da fält dat fréier oder spéider op eis zréck. Konflikter, politesch Onstabilitéit, Fanatismus an Ënnerdréckung sinn d'Konsequenzen dovunner. An déi aktuell dramatesch Migratiounswell ass bedenklecherweis wahrscheinlech just e Virspill dovunner.

E groussen Deel vun de Multinationallen, deenen hir Finanzéierung via den Investmentfongen jo ee vun den Haaptpiliere vun eiser Ekonomie ass, suergen dobaussen an der Welt fir ganz vill Misär. Mënscherechtsverletzungen, Exploitatioun vun den Aarbechter oder Emweltzerstéierung si keng vereenzelt Phenomeener a Problemer méi. A wa mer deene Multinationallen an deenen Ultraräichen dann och nach hëllefen, op legal oder och heiansdo e bësse manner legal Manéier hir Steierlaascht ze minimiséieren, da si mer direkt mat responsabel un der Degradatioun vun de Liewensbedéngunge vu Leit.

Den Här Ausseminister sot gëschter am Kontext vun der Flüchtlingskris, mir misste méi Solidaritéit mat Griichenland beweisen. Mir mengen dat als Lénk och. Mä mir froen eis awer, wou d'Solidaritéit mat Griichenland virun zwee Joer war, wou am Eurogroup Griichenland niddergemaach ginn ass. Ware mer op der Säit vun deenen, déi d'europäesch Solidaritéit verteidegt hunn, oder bei deenen, déi d'griichescht Vollek am Interêt vun deene grousse Banke bludde gelooss hunn?

An ech froe mech, wat dës Regierung dann zu deenen inakzeptabelen, xenophoben a chauvinisteschen Aussoe vun engem Här Dijsselbloem seet, deen elo nach an engem Interview mat der FAZ gemengt huet, déi europäesch Südlänner kéinten net déi ganzen Zäit Alkohol drénken an hir Suen a Fraen investéieren an dann och nach vun eis Sue froen. Dat ass de Geeschteszoustand vun engem Deel vun der Féierung vun Europa. An et ass Ausdrock vun enger Kris, déi wesentlech méi déif ass a méi wäit geet wéi d'Scholdekris.

Här President, Eegennotz gesi mer awer och beim Brexit. Vierdergrënneg ënnersträicht d'Regierung hir Solidaritéit mat de 27 a weist sech besuergt iwwert den Impakt op d'Unioun. Hannert de Kulisse gëtt awer scho fläisseg manövréiert, och zesumme mam brittesche Kapital, fir e méiglechst grousst Stéck vum Kuch ze kréien. Déi lëtzebuergesch Regierung an den Här Ausseminister sinn och séier um Plang, fir aner Memberlänner oneuropäescht Verhale virzegeheien. Dacks zu Recht. Wann den Här Ausseminister d'Derivë vu munchen osteuropäesche Länner uprangert, dann huet en dobäi eis voll Ennerstëtzung.

Mä Lëtzebuerg selwer ass kee Musterschüler an Europa. Well wat ass méi oneuropäesch, wéi eng Fiskalpolitik ze bedreiwen, déi eise Partnerlänner systematesch d'Suen aus der Statskeess zitt? Well wat anescht war déi Steierreform, déi d'Steieren op de Benefisser erofgesat huet mam Argument, fir méi Kapital a méi Entreprisen op Lëtzebuerg ze zéien? An der CSV ass souguer dat nach net wäit genuch gaangen. Soulaang Lëtzebuerg de Motor vun enger geckeger Course no ënnen ass, wat d'Gewënnsteieren ugeet, soulaang den dominéierende wirtschaftspolitesche Paradigma dee vun der Kompetitivitéit a vun der Konkurrenz ass, soulaang si Begréffer wéi Kooperatioun a Solidaritéit am beschte Fall Wonschdenken, am schlëmmste Fall Zynismus.

E weidert Beispill ass d'Verteidegungspolitik. D'Oprüstung vun der NATO ass keng Necessitéit fir eis Sécherheet. De Budget vun der NATO ass elo schonn ëm e Villfaches méi grouss wéi dee vun de potenzielle Menacen. À propos Menacen oder den „enemy", wéi en heescht, wien ass dat dann? Ass domadder dem Putin säi Russland gemengt? Also dat Russland, wou Lëtzebuerg e belligeranten Dirigent als Honorarkonsul sëtzen huet? Déi wahnsinneg Erhéijung vun de Verteidegungsausgaben ass just eng Necessitéit fir d'Rüstungsindustrie!

Här President, an der Kooperatiounspolitik gëtt hei am Parlament ganz dacks iwwer Kohärenz vu Politik geschwat. Ech mengen, datt mer och mussen a Saachen Aussepolitik generell iwwer Kohärenz vu Politik schwätzen, well mir hunn den Androck, datt de Kär vun der Lëtzebuerger Aussepolitik net am Ausseministère gemaach gëtt, mä op ganz anere Plazen. An dës Politik provozéiert Evenementer an Entwécklungen, deenen den Ausseminister souguer mat deene beschten Absichten, déi en huet, just nach hannendrulafe ka wéi e plakege Pompjee hannert dem Pyroman.

Schlussendlech ass eis Diplomatie just domadder beschäftegt, d'Symptomer ze geréieren an eng Fassad oprechtzëerhalen. D'Fakte schafen anerer. Dat huet ee gëschter an der Deklaratioun vum Ausseminister och gemierkt. D'Flüchtlingskris, Populismus, Trump, Brexit, Syrien, Fanatismus a Migratioun, dat alles si Symptomer vun enger Feelentwécklung, déi vill méi déif gräift an un där eist Land net ganz onschëlleg ass. An iergendwann kréie mer déi Symptomer a Phenomeener net méi geréiert, well se en Ausmooss unhuelen, deen net méi gerabel ass.

Déi ekonomesch Promotioun kann duerchaus legitimm sinn a gehéiert sécher zur Aussepolitik vun all Land derzou. Mä et ass eng Fro vum Inhalt, vun der Verhältnismëissegkeet a virun allem, wéi eng Ziler schlussendlech priméieren. Zentral muss d'Fro sinn, wéi eis Politik sech op aner Länner, Regiounen a Populatiounen auswierkt. Wa mer dat aus den Ae verléieren, esou wéi dat am Moment de Fall awer ass, da gëtt d'Situatioun mat Sécherheet net besser.

Här President, den Här Ausseminister huet gëschter zum Schluss vu senger Ried, wéi gesot, de Franz Kafka zitéiert. Ech wéilt em just soen, datt mer oppasse mussen, wa mer esou virufuere wéi bis elo, datt mer net enges Dags moies waakreg ginn wéi de Gregor Samsa: um Réck leiend an net méi capabel, eis selwer ze bewegen. Als Lénke wëll ech awer net mam Franz Kafka ophalen, mä mam Bertold Brecht, deen a sengem Gedicht „An die Nachgeborenen" och déi däischter Zäite vun der éischter Halschent vum 20. Jorhonnert beschreift. En

hält awer a sengem Gedicht op mat enger politescher Perspektiv, déi e bëssen ongewinnt ass, näämlech déi, datt e seet: „Daß der Mensch dem Menschen ein Helfer ist." Ein Helfer! Kee Frënd, kee Lover. En Helfer. A genee dat, mengen ech, géif och eisem Land ganz gutt zu Gesiicht stoen.

Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Baum. Leschte Riedner ass den Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten *(LSAP).*- Merci, Här President. D'Zäit leeft. Ech muss e bësse kierzen.

(Hilarité)

Ech ka mech haut awer - well och scho villes gesot ginn ass, an och scho villes gesot ginn ass, wat ganz richteg ass - op een Aspekt konzentréieren, dee mech perséinlech an och a menger Aarbecht am Europarot dëst Joer vill beschäftegt huet: den Zouwuess vun extremisteschen a rietsnationale Bewegungen a Parteien.

2016 hu mer e stännegen Zouwuess zu dëse Bewegunge gesinn. D'Pegida ass an Däitschland marschéiert. D'AfD huet an de Sondagen ëmmer weider zougeluecht, genee wéi d'Marine Le Pen a Frankräich an de Geert Wilders an Holland. Am Juni hunn d'Populisten déi éischte Kéier gewonnen: beim Brexit-Vott.

Bei den US-Wahle ware méi Ligen, Falschmeldungen a Fake News op de sozialen Netzwierker ze liese wéi richteg Noriichten.

Et sinn iwwerall déiselwecht honnert Joer al Rezepter, mat deenen operéiert gëtt: géint de sougenannten „Establishment", géint d'Elitten, géint déi traditionell Parteien, géint d'Flüchtlingen, géint d'Auslänner, géint d'Press a géint d'Medien am Allgemengen. E gemeinsamen Nenner fanne se och an hirem „zréck zu deem Nationalen", „ewech vun der Vëlkergemeinschaft" an „géint Europa".

Et wär e Feeler, déi doten Tendenzen ze ënnerschätzen. An dat ass haut schonn e puermol gesot ginn. Ganz geschéckt ginn näämlech déi negativ Konsequenze vun der Globaliséierung ausgenotzt, fir Ängscht ze maachen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Yves Cruchten *(LSAP).*- Dass Europa seng sozial Dimensioun nach ëmmer net fonnt huet, mécht eis et net méi liicht, fir dorobber ze äntwerten. Et ass dofir essenziell, dass dat soziaalt Europa iwwert d'Sonndesrieden eraus endlech zur Realitéit gëtt, dass mer sozial Standarde kréien, e soziale Mindestloun, gerecht Léin an eng gutt Ofsécherung vun eise Bierger. Dat sinn déi bescht Rezepter géint d'Extrême droite, déi hire Fonds de commerce op dem Misär vun de Leit opbaut.

Meng Partei, d'LSAP, huet dem Opruff vun der EU-Kommissioun gefollegt an huet hir Virstellunge vun engem sozialen Europa op Bréissel geschéckt. Et ass ze hoffen, dass vill Leit sech un dësem Debat bedeelegen a mir Europa esou dat Gesiicht kënne ginn, wat mer eis all erwënschen.

Mir vergiessen ze dacks, dass haut schonns déi Rietsnational a verschiddene Memberstate vun der Europäescher Unioun d'Regierung stellen. A mir erkennen ëmmer deeselwechte Modus Operandi: Als Éischt muss déi fräi Press ënner staatlech Kontroll gesat ginn, déi politesch Oppositioun an d'Zivillgesellschaft gi kalgestallt an da gëtt de Rechtsstat Stéck fir Stéck ofgebaut. Ouni eng fräi Press, ouni politesch Oppositioun an ouni Rechtsstat gëtt et keng Demokratie. Déi parlamentaresch Versammlung vum Europarot beschäftegt sech genee mat dëse Sujeten, mä och hei ginn d'Debatten torpedéiert vu riets an extrem riets.

Wa mir haut der Tierkei, berechtegterweis, de béise Fanger maachen, da musse mer eis awer och selwer de Spigel virhalen. Wat fir e Beispill gëtt d'Europäesch Unioun, wann ee vun hire Statscheffe verlaangt, dass d'Fro vun der Doudesstrof nees op den Ordre du jour muss kommen? Wat fir e Beispill gi mer, wann an engem anere Memberstat vun der EU d'Verfassungsgeriicht ënnert d'Kontroll vun der Regierung fält? Wat fir e Beispill gi mer, wa mer e pickegen Drot ronderëm eis Grenzen zéien? An d'Äntwert ass kloer: Et ass kee gutt Beispill. An dofir grad ass et esou wichteg, dass mer eisen europäesche Frënn soen, wou de Schong dréckt. Dass mer si drun erënneren, dass si ferm Engagementer geholl hunn, wéi si der Europäescher Unioun bäigetruede sinn. Dass si déi europäesch Mënscherechtskonventioun respektéiere mussen an d'Uerteeler vu Stroossbuerg och mussen ëmsetzen.

An dofir mécht et mech esou houfreg, dass eisen Ausseminister net zéckt, fir dat ze soen, wat ze soen ass. Jo, Här Mosar, natierlech gefält dat net jiddwerengem. Dat soll et och net. Hei zu Lëtzebuerg awer sollte mer him net an de Réck falen, mä mir sollten him de Réck stäipen. Alleguer. Ech géif mer wënschen, et géife méi Asselborns Jangen an Europa.

Une voix.- Ah!

M. Yves Cruchten *(LSAP).*- Méi Politiker, déi de Courage hunn, sech staarkzemaache fir d'Rechtsstaatlechkeet, fir d'Mënscherechter an d'Demokratie...

Une voix.- Gutt esou.

M. Yves Cruchten *(LSAP).*- ...a manner där Politiker, déi de Kapp anzéien a léiwer näischt soen.

Une voix.- Bravo!

M. Yves Cruchten *(LSAP).*- Et gëtt och an deene Länner, vläicht souguer grad an deene Länner, Leit, déi esou e politescht Sproochrouer brauchen. Eisen Ausseminister mécht deene Courage, déi net averstane si mam Ofbau vun der Rechtsstaatlechkeet an hire Länner. Bierger, déi op hir Mënscherechter bestinn an derfir kämpfen. A Polen wollt d'PiS, op Initiativ vun enger extrem konservativer kathoulescher Organisatioun, d'Ofdreiwung a sämtleche Fäll verbidden an de Fraen domat e ganz fundamentaalt a laang erkämpftend Recht nees ewechhuelen. D'Black protests, Protester vun Dausende Fraen a Männer ganz a schwaarz, hunn esou laang gedauert, bis d'PiS hir Propos nees zréckgezunn huet.

An Ungarn wollt de Viktor Orbán seng onmënschlech Politik géint d'Flüchtlingen duerch e Referendum legitiméieren. Mä en huet Gott sei Dank dëse Referendum verluer.

A Rumänien wollt déi nei Regierung d'Bestrofung vun der Korruptioun massiv ofschwächen an domat d'Fortschrëtter aus de leschte Joren a Gefor bréngen. Am Januar an am Februar dëst Joer sinn dofir iwwer eng hallef Millioun Mënschen op d'Strooss gaangen, fir de Rechtsstat a Rumänien ze verdeedegen, a si hunn dobäi EU-Fändelen an d'Luucht gehalen.

Dobäi huet ee gesinn, dass d'EU nach ëmmer Mënsche ka begeeschteren, dass d'EU nach ëmmer als positivt Bollwierk géint Nationalismus, jo, souguer als Garant vun Demokratie a Rechtsstaatlechkeet och géint eng national Regierung empfonnt gëtt.

Lues a lues fänke méi Leit un, sech géint de Rietsruck an den Nationalismus ze positionéieren an nees aktiv fir Europa op d'Strooss ze goen. Leit, déi net bereet sinn, den Nationaliste kampflos d'Feld ze iwwerloossen, déi net bereet sinn, d'EU einfach opzeginn, déi net bereet sinn, d'Grondwäerter vun eiser Gemeinschaft iwwer Bord ze werfen.

An och decidéiert proeuropäesch Positioune gewannen nees un Zoulaf. A Frankräich steet de Macron zwar fir Erneierung, mä definitiv fir Europa. An Däitschland gewënnt de fréieren Europaparlamentspresident massiv un Ënnerstëtzung. An hei zu Lëtzebuerg ass a bleift en zudéifst iwwerzeegten Europäer dee mat Ofstand beléifste Politiker am Land. Hei zu Lëtzebuerg gleewe mer un d'Europäesch Unioun, och wann net alles perfekt ass. Si garantéiert eis zanter Jorzéngte Fridden a Wuelstand.

Mir däerfen dofir net dauernd op d'Unioun klappen. Mir däerfen dem Discours vun den Nationalisten net noginn, mä mir mussen dës Unioun verbesseren an erëm kloermaachen, dass se méi ass ewéi e gemeinsame Wirtschaftsraum, näämlech eng Unioun vun de Staten a vun de Bierger.

Dësen Optrag geet un d'Politik, selbstverständlech, mä e geet och doriwwer eraus. Et ass en Opruff un all d'Bierger hei am Land an an Europa, sech haut ze engagéieren, ob an ONGen, an der Politik oder soss an der Zivillgesellschaft. Kommt, mer waarden net, bis d'Kar am Dreck läit! Kommt, mer verdeedegen dat, wat mir Europäer an de leschte 60 Joer opgebaut hunn, well et brauch net vill, fir dat nees alles futti ze maachen!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Cruchten. Mir sinn um Enn vum allgemengen Debat ukomm. An d'Wuert huet elo den Ausseminister, den Här Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Wann Der erlaabt, Här President, ech wëll mech och kuerzfaassen, duerfir wëll ech vläicht hei stoe bleiwen. An ech géif meng Äntwert eigentlech abauen an dat, wat de Claude Adam gesot huet: D'Lëtzebuerger Diplomatie soll roueg sinn an iwwerluecht. Ech probéieren, dat dann ze maachen.

An dobäi wëll ech fir d'Alleréischt dem Här Marc Angel e grousse Merci soe fir seng Hëllef wärend dem ganze Joer. Ech mengen, e weist immens vill onopgereegtent Engagement an hien ass ee Lien tëschent dem Ministère des Affaires étrangères an der Chamber. An ech mengen, et ka kee sech iwwer seng Aarbecht bekloen, ob en an der Regierung oder an der Chamber ass, an der Oppositioun oder an der Koalitioun. Duerfir e grousse Merci op jidde Fall vu menger Säit un de Marc Angel.

En huet mech ze vill gelueft. Ech mengen, dass mer hei, vläicht mat enger Ausnam, vill Gemeinsames héieren hunn; vläicht e wéineg méi kritesch vun där enger oder där anerer Säit, mä et waren net nëmmen, an dat freet mech, Koalitiounssprecher, déi vill Konsens fonnt hunn an deem, wat mer aussepolitesch maachen.

Ech wëll vläicht awer soen, Här President, dass ech léiwer e falschen Diplomat sinn, am Sënn vum Churchill - wat jo hei zitéiert ginn ass -, deen dat, wat an de Memberlänner vun der Europäescher Unioun schifleeft - d'Pressefräiheet, Séparation des pouvoirs, d'Indépendance vun der Justice, an den Yves Cruchten huet dat ganz gutt elo ervirgestrach -, och konsequent uprangert, haart a kloer, wéi dann ee richtegen Diplomat, Här Mosar, deen ënnert sengem Mantel vun der Gläichgültegkeet wootlech buede geet.

Ech mengen, et gëtt Saachen an der Aussepolitik, déi net nëmmen Europa eppes uginn, mä déi eist Liewen hei zu Lëtzebuerg uginn. A wann déi op eng schif Bunn kommen, wann d'Press an engem Land net méi fräi ass, wann d'Justiz net méi fräi ass, wann d'Regierung muss un der Justiz oder un der Séparation des pouvoirs béien, da leeft et schif. Da si mir, wann esou eppes géif aräissen, net méi dat Land, och hei zu Lëtzebuerg, wat mer haut sinn.

An ech géif kengem vun deenen, déi gewësse Sympathië fir esou Regimmer fleegen, och hei op der Tribün, wënschen, dass se missten an esou engem Land liewen.

Ech wëll och vläicht direkt op dat agoen, wat zur Tierkei gesot ginn ass - ech mengen, mir brauchen net erëm den Debat unzefänken -, op d'Präsenz vum Ekonomiesminister gëschter an der Tierkei. Éischtens emol, fir dat kloerzestellen, et war keng Mission économique. Dat Ganzt heescht JETCO, dat heescht Joint Economic and Trade Commission. Déi gëtt all Joer ageruff, eng Kéier an der Tierkei, eng Kéier zu Lëtzebuerg. D'lescht Woch war Italien an der Tierkei. Déi Woch virdru war Frankräich do mat hirem Ekonomiesminister. Eise Minister war och do. An ëm wat geet et do? Et gëtt do kontrolléiert, ob Lëtzebuerger Betriber, déi an der Tierkei sinn, oder tierkesch Betriber, déi zu Lëtzebuerg sinn, keng Problemer hunn.

D'SES war derbäi, de Guardian war derbäi, De Nul war derbäi, d'Cargolux war derbäi, CFL Multimodal war derbäi, ArcelorMittal war derbäi. An déi waren immens frou, fir mat der tierkescher Säit schwätzen ze kënnen. Zum Beispill, dass Betriber, déi ënner Dumpingproblemer falen, kënnen evoquéiert ginn. Et si Betriber, déi administrativ Problemer hunn. Dat ass evoquéiert ginn a Präsenz vum Wirtschaftsminister. An duerfir musse mer e wéineg ausenanerhalen: De Minister an och déi Betriber waren net do, fir do Promotioun ze maachen, mä si waren do, fir deene Betriber, déi do sinn - ech soen dat nach eng Kéier -, ze hëllefen, wa Problemer sinn. An de Minister Schneider huet an alle Gespréicher - dat huet eisen Ambassadeur mer och, neutral wéi en ass, confirméiert - souwuel op der Televisioun an der Tierkei, also virun der Press, wéi och an de Reuniounen op déi rechtsstaatlech Verletzungen higewisen an déi staark condamnéiert.

Ech weess net, wéi et an der Europäescher Unioun genee elo virugeet zu dësem Moment. Ech weess, dass de 16.4., dat ass elo geschwënn, dee Referendum stattfënnt an der Tierkei. Et muss ee sech elo froen - an déi Diskussioun fënnt och statt an der Europäescher Unioun -, ob een do virdrun, zum Beispill am Conseil vun den Ausseministeren, deen den 3.4. ass, nach eng grouss Debatt driwwer féiert an erëm eng Kéier nach méi do vläicht hëlleft, an eng falsch Richtung ze goen. Mir hunn déi Analys gemaach. Dir hutt se alleguer gemaach, ech hu se gëschter gemaach, mir brauchen do net vill drop anzegoen.

Dat, wat geschitt ass, geet elo net spurlos un de Relatiounen tëschent der Europäescher Unioun an der Tierkei eriwwer. A wat fir enger Form (veuillez lire: och ëmmer). Ech géif och do bieden, hei net mat Motiounen ze operéieren. Dat brauche mer alles net. Lëtzebuerg weess, wat et do ze maachen huet. Mä dat muss eng konzertéiert an eng eestëmmeg Decisioun sinn. Dir wësst, alles, wat geschitt a Saachen Debaten oder Weiderféiere vun Negociatiounsstrukturen, muss eestëmmeg decidéiert ginn, fir et op eng aner Schinn ze brëngen.

Sou! Ech wëll och soen, den Här Mosar, mengen ech, huet dat ugeschnidden, Éisträich. An dat ass och eppes, wat mech trotzdeem ganz staark geheit. Mir hunn an der Europäescher Unioun als Ausseministeren alleguerten, dat heescht 27 vun 28, eng kloer Positioun gehat. Et war een Ausseminister, de Kolleeg aus Éisträich, enger anerer Meenung, an duerfir konnte mer keng Konklusiounen unhuelen; och keng Konklusiounen iwwert dat, wat de Balkan ugeet. Bon, dat ass säi gutt Recht. Ech sinn net sécher, ob dat alles vun der éisträichescher Regierung gedroe gëtt, mä dat geet mech och näischt un. Wat ech weess, dat ass, dass den Ausseminister vun Éisträich sech Gedanke mécht, a scho méi laang, fir den australesche Modell hei an Europa och unzewenden. Dat heescht op Lëtzebuergesch, dass déi Flüchtlingen, déi wëllen an d'Europäesch Unioun erakommen, net erageloss ginn, mä op iergendeng Insel kommen - ech weess net wou, mä ausserhalb vun Europa - an dass déi dann do op där Insel solle kontrolléiert ginn a gekuckt gëtt, wie kann erakommen a wien net.

Meng Äntwert dorobber ass, dass esou ee Modell mat eiser Mënscherechtskultur, déi mer an Europa hunn, net ze verknäppen ass. An duerfir wollt ech och soen: Et geet mir net ëm den Här Kurz oder ëm Éisträich, et geet mir ëm dee Prinzip. An ech sinn immens frou, dass de President vun der Kommissioun zu Bréissel, dee jo och, wann ech richteg am Bild sinn, Éierepresident vun der CSV ass, grad wéi och den Här Avramopoulos total menger Meenung op deem Punkt do sinn.

Da komme mer vläicht nach an e puer Sätz zu Israel a Palästina. Bon, Här Mosar, Dir hutt hei, a vill aner Kolleegen och, de Gusty Graas zum Beispill, an och de Claude Adam grad wéi de Marc Angel natierlech och, vun de Wäerter geschwat. Mir musse wëssen, a wann een esou laang derbäi ass, wéi ech elo leider derbäi sinn, an ëmmer erëm dee Misär gesäit, och d'Palästinenser hu Recht op Wäerter an hu Recht op Dignitéit. An duerfir: Et ass falsch, Här Mosar. 1993, am Kader vun den Osloer Gespréicher, ass e Bréif zirkuléiert tëschent dem Jassir Arafat an dem Premierminister Rabin, an do ass vu palästinensescher Säit Israel als Land unerkannt ginn.

An ech géif hei warnen, wierklech warnen, dass mer net de Feeler maachen, déi, déi sech fir eng Léisung asetzen, wéi ech dat probéieren ze maachen - ech hunn net 100%eg recht, dat ass kloer -, wann een d'internationaalt Recht verteidegt an doduerch déi muss kritiséieren, déi géint d'internationaalt Recht ginn, dass een da gesot kritt: „Du bass propalästinensesch an du bass antiisraelesch." Passt op domadder! Ech verdroen dat als Persoun, mä wat de Fong dovunner ugeet, do leie mer falsch. Wierklech falsch!

Mir hunn elo eng Resolutioun vum Conseil de sécurité - dat ass internationaalt Recht - an do stinn d'Grenzen dra vun Israel an vu Palästina. A kommt, mer sichen dach eng Kéier och dat do emol an eise Kapp ze kréien, och wann dat elo net méi méiglech ass an der Europäescher Unioun! Ech soen Iech: Et ass net méi méiglech zënter dem Brexit. Zënter dem Brexit kréie mer d'Parameteren net méi op e Blat Pabeier geschriwwen. An dat ass en Hohn! Dat ass wierklech en Hohn! Wann déi Resolutioun aacht Deeg méi spéit zu New York um Ordre du jour gewiescht wier, no der Wahl vum President Trump, da wier de Conseil de sécurité héchstwahrscheinlech mat enger Géigestëmm aus Europa net capabel gewiescht, déi Resolutioun ze huelen.

Elo hu mer internationaalt Recht a mir sollten eis dorobber baséieren, fir virunzekommen. An ech mengen och, Här President, dass ee sech net däerf hannert dem Problem vun der Hamas an dem Problem vu Gaza, virun allem dem Problem vun der Hamas, verstoppen, fir bei der Siidlungspolitik vun den Israelien, déi katastrophal ass - et si 600.000 Leit, déi elo an de besate Gebidder wunnen -, net virunzekommen.

Ech géif mengen - an dat maache mer och -, mir si bei deenen - a mer sinn net do eleng -, déi wierklech wëllen no vir kommen. Ech hunn dat gëschter gesot an ech bleiwen derbäi: D'Fransouse ware fir eis eng Referenz 2014 um Conseil de sécurité an och elo fir déi international Konferenz. Ech sinn dohinner gaangen, well 68 Ausseministeren do waren; ech sinn net dohinner gaangen, well ech den Asselborn vu Lëtzebuerg sinn, mä fir matzehëllefen, zu enger Léisung ze kommen. An och dat ass no der Wahl vum President Trump alles elo an der Schwief. Dir hutt zwar gesinn, ech hunn dat och gëschter gesot, dass déi staark Aussoen, déi gemaach gi sinn, fir d'Ambassad vun Tel Aviv op Jerusalem ze deplacéieren, sech elo e wéineg geluecht hunn. Ech hoffen dat, well dat

géif wierklech eng drëtt Intifada do provozéieren. An dass och d'Zweestateléisung vun den Amerikaner elo ganz anescht gesi gëtt, soudass och den Trump héchstwahrscheinlech de President Abbas wäert empfänken.

An ech mengen, dass mer net däerfe lassloosse vun där Resolutioun, déi mer hunn, dass mer dat de concert mat anere Länner an der Europäescher Unioun maache sollten. An ech wäert op jidde Fall probéieren, alles ze maachen, fir an déi Richtung do weiderzegoen.

Ech wëll och hei nach zwou vläicht méi kleng Remarquë maachen, mä ech wëll se awer eescht huelen. Ech sinn hei gefrot ginn, firwat dass ech mech net fir d'Minoritéiten am Irak géif asetzen: d'Jesiden. Mä ech hunn de 15. Dezember d'Nadia Basee an och d'Lamija Adschi Bashar empfaangen. Dat si Laureate gewiescht vum Sacharow-Präis. Ech hu mech laang mat deene Leit ënnerhalen, och eis Diplomaten. A ech hunn - dat kënnt Der nokucken, dat steet an de Protokoller -, wéi mer zu Bagdad ware mam Benelux, dem Premierminister al-Abadi am Irak kloer gesot, dass se wierklech missten an der Regioun vu Sindschar, wou d'Jeside sinn, déi Cause vun deene Leit vertrieden an déi net do am Ree stoe loossen. Ech mengen, den Här Mosar ka jo net alles wëssen, mä Dir gesitt, dass ech awer probéieren, meng Aufgab esou gutt ze maachen, wéi et nëmme geet.

Une voix.- Ech weess.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- De Claude Adam huet nach de Kamerun ugeschwat. Ech muss soen, de Kamerun ass kee Land, dat mer permanent op dem Ordre du jour hunn an eisem Conseil. Mä Dir hutt total recht. Ech ginn Iech total recht. Hei ass eppes amgaangen, wou zwou Communautéiten, déi anglofon an déi franséisch, géintenaner virginn. Et gëtt zwou anglofon Communautéiten. An dann, déi frankofon, dat ass natierlech déi gréisst. Do si grouss Troublen, well Professeren net genuch Franséisch kënnen oder Professeren net genuch Englesch kënnen. An elo ass dat esou wäit gaangen, dass den Internet op der anglofoner Säit gespaart ginn ass.

Mä bon, et ass eng kleng Lueur do, de President huet elo eng Kommissioun designéiert vu 15 Leit, an déi sollen elo probéieren, dass eben de Kamerun zwou offiziell Sprooche kritt. Se kënne vläicht eng Kéier do an d'Belsch goen, fir e wéineg ze kucken, wéi een dat mécht.

Mä net am Geck, ech wollt soen, dass hei wierklech och vun der Europäescher Unioun (veuillez lire: eng Reaktioun komme muss). An ech wäert dat och, wat den Här Adam gesot huet, eescht huelen. Vläicht kënne mer och e klenge Bréif maachen als Lëtzebuerg un d'Federica Mogherini, fir op dee Problem opmierksam ze maachen, deen hei an eisem Parlament ugeschnidde ginn ass.

Fir ofzeschléissen, Här President: Ech hunn, wéi ëmmer, dem Claude Adam ganz opmierksam nogelauschtert. En huet de Brecht zitéiert. An en huet vun „Helfer" geschwat. Ech wëll just soen...

Plusieurs voix.- Dat war den Här Baum.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Den Här Baum, pardon. Wat hat ech gesot?

Plusieurs voix.- Den Här Adam.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Neen, den Här Marc Baum, entschëllegt.

En huet de Brecht zitéiert an dat Wuert „Helfer" an de Mond geholl. Lëtzebuerg, ech konnt dat gëschter e wéineg weisen, mir hunn 1% vum RNB fir d'Kooperatioun. Dat ass „Helfer". A mer maachen dat net eleng mat Suen. Mir sinn och bei den UNO-Missiounen a bei den europäesche Missiounen an deene Länner, wou de Fridde muss stabiliséiert ginn, derbäi. Mir probéieren, mat deene bescheidene Mëttelen, déi mer hunn, och déi Cause vum „Helfer" als Lëtzebuerg op dat gutt Gleis ze kréien.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech hunn eng Demande fir Parole après ministre vum Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wollt just zwou kleng Bemierkunge maachen. Fir d'Éischt soen ech dem Här Minister Asselborn villmools Merci fir seng weider Erklärungen. Just zwou Bemierkungen.

D'Resolutioun 2334, déi den Här Minister Asselborn ugeschwat huet, déi am Dezember 2016 vum Sécherheetsrot ugeholl ginn ass, ass eng net rechtlech bannend Resolutioun. Si ass net ënnert dem Kapitel 7 vun der UNO ugeholl ginn. Et ass natierlech e politescht Instrument, et ass elo awer net Deel vum internationalen Droit, wat eis géif bannen.

Déi zweet Bemierkung betrëfft Éisträich. Ech schléisse mech do der Kritik vum Här Mosar am Groussen a Ganze gär un. Den Här Minister Asselborn hat de 6. Januar 2017 Éisträich kritiséiert a gesot: „Das ist rechtsnationales Gedankengut." Deemools hat den éisträichesche Minister, säin Homolog, eng Propositioun gemaach, fir Flüchtlinge baussent dem Territoire vun der Europäescher Unioun ze logéieren.

Dat huet eben déi Kritik ervirgeruff, déi elo hei rappeléiert gouf. Den 3. Februar 2017, dat heescht, net emol e Mount no dem Här Minister Asselborn senger Kritik, war e Sommet: Stats- a Regierungscheffe sinn op Malta zesummekomm a si hunn eng Strategie iwwert den Ëmgang mat de Flüchtlingen am Mëttelmier arrêtéiert. Do huet den Här Bettel deelgeholl un där Reunioun, huelen ech un. An de Punkt 4 vun de Konklusioune vun deem Conseil ass: den Opbau vu sécheren an ugemoossenen Opnaminstallatiounen a Libyen, zesumme mat dem Flüchtlingshëllefswierk vun de Vereenten Natiounen, UNHCR, an der Internationaler Organisatioun vu Migratioun. Do ass also, net emol e Mount méi spéit, eppes zréckbehale ginn, wat den Här Minister Asselborn e puer Deeg virdrun als „rechtsnationales Gedankengut" bezeechent huet. Ech huele jo un, datt en dat net wëllt dem Lëtzebuerger Premier och ënnerstellen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ech hunn eng aner Demande de parole après ministre. Da kann de Minister vläicht op déi zwou zesummen äntwerten. Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et um Här Mosar.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Ech wollt nach eng Kéier op déi Thematik Israel/Palästina agoen, well de Minister mer eigentlech net op meng Fro geäntwert huet. An ech wëll hei nach eng Kéier ganz kloer och soen, wat d'CSV-Positioun an deem Dossier ass.

Mir condamnéieren, gradesou wéi den Här Ausseminister, d'Siidlungspolitik vun den Israelien. Ech mengen, do gëtt et absolument guer keen Zweifel drun. Mir plädéieren nach wie vor fir eng Zweestateléisung. Do, wou mir allerdéngs e Problem gesinn, Här Ausseminister, an do hutt Der eis net kloer drop geäntwert: Et muss ee wëssen, datt an der aktueller Palästinensescher Autoritéit d'Hamas een Deel dovun ass. An d'Hamas...

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Neen.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo dach, dach! ...ass ganz eleng zoustänneg zum Beispill fir den Territoire vum Gaza. Mir wëssen alleguerten, datt d'Hamas refuséiert, bis haut, d'Existenzrecht vun Israel unzëerkennen. An dat hu mer och d'lescht Kéier kloer hei gesot - wéi mer eng liicht aner Motioun erabruecht hu wéi déi vun der Majoritéit -, datt et fir eis net virstellbar ass, datt e wichtegen Deel, Här Minister - well d'Hamas ass net iergendwéi eng kleng Organisatioun -, haut nach d'Existenzrecht vun Israel net unerkennt! A fir eis ass dat eng kloer Conditio sine qua non, ier ee kann op de Wee vun enger Unerkennung goen.

Eng zweet Remarque - an et ass do, wou Der mer net drop geäntwert hutt. Ech hunn Iech déi deelweis katastrophal Beschreiwunge vun Amnesty International am Gazaträifen zitéiert. An dat si keng Kriticke par rapport zu den Israelien, mä dat si Kriticken, wéi d'Hamas an der Gazaträif mat hirer eegener Populatioun ëmgeet. A liest Iech dat emol duerch! Dat ass deelweis dramatesch. An ech wär frou, Här Minister, wann Der do awer och eng Kéier géift soen, datt dat esou net geet. An do wär ech frou, wann Der mer och, wann ech gelift, Är Äntwert zu där doter Thematik géift ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Ausseminister huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Jo. Déi éischt Fro... Et kann een alles verdréien, Här Kartheiser. Ëm wat geet et bei där Reunioun zu Malta? Do geet et drëm, dass ee versicht, an Zukunft mat Länner aus Nordafrika, ech soen dat elo, äänlech Accorden ze kréien, wéi mer der mat der Tierkei hunn. Dat heescht awer absolutt net - awer elo absolutt net! -, dass dat den australesche Modell ass.

Nodeem dass zu Malta déi Ouverture do gemaach ginn ass - ech ka mer dat och virstelle mat Tunesien, ech ka mer et virstelle mat Ägypten, ech ka mer et mat anere Länner virstellen -, si Biller komm vun de Campen a Libyen. Wann een déi Biller gesinn huet, an ech hat déi op enger däitscher Televisioun ze kommentéiere kritt, do gëtt et Tortur, Violatioun. Dat si Prisongen, wou et absolutt net méiglech ass, an dat huet d'UNHCR och direkt gesot, dass mer kéinten déi Strukturen, déi do a Libyen bestinn, wann een dat Strukture kann nennen, vun do aus ze versichen, e Resettlement an Europa ze maachen. Dat ass net de Punkt. De Punkt ass e ganz aneren.

De Punkt ass deen, dass an der Iddi vum australesche Modell, ech schwätzen elo net méi vu Persounen, Leit, déi am Mëttelmier gerett ginn, net an Europa kommen, well d'Mëttelmier ass Europa, mä dass se zréckgeschéckt ginn ausserhalb vun Europa, op eng Insel oder ech weess net wuer, an dann do sollen a Campe kommen. Dat ass d'Iddi vum australesche Modell. An ech soen Iech: Dat ass eppes, wat een net ka mat eiser Mënscherechtskultur verbannen. C'est tout! A glécklecherweis huet dat sech och ginn. Et ass kee méi, deen dovunner schwätzt.

Déi zweet Saach, dat ass, wat den Här Mosar gesot huet. Fir d'Éischt fänke mer emol u mat Gaza. Also, et muss ee Gaza eng Kéier gesinn hunn, fir ze verstoen, ënner welleche Konditiounen d'Leit do liewen a wéi hermetesch dass Gaza zou ass. Ech war schonn Ausseminister, wéi Rafah nach op war, dat heescht, wéi déi Säit zu Ägypten op war. Dat ass zou, hermetesch zou.

Op der israelescher Säit ass et zou. Do komme vläicht 20 Leit am Dag eriwwer, déi ganz, ganz schwéier Problemer mat der Gesondheet hunn oder soss iergendeppes hunn, wou se mussen erauskommen. Mä soss ass dat hermetesch zou. An esou enger Enclave... An ech soen et nach eng Kéier: Dat ass, mengen ech, dräimol den Territoire vum Kanton Clierf, ee Siwentel vum Territoire vu Lëtzebuerg, ganz, ganz kleng, mat Vue sur mer, mä ouni dass do iergendwéi eng Motivatioun ka sinn. Mat ganz ville jonke Leit. Dir wësst, wat d'Mënsche maachen, wa se ënner Drock sinn a wa se net fräi sinn. Dann ass natierlech d'Demografie, déi steigt. A si steigt.

An dann ass do d'Organisatioun vun der Hamas, effektiv, dat sinn déi gréng Fändelen. Déi si staark do, déi dominéieren do. Dat ass ganz, ganz evident. Mä dat geet nach ëmmer virun, nach ëmmer virun, nach ëmmer virun, wa keng Ouverture vu Gaza kënnt! An dat ass de Punkt. Mat Ärer Theorie, Här Mosar, bei allem Respekt, mä dann erkenne mer Palästina wierklech ni un, well ënnert deenen dote Konditioune gëtt dat ni e Fortgang. An dat muss ee maachen!

Dir maacht e Feeler: D'Autorité palestinienne huet näischt mat Hamas ze dinn. D'Autorité palestinienne ass de President Abbas. Ech soen elo net, dass och d'Fatah eppes ass, wat een total kann ënnerstëtzen, mä ech soen Iech: Wa mer keng Hoffnung maachen a wa mer eis hanner esou Saache verstoppen, wéi Dir se elo gesot hutt, dann erkenne mer Palästina ni un! An et geet net ëm d'Hamas! An et geet net ëm d'Fatah! Et geet ëm d'Realitéit!

Do ass en Territoire gedeelt ginn, deen ee fir d'Araber - dat sinn d'Palästinenser -, an deen anere fir d'Judden. Mir waren déi, déi déi jüddesch, ech mengen, 1946 - ech weess elo net de geneen Datum - direkt unerkannt hunn. Mä zënterhier huet Palästina kee Stat. Dat musse mer dach eng Kéier verhalen. An déi Onrou, déi do besteet, déi geet virun. An d'Sécherheet vun Israel, déi gëtt nëmme garantéiert an Zukunft, wann och d'Palästinenser e Stat hunn. D'Israelie sinn dach demografesch total an der Defensiv! Am Joer 2050 gëtt et dat net méi. Do ginn déi Explositivéit an och deen Drock jo nach vill méi grouss.

An duerfir géif ech mengen: Kommt, mer probéieren dach hei an dëser Chamber, eis net hanner Ritualer ze verstoppen! D'Palästinenser hunn ee Recht op hiert Land. A loosse mer kucken an der Europäescher Unioun, dat maachen ech op jidde Fall, dass mer op de Wee kommen, dass mer och eng Kéier e Land hu fir d'Palästinenser, wat ofgesécher ass, wat eng Zweestateléisung ass!

De Claude Adam huet mech gefrot: Jo, d'Zweestateléisung ass nach ëmmer deen eenzege Wee. Ech soen net gären alternativlos, mä wann et keng Zweestateléisung gëtt, wat hu mer dann? Dann hu mer ee Stat - ee Stat! - mat Apartheidssystem op deem Territoire, deen dann zum Deel Jordanien an zum Deel Israel ass. An dat musse mer verhënneren, well dat gëtt eng Oprou do op deem Territoire.

Ech géif och mengen, dass de Premierminister vun Israel Netanjahu an enger immens komfortabeler Situatioun ass. An duerfir hoffen ech, dass Amerika, nodeem dass de President Abbas beim President Trump war, e wéineg agesäit, och wann dat net ënnert dem Artikel 7 ass, wéi den Här Kartheiser richteg gesot huet, dass déi Resolutioun 2334 awer gesi gëtt an dass een déi kann ëmsetzen, an dass et falsch ass, dass d'Amerikaner opgrond vun där Resolutioun do all Moyene praktesch fir d'UNO sträichen. Dat geet widdert d'Mauer! Dat gëtt en neie Krich do, esou sécher wéi Amen am Gebiet ass. An duerfir muss ee probéieren, vernünfteg ze bleiwen. A loosse mer eng Kéier a Rou doriwwer schwätzen - a Rou! - an net eis hannert Dogme verstoppen.

Israel ass eise Frënd, d'Palästinenser sinn eis Frënn, a si sollen allen zwee iwwerliewen an net nëmmen een.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An da ginn ech d'Wuert un den Här Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Israel a Palästina, dat ass en Häerzensuleies vun eis, dat deele mer och mam Här Ausseminister. Ech mengen, mir mussen dem Här Ausseminister och felicitéieren, datt hien op dësem Punkt op jidde Fall - wa mer och op anere Punkte Meenungsverschiddenheeten hunn - wéinstens Kloertext schwätzt a gewëss Saachen erëm an dat richtegt Liicht réckelt, no deene falsche Fakten, déi vun der CSV an vun der ADR duergeluecht gi sinn. Mä ech hätt eng Fro...

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Dat sinn dach keng falsch Fakten! Elo geet et awer duer!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Ech wäert...

(Interruption par M. Laurent Mosar)

Dir hutt d'Wuert net!

(Interruption)

Jo. Ech hunn Iech och virgeschloen, datt Der och musst Rapporten iwwer...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also...

M. David Wagner *(déi Lénk).*- ...Mënscherechtsverletzunge liesen iwwer Israel, Här Mosar. Mä dat wëllt Der net maachen, well Dir sidd eesäiteg. Mä ech hunn eng Fro.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Wagner, formuléiert Är Fro ganz kuerz!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Ech sinn ënnerbrach ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir sinn hei am Zeenario Parole après ministre.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- D'accord. Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- A mir fänken d'Debatt net nach eng Kéier nei un. Also formuléiert Är Fro ganz kuerz!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Ech formuléiere se ganz kuerz. Mir hu Motiounen ugeholl, virun zwee Joer, iwwert d'Unerkennung vum Stat Palästina. Et waren der zwou, déi zum groussen Deel an déiselwecht Richtung ginn.

Et gouf gefuerdert, datt d'Autorité palestinienne dann Israel unerkenne misst. A wa mer bis esou wäit wieren, da géif Lëtzebuerg Palästina och als Stat unerkennen. Ech wollt d'Fro just konkret nach eng Kéier stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also...

(Interruption)

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Neen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ma dach!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Et ass drop geäntwert ginn.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Et ass drop geäntwert ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, also et ass drop geäntwert. Also, wann ech gelift...

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Neen, wäert Lëtzebuerg dann elo... Neen, ausserhalb vun aneren, wäert Lëtzebuerg dann elo Palästina unerkennen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also...

Une voix.- Do gouf schonn drop geäntwert.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Wéini ass do eppes drop geäntwert ginn?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Wagner,...

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

...Dir hutt e mandatéierte Spriecher gehat. Mir hunn anstänneg Äntwerte vum Minister kritt. Mir maachen d'Debatt elo net nach eng Kéier vu vir un.

Ech hunn hei nach eng Demande Parole après ministre vum Här Kartheiser, mat der Bitt, ganz

kuerz ze sinn, well dat Spill kann ee jo bis zum Enn dréie loossen. Maacht et ganz kuerz!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Ech maachen dat wierklech ganz kuerz. Et si just zwou Saachen, déi een net kann einfach am Raum stoe loossen. Ech bieden och den Här Minister dofir ëm Versteesdemech. An ech mengen, wann ech dat elo soen, gesäit en och firwat.

1947, Här Minister, jo, d'UNO hat e Plang fir d'Deelung vun deem Gebitt. An dat war opgedeelt an e Gebitt, wat sollt de Stat Israel ginn, an dat anert sollt de Palästinenserstat ginn.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Arabesch!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Pardon?

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Arabesch.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Neen, neen.

(Interruption par M. Jean Asselborn)

Jo. Mä fir déi Populatioun - well de Begréff „Palästinenser"..., dat féiert elo ze wäit -, déi mer mengen. An et waren déi arabesch State ronderëm deen neie Stat Israel, déi dat net unerkannt hunn an direkt dann e Krich gefouert hu géint de Stat Israel. Wär dat net geschitt, wäre mer haut wahrscheinlech net an där Situatioun, an där mer sinn.

Gläichzäiteg ass et zu massiven, leider, Expulsioune vu jüddische Populatiounen an arabesche State komm. Dat ass vläicht eppes, wat een éischter als rassistesch oder als ethnesch oder reliéis Säuberung, wéi och ëmmer, oder als Apartheid ka bezeechnen; obschonn ech mengen, datt mer de Begréff „Apartheid" sollte fir dat reservéieren, wat et wierklech war, näämlech en onmënschleche Regimm a Südafrika. Ech mengen, et ass ëmmer falsch, esou Begréffer op aner Situatiounen ze iwwerdroen, well se dat dann net genau charakteriséieren, wat do ass.

Ech mengen och, datt et den Araber sielen, an där ganzer Géigend vum Moyen-Orient, esou gutt geet wéi deenen arabesche Bierger vum Stat Israel, déi onheemlech vill Rechter hunn, déiselwecht Rechter wéi d'Judden, an héich Funktiounen an deem Stat erfëllen. An ech mengen net, datt een engem Stat Israel, zemools mat deem Hannergrond an deem groussen Devouement fir Mënscherechter, deen dee Stat huet, kann eppes ënnerstellen, wat einfach net dem Fall entsprécht. Et ass e Land, wat leit ënnert där Situatioun a sécher keen Apartheidsstat.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Ech mengen, et ass alles gesot. An ech géif och mengen, dass mer Interêt hunn, fir eist Reglement ze präziséieren, wat d'Prozedure bei Parole après ministre ugeet, well mir kéinten am Prinzip dat hei elo dréie loosse bis zum Geht-nicht-mehr. Mä dat maache mer; mir sinn amgaangen dorun ze schaffen.

Merci.

Motion 1

Mir hunn dann nach d'Motioun vum Här Kartheiser. Ech mengen, den Här Kartheiser huet se explizéiert. Ginn et dozou Wuertmeldungen? Den Här Mosar.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo. Merci, Här President. Zur Motioun vun de Kolleege vun der ADR muss ech soen, si hunn ëmmer en Talent, d'CSV eppes wëlle soen ze loossen, wat se net seet. Wann Der mer näämlech gutt nogelauschtert hätt - ech weess zwar, datt Der dat normalerweis maacht, Här Kartheiser, mä an dësem Fall schéngt dat net de Fall ze sinn -,...

(Brouhaha)

...hunn ech gesot - ech hunn elo nach eng Kéier selwer meng Ried hei -, „e virleefegt Enn vun de Bäitrëttsverhandlunge wär onauswäichlech". Dat heescht, dat ass eis Positioun. Dat ass allerdéngs eng aner wéi Är, wëll ech Iech soen, well Dir hätt gär en definitive Stopp vun de Bäitrëttsverhandlungen. Mir hunn eng Positioun, datt mer soen: Mir hätte gär, datt se elo op Äis geluecht ginn. Dat war eis Positioun an dat ass eis Positioun. An aus deem Grond verstitt Der, datt mer Är Motioun net kënne stëmmen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR), auteur.*- Dir hutt dat wëlle kloerstellen, Här Mosar.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ginn et nach aner Wuertmeldungen? Den Här Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Jo. Merci, Här President. Zur Motioun. Et ass esou, datt effektiv mir och schonn an der Vergaangenheet gesot hunn, datt et den ausdréckleche Wonsch vun de Leit, déi an der Tierkei persecutéiert ginn, de Membere vun der HDP, ass, fir déi diplomatesch Bezéiungen net ofzebriechen an och fir d'Bäitrëttsverhandlungen net ze stoppen. A mir si weiderhin op der Säit vun deene Leit. An net aus sturer ideologescher Haltung géint de Stopp vun de Bäitrëttsverhandlungen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ginn et weider Wuertmeldungen? Jo, den Här Ausseminister huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Neen. Ech mengen, d'Regierung ass total op der Linn vum Marc Baum...

(Interruption et hilarité)

...a vun deenen, déi virdru geschwat hunn an där Saach do, souguer vun der CSV, vum Här Mosar. Mir sollten dat do net stëmmen. Fäerdeg.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Majo, da misste mer elo, ier mer fäerdeg sinn, ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

An ech lancéieren d'Ofstëmmung. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 57 Participatiounen, 3-mol Jo, 54-mol Neen. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf (par M. Marco Schank), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marc Lies), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Cécile Hemmen), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri (par M. Georges Engel);

MM. André Bauler (par M. Gusty Graas), Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Eugène Berger), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles (par M. Claude Lamberty), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens (par Mme Joëlle Elvinger) et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. A mir ginn eis Rendez-vous muer de Mëtten um zwou Auer, fir de Rescht vun eisem Programm. E chargéierte Programm.

Merci. A gudden Owend.

(Fin de la séance publique à 18.11 heures)

SÉANCE 30 JEUDI, 23 MARS 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 6915 - Projet de loi concernant la maîtrise des dangers liés aux accidents majeurs impliquant des substances dangereuses et portant modification de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés
- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: Mme Taina Bofferding*
- *Discussion générale: M. Félix Eischen, M. Claude Lamberty, M. Gérard Anzia*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. Déclaration de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias, au sujet de la convention portant sur la prestation du service public luxembourgeois avec CLT-UFA et RTL Group, suivie d'un débat
- *Déclaration: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias*
- *M. Eugène Berger*
- *Débat: Mme Diane Adehm, M. André Bauler (dépôt d'une motion), M. Yves Cruchten, M. Claude Adam, M. Roy Reding (dépôt de deux motions), M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*
- *Motion 2: M. Roy Reding, M. le Ministre Xavier Bettel (motion tenue en suspens)*
- *Vote sur la motion 3 (rejetée)*

4. 6932 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux,

2. de la loi du 24 décembre 1985 réglementant le droit de grève dans les services du secteur communal,

3. de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et

4. de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique
- *Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Yves Cruchten*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Max Hahn, M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen*
- *Prises de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (intervention de M. Gast Gibéryen)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. Heure d'actualité du groupe politique déi gréng au sujet de l'évolution du chantier «tram» et des projets connexes
- *Exposé: Mme Josée Lorsché*
- *Débat: M. Serge Wilmes (intervention de M. Gast Gibéryen), M. Marc Angel, M. Gusty Graas, M. Roy Reding (intervention de M. Alex Bodry)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

6. 7034 - Projet de loi ayant pour objet la sécurité du tramway et modifiant

1° la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics;

2° la loi modifiée du 30 avril 2008 portant a) création de l'Administration des enquêtes techniques, b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État et c) abrogation de la loi du 8 mars 2002 sur les entités d'enquêtes techniques relatives aux accidents et incidents graves survenus dans les domaines de l'aviation civile, des transports maritimes et des chemins de fer;

3° l'article L. 215-1 du Code du travail
- *Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché*
- *Discussion générale: M. Serge Wilmes, M. Roger Negri, M. Gusty Graas*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 6916 - Projet de loi portant réorganisation de l'établissement public nommé «Fonds du logement»
- *Rapport de la Commission du Logement: M. Max Hahn*
- *Discussion générale: M. Marc Lies, M. Claude Lamberty, M. Frank Arndt, M. Roberto Traversini, M. Roy Reding, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Marc Hansen, Ministre du Logement*
- *M. Marc Lies (parole après ministre), M. Marc Hansen, Ministre du Logement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. François Bausch, M. Dan Kersch et M. Marc Hansen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtteg! Ech maachen d'Sëtzung op a froen d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Neen, Här President, zu dësem Moment net.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da soen ech dem Här Innenminister Merci a mir géifen direkt zum normalen Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6915 betreffend d'Établissements classés. D'Wuert huet elo d'Madamm Rapporteur vum Projet, d'Madamm Taina Bofferding. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

2. 6915 - Projet de loi concernant la maîtrise des dangers liés aux accidents majeurs impliquant des substances dangereuses et portant modification de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

Mme Taina Bofferding *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen Iech dann elo de Rapport vum Projet de loi 6915, och ënnert dem Numm „Seveso III" bekannt. Et ass virop e ganz technesche Projet, awer och en enorm wichtegen, well et geet ëm de Schutz vun der Gesondheet vun de Leit an et geet och ëm de Schutz vun der Ëmwelt. Méi genau geet et ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv iwwert d'Maîtrise vu Geforen am Zesummenhang mat gréisseren Accidenter mat geféierleche Substanzen. Éier ech elo op d'Beweeggrënn aginn, firwat dës Direktiv elo muss mat engem Gesetz ëmgesat ginn an net als Reglement, wëll ech kuerz erklären, wat iwwerhaapt den Objet vun esou Seveso-Richtlinnen ass.

D'Seveso-Direktive sinn dat europäescht Instrument fir eng eenheetlech juristesch Regelung zur Vermeidung vu Stéierfäll an Industrieanlagen, déi mat geféierleche Stoffer ëmginn. Si verfolgen d'Zil, schwéier Accidenter mat gréissere Quantitéite vu geféierleche Stoffer respektiv vum Mësche vu solchen ze evitéieren oder zumindest d'Suitte vun esou Accidenter fir de Mënsch an d'Ëmwelt ze reduzéieren.

Ongeféier 10.000 Betriber an Europa gi vun der Seveso-Gesetzgebung erfaasst. Fir Lëtzebuerg sinn et der 19.

Eng kuerz Erklärung awer vläicht nach, firwat et iwwerhaapt zu Seveso III komm ass. 2008 gouf eng ëmfaassend Iwwerpréiwung vun der Richtlinn Seveso II gemaach. Dorauser geet ervir, dass d'Regelungen am Wesentlechen effikass an appropriéiert sinn. Duerfir koum et och net zu gréisseren Ännerungen, mä zu Upassungen, fir Kloerstellungen ze maachen an d'Ëmsetzung an d'Duerchsetzung dovunner ze verbesseren.

Dës Elementer fanne sech och an de Grënn erëm, firwat d'Direktiv duerch e Gesetz elo muss ëmgesat ginn an net méi als Reglement. Fir ganz genau ze sinn, sinn et dräi Grënn, déi dozou gefouert hunn:

Éischtens wéinst der Gesondheet vun der Ëffentlechkeet. Bis elo sinn d'Bestëmmungen an d'Direktiven an dësem Beräich iwwer e Reglement ëmgesat ginn op Basis vum Gesetz iwwert d'Établissements classés vun '99. D'Direktiv, déi mer haut ëmsetzen, geet awer méi wäit. Si huet zum Zil, d'Konsequenzen op déi mënschlech Gesondheet ze limitéieren. A well d'Gesondheet vun de Salariéen an och d'Gesondheet insgesamt vun der Ëffentlechkeet net ënnert d'Gesetzgebung vun den Établissements classés fält, muss duerfir en eegent Gesetz gemaach ginn, fir dës Direktiv da korrekt kënnen ëmzesetzen.

En zweete Grond ass wéinst der Dispens a Saachen Établissements classés. D'Gesetz vun '99 iwwert d'Evaluatioun vun den Aflëss vu bestëmmten Transporter betreffend d'Schinnen an de Fluch op déi mënschlech an déi natierlech Ëmwelt, kuerz d'Legislatioun „EIE Transport", gesäit fir verschidden Etablissementer Dispense vun der Gesetzgebung iwwert d'Établissements classés vir. Déi falen deemno net ënner Seveso a brauchen duerfir och kee Kommodo.

Ech versichen dat Ganzt, wat awer relativ technesch ass, da mat engem méi aktuelle Beispill ze illustréieren, dem Site Multimodal zu Beetebuerg, engem Fall, deen direkt dovunner betraff ass. Wann näämlech d'Seveso-Direktiv III duerch e Reglement géif ëmgesat ginn opgrond vum Gesetz iwwert d'Établissements classés, da géifen dës Projeten, déi um Site Multimodal zu Beetebuerg drunhänken, net ënnert d'Applikatioun vun der Seveso-III-Direktiv falen an domadder wär déi dann och net richteg ëmgesat.

Mat anere Wierder: Dëse Projet de loi suergt fir déi getrei Ëmsetzung vun der Richtlinn, wat bedeit, dass an Zukunft den Transport, den Triage an de Stockage intermédiaire net ënner Seveso an de Kommodo falen, dergéint awer de Stockage long terme, wat jo dann och eng gutt Saach ass.

Et sief och drop higewisen, dass opgrond vun dësem Projet de loi d'ITM wäert kënnen dem Site zu Beetebuerg déi néideg Autorisatiounen ausstelle fir de kuerzfristege Stockage an d'Ëmluede vu geféierleche Substanzen, déi dann och besser a méi sécher op de Schinnen transportéiert kënne gi wéi op der Strooss.

En drëtte Grond, firwat d'Direktiv Seveso III duerch e Gesetz an net als e Reglement kann ëmgesat ginn, ass wéinst der neier ëffentlecher Consultatioun. D'Legislatioun iwwert d'Établissements publics gesäit eng Consultatiounsprozedur fir d'Etablissementer vun der Klass 1 an der Klass 2 vir. Laut der neier Direktiv Seveso muss eng ëffentlech Consultatioun gemaach gi fir all Amenagement ronderëm d'Seveso-Etablissementer, wann déi d'Risiken oder d'Konsequenze vun engem gréisseren Accident erhéijen, dat awer onofhängeg dovun, zu wéi enger Klass se gehéieren, an onofhängeg vum Gesetz iwwert d'Établissements classés.

Wann een also d'Direktiv Seveso III iwwer e Reglement op Basis vum Gesetz iwwert d'Établissements classés géif ëmsetzen, géifen déi zwee am Widdersproch zuenee stoen, wat natierlech net dierft sinn. Fir dat ze evitéieren, gëtt d'Direktiv, wéi schonns e puermol gesot, iwwer en eegent Gesetz ëmgesat, mat deem dann och déi nei ëffentlech Consultatioun kann agefouert ginn.

Der Einfachheet halber sinn d'Prozeduren awer vu béide Consultatiounen déiselwecht, souwuel fir d'Établissements classés Klass 1 an 2 wéi och fir déi nei Consultatioun, déi mer jo elo domadder aféieren. Si kënnen deemno gläichzäiteg an an enger eenzeger Prozedur ofgehale ginn, wouduerch dann och fir den Exploitant nach kënne Käschte gespuert ginn.

Här President, wat déi legislativ Prozedur vum Projet de loi betrëfft, wëll ech drop hiweisen, dass de Statsrot 20 Opposition-formellen a sengem Avis opgelëscht hat. Déi konnte mer awer duerch eis Aarbecht an der zoustänneger Chamberskommissioun behiewen, an dat zesumme mat de Vertrieder vun de Ministèren an dem Sekretariat, deenen ech op dëser Plaz nach e grousse Merci wëll soe fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Zum Schluss wëll ech awer och nach erwänen, dass mer jo bekanntlech e grousse Retard bei der Transpositioun vun dëser Direktiv hunn. Mam Vott vun haut wäerte mer dëse Problem domadder léisen, wat awer sécherlech net verhënnert, sech nach fir d'Zukunft Gedanken iwwert d'Propos vum Statsrot ze maachen, fir eben e prozeduraalt Gesetz auszeschaffen, an deem all d'Prozeduren a Saache Seveso dee Moment dra wären.

Weider Detailer zu dësem ganz spannende Projet fannt Der a mengem schrëftleche Rapport. Dëst gesot, ginn ech dann direkt domadder den Accord vun der sozialistescher Fraktioun a soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet elo den Här Félix Eischen.

Discussion générale

M. Félix Eischen *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut e ganz wichtegen a komplexe Projet, e Projet, deen op der sougenannter „Seveso-III-Direktiv" fousst, déi bis den 31. Mee 2015 hätt sollen transposéiert sinn. Et geet ëm geféierlech Substanzen, déi sech ënnert der Kontroll vun engem Betrib befannen an déi am Fall vun engem Feier, enger Explosioun oder äänlechen Evenementer Gefore fir Mënsch an Ëmwelt kënnen duerstellen.

Mat dësem Gesetzesprojet soll de legale Kader gestäerkt ginn, fir Mënsch an Ëmwelt viru gréisseren Accidenter besser ze beschützen. Op präventivem Plang bedeit dat, äänlech wéi dat de Fall bei den Établissements classés ass, dass déi betraffe Betriber ënner anerem iwwer eng Autorisatioun vun ëffentlecher Säit verfüge mussen an am Virfeld eng ganz Partie Informatiounen, zum Beispill iwwert d'Plaz, d'Natur vun den Aktivitéiten, déi projetéiert Quantitéiten u geféierleche Substanzen et cetera kommunizéiere mussen. Am Virfeld musse se och virdrun a virun allem e sougenannten „risk assessment" maachen. Och de breede Public also gëtt iwwer eng ëffentlech Enquête, äänlech wéi bei enger Kommodo-Inkommodo-Prozedur, mat an dëse Prozess agebonnen.

De Betrib muss sech och eng Politik ginn, wéi gréisser Accidenter sollen a kënne verhënnert ginn. Anescht wéi dat bei den Établissements classés virgesinn ass, sinn déi eenzel Betriber gehalen, intern Noutfallpläng auszeschaffen. Et ass also net de Minister, dee le cas échéant esou Pläng ka virschreiwen. All dës präventiv Mesurë sollen am Endeffekt derfir suergen, dass et net zu Accidenter kënnt, an am Noutfall hëllefen, d'Konsequenze vun engem awer méiglechen Accident besser ze geréiere respektiv ze limitéieren.

Mir als CSV, Dir Dammen an Dir Hären, mir begréissen dat. Ech hunn et awer och uganks gesot, mir transposéieren d'Seveso-Direktiv mat engem Retard vu bal zwee Joer. Mir geet et hei och elo net drëms, fir iergendengem Reprochen ze maachen. De Projet koum am November 2015 an d'Chamber an de Statsrot hat och eng ganz Partie juristesch Bedenken. D'Fro, wou den Dossier am Endeffekt ze laang geschleeft huet respektiv ob den Dossier vun Ufank un och uerdentlech preparéiert gouf, ass am Endeffekt och niewesächlech. Et ass awer elo esou, dass déi verspéiten Transpositioun Ongereimtheete mat sech bréngt.

Sou steet zum Beispill am Artikel 12 vun der Direktiv, wou et ëm d'Noutfallpläng geet, dass besteeënd Etablissementer „seuil haut", dat heescht Betriber, wou geféierlech Substanzen iwwer engem gewëssene Mooss virkommen, bis den 1. Juni 2016 en internen Noutfallplang missten opgestallt hunn. An der Gesetzesvirlag, déi mer awer elo haut stëmmen, steet awer am Artikel 20, dass sech déi Betriber eréischt ee Joer nom Akraafttriede vun dësem Gesetz missten un dës Bestëmmungen halen. Viraussiichtlech gëtt dat also dann Enn Mäerz, uganks Abrëll 2018, dat heescht bal zwee Joer méi spéit. Dat kann duerchaus problematesch si fir déi Leit, déi an esou engem Betrib schaffen! Si wëssen net, wéi se sech am Noutfall eventuell missten oder solle verhalen. De Risiko ass op jidde Fall emol ginn.

Déi virgenannt Delaie spillen awer net nëmmen, wat déi intern Noutfallpläng vun de Betriber ugeet, si spillen och, wat d'Informatiounsflichten ugeet, déi de Betrib vis-à-vis vun ëffentlechen Autoritéiten huet. An dat kéint och Repercussiounen op d'Ausschaffe vun externen Noutfallpläng hunn. Dës Pläng mussen näämlech vun der Verwaltung vum Rettungswiesen, also der Administratioun vun de Services de secours, op Basis ebe grad vun dësen Informatiounen opgestallt ginn. Dee Retard kéint also negativ Repercussiounen net nëmmen op d'Leit am Betrib hunn, mä och op d'Gestioun vun enger méiglecher Krisesituatioun.

Ëmmerhi si plus/minus 19 Betriber, esou steet et am Rapport vun der Rapportrice, méi oder manner vun den neie gesetzleche Regelunge betraff. Ech wier frou, wann de Minister eis eventuell heizou e puer zousätzlech Informatioune kéint ginn. Sinn d'Betriber eventuell scho konform? À voir!

Här President, d'Schwieregkeete bei der Ëmsetzung vun der Direktiv an hirer Artikulatioun mat der Legislatioun iwwert d'Établissements classés goufen zwar erkannt, an awer muss ee soen, dass d'Gesetz sécher net perfekt, mä perfektibel ass, sprëch et ass nach e bësselche Loft no uewen. Well och wann de Versuch gestart gouf, fir d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur mat där neier Seveso-Prozedur ofzestëmmen, esou muss een awer feststellen, dass dat Ganzt elo net immens gegléckt ass. Dat eigentlecht Zil war jo, derfir ze suergen, dass déi betraffe Betriber d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur zäitgläich mat der Seveso-III-Prozedur gestart hätten an am beschte Fall dann och zum Ofschloss bruecht hätten. Do ginn et awer elo Differenzen an den Delaien.

Mir sinn awer weider gudder Déng, dass de Minister eis herno eventuell soe wäert, wéi een dës zousätzlech Chargen, déi eventuell op d'Betriber an Zukunft kënnen duerkommen, minimiséiere kéint.

De Statsrot huet a sengem Avis eng eenzeg Loi de procédure gefuerdert, a mir wiere frou, wann de Minister seng Iddie kéint soen, iwwer wéi eng Zäitschinn dëst Gesetz dann eventuell op den Instanzewee kéint geschéckt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz eleng ass et awer nach net gedoen, et kënnt elo op d'Ëmsetzung an d'Uwendung vun dësem Gesetz un. Hei sinn net nëmmen d'Betriber gefuerdert, mä och de Stat ass gefrot. A mir hate schonn d'Geleeënheet, virun e puer Wochen iwwert d'ITM an hir Personaldecken ze schwätzen. Mat dësem Gesetz kommen op en Neits ganz wichteg an zousätzlech Missiounen op d'ITM duer. Et stellt sech also d'Fro, ob d'ITM och outilléiert ass, fir dëse supplementaren Aufgabe gerecht ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann ofschléissend och den Accord vun der CSV zu dësem Gesetzesprojet ginn. Et ass fir eis wichteg, dass d'Seveso-III-Direktiv a Lëtzebuerger Recht ëmgewandelt gëtt, am Interessi vum Mënsch an och vun der Ëmwelt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, wëll et awer net verpassen, der Rapportrice och nach Merci ze soe fir hire Rapport.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Eischen. Den Här Claude Lamberty huet d'Wuert.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Här President, ech mengen, de Mëtten hu mer gewise kritt, dass een en technesch komplexe Projet ganz einfach a gutt kann erkläert kréien. Duerfir wëll ech der Rapportrice Merci soen an heimat den Accord vun der Demokratescher Partei ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Lamberty. An d'Wuert huet elo den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech géif mech och deene Mercien uschléissen un d'Rapportrice, déi dat ganz gutt gemaach huet. Vu dass der grénger Fraktioun natierlech Natur an Ëmwelt respektiv de Schutz vun de Mënschen och um Häerz leien, wäerte mir dëst Gesetz och stëmmen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Keng weider Wuertmeldungen? Dann huet d'Regierung d'Wuert, den Här Innenminister Dan Kersch a Vertriedung vum Aarbechtsminister Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur (en remplacement de M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire).*- Merci, Här President. Fir d'Éischt emol e Merci fir dat grousst Vertrauen och vun der Chamber hei fir dëse Projet. Ech wollt just soen, dass et eng Direktiv ass jo vun 2012, un där sech déi verschidden Administratiounen e bëssen d'Auer gebrach hunn. Dat ginn ech ganz gären zou. Et ass effektiv net einfach hei. Engersäits hu mer traditionell déi Administratiounen, déi sech och ëm d'Kommodosgesetz këmmeren, wéi d'ITM an och d'Administration de l'environnement. Allerdéngs waren nach eng ganz Rei vun aneren Administratiounen un dësem Projet de loi bedeelegt an et hu missen eng ganz Rei vu Concertatioune gemaach ginn.

Et ass och net gradesou einfach, wéi dat elo ee Moment hei ugedeit ginn ass, fir dat alles an engem Gesetz ënnerzebréngen. Dat war en Zil, sollt och nach en Zil sinn am Kader vun der administrativer Vereinfachung. Et muss een allerdéngs wëssen, dass nieft deenen traditionelle Gebidder vun der ITM an dem Environnement, wou et also drëms geet, d'Santé au travail ze garantéieren an anerersäits d'Protection de l'environnement ze garantéieren, et hei och ganz kloer ëm d'Santé vum Public geet.

Dat ass also en neit Element, wat derbäikënnt, wat muss berücksichtegt ginn. Et geet virun allem och drëms, fir d'Rechter vum Bierger och an Zukunft ze garantéieren an där ganzer Prozedur, déi mer hunn. An duerfir ass et och, mengen ech, ubruecht, fir an dësem Kontext ganz kloer eng Kéier ze soen, dass mer also méi wäit gi wéi dat, wat d'Direktiv vun eis verlaangt, wat d'Bedeelegung vum Bierger ugeet, näämlech doduerch, dass mer keen Ënnerscheed maachen tëschent Seuil bas a Seuil haut, wat also dem Bierger méi Matsproocherechter garantéiert, wéi mer dat u sech vun der Direktiv aus hätte misse maachen.

Duerfir mengen ech, dass dat heiten e ganz gudde Projet de loi ass, an duerfir sinn ech och frou, dass et sech undeit, dass d'Chamber deem mat enger grousser Majoritéit kéint zoustëmmen. E grousse Merci och un d'Rapportrice, déi mir et wesentlech méi einfach gemaach huet, hei Stellung ze huelen am Numm vum Aarbechtsminister.

Merci villmools!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Innenminister. A mir kënnen dann direkt zum Vott iwwert de Projet 6915 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6915 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6915 ass unanime mat 59 Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6915 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter (par M. Félix Eischen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Roger Negri), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot (par M. Marc Angel), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech wollt d'Chamber froen, ob se bereet ass, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Eisen nächste Punkt vun der Dagesuerdnung gesäit d'Deklaratioun vum Premier- a Kommunikatiounsminister Xavier Bettel iwwert d'Konventioun vum Stat mat der CLT-UFA vir. Uschléissend féiert d'Chamber eng Debatt. An Dir wësst, dass d'Conférence des Présidents festgehalen huet, dass all Fraktioun a Sensibilitéit zéng Minutten huet.

D'Wuert huet elo den Här Premier- a Statsminister.

3. Déclaration de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias, au sujet de la convention portant sur la prestation du service public luxembourgeois avec CLT-UFA et RTL Group, suivie d'un débat

Déclaration

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hu gefrot, fir haut eng Deklaratioun hei an der Chamber dierfen ze maachen iwwer eis Verhandlunge mat der CLT-UFA respektiv mam RTL Group, wat d'Verlängerung vun den Accorde betrëfft iwwert d'Prestatioun vun engem Service public an der Televisioun.

Den aktuellen Accord geet zréck op 1995 a gouf fir d'Lescht 2007 verlängert an ass gülteg bis Enn 2020. Et ass haut fir d'éischte Kéier, dass am Kader och vun esou Verhandlungen hei an der Chamber en Debat doriwwer ka stattfannen. An et ass och fir d'éischte Kéier, Här President, wou d'Chamber an och nach aner Akteuren an déi Negociatioun hei konnte matagebonne ginn. D'Regierung hält et och fir richteg a wichteg, dass mer dës Diskussioun oppen an och transparent féieren, well et geet hei ëm en ëffentlech-rechtlechen Optrag, also en Déngscht um Bierger, deen och mat ëffentleche Sue finanzéiert gëtt.

Ier ech awer elo an den Detail vun de Verhandlunge wäert agoen, wëll ech e puer Informatioune virausschécken, déi mer wichteg schéngen, fir de Kontext och méi kënne kloerzestellen.

Ganz am Ufank vun deem Prozess, wou mer a Verhandlungen och mat RTL gaange sinn, stoung d'Fro vun der Opportunitéit, eng national Tëleeschaîne ze finanzéieren. Déi Fro huet d'Regierung kloer mat Jo beäntwert, well d'Televisioun ëmmer nach eng ganz grouss Audience bei eis am Land huet. Laut där neister Plurimedia-Etüd kucken all Dag iwwer 146.000 Leit näämlech dee Programm hei zu Lëtzebuerg. Et ass an eisen Ae wichteg am Sënn och vun enger Medienpluralitéit an och am Gedanke vun enger sougenannter „Grundversorgung" am audiovisuelle Beräich, dass et och hei zu Lëtzebuerg eng national Televisioun gëtt.

Mir hunn och ganz am Ufank vun den Negociatiounen awer festgehalen, dass mer souwuel de Prozess vun de Verhandlunge wëllen aneschters gestalten, d'Konditiounen dovunner, an dass mer Ufuerderunge stellen, déi een als Conditio sine qua non och kéint bezeechnen. Sou hu mer vun Ufank u gesot, dass een hei e Kontrakt wéilt verhandelen, deen ëffentlech soll sinn an net an enger Black Box soll stattfannen.

Dann hu mer festgehalen, dass mer eis en eegent Bild wëllen och maachen iwwert de Fonctionnement, d'Käschtestruktur oder d'Gerance zum Beispill och vun der Entreprise, déi hei en ëffentlech-rechtlechen Optrag kritt. Duerfir gouf en externe Consultant an och en Auditeur beoptragt, fir eis bei dësem Prozess och kënnen ze begleeden.

Mir hu gesot, dass mer eng Verbesserung an och méi Efforte bei der Qualitéit verlaangen, also eng verbessert Mise en œuvre vun der Charte, un déi d'Journaliste sech hale mussen, a méi Präzisioun och zum Programm an dem Suivi.

Wat dernieft wichteg ass am Virfeld ze soen, ass, dass mer hei och an enger anerer Situatioun si wéi bei viregte Verhandlungen iwwert den Accord mat RTL. An der Vergaangenheet näämlech gouf et keen direkten Impakt jo op de Statsbudget. Dir wësst jo, well et do eng Zort Echange ginn ass tëschent RTL an dem Stat mat de Frequenzen, an dat huet deemools erlaabt, eng Tëlee..., et wor wéi gesot eng Zort Echange, deen erlaabt huet, RTL eng Tëlee mat enger Mission de service public ze offréieren, ouni dass et, wéi gesot, do an de Statsbudget grefféiert ginn ass.

Dee Modell konnt awer esou net méi weidergefouert ginn, well, sou wéi ech virdru gesot hunn, de Wäert vun den terrestresche Frequenzen net méi deen ass, deen e virun zéng, fofzéng oder souguer virun e puer Joer nach war. An d'Käschte vun de Frequenze si massiv erofgaangen a wäerten och nach massiv erofgoen, wa se net bis och eng Kéier carrément hire ganze Wäert verléieren an och hir Utilitéit.

Mir hunn och scho ganz fréi festgehalen, dass an dëser Konventioun de Finanzement net soll op zéng, fofzéng, zwanzeg Joer gemaach ginn, mä e soll sech jo op dräi Joer beschränken. D'Regierung ass näämlech och der Meenung, dass ee bei engem Medium, wat sech - an dat kënne mer alleguerte feststellen - esou rasant entwéckelt, net kann Engagementer bis 2030 huelen, mä wéi gesot bis 2023.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, just fir Iech de Kontext och ze zeechnen, dee mir als Virgab ginn hunn, ier mer an d'Verhandlunge gaange sinn. Duerfir ginn ech och elo op e puer Punkte méi am Detail an.

D'Relatiounen zum Beispill tëschent CLT-UFA op där enger an dem Stat op där anerer Säit ginn am Detail geregelt. Eng Konventioun, déi Der och alleguerte kritt hutt, also zur Verfügung gestallt kritt hutt, souwéi och déi extern Avisen zu verschiddene juristesche Froe woren och à disposition. Wann Der dat hei Dokument, also d'Konventioun, duerchgaange sidd, stellt Der fest, dass och rieds geet justement vun Elementer vun engem Service public fir de Radio. Dat wëllt net heeschen, dass en zweeten ëffentleche Radio geschafe gëtt. Dat hat och fir Froen an der Mediekommissioun gesuergt an duerfir wëll ech och hei e puer Erklärungen dozou ginn.

Mir hunn en Deel iwwert de Radio an der Konventioun näämlech fundamental geännert an deem ugepasst, wéi et sech och schonn haut am Fong an der Realitéit applizéiert. RTL Radio Lëtzebuerg ass keen ëffentlech-rechtleche Radio a soll dat och net ginn. Allerdéngs profitéiert dës Chaîne vun zwou nationale Frequenzen an huet duerfir och an hirer Permissioun verschidde Konditiounen drastoen, déi se muss och erfëllen. Dozou gehéiert zum Beispill d'Diffusioun vun nationalen Evenementer an och d'Obligatioun vun Noriichten ze hunn. Also et dierft kee pure Museksender zum Beispill sinn.

Déi Permissioun fir de Radio gëtt iwwregens fir zéng Joer och verlängert. Den Ënnerscheed, deen et gëtt tëschent deem, wat de Radio muss anhalen, an der Mission de service public vun der Tëlee, ass elo méi kloer an ass och an der Konventioun gezeechent.

Da gesitt Der och am Text e Kapitel iwwert d'Qualitéit. Et war der Regierung ganz wichteg, dass eng Tëleeschaîne, déi en ëffentlech-rechtlechen Optrag kritt, och den héchste Standarde vu Qualitéitsjournalismus gerecht gëtt. Mir hunn dat ganz laang mat hinnen diskutéiert. An ech brauch Iech net ze verstoppen, dass d'Evenementer ronderëm déi sougenannten „Affär Lunghi" och an deem Kontext diskutéiert goufen, well déi Diskussioun ass matzen an eis Gespréicher mam Grupp och nach gefall. Déi Gespréicher waren awer net schwéier. Am Contraire! De Wëlle war op béide Säiten do, fir alles ze maachen, fir d'Qualitéit weider ze garantéieren an do nach ze verbesseren, wou Verbesserungen och méiglech sinn.

D'Regelen, déi elo am Text stinn, decke sech mat grondsätzlechen deontologesche Prinzipien a ginn awer ergänzt duerch nei Elementer, déi eng gewësse Responsabiliséierung och mat garantéieren. Esou ass deen nei gegrënnte Comité éthique zum Beispill, dee bei RTL Group geschafe gouf an eng eege Kontroll garantéiere soll, och an der Konventioun ageschriwwen. E kann also och net esou einfach ofgeschaaft ginn.

Dernieft hu mer als Stat an Zukunft awer net nëmmen e Commissaire au Gouvernement, wéi dat am Moment de Fall ass, deen d'Anhale vun dëser Konventioun justement och iwwerwaacht, mä an Zukunft soll et och eng eege Kommissioun ginn, déi dat sécherstellt. Mir hunn also mat der CLT ofgemaach, dass eng Commission de suivi de la convention gegrënnt gëtt, déi zwou Haaptaufgaben huet, näämlech engersäits ze kucken, dass de Programm, wéi en opgestallt ass, och den Ufuerderunge gerecht gëtt, déi an der Konventioun beschriwwe sinn, an zweetens och géigenzepréiwen, dass dat, wat souzesoe fakturéiert gëtt, och dat ass, wat tatsächlech d'Käschten och sinn.

D'Regierung wäert sech ganz bestëmmt net an de Contenu vun de Programmer wëllen amëschen, an och fir Plaintë si mir net zoustänneg, well notamment d'ALIA déi Responsabilitéit och huet.

Allerdéngs soll séchergestallt sinn, dass eng Televisioun mat engem ëffentlech-rechtlechen Optrag Qualitéitsstandarden an der grondsätzlecher Ausriichtung och respektéiert. Dozou gehéieren och déi eenzel Emissiounen, déi an der Woch diffuséiert ginn. Hei ass déi nei Konventioun och méi präzis a mir hunn och e Minimum Plagen dragesat mat präzise Beschreiwunge justement vun deem, wat muss garantéiert ginn. Dozou gehéiert zum Beispill, dass et muss Emissioune gi mat engem educative Charakter oder och zum Beispill kulturell Emissiounen.

Mir hu mat RTL eng extra zousätzlech finanziell Marge och nach virgesinn, mä déi ka just genotzt ginn, wann et drëms geet, fir d'Qualitéit och ze verbesseren, an zwar och just duerfir.

Apropos Finanzen, dozou kann ech och déi Explikatioune ginn: De Stat gëtt kee Blankoscheck an deem heiten Dossier an et gëtt och kee Budget annuel fir RTL. Et fonctionnéiert deen anere Wee. Opgrond vun deem, wat mer vun eise Finanzexperten un Informatiounen hunn, kann ee soen, dass d'Käschte fir d'Televisioune sech bis 2021 wäerten op 23,2 Milliounen Euro chiffréieren, an duerno klamme se op ronn 24 Milliounen och erop. Dat sinn empiresch Donnéeën. Mä mir hunn RTL iwwerzeegt, dass si als Grupp och weider nach eng Géigeleeschtung an de Programm sollen investéieren, well de Wäert vun de Frequenzen erofgeet, awer net op null. Et ginn also fënnef Milliounen Euro pro Joer och vun RTL an de Programm investéiert.

Et kann ee mat Recettë vun esou ongeféier 8,6 Milliounen Euro rechnen am Joer 2021. An da bleiwen nach ronn 9,6 Milliounen Euro Käschten, déi misste vum Stat gedeckt ginn. De Modell, dee mer ausgehandelt hunn, gesäit vir, dass justement de Stat hei eng Garantie maximale gëtt. Dat heescht, wéi ech virdru gesot hunn, et gëtt net e Scheck, et gëtt kee Budget, mä et gëtt eng Garantie maximale. Also et kann net erausgoen iwwert dat, wat hei fixéiert ginn ass. An et bleift bis 2023 egal wéi op jidde Fall manner wéi zéng Millioune pro Joer. Bezuelt gëtt dann net am Virfeld an och net als integral Enveloppe, mä eréischt no Ofschloss vun de Konten no engem internen Audit vun hirer Säit an engem externen Audit vun eiser Säit. Au fait bezilt de Stat just dat, wat effektiv u Mission publique och realiséiert gëtt, just dat!

De Finanzement vum Stat däerf och just exklusiv fir d'Tëlee genotzt ginn an net fir aner Produiten ënnert dem Daach vun RTL. De Consultant, deen eis wärend der Verhandlung zur Säit stoung, huet do och eng ganz Rei vu Mechanisme virgeschloen an déi sinn och ugeholl ginn, fir dat och kënnen ze berechnen. Sou gëtt beispillsweis auditéiert, wivill Leit tatsächlech fir d'Produktioun vun Tëleesemissioune schaffen. An déi Käschte ginn dann och fakturéiert. Wann dann do och Elementer dra sinn, déi vun Internet genotzt ginn oder vum Radio zum Beispill genotzt ginn, da muss dat och eenzel ofgerechent ginn. Datselwecht gëllt fir technesch Equipementer.

Dann nach e Wuert zu engem Element, wat mir och um Häerz läit, quitte dass et an deem ganze Kontrakt hei keng ganz grouss Roll spillt, mä et ass fir mech eppes ganz, ganz Wichteges. Mir hunn och mat RTL ofgemaach, dass an Zukunft alles soll gemaach ginn, fir eng Iwwersetzung an Zeechesprooch ze erméiglechen, sief et, dass d'Neiegkeeten um Internet oder an der Rediff och mat enger Zeechesprooch ze gesi sinn, sief et och, dass eenzel Emissiounen iwwersat ginn. Och de Sous-titrage an de Resumé op Franséisch vun den Noriichte schéngt eis e wichtege Facteur ze sinn am Sënn vun der Inklusioun a vun der Integratioun.

An e lescht Wuert, Här President, géif ech nach soen zu deem, wat an dëser Konventioun net steet, wat awer och an dësem Kontext wichteg ass. Eise Partner ass e Mediegrupp, e Mediegrupp, deen zu Lëtzebuerg gehéiert an och eng laang Traditioun hei am Land huet. Et schaffen haut iwwer 550 Leit an deem Gebai um Kierchbierg an déi plënneren elo geschwënn an e fonkelneit, modernt Gebai just niewendrun. Et kann ee sech scho freeën, dass de Siège vun esou engem bedeitende Mediegrupp, internationale Mediegrupp hei am Land ass an och weider wäert bleiwen!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Statsminister. Den Här Eugène Berger huet d'Wuert fir eng Präzisioun.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Ech schwätzen hei och am Numm vum Fraktiounschef vun der LSAP, dem Alex Bodry, an awer och de Claude Wiseler ass zwar dûment entschëllegt, mä hien hat dat awer och schonn am Virfeld präziséiert: Mir wäerten, vu datt mer allen dräi Member sinn am Conseil d'administration vun der CLT-UFA, hei nëmme passiv un deem Debat, also net aktiv un deem Debat deelhuelen. Wann herno eventuell e Vott wier - ech hat héieren, et kéint eventuell eng Motioun kommen -, da wäerte mer och net do matstëmmen, aus dem Sall goen an och froen, datt kee fir eis par procuration matstëmmt. A wéi gesot, de Claude Wiseler ass dûment entschëllegt, mä och fir hien also d'Demande, datt kee fir hie par procuration matstëmmt.

Ech wollt dat awer am Numm vun deenen dräi Concernéierten hei präziséieren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Berger. Et ass notéiert. A mir géifen dann zur Diskussioun iwwergoen. Als Éischt huet d'Wuert d'Madamm Diane Adehm fir d'CSV.

Débat

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Dënschdeg den Owend hu mir d'Dokumenter kritt, iwwert déi mir haut diskutéieren. De Medien- a Kommunikatiounsminister huet elo grad nach eng Kéier d'Detailer vun der Konventioun erklärt, déi soll tëschent der CLT-UFA, dem RTL Group an der Lëtzebuerger Regierung ënnerschriwwe ginn. Mir begréissen als CSV-Fraktioun, dass mir dës Dokumenter am Virfeld kritt hunn. Mir ginn dovunner aus, dass, wann et sollt an dësem Dossier nei Momenter ginn, d'Chamber dann och déi nei Dokumenter wäert zur Verfügung gestallt kréien.

Fir eis stelle sech awer verschidde Froen am Zesummenhang vun dëser Konventioun...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift, Kolleegen!

Mme Diane Adehm *(CSV).*- ...respektiv hu mir verschidde Bemierkungen ze maachen.

Éischte Punkt: Wéi de Medieminister et elo just gesot huet, stelle mir fest, dass dës Konventioun zwee Voleten huet. Et gëtt ee Kapitel iwwert de Fernseh an et gëtt e relativ kuerzt Kapitel iwwert de Radio. Laut dësem Kapitel soll d'CLT-UFA grad wéi an der Vergaangenheet Frequenzen zur Verfügung gestallt kréie respektiv eng Autorisatioun kréien, fir e Radioprogramm a Lëtzebuerger Sprooch ze maachen. Am Géigenzoch soll d'CLT-UFA weiderhin en deegleche Radioprogramm gréisstendeels op Lëtzebuergesch produzéieren an och senden. Dëse Programm soll dann och verschidden Aspekter vum Service public ofdecken.

An der Vergaangenheet huet RTL Radio a Lëtzebuerger Sprooch schonn ëmmer dës Mission de service public gehat. Mat dëser Konventioun ännert sech also näischt dorunner. Et ass awer fir eis wichteg, drop hinzeweisen, dass ausser der Bereetstellung vun de Frequenzen

de Lëtzebuerger Stat den RTL Radio a Lëtzebuerger Sprooch net finanziell ënnerstëtzt.

Den zweete Punkt: D'Kontabilitéit vun der CLT-UFA soll vun engem Réviseur aux comptes gepréift ginn. Fir eis als CSV ass et wichteg, dass op där enger Säit d'Kontabilitéit vun RTL Tëlee, Radio an Internet kloer getrennt gëtt an dass en Audit vun der Kontabilitéit diesbezüglech gemaach gëtt. Den Audit soll och an eisen Aen den Defizit vun der Televisioun kloer bezifferen.

Mir begréissen als CSV, dass d'Regierung op de Wee gaangen ass, fir en externe Reviseur domadder ze beoptragen, fir eng Analys vun der Kontabilitéit vun der CLT-UFA ze maachen. Dëst soll sécherstellen, dass keng Quersubventioun innerhalb vun der CLT-UFA tëschent dem Fernseh, dem Radio an dem Internet gemaach gëtt. Et wier awer och an eisen Ae gutt, wann den externe Reviseur net nëmme géif d'Kontabilitéit en tant que tel iwwerpréiwen, mä wann hien och géif e System op d'Bee setzen, deen ebe kloer d'Kontabilitéit vun RTL Tëlee a Radio strikt getrennt géif erëmginn. Dat hätt ausserdeem de Virdeel, méi transparent ze sinn an och esou méi novollzéibar.

An der Dokumentatioun, déi mir kritt hunn, läit e Bréif vu KPMG dran. Aus dësem Bréif geet ervir, dass KPMG vum Stat mandatéiert gouf, fir déi intern Kontabilitéitsregele vun der CLT-UFA ze analyséieren. De Stat fuerdert och an dësem Kontext, dass d'CLT-UFA eng appropriéiert Kontabilitéitsstruktur kritt. Mir begréissen dëst, well dat eise Bedenke Rechnung dréit. Et geet aus dem Bréif vu KPMG och ervir, dass de Reviseur schonn eng Rei Recommandatioune gemaach huet, fir d'Transparenz an d'Traçabilitéit vun de Prozeduren ze garantéieren. D'CLT-UFA huet och schonn eng Rei vun dëse Recommandatiounen ëmgesat, anerer sinn nach um Wee, fir ëmgesat ze ginn.

Mir schéngen also hei um gudde Wee ze sinn an hoffen, dass all Recommandatiounen esou séier wéi méiglech ëmgesat ginn.

Den drëtte Punkt: Et muss séchergestallt ginn, dass de Stat kann ëffentlech Gelder zur Verfügung stelle fir e Service public via eng Kompensatioun, ouni déi europäesch Gesetzgebung ze iwwergoen an ouni dass en Appel à candidatures muss gemaach ginn.

Fir eis ass et wichteg, dass den europäesche Regele Rechnung gedroe gëtt. Et muss awer geneesou kloer sinn, dass d'Regelen iwwert de Marché public respektéiert ginn. Duerfir brauche mir eng juristesch Ofsécherung. D'Regierung huet en externen Avis ugefrot am Kontext vun der Erneierung vum Konzessiounsvertrag tëschent dem Stat an der CLT-UFA. Dem Jurist sinn zwou Froe gestallt ginn:

Éischtens: Zu wat fir Bedéngungen däerf de Stat eng finanziell Kontributioun fir e Service public fir d'Tëlee maachen am Aklang mam europäesche Recht iwwert d'Statshëllefen?

An zweetens: Kann déi finanziell Kompensatioun ouni en Appel à candidatures préalable stattfannen?

Den Avis vum Affekot ass generell formuléiert. Et ass also keen Avis zur Konformitéit vum virleiende Konzessiounsvertrag. D'Regierung muss sécherstellen, dass all Regelen am spezifesche Fall vum Konzessiounsvertrag op Basis vun deem, wat am Avis steet, och tatsächlech respektéiert ginn.

De véierte Punkt: Eng juristesch Ofsécherung, wat d'Basis vum Konzessiounsvertrag soll sinn, ass noutwendeg. Den Artikel 99 vun der Verfassung gesäit vir, an ech zitéieren: «Toute acquisition par l´État d´une propriété immobilière importante, toute réalisation au profit de l´État d´un grand projet d´infrastructure ou d´un bâtiment considérable, tout engagement financier important de l´État doivent être autorisés par une loi spéciale. Une loi générale détermine les seuils à partir desquels cette autorisation est requise. Aucune charge grevant le budget de l'État pour plus d'un exercice ne peut être établie que par une loi spéciale.»

Den Artikel 80 vum Gesetz iwwert d'Statskontabilitéit fixéiert d'Limitte fir eng Loi spéciale op 40 Milliounen Euro. D'Konventioun, iwwert déi mir haut diskutéieren, bezitt sech fir de Fernseh op d'Joren 2021 bis 2023. Domadder gi mer also wäit iwwer een Exercice budgétaire eraus. Mir bleiwen awer an dësem Fall ënnert der Limitt vu 40 Milliounen Euro, well de Lëtzebuerger Stat am Ganzen iwwert déi dräi Joer soll e bësse manner wéi 30 Milliounen Euro bezuelen.

D'Regierung geet op de Wee, fir hei kee Gesetzestext ze maachen. Mir huelen d'Erklärunge vun der Regierung zur Kenntnis. Mir wënschen eis awer am Kader vun der Verfassungsreform, dass d'Institutiounskommissioun sech mam Artikel 99 vun eiser Verfassung auserneesetzt. Hei soll eng fir alle Kéier gekläert ginn, wéi den Artikel 99 auszeleeën ass.

Fënnefte Punkt: d'Kontroll vun der Qualitéit vum Service public. Mir sinn der Meenung, dass eng neutral Kommissioun soll agesat ginn, an där och d'Chamber soll vertruede sinn. D'Konventioun gesäit eng Commission de suivi de la convention vir. Dës Kommissioun soll, vereinfacht gesot, kontrolléieren, ob de Service public beim Fernseh respektéiert gëtt. Mir begréissen d'Schafe vun dëser Kommissioun.

Mir sinn awer och der Meenung, dass dës Kommissioun regelméisseg soll der Chamber Rechenschaft ofleeën iwwer hir Aarbecht. Dëst kéint ënnert der Form vun engem jäerleche Rapport geschéien, deen un d'Chamber adresséiert gëtt.

An eisen Aen ass et wichteg, dass de Konzessiounsvertrag kloer soll festhalen, wat déi verschidden Obligatioune sinn, déi d'CLT-UFA soll erfëllen am Numm vum Service public.

E sechste Punkt: d'Schafe vun engem Comité éthique bei der CLT-UFA. D'Konventioun gesäit vir, dass innerhalb vun der CLT-UFA e Comité éthique op d'Bee gesat gëtt, fir eng gewëssen Autokontroll vun den Inhalter ze maachen, déi gesent ginn. Och d'Schafe vun dësem Comité begréisse mir.

Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend wéilt ech soen, dass op Basis vun all den Erklärungen an de Bemierkungen, déi ech elo gemaach hunn, d'CSV kann de Wee vun der Regierung matgoen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Adehm. Nächste Riedner ass den Här André Bauler fir d'DP.

M. André Bauler *(DP).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Tëlee zu Lëtzebuerg huet schonn eng laang Traditioun. Zënter 1969 iwwerdréit RTL Tëlee Lëtzebuerg oder den RTL Hei Elei, wéi e fréier geheescht huet, seng Sendungen direkt an d'Stuff vu ville Matbierger. Ervirzesträichen ass hei virun allem d'Tatsaach, datt RTL zënter senger Grënnung bis haut ëmmer zu 100% a privater Hand war. Ech wëll och direkt betounen, datt et haut ausschliisslech ëm den neie Konzessiounsvertrag mat CLT-UFA geet an net ëm eng allgemeng Diskussioun iwwert d'Medien oder d'Medielandschaft, iwwert d'Qualitéit vun de Medien oder hir finanziell Ënnerstëtzung duerch de Stat. Mir wäerte jo nach genuch Geleeënheete kréien, fir am Mee am Kader vun engem méi breeden Debat hei am Haus iwwer all dës Sujeten ze schwätzen.

Iwwer en neie Konzessiounsvertrag soll och an Zukunft ofgeséchert ginn, datt et zu Lëtzebuerg en Tëleessender gëtt, deen déi lëtzebuergesch Aktualitéit notamment an de Beräicher Politik a Gesellschaft, Kultur a Sport couvréiert. Mir hunn déi lescht Woche vill iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch an hire Stellewäert an eiser Gesellschaft debattéiert respektiv och iwwert d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch. Dat ënnersträicht eemol méi, wéi wichteg ënner anerem och a grad e Fernsehprogramm op Lëtzebuergesch ass.

De Chiffer vun 111.000 Leit, déi all Dag RTL Lëtzebuerg géife kucken, ass impressionnant an e beweist eemol méi, datt nach ëmmer eng Demande do ass, eng grouss Demande do ass fir eng Tëlee, déi e lëtzebuergesche Contenu huet an a Lëtzebuerger Sprooch ofgewéckelt gëtt.

D'DP begréisst, datt an dësem Dossier eng gewëssse Kontinuitéit bäibehale gëtt. Et däerf een näämlech net aus den Ae verléieren, datt de Moment ronn 550 Leit fir d'CLT-UFA hei zu Lëtzebuerg schaffen. All Virstouss an déi eng oder aner Richtung kéint also och Konsequenze fir eisen Aarbechtsmaart mat sech bréngen. Mir felicitéieren dem Statsminister duerfir ausdrécklech, datt hien et fäerdegbruecht huet, d'Präsenz vun CLT-UFA an RTL Group hei zu Lëtzebuerg ofzesécheren.

Kontinuitéit ass awer net gläichzesetze mat Stëllstand! Technologesch Fortschrëtter bleiwen och net virun der Mediebranche stoen, grad net! Den Internet ass de Moment amgaangen, de Secteur kräfteg duerjerneenzerëselen, souwuel déi geschriwwe Press wéi och déi audiovisuell. D'Medienhaiser musse sech der neier Konkurrenz an och engem neie Konsumverhale stellen.

Et kann een duerfir nëmme begréissen, datt an dësem Kontext, wou een net weess, wat déi technologesch, digital oder numeresch Entwécklung an den nächste Joren nach alles mat sech bréngen wäert, den nächste Konzessiounsvertrag op 3 Joer limitéiert gëtt an net iwwer en Zäitintervall vun 10 bis 15 Joer leeft, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. Dës méi kuerz Lafzäit erlaabt ebe méi Flexibilitéit, wat eventuell nei Ufuerderungen oder Upassungen un eng lëtzebuergesch Tëleeproduktioun, wat eng lëtzebuergesch Tëleeproduktioun ubelaangt.

Déi technologesch Entwécklung huet allerdéngs och dozou gefouert, datt d'Fernseh- an d'Radiofrequenzen, déi de Stat der CLT-UFA zur Verfügung gestallt huet, net méi esou vill wäert sinn, wéi dat emol fréier de Fall war. D'Produktiounen am Kader vun der lëtzebuergescher Tëleesoffer si gläichzäiteg net zréckgaangen, soudatt mir am Laf vun de Joren an e gewëssent Ongläichgewiicht gerode sinn, wat d'Prestatioun vun RTL an d'Géigeleeschtung vum Stat ubelaangt.

Zéng Milliounen Euro - et ass virdrunner gesot ginn -, dat ass de Montant, deen de Stat als Ausgläich fir méiglech Defiziter bei RTL maximal garantéiere wëllt. Dat kléngt op den éischte Bléck zimlech héich gegraff. Dës Zomm relativéiert sech awer, wann ee bedenkt, datt d'Gesamtausgabe fir déi geleeschte Produktioun am Kader vum Konzessiounsvertrag sech op tëschent 20 an 30 Milliounen Euro pro Joer chiffréieren dierften.

Dës Zomm vu ronn 30 Milliounen Euro misst de Stat also och all Joer opbréngen, wa mir eng ëffentlech-rechtlech Chaîne schafe wéilten, ouni eng Garantie ze hunn, datt dës Chaîne gradesou vill Leit géif erreechen, wéi den RTL dat de Moment fäerdegbréngt.

Qualitéit huet hire Präis. Dës Erkenntnis ass net nei. Fir datt d'Qualitéit awer och duerchgeeënd garantéiert ass, ass eng gewësse Kontroll noutwendeg. Mir als Demokratesch Partei begréissen duerfir d'Schafe vun enger neier Kontrollkommissioun, déi de Respekt vu Qualitéitsnormen an de Programmer vun RTL Tëlee Lëtzebuerg am Kader vum Konzessiounsvertrag iwwerpréift, ouni awer Afloss op d'Programmgestaltung vun RTL ze huelen. D'Anhale vu gewëssene Qualitéitskritären oder -normen a virun allem deontologesche Regelen ass vu grousser Wichtegkeet, wat d'Glafwierdegkeet vun der weiderer Zesummenaarbecht tëschent dem Stat an der CLT-UFA ubelaangt.

De Programm, deen am direkten Zesummenhang mat der Mission de service public steet, muss objektiv, politesch neutral a gewëssenhaft gestalt ginn. E muss esou komplett an ausgeglachen informéieren, wéi et nëmme méiglech ass, an et soll am Prinzip derfir gesuergt sinn, datt all Beräicher vun der Gesellschaft kënnen ofgedeckt ginn.

An Zäite vu Fake News, alternative Fakten an ëmmer manner Vertrauen an d'Politik an an d'Institutiounen, awer och an d'Press, kënne weder de Stat nach RTL en Interêt drun hunn, datt Zweifel un der deontologesch korrekter journalistescher Aarbecht am Kader vum Konzessiounsvertrag opkommen. Och d'Tatsaach, datt dem RTL kee Blankoscheck ausgestallt gëtt, wann et ëm d'Notze vun ëffentleche Gelder geet, andeems en internen an en externen Audit d'Ausgabe vun RTL am Kader vum geleeschte Service public iwwerpréiwen, kann ee wierklech ausdrécklech nëmme guttheeschen.

Ech wëll elo net an den Detail goen, wat d'Medien am Allgemengen, hir Qualitéit an hir Diversitéit ubelaangt. Verschidden aner Medien hu sech jo schonn am Virfeld vun der haiteger Diskussioun bemierkbar gemaach. A mir wäerte jo an engem ausféierlechen Debat am Mee nach eemol op déi ganz Medielandschaft zréckkommen.

An dësem Debat awer soll et jo ausschliisslech just ëm d'Verlängere vum Konzessiounsvertrag tëschent dem Stat an der CLT-UFA goen. An do, Här President, si mir als Demokratesch Partei der Meenung, datt d'Propos vum Medieminister déi eenzeg richteg ass.

Mir hunn e groussen Interêt, datt och an Zukunft e lëtzebuergesche Programm op der Tëlee ugebuede gëtt, ouni sech déi néideg Flexibilitéit an enger schnellliweger Gesellschaft an domadder och an enger schnellliweger Medielandschaft ze huelen an ouni datt de Stat selwer Infrastrukturen op d'Bee stellen a vill Suen an d'Hand huele muss, fir eng eegen ëffentlech-rechtlech Chaîne an d'Liewen ze ruffen, bei aller Sympathie, déi een och nach duerfir entwéckele kéint. Ma mir hunn als klengt Land kee grousse Bannemaart, op deem méi Chaînë kéinten ouni staatlech Hëllef funktionéieren. A grousse Länner stellt sech dëse Problem anescht. Do, wou 80 a méi Millioune Leit liewen, esou zum Beispill bei eisen däitschen Noperen, do spille méi Akteuren an der Tëleeslandschaft mat, privater an ëffentlech-rechtlech Senderen.

Eis Ënnerstëtzung huet d'Regierung fir dës Demarche. An duerfir wëll ech am Numm vun der DP-Fraktioun dës Motioun areechen, Här President, an där d'Chamber d'Regierung dozou opfuerdere soll, hir Demarche, esou wéi se vum Stats- a Medieminister presentéiert gouf, virunzeféieren an en neie Konzessiounsvertrag no de virgestallten, no de presentéierte Modalitéite mat der CLT-UFA ze ënnerschreiwen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- que les accords entre RTL Group/CLT-UFA et l'État luxembourgeois qui régissent les conditions auxquelles la société est autorisée à diffuser des programmes européens et luxembourgeois à l'aide de fréquences luxembourgeoises viendront à terme le 31 décembre 2020;

- que le programme portant sur la mission de service public de télévision en langue luxembourgeoise est également visé par cette échéance;

- qu'il y a lieu de prendre les dispositions pour que ce programme puisse également être produit et diffusé au-delà du terme des accords actuels;

après avoir entendu l'exposé de Monsieur le Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias et après avoir pris connaissance du dossier transmis,

invite le Gouvernement

- à conclure l'accord de prolongation des concessions et permissions avec RTL Group/CLT-UFA afin d'assurer la production et la diffusion du programme portant sur la mission de service public de télévision en langue luxembourgeoise pour trois années supplémentaires à partir de 2021 et à plafonner la compensation financière à supporter le cas échéant par l'État à un maximum de 10 millions d'euros pour chaque année visée (2021, 2022, 2023).

(s.) André Bauler, Claude Adam, Diane Adehm, Yves Cruchten.

Domat schléissen ech a soe Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bauler. An nächste Riedner ass den Här Yves Cruchten fir d'LSAP.

M. Yves Cruchten *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, eist Land gëtt dacks vun auslänneschen Observateure gelueft. A verschiddene Beräicher gëtt Lëtzebuerg souguer als Virbild genannt! Heiansdo gi mer och kritiséiert an - esou éierlech muss een och sinn - net ëmmer zu Onrecht.

Ee Beräich, op dee Lëtzebuerg awer zu Recht ka ganz houfreg sinn, dat ass seng Medielandschaft. Lëtzebuerg huet eng villfälteg, eng traditiounsräich, eng geschichtsträchteg Medielandschaft, virun allem am Verhältnis zu senger demografescher an och geografescher Gréisst. Eis Medielandschaft léisst sech quantitativ, virun allem awer och qualitativ weisen. Besonnesch eis Presselandschaft, also d'Lëtzebuerger Zeitungen, Zäitschréften a Magazinner, ginn ëmmer erëm vun auslännesche Gäscht wéinst hirer inhaltlecher an awer och formaler Qualitéit gelueft.

D'Lëtzebuerger Medien an hirer Gesamtheet an déi entspriechend Politik, déi sech dorunner uschléisst, mat ënner anerem och der finanzieller Ënnerstëtzung vu staatlecher Säit, sinn de Sujet vun enger Debatt hei an e puer Wochen. Haut geet et hei ëm deen neie Konzessiounsvertrag mat der CLT-UFA. Allerdéngs, an duerfir och meng e bësse méi allgemeng Einleitung, soll, jo, kann een deen audiovisuelle Medieberäich net lassgeléist vum Medieberäich a senger Gesamtheet betruechten.

„Crossmedia" ass zënter e puer Joer d'Schlagwuert, wat op gutt Lëtzebuergesch näischt anescht heescht, wéi dass hautdesdaags d'Medienhaiser sech net méi op ee Medium beschränken, sief et just de Pabeier, sief et just op d'Tëlee, sief et just op de Radio oder just den Internet. A ville Fäll vermësche sech déi verschidden Technologien, op d'mannst den Internet ass ëmmer mat am Spill. Kuerz gesot, wien hautdesdaags am Mediebusiness net déi Crossmedia-Schinn fiert, dee stierft relativ séier a relativ sécher de kommerziellen an domadder och dee journalisteschen Doud. Mä wéi gesot, am Mee kréie mer jo hei d'Geleeënheet, eis Iddien iwwert d'Lëtzebuerger Medielandschaft an hirer Gesamtheet duerzeleeën.

An elo da bei de Konzessiounsvertrag tëschent der CLT-UFA an dem Lëtzebuerger Stat, woubäi ech elo scho ka soen, dass ech bei verschiddene Punkten net drëm erëmkommen, fir eng Verbindung zu deenen anere Medien hierzestellen.

Als LSAP droe mir dëse Konzessiounsvertrag selbstverständlech mat. Mir sinn der Meenung, dass an enger diversifizéierter Medielandschaft, dass am Medienzäitalter an awer och am Zäitalter vun de sougenannten „fake news" net op de Medium Televisioun ka verzicht ginn. Wann ech soen „Televisioun", da mengen ech an dë-

sem Kontext e Programm, dee geziilt a virop d'Themen an d'Interessie vun an aus eisem Land behandelt, dat Ganzt am Kader vun engem ëffentlech-rechtleche Service an domadder idealerweis verbonne mat enger gewëssener Qualitéitsgarantie.

Parallell heizou, fir et aus engem anere Bléckwénkel ze kucken, gëtt deen neie Konzessiounsvertrag der CLT-UFA, also RTL Télé Lëtzebuerg, eng Planungssécherheet iwwert d'Joer 2020 eraus, d'Joer, an deem deen aktuelle Konzessiounsvertrag da bekanntlech erëm ausleeft. Gläichzäiteg gëtt dëse Kontrakt der Politik - ech mengen domadder d'Politik am breeden, nationale Sënn - d'Zäit an d'Geleeënheet, eng méi breet Debatt iwwert d'Medielandschaft hei zu Lëtzebuerg ze féieren. D'Medielandschaft insgesamt ass an engem Wandel. Changementer an deem Beräich komme séier, jo, ganz séier an hunn och dacks ganz déif gräifend Konsequenzen.

Mir brauchen duerfir e Gesamtkonzept, wat sécherlech, awer net nëmmen de finanzielle Volet behandele muss. D'Lafdauer vum Konzessiounsvertrag vun dräi Joer gesi mir als LSAP deemno och als adequat un. Alles, wat doriwwer erausgaange wier, wier opgrond vun der Schnellliewegkeet vun den heitege Medien net ugepasst. Virun allem awer wier et keng responsabel Decisioun gewiescht opgrond vum Feele vun engem neien, moderne mediepolitesche Gesamtkonzept. Dës Zäit bis 2023 muss onbedéngt - an ech betounen: onbedéngt! - genotzt ginn, fir de Service public a senger aktueller Funktiounsweis an an der Relatioun zu deenen aneren nationale Medien an deenen eenzelne finanziellen Ënnerstëtzungsmodeller ze hannerfroen.

Une voix.- Très bien!

M. Yves Cruchten *(LSAP)*.- Et muss ee sech also d'Fro stellen, wéi de Service public weiderentwéckelt ka ginn. Wéi kann de Service public all sengen Aufgabe gerecht ginn? Zu dësen Haaptaufgabe gehéiert an den Ae vun eis Sozialiste ganz kloer déi, d'Bierger ze informéieren. Gläichzäiteg soll de Service public d'Leit awer och kultivéieren. Dem Service kënnt deemno e gewëssene Bildungsoptrag zou, deen awer och nach muss méi genee definéiert a festgeluecht ginn.

Selbstverständlech soll de Programm och ënnerhalen an e muss och alle Bierger aus eisem Land zougänglech sinn. An dësem Kontext musse mir d'Roll vun de Medie bei eis am Land am Kader vun enger gesamtëffentlecher Visioun nei definéieren. Ech denken do zum Beispill un de Lien vu Medien a Schoul, also vu Medienerzéiung, awer och un de Gebrauch vun de verschiddene Sproochen hei am Land am Kontext vun der Informatioun vun eise Bierger.

Verschidde Punkten, esou wéi se elo am neie Konzessiounsvertrag festgeschriwwe solle ginn, geheie bei eis als LSAP awer nach e puer Froen op. Zu dëse Punkte gehéiert virop d'Iwwerhuele vum Defizit. Dëse gëtt op knapps zéng Milliounen d'Joer vun 2021 bis 2022 geschat. Dës Rechnung kënnt zustanen, wann ech dat och richteg verstanen hunn, andeems een de Wäert vun de Frequenzen, déi de Lëtzebuerger Stat RTL zur Verfügung stellt, plus d'Recettë vun de Reklamme mat de Käschte vum allgemenge Betrib verrechent.

Well elo awer dës Frequenze manner wäert sinn oder manner wäert solle sinn an d'Fonctionnementskäschte sécher net erofginn, klëmmt dësen Defizit - esou wäit och esou aliichtend. D'RTL-Frequenze goufe fréier ëmmer op e Wäert vun zéng bis zwielef Millioune pro Joer geschat. Haut sollen déi just nach fënnef Millioune wäert sinn. Hei stellt sech d'Fro, wien dës Aschätzung duerchgefouert huet. War dat en onofhängegen Expert? Wéi sinn déi detailléiert Iwwerleeungen, déi et erlaben, op dëst Resultat ze kommen? Vläicht kann eis den Här Medieminister hei Detailer ginn.

Eng zweet Fro, déi sech hei direkt hannendrunhänkt, ass déi, wéi realistesch déi Aschätzung vun de Recetten ass. Schliisslech ass och de Publicitéitsmarché e Marché, deen net fräi vu staarke Fluktuatiounen ass. Wat also, wann d'Recetten hannert deene geschatenen zréckbleiwen? Iwwerhëlt dann d'CLT-UFA dës Differenz? Besteet dann net de Risiko, dass de Mammekonzern sech weigert, den zousätzlechen Defizit ze iwwerhuelen a menacéiert, de Betrib anzestellen, soudass de Stat awer erëm misst asprangen? Vläicht kann den Här Minister eis opklären, wéi realistesch d'Estimatioune senger Meenung no sinn.

Elo ass et och esou, dass déi ugeschwate finanziell Ënnerstëtzung exklusiv dem Tëleesprogramm zegutt soll kommen. Synergië sollen, wéi et am Konzessiounsvertrag heescht, awer tëschent Radio an Tëlee méiglech sinn. Detailer zu dëse Synergië gëtt et awer keng. Duerfir meng Fro un de Premier- an och Medieminister: Wéi gëtt séchergestallt, dass journalistesch Bäiträg fir d'Tëlee, déi an de Beräich vum Service public falen an deemno vum Stat subventionéiert ginn, net och dem Radio zeguttkommen? Och wann dat elo net direkt eng Katastroph wier, mä esou wier et jo awer contraire zu der Erklärung, dass Tëlee a Radio onofhängeg vunenee fonctionnéieren.

A wéi gesäit et mam Internetsite vun RTL aus? Do ass momentan alles gemëscht. D'Informatioune maachen nëmmen e klengen Deel aus. Villes op deem Site, dem rtl.lu, ass Entertainment. Virun allem awer ginn d'Tëleesprogrammer deelweis am Streaming, zum Beispill d'Fussballsmatcher, deelweis am Videoarchiv op rtl.lu gewisen. Domadder ass also kloer, dass een attraktive Punkt vum Internetsite och den Tëleesprogramm ass.

Mam neie Konzessiounsvertrag: Muss den Tëleesprogramm dann elo vun deem Internetsite verschwannen? Muss d'Tëlee vläicht hiren eegenen Internetsite maachen?

Ech erlabe mer och, hei eng kleng perséinlech Remarque ze maachen: Ech hunn elo grad vum Streaming vu Fussballsmatcher geschwat. Flott wier et och emol, Streaming vu kulturellen Evenementer wéi Concerten oder Opféierungen ze gesinn. Dat sollt RTL eng Kéier seriö considéréieren.

Zum Ofschloss wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'LSAP sech fir e performante Service public ausschwätzt, fir esou de Mediepluralismus ze garantéieren an enger gréisstméiglecher Zuel vu Leit e beschtméiglech Programm ze bidden. A wa mer vu Mediepluralismus schwätzen, mussen awer gläichzäiteg all déi aner Medien, zum Beispill och d'Zeitungen, hei zu Lëtzebuerg mat an eng Diskussioun agebonne ginn.

An et muss een och d'Fro no engem integral ëffentlech-rechtleche Fernsehsender stellen, Här Bauler! Dëser Fro hunn de Premierminister an och Dir elo grad virun e puer Minutten eng kloer Ofso erdeelt, aus Käschtegrënn, wann ech Iech richteg verstanen hunn. Mir mengen awer, dass et derwäert wier, esou eng Diskussioun och am Hibléck op 2023 am Detail ze féieren a se net vu virera mam Verweis op net genee definéiert Käschten ofzeblocken.

Une voix.- Très bien!

M. Yves Cruchten *(LSAP)*.- Et ass kloer, wa mir eng qualitativ héichwäerteg Press wëllen, ob Audio, Video, Online oder gedréckt, dann huet dat och säi Präis. Dat muss et eis och wäert sinn, well et déi bescht Äntwert ass op falsch Informatiounen, Fake News a Ligen. Dass dëse Präis net onbedéngt extrem héich muss sinn, beweist eis jo zum Beispill d'Beispill aus Island. Am Mee wäerte mer dann d'Geleeënheet kréien, dës Diskussioun ze verdéiwen.

Ech soen Iech elo Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Cruchten. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir fanne villes gutt un där Konventioun, wéi mer se haut och virgestallt kritt hunn. Mir fanne gutt, datt d'Konventioun mat RTL Tëlee a Radio veröffentlecht ginn ass. Eis Fraktiounscheffin ass net Member am Verwaltungsrot. Mir sinn och net Demandeur, fir Member do ze ginn.

Déi Argumentatioun, déi eng Zäit gefouert ginn ass - dat kéint een eventuell net veröffentlechen, well RTL Group dat net wéilt -, huet sech also net duerchgesat. Dat ass gutt esou, well hei geet et jo éischtens ëm eng ëffentlech-rechtlech Aufgab, an net där mannster eng, ëm d'Informatioun vun eiser Populatioun. Mir hunn, well mer e klengt Land sinn, nëmmen eng beschränkten Unzuel vu Medien, déi um Marché iwwerliewensfäeg sinn. Ëmsou méi brauche mer Transparenz. An zweetens, dës Aufgab gëtt natierlech mat ëffentleche Suen, also mat Steiergelder bezuelt. Nach ee Grond méi fir eng absolutt Transparenz. Mir kréien déi Transparenz. Mir halen déi Transparenz bäi. An dat ass gutt esou!

Mir fannen och gutt, datt mer eng Missioun vu Service public definéieren. déi gréng sinn der Meenung, datt déi sozial Medien eng gutt Saach sinn, eng wichteg Roll an der Kommunikatioun fir eis alleguer hunn. Mir sinn awer och der Meenung, datt dës Medien, déi sougenannt „fënneft Sail vun der Muecht", déi traditionell Medien, déi fräi Press net iwwerflësseg maachen. An de soziale Medien däerf jiddwereen alles soen, soulaang wéi en net géint e Gesetz verstéisst. Déi Leit, déi vun der „Ligepress" schwätzen, sinn awer selwer oft Weltmeeschter an deem, wat een haut Fake News oder Alternative Facts nennt. Dobäi si sozial Medie guer net esou onschëlleg a fräi, wéi dat oft gemengt gëtt. Och si ënnerleien den Algorithme vun der Profittmaximéierung. Mä dozou dann deemnächst méi an eiser Mediendebatt.

Mir sinn der Meenung, datt et eng Aufgab ass vum Stat, fir eng gutt, ëmfaassend an onparteiesch Informatioun vu senge Bierger ze suergen. Dat muss net iwwer e Privatsender geschéien, dat kéint och iwwer eng ëffentlech-rechtlech Televisioun gemaach ginn. E gutt Beispill heifir ass, mengen ech, Däitschland, wou ëffentlech-rechtlech Senderen e gudde Ruff och bei der Populatioun hunn. Mä och dat kënne mer jo an der Mediendebatt verdéiwen. Haut just zwou Remarquen heizou:

Éischtens, staatlech Medie sinn net automatesch eng Garantie fir Onparteilechkeet!

An zweetens, mir hunn zu Lëtzebuerg e staarke Partner RTL mat vill Kompetenz, mat enger jorelaanger Expertise an dee seng Aarbecht eigentlech och scho laang gutt mécht. Geleeëntlech Ausrutscher solle mer weder verharmlosen nach diaboliséieren.

Mir sinn der Meenung, datt déi ëffentlech-rechtlech Missioun, esou wéi se an der Konventioun definéiert ass, gutt definéiert ass. Mir setzen e Kader, dee streng genuch ass, fir datt d'Programmer méiglechst pluralistesch an objektiv gestalt sinn. Mir respektéieren awer och déi journalistesch Fräiheet a loossen d'Responsabilitéit fir déi journalistesch Inhalter do, wou se muss sinn: an der Redaktioun. D'Charte vun den RTL-Journaliste respektéiert deem eenzelne Mënsch seng Dignitéit a säi Privatliewen. A wann dat emol eng Kéier net de Fall ass, wéi zum Beispill bei der Affär Lunghi, da musse Mechanismen do sinn, déi asprangen. A sollten déi ieren net funktionéieren, dann hu mir Politiker eppes falschgemaach a musse reagéieren.

Wichteg ass an eisen Aen och de Fait, datt all interesséierten a concernéierte Bierger sech iwwert den CNA kann Zougang zu den CLT-UFA-Archive froen, eng Mesure, déi am Kader vun Transparenz, am Kader vun der zäitgenëssescher Geschichtsfuerschung am Kader vun eisem neien Archivgesetz wichteg ass.

Wat de Programm vun der Tëlee ugeet, esou schéngen eis à première vue keng nei Momenter agefouert ze ginn. Wat d'Ëmsetzung vun der Rumm, déi d'ëffentlech Hand freet, betrëfft, do läit d'Gestaltungsfräiheet beim Sender. An ech mengen, dat kéint och net anescht sinn.

Och eng gutt Konventioun ass nëmmen da gutt, wann déi Concernéiert sech och drun halen. Duerfir huet RTL en internen Ethikcomité an duerfir gëtt et eng Commission de suivi de la convention. Dës Kommissioun kënnt mindestens zweemol am Joer zesummen, huet zwar just eng Fonction consultative, mä ech kéint mer net virstellen, datt Avise vun dëser Kommissioun ignoréiert kéinte ginn. D'Kommissioun kontrolléiert d'Konten, souwäit se den ëffentleche Service betreffen. Si kontrolléiert, ob d'Programmer den Usprëch vun der Konventioun gerecht ginn, wat engersäits den zäitleche Volume betrëfft - dat stellen ech mer relativ einfach vir -, awer och, wat d'Qualitéit vum Programm betrëfft - dat stellen ech mer e bësse méi komplizéiert vir.

Wat d'Finanzen ugeet: Mir si frou, datt den RTL Group bereet war, sech awer relativ déif an d'Finanzen erakucken ze loossen. Dat ass schonn eng Noutwendegkeet fir e Privatbetrib - an domat hu mer ze dinn -, awer net onbedéngt eng Selbstverständlechkeet.

Mir schafen hei en neie Modell vu Finanzéierung. Et ass net einfach e fixe Montant vu Suen - zum Beispill hätt ee jo och kënne soen, op d'Minutt Sendezäit -, deen hei vergi gëtt, mä mir kucken nom Resultat, wéi de Betrib schafft. Et ass e Subsid, dee gedeckelt ass. D'Finanzexperten, vum Stat bezuelt, huelen d'Finanzen auserneen a kontrolléiere se. De Montant soll just sécherstellen, datt de Betrib op dem Volet Service public keen Defizit mécht. Direkt fléisst och kee Geld. Dat gëllt eréischt fir d'Joren '21, '22 an '23. An och dat ass interessant: D'Sue fir d'Joer 2021 wäerten eréischt 2022 fléissen. A wahrscheinlech... - den Här Cruchten huet et opgeworf: Wéi kann ee sech drop verloossen, ob dat stëmmt? -, mir mengen, datt déi zéng Milliounen eventuell souguer ënnerschratt ginn. Mä dat huet natierlech och eppes mam Marché ze dinn, wéi d'Publicitéit sech entwéckelt.

Mir hätte gären eng Mission de service public a mir hätten och gären, datt d'Qualitéitskritären agehale ginn, an dat musse mer eis och Sue kaschte loossen. Mir sinn och frou, datt d'Europäesch Unioun sech Regele ginn huet, fir d'Onofhängegkeet vun der Press ze schützen. A mir sinn natierlech och frou, datt mer mat där Konventioun - esou war et op alle Fall aus dem Avis vun den Experten, deen ech den Dënschdeg vum Internetsite vun der Chamber erofgelueden hunn, ze liesen -, déi Regelen och anhalen a mat eiser Konventioun net dergéint verstoussen.

Mir subventionéiere jo och déi geschriwwe Press, souguer gläich dräifach: Pressehëllef, Annoncen a bis bei d'Distributioun. An et ass och gutt, datt mer hei bei der Hëllef fir d'Tëlee en anere Wee ginn. Vläicht mécht dee Wee jo och Schoul.

Déi nei Konventioun fir d'Tëlee leeft op dräi Joer. Dat ass eng kuerz Zäit, mä déi zwee Partner hu sech schlussendlech dorop gëeenegt. Fir de Radio sinn et jo awer nach zéng Joer. Dat ass ze verstoen, et ass och scho vun deem engen oder aneren hei gesot ginn: An der Mediewelt bougéiert a verännert sech villes.

RTL selwer stellt seng Redaktioun esou op, datt Tëlee, Radio an Internet redaktionell vill méi enk zesummeschaffen, och wa finanziell déi dräi Sparte propper getrennt musse bleiwen.

Eis schéngt dat logesch ze sinn. An dat wäert an Zukunft och bei anere Medien an déi Richtung goen. E Medienhaus wäert sech net méi op een Aspekt eleng kënne beschränken. Och déi geschriwwe Press brauch haut e performanten Internetsite a gräift op Filmmaterial zréck. Dat wäerte mer jo dann an der Mediendebatt nach kënnen diskutéieren, wéi an Zukunft d'Mediewelt ausgesäit.

D'Mediegesetz vun 1991 sollt d'Pluralitéit vun de Medie garantéieren. Haut hu mer ee grousse Player am audiovisuelle Beräich an zwee grouss Editiounshaiser. Et gëtt och nach déi kleng Sympathesch: de Radio ARA, „woxx", „forum" an esou weider, an trotzdeem musse mer eis och d'Fro stellen, ob déi Pluralitéit, wéi mer se 1991 gewollt hunn, haut nach esou ginn ass. Och dat ass e Sujet fir an déi Mediendebatt, wou ech mech drop freeën.

Fir den Accord hei fir d'Konventioun mam RTL kritt Der och de Support vun eiser Fraktioun. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Roy Reding fir d'ADR.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren oder besser gesot kommentéieren haut an zéng Minutten en neie Konzessiounsvertrag, oder en Deel dovun, zum Konzessiounsvertrag vun 2007, dee mir net kennen.

Contrairement zu deem, wat hei gesot ginn ass: Jo, deen neien Text läit eis vir, mä deen alen Text läit eis net vir! Drëpserchersweis ass dee public ginn. En Dokument mat deem schéinen Numm «Règles de base concernant le service public» goung eréischt 2012, fënnef Joer no der Ënnerschrëft, un d'Deputéiert. Ech komme méi spéit op dëse Volet zréck.

Och eng Charte déontologique vun den RTL-Journaliste gouf publizéiert. An datt d'Membere vum Verwaltungsrot vun CLT-UFA Revenuen, dat heescht dann Tantièmen, vun 220.000 Euro d'Joer kréien, si mer eréischt duerch eng Äntwert vum deemolege Minister Biltgen op eng Question parlementaire vum Här Adam 2010 gewuer ginn. Och dee Volet muss nach méi genau beliicht ginn.

Elo, Här President, ginn ech Iech meng Motioun 1 of, wou ech froen, datt mir am Rame vun der Kontrollfunktioun vun dëser Chamber op d'Exekutiv eng Asiicht kréien an de komplette Konzessiounsvertrag vun 2007, deen tëscht der deemoleger Regierung, CLT-UFA, RTL Group a Bertelsmann ofgeschloss ginn ass.

Motion 2

D'Chamber stellt fest:

- datt d'Lëtzebuerger Regierung 2007 e Konzessiounsvertrag mat RTL-Group, CLT-UFA a Bertelsmann AG ënnerschriwwen huet, dee bis d'Joer 2020 leeft;

- datt dëse Vertrag aus kommerzielle Grënn net ëffentlech ass;

- datt och d'Chamber, als Kontrollorgan vun der Regierung, dëse Kontrakt zu kengem Abléck gesinn huet an den Inhalt net kennt;

- datt d'Regierung Virschléi mécht, fir Klauselen aus dësem Kontrakt, notamment déi iwwert de Lëtzebuerger Televisiounsprogramm, ze änneren.

D'Chamber fuerdert dowéinst d'Regierung op:

- der Chamber Asiicht an de komplette Konzessiounsvertrag mat RTL-Group, CLT-UFA a Bertelsmann AG ze ginn.

(s.) Roy Reding.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Zréck zum Verwaltungsrot. Anscheinend, well mir kennen dee Vertrag jo bis dato net, mir hunn en net zu Ge-

siicht kritt, gesäit dee Vertrag vir, datt dräi Administrateure musse Lëtzebuerger Personalitéite sinn, déi och hei wunnen an déi vun der Regierung mussen agreéiert ginn. Déi dräi Personalitéite sinn an hirem eegenen Numm genannt, dat heescht net als Vertrieder vum Stat, a bezéien natierlech och, wat ganz normal ass, an ech vergonnen hinnen dat, hir Tantièmë vun, wa meng Informatioune richteg sinn, zurzäit 17.500 Euro d'Joer pro Kapp fir véier Verwaltungsrotsëtzungen.

Dat wier jo och alles an der Rei, wann et sech net grad géif ëm dräi Fraktiounscheffen hei an der Chamber - vun CSV, DP an LSAP - handelen, déi déi Poste besetzen. Spéitstens elo, wann den Här Bettel seng Iddi duerchsetzt an de Steierzueler, mir all, den Defizit vun RTL Télé Lëtzebuerg soll droen, ass dat net méi akzeptabel.

Mä och haut scho muss d'Fro erlaabt sinn: Firwat dës massiv Präsenz vun der Politik am Verwaltungsrot vun enger privater Firma? Eleng de Fait, datt déi dräi Fraktiounscheffen, déi heibannen ëmmerhin 49 vu 60 Deputéierten ënner sech hunn - Fraktiounszwang -, ass wat een op Englesch géif en „bold fact" nennen. „Gesitt Der, mir hunn Iech am Grëff. Eis kann näischt geschéien." «Les politiciens, on les a à notre botte.» „Noutfalls dank dem Fraktiounszwang kréie mir déi Gesetzer oder déi Faveuren, déi mir wëllen." Ehemools gouf ëmmer gesot: „Mir liewen an engem CSV-Stat." Liewe mer an engem RTL-Stat?

An domat komme mer zu „des Pudels Kern". Déi Firma, déi 2015 e Benefiss vu 555 Milliounen hei zu Lëtzebuerg gemaach huet, soll ab 2020 aus Steiergelder den Defizit vun hirem Televisiounsprogramm bannent dräi Joer mat estiméierten 30 Millioune subventionéiert kréien. Dat ass wichteg, et geet ëm Meenungsfräiheet! Et geet ëm Meenungspluralismus. Et geet ëm eng Lëtzebuerger Televisiounschaîne, dat ass wichteg! Nach besser wier et, mir hätte méi wéi eng. Da wier de Medien- an de Meenungspluralismus wahrscheinlech besser garantéiert.

Et ass och wichteg, an ech si frou, datt den Här Innenminister hei ass, datt mer Sozialwunnengen hunn. An trotzdeem stëmme mer net méi spéit wéi haut de Mëtten hei an der Chamber e Gesetz, wou mer soen: De Fonds du logement kritt seng Steierbefreiung opgehuewen. Dee muss an Zukunft Steiere bezuelen, «afin de ne pas encourir le risque de voir cette exemption qualifiée comme une aide d'État au sens de la réglementation européenne».

E Fluchhafen ass och wichteg fir eist klengt Ländchen. An awer däerfe mer weder eise Fluchhafen nach eis national Airline staatlech ënnerstëtzen. An esou kéinte mer ganz laang virufuere vun all deene Saachen, déi mer net däerfen aus Steiergelder subventionéieren, obwuel se wichteg wieren.

Fir RTL gëllt déi Regel net! Et geet jo ëm Journalismus an dem Journalismus seng wichteg Roll an der Meenungsbildung vum Vollek. An datt déi Meenung déi richteg ass, fir dat ze garantéieren, duerfir sëtze jo och dann dräi Fraktiounscheffe vun dräi grousse Parteie vun der Chamber am Verwaltungsrot.

Et geet eis mat RTL wéi mat der ARBED: Eng Bléi, e Fleuron vun eiser insgesamter Firmelandschaft kritt Ënnerstëtzung, kritt Konzessiounen, kritt gratis Frequenzen, kritt bëllegt Bauland. An iergendwa gehéiere se iergendenger megaräicher auslännescher Famill, egal ob déi elo Mittal oder Bertelsmann heescht, an déi räisst sech dann déi richteg Avoiren ënnert den Nol!

Bertelsmann realiséiert um Kierchbierg e Megaimmobilieprojet mat Honnertdausende Meter carré, mat 450 Wunnengen, an zwar duerch eng ontransparent Firmestruktur, a mécht do ganz vill Benefiss. An dee Benefiss läit um Schluss an enger SICAV mat deem schéinen Numm Cluster. Cluster heescht „partitionnement de données", oder hei Partitionnement vum Geld. „Die Guten" - den Immobilieprofitt - „ins Töpfchen", an déi Schlecht - den Tëleesdefizit - „ins Kröpfchen"!

Zum Steierzueler. Den Immobiliebenefiss gëtt fiskal neutraliséiert an de Steierzueler dréit den Defizit vun der Tëlee. Ech si frou, datt de Kolleeg Cruchten agaangen ass op déi Repartitioun tëscht Radio, Tëlee, Internet, déi jo bal net méiglech ass. Wéi soll ee kënnen ausenanerdividéieren, vu datt jo een deen aneren ënnerstëtzt - wat jo och gutt esou ass -, wat elo de Benefiss vum Radio, wat de Benefiss vum Internet a wat um Schluss den Defizit vun der Tëlee ass?

Aus all deenen Ursaache kënne mir als ADR natierlech dës Propositioun verständlecherweis net matdroen. Mir wiere fir Transparenz a mir wiere fir eng Ausschreiwung vun allen Tëleesfrequenzen. Dat mécht dës Regierung net, well si ass sech jo der CSV-Ënnerstëtzung an dësem Dossier sécher.

An duerfir verlaange mir, wann dat da kënnt, wéi Dir et wëlles hutt, zumindest dräi Saachen:

Éischtens, wa scho staatlech Gelder fléissen, da muss och séchergestallt ginn, datt déi Mission de service public eescht geholl gëtt. An der Annex 1 vun deem am Moment nach geheime Konzessiounsvertrag - déi Annex ass publizéiert - heescht et: «La société assure le pluralisme de l'expression des courants de pensées et d'opinion. Elle veille à ce que l'accès pluraliste des formations politiques à l'antenne soit assuré. Les journalistes (…) veillent à respecter une présentation honnête des questions prêtant à controverse et à assurer l'expression des différents points de vue.»

An och an der Annex 2, deem berüümte Code déontologique, heescht et, de Journalist hätt als Devoir, de présenter «l'information dans un esprit d'impartialité et d'objectivité et dans le respect du pluralisme d'idées».

An deem Kontext, Här President, ginn ech Iech eng Motioun 2 of, wou mer d'Regierung opfuerderen, derfir ze suergen, datt RTL dës Engagementer anhält an datt dat souwuel quantitativ wéi qualitativ kann iwwerpréift ginn.

Motion 3

D'Chamber stellt fest:

- datt de Konzessiounsvertrag tëschent der Regierung an RTL-Group, CLT-UFA a Bertelsmann AG anscheinend Klauselen enthält, duerch déi Programmer vun RTL Radio an RTL Televisioun als „éffentlechen Déngscht" (service public) betruecht ginn;

- datt fir dësen Déngscht Basisregelen an Engagementer festgeluecht sinn;

- datt d'Annex 1 - dei éffentlech ass - (Engagements généraux de CLT-UFA relatifs aux services publics luxembourgeois de télévision et de radio) am Artikel 3 de Pluralismus festhält an datt d'Gesellschaft muss fir den Accès vun alle politesche Formatiounen op d'Antenn suergen.

D'Chamber fuerdert dowéinst d'Regierung op:

- RTL opzefuerderen, dës Engagementer anzehalen;

- vun RTL ze fuerderen, all Joer e Rapport opzestellen, wou d'Präsenz vun de verschiddene Parteien - Regierungsmemberen abegraff - qualitativ a quantitativ opgezielt gëtt.

(s.) Roy Reding.

Elo kann natierlech en RTL-Journalist oder eng RTL-Journalistin mer virwerfen, ech géif nees iergendeppes behaapten, ouni e Beweis derfir ze erbréngen, datt de Respekt dovunner haut net existéiert. Mä kuckt einfach selwer. D'Leit wëssen et: Wien ass Invité, wien ass et manner, wien ass et seelen a wien ass et ni?

Am Kader vun der Affär Lunghi, an den Här Bettel huet dat zitéiert, huet de Verwaltungsrot mat de Stëmme vun eisen dräi Fraktiounscheffen heibannen decidéiert, datt e Groupe de travail dédié à l'éthique géif kreéiert ginn «afin de garantir un autocontrôle continu des qualités rédactionnelles». Dat war méi wéi iwwerfälleg.

Wa Statshëllefen, da fuerdere mer, zweetens, datt keng Politiker oder zumindest keng aktiv Politiker am Verwaltungsrot méi aktiv sinn. Datt de fréiere Statsminister Santer duerch de fréiere Minister Schiltz ersat gëtt, kann ee bedaueren, kann ee kritiséieren, mä et kann een nach dermat liewen, mä datt déi Häre Berger, Bodry a Wiseler sollten an deem Verwaltungsrot bleiwe vun enger privater Firma, déi mat steierleche Gelder finanzéiert gëtt, dat ass absolutt inakzeptabel! An ech an hirer Plaz géif aus deem Verwaltungsrot net méi spéit wéi haut demissionéieren.

Drëttens, mir brauchen e Gesetz, wéi d'Madamm Adehm et ganz richteg gesot huet, an net e Geheimvertrag. Den Artikel 99 vun eiser Verfassung gesäit ganz kloer vir, datt alles, wat de Budget chargéiert iwwer méi wéi een Exercice, nëmmen iwwer eng Loi spéciale ka gemaach ginn. An an deem Gesetz hätte mer gär eng prezis Definitioun vun den Obligatiounen en contrepartie vun der Statshëllef, zum Beispill och e Kannerprogramm a Lëtzebuerger Sprooch.

Dës kuerz Debatt war interessant a mir freeën eis als ADR schonns elo op déi méi breetgefächert Debatt am Rame vun de Medien an dem Emgang mat staatleche Subventiounen, dat heescht Steiergelder, dat, wat mir alleguerten als Bierger bezuelen, net nëmmen un dës Medien, mä och un d'Printmedien.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Reding. An de leschte Riedner ass den Här David Wagner fir déi Lénk.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo, Merci, Här President. 1991 krut Lëztebuerg e Mediegesetz, wat als Zil hat, d'Medielandschaft zu Lëtzebuerg opzebriechen a fir Pluralismus ze suergen. An haut schwätze mer awer, wéi gesot, méi prezis iwwert dee Konzessiounsvertrag tëscht dem Stat an der CLT-UFA. Noutgedronge komme mer awer net derlaanscht, fir iwwert d'Notioun vum Service public ze schwätzen, well mir sinn hei zu Lëtzebuerg an enger komescher Situatioun, well eng Privatfirma eng Mission de service public kritt. Vum ëffentlech-rechtleche Radiosender 100,7 ofgesinn, hu mer soss keen ëffentlech-rechtleche Sender, an dat och natierlech net am Tëleesberäich.

Ier ech mech awer nach méi genau mam Konzessiounsvertrag beschäftegen, wollt ech e puer Gedanke lassginn. A fir d'Alleréischt wollt ech emol soen, datt ee justement net… An ech bedaueren zudéifst, datt mer déi Diskussioun iwwert d'Medielandschaft am Mee féieren, respektiv ech bedaueren zudéifst, datt mer déi zwou Diskussioune lassgeléist vuneneen diskutéieren, well justement hei geet et ëm d'Tëlee, et geet ëm de Service public, et geet ëm d'Medielandschaft. An déi zwou Diskussioune misst een am Prinzip mateneen, zesummen diskutéieren.

Mir si schonn als déi Lénk an eisem leschte Wahlprogramm, och wéi anerer hei dat elo gesot hunn, agetruede fir d'Schafung vun enger ëffentlech-rechtlecher Televisioun. Dat huet zwou Haaptursaachen:

éischtens, well mer der Meenung sinn, datt eng Privatfirma noutgedrongen enger gewëssener kommerzieller Logik nokomme muss an duerfir och schwiereg mat enger Mission de service public kompatibel ass an datt se déi och schwiereg kann novollzéien;

zweetens, well ganz dovunner ofgesinn, ob deen eenzegen nationalen Televisiounssender, dee mer hunn, eng gutt Aarbecht mécht oder net… Dat ass elo net d'Diskussioun. Ech mengen, et ass ganz nuancéiert. An ech menge souguer, zurzäit hu mer Gléck, op jidde Fall op politeschem Niveau, datt do d'Berichterstattung relativ gutt equilibréiert ass, wann een et zemools mam Ausland géif vergläichen. Mä et ass awer ganz einfach ongesond, datt do eng Monopolstellung ass.

An de Medien ass Monopol ni gutt. Den Här Statsminister hat eng Kéier op enger Präisverleiung vum Journalistepräis gesot: „Et gouf Länner, wou et just eng Zeitung gouf. Dat waren totalitär Regimmer." Dat ass richteg. Mir sinn hei an engem Land, wou et och just eng Tëlee gëtt. An et ass problematesch, och wa se hir Aarbecht korrekt mécht.

Ech wollt och nach eng Saach kloerstellen: En ëffentlech-rechtleche Sender heescht jo net automatesch e Stats- oder e Regierungssender. An ech mengen, et kann een zum Beispill och beim 100,7 feststellen, datt een net deem Sender kéint virwerfen, e géif der Regierung oder souguer och net der Oppositioun Faveure maachen.

A wann ech schonn dat Wuert „Statssender" an de Mond geholl hunn: Selbstverständlech ass et inakzeptabel, wann e Sender als Sproochrouer vun enger Regierung oder vun engem Stat fungéiert. Dat wier och kee Journalismus, dat wier Propaganda. Mä et däerf een awer och net d'Aen zoumaache virun der Amëschung vu privaten Interessen an de Medien, wat hautdesdaags u sech déi gréisser Gefor ass weltwäit.

Dat ka justement genausou geféierlech sinn, deemno wéi souguer nach méi geféierlech sinn, well d'Amëschung ka méi subtill wierken a gewëssen Interesse kënne méi subtill duerchgesat ginn. A wéi de Romain Hilgert och am Januar am „Lëtzebuerger Land" geschriwwen huet, besteet déi éischt Fräiheet vun der Press doranner, kee Commerce ze sinn.

Mir mussen och iwwert d'Notioun vum Service public an de Medie schwätzen. An dat ass méi wéi eng Floskel. De Service public an de Medie soll engersäits sécherstellen, datt Meenungspluralismus garantéiert gëtt, e soll e Spigelbild si vun der kultureller a linguistescher Realitéit vum Land. E muss awer och d'Dynamiken an der Gesellschaft reflektéieren, zemools déi un der Basis vun der Gesellschaft, den Engagement vun de Bierger, och déi Engagementer, déi quantitativ méi marginal sinn. An et soll een och derfir suergen, datt déi Initiativen och matagebonne ginn an der Mission de service public.

Et soll och accessibel si fir Leit mat Behënnerungen, a ganz onofhängeg dovunner, ob et ekonomesch realisabel ass oder net. Ech soen dat, well et ass net ganz kloer am Konzessiounsvertrag.

De Service public vun de Medie riicht sech awer och méi direkt un d'Bevëlkerung a soll och derfir suergen, datt souwuel d'Journaliste wéi och d'Bierger en Zougank zur Medieformatioun sollen hunn.

Här President, et gi vill Interpretatioune vu Service public. Ech lueden och jiddwereen an, dee sech derfir interesséiert, den exzellenten Artikel am „forum" vun dëser Woch ze liese vum Romain Kohn, dem Direkter vun der Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel.

Ech wollt nach eng kleng Klammer opmaachen a vläicht nach iwwerhaapt d'Fro opwerfen, ob een… Well wann een den Traité vun Amsterdam liest, dat kann een och erëm kucken am Avis vun der Etüd Thewes, do gëtt nach rappeléiert, datt esou eng Kontrollinstanz ënner anerem och muss déi néideg Ressourcen hunn, fir hir Missioun kënnen ze maachen. A wann een elo kuckt, wann ech mech net iren, gëtt et véier Posten à temps plein: den Direkter plus nach dräi Leit. An do stellt sech awer déi legitimm Fro, ob déi Ressourcen duer ginn, fir dat alles ze kontrolléieren, wat ze kontrolléieren ass. Dat ass jo alles, wat hei zu Lëtzebuerg etabléiert ass, an dat ass vill méi wéi just Tëlee a Radio. Klammer zou.

Also zréck zum „forum"-Artikel. Do gëtt e klenge Comparatif gemaach - ech luede wierklech jiddwereen an, dee sech derfir interesséiert, deen exzellenten Artikel ze liesen - tëscht dem britesche Modell vum Service public, dem däitschen, dem kanadeschen an dem Lëtzebuerger Modell. An dat, wat ee behaapte kann nom Här Kohn, dat ass, datt de Lëtzebuerger Modell ganz schlecht ewechkënnt.

An ech zitéiere just ee Saz dorauser, deen dat e bësse resüméiert: „Wir können auf ein kommerzielles Angebot setzen oder ein öffentlich-rechtliches veranschlagen. Beide Ansätze haben ihre Berechtigung. Aber wir sollten endlich aufhören, uns etwas vorzumachen und das Programm von RTL Télé Lëtzebuerg als PSB…", dat steet fir Public Service Broadcasting, „… darzustellen." Ech mengen, dat seet villes aus.

Dat ass och richteg. Well et ass net d'Missioun vun engem Privatsender, e Service public ze maachen. A wa mer trotzdeem an déi Richtung goe wëllen a souwisou dra sinn, da komme mer a Kontradiktiounen tëschent zwou u sech legitimmen Interessenssphären. A wann ech mer elo de Konzessiounsvertrag ukucken, da mengen ech, datt d'Regierung an den zoustännege Ministère wéineg Verständnis schéngen ze hu fir e moderne Service public.

Et ass zwar gutt, datt mer dee Konzessiounsvertrag och geschéckt kritt hunn. Ech muss awer soen: net op Initiativ vun der Regierung. Ech ka mech awer nach drun erënneren, datt ech an der Kommissioun selwer derno gefrot hunn, ob mer deen als Chamber géife geschéckt kréien. De Medieminister huet gesot, hien hätt kee Problem domadder, mä hie misst fir d'Éischt och nach deen anere Partner froen; wou e puer Deputéierter awer och komesch dragekuckt hunn, muss ech soen, well ëmmerhi geet et ëm Steiergelder. An datt ee fir esou eng Virgoensweis iwwerhaapt den Accord muss froen, wa Volleksvertrieder wëllen awer e bësse kucken, wat do leeft, ech mengen, dat ass keng korrekt Aart a Weis. Duerfir, ech géif dat e bësse relativiséieren, dee Voluntarismus vun der Regierung, fir do fir Transparenz ze suergen.

Mä an deem Konzessiounsvertrag, do stinn awer e puer Saachen dran, déi sinn e bësse komesch: Justement deen Ethikcomité, deen exklusiv aus Cheffen a Membere vun der Redaktioun bestoe soll, dat gëtt ganz dezent als „Autokontroll" bezeechent. Ech wëll franchement net de Professionalismus an d'Conscience professionnelle vun deene Leit a Fro stellen. Ech kennen der vill, ech war selwer an deem Beruff; net an där Firma. Et geet awer ganz einfach ëm de Prinzip vun der Autokontroll vun engem Medium, deen eng Mission de service public huet. An do geet Autokontroll ganz einfach net duer. Dat gëllt net nëmme fir Medien, dat gëllt fir vill Beräicher.

Et gëtt och vun der Charta vun de Journaliste vun RTL, déi och an der Rei ass, geschwat, déi sech och esou uleent un den Deontologieskodex, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Niewebäi gesot, et gëtt och nach déi Charta vu München vun '71. Dat ass wierklech déi richteg Charta, déi u sech fir d'Journaliste weltwäit gëllt a wou am Prinzip, wann déi géif respektéiert ginn, Journalisten net viru Geriicht a gewëssene Fäll misste gefouert ginn. Mä dat ass nach eng aner Saach.

Da gëtt et och nach déi Commission de suivi de la convention, déi derfir suerge soll, datt d'Konventioun respektéiert gëtt. An do steet dran: «Par ailleurs, la Commission peut périodiquement faire procéder, après avoir informé CLT-UFA, à des études relatives à la qualité du programme de service public.» De Problem läit am Verb „peut" an och am Term „périodiquement", wat strictement näischt heescht. Et

kann een natierlech soen: „Mir vertrauen“, mä ech mengen, datt an deem Fall misst den „peut“ duerch „doit“ ersat ginn an dee „périodique“ e bësse méi kloer definéiert ginn, wéi „eemol d'Joer“ zum Beispill. Ech mengen, dat Ganzt ass guer net seriö.

Ganz onofhängeg dovunner, mengen ech, muss een och derfir suergen, datt déi Persoun, de Commissaire de Gouvernement, deen drasëtzt, och net d'Regierung vertrëtt bei RTL. Dat ass just - ganz onofhängeg vun der Persoun, wou kee Problem soll sinn -, fir Interessenskonflikter ze vermeiden.

An och bei Personalfroen, wa mer schonn derbäi sinn: Ech mengen, datt et net ganz gesond ass an engem moderne Stat, ganz onofhängeg vun der Persoun och, datt de Statsminister de Medieminister an engems ass. Ech weess net, ob dat normal ass; vläicht an Zentralasien, awer net hei!

Duerno, ech sinn u sech scho fäerdeg. Ech mengen, den 100,7 huet nach just vum Ad'Report geschwat. Et wier interessant - ech muss elo ofschléissen -, wa mer och kéinten de ganzen Audit kréie vu KPMG. Ech mengen, dat wier e bëssen interessant. Ech mengen, Deputéierter hunn e Recht dorobber, fir dat nach ze kucken.

Mir sinn der Meenung, Här President, datt d'Regierung déi Konventioun schlecht verhandelt huet. Vläicht ass et och e bësse problematesch, datt se nëmmen op dräi Joer ass. Ech denken awer och un d'Personal, dat och vläicht e bëssen eng Planungssécherheet brauch. Dat ass awer och en anere Problem. An ech wier och frou, wa mer déi Konventioun awer serieusement kéinten diskutéieren, och an der Chamber. Well et ass net wouer, datt d'Chamber serieusement agebonne gouf! Ech mengen, dat kann een net hei behaapten.

Ech soen Iech Merci. Mä mir wäerten och d'Motioun vun der Regierung a vun der CSV net matdroen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat si mer um Enn vun eisem allgemengen Debat ukomm. An d'Wuert huet de Medieminister, deen och nach Premier ass.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias.*- Villmools Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech de verschiddenen Oratricen an Orateure Merci soe fir déi Aussoen, déi Zoustëmmung, déi Froen, déi nach do sinn, a wäert probéieren, dann och an deenen nächste Minutten Äntwerten drop ze ginn.

D'Madamm Adehm huet e puer Froe gestallt. Jo, Madamm Adehm, wa Changementer kommen an der Konventioun, selbstverständlech wäert d'Regierung déi och der Chamber matdeelen. De Finanzement ass e Maximalfinanzement, esou wéi et virdrun och gesot ginn ass. An deen ass wierklech geduecht fir den Tëleesservice.

An dann zu enger anerer Fro, déi och gestallt ginn ass: Jo, selbstverständlech, haut gëtt et de Crossmedia. Dat gëtt et. An dowéinst ass wierklech geduecht ginn, dass déi Kontabilitéit eenzel gekuckt gëtt. An deeselwechte Kontext fält am Fong jo och deen Avis juridique vum Affekot. Dee seet, dass, wann et net kloer ass, wann et net kloer getrennt ass, da riskéiert een, contraire ze sinn zur europäescher Dispositioun.

Dofir ass déi Trennung wierklech ganz, ganz wichteg. An et ass och fir d'Éischt, wou am Fong Schlëssele gemaach gi sinn, fir ze kucken, wéi a wat den Impakt ass vun deem engen a vun deem aneren, och mat wéi engem Coût da ka gerechent ginn, wann, wéi gesot, dat eng Repercussioun hätt vun deem engen an deem aneren. An dat soll och deen externe Reviseur maachen. Dat ass fir eis och ganz, ganz wichteg.

Déi nei Kommissioun, déi entsteet, do hu mer jo och proposéiert, dass d'Chamber soll, net elo en Deputéierten, mä och eng Persoun soll kënnen designéieren, fir eben och kënnen de Suivi vun där Konventioun ze maachen. Dat heescht, wann déi Kommissioun och e Rapport sollt maachen, domadder hu mer guer kee Problem, fir och heihinnerzekommen.

Den Avis vum Affekot - dowéinst och nach, well dat prezis gefrot ginn ass - ass am Fong respektéiert gi mat deene Punkten, déi en opgezielt huet.

Den Här Bauler sot, Här President, an ech muss em vollkomme recht ginn, an ech mengen, den Här Cruchten huet et och gesot: „Dat, wat haut modern ass, ass muer schonn al.“ Dat ass esou! Wien hätt virun 10 oder 15 Joer geduecht, dass d'Leit géife mat hirem iPad am Bett owes d'Noriichte kucken - an dann nach nëmme wa méiglech dat Eenzegt, wat se Loscht hunn ze kucken -, dann nach dropklicken an kucken, fir just déi kleng Sekonne Publicitéit esou séier wéi méiglech kënnen ofzebriechen, fir dann dat kënnen ze kucken? Wien hätt dat virun 10 oder 15 Joer geduecht?

Wien hätt geduecht, dass en iwwert den Handy géif net nëmmen telefonéieren, mä haut Suen iwwerweisen, d'Tëlee kucken, Radio lauschteren, allméigleches kënne maachen? Dat ass d'Realitéit vun haut! An dat, wat gëschter modern war, ass haut schonn net méi modern an ass muer schonn am Fong al Musek.

Dowéinst ass et immens wichteg, dass mer wierklech déi Evolutioun och kucken. An dowéinst ass deen Delai vu just dräi Joer och wichteg. Well mir schwätzen elo vis-à-vis vun 2020 bis 2023, net vun elo haut bis iwwermuer. A mir wëssen alleguerten, dass 2020 bis 2023 nach ganz vill Zäit ass, well do zielt all Dag an der Mediewelt, wou et nei Evolutioune ginn. An dat gesi mer och erëm alleguerten.

Et ass gesot ginn, Här Bauler, dass fir d'Lëtzebuerger Sprooch d'Tëlee ee vun deene wichtegste Facteuren ass. Jo, tatsächlech, et ass e Facteur fir d'Lëtzebuerger Sprooch, mä et ass och e Facteur vun Integratioun. Et ass ee Facteur vun Inklusioun. Et ass d'Méiglechkeet, dass een och als Netlëtzebuerger, eben duerch de Fait, dass och déi Traduktiounen do sinn - an an Zukunft wäerte mer wierklech och alles maachen, dass een och a Gebäerdesprooch kann an der Rediffusioun eppes nokucken -, dass all Mënsch hei d'Recht kritt op eng Informatioun, op e Journal télévisé owes, wou e sech dann och kann informéieren iwwert dat, wat et gëtt.

Et ass virdru gesot ginn, Här President - ech mengen, et war den Här Wagner -, mir hätte just eng Tëleeschaîne. Also, mir hunn „eng national“ Tëleeschaîne! Well ech kenne kee Lëtzebuerger, dee just ee Sender doheem huet. A fir de Verglach ze maache mat Diktaturen, wou ee just eng Noriicht ka kucken! Dat ass vläicht zu Pjöngjang de Fall, mä ech mengen, bei deene meeschte Lëtzebuerger gëtt gezappt tëschent siwen an aacht Auer. Um hallwer aacht gëtt dann eben de Journal gekuckt. Mä virdru gëtt ee Sender gekuckt an um aacht Auer gëtt en anere Sender gekuckt. Déi meescht hunn hautdesdaags méi wéi ee Sender doheem, fir dat och kënnen ze kucken.

D'Froe sinn och gestallt ginn, Här President, ech menge vum Här Cruchten, iwwert d'Frequenzen. D'Frequenze si vum ILR jugéiert ginn. Et ass net vun eis, wou jugéiert ginn ass. Déi Zuel ass och net vun RTL gemaach ginn. Et ass den ILR, deen eis dee Montant ginn huet an deen eis, ech muss Iech et och éierlech soen, souguer héich gerechent huet. De Fait ass, dass tatsächlech haut d'Frequenze bal näischt méi wäert sinn an dass nach mat 5 Milliounen - an och nees net haut, 2020, 2023 -...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias.*- ...am Fong domadder héich gegraff gëtt.

Dir hutt vu kulturellen Evenementer geschwat. Selbstverständlech, als Kulturminister soen ech: „Super, wa se gestreamt ginn!“ Mä de Streaming fält nees net ënnert d'Konventioun. De Streaming ass näämlech den Internet. Dat heescht, dee fält net drënner. Mä wéi gesot, an den Diskussiounen, déi ee mat RTL huet, a selbstverständlech och als Kulturminister sinn ech och Demandeur, dass vill kulturell Evenementer iwwerdroe ginn.

An ech mengen, den Här Adam huet och vu klenge Radioe geschwat. Ech muss Iech soen: Ech wëll elo net enger Diskussioun virgräifen, déi mer elo an deenen nächste Woche wäerten hunn iwwert d'Medielandschaft, mä ech kéint mer zum Beispill virstellen - firwat net? -, dass de Kulturministère kéint e Subsid hu fir déi Radioen, déi kulturell Aktivitéiten och promouvéieren. Dat ass eng Pist zum Beispill, wou ech mengen, dass ee kéint och an der Regierung driwwer diskutéieren, ob dat net eng Méiglechkeet wier, fir dass ee fir méi kleng Radioen - well et gëtt net nëmmen ee Radio, et gëtt eng Rëtsch vu Radioen, et gëtt lokal Radioen, et gëtt regional Radioen - vläicht och eng Pist kéint ausschaffen.

Hei ass och virdru gesot ginn: „Jo, et gëtt publizéiert“, „Et gëtt net publizéiert.“ Hei ass e Privatbetrib, wou en Accord fonnt ginn ass - ech si ganz averstanen -, mä an der Kommissioun war net e Blocage vu mir! Mä et ass awer normal, wann een zu zwee eppes ënnerschreift, dass een d'Géigepartei am Respekt vun där Relatioun, déi een huet, awer op d'mannst consultéiert, fir ze froen: „Sidd Der averstanen, dass mer eppes ëffentlech maachen?“! Mä et war guer keng Diskussioun. Direkt hu se gesot: „Do ass guer kee Problem, fir dat doten ze maachen.“

Elo ass hei eng Demande, fir ze kucken, ob een do nach al Dokumenter ka public maachen. Et sinn net déi, déi ech deemools ënnerschriwwen hunn; et sinn déi, déi deemools vun enger anerer Regierung ënnerschriwwe gi sinn an och vun deem Betrib. Dat heescht, fir mech wier et op d'mannst de Minimum, dass ee vusäite vun der Regierung RTL géif froen, ob se averstane wieren, fir déi Dokumenter vun 2007 ze publizéieren, ier ee sech hei géif engagéieren, fir ze soen: „Jo, et gëtt gemaach“, oder: „Et gëtt net gemaach.“ Dat ass fir mech déi Saach, déi ee sollt hunn.

Ech kann net laang op d'ADR-Positioun agoen, well si hunn net vill iwwert d'Konventioun gesot, iwwert d'Konzessioun, ausser wéi gesot, dass och gesot ginn ass, dass de Conseil d'administration..., a laang Diskussiounen iwwert de Conseil d'administration. Ech wëll just soen, dass de Conseil d'administration net eleng eng Zoustännegkeet huet fir den Tëleesprogramm, et ass de Conseil d'administration vun der CLT-UFA!

Da wëll ech och nach dem Här Wagner soen, dass d'ALIA d'Moyene geheicht kritt huet. Dat heescht, déi Kontrollinstanz, déi mer och do vis-à-vis hunn als Stat, huet och dëst Joer méi Moyene kritt, wat fir eis och wichteg ass. A wann Infractioune komme vis-à-vis vun Incitation à la haine oder et cetera, et cetera, do sinn d'Geriichter och zoustänneg an déi sinn och dann ze saiséieren.

Mä wéi gesot: D'ALIA ass eppes, déi intern Kontroll ass en Engagement, deen RTL geholl huet, an eis Kontroll, déi mer elo maachen, fir ze kucken, ob de Konzessiounsvertrag och agehale gëtt, dat sinn eigentlech wichteg Schrëtt an déi richteg Richtung.

An ech soe Merci fir all déi, déi awer och hei gesot hunn, dass mer mat RTL e Partner hunn, mat deem mer an der Vergaangenheet gutt geschafft hunn. Et sinn heiansdo Couacken, dat geschitt. Mä mir hunn awer e Partner, a wa mer kucken, wéi professionell awer geschafft gëtt, a wa mer kucken, wat de Coût ass vun deem Service, dee mer mat deem dote kréien, mengen ech, dass et e Konzessiounsvertrag ass, deen am Interêt vun de Bierger ass, am Interêt vun der Medielandschaft. An et erlaabt, dass awer qualitativ Noriichten och zu Lëtzebuerg duergestallt ginn. Well wa mer missten dat Dräifacht oder bal dat Dräifacht bezuelen, fir datselwecht ze maachen..., hei hu mer e Prestataire de services, dee bereet ass, et ze maachen, a wou mir eis engagéieren, wann en Defizit do ass, fir deen ze decken.

Ech mengen, et ass eng Situatioun, wou hei op jidde Fall eppes gutt fonctionnéiert: Dat ass eis Medielandschaft. A wéi gesot, ech freeë mech schonn op den Debat, dee mer wäerten an den nächste Wochen hunn, fir insgesamt iwwert d'Medielandschaft zesummen zu Lëtzebuerg kënnen ze schwätzen. Well mir liewen an engem Land, wou et eng fräi Press gëtt an eng qualitativ Press.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Premier- a Medieminister. A mir géifen dann zu deene verschiddene Motiounen iwwergoen.

Motion 1

Déi éischt Motioun kënnt, wann ech dat gutt gesinn, vu véier Fraktiounen; wou d'Ënnerschréfte vu véier Fraktiounen drënnerstinn. An do geet et drëm, fir dat, wat exponéiert ass, ze ënnerstëtzen. Ginn et dozou nach Wuertmeldungen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da kënne mer iwwert déi éischt Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

51-mol Jo, 5-mol Neen, 2 Abstentiounen. Domat ass déi Motioun ugeholl.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est adoptée par 51 voix pour et 5 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Motion 2

Mir géifen zu där zweeter Motioun iwwergoen, wou d'ADR fir d'Chamber komplett Asiicht an de Konzessiounsvertrag fuerdert. Den Här Reding als Auteur huet d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Jo. Merci, Här President. Et geet, wéi gesot, net ëm eng Publikatioun vun deem Vertrag, et geet ëm en Ableck vun der Chamber an dee Vertrag. Mä ech verstinn d'Argument vum Här Premier- a Medieminister, datt e seet: „Mir musse mam Partner dat dote kucken.“ An duerfir géif ech déi Motioun elo zrécksetzen en attendant, datt den Här Premierminister a Medieminister Zäit huet, mam Vertragspartner déi Fro do ze klären. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ginn et weider Wuertmeldungen dozou?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias.*- Jo, Här President. Ech hu mech engagéiert, wéi gesot, déi Fro ze stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat heescht,...

M. Roy Reding *(ADR).*- Zu dësem Moment.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ...zu dësem Moment... (veuillez lire: haalt Dir se en suspens).

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias.*- Den Auteur huet se jo zréckgezunn, Här President, dofir...

Motion 3

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay, gutt. Da géife mer zur zweeter Motioun kommen, déi vun der ADR abruecht ginn ass an déi, mengen ech, och presentéiert ginn ass. Ginn et dozou Wuertmeldungen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da géife mer iwwert déi Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 3

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

56 Participatiounen: 3-mol Jo, 53-mol Neen. Domat ass d'Motioun ofgeleent. Merci.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marco Schank), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Anne Brasseur (par M. Gilles Baum), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir géifen dann iwwergoen op deen nächste Projet de loi. Dat ass de Projet de loi 6932, wou et drëm geet, déi Moossnamen, déi beim Stat geholl gi sinn, bei d'Gemengebeamten ze

iwwerdroen. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Yves Cruchten.

4. 6932 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux,

2. de la loi du 24 décembre 1985 réglementant le droit de grève dans les services du secteur communal,

3. de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et

4. de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.*- Villmools Merci. Dir hutt et elo grad gesot, Här President, den Objet vun dësem Projet de loi ass d'Ëmsetzung am Gemengesecteur vun de Reformen an der Fonction publique, déi mer de 24. Mäerz 2015 hei gestëmmt hunn an déi den 1. Oktober 2015 a Kraaft getruede sinn.

Am Kader vun dëser Reform sinn eng Rei Mesurë geholl ginn, déi och elo op de Gemengesecteur iwwerdroe ginn. Mir haten hei am Haus eng laang an och eng breet Debatt iwwert déi Reform am Joer 2015, duerfir brauch ech net méi op all eenzelne Punkt aus dësen Neierungen anzegoen.

Hei just als Rappell awer déi Haaptelementer vun der Reform:

- De Service provisoire gëtt vun zwee op dräi Joer eropgesat.

- Nei agefouert gëtt e Plan d'insertion professionnelle, wou e Beamten am Service provisoire eng Basisformatioun kritt, déi op déi Aarbecht zougeschnidden ass, déi e reell op sengem Poste maache muss.

- D'Gestion par objectifs gëtt agefouert. Dat beinhalt, dass all Gemeng an Zukunft en Organigramm muss hunn, Description des postes a Plan de travail individuel, grad ewéi déi individuell Bewäertung vun der Leeschtung an de Kompetenze vun de Gemengebeamten.

- An Zukunft gëtt d'Méiglechkeet ausgeweit, Leit mat héije Qualifikatiounen a besonnescher berufflecher Erfahrung ze rekrutéieren.

- Aféierung vun engem Congé linguistique, wou déi Leit, déi eng Dispens kruten, déi feelend Sproochekenntnisser kënnen nohuelen. Och aner Gemengebeamte kënnen dëse Congé linguistique notzen, fir hir Sproochekenntnisser ze verbesseren.

- Nei Bestëmmungen, déi et erlaben, e Gemengebeamten zum Beispill un e Syndikat oder un eng Gemeng ze detachéieren. Ech kommen awer herno op deen dote Punkt nach eng Kéier zréck.

- Méiglechkeet, fir en Employé vun der Gemeng no 15 Joer ënner bestëmmte Bedingungen ze fonctionnariséieren.

- Präzisiounen, wat d'Streikrecht am Gemengesecteur ugeet.

- A kleng Upassungen um Niveau vun der Terminologie, déi sech aus dem Statut unique erginn.

De Statsrot huet sech net méi generell zur Reform geäussert. A sengem éischten Avis vum 21. Juli 2016 huet hien Artikel fir Artikel iwwerpréift, ob d'Reform, déi bei de Statsbeamte gemaach gouf, korrekt op de Gemengesecteur iwwerdroe ginn ass, fir sécherzestellen, dass et eng Égalité de traitement gëtt tëscht deenen zwee Secteuren. Ënnerscheeder si just nach dann akzeptabel, wann et objektiv Argumenter gëtt, déi et onméiglech maachen, déi zwee Secteuren d'selwecht ze behandelen.

A sengem éischten Avis hat hien eng ganz Rei Virschléi a kritesch Remarquë gemaach, deenen d'Kommissioun dunn och Rechnung gedroen huet. Zu eenzelne Punkten hat hien och méi detailléiert Informatiounen nogefrot, déi d'Kommissioun du mat hiren Amendementer vum 27. Oktober 2016 nogeliwwert huet.

Ee Knackpunkt ass awer bliwwen, an dee betrëfft den Detachement vu Gemengebeamten. Den initialen Text vum Projet de loi huet eng Dispositioun virgesinn, dass de Schäfferot e Gemengebeamte ka fir maximal zwee Joer an eng aner Gemengeverwaltung, an e Gemengesyndikat oder en Établissement public communal oder soss nach an eng international Organisatioun detachéieren.

Wann et sech dobäi net ëm e Gemengesyndikat handelt, wou d'Gemeng selwer Member ass, da muss de Beamte säin Accord zu deem Detachement ginn. De Statsrot huet doranner eng Ongläichbehandlung gesinn, well d'Statsbeamten ouni hiren Accord ze gi kënnen detachéiert ginn. Hien huet op deem Punkt eng Opposition formelle gemaach.

D'Chamberskommissioun huet dozou Stellung geholl an erkläert, dass am Géigesaz zu engem Statsbeamten, deen an eng aner staatlech Administratioun detachéiert gëtt, de Gemengebeamten net nëmmen d'Plaz, mä och de Patron wiesselt an duerfir säin Accord gefrot gëtt. De Statsrot huet dat Argument awer net unerkannt, well a sengen Aen de Statsbeamten, deen an eng international Organisatioun detachéiert gëtt, am selwechte Fall wier.

Mir hunn dee Punkt nach eemol an der Kommissioun diskutéiert a sinn awer bei där Iwwerzeegung bliwwen, dass een e Gemengebeamten net géint säi Wëllen an eng aner Gemeng oder an e Syndikat, an deem d'Gemeng net Member ass, kann transferéieren. De Statsrot hat sech d'Méiglechkeet opgehalen, fir op deem Punkt d'Dispens vum zweete Vott eventuell net ze ginn. Mä mir hoffen awer, dass de Statsrot um Enn d'Argumenter vun der Chamberskommissioun kann novollzéien an déi Dispens trotzdeem gëtt.

De Statsrot hat nach en zweeten Avis complémentaire ofginn, den 28. Februar dëst Joer, wou e sech allerdéngs ausschliisslech op e Regierungsamendement bezitt, deen den Delai vun der Entrée en vigueur vun dësem Gesetzesprojet betrëfft. D'Amendement huet d'Zil, fir d'Ëmsetzung ze akzeleréieren.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Et bleift nach eng generell Remarque, déi souwuel de Statsrot wéi och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics gemaach huet. Si betrëfft déi praktesch Ëmsetzung vun der Reform. Et gëtt do eng gewësse Suerg, dass grad d'Gestion par objectifs an déi individuell Bewäertung vun der Leeschtung vun de Leit an alle Gemengen d'selwecht sollte gemaach ginn, wat besonnesch am Ufank sécher net ganz einfach wäert sinn.

Fir déi, déi net esou kënneg si mam Gemengesecteur, sief nach gesot, dass all déi Elementer vun der Reform, déi d'Traitementer, d'Indemnitéiten oder d'Carrièren uginn am Gemengesecteur, iwwer Reglementer an net iwwert d'Gesetz geregelt sinn.

Den Innenministère huet och all dës Bestëmmungen aus der Reform beim Stat iwwerholl an a Reglementer dann transposéiert, soudass ee prett ass, nom Vott vun dësem Gesetz respektiv sengem Akraafttrieden dann de Gemengesecteur un déi nei Bestëmmunge vun der Fonction publique erunzeféieren. Dat Ganzt war eng laangwiereg an och eng komplizéiert Aarbecht. Et huet och 18 Méint gedauert no dem Akraafttriede vun der Reform beim Stat. Dat schéngt laang, ass awer am Verglach mat viregte Reformen nach zimlech séier gaangen. 1979 huet et sechs Joer an aacht Méint gedauert an am Joer 2003 huet et dräi Joer an dräi Méint gedauert, bis d'Reforme beim Stat endlech och bei de Gemengen ëmgesat waren.

Duerfir gehéiert et sech, mengen ech, am Numm vun der Kommissioun den Innenminister a seng Beamten ze luewe fir déi vill Aarbecht, déi si sech gemaach hunn. Besonnesch gutt gefält et engem ze gesinn, dass am Gemengesecteur selwer, wou - an dat muss ee wëssen - op all eenzelner vun deenen 105 Gemengen, de Syndikater an och Etablissementpublicken e Personalservice funktionéiert, sech concertéiert gouf a matgeschafft gouf. Datselwecht gëllt och fir d'Gewerkschaften aus dem Gemengesecteur vun de Gemengebeamten, déi Hand mat ugeluecht hu fir d'Gelénge vun dëser Reform.

All deenen, déi elo op deene verschiddene Gemengen a Syndikater d'Ëmsetzung vun dësem Gesetz an de Reglementer musse garantéieren, wënschen ech vill Courage. Ech weess aus eegener Erfahrung - ech hunn dat zéng Joer laang gemaach -, wéi schwéier dat ass, zemools wann een, wéi an deenen allermeeschte Gemengen, d'Paien, d'Carrièren an och d'Personalaffären nach esou niewelaanscht muss behandelen an dat net als Haaptjob mécht, well d'Gréisst vun der Gemeng dat einfach net hiergëtt.

Dat alles gesot, erënneren ech drun, dass de Rapport eestëmmeg an der Kommissioun guttgeheescht gouf, an ech ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Rapporteur Yves Cruchten. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech soen och dem Yves Cruchten Merci fir säi schréftlechen an och mëndleche Bericht. Et ass richteg, dass e präziséiert huet, dass et hei ëm de Statut vun de Gemengebeamte geet an net dat, wat oft dobausse fälschlecherweis gemengt gëtt, dass hei och schonn déi Dispositiounen dra wieren, wat d'Avancementsméiglechkeete wieren, notamment vun de Gemengereceveure respektiv vun de Gemengesekretären. Dat kënnt an engem zweete Volet. Hei geet et also reng ëm de Statut. An duerfir, mengen ech, ass och jiddwereen dermat beflass, fir dass déi Dispositiounen, déi mer an der Fonction publique fir d'Statsbeamte guttgeheescht hunn, och hei fir d'Gemengebeamte kënne spillen.

De Knackpunkt, de Rapporteur huet dat gesot, ass effektiv eng Opposition formelle vun dem Statsrot, sous peine dass e seet: „Ech ginn net d'Dispens fir den zweete Vote constitutionnelle." Wann d'Oppositioun esou eng Virlag kritt a si kuckt en Text gäre kritesch, dann hélt se déi normalerweis gären op. Mä hei ass et esou, ech mengen, mir hunn dat Engagement geholl bei der Fonction publique, bei de Statsbeamten, dass mer dat wëlle mat ëmsetzen. An d'CSV wëllt dat hei och ganz kloer fir d'Gemengebeamte mat ëmsetzen.

Wann een den Detail kuckt, wat d'Argumentatioun vum Statsrot ass, dann ass déi a priori net vun der Hand ze weisen. De Statsrot seet, wéi de Rapporteur et richteg gesot huet: „Mä e Statsbeamte ka wärend zwee Joer vun enger Verwaltung an déi aner detachéiert ginn, vun engem Ministère an deen aneren detachéierte ginn, och esouguer an en Établissement public, deen de facto eng aner Personnalité juridique huet, ouni den Accord vun deem Statsbeamten."

Bei der Gemeng, an dat war och de Wonsch, mengen ech, vun dem Syvicol, wéi ech duerch de Mond vu sengem President, dem Emile Eicher, héieren hunn, soe se elo: „Mir kënnen net d'ganzt Land als ee gesamte kommunale Secteur huelen, well d'Befindlechkeeten anerer sinn, an duerfir wëlle mir dat net." Et ass och, mengen ech, e Schutz vun deem eenzelne Gemengebeamten, well wann esou en Detachement géif geschéien ouni den Accord vun dem Gemengebeamten, da kéint deen - ech weess net -, wann eng Zoustëmmung vun den zwee Schäfferéit respektiv vun zwou Gemenge wier, le cas échéant vu Rëmeleng douewen op Wäiswampech detachéiert ginn ouni säin Accord.

Duerfir menge mir och als CSV - duerfir hu mer de Rapport och matgestëmmt -, dass een dat aus pragmatescher Siicht sollt kucken, an och da si mer eis trei vun eiser strikter Lektür vun der Gemengenautonomie. Mir hunn dann awer och an der Kommissioun drop higewisen, wat de Risiko ass: De Statsrot huet en Avis ginn, wou e gesot huet, hei wier en indirekte Verstouss géint de Gläichheetsprinzip. De Risiko ass natierlech deen, wann herno eng Kéier ee bei dem Stat net d'accord wier mat engem Detachement, deen ouni säin Accord geschitt wier, kéint en natierlech a contrario déiselwecht Argumentatioun an den Avis vun dem Conseil d'État huelen.

Mir sinn einfach der Meenung, dass dat hei relativ rar wäert de Fall sinn, well dat an der Praxis, wann ee Gemengebeamte jo vun enger Gemeng op déi aner sollt oder muss detachéiert ginn, viraussetzt, dass den Accord nach ëmmer souwisou schonns muss si vun deenen zwee Schäfferéit, dat heescht, vun deenen zwee Patronen, wou en da wiesselt.

Aus all deene Grënn, Madamm Presidentin, obschonns hei eng Opposition formelle vun dem Statsrot ass, wëlle mir aus pragmatesche Grënn dësem Gesetzesprojet zoustëmmen. Datselwecht wäerte mer och maachen, wann dann eben d'Dispens vun dem zweete Vote constitutionnelle net sollt kommen, an engem zweete Vott, deen da gegebenenfalls unhängeg ass.

Fir de Rescht soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn d'Zoustëmmung selbstverständlech vun der CSV-Fraktioun.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Roth. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP).*- Merci, Madamm Presidentin. Et ass jo näischt ganz Alldeegleches, wann een iwwer eng Opposition formelle vum Statsrot ewechgeet, wéi mir dat dann haut, denken ech, eestëmmeg maachen, esou wéi ech et zumindest aus der Chamberskommissioun eraushéieren hunn. À voir! Mir riskéieren domat, dass mer an dräi Méint heimat nach eng Kéier befaasst ginn.

Mir haten, an dofir wëll ech der Regierung felicitéieren, urspréinglech am Gesetzestext stoen, dass dat Ganzt sechs Méint nom Vott géif a Kraaft trieden. Do ass en Amendement gemaach ginn, dass dat ee Mount duerno wier, dat heescht, dass mer keng Zäit géife verléiere fir d'Akraafttrieden, souguer wa mer an dräi Méint fir d'Zweet wiele ginn, well dräi plus eent gëtt véier, wéi mer alleguer wëssen, also manner wéi sechs.

Deemno Felicitatioun der Regierung, awer och dem Rapporteur fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. An ech ginn heimat dann och den Accord vun der Demokratescher Partei.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Hahn. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Roberto Traversini.

M. Roberto Traversini *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Et ass alles gesot. Den Accord vun der grénger Fraktioun hutt Der.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci och lech. Dann als nächsten den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et kritt een emol keng Zäit, de Gummibäerche fäerdeg z'iessen.

(Hilarité)

Merci, Madamm Presidentin. Och vun eiser Säit aus e Wuert vu Merci un de Kolleeg Yves Cruchten als Rapporteur. D'ADR wäert och dëse Projet stëmmen, esou wéi mer an der Kommissioun och de Rapport matgestëmmt hunn. Mir hu just eppes, wat mer wëllen hei ze bedenke ginn, dat ass den Artikel 2 vun dësem Gesetz, deen am Fong seet, datt exceptionnellement de Gemengerot Poste kreéiere kann - „hautement spécialisé" steet am Gesetz -, wou een net brauch zwou vun deenen dräi offizielle Sproochen hei am Land ze kennen. A wann de Posten zweemol ausgeschriwwen ass, da kann een och drop eriwwergoen, fir bei enger drëtter Ausschreiwung eng Persoun ze huelen, déi nëmmen eng vun deenen dräi Sprooche schwätzt, also net onbedéngt misst Lëtzebuergesch schwätzen, fir dee Poste bei der Gemeng ze kréien.

Quitte datt et hei déi drëtt Ausschreiwung dann ass, iwwert déi mer diskutéieren, stellt sech dach awer d'Fro hei, déi ech dem Här Minister wëll stellen, Madamm Presidentin: U wat fir eng Posten gëtt hei geduecht - well dat extra muss hei an d'Gesetz kommen -, wou ee muss héich spezialiséiert Leit hunn? Wat fir eng Leit sinn dat, déi ee mengt, net hei am Land ze fannen, déi Lëtzebuergesch kéinte schwätzen, datt een dat extra hei an e Gesetz aschreift, fir déi Méiglechkeet ze schafen? Et ass e bësse verwonnerlech, datt et esou Poste bei Gemenge solle ginn, wou een hei am Land dat net kéint fannen, soudatt een extra déi Méiglechkeet am Gesetz virgesäit.

Domadder hu mer effektiv e Problem, mä wéi gesot, mir stëmmen awer d'Gesetz. Wéi wäit datt dat ka féieren - an et ass dat, wou mer drop zréck wëlle féieren -, dat ass, wa mer kucken, wéi et elo beim LuxTram ass. Beim LuxTram huet mäi Frënd Fernand Kartheiser eng Fro gestallt, wéi et méiglech ass, datt do am Fong d'Franséischt als d'Haaptsprooch benotzt muss ginn. An d'Poste ginn och esou ausgeschriwwen, obschonn datt LuxTram 50% Stat a 50% Gemengen ass.

Elo kréie mer dann zréckgeschriwwen: Ma dat wier zréckbehale ginn, als operationell Sprooch Franséisch, well dat ebe mat de Mataarbechter, mat der Sécherheet, mat de Programmen a mat de Bestëmmungen ze dinn hätt, déi op Franséisch wieren. A fir de gudden Oflaf dovunner ze sécheren, wier dann eben d'franséisch Sprooch als operationell Sprooch zréckbehale ginn. An et ass och esou ausgeschriwwe ginn, dee Posten, also datt ee muss Franséisch kënnen, fir beim Tram ze fueren an „et kann een" och Lëtzebuergesch schwätzen. Mä „et muss een" Franséisch schwätzen. An ech fannen, datt dat extrem wäit geet! Da stellen ech mer d'Fro,...

(Interruption)

...wéi et da bei der Eisebunn ass.

(Interruption par M. François Bausch)

Ouh? Schreift d'Eisebunn Posten aus, Här Minister Bausch, wou drasteet, et misst ee Franséisch kënnen an et bräicht een net Lëtzebuergesch ze kënnen? Dat géif ech awer mol gäre gesinn!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Neen, dat ass...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma esou sinn d'Posten awer beim Tram ausgeschriwwe ginn. Et ass gesot: Et muss ee Franséisch schwätzen an et kann een och nach derbäi Lëtzebuergesch schwätzen. Do gesäit een, wéi wäit dat geet. An et gesäit een och, Madamm Presidentin, wéi eescht datt et der Regierung mat der Lëtzebuerger Sprooch gemengt ass,...

(Brouhaha)

...wann hei an engem staatleche Gemengeservice elo als éischt Sprooch Franséisch muss geschwat ginn,...

(Interruption par la présidence)

...an datt een eventuell och nach ka Lëtzebuergesch schwätzen.

Mir hate proposéiert, datt een hätt kënne kucken, Leit vum Härebierg - wou mer jo Problemer hunn, fir déi Leit placéiert ze kréien, déi se do hunn, an déi sollte jo an den éffentlechen Déngscht kommen - beim LuxTram anzesetzen. Déi hätte sécherlech och déi Kompetenze gehat an hätten och sécherlech Lëtzebuergesch geschwat, dann hätte mer déi...

A mir hätten och doudsécher ënnert deenen 20.000 Leit, déi hei am Land nach eng Plaz sichen - an et kommen all Dag nei Leit op de Maart -, Leit fonnt, déi Lëtzebuergesch geschwat hätten an déi och genuch Franséisch kannt hätten. Mä um Tram muss een also elo fir d'Éischt Franséisch schwätzen - dat muss een! -, a wann ee Lëtzebuergesch schwätzt, dann ass et keng Schikan, da kann een dat derbäi hunn.

Do gesäit een - an duerfir hu mer e Problem dermat -, datt hei systematesch och elo versicht gëtt, an den éffentleche Verwaltungen d'Lëtzebuerger Sprooch auszeklénken. An duerfir hu mir och eise Problem mam Artikel 2, datt do kéint en Abus bedriwwe ginn, datt dann ebe Posten, jee nodeem, wéi se ausgeschriwwe ginn, déi éischt an déi zweet Kéier net vun engem besat ginn, deen d'Lëtzebuerger Sprooch kennt, an datt dann eben eng drëtte Kéier ausgeschriwwe gëtt an dann een dee Poste kritt, deen d'Lëtzebuerger Sprooch net kennt.

Et ass just signifikativ fir dës Regierung, déi no baussen ëmmer wëllt dokumentéieren, si géif sech fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzen, mä systematesch (veuillez lire: de Géigendeel mécht!) Esou war et beim Nationalitéitegesetz, esou ass et an der Éducation précoce, esou ass et beim Tram, an elo fäerte mer, geet et och bei de Gemengen esou, datt iwwert dee Wee Leit an d'Fonction publique an hei am Land op Posten agestallt ginn, déi net méi brauche Lëtzebuergesch ze schwätzen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Da si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Innenminister, den Här Dan Kersch. Neen, den...

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Dach, bis elo nach ëmmer.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dach, den Innenminister.

(Hilarité)

Prises de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Merci, Här President. Och alle Kolleege Merci fir hir jeeweileg Riedebäiträg. Ech si virun allem ganz frou, dass mer dëst konnten an enger dach zimlech, jo, gudder Geschwindegkeet ëmsetzen, wuel wëssend, dass den Däiwel hei ganz oft am Detail geleeën huet.

Ech wëll mech och ganz besonnesch un all déi wennen, déi hei an iergendenger Form derzou bäigedroen hunn, dass mer déi Texter konnten ëmsetzen: engersäits natierlech déi Leit a mengem eegene Ministère, anerersäits awer och bei der Chamberskommissioun, mä virun allem och all déi Akteuren, déi zousätzlech dorunner matgeschafft hunn. An dat sinn nu selbstverständlech d'Vertrieder vum Syvicol an der Commission centrale an awer och vun deenen zwou Gewerkschaften, déi representativ fir de Gemengesecteur sinn: d'FGFC an de Landesverband. Mir hunn eng flott Form vun Zesummenaarbecht fonnt gehat. An Aarbechtsgruppen ass geschafft ginn. Ech mengen, et ware ronn 13 Aarbechtssitzungen insgesamt, doriwwer eraus zwou Plenièren, wou ech och selwer derbäi war, an dat huet derzou gefouert, dass mer an engem flotten Tempo dat heite konnte realiséieren.

Ech wéilt vläicht och nach eng Kéier op dee sougenannten "Knackpunkt" agoen an och e ganz besonnesche Merci haaptsächlech de Vertrieder vun der Oppositioun soen, dass se sech konnte mat op de Wee beginn, fir dës Opposition formelle dann awer net unzehuelen, well ech wierklech mengen, dass et e wesentlechen Ënnerscheed gëtt tëschent engem Patron Stat an deenen 105 Gemengepatrone respektiv och de Syndikater. Well et muss ee jo och wëssen, dass déi derzou musse gerechent ginn.

An da kommen ech och vläicht op déi Bemierkung, déi den Här Gibéryen gemaach huet: Firwat ass den Artikel 2 esou geschriwwe ginn, wéi en elo dosteet? Ma well dat tel quel och bei der Fonction publique esou geschriwwen ass a mer wollten de Gemengen u sech déi nämlecht Méiglechkeete gi vun Astellungen, wéi dat och beim Stat de Fall ass.

Et ass och esou, dass et selbstverständlech och am Gemengesecteur zouneemend héichspezialiséiert Emploie gëtt, déi mer sichen a wou mer och an der Konkurrenz si mam private Secteur. Ech huelen d'Beispill vun der Informatik, wou et praktesch onméiglech ass, Lëtzebuerger ze fanne respektiv Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen. Awer och am Beräich vum Architektewiesen oder vum Ingenieurswiese gëtt et zouneemend méi schwéier, fir Leit ze fannen, déi alleguerten zu deem Moment, wou ee se wëllt astellen, déi dote Konditiounen erfëllen, déi mer fréier haten.

Mir wëssen awer, dass mer op där anerer Säit amgaange sinn, eis technesch Servicer opzerüsten, op där anerer Säit och amgaange sinn, hinne méi Kompetenzen ze ginn. Am Kader vum Omnibusgesetz kënnen an Zukunft d'Gemenge selwer iwwer hir technesch Servicer Ofännerunge vu PAGe maachen, selwer PAPe maachen. An dofir mengen ech schonn, dass dat heiten eng Bestëmmung ass, déi de Gemengen an Zukunft d'Saach wesentlech méi einfach wäert maachen, wéi dat am Moment de Fall ass.

An deem Sënn nach eng Kéier e grousse Merci, virun allem och un de Rapporteur, deen et esou duergestallt huet, dass ech net op all Detail nach eng Kéier muss eenzel agoen. An e grousse Merci fir dat Vertrauen, wat sech bis elo hei ofgezeechent huet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Innenminister. An den Här Minister fir nohalteg Entwécklung, den Här François Bausch, deen ugeschwat ginn ass, kritt selbstverständlech och d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Ech wollt dat awer emol richtegstellen, well den Här Gibéryen huet et a senger fir hien typescher Akrobatik natierlech fäerdegbruecht - sproochlecher Akrobatik, wollt ech awer soen, selbstverständlech -, fir d'Saachen e bëssen ze verdréinen. An ech wollt awer soen, wéi se wierklech sinn. Et steet net bei der Ausschreiwung vun de Plazen dran, datt d'Lëtzebuergescht och nach quasi gedult ass. Et steet dran, datt, wann ee Lëtzebuergesch kann,...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

...datt een dann, Här Gibéryen, e Virdeel huet par rapport zu deenen, déi kee Lëtzebuergesch kënnen. Also ass et donc scho kloer eng Bevirdeelegung vum Lëtzebuergeschen. Dat ass emol dat Éischt.

(Interruptions)

Jo. An da kommen ech bei deen zweeten...

Här President, gitt hinnen eng kleng Berouegungspëll, datt se sech packen!

(Brouhaha)

Da kommen ech bei deen zweete Punkt…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, ech hu just homeopathesch Mëttelen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Bon, déi wierken awer bei deenen do net, Här President. Dat ass de Problem.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann een dru gleeft!

(Hilarité)

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Da kommen ech bei deen zweete Punkt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et gëtt keng...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift! Wann ech gelift!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Da kommen ech bei deen zweete Punkt, dat ass mam Franséischen. Dat ass net aneschters wéi an anere Betriber, wou héichtechnesch Reglementatioune bestinn, déi natierlech vum Franséischen zum Beispill hierkommen. Datt een natierlech muss der franséischer Sprooch mächteg sinn, fir kënnen do ze schaffen, bei verschiddene Beruffer op alle Fall, zum Beispill d'Mecanicienen, déi do d'Instruktioune musse liese fir dat Material - dat jo bekanntlech net zu Lëtzebuerg gebaut gëtt, mä a Spuenien gebaut gëtt a wou och donc aus Spuenien d'Reglementatioun heihinnergeschéckt gëtt net op Lëtzebuergesch, mä an enger anerer Sprooch -, datt ee muss Franséisch kënnen, dat ass natierlech evident: Fir do ze schaffen, muss een och der franséischer Sprooch mächteg sinn!

Also et ass kloer, mat Lëtzebuergesch huet een e Virdeel, an en plus ass et wichteg, datt ee Franséisch muss kënnen. Dat ass iwwregens net aneschters...

(Interruptions)

...wéi bei anere Betriber, wou dat äänlech ass.

(Brouhaha)

Bei der Cargolux zum Beispill, do ass jo och de Stat e groussen Aktionär, do muss een zum Beispill haaptsächlech Englesch kënnen als Sprooch, soss kann een net agestallt ginn.

Da wëll ech dem Här Gibéryen awer och nach soen, datt LuxTram kee staatleche Betrib ass, et ass keng ëffentlech Verwaltung! Dat ass eng SA, déi zwar zu 100%...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Voilà!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Voilà!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- ...der ëffentlecher Hand gehéiert, iwwregens net 50:50, wéi Der et gesot hutt, mä 75:25.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- ...awer zu 100% ëffentlech ass.

Une voix.- ...100% franséisch.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- 100% franséisch ass se.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun an ech géif Iech bieden, iwwert de Projet 6932 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6932 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen.

(Brouhaha et interruptions)

Madamm Loschetter, maacht mech net duerjerneen!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Sorry, sorry.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet 6932 ass unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter (par Mme Françoise Hetto-Gaasch) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

(Brouhaha)

Sou, vu dass d'Hoffnung jo eigentlech déi ass, déi zum Schluss eréischt stierft, géif ech trotzdeem d'Chamber froen, ob se bereet ass, d'Dispens ze froen. Och wa mer se vläicht net kréien, géif ech mengen, dass mer se zumindest sollte froen.

(Assentiment)

Une voix.- Mir ginn se. Mir ginn eis se.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also mir géife se jiddefalls froen. Wa mer se net kréien, da wësse mer, dass mer nach eng Kéier erëmkommen.

Voilà. Dat gesot, géife mer dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Evolutioun vum Chantier Tram. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Lorsché, där hir Fraktioun déi doten Aktualitéitsstonn ugefrot huet. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

5. Heure d'actualité du groupe politique déi gréng au sujet de l'évolution du chantier «tram» et des projets connexes

Exposé

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 20. November 1996, dat sinn iwwer 20 Joer hier, huet hei an der Chamber eng éischt Debatt...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleegen, et ass ganz schwéier fir d'Riednerin, wann eng Opbrochstëmmung hei ass. Ech géif da waarden, bis dass et erëm e bësse méi roueg am Sall ass, fir dass och jiddweree kann nolauschteren.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Den Här Gibéryen, deen ass och gläich fäerdeg.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift! Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et war wichteg.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat kann een dann och dobausse maachen.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Gutt. Also ech fänken dann nach eng Kéier un.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Fänkt nach eng Kéier un, Madamm Rapporteur.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, wéi gesot, den 20. November 1996,...

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift elo!

Une voix.- ...versteet en Direkter vu LuxTram net.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- ...Här Gibéryen, dat sinn iwwer 20 Joer, huet d'Chamber sech eng éischte Kéier mam Projet vum Tram auserneegesat. Dat wësst Der ganz bestëmmt. De 4. Juni 2014 huet d'Chamber e Gesetz gestëmmt, fir déi éischt Phas vum Tram ze finanzéieren. Den 18. September 2015 ass den éischte Steen, de Grondstee vum neien Tramsschapp geluecht ginn. Den 9. Februar 2017 ass den éischten Tram vu Saragossa zu Lëtzebuerg ukomm. A virgëschter, den 21. Mäerz 2017 ass den éischte Funiculaire zu Lëtzebuerg agetraff, deen den Tram an enger nächster Phas da wäert mam Pafendall verbannen.

Eng weider Etapp an dëser laanger Geschicht ass dee Chantier, deen net gemittlech ass, deen awer onëmgänglech ass, fir datt den Tram duerch d'Stad ka fueren. Op wéi enger Streck déi éischt Faart wäert stattfannen, ass scho bekannt. Et ass d'Streck tëschent der Luxexpo an der Rouder Bréck, déi bis Enn des Joers a Betrib soll goen, jiddefalls den offiziellen Informatiounen no, grad wéi och d'Verbindung erof an de Pafendall, mam Funiculaire wuelgemierkt.

Manner bekannt ass awer, wéi et duerno weidergeet a virun allem, wéi séier datt et duerno weidergeet, éischtens a Richtung Gare, wou mir vun Iech wéilte wëssen, Här Minister, wéi déi Zäitschinn ausgesäit, an zweetens dann a Richtung Bouneweg, Houwald a Cloche d'Or respektiv a Richtung Héienhaff, als zweet Phas vum Projet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir soen et scho ganz laang: De Schlëssel vum Erfolleg vum Tram ass a bleift fir eis d'Vitesse, mat där de ganze Projet an net just e Stéck vum Projet ëmgesat gëtt. Dowéinst si mir frou, datt de Regierungsprogramm vun 2013-2018 net nëmme virgesäit, déi éischt Phas vum Tram integral ëmzesetzen, sou wéi dat och vum fréieren Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler geplangt war; mir sinn nach méi frou, datt de Regierungsprogramm och virgesäit, déi zweet Phas ze akzeleréieren an net bis 2030 ze waarden, wéi dat urspréinglech geduecht war.

Här President, fir dës Noutwendegkeet ze ënnersträichen, huet d'Chamber de 4. Juni 2014 beim Vott vum Gesetz eng Motioun ugeholl, wou se d'Regierung opgefuerdert huet, déi zweet Phas ze akzeleréieren, déi néideg Etüden ze realiséieren an esou séier wéi méiglech e Finanzéierungsgesetz fir déi zweet Phas op den Dësch ze leeën.

Leider hunn d'Kolleege vun der CSV déi Motioun net matgestëmmt, mä si hunn dergéint gestëmmt. Si waren der Meenung, datt eng Akzeleratioun zu deem Moment net sënnvoll wier. Ech zitéieren den Här Wiseler: „wou enorm Dépensen (…) op eis zoukommen an ech et net als sënnvoll oder net als méiglech empfannen, dat alles gemeinsam ze finanzéieren, a mer och net ka virstellen, datt elo aner Projete kéinten ewechgelooss ginn an deem ganze Finanzvolumen, dee muss fir dat Mobilitéitskonzept an deenen nächste Joren opbruecht ginn. Aus deem Grond mengen ech, datt mer déi hei Motioun net kënne stëmmen." Sou de Claude Wiseler am Joer 2014.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Ofwierhaltung vun der CSV hu mir deemools bedauert a mir hu se och net richteg verstanen. Ëmsou méi, well mir alleguer zesummen zur Konklusioun komm waren, datt eng Verspéidung vun iwwer zwanzeg Joer eigentlech déck duergeet...

Une voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- ...an datt e grousse Retard opzehuelen ass an datt et an Zukunft muss drëms goen, der Entwécklung standzehalen.

Ech zitéieren den Här Wiseler nach eemol, deen dozou gesot huet: „...datt en fin de compte déi Perspektiven, (…) déi s de (…) ze léisen hues, déi Froen, déi s de der ze stellen hues an ze léisen hues, an deemselwechte Rhythmus wäerte weidergoen."

Als Gréng ware mir schonn deemools iwwerzeegt a mir sinn et och nach haut, datt all weidere Retard, deen eist Land am Beräich vum ëffentlechen Transport kritt, eis en fin de compte méi deier gëtt wéi all Investissement, wat an den ëffentlechen Transport, inklusiv an den Tram, fléisst,...

Une voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- ...deier a puncto Liewensqualitéit, Loftqualitéit a Gesondheet, mä och deier um Niveau vun der Kompetitivitéit an um Niveau vun der Attraktivitéit vun eisem Land. Net fir näischt ass Lëtzebuerg kierzlech am europäesche Ranking vun der Liewensqualitéit an de Stied vun der 21. Plaz op déi 23. Plaz ofgerëtscht, wärend Stied mat engem performanten ëffentlechen Transport a mat enger gutt entwéckelter Mobilité douce ganz uewen um Podium stinn. Ech zitéiere Wien an Zürich, fir nëmmen déi ze nennen.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi zügeg d'Tramslinnen ausgebaut ginn a wéi zügeg d'Liewensqualitéit an eisem Land verbessert gëtt, ass keng Fro vu Finanzvolumen. Et ass eenzeg an eleng eng Fro vu politeschem Courage a vu politesche Prioritéiten. Dowéinst hoffe mir haut, datt och d'Kolleege vun der CSV d'Akzeleratioun vun der zweeter Phas ënnerstëtzen an net méi wëlle waarde bis 2030. A mir hoffen, datt si sech och mat der drëtter Phas kënnen ufrënnen.

Natierlech bedeit esou ee Megaprojet eng gutt Planifikatioun. An et ass do, wou ech dem Här Minister haut e puer Froe wéilt stellen.

Éischtens, ass den Tracé vun der zweeter Phas schonn definéiert ginn? A wou verleeft en, de Fall gesat? Zweetens dann, wéi gesäit et mat den Terrains- a Proprietéitsverhältnisser op deem Tracé aus?

Wéi gesäit et aus mat der Zesummenaarbecht tëschent Iech, Här Minister, an der Stad Lëtzebuerg respektiv och de Randgemengen, déi haaptsächlech vun der drëtter Phas wäerte betraff ginn?

Véiertens, ass de Finanzéierungsmodus, dat heescht d'Opdeelung vun de Käschte fir déi zweet Phas, schonn definéiert? Bei der éischter Phas war et jo esou, datt de Stat zwee Drëttel gedroen huet an d'Stad Lëtzebuerg deen aneren Drëttel, wou ee muss wëssen, datt dat dës Kéier nach eng Kéier muss diskutéiert ginn.

An zum Schluss déi wichtegst Fro: Wéini ass mam Finanzéierungsgesetz fir déi zweet Phas ze rechnen? Mir steieren ëmmerhin op 2018 zou.

Här President, ofschléissend kommen ech nach kuerz op déi éischt Phas zréck, déi amgaangen ass realiséiert ze ginn. Am Joer 2014, mä och scho laang virdrun, ass jo vill vum negativen Impakt geschwat ginn, deen de Chantier op d'Geschäftswelt an der Stad kéint hunn. An deem Kontext war virgesinn, e Comité de suivi op d'Been ze stellen a gemeinsam no Léisungen ze sichen, fir déi kommerziell Defiziter a Grenzen ze halen. Eis géif et haut interesséieren, wéi déi Diskussioune verlaf sinn a wéi eng Léisungen an deem Kontext och fonnt gi sinn.

Eng aner Fro betrëfft d'Kompenséierungsmoossnamen, iwwert déi scho relativ vill ze liese war. Mä mir wéilten awer e puer Wierder vun Iech doriwwer gewuer ginn.

An dann e leschte Punkt betrëfft nach Projeten, déi queesch duerch d'Land geplangt sinn, fir d'Mobilitéit net just an der Stad a ronderëm, mä iwwerall ze verbesseren. Evidenterweis geet et jo net duer, den Tram ze bauen an dann ze mengen, d'Welt wier duerno an Uerdnung. Wa mir wierklech wëllen,...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat kënnt Der haart soen!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- ...datt den ëffentlechen Transport...

Ech soen et ganz haart!

...datt den ëffentlechen Transport an d'Mobilité douce d'Prioritéit an eisem Land kréien, a wa mir wëllen, datt eng gutt Vernetzung vun alle Verkéiersmëttel stattfënnt, da mussen nach ganz vill aner Projete realiséiert an och finanzéiert ginn.

Duerfir meng Froen un Iech, Här Minister, ob all déi aner grouss Projeten, déi am MoDu virgesi waren, am geplangten Timing oflafen an ob net awer deen een oder anere Projet riskéiert gestrach oder retardéiert ze ginn, wann de Projet vum Tram beschleunegt gëtt, sou wéi d'Kolleege vun der CSV dat an der Debatt vun 2014 gefaart haten.

Mir hoffen net a mir sinn zouversiichtlech. Mir hoffe villméi, datt nach zousätzlech Projeten derbäikommen an datt och déi finanzéiert ginn.

Domat soen ech Iech am Viraus Merci fir Är Äntwerten, Här Minister, an Iech, déi Der heibanne sidd, Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Lorsché. An éischte Riedner ass den Här Serge Wilmes.

Débat

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Här President, villmools Merci. Merci och der grénger Fraktioun, datt se déi Aktualitéitsstonn hei gefrot huet. Déi Aktualitéitsstonn heescht „Evolutioun vum Projet Tram". D'Madamm Lorsché huet awer elo méi vun der Vergaangenheet geschwat wéi u sech vun der Zukunft, well si huet nees zréckgekuckt op d'Joer 2014, eng Debatt, déi längst eriwwer ass a wou se dann den Här Wiseler zitéiert huet, dee leider...

(Interruption)

...haut net do ass. Mä dat ass awer kee Problem, well ech hunn och nach eng Kéier nogekuckt, wat den Här Wiseler deemools gesot huet. A wann Der e schonn zitéiert, mengen ech, da géift Der gutt drun doen, e ganz ze zitéieren, well en huet näämlech ganz kloer gesot, Madamm Lorsché,...

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

...datt et fir eis géif… Här President!

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

Jo, dann erklären ech Iech och elo, firwat. Dat steet och alles am Compte rendu dran. Wann ee sech géif d'Méi maachen, dat ganz ze liesen, net just déi Passagen erauszehuelen, déi engem gefalen, da géif een dat och mierken.

(Brouhaha général)

An ech soen Iech dowéinst, Madamm Lorsché,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà!

M. Serge Wilmes *(CSV).*- ...wann Der mech vläicht ausschwätze loosst, wat den Här Wiseler gesot huet, obwuel en net do ass. En hätt dat wahrscheinlech och besser selwer kënne maachen. Ech maachen et awer trotzdeem fir mäi Fraktiounspresident.

An zwar huet e gesot gehat, et géif fir hien a fir eis als CSV och Sënn maachen, d'Etappe weiderzemaachen. Mä en huet d'Fro gestallt vun der Finanzéierung! An dat ware wichteg Froen deemools, déi net gekläert waren zu deem Moment, well den Tram fiert jo net eleng just nëmmen iwwert den Territoire vun der Stad a gëtt och net eleng nëmme vun dem Stat bezuelt, mä et ass eng Bedeelegung derbäi vun der Stad Lëtzebuerg an deem éischte Projet. An déi Extensiounen, déi lafen nach iwwer anere Gemengen hiren Territoire, iwwer Nidderaanwen op Hesper, vläicht eng Kéier Richtung Leideleng.

An en huet just do d'Fro gestallt, deemools, wéi dat da gekläert wär mat deene Gemengen, inklusiv och nach eng Kéier mat der Stad Lëtzebuerg, well d'Extensioun jo och nach Richtung Ban de Gasperich geet. Dat huet en deemools gesot. An deemools huet e gesot gehat, soulaang déi Froe fir eis net gekläert wären, géife mer dobäi skeptesch bleiwen. An en plus huet en et an e gréissere Kontext gestallt gehat vun nach deenen anere Projeten, déi derbäikommen, näämlech den Ausbau nach vun der Tramsstreck Richtung Beetebuerg, den Arrêt Pont Rouge. En huet dat gesot an an e globale Kontext gestallt, wou e gesot huet, et wär en décke Batz Suen, an do just d'Fro gestallt huet, ob dat alles an deem Moment esou séier realiséierbar wär.

(Interruption)

En huet awer net am Grond a Fro gestallt, datt…

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift! Just den Här Wilmes huet d'Wuert.

M. Serge Wilmes *(CSV).*- …géif de Projet vun eis net ënnerstëtzt ginn! Well Dir kënnt - mir hunn hei virdru vun der Akrobatie geschwat - net permanent déi Akrobatie maachen, datt Der op där enger Säit dem Här Wiseler felicitéiert, datt hien et gewiescht wär, deen e Referenzkader mam MoDu gesat hätt fir déi ganz Mobilitéit am Land an dee wesentlech - an dat huet en - gehollef hätt, fir den Tram op d'Schinnen ze bréngen, an op där anerer Säit em dann déi ganzen Zäit erëm soen, mir wären awer skeptesch, mir hätten deen Tram net ënnerstëtzt. Mir ënnerstëtzen en, mir stinn dozou a mir hate just e puer Froe gestallt!

An da géif ech gären zu menge Froe kommen iwwert d'Zukunft, well dorëms geet et an dëser Aktualitéitsstonn, net ëm d'Vergaangenheet, wat Der awer gäre kënnt maachen. Mir beschäftegen eis awer gär mat der Zukunft. An zwar géif ech gär dem Transportminister déi heite Froe stellen:

Konkret, wéi geet et dann elo weider mat deem wichtege Projet, deen duerno nach kënnt, näämlech deen Tronçon, wou mer jo da vum Kierchbierg oder vum Glacis, besser gesot, fuere bis erof op d'Gare an dann nach eng Kéier weider, dee sensibelsten Deel jo u sech, wann et duerch d'Stad geet? Wéi ass do vun Iech aus geplangt, dee Projet do ze realiséieren? Dat heescht, wéi ass do d'Kommunikatioun? Wéi ass do och d'Koordinatioun mat der Stad Lëtzebuerg gemaach? A wéi ginn och do déi Leit informéiert, déi dovunner concernéiert sinn, dat heescht, déi laanscht den Tram do wunne respektiv hir Butteker hunn?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat ass no de Wahlen.

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Dann ass et jo och esou, datt eng Konventioun ënnerschriwwe gi war mat de Geschäftsleit, mat dem Geschäftsverband vun der Stad Lëtzebuerg, fir ze kucken, déi negativ Konsequenzen, déi vun hinne gefaart ginn, op e Minimum ze reduzéieren. Kënnt Der eis nach eng Kéier soen, wat do virgesinn ass an där Kompensatioun?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- No de Wahlen.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Madamm Loschetter, ech hunn dem Här Transportminister déi Fro gestallt. Dir sidd jo am Schäfferot, Dir wësst, mengen ech, wat do ënnerschriwwe ginn ass, mä meng Fro riicht sech awer un den Här Minister.

Dann nach en zweete Punkt: Den Tram ass jo net nëmmen e Projet vun engem Transportmëttel, mä et gëtt jo och e groussen Impakt op déi ganz Urbaniséierung vun der Stad. Dat heescht, et ass och en Urbaniséierungsprojet. Do wäerte jo grouss Amenagementer kommen, och vun den ëffentleche Plazen. Kënnt Der eis do eng Kéier soen, wat do geplangt ass vun deene Plazen an der Stad a wéi eng Konzepter datt do ausgeschafft gi sinn, an ob och do déi Leit, déi do wunnen a concernéiert sinn, matagebonne gi sinn.

An dann hunn ech nach en drëtte Punkt, an zwar: De Park & Ride op der Kockelscheier, deen ass am Moment fir 2.000 Autoen ausgeluecht. Mir hu wëlles, och an der Gemeng nach eng Motioun ze deposéieren, fir ze froen, ob et net sënnvoll gewiescht wär, do direkt op 4.000 ze goen. Mä Dir kënnt jo eng Kéier erklären, firwat datt der do 2.000 virgesi ginn.

An dann nach en allerleschte Punkt: Wéi ass et mat de Gare-périphériquen, déi nach zu Hollerech respektiv zu Zéisseng geplangt sinn?

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci der Madamm Lorsché fir dës Heure d'actualité. Ech wollt dem Här Wilmes soen, dass déi Motioun, déi seng Kolleegen, déi am Stater Gemengerot gewielt gi sinn, erabréngen, grad am Contraire ass vun deem, wat am Här Wiseler sengem MoDu-Konzept steet, well d'Park-&-Ridë sollen esou wäit wéi méiglech vun den Zentren ewech sinn. Mä do kréie mer jo op enger anerer Plaz d'Geleeënheet, driwwer ze diskutéieren.

Fir d'LSAP-Fraktioun ass den Ausbau vum ëffentlechen Transport säit Jorzéngten eng Prioritéit. A säit uganks den 90er Jore ware mir Sozialisten dervun iwwerzeegt, dass ee fir d'Stad an och fir ronderëm d'Stad en neit, schinnegebonnent Transportmëttel brauch. Zesumme mat menge Parteikolleeginnen a -kolleegen hu mir derfir gekämpft! déi gréng waren och vun Ufank un op där Schinn.

Et ass schued, dass mer iwwer zéng Joer verluer hunn, fir all Parteien, déi Responsabilitéit hei an der Chamber, an der Regierung haten, an och d'Parteien, déi Responsabilitéiten um Knuedler hunn an haten, op e gemeinsamen Nenner ze kréien. D'Politique politicienne a Streidereie waren dorunner schold. Déi eng hu Bussen an der Neier Avenue uneneestrécke gelooss, an déi aner hunn um Knuedler eppes aneschters gepriedegt, wéi se hei um...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wie war dat dann?

M. Marc Angel *(LSAP).*- Déi aner hunn hei um Krautmaart eppes aneschters gepriedegt, wéi se um Knuedler gepriedegt hunn,...

(Brouhaha)

Une voix.- Waart Dir de Mëtten zesummen iessen?

M. Marc Angel *(LSAP).*- ...bis dunn endlech Mëtt den 2000er Joren de klore Mënscheverstand gesiigt huet. A firwat huet de klore Mënscheverstand gesiigt? Ma well mer gesinn hunn, dass mat deenen Dausende Leit, déi all moies mam Zuch op der Gare an zweestäckegen Zich ukommen, d'städtesch Bussen an aner Bussen dat net méi gepackt hunn, fir déi Leit duerch d'Stad ze verdeelen, an där polyzentrescher Stad, déi mer nun eben hunn.

An et ass och agesi ginn, dass ganz vill Leit mam Zuch laanscht hir Aarbechtsplaz fueren, d'Gebai, dat se aus dem Zuch eraus gesinn op der Cloche d'Or, dem Ban de Gasperich oder, wa se aus enger anerer Richtung kommen, dem Kierchbierg. Da gi se an der Stad erausgelooss a musse mam Bus erëm dee Wee zréckfueren, wou se laanschtgefuer sinn.

An dofir, mengen ech, ass et esou wichteg, dass mer den Tram kréien, dee zesumme mat deene Gare-périphériquen eng wichteg Roll spillt an och mat deenen anere Mesuren, déi an deene verschiddene Mobilitéitsstrategien - MoDu war déi lescht - virgesi ginn. D'Park-&-Ridë wann ech gelift esou wäit wéi méiglech ewech vum Zentrum, well et ass jo pervers, dass d'Leit den Auto huelen, fir mam Auto am Stau bis bei e Park & Ride ze kommen, an dann déi kleng Streck ëffentlech fueren. Et muss ëmgekéiert sinn: ...

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Marc Angel *(LSAP).*- ...schnell a praktesch mam Auto op e Park & Ride kommen, fir da mam ëffentlechen Transport schnell a confortabel op seng Aarbechtsplaz ze kommen.

Fir d'LSAP ass et och ganz wichteg, dass d'Kapital vu LuxTram zu 100% an ëffentlecher Hand ass: zwee Drëttel Stat an een Drëttel Stad Lëtzebuerg. Mir sinn och frou, dass do keng Privatinvestore matschwätzen.

Natierlech ass den Tram eleng gekuckt kee Wonnermëttel, mä et ass d'Kombinatioun vun all deene Moossnamen, vun de Gare-périphériquen, déi ech elo grad opgezielt hunn, déi wichteg sinn.

D'LSAP begréisst et, dass d'Regierung fläisseg un de Pläng schafft, fir den Tram ze erweideren a Richtung Houwald, Ban de Gasperich. Dat ensprécht effektiv deene Fuerderungen an där Motioun, déi vun der DP, LSAP a vun deene Gréngen am Juni 2014 virgeluecht gouf. Dat entsprécht total deene Pläng. Doduerch kann och deen neie Stadion, dee mer viru Kuerzem gestëmmt hunn, ugebonne ginn un den Tram. Et ass effektiv schued, dass d'CSV déi Motioun deemools net matgedroen huet.

Ech wëll op d'Äntwert op eng Question parlementaire vu mengem Kolleeg Roger Negri agoen, dee gefrot huet... An dem Plan sectoriel war jo och déi Extensioun Leideleng-Bartreng an dann déi iwwert d'Stäreplaz-Stroossen-Tossebierg bis op Mamer dran. An ech hu mech gefreet a mir si frou, dass an der Äntwert vum Minister steet, dass och am neie Projet vum Plan sectoriel dës zwou Linnen, Leideleng an eng Linn bis op Mamer, drastinn.

Ech freeë mech och, dass d'Aarbechte viruginn um Kierchbierg, dass déi zwou wichteg Brécke prett sinn, fir den Tram ze kréien. An ech freeë

mech och, dass dee Comité d'accompagnement gutt fonctionnéiert huet um Kierchbierg mat den Awunner a mat de professionelle Riverainen. Ech hunn nach haut mat der Union commerciale telefonéiert. Si hu gefrot, fir dass elo nach méi intensiv soll geschafft ginn, wann d'Bauaarbechten an den Zentrum vun der Stad, Nei Avenue an och Boulevard Royal, réckelen.

Ech wollt awer nach op ee Punkt agoen, dat ass fir eis e klenge Bemoll, fir d'Sozialisten: Dat ass, dass leider decidéiert ginn ass vun der Stad Lëtzebuerg a vum Stat zesumme mat LuxTram, de Projet vum Laureat vum Architekturconcours vun 2009, engem renomméierte Londoner Architekturbüro, fir dass de Mobilier urbain vun den Tramsstatiounen, den Éclairage public an eis urban Landschaft ugepasst kënne ginn, dass decidéiert ginn ass, dee Projet falen ze loossen.

(Interruption)

Ech krut als Äntwert, dass dee Projet a groussen Deeler duerch déi Oberleitungen, déi virgesi waren an déi jo elo net méi sinn, dass deen dofir net méi esou gutt war. En ass zréckgezu ginn. Dat kann ee bedaueren.

Et koum dunn zu enger neier Ausschreiwung fir de Mobilier urbain an déi derzougehéierend Régie publicitaire. A wann ech richteg informéiert sinn, huet eng kleng franséisch Firma mam Numm „mobilConcepts" am Partenariat zesumme mat IP, enger Lëtzebuerger Firma, Här Reding, déi zum RTL Group gehéiert, déi Ausschreiwung gewonnen. Dofir hoffen ech, dass et net zu den «solutions bricolées pour l'insertion urbaine du tram» kënnt, esou wéi d'Josée Hansen dat an engem gudden „Land"-Artikel am August 2016 geschriwwen huet!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir misst zur Konklusioun kommen, Här Angel.

M. Marc Angel *(LSAP).*- An ech schléisse mech natierlech de Froe vun der Madamm Lorsché un. Si huet déi richteg Froe gestallt. An ech sinn och gespaant an ech freeë mech op d'Äntwert vum Här Minister.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et gëtt u sech zwou Saachen, wou d'Lëtzebuerger sech jo nawell gären driwwer opreegen: Déi eng ass iwwert d'Wieder an déi aner ass iwwert de Stroosseverkéier. E Stroosseverkéier effektiv, deen an deene leschte Joren extrem...

(Interruption)

...Moossen ugeholl huet: An de Stau ass omnipräsent, et kann ee soe bal 24 Stonnen. Virun allem an de Spëtzestonne sinn eis Haaptachsen, d'Autobunnen, och aner Haaptstroossen, immens iwwerlaascht, soudatt et evident war, datt d'Politik huet misse reagéieren. Besonnesch ënnert dëser Regierung si jo u sech do wichteg Akzenter gesat ginn. An et war och fir eis als Demokratesch Partei evident, datt mir de Projet Tram géife mat ënnerstëtzen.

Ech maache keen Heel draus, datt d'DP sech länger Zäit vläicht méi schwéier mat deem Projet gedoen huet, dat och aus berechtegte Grënn. Haut gesäit ee selbstverständlech an, datt och eng modern Stad net méi ouni en Tram kann auskommen. An et ass evident, datt mir och dat Gesetz de 4. Juni 2014 gestëmmt hunn.

Haut gëtt engem elo d'Méiglechkeet gebueden, eng Rei Froen ze stellen, déi natierlech hei scho vun de Virriedner och deementspriechend ënnerbreet goufen. Duerfir ass et och interessant, datt déi Heure d'actualité hei vun deene grénge Kolleegen ugefrot ginn ass, wat engem och erlaabt, sech vläicht zu dësem Zäitpunkt e bësselche méi intensiv mat dem Projet Tram auserneenzesetzen, wou ee jo och mierkt, datt e lues a lues konkret Formen unhëlt, wann ee gesäit, wéi dee Chantier do wiisst a wiisst a wéi en u sech och, mengen ech op alle Fall, ganz séier an effikass sech entwéckelt. Besonnesch, wann een elo iwwert de Kierchbierg fiert an et kënnt een iwwert d'Rout Bréck eran, da gesäit een, datt sech do ganz villes um Terrain awer deet.

Den Tram wäert natierlech net nëmmen um Niveau vun der Transportpolitik nei Akzenter setzen, mä dréit och dozou bäi, datt dat urbaant Bild vun der Stad zu engem gudden Deel ännert. An den Tram wäert natierlech och zu engem gudden Deel dozou bäidroen, datt och zousätzlech Aarbechtsplaze geschafe ginn.

Duerfir, wéi gesot, erlaabt mir, och nach e puer Froen hei ze stellen. Ech wëll och nach eng Kéier op déi ominös Motioun dann zréckkommen, déi deemools net nëmme vun der CSV net gestëmmt gi war, mä och vun der ADR, dat muss och vläicht nach eng Kéier hei rappeléiert ginn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat ass jo selbstverständlech.

M. Gusty Graas *(DP).*- Dat war och manner eng Iwwerraschung. Datt d'CSV se net gestëmmt huet, am Réckbléck muss ee sech effektiv do munch Froe stellen!

Haut ass natierlech déi kruzial Fro, déi een hei dem Minister ënnerbreede muss: Wou leien elo déi zukünfteg Prioritéiten?

Ech wëll hei och nach eng Kéier un d'Ausféierungen erënneren, déi meng Fraktiounskolleegin a Stater Buergermeeschtesch, d'Madamm Lydie Polfer, de 4. Juni 2014 hei op der Tribün gemaach huet, wou se e ganz kloert Bekenntnis net nëmmen zum Tram elo gemaach huet, mä och schonn deemools gesot huet, datt et wichteg wier, datt eng Rei vun Extensioune kéimen, sief dat wéi gesot Richtung Cloche d'Or, sief dat Richtung Hollerech, Porte de Hollerich virun allem, a sief dat den Héienhaff. Wann ech dat nach gutt an Erënnerung hunn, war dat eng vun den Haaptprioritéiten, déi deemools hei vun der Madamm Polfer ënnerbreet gi sinn.

Ee wesentleche Punkt, deen och hei schonn ugeschnidde ginn ass, dat ass de Kontakt, deen natierlech och muss mat der Geschäftswelt gefleegt ginn. Et weess een dat selwer aus vläicht méi bescheidener Erfahrung, datt dat ëmmer ganz delikat Diskussioune sinn, wa grouss Chantiere sinn, déi en direkten Impakt op d'Geschäftswelt hunn.

Déi aner Fro, déi een och hei muss stellen, ass: Wat sinn dann déi zukünfteg Ausriichtunge vum Gesamtkonzept vum Plang? Fuere mer a Richtung Leideleng, wéi gesot? Fuere mer a Richtung Mamer?

Wa mer natierlech iwwert den Tram hei schwätzen, dann däerfe mer dat net isoléiert gesinn. Den Tram ass ee Maillon, kann ee soen, vun engem gesamte Verkéierskonzept, wat jo och lues a lues ëmmer méi Konturen unhëlt. Den Haaptproblem kréie mer mat Sécherheet doduerch net geléist. Mir wäerte méi e Flux zwar duerch d'Stad kréien, mä den Zoustroum zur Stad wäert domadder net direkt ofhuelen. Mir mussen also weiderhin derfir suergen, datt mer besonnesch op de Grenzen d'Grenzgänger opfänken a se iwwert de Wee vu Park-&-Riden an da mëttels Busse kënne méi an d'Stad respektiv op aner Plazen drainéieren.

Ech wollt awer och nach eng kuerz Fro iwwert d'Kompensatiounsmoossnamen hei stellen. Ech mengen, dat ass eng Fro, déi net onwesentlech ass. Leider muss ee jo soen, datt duerch d'Infrastrukturen och mussen eng Rei Beem dru gleewen. Dat ass nun eben esou. Ech weess awer, datt do Efforte gemaach ginn, fir Kompensatiounsmoossnamen ze maachen. Vläicht kann eis de Minister do informéieren, wéi wäit datt mer do dru sinn.

Jiddefalls, ech wëll mech och net hei an d'Diskussioun amëschen, wéi den Tram an Zukunft soll heeschen. Do si jo aner Leit, déi sech do de Moment vill Gedanke maachen. Et ass jo eng flott Diskussioun och.

An ofschléissend nach eng Kéier d'Bekenntnis vun der Demokratescher Partei fir de Projet Tram, an der Hoffnung, datt en, wéi gesot, net nëmmen an dëser Phas elo zügeg ëmgesat gëtt, mä datt e kloert Konzept ausgeschafft gëtt, fir datt och déi zweet, drëtt oder soss Phasen nach kënnen esou séier wéi méiglech hei d'Chamber passéieren an och esou séier wéi méiglech da kënnen attackéiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Graas. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleegen, genau wéi de Gusty Graas e kloert Bekenntnis zum Tram bruecht huet, bréngen ech dann dat kloert Netbekenntnis vun der ADR zum Tram oder eis Oppositioun zum Tram.

Et gëtt ganz vill modern Stied, Här Graas, déi ouni Tram auskommen. Ech zitéieren hei nëmme Paräis a London, fir emol déi ze nennen, wou mer am noosten dobäi sinn.

(Interruptions et brouhaha général)

Ben, zumindest an der City.

Datt den Tracé vum Tram ëmmer méi erweidert gëtt, gëtt eis an eiser Positioun als ADR fundamental recht! Souguer d'Mobilitéitsschäffin vun der Stad Lëtzebuerg huet missen am „Background" zouginn, datt den Tram de Problem net léist. Quod erat demonstrandum,...

(Interruption)

...oder wéi eis franséisch Frënn soen, ce qu'il fallait démontrer! Richteg ass, fir méiglechst vill Leit…

(Interruptions)

…méiglechst wäit vun der Stad ewech...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Komerodinnen, Kolleegen,…

(Hilarité)

Une voix.- Dat ass fir den nächste Sonndeg!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass fir den nächste Sonnden, jo!

Kolleeginnen a Kolleegen, och wann Der net mat eppes d'accord sidd: nolauschteren! Wann ech gelift!

M. Roy Reding *(ADR).*- Ech soen Iech Merci, Här President. Richteg ass, fir méiglechst vill Pendler méiglechst wäit vun der Stad ewech opzehuelen a mam ëffentlechen Transport an d'Stad ze kréien. A genau dat hätt eise Projet vum City-Tunnel bruecht: Pendler schonn am Grenzgebitt oder iwwert d'Grenzgebitt ewech an den ëffentlechen Transport bréngen an dann an der Stad do erausklamme loossen, wou se himussen, anstatt datt se mussen ëmklammen op d'Tramsschinnen.

Elo schonns si ganz vill Leit mam Bau vun deem Tram, fir et emol op Stater ze soen: „passablement emmerdéiert", mä dat déckt Enn kënnt eréischt, wann dee Schantje bis d'Nei Avenue, d'Stäreplaz, d'Avenue Emile Reuter an esou weider betrëfft.

Dir kënnt sécher sinn, datt dat virun de Gemengewahlen net geschitt. Mä déi, déi sech wëllen e Bild maachen, kënne jo elo schonn…

(Interruption)

…op Weimeschhaff zum Beispill kucke goen.

E weidere Virdeel vun eisem Projet vum City-Tunnel wier ebe just gewiescht, fir de Schantjen ënnert der Stad ze hunn, mat wesentlech manner Nuisancen uewen an natierlech am Endeffekt wesentlech méi Plaz am ëffentleche Stroosseraum fir Autoen, awer och fir Bussen, Vëloen a virun allem fir d'Leit.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).*- Den Här Gibéryen huet schonns hei gesot, wat mir als ADR dovun halen, datt bei LuxTram déi franséisch Sprooch als „operationell" Sprooch festgehale gouf. D'Argumentatioun, well aktuell Reglementer, Autorisatiounen op Franséisch geschriwwe sinn, duerfir misst een do franséischsproocheg Mataarbechter hunn, ass ganz einfach falsch! All Reglementer zu Lëtzebuerg sinn op Franséisch, all Autorisatioune sinn op Franséisch, da misst een op all eenzelnem Emploi froen, datt ee muss kënne Franséisch schwätzen.

Mir wëlle weder mat Tramschaufferen nach mat Sécherheetsbeamten um Findel Franséisch schwätze mussen!

D'Madamm Loschetter huet hei virdrun en Tëscheruff gemaach. An ech weess net, ob all Mënsch en héieren huet. Ech widderhuelen en: „All Hännes léiert Franséisch an der Schoul."

Abee, mir als ADR halen op eng Chance fir all déi „Hännessen", déi kee Franséisch an der Schoul geléiert hunn! A mir sinn iwwerzeegt, datt se eng exzellent Aarbecht kéinte maachen a staatleche Betriber, a Gemengebetriber, an, Här Bausch, och, wann d'Käschten dovunner wieren, fir spuenesch Manuels d'utilisation op Däitsch anstatt op Franséisch ze iwwersetzen!

Merci.

(Interruptions)

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Firwat op Däitsch an net op Lëtzebuergesch? Dat verstinn ech net!

Une voix.- Jo! Mir hätte se gär op Lëtzebuergesch.

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et wëllt kee méi!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Schinn ass fräi fir Iech, Här Minister.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Elo ginn d'Saachen emol erëm op d'Schinn gesat.

(Interruption par M. Alex Bodry)

Setzt eis alles emol erëm op d'Schinn, Här Minister!

(Interruption)

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President, fir all déi Bäiträg, déi zum Thema geschwat hunn. A Merci besonnesch der Madamm Lorsché, fir d'Initiativ geholl ze hunn, fir déi Heure d'actualité unzefroen. Dat erlaabt mer effektiv, eng Rei Präzisiounen ze ginn doriwwer, wou mer dru sinn.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat arrangéiert lech.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Et arrangéiert mech e bëssen, dat ginn ech gär zou, Här Bodry.

Ech wëll och net méi op d'Vergaangenheet agoen. Ech wëll just dozou zwee Sätz soen.

Wësst Der, Madamm Lorsché, Dir hutt en Historique gemaach an et wär villes dozou ze soen, de part et d'autre, wat och dertëschent elo hei kommentéiert ginn ass. Mä ech erspuere mer dat, well souwisou bei esou engem Projet wéi deem heiten, vu datt ech dee laang begleet hunn op deene verschiddensten Instanzen, ass et ëmmer esou, datt, soulaang wéi jiddweree mengt, datt de Projet en Echec gëtt, soulaang ass et esou, datt jiddwereen dergéint ass. A wann dann de Projet op eemol zum Succès gëtt, da fënnt en herno méi Leit, déi e wollte bauen oder gebaut hunn oder hätte kënne bauen, wéi jeemools virdrun der dergéint waren. Dat ass esou. An domadder hunn ech mech längstens offonnt virdrun. Mä dat ass och net dramatesch.

Ech si frou, wann d'Leit hir Meenungen änneren. Ech si frou, wann d'Leit agesinn, datt e Projet zu engem Succès gëtt. An ech sinn iwerzeegt, datt dee Projet e Succès wäert ginn.

Elo awer zum Konkreten. Mir si bis elo ganz gutt weiderkomm mam Projet. Mir sinn och am Budget, dat heescht, mir sinn am Timing, mir sinn am Budget. Ech kommen nach op de Budget ze schwätzen.

Dir kënnt Iech erënneren, datt ech decidéiert hat oder respektiv d'Regierung decidéiert hat, zesumme mat der Stad Lëtzebuerg - well et ass jo e gemeinsame Projet, d'Stad Lëtzebuerg mat dem Stat -, wéi mer de Projet ugaange sinn, eppes Wesentleches ze änneren. An zwar, wat hu mer geännert? Mir hunn, éischtens emol, natierlech derfir gesuergt, sougutt an der Gemeng wéi och hei an der Chamber, datt dee Projet sech net reduzéiert op Luxexpo-Gare, mä datt direkt dat Ganzt gebaut gëtt bis op d'Cloche d'Or respektiv iwwert de Findel.

A just nëmmen eng kleng Remarque: Stellt Iech emol nëmmen haut eng Sekonn vir, dat wär deemools net esou decidéiert ginn, dat heescht, ech hätt net den Optrag kritt, fir dorunner weiderzeschaffen, un deem Projet, mat deem, wat elo do gebaut gëtt op der Cloche d'Or, dat jo 2019 opgeet, wou mer jo elo schonn een, zwee Joer mat Verspéidung wäerte mam Tram, mat den Infrastrukturen dohinnerkommen!

Mä stellt Iech nëmmen eng Sekonn vir, mir géifen eréischt duerno ufänken, dat Ganzt ze plangen, zu wat fir engem Chaos datt dat wahrscheinlech an deem Eck do vun der Stad géif féieren!

Mir hunn duerfir awer och decidéiert, well mer de Projet séier wollte weiderkréien an och séier wollten un d'Rulle kréien, datt mer das Ganzt inverséierten. Dat heescht, ursprénglech war jo virgesinn, datt sollt op der Gare ugefaange gi mat bauen an dann erop op de Kierchbierg gefuer ginn. An do hu mer decidéiert zesummen, d'Stad Lëtzebuerg an de Stat, datt mer géife soen: „Majo, firwat fänke mer dann net um Kierchbierg un an da fuere mer Richtung Stad, an da kucke mer och, datt mer deen éischten Deel ebe mam Funiculaire, dee jo och dunn an der Diskussioun war, wou de Projet de loi och 2014 mam Tramsgesetz gestëmmt ginn ass, datt mer déi zwou Saachen zesumme kënnen opmaachen, well dat einfach wichteg ass, datt, wann de Funiculaire bis ukënnt, datt mer dann deementspriechend den Tram schonn do hunn?"! Doropshi sinn d'Aarbechten och esou geplangt ginn an och esou ugelaf. An, wéi gesot, mir komme gutt weider an ech si ganz optimistesch.

An ech wëll iwwregens emol haut dann offiziell den Datum ukënnegen: Den 10. Dezember 2017, also dëst Joer, wäert den Tram opgoen, zesumme mat der Gare Pafendall, zesumme mam Funiculaire an zesumme mam éischten Deel vun der Gare Houwald. Dat heescht, datt een den Accès huet direkt vum Süden erof, fir um Houwald erauszeklamme fir an d'Zone d'activité Houwald. Also, dat ass schonn e gewaltege Sprong, dee mer wäerte maachen am Ausbau vum ëffentlechen Transport am Dezember dëst Joer, wou ganzer véier Infrastrukture matenee wäerten opgoen.

A mir hate jo ëmmer gesot, déi éischt Phas wéilte mer hikréie vun der Luxexpo bis bei d'Gare Pafendall. De Chantier kënnt awer gutt weider, soudatt ech optimistesch sinn, datt mer

et wäerte packen, souguer bis op de Glacis ze kommen. Dat heescht, datt mer souguer schonn den Zentrum vun der Stad mat ugebonne kréien.

Also, d'Chancë sti ganz gutt, wann elo net eppes Gréisseres dertëschentkënnt an deene leschten zwee Méint bis de Summer, well dat ass haaptsächlech och am Zesummenhang mat deenen Aarbechten, déi ronderëm d'Bréck nach do sinn. Wann déi all normal weiderginn, da packe mer et, da wäerte mer den 10. Dezember, wéi gesot, direkt opmaache bis op de Glacis.

An dann ass natierlech d'Fro gestallt gi vu verschiddenen Deputéierten: „Wéi geet et da wieder?" Ma, de Chantier ass jo schonn amgaangen och, et gëtt jo och scho geschafft an der Stad. Duerfir, wa behaapt gëtt, an der Stad géif eréischt ugefaange gi méi spéit mat schaffen, dat ass Nonsens! Op der Stäreplaz gëtt scho geschafft, laanscht de Kierfecht ginn d'Leitunge scho verluecht. An der Allée Scheffer gëtt scho geschafft. Dat heescht, hannendru leeft den Tracé scho weider. An och do si mer ganz gutt weiderkomm bis elo. A wa beim Chantier do näischt Gréisseres méi dertëschtkënnt, da wäerte mer am Dezember, wéi gesot, deen éischten Deel opmaachen a souguer dann am Fréijoer '18 bis op d'Stäreplaz kommen an dee Pôle d'échange Stäreplaz scho kënnen ubannen, wou jo d'Busse vum Westen derbäikommen, wat dann e weidere Schratt ass.

An da geet et weider vun do...

(Interruption)

An d'Gleiser, jo, leien och. An da geet et weider vun der Stäreplaz direkt hannendru selbstverständlech nom Fréijoer 2018 Richtung Uewerstad, Richtung Gare. An déi nächst Etapp wäert da sinn d'Paräiser Plaz, wou mer direkt wëllen ebe maachen: Stäreplaz-Paräiser Plaz. Well dann hu mer näämlech direkt d'Uewerstad och mat ugebonnen, also den Hamilius, an och quasiment d'Gare, bei der Paräiser Plaz ass ee scho quasi op der Gare. A wann alles normal leeft, wéi den Timing et virgesäit, géif fir den Hierscht 2019 dann och deen Deel schonn opgoen.

Dann natierlech kënnt déi Phas hannendrun. Mir wollten et vermeiden, datt den Tram en Terminus op der Gare kritt, well dat méi komplizéiert gëtt a méi komplizéiert ze organiséieren ass, well ee jo dann natierlech d'Bussen do dann anescht muss organiséieren. Duerfir ass d'Iddi, fir dann direkt vun der Paräiser Plaz Richtung Houwald ze kommen.

An dann ass et natierlech esou, fir vun der Gare selwer Richtung Cloche d'Or ass d'Finanzéierungsgesetz jo awer nach net gestëmmt vun der Chamber. Den APS ass fäerdeg schonn eng länger Zäit. Mir sinn och de Moment an där sougenannter „EIE-Prozedur", dat heescht, de Moment leien d'Dossiere beim Ministère de l'Environnement a beim Ministère de l'Aménagement du territoire, fir datt déi hir Avise kënne ginn. Déi kréien ech Enn Abrëll. An Enn Abrëll gi mer dann an d'Consultation publique am Kader vun der EIE, wéi dat virgesinn ass bei esou engem Projet. An déi dauert zwee Méint. Dat heescht, dat geet da bis Enn Juni. An dann Enn Juni finaliséiere mer den Avant-projet détaillé. Also de Gesetzesprojet, dee wäert dann, wann alles normal geet, am Juli duerch de Regierungsrot goen an da wäert ech deen am Summer och hei deposéieren. Dat heescht, dat betrëfft déi zwou Extensioune vun der Gare op d'Cloche d'Or an awer och vun der Luxexpo bis op de Findel.

(Interruption)

An op d'Fro hin, ob aner Projeten doduerjer verkierzt ginn, ob net genuch Suen do wären, kann ech just soen: Neen! Just de Contraire hu mer gemaach. Mir hunn eng Rei Projeten, déi wichteg sinn natierlech am Zesummenhang mam Tram, a well ëmmer gesot gëtt, den Tram eleng wär keng Léisung - wat richteg ass, an dann ass et jo esou, datt den Tram nëmmen am Zesummenhang mam Zuch a mat aneren Infrastrukture richteg ass -, duerfir hu mer och eng Rei aner Saache beschleunegt.

Zum Beispill den Ausbau vun der Gare Lëtzebuerg, wat en zentraalt Element ass fir d'Capacitéit vum Eisebunnsreseau, hunn ech decidéiert massiv virzezéien, soudatt mer 2018 an 2019 schonn de fënneften an de sechste Quai kënnen a Betrib huelen. Dat heescht, dat war e Projet, dee war virgesinn, soen ech lech, fir no 2023. Deen hu mer fënnef Joer virgezunn…

(Interruption)

…an net d'Projete méi spéit gemaach. Sou och nach eng Rei aner Projeten, déi mer beschleunegt hunn, amplaz se ze bremsen. Dat heescht, et ass näischt gebremst ginn, mä et sinn éischter Projeten no vir gezu ginn, wéi datt der, wéi gesot, gebremst gi wären.

Derbäi koumen eng Rei nei Projeten: Dat ass de Carsharing, dee wäert vun der CFL Enn des Joers lancéiert ginn. Dat ass e Projet, wou mer e Joer schonn dru schaffen. E Projet vum Carpooling, e ganz wichtege Projet, fir datt mer och méi Leit zesummen an en Auto kréien, wa se mam Auto musse fueren, wat d'Stroossen doduerch erliichtert. Dee Projet wäert och Enn des Joers lancéiert ginn. Da kënnt de ganze Bus à haut niveau de service, dee Projet, dee war och net virgesinn. Do si mer an der Planung ganz wäit schonn, och mat de Gemengen zesummen, fir déi zwou Strecken, déi fir de Süde vun eisem Land ganz wichteg sinn.

An da kann ech lech och soen, datt ech bis Enn des Joers oder Ufank d'nächst Joer e ganze Plang virstelle wäert vu Fortsetzungsprojeten, déi een onbedéngt muss maachen, menger Meenung no, an där Dynamik, wou mer elo dra sinn, wa mer wëllen déi Problemer, déi mer hunn an der Mobilitéit, an de Gréff kréien.

Dann hunn ech d'Plan-sectoriellen, déi si jo um Instanzewee. Déi sinn am Fong fäerdeg, mä mir sinn amgaangen, d'SUP dovunner ze maachen. Do sinn och dräi Extensioune vum Tram, neen, pardon, souguer véier Extensioune vum Tram hunn ech dran aschreiwe gelooss. Dat Eent ass d'Extensioun Richtung Leideleng. Dat Zweet ass d'Extensioun Richtung Hollerech. Dat Drëtt ass d'Extensioun Richtung Mamer. An dat Véiert ass ganz nei, dat ass eng Extensioun, am Fong eng zweet Antenn, déi iwwert de Boulevard Konrad Adenauer Richtung RTL hanne laanschtgoe géif, well do ginn onheemlech vill Wunnenge gebaut. Do entstinn déi gréisste Quartiere mat deene meeschten Aarbechtsplazen nach um Kierchbierg an Zukunft. Duerfir ass et och wichteg, datt dat eng Kéier ugebonne gëtt. Och deen Tracé hunn ech an e Plan sectoriel aschreiwe gelooss. Also och do kloer d'Dynamik, datt mer wëlle relativ séier weiderkommen, fir auszebauen.

Dann zu de Froen, déi nach gestallt gi sinn am Zesummenhang mat der Zesummenaarbecht mat de Gemengen, de Randgemengen. Ech hu Kontakter mat alle Randgemengen, sougutt mat der Gemeng Nidderaanwen wéi och mat der Gemeng Hesper, wat den Ausbau vum Tram an de Pôle-d'échangen ubelaangt.

De Stat, also d'Regierung, huet och decidéiert, datt, wat den Ausbau ubelaangt op de Findel, de Stat dat zu 100% finanzéiert. An och den Ausbau, deen um Territoire ass vun der Hesper Gemeng, gëtt zu 100% vum Stat finanzéiert.

Wat deen aneren Deel ubelaangt op dem Territoire vun der Stad Lëtzebuerg, sou huet d'Stad Lëtzebuerg sech bereet erkläert: Si finanzéieren net direkt mat um Tramstracé, mä si finanzéieren awer de Park & Ride uewen op der Cloche d'Or. Dat heescht, dee gëtt jo matgebaut an deem ganze Kontext. Dat ass och wichteg, fir datt dee Pôle d'échange fonctionnéiert.

Dat heescht, all déi Finanzementer sinn och ofgeséchert. An ech muss lech soen, all déi Montanten, déi virgesi sinn, fir déi Projeten ze realiséieren, déi stinn zënter annerhallwem Joer am Programme pluriannuel vun der Regierung dran, dat heescht, an deem, dee beim Budget ëmmer presentéiert gëtt. Dat heescht, dat ass de Moment alles an de Finanzéierungschiffere vum Stat virgesinn.

Nach e Wuert zum Park & Ride Kockelscheier, well den Här Wilmes dat gefrot hat. Ech mengen, d'Strategie muss sinn, fir méiglechst Park-&-Riden ausserhalb der Stater Agglomeratioun ze maachen. Mir wäerten der ganz vill op der Grenz bauen. D'Eisebunn eleng huet der de Moment siwen an der Aarbecht, wou se schonn um Niveau APD sinn, zum Beispill zu Bascharage, mä awer och zu Ëlwen ginn der gebaut, also vill méi wäit eraus, Rodange, all déi, déi Der och kennt, mengen ech, déi ech schonn e puermol virgestallt hunn. An hei géif et och kee Sënn maachen, deen do ze vergréisseren, well do de Problem ass vun der Accessibilitéit fir dohinner. Mir musse versichen, eben d'Autoe vill méi wäit virdrun opgefaangen ze kréien. Dat ass de Grond.

Mä et ass awer kee Problem, well mir gi bei de Park & Ride-Plaze vun haut 13.500 op 27.000 erop an deenen nächste fënnef Joer, wouvun de Gros awer gebaut gëtt, wéi gesot, wäit ausserhalb vun der Stad, och souguer op de Grenzgebidder oder op där anerer Säit vun der Grenz.

Dann ass ze soen, déi Zesummenaarbecht och mat dem Geschäftsverband leeft exzellent. Mir hunn och virun, ech mengen, annerhallwem Joer eng Konventioun ënnerschriwwe mat der Union commerciale vun der Stad Lëtzebuerg, wou mer festgehalen hunn, datt éischtens emol muss gekuckt ginn, datt natierlech beim Chantier d'Nuisancen esou niddreg wéi méiglech solle sinn, datt d'Kommunikatioun gutt soll lafen, an da wéi déi soll lafen.

A mir hunn och iwwert d'Kompensatiounsmesuren doranner eppes festgehalen, an och souguer op Demande hi vun de Geschäftsleit, wou net gefrot ginn ass, fir elo finanziell Kompensatiounen ze kréien, mä éischter Kompensatiounen a Form vun zum Beispill engem gratis Busdéngscht samschdes, wat mer jo och entretemps maachen, a vu verschiddene Parkingen, déi da bei verschiddene Geleeënheete gratis gemaach ginn.

Also dat heescht, dat war éischter och de Wonsch vun de Commerçanten, fir esou Kompensatiounsmesuren ze kréie wéi elo reng direkt finanzieller. Mä fir de Rescht leeft d'Zesummenaarbecht och do ganz gutt. Och d'Informatioun leeft exzellent, zum Beispill um Kierchbierg: Déi ganz Commercen, déi laanscht den Tracé sinn, si regelméisseg informéiert ginn a gi regelméisseg invitéiert och op Informatiounsversammlungen.

Och de Comité d'accompagnement huet insgesamt véiermol getaagt. Dat ass dee grousse Comité d'accompagnement, wou d'Syndicater vun der Stad Lëtzebuerg zum Beispill mat dra sinn an esou weider an esou fort. Dat heescht, déi waren dräimol zesummen a Reuniounen, eng Kéier an enger Visitt vum Centre de remisage, wou se alles erkläert kritt hunn an och de Fortgang vum Projet, wéi gesot, erkläert kritt hunn.

Zu de Kompensatiounsmesuren ass ze soen, datt am Ganze fir den Tracé vum Findel op d'Cloche d'Or mussen 9,2 ha Bësch kompenséiert ginn. Dovu sinn der 4,5 scho kompenséiert. Dat sinn déi, déi hu misse kompenséiert ginn, wéi mer deen éischten Tracé ugefaangen hunn. Dat ass haaptsächlech, wou de Centre de remisage gebaut ginn ass. A mir hunn et och esou gemaach, wéi et am Gesetz virgeschriwwen ass, dat ass, datt d'Kompensatiounsmesurë gemaach waren, ier mer ugefaangen hu mat schaffen. Deen aneren Deel, déi aner 4,5 ha, déi geschéien elo am Kader, déi ginn elo festgeluecht am Kader vun der EIE-Prozedur, déi elo amgaangen ass fir d'Extensiounen.

Do geet et haaptsächlech ëm d'Extensioun op de Findel. Woubäi een awer och muss wëssen, datt um Rand vum Gréngewald musse Beem ofgeholzt ginn, also wierklech um Rand niewent der Autobunn. Also et gëtt keng Schneis geschloen. Et ass net ze vergläichen, wéi wann een elo flatsch derduerch duerch de Bësch fiert! Mä et ass awer egal, ech mengen, et gi Beem ewechgeholl an duerfir mussen déi och kompenséiert ginn. An do gi Kompensatiounsmesurë vun der Ëmweltministesch am Kader vun der EIE-Prozedur festgeluecht. A soubal ech de Projet de loi.... oder deen Dag, wou ech en an der Chamber wäert deposéieren, da wäert och bekannt sinn, wou se wäerte gemaach ginn an a wéi enger Envergure se wäerte gemaach ginn.

An dat ass et hautzudaags och nach ëmmer: eng Monnaie d'échange. Déi kommen, deemno wéi, aus enger Zone - ech kennen d'Zone elo net méi auswenneg -, elo an eng Zone économique. Do ass jo dann och eng Valeur domadder geschafen. An et ka jo awer och net nëmme sinn, dass mer just d'Terrainen hunn, fir d'Valeur ze kucken, mä dat kann och als Monnaie d'échange gekuckt ginn. An dat ass ee vun de Punkten, fir dat doten ze maachen.

An dann hunn ech net gesot hei, dass ech just iwwert d'Qualitéit géif schwätzen. Ech hu gesot: „Dat däerfe mer net vergiessen nieft der Quantitéit", wou mer haut de Mëtteg jo ganz vill driwwer geschwat hunn; iwwer Effizienz an iwwer Zuele soll een d'Qualitéit net vergiessen. An dat hunn ech haut de Mëtteg hei nach eng Kéier ernimmt, well dat Wuert bis dohinner nach net gefall war an dat awer och fir de Fonds du logement a fir aner Akteure ganz wichteg soll sinn.

D'Rentabilitéit vun engem Fong, do si mer natierlech amgaangen hei - an Dir hutt d'Koeffiziente gesinn, wéi dat Ganzt berechent gëtt -, fir dass dat esou transparent wéi méiglech ass, dass eng analytesch Kontabilitéit ka gefouert ginn, och kloer ka getrennt ginn zwëschen dem Subventionné an deem, wat et an der Vente libre gëtt, dass een dat och eng Kéier ganz gutt kann analyséieren. An dat sinn eben alles Elementer, fir dat esou transparent an esou effizient wéi méiglech ze maachen.

Ech soen awer: D'Zukunft wäert weisen, ob deen dote Modell dann d'Strooss hält. Mä et ass awer an déi dote Richtung geschafft ginn, fir eben déi Rentabilitéit ze maachen. Mä wann awer, an däers musse mer eis och bewosst sinn, d'ëffentlech Hand decidéiert, méi Locatif ze maachen, da kascht dat och méi Geld! Well Dir wësst et, ech weess et - Règlement grand-ducal -, dat, wat do als Recette erakënnt, da musse mer och wëssen, dass dat Geld kascht. An dann ass et entweder eng Diskussioun, déi mer elo reng ekonomesch féieren, da si mer op den Diskussioune vun dem Privatmarché, déi mer och haut de Mëtteg haten, dat mer net wëllen. Oder mir soen och: „Et kascht Geld."

A wa mer méi Locatif maachen - an ech verstinn Iech awer och ëmmer, dass Dir dat méi wëllt -, mir wëllen dat méi an dat heiten ass ee Wee, fir dat ze goen, mä dee kascht nun emol och méi Geld. An do gëtt et net nëmmen d'ekonomesch Rentabilitéit. Well Dir hutt recht: De Règlement grand-ducal soll een eng Kéier iwwerschaffen. Dat ass awer eng laang a Sysphusaarbecht, fir dat ze maachen. An do muss een awer och ëmmer duerno kucken, dass et eben no sozioekonomesche Kritäre gehalen ass, fir dass dobaussen d'Leit natierlech, déi do ënnerdaach solle kommen, kënnen ënnerdaach kommen.

Une voix.- Sidd Der fäerdeg?

Une autre voix.- A wat fir engem Zeenario si mer?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- A wat fir engem Zeenario si mer?

(Interruption)

Mir hunn d'Parole après ministre. Dat hu mer gemaach. Mir hunn eist Reglement, dat seet, dass en Deputéierten net méi wéi zweemol intervenéiert an engem Debat. Och dat, mengen ech, hätte mer elo respektéiert. Ech géif mengen, dass mer elo um Enn vun der Diskussioun ukomm wären an dass mer net elo en Dialog maachen zwëschen dem Minister an engem Deputéierten. Ech géif mengen, dass dat korrekt bis elo ofgelaf wär.

(Brouhaha et interruptions diverses)

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement.*- Däerft ech d'Tribün verloossen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also Dir sidd - net definitiv, mä fir den Owend - entlooss. Merci. Merci och fir d'Versteesdemech.

A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6916 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6916 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt...

(Brouhaha)

Vergiesst net ze stëmmen! D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

37-mol Jo, 21-mol Nee. Domat ass de Projet adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding (par M. Yves Cruchten), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Marc Angel), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Roberto Traversini) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Lies), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Nächste Rendez-vous an ëffentlecher Sëtzung ass de 25., 26. a 27. Abrëll. An der Zwëschenzäit ginn d'Aarbechten an de Kommissioune weider. Merci gesot an e schéinen Owend!

(Fin de la séance publique à 18.38 heures)

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

SÉANCE 31

MARDI,
25 AVRIL 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Communications
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
- *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interruption de la déclaration en raison d'un problème technique)*

5. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Félix Braz, M. Romain Schneider, M. François Bausch, M. Fernand Etgen, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, M. Dan Kersch, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen et M. Marc Hansen, Ministres; M. Camille Gira et M. Guy Arendt, Secrétaires d'État.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech begréissen op der Tribün eisen Hofmarschall an och d'Membere vum Corps diplomatique. Ech kann dat jo op Lëtzebuergesch maachen, well déi meescht vun hinne sech ganz vill Méi ginn, fir Lëtzebuergesch ze léieren. Also wëllkomm op der Tribün!

An ech froen dann d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet ausser där grousser Kommunikatioun, déi gläich kënnt.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Neen, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Här Premier- a Statsminister.

2. Communications

Ech wollt der Chamber just matdeelen, dass d'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten hei um Büro deponéiert ass an dass d'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung an der Administratioun deponéiert goufen, och un d'Fraktiounen an d'Sensibilitéite verdeelt ginn ass.

Communications du Président - séance publique du 25 avril 2017

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***7124** - Projet de loi instituant un recours contre les décisions de sanctions administratives communales et portant modification: 1) de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif; 2) de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives*

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 21.03.2017

***7125** - Projet de loi portant approbation de l'amendement de Kigali au protocole de Montréal relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone, adopté à Kigali le 15 octobre 2016*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 24.03.2017

***7126** - Projet de loi relative aux sanctions administratives communales modifiant*

1. le Code pénal;

2. le Code d'instruction criminelle;

3. la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

Dépôt: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, le 04.04.2017

Les projets de loi suivants ont été retirés du rôle des affaires de la Chambre des Députés:

***1439** - Projet de loi portant approbation de la Convention Benelux en matière de métrologie, signée à Bruxelles, le 11 mars 1970*

Dépôt: M. Gaston Thorn, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 07.07.1970

Retrait: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 03.04.2017

***4160** - Projet de loi portant approbation de la Convention sur la loi applicable aux successions à cause de mort, signée à La Haye, le 1er août 1989*

Dépôt: M. Jacques F. Poos, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération, le 02.05.1996

Retrait: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 03.04.2017

***6152** - Projet de loi portant approbation du Protocole no. 3 à la Convention-cadre européenne sur la coopération transfrontalière des collectivités ou autorités territoriales relatif aux Groupements eurorégionaux de coopération (GEC), fait à Utrecht, le 16 novembre 2009*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 24.06.2010

Retrait: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 03.04.2017

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz huet deen Ordre du jour virgeschloen, deen Der fonnt hutt. Ech wollt Iech just als kleng Ännerung proposéiere fir den Donneschden, dass mer déi zwee Projeten, Modell 0, déi als zweeten an drëtten um Ordre du jour virgesi sinn, géifen inversëieren: Den 2 géif den 3 ginn an den 3 géif den 2 ginn, wann Der domat d'accord sidd a mam Rescht vum Ordre du jour?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

An als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun dëser Woch ass d'Deklaratioun iwwert d'Lag vum Land virgesinn, déi elo gläich eise Premier- a Statsminister wäert virdroen. Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

4. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, an zwou Wochen ass den 150. Anniversaire vum Londoner Vertrag. Den 11. Mee 1867 gouf dee fir Lëtzebuerg esou wichtegen Traité ënnerschriwwen an domadder de Grondstee geluecht fir dat Land, an deem mir haut liewen, dat Land, dat eis um Häerz läit, dat mer gär hunn, op dat mer houfreg sinn. Et war eng Zäsur an eiser Geschicht. Déi gréisst Veränneru fir d'Bierger vun der Festung Lëtzebuerg am Joer 1867 war, dass déi Festung néiergerappt gouf. Virun 150 Joer hu mer eis opgemaach: Mauere si verschwonnen a mir sinn e Land ginn, wat oppe war an oppen ass fir den Handel, e Land, wat sech wirtschaftlech konnt entwéckelen a sech esou och konnt emanzipéieren.

Virun 150 Joer ass de Grondstee geluecht gi fir dat Lëtzebuerg, wat mer haut kennen.

Mir liewen haut an engem Land vu Fräiheet, vu Fridden a vu Gerechtegkeet. Mir liewen an engem séchere Land mat héijer Liewensqualitéit, mat engem gudde Sozial- a Gesondheetssystem. Eis Infrastruktur ass um neiste Stand. Eis Ekonomie ass staark an eis Statsfinanze si gesond. Mir kréien eng gutt Zensur vun deenen, déi eis vu bausse kucken a bewäerten. An och d'Vertraue vun de Bierger hei am Land an d'Zukunft ass haut esou héich wéi nach ni.

D'Leit hunn awer och Suergen a Bedenken. Am Alldag funktionéiert net alles, wéi et soll a wéi et muss - nach net! D'Mobilitéit ass e Problem. Mir stinn am Stau a ginn opgehalen, wou mer wëlle weiderkommen. Déi sozial Kohäsioun gëtt ëmmer nees op d'Prouf gestallt. D'Méisproochegkeet ass e groussen Atout, deen awer och Erausfuerderunge mat sech bréngt. Déi demografesch Entwécklung an de leschte Joren huet dozou gefouert, dass d'Liewen an d'Wunnen deier, dacks ze deier sinn. Eise Schoulsystem muss sech permanent upassen an et feelt un deene richtegen Aarbechtskräften, grad an deene Secteuren, déi eise Wuelstand sollen erhalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, haut wëll ech iwwer eist Land an iwwer seng Bierger, iwwert d'Mënschen, déi hei wunnen, liewen a schaffen, schwätzen. Haut an och déi nächst Deeg solle mer eis mat deem beschäftegen, wat eist gréisst Uleies ass: mam Zoustand vu Lëtzebuerg a senge Bierger, mat den Erausfuerderungen a mat de Weeër, déi mir an den nächste Jore wäerte goen.

Zu Lëtzebuerg liewen haut ronn 600.000 Leit. Bal d'Halschent dovunner hunn net de Lëtzebuerger Pass. An all Dag kommen nach eng Kéier 180.000 Fraen a Männer aus eisen Nopeschlänner bei eis schaffen. Si droen zu eisem Wuelstand bäi a garantéieren den Equilliber an eisem Gesondheets-, Sozial- a Pensiounssystem. Eis Populatioun ass divers a wéi an allen industrialiséierte Länner gëtt se och méi al. Zanter 1980 ass d'Liewenserwaardung ëm ronn zéng Joer eropgaangen. Eleng an de leschten zéng Joer ass d'Populatioun am Grand-Duché ëm bal 20% gewuess. Tëschent Enn 2010 an Enn 2016, also bannent grad emol sechs Joer, sinn zu Lëtzebuerg 74.000 Leit bäikomm. Dat si 74.000 Mënschen, déi haut hei wunnen, déi hei akafen, bei den Dokter ginn, op der Strooss ënnerwee sinn, d'Schoulen, d'Spideeler an d'Sportsinfrastrukturen notzen a virdrun nach net do waren.

De Wuesstum huet säi Präis. Mä dee Wuesstum huet awer och mat sech bruecht, dass d'Paien an d'Renten héich an d'Chômagezuelen niddreg sinn. An de leschten dräi Joer ass de Chômagetaux vu 7,1% op elo 6% erofgaangen. An dem Statec no ass och ze erwaarden, dass déi Courbe weider no ënne wäert goen. Et ass ee vun de villen Indicateuren, déi weisen, dass mer eis an déi richteg Richtung bewegen. Et ass ee vun deene villen Indicateuren, déi eis och soen, dass mer mat Zouversiicht kënnen no vir kucken.

D'Land, dat huet sech entwéckelt an entwéckelt sech weider. Et ass en Deel vum Modell Lëtzebuerg, dass mer net stoe bleiwen, mä dass mer eis weider developpéieren. Dat bréngt och Erausfuerderunge mat sech, Erausfuerderungen, déi der Regierung ganz bewosst sinn a wou Léisunge proposéiert, geplangt an ëmgesat ginn. Mir hunn eng zentral Aufgab, an déi ass et, derfir ze suergen, dass d'Leit, déi hiren Alldag zu Lëtzebuerg hunn, déi hei liewen an déi hei schaffen, dass et de Mënschen zu Lëtzebuerg gutt geet. Mir hunn awer och d'Aufgab, derfir ze suergen, dass dat net nëmmen haut de Fall soll sinn, mä dass dat och esou an der Zukunft bleift.

De Modell fir Lëtzebuerg, dee mir haut zeechnen, muss kënnen iwwert d'Zäit bestoen an dierf dofir och net wackeleg ginn, wann emol de Wand nees eng Kéier méi rau bléist. D'Regierung huet also ganz bewosst Decisioune geholl, déi eng laangfristeg Inzidenz hunn an déi wichteg si fir onst Land a fir seng Bierger.

Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënschen zu Lëtzebuerg gutt geet. Dofir investéiere mir an eis Géigewaart an an eis gemeinsam Zukunft. Et huet mussen investéiert ginn, well et eppes opzeschaffe gouf, an d'Regierung wollt investéieren, fir ze verhënneren, dass mer hannendrageroden, wat eis Infrastrukturen, eis Stroossen, eis Schinnen, Spideeler, Schoulen, Reseaue vu Stroum, Waasser an Ofwaasser, Gas an zum Beispill Datenautobunne betrëfft. Et huet mussen investéiert ginn an de Schutz vun natierleche Ressourcen, eng propper Loft, Waasserqualitéit, e gesonde Bësch, eng intakt Émwelt an eng nohalteg Landwirtschaft. Et gouf investéiert am Beräich vun Héichschoul a vu Recherche.

Dat si keng Depensen, dat sinn Investissementer, déi drëngend noutwendeg waren an och eropgeschrauft goufen. An deen héijen Invest ass weiderhin noutwendeg, well mer net kënne stoe bleiwen, wa mer eise Wuelstand an eis Liewensqualitéit wëllen erhalen.

Wa mer wëlle bleiwen, wat mer sinn, dann dierfe mer net do stoe bleiwen, wou mer haut sinn.

Eng vun de gréissten Erausfuerderungen an eisem Alldag haut ass d'Mobilitéit, déi leider vill ze dacks zu enger Immobilitéit ginn ass. D'Ursaache sinn op den éischte Bléck séier fonnt: De Reseau vu Stroossen a Schinnen ass net esou séier gewuess wéi d'Populatioun an d'Zuel vun de Frontalieren, déi all Dag hei op Lëtzebuerg kommen. Eleng am Schinneberäich ass d'Zuel vun de Passagéier an de leschten zéng Joer ëm 60% an d'Luucht gaangen. Zejoert sinn iwwer 22,5 Millioune Leit mam Zuch gefuer. D'Regierung huet hei reagéiert, well et dréngend néideg war a well et eppes opzeschaffe gouf. Esou hu mer d'Investitiounen an de Schinnereseau tëschent 2014 an 2015 ëm 50% eropgesat an iwwer eng hallef Milliard Euro sinn hei an deenen zwee Joer installéiert a verbaut ginn.

Dee Budget ass zejoert nach eemol eropgaangen an e wäert och an Zukunft weider eropgoen. Mir ginn elo am Hierscht e grousse Schrack no vir an der Mobilitéit duerch eng nei wichteg Gare an der Stad. Am Dezember näämlech wäert den Arrêt Pafendall opgoen. De Reseau gëtt fundamental verännert an Dausende vu Leit spueren all Dag vill Zäit.

Duerch weider Elementer wéi en neien Arrêt um Houwald, duerch méi eng héich Kadenz op den Haaptachsen an duerch nei a modern Locomotricë gëtt den Zuch net nëmmen nach méi attraktiv, mä och nach besser a méi zouverlässeg, wéi dat haut de Fall ass.

Mir hu méi massiv an d'Schinnen, mä och an d'Stroossen investéiert a wäerten dat och nach weider maachen. Mat Infrastrukturen am Sënn vun der Mobilitéit an neiem Material gëtt de Problem awer net geléist. Et muss och en Ëmdenke stattfannen. An do muss ee bei d'Ursaach vun der Immobilitéit siche goen, déi een eréischt op den zweete Bléck gesäit. Dozou gehéiert de Fait, dass net nëmme méi Leit op eise Stroossen a Schinnen ënnerwee sinn, mä dass se och zur selwechter Zäit op déi nämlecht Plaz wëlle fueren.

Fir dës Problemer an de Grëff ze kréien, muss ee méi wäitsiichteg an och méi couragéiert Decisiounen huelen. D'Regierung ass amgaangen, justement déi Elementer erauszefilteren an no Méiglechkeeten ze sichen, fir d'Verkéiersopkommes punktuell ze reduzéieren. Et geet hei ëm en Zesummespill vu verschiddene Mesuren.

Eng Mesure ass sécherlech e geziilt Ausbaue vum Tëleetravail. Et geet dobäi ëm Modeller, wou zum Beispill Betriber kënnen ënnerstëtzt ginn, wa se hiren Employéen d'Méiglechkeet ginn, en Deel vun hirer Aarbecht vun doheem aus kënnen ze maachen. Dat soll net d'Regel ginn a muss och net d'Majoritéit vun de Leit an enger Firma betreffen. Mä et gi Modeller, wou et sënnvoll a produktiv ass fir de Salarié a fir de Patron.

Et muss awer och méi dezentral geduecht a geplangt ginn. D'Regierung geet dee Wee zanter dräi Joer an investéiert geziilt an déi wirtschaftlech Entwécklung vu Regiounen, déi haut manner favoriséiert sinn. Sou hu mer zum Beispill speziell Hëllefen agefouert fir Betriber, déi Aktivitéiten enzwousch maachen, wou déi sozioekonomesch Situatioun manner gutt ass, dat heescht zum Beispill an enger Gemeng, wou de Chômagetaux méi héich ass wéi am Rescht vum Land. Dës Initiative wäerte mir dëst Joer weider verstäerken an intensiv dru schaffen, méi Aktivitéiten dohinnerzekréien, wou och Logementsprojete geplangt sinn a weiderer kënne geplangt ginn.

Mir mussen am Kader vun der Landesplanung och d'Aarbechtsplaze méi no bei d'Leit bréngen amplaz ëmgedréit.

De ländleche Raum, verschidde Regiounen am Osten, am Süden, am Westen an och uewen am Norde vum Land hunn et haut dacks schwéier, well zum Beispill den Tourismus do och zréckgeet oder well d'Leit ëmmer méi hiren Dag do verbréngen, wou se och schaffen. Dat ass ëmmer manner an der Regioun selwer, wou se wunnen. Mir wëllen dat entkräften an derfir suergen, dass och Aarbechtsplazen do entstinn, wou der an de leschte Joren och ganz vill ewechgefall sinn.

Esou si mer amgaangen, mat Partner an der Privatwirtschaft un engem Konzept ze schaffen, wou mer och zum Beispill flexibel „Co-working-Strukturen" an de véier Ecker vum Land no bei de Grenzen och kënne bauen. Mir plangen un engem Modell vu moderne Bürosgebaier, déi net enger Entreprise eleng gehéieren, mä vun Employéen aus verschiddene Betriber kënnen, fir eng bestëmmten Zäit zum Beispill am Dag, genotzt ginn. Esou soll zum Beispill e Frontalier, deen aus Frankräich kënnt, net onbedéngt musse queesch duerch d'ganz Land fueren, fir op säi Büro ze kommen, an dann e puer Stonne méi spéit nees op der Strooss ënnerwee sinn, fir bei säi Client ze fueren.

Duerch nei Aktivitéiten op méi dezentrale Plazen an onsem Land kënne mer verschidde Ballungsgebidder entlaaschten a suergen och fir eng Relance vun der Ekonomie um lokalen Niveau. Mir sinn amgaangen, eis Ekonomie grondsätzlech ze iwwerdenken, well d'Wirtschaft ass kee Selbstzweck.

Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënschen zu Lëtzebuerg gutt geet. Dofir suerge mir och derfir, dass d'Ekonomie de Leit déngt an net ëmgedréit.

Mir brauchen eng gesond, eng kompetitiv, eng modern, eng flexibel, mä awer och eng gerecht Ekonomie, fir dass d'Zukunft vun eis a vun eise Kanner ofgeséchert ass. D'Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen, musse vun der ekonomescher Aktivitéit zu Lëtzebuerg kënne profitéieren. Dat bedeit, dass mer eis verstäerkt op Aktivitéite konzentréieren, déi bei d'Land passen, an et bedeit, dass nach vill méi op d'Qualitéit wéi op Quantitéit gesat soll ginn.

Et si Betriber, déi besser op Lëtzebuerg passen wéi anerer. An d'Regierung konzentréiert sech op Entreprisen, wou de Flächeverbrauch an d'Nuisancë fir Mënsch an Ëmwelt am Verhältnis stinn zu deem, wat de Betrib eisem Land an der Ekonomie ka bréngen.

(Concertation interne)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleegen, ech mengen, mir musse kuerz ënnerbriechen, well mir hunn e Problem mam Toun! De Livestream an och d'Televisioun hu keen Toun. An ech géif awer mengen, dass et bei dëser Deklaratioun extrem schued wär, wa Chamber TV respektiv de Livestream net kéinten iwwerdroen.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Da maache mer eng Paus.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech géif Iech proposéieren, dass mer alles maachen, wat méiglech ass - si sinn amgaang drun ze schaffen -, an dass mer kuerz ënnerbriechen, fir och gewuer ze ginn, wat lass ass, ob mer et kënnen an d'Rei kréien.

(Brouhaha)

Sorry, ech géif dann d'Sëtzung kuerz ënnerbriechen.

(La séance publique est suspendue à 14.46 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 15.17 heures.)

5. Ordre du jour (suite)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen d'Sëtzung op.

Léif Kolleegen an och Leit dobaussen, och eis Gäscht douewen, wéi de Premier richteg gesot huet, läit eis Zukunft am Digitalen. Mä dës Kéier huet dat Digitaalt, huet d'Technik eis am Stach gelooss. Mir kréie kee Signal bei d'Sendezentral erof. An duerfir, vu dass mer awer haut eng ganz wichteg Sëtzung hunn, den État de la nation - d'Erklärung vum Premier zur Lag vun der Natioun gehéiert zu deene wichtege Punkten, déi mer all Joer hunn -, a mer näischt Hallwes wëlle maachen, hu mer a Récksprooch mat der Presidentekonferenz decidéiert, eis Sëtzung fir de Mëtten ofzeschléissen, muer de Moien um hallwer néng d'Erklärung zur Lag vun der Natioun nozehuelen, dann d'Deklaratioune vun dem Wirtschaftsminister an dem Finanzminister muer op hallwer zwou festzeleeën an dann den Oflaf vun den Debatten erëm normal lafen ze loossen, quitte dass mer eis Sëtzunge musse verlängeren.

Et deet mer leed, mä bon, «à l'impossible nul n'est tenu»! Wann ech doheem gewiescht wär, hätt ech den Hummer an de Meessel erausgeholl. Hei kënnen anerer dat e gudde Krack besser. Mä ech mengen awer, dass mer eis e Gefale maachen, wa mer et richteg maachen amplaz nëmmen hallef.

Ech ginn Iech also Rendez-vous fir muer de Moien um hallwer néng. An ech kann dem Premier versécheren, dass dann d'Technik erëm an der Rei wäert sinn.

(Exclamations)

Sollt dat net de Fall sinn, da maache mer eng improviséiert Solutioun mat eiser nationaler Gesellschaft, déi eis jo och e bësse gehéiert.

Merci. Da bis muer de Moien!

(Assentiment)

Här Statsminister!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, ech wollt - „séparation des pouvoirs oblige" - net kommentéieren, wéi, wat oder wou; ech wollt Iech awer just soen, dass d'Reseauen, déi de Stat organiséiert a leet, normalerweis och bis an d'Chamber missten ukomm sinn.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, an der Rei. Mä bon, hei war et dës Kéier an der Chamber, wou d'Signal net weidergaangen ass. Merci fir déi Präzisioun.

(Fin de la séance publique à 15.19 heures)

SÉANCE 32 MERCREDI, 26 AVRIL 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

- *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Félix Braz, M. Romain Schneider, M. François Bausch, M. Fernand Etgen, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, M. Dan Kersch, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen et M. Marc Hansen, Ministres; M. Camille Gira, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 08.31 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Moien! Ech maachen heimat d'Sëtzung op a stellen déi klassesch Fro net.

Ech begréissen op der Tribün eisen Hofmarschall an d'Vertrieder vum Corps diplomatique - häerzlech wëllkomm! - a wëll nach eng Kéier mäi Bedaueren ausdrécken iwwert deen Tounausfall vu gëschter. Herno huet ee virdrun ëmmer alles besser gewosst. Dat stellen ech jiddefalls an eenzelne Commentairë fest.

Eis war dru geleeën, dass mer iwwert déi Kommunikatioun, déi mer zur Verfügung stellen, iwwer Chamber TV an och iwwert de Livestream, d'Leit dobaussen d'Deklaratioun materliewe loossen. Dofir hu mer alles gemaach, fir dat kënnen ze erméiglechen. Dat war gëschter net dran. A mir sinn der Meenung, dass et wichteg ass, dass jiddwereen, deen déi heiten Deklaratioun an aner Diskussiounen am Parlament wëllt live materliewen, dass en dat och kënne soll, an dofir hu mer dann eben decidéiert, fir haut nach eng Kéier vu vir unzefänken a jiddwerengem d'Méiglechkeet ze ginn, ongefiltert matzekréien, wat an der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun vun eisem Premier an och herno mat der Diskussioun hei am Haus geschitt.

Dofir bieden ech ëm Versteesdemech, dass mer gëschter alles gemaach hunn, fir dat ze erméiglechen. An ech soen all eise Mataarbechter Merci, dass et méiglech gemaach ginn ass.

Eng kleng Explikatioun, wat passéiert ass: Dat hu mer zum spéiden Owend erausfonnt. An dat konnt wierklech net a fënnef Minutte behuewe ginn an och net fonnt ginn. Et ass am Keller e Kabel, deen de Kontakt net méi gemaach huet. An eis Fachleit mengen, dass et duerch d'Vibratioune vum Chantier, deen an deene leschte Wochen hei war,…

(Brouhaha)

…geschitt ass. Jo, mir stiechen net an der Technik. Mä glécklecherweis ass d'Technik och eppes, wat, wann et emol eng Kéier e Problem huet, gefléckt ka ginn. An dat ass offensichtlech elo de Fall. An ech mengen och, dass all déi, déi de Moie matzäit opgestane sinn, fir dat heite matzëerliewen, kee Feeler gemaach hunn. An dofir ginn ech elo direkt dem Här Statsminister d'Wuert fir seng Erklärung.

2. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll och Iech Merci soe fir déi Informatioun, déi Der ons elo matgedeelt hutt iwwert den Incident vu gëschter.

Et ass weder express, et ass weder e Komplott, et ass weder eng geplangten Aktioun, et ass en technesche Feeler gewiescht. A wann een da gesot kritt: „Jo, firwat hutt Der dann ugefaangen, net ugefaangen?" Ech krut déi Pann matgedeelt, wéi op eng Kéier den 100,7 an den RTL hei mat de Mikroen op dëser Tribün stoungen. Dunn hunn ech mer geduecht: Do ass iergendeppes, wat net fonctionnéiert. Dat heescht, d'Press huet mech opmierksam gemaach op en technesche Feeler, dee mer hei am Haus haten. An ech soen och Merci.

Esou eng Sitzung wéi déi heiten ass net méi wéi virun zéng, 20, 30 Joer, wou d'Leit den Dag drop gäre wëssen, wat hei geschitt ass. Mir liewen an enger Zäit, Här President, wou d'Leit wëllen och direkt matlauschteren, mat doheem kënnen diskutéieren, mat kënne kommentéieren. An dofir ass et wichteg, dass eng vun deene wichtegste Rieden, déi awer d'Regierung hei an dësem héijen Haus ka maachen, och transparent an, esou wéi Der et gesot hutt, och ongefiltert doheem bei de Leit ukënnt. An dofir soen ech och der Conférence des Présidents Merci fir déi Decisioun, déi se gëschter geholl huet, fir dann d'Sitzung op haut de Moien ze verleeën.

Dowéinst, et wor net e Wëllen, fir iergendeppes wëllen ze verstoppen, au contraire - au contraire! -, fir a ganzer Transparenz kënnen dës Ried och hei ze presentéiere fir déi Leit, déi scho gëschter heibanne waren, well den Debat ass selbstverständlech fir d'Deputéierten, och fir déi op der Tribün, mä och fir d'Leit dobaussen. Mä déi, déi et gëschter matkritt hunn, mussen eben déi éischt 20 Säiten de Moien nach eng Kéier nolauschteren, well selbstverständlech ass d'Ried zu der Lag vun der Natioun vun Ufank bis zum Schluss déi Positioun vun der Regierung, déi hei och ze erklären ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an zwou Wochen ass den 150. Anniversaire vum Londoner Vertrag. Den 11. Mee 1867 gouf dee fir Lëtzebuerg esou wichtegen Traité ënnerschriwwen an domadder de Grondstee geluecht fir dat Land, an deem mir haut liewen, dat Land, dat eis um Häerz läit, dat mer gär hunn an op dat mer och houfreg sinn. Et war eng Zäsur an eiser Geschicht. Déi gréisst Veränerung fir d'Bierger vun der Festung Lëtzebuerg am Joer 1867 war, dass déi Festung néiergerappt gouf. Virun 150 Joer hu mer eis opgemaach: Mauere si verschwonnen a mir sinn e Land ginn, wat oppe ginn ass fir den Handel, e Land, dat sech wirtschaftlech konnt entwéckelen a sech esou och konnt emanzipéieren.

Virun 150 Joer ass de Grondstee geluecht gi fir dat Lëtzebuerg, wat mir haut kennen.

Mir liewen haut an engem Land vu Fräiheet, engem Land vu Fridden, engem Land vu Gerechtegkeet. Mir liewen an engem séchere Land mat héijer Liewensqualitéit, mat engem gudde Sozial- a Gesondheetssystem. Eis Infrastrukture sinn um neiste Stand. Eis Ekonomie ass staark an eis Statsfinanze sinn och gesond. Mir kréien eng gutt Zensur vun deene Leit, déi eis vu bausse kucken an och bewäerten. An och d'Vertraue vun de Leit hei am Land an d'Zukunft ass haut esou héich wéi nach ni.

D'Leit hunn awer och Suergen, Här President, si hunn och Bedenken. Am Alldag funktionéiert

net alles, wéi et soll a wéi et muss. Nach net! D'Mobilitéit ass e Problem. Mir stinn am Stau a ginn opgehalen, wou mer wëlle weiderkommen. Déi sozial Kohäsioun gëtt ëmmer nees op d'Prouf gestallt. D'Méisproochegkeet ass e groussen Atout, deen awer och eng Rëtsch Erausfuerderunge mat sech bréngt. Déi demografesch Entwécklung an de leschte Joren huet dozou gefouert, dass d'Liewen an d'Wunnen deier, dacks ze deier gi sinn. Eise Schoulsystem muss sech permanent upassen an et feelt un deene richtegen Aarbechtskräften, grad an deene Secteuren, déi eise Wuelstand och sollen erhalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut wëll ech iwwer eist Land an iwwer seng Bierger, iwwert d'Mënschen, déi hei wunnen, liewen a schaffen, schwätzen. Haut an och déi nächst Deeg solle mer eis mat deem beschäftegen, wat eist gréisst Uleies ass: mam Zoustand vu Lëtzebuerg a senge Bierger, mat den Erausfuerderungen a mat de Weeër, déi mir an den nächste Jore wäerten zesumme goen.

Zu Lëtzebuerg liewen haut ronn 600.000 Leit. Bal d'Halschent dovunner hunn net déi lëtzebuergesch Nationalitéit. An all Dag kommen och nach eng 180.000 Fraen a Männer iwwert d'Grenz bei eis schaffen. Si droen zu eisem Wuelstand bäi a garantéieren den Equiliber am Gesondheets-, am Sozial- an am Pensiounssystem. Eis Populatioun ass divers. A wéi an all den industrialiséierte Länner gëtt se och all Joer méi al. Zanter 1980 ass d'Liewenserwaardung ëm ronn zéng Joer hei zu Lëtzebuerg eropgaangen. Eleng an de leschten zéng Joer ass d'Populatioun am Grand-Duché och ëm 20% gewuess. Tëschent Enn 2010 an Enn 2016, also bannent grad emol sechs Joer, sinn zu Lëtzebuerg 74.000 Leit bäikomm. Dat si 74.000 Mënschen, déi haut hei wunnen, déi hei akafen, déi hei bei den Dokter ginn, déi an d'Spidol ginn, déi an d'Schoule ginn, déi d'Stroosse benotzen, d'Stroosseninfrastrukturen an déi awer gëschter nach net hei waren.

Dee Wuesstum huet säi Präis, mä dee Wuesstum huet awer och mat sech bruecht, dass eis Paien, eis Renten héich sinn an d'Chômagezuelen niddreg bleiwen. An de leschten dräi Joer ass de Chômagetaux vu 7,1% op den Taux vu 6% erofgaangen, a wann een dem Statec och nach gleeft, wäert déi Zuel erofgoen. An do solle mer eis och alleguerten driwwer freeën. Et ass ee vun de villen Indicateuren, déi weisen, dass mer eis och an déi richteg Richtung bewegen. Et ass ee vun deene villen Indicateuren, déi eis soen, dass mer mat Zouversiicht kënnen no vir kucken.

D'Land huet sech entwéckelt an et entwéckelt sech weider. Et ass en Deel vum Modell Lëtzebuerg, dass mer net stoe bleiwen, mä dass mer eis weider developpéieren. Dat bréngt och Erausfuerderunge mat sech, Erausfuerderungen, déi der Regierung ganz bewosst sinn a fir déi Léisunge proposéiert, geplangt an och ëmgesat ginn. Mir hunn eng zentral Aufgab, Här President, an déi ass, derfir ze suergen, dass et de Leit, déi hiren Alldag zu Lëtzebuerg hunn, déi hei liewen an hei schaffen, dass et de Mënschen zu Lëtzebuerg gutt geet. Mir hunn awer och d'Aufgab, derfir ze suergen, dass dat net nëmmen haut de Fall soll sinn, mä dass dat och esou an der Zukunft bleiwe soll.

De Modell fir Lëtzebuerg, dee mer haut zeechnen, muss kënnen iwwert d'Zäit bestoen an dierf net wackeleg ginn, wann eng Kéier méi e raue Wand hei zu Lëtzebuerg bléist. D'Regierung huet also ganz bewosst Decisioune geholl, déi eng laangfristeg Inzidenz hunn an déi wichteg si fir d'Land a fir seng Bierger.

Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënschen zu Lëtzebuerg och gutt geet. Dofir investéiere mir an eis Géigewaart an an eis gemeinsam Zukunft. Et huet mussen investéiert ginn, well et eppes opzeschaffe gouf. An d'Regierung wollt investéieren, fir ze verhënneren, dass mer hannendrageroden, wat eis Infrastrukturen, eis Stroossen, eis Schinnen, eis Spideeler, eis Schoulen, de Reseau vu Stroum, Waasser an Ofwaasser, Gas an zum Beispill och d'Datenautobunne concernéiert. Et huet mussen investéiert ginn an de Schutz vun natierleche Ressourcen, eng propper Loft, Waasserqualitéit, e gesonde Bësch, eng intakt Ëmwelt an eng nohalteg Landwirtschaft. Et gouf investéiert am Beräich Héichschoul a Recherche.

Jo, dat sinn Investissementer - an ech nennen dat keng Depensen -, déi dréngend noutwendeg waren an och eropgeschrauft goufen. An deen héijen Invest ass weiderhin noutwendeg, well mer net kënne stoe bleiwen, wa mer eise Wuelstand an eis Liewensqualitéit wëllen erhalen.

Wa mer wëlle bleiwen, wat mer sinn, dierfe mer do net stoe bleiwen, wou mer haut sinn.

Eng vun deene gréissten Erausfuerderungen an eisem Alldag ass d'Mobilitéit, déi leider vill ze dacks zu enger Immobilitéit mutéiert ass. D'Ursaache sinn op den éischte Bléck séier fonnt: De Reseau vu Stroossen a Schinnen ass net esou séier gewuess wéi d'Populatioun an d'Zuel vun de Frontalieren, déi all Dag bei eis schaffe kommen. Eleng am Schinneberäich ass d'Zuel vun de Passagéier an de leschten zéng Joer ëm 60% an d'Luucht gaangen. Zejoert sinn iwwer 22,5 Millioune Leit mam Zuch gefuer. D'Regierung huet hei séier reagéiert, well et dréngend néideg war a well et och eppes opzeschaffe gouf. Esou hu mer d'Investitiounen an de Schinnereseau tëschent 2014 an 2015 ëm 50% eropgesat an iwwer eng hallef Milliard Euro sinn hei an deenen zwee Joer installéiert a verbaut ginn.

De Budget ass zejoert nach emol eropgaangen an e wäert weider eropgoen. Mir ginn elo am Hierscht e grousse Schrack och weider mat der Mobilitéit, andeem eng nei wichteg Gare an der Stad och opgeet. Am Dezember wäert näämlech den Arrêt Pafendall ageweit ginn. An de Reseau gëtt och fundamental verännert, an doduerjer wäerten och eng Dausenden an Dausende vu Leit Zäit spueren.

Duerch weider Elementer wéi en Arrêt um Houwald, duerch méi eng héich Kadenz op den Haaptachsen an duerch nei a modern Locomotricë gëtt den Zuch net nëmme méi attraktiv, mä och nach besser a virun allem och méi zouverlässeg, wéi dat haut de Fall ass.

Mir hu massiv an d'Schinnen, mä och an d'Stroossen investéiert a wäerten dat och weider maachen. Mat Infrastrukturen am Sënn vun der Mobilitéit an neiem Material gëtt de Problem awer net eleng geléist. Et muss och en Ëmdenke stattfannen. An do muss een och d'Ursaache vun der Immobilitéit siche goen, déi een eréischt op den zweete Bléck gesäit. Dozou gehéiert zum Beispill de Fait, dass net nëmme méi Leit op eise Stroossen a Schinnen ënnerwee sinn, mä och dass se all am selwechte Moment op déi nämlecht Plaz fuere wëllen.

Fir dëse Problem an de Grëff ze kréien, muss ee méi wäitsiichteg an och méi courageiert Decisiounen huelen. D'Regierung ass amgaangen, justement déi Elementer erauszefilteren an no Méiglechkeeten ze sichen, fir d'Verkéiersopkommes punktuell ze reduzéieren. Et geet hei ëm d'Zesummespill vu verschiddene Mesuren.

Eng Mesure ass sécherlech a geziilt den Ausbau vum Tëleetravail. Et geet dobäi ëm Modeller, wou zum Beispill Betriber kënnen ënnerstëtzt ginn, wa se hiren Employéen d'Méiglechkeet ginn, en Deel vun hirer Aarbecht vun doheem aus ze maachen. Dat soll net d'Regel ginn a muss och net d'Majoritéit vun de Leit an enger Firma betreffen. Mä et gëtt Modeller, wou et sënnvoll a produktiv ass fir de Salarié sougutt wéi fir de Patron.

Et muss awer och méi dezentral geduecht a geplangt ginn. D'Regierung geet dee Wee zanter dräi Joer. Si investéiert geziilt an déi wirtschaftlech Entwécklung vu Regiounen, déi haut manner favoriséiert sinn. Esou hu mer zum Beispill speziell Hëllefen agefouert fir Betriber, déi hir Aktivitéite maachen op deene Plazen, wou am Moment de Chômage zum Beispill méi héich läit. Dës Initiative wäerte mir och dëst Joer weider entwéckelen. A mir wäerten dru schaffen, méi Aktivitéiten dohinner ze kréien, wou och Logementsprojete geplangt sinn an och weiderer kënne geplangt ginn.

Mir mussen am Kader vun der Landesplanung nämlech och d'Aarbechtsplaze méi no bei d'Leit bréngen amplaz ëmgedréit.

De ländleche Raum, verschidde Regiounen am Osten, am Süden, am Westen an och uewen am Norde vum Land hunn et haut dacks schwéier, well zum Beispill den Tourismus do och zréckgeet oder well d'Leit ëmmer méi hiren Dag do verbréngen, wou se och schaffen. Dat ass ëmmer manner an der Regioun selwer, wou se selwer wunnen. Mir wëllen dat entkräften an derfir suergen, dass och Aarbechtsplazen do entstinn, wou an de leschte Joren der vill ewechgefall sinn.

Esou si mer amgaangen, mat Partner an der Privatwirtschaft un engem neie Konzept ze schaffen, wou mer flexibel „Co-working-Strukturen" géife schafen an deene véier Ecker vum Land no bei de Grenzen. Mir plangen un engem Modell vu moderne Bürosgebaier, déi net enger Entreprise eleng gehéieren, mä vun Employéen aus verschiddene Betriber kënnen, fir eng bestëmmten Zäit am Dag, genotzt ginn. Esou soll zum Beispill e Frontalier, deen aus Frankräich kënnt, net duerch d'ganz Land fueren, fir op de Büro ze kommen, an dann eng Stonn drop nees den Auto huelen, fir bei de Client ze fueren.

Duerch nei Aktivitéiten op méi dezentraliséierte Plazen an eisem Land kënne mer verschidde Ballungsgebidder entlaaschten a suergen och fir eng Relance vun der Ekonomie op lokalem Niveau. Mir sinn amgaangen, eis Ekonomie grondsätzlech ze iwwerdenken. D'Wirtschaft ass kee Selbstzweck.

Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënschen zu Lëtzebuerg gutt geet. Dofir suerge mir och derfir, dass d'Ekonomie de Leit déngt an net ëmgedréit.

Mir brauchen eng gesond, kompetitiv, modern a flexibel, mä awer och gerecht Ekonomie, fir dass d'Zukunft vun eis a vun eise Kanner och ofgesécher ass. D'Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen, musse vun der ekonomescher Aktivitéit zu Lëtzebuerg och kënne profitéieren. Dat bedeit, dass mer eis verstäerkt op Aktivitéite konzentréieren, déi bei d'Land passen, an et bedeit och, dass vill méi op Qualitéit ewéi op Quantitéit gesat gëtt.

Et si Betriber, déi besser op Lëtzebuerg passen ewéi anerer. An d'Regierung konzentréiert sech op Entreprisen, vun deenen de Flächeverbrauch an d'Nuisance fir Mënsch an Ëmwelt am Verhältnis stinn zu deem, wat de Betrib eisem Land an der Ekonomie awer och ka bréngen.

Virun e puer Woche gouf an deem Sënn och eng nei Promotiounsstrategie vun der Regierung virgestallt. Mir professionaliséieren a cibléieren domadder eis Aktivitéiten, fir nei Entreprisen op Lëtzebuerg ze zéien an Aarbechtsplazen ze schafen. Den Echange tëschent deene verschiddenen Akteure gouf fundamental verbessert. Et geet an Zukunft verstäerkt dorëms, Synergien ze schafen an eis Promotioun méi effikass ze maachen. Sou existéiert elo eng eenheetlech Strategie mat klore Prämissen, déi vun all den Akteure gedroen an och suivéiert gëtt.

D'Secteuren, op déi mer eis och weiderhi konzentréieren, sinn déi, wou mer eis Stäerkten hunn, wou mer gutt Experienze gemaach hunn an och e gudde Reseau opgebaut hunn, also natierlech och weiderhin de Finanzsecteur an déi Servicer, déi domadder verbonne sinn, mä dernieft och Eko- a Biotechnologien, den digitale Secteur am breede Sënn, den Automotiven an och weiderhin de Logistiksecteur, wou Lëtzebuerg eng Success Story ass, an dat net

eréischt zanter gëschter. A wann een d'Zuele kuckt vum Klassement vu Lëtzebuerg, gesi mer, dass mer souguer d'lescht Joer zweetbescht op Weltniveau vun der Weltbank klasséiert gi sinn.

D'Industrie, Här President, bleift e Pilier vun eiser Wirtschaft a spillt eng wesentlech Roll an eiser Diversifikatioun. Mir brauchen awer och nei Iddien. Mir brauchen nei Modeller an nei Beräicher, wou Lëtzebuerg eng Roll ka spillen a sech haut an och an den nächste Joren en Numm ka maachen.

Mir sinn amgaangen, eis zu enger Natioun ze entwéckelen, déi am Beräich vun de Weltraumtechnologien zu engem Virreider gëtt. Dat ass eng kloer Weiderentwécklung vun där Geschicht, déi mer mam Lancement vum éischten Astra-Satellitt virun 30 Joer ugefaangen hunn ze schreiwen. Et ass awer gläichzäiteg och en neit Kapitel, wat mer opschloen. Et ass eng laangfristeg Investitioun, an d'Regierung geet hei e Wee, dee positiv ass fir Lëtzebuerg, an dat net eleng, well mer der Meenung sinn, dass „space mining" eng Zukunft huet.

Dës Initiativ vun der Regierung huet en direkten Néierschlag fir eis Renommee a mir ënnerstréichen eise Ruff als Natioun vun Innovatioun. Schonn elo ass Lëtzebuerg eng Plaz fir all Betrib a Fuerschungsinstitut, déi sech mat Weltraumtechnologie beschäftegen, a mir verstäerken dat och nach däitlech.

Mir entwéckelen eis awer och zu engem ideale Land fir Betriber aus dem FinTech-Beräich, also déi Betriber, déi nei Technologië fir de Finanzsecteur developpéieren. Mam Schafen dës Woch vum Luxembourg House of FinTech hu mer eng wichteg Etapp gemaach um Wee, fir déi éischt Adress an Europa ze gi fir FinTech-Entreprisen.

Dernieft hu mer awer och massiv dru geschafft, fir d'Land op d'Weltkaart vun de Start-uppen ze setzen, also vu klengen, innovative Firmen aus ganz verschiddene Beräicher, déi nach am Ufank stinn. Mir konnten en Ekosystem opbauen, wou esou Start-uppe sech kënnen op hir Aktivitéite konzentréieren. Mam Schafe vum Digital Tech Fund oder mam Future-Fong hu mer eis Méiglechkeete ginn, fir esou Start-uppe finanziell ze ënnerstëtzen. Et sinn eng séllechen Incubateuren entstanen, wou deels de Stat selwer, deels a Kooperatioun mat externe Partner e Vivier geschafe gouf, wou jonk Entrepreneuren eng Plaz fonnt hunn an och an Zukunft wäerte fannen, fir d'Äerm eropzestréppen an och kënnen ze schaffen.

Lëtzebuerg entwéckelt sech zu enger Start-up-Natioun, déi och international esou wouergeholl gëtt. Wichteg Initiative si geholl ginn a weiderer kommen an den nächste Joren no. A vun deenen Initiative profitéieren net nëmmen déi Betriber, déi mer wëllen heihinner kréien, mä och déi, déi schonn hei sinn.

Mir sinn a bleiwen innovativ a kompetitiv. D'Regierung schafft dowéinst och un engem neie System iwwert d'Propriété intellectuelle, also engem neien IP-Regimm. D'Diskussioune mam Secteur hu schonn ugefaangen. Eist Zil ass et, fir spéitstens d'nächst Joer en neie Regimm ze hunn, deen d'Fuerschung zu Lëtzebuerg stäerkt an eis als Standuert fir Betriber, déi an d'Recherche investéieren, weider etabléiert. Mir wëllen den Entreprisen hei am Land d'Liewen esou einfach wéi méiglech maachen.

Mam sougenannten Omnibusgesetz, wat dëse Mount a Kraaft getrueden ass, gouf e wichtegen Ufank gemaach, an eng Rëtsch Prozedure sinn doduerch wesentlech méi einfach an och méi kuerz ginn. Dee Wee geet d'Regierung konsequent weider a schafft nom éischten Omnibusgesetz och schonn un engem weidere Pak vu Mesuren, mat deene mer administrativ Hürden ofbaue kënnen.

Am Kader vum Programm „Einfach Lëtzebuerg" sinn iwwer 200 Proposen aus der Populatioun erakomm, fir Verbesserunge virzeschloen. An e Véierel dovunner ass och effektiv als Projet zréckbehale ginn. Et sinn elo dräi Joer hier, dass d'Regierung dëse Projet lancéiert huet an eleng an deem Kader goufe schonn eng 30 Verbesserunge realiséiert. Dat geet vu Prozeduren, déi haut digitaliséiert gi sinn, bis zu Etappen, déi sech als iwwerflëssig oder net méi zäitgeméiss erausgestallt hunn an einfach ofgeschaaft gi sinn.

Mir hunn eng ganz Rëtsch vu Méiglechkeeten och geschafen, fir Demanden elo direkt online kënnen ze maachen, amplaz dass d'Leit sech mussen op e puer Plazen dann och nach deplacéieren, fir Formulairë sichen ze goen a se duerno och nees do ze deposéieren. An d'Servicer goufen zentraliséiert an double Emploien och ofgeschaaft. Déi administrativ Vereinfachung ass e permanente Prozess an d'Regierung geet dee Wee och konsequent weider, fir am Kader vun „Einfach Lëtzebuerg" d'Liewen och wierklech méi einfach ze maachen. Dat ass am Sënn vun de Bierger an dat ass am Sënn vun de Betriber.

Eis Ekonomie steet awer nach viru weideren Erausfuerderungen a mir wäerten eis och an den nächste Jore verstäerkt mat der Fro beschäftegen, wéi d'Aarbecht an Zukunft ausgesäit. Wéi gesäit d'Industrie an der Mëtt vum 21. Jorhonnert aus? Wat ass de Rôle vum Mënsch bei engem Produktiounsprozess? D'Regierung waart net, bis mer konkret mat dëse Froe befaasst ginn, mä schafft schonn haut u Konzepter, déi eréischt an Zukunft zum Droe kommen.

D'Recommandatiounen aus dem Rifkin-Rapport sinn do eng wichteg Hëllef. Mir notzen dës Feststellungen an Analysen, fir weider ze denken a fir Signaler ze ginn. Zesumme mat den Akteuren aus der Wirtschaft an aus der Wëssenschaft an zesumme mat de Sozialpartner entwéckele mer Projete fir d'Zukunft. Et ginn elo schonn eng Rëtsch Initiativen, déi op dës Virschléi aus dem Rifkin-Rapport zréckginn.

Ech nennen d'Beispill, Här President, vun innovativen Energiekonzepter, wéi mer se an de Wunnprojete vun der SNHBM zu Ollem amgaange sinn ze plangen. Hei soll en energetesch autonome Wunnquartier entstoen, wou all Stot net just Stroum konsuméiert, mä och produzéiert an och en eegene Reseau opbaut, also eng ekologesch an héich technologesch Entwécklung, déi haut mat der Ënnerstëtzung vun der Regierung ëmgesat gëtt. Mir investéieren an d'Géigewaart an an d'Zukunft, amplaz eis u Modeller festzehalen, déi an Zukunft iwwerhaapt net méi ze hale wäerte sinn.

Mir wëssen haut, dass d'Entwécklung am Beräich vun der Digitaliséierung eisen Alldag weider wäert beaflossen, esou wéi dat och déi lescht Jore war. Mir wëssen awer och, dass mer net passiv wëllen nokucken, mä matgestalten, fir dass mer déi Zukunft an eisen Hänn hunn an och déi Chance. D'Aarbecht verännert sech, d'Beruffer verännere sech, a mir hale Schratt mat dëser Entwécklung.

Déi gréisst Erausfuerderung an der Zukunft fir eis Wirtschaft, fir eis Gesellschaft a fir eist Land läit am Schoul- an am Bildungssystem. Mir waren alleguerten eng Kéier an der Schoul. Déi mannst vun eis sinn et haut nach all Dag. Et kann ee sech awer net wierklech virstellen, wéi den Alldag an de Lëtzebuerger Schoulen haut ausgesäit, wann een net all Dag dohinnergeet, fir eppes ze léieren oder fir eppes ze enseignéieren.

D'Schülerpopulatioun huet sech an de leschte Jore fundamental verännert. De Bagage, deen d'Kanner matbréngen, ier se an eise Schoulsystem integréiert ginn, ass net méi deeselwechten homogenen, wéi dat bei viregte Generatiounen nach de Fall war.

Eis Schoule sinn am Fong d'Spigelbild vun eiser Gesellschaft. Am Joer 2003 hate knapp en Drëttel vun de Schüler e Migratiounshannergrond. Haut ass et praktesch d'Halschent an den Taux geet weider an d'Luucht. D'Ufuerderungen, déi mir als Gesellschaft un eis Kanner stellen, sinn net méi vergläichbar mat deem, wat hir Elteren an der Schoul erlieft hunn. Déi dausend Enseignanten, déi all Dag virun enger Klass stinn, sti scho laang net méi just virun enger Klass, mä an enger Klass.

Et sinn nei Schoulmodeller ausgeschafft ginn a mir hu wäertvoll Experienze gesammelt, fir eise Schoulsystem méi effikass ze maachen a méi no un d'Realitéiten ze bréngen. An d'Wierklechkeet huet sech an deene leschte Joren och fundamental geännert. An déi Verännerunge sinn nach net fäerdeg. Mir mussen déi Jonk op Beruffer virbereeden, déi et haut vläicht iwwerhaapt nach net gëtt!

Mir dierfen a kënnen also net mat enger Denkweis a mat enger Iwwerleeung vu gëschter un d'Erausfuerderungen an der Schoul vun haut erugoen. D'Regierung setzt sech dofir kloer an, dass ëmgeduecht gëtt an dass och bannent kierzester Zäit e Kader geschafe gëtt, deen de Schoulsystem och moderniséiert. Mir setzen op d'Diversitéit vun den Talenter. Et kann net all Schüler alles kënnen an et muss net all Schüler alles kënnen. Mir sinn um Wee vun enger Diversifiéierung vun der schoulescher Offer, wou mer op déi individuell Stäerkten an Talenter vun de Schüler setzen, amplaz se wéinst hire Schwächte wëllen ze bestrofen.

D'Regierung huet déi Reform am Secondaire, déi laang op sech waarde gelooss huet, elo esou wäit ofgeschloss, a se soll nach virun der Summervakanz gestëmmt ginn. Mir passen d'Schoul och de Realitéiten an der Aarbechtswelt un a ginn Äntwerten op déi Froen, déi souwuel vun deene Jonke selwer, awer och vun den Employeure gestallt ginn.

Mir féieren eng Section I am klassesche Lycée an, wou d'Schüler geziilt op e Studium am digitale Beräich preparéiert ginn. Am September ginn eng 50 Schüler an zwee Lycéeën op dës nei Sektioun a konzentréiere sech op d'Kompetenzen an der Informatik a Mediewëssenschaft. Aner Lycéeë sinn amgaangen, sech Profiller ze gi ronderëm d'Promotioun vum Entrepreneuriat, der nohalteger Entwécklung an den internationale Filièren. Esou entsteet an deenen nächste Joren eng Schouloffer, déi esou villfälteg ass wéi d'Talenter an d'Liewenspläng vun de Schüler.

Mir investéieren an den nächste Méint a Jore weider an d'Digitaliséierung vun der Schoul. Mir wëllen déi Jonk eruféieren un e Secteur, dee fir d'Zukunft vum Land vun enormer Bedeitung ass, a gläichzäiteg hiren Interessi verstäerken. Mir encouragéieren ausdrécklech en Enseignement, deen der Wierklechkeet gerecht gëtt an och op déi nei Medie setzt, fir Inhalter a Methoden ze vermëttelen. Vun der Rentrée u kréien dofir och all Schüler d'Méiglechkeet, am Secondaire en Tablet zu besonnesche Konditiounen ze kréien, fir dësen am Kader vun hirem Schouldag ze notzen.

Déi Jonk, déi de Parcours an der ëffentlecher Schoul haut duerchlafen an um Enn mat engem Ofschloss erausginn, sief dat mat enger professioneller Grondausbildung, mat engem Diplom am Enseignement technique oder mat enger Première, déi hunn déi beschte Chancen haut um Aarbechtsmaart. En Ofschloss ass eppes wäert. A mat engem Ofschloss brauch ee sech zu Lëtzebuerg wéineg Suergen ëm seng Zukunft ze maachen.

D'Zukunftschancë vun de Schüler ginn opgebaut, ier et Schüler sinn. Mir mussen d'Kanner Kanner si loossen. Mir musse si sech entwéckele loossen an derbäi och ënnerstëtzen, wa se sech entfalen an hir Stäerkten developpéieren. Dat fänkt fréi un. An d'Regierung suergt fir d'Chancëgläichheet. All Kand soll déiselwecht Viraussetzunge kréien an déiselwecht Méiglechkeeten och hunn.

Schonn an der viregter Legislaturperiod gouf richteg erkannt, dass et e Besoin gëtt, a mam Aféiere vum Chèque-service ass d'Zuel vun de Betreiungsstrukturen zu Lëtzebuerg enorm an d'Luucht gaangen. Un der Quantitéit vu Plazen an de Crèchen oder an de Maisons relais feelt et haut dacks net, mä d'Qualitéit muss awer och stëmmen.

Mir hunn dofir e Paradigmewiessel an der Kannerbetreiung agelaut. Mir hunn iwwer e Gesetz kloer Qualitéitskritäre festgehalen. Et muss haut garantéiert ginn, dass d'Kanner net an eng Crèche geparkt, mä kandgerecht encadréiert ginn. Et muss e Konzept existéieren an eng präzis Dokumentatioun vun deem, wat am Dag an enger Struktur geschitt. De Stat ass och zoustänneg fir d'Surveillance vun der Qualitéit a kontrolléiert haut regelméisseg.

Mir investéieren an d'Qualitéit. Fir dat nächst Joer ginn nach emol 81 Milliounen Euro zousätzlech an d'Klengkandfërderung investéiert. Et ass en Investissement, deen d'Familljen direkt entlaascht. Eng qualitativ héichwäerteg Betreiung vun de Kanner dierf keng Fro vun de finanzielle Moyene vun den Eltere sinn.

An dofir huet sech och en nächste Schrëtt imposéiert, deen och dëst Joer Realitéit gëtt: Fir d'Rentrée gi mer e weidere wichtege Schrëtt a Richtung vun enger gratis Kannerbetreiung. Tëschent engem a véier Joer kann all Kand vun 20 Stonne gratis Betreiung profitéieren, an dat wärend 46 Wochen am Joer. Fir d'Kanner aus sozial méi schwaache Famillje kënnen et bis zu 30 Stonne ginn. Déi weider Stonne ginn iwwer e sozial gestaffelten Tariff bezuelt, dee fir all Kand no ënnen ugepasst gëtt. Dat ass eng konkret Entlaaschtung fir d'Familljen, fir d'Mammen a fir d'Pappen, déi op engem Punkt an hirem Liewe stinn, wou et op all Sou ukënnt.

Eng Famill mat zwee Kanner, Här President, an der Crèche kann esou vun der Rentrée u mat tëschent 3.000 a 5.000 Euro pro Joer entlaascht ginn. Gläichzäiteg hiewe mir och d'Personalressource fir dës Strukturen ëm 10%. Mir garantéieren esou, dass all Kand zu Lëtzebuerg eng qualitativ héichwäerteg a professionell Betreiung kritt, dat op Basis vun engem pädagogesche Konzept.

Et ass e Konzept, wat wäit iwwert d'Förderunge vun der Méisproochegkeet erausgeet. An dat soll wärend op d'mannst 20 Stonnen an der Woch fir all Kand och gratis sinn. Wärend also haut an engem Wahl- oder Virwahlkampf an Nopeschlänner déi eenzel Parteien iwwer eng gratis Kannerbetreiung nodenken, setze mir déi dëst Joer ëm.

Une voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Den Iwwergang vun der Crèche an d'Schoul geet esou fléissend an ouni Broch, wéi dat haut oft de Fall ass. Dat gëllt fir d'Horairë vun der Gratuitéit, mä et gëllt och a virun allem fir déi pädagogesch Approche. D'Kanner sollen an dierfe Kanner sinn. Se solle sech kënnen entfalen, hir Stäerkten developpéieren, an net schonn am Ufank vun hirer Schoulcarrière duerch Barrièren eweí d'Sprooch, d'Léierverständnis an déi sozial Kompetenzen un hirer natierlecher Entwécklung gehënnert ginn. Mir schafe Chancëgläichheet fir all Kand zu Lëtzebuerg, Chancëgläichheet fir all Famill.

Et bleift awer eng Realitéit, dass net all Kand sech an engem generelle Schoulsystem zurechtfënnt, an net all Jonke bleift beim Parcours op der Spur. All Jonken, deen d'Schoul fréizäiteg verléisst, ouni en Ofschloss, ass engem gewëssene Risk ausgesat, wat seng berufflech Zukunft an och seng finanziell Onofhängegkeet betrëfft, an ass doduerch och dacks anere Risken ausgesat an ass méi ufälleg, fir den Uschloss un d'Gesellschaft ze verléieren. Mir hunn also alleguerten all Interêt drun, fir alles ze maachen, dass déi Jonk net fréizäiteg lassloossen, mä derbäibleiwen an och eng Perspektiv behalen.

Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënschen zu Lëtzebuerg gutt geet. Dofir suerge mir och derfir, dass souwuel déi staark, awer och déi schwaach Schüler dat kréien, wat se och brauchen.

D'Regierung lancéiert an den nächste Méint a Joren eng regelrecht Offensiv, fir déi Schüler ze encadréieren, déi esou en Encadrement och brauchen, si ze begleeden a si och ze ënnerstëtzen. D'Schüler mat Léierschwieregkeeten a verhalensopfälleg Schüler ginn an de Fokus gestallt. Mir suergen derfir, dass déi bestoend Strukture méi Personal kréien a mir schafe wann néideg och nei Strukturen. Dat ass notamment de Fall fir Kanner mat sougenannten „Dys"-Problematiken.

De sozioeducative Secteur gouf an der Vergaangenheet oft vernoléissegt. Et feelt u Personal, Unerkennung a Konzepter. Dat soll sech fundamental änneren. Mir presentéieren an den nächste Wochen eng déif gräifend Reform och vun der Éducation différenciée, mat där de Stat sech och déi Moyenen, néideg Moyene gëtt, fir dësen Obligatiounen an deem Beräich endlech gerecht ze ginn.

An de Schoule selwer, an de staatleche Kannerheemer, an de sozioeducative souwéi awer och an den therapeuteschen Zentre fir Kanner a Jugendlecher an och an der Ediff selwer gëtt e Qualitéitsschlëssel agefouert.

D'Regierung gesäit e Rekrutementsplang fir déi nächst Jore vir, mat deem iwwer 350 nei Poste geschafe ginn. Mat dësem zousätzleche qualifizéierte Personal gëtt den Encadrement vu Kanner a Jugendlecher grondleeënd a laangfristeg verbessert. Et sinn 350 Leit méi, déi iwwert déi nächst Joren zur Verfügung stinn, fir do ze entlaaschten, wou d'Educateuren, d'Sozialaarbechter, d'Psychologen, d'Pädagogen an d'Therapeuten haut dacks iwwerlaascht a leider och zum Deel iwwerfuerdert sinn.

Am Zentrum vun eiser Gesellschaft steet d'Famill. Mir alleguerte si Kanner vun eisen Eltern. Mir sinn Enkelkanner, Bridder a Schwësteren. Mir selwer sinn Elteren oder Grousselteren. D'Famill an d'Zäit, déi mer mat deene verbréngen, déi eis am wichtegste sinn, soll och verstäerkt an den Zentrum vun onser Opmierksamkeet réckelen.

Mir alleguerten, egal wou mer hierkommen a wéi eng politesch Iwwerzeegung mer hunn, mir alleguerten hunn e gemeinsamt Zil: Mir hätte gären, dass et deene gutt geet, déi eis wichteg sinn. Elteren hätte gären, dass et hire Kanner gutt geet. E Kand huet e Recht op Zäit an Opmierksamkeet, op Léift, op e Gefill vu Gebuergenheet an op Rou. D'Eltere sinn an der Verantwortung. Si sinn déi éischt Bezuchsperson fir d'Kand. Si musse sech këmmeren ëm dee Mënsch, deem si d'Liewe geschenkt hunn. Si musse sech awer och kënne këmmeren, also d'Méiglechkeet hunn, hire Rôle ze erfëllen. Dat ass net ëmmer einfach. A mir als Gesellschaft hunn dofir d'Aufgab, deenen Elteren och déi Méiglechkeet kënnen ze ginn.

D'Familljepolitik vun der Regierung stellt d'Kand an de Mëttelpunkt an et ass net un eis, fir ze decidéieren, wat richteg oder falsch ass. Et steet eis net zou, e bestëmmte Familljemodell ze imposéieren. Mä mir mussen Äntwerte ginn op déi konkret Besoine vun den Elteren am Interêt vum Kand.

An de leschte Jore goufen et Changementer an och Adaptatiounen an der Familljepolitik, well se néideg waren. D'Realitéit huet gefuerdert, dass d'Familljepolitik der Realitéit ugepasst gëtt. Esou ass et haut zum Beispill d'Realitéit, dass dräi vu véier Frae schaffe ginn, well d'Frae mussen oder och well se et wëllen. Virun 30 Joer war et manner wéi d'Halschent. A virun allem ginn och d'Mammen haut schaffen.

De Fait, dass eng Koppel e Kand kritt, huet fréier oft fir d'Fra bedeit, dass si hir Aarbecht

opginn huet oder huet mussen opginn. Haut ass dat net méi de Fall! Et ass net un eis, dat ze bewäerten, mä et ass awer un der Politik, deem Rechnung ze droen. Geneesou wéi et un der Politik ass, ze realiséieren, dass et ëmmer méi sougenannte Patchworkfamillje ginn, och zu Lëtzebuerg, dass ëmmer méi Mariagen och nees gescheet ginn an d'Zuel vun den Elengerzéienden ëmmer weider an d'Luucht geet. Déi Realitéite verlaangen Äntwerten, an zwar am Interêt vum Kand. All Kand muss déiselwecht Rechter hunn an déiselwecht Chancen.

De reforméierte Congé parental ass en zentraalt Element vun enger Familljepolitik, déi et den Eltere méi einfach mécht, Zäit mat hire Kanner ze verbréngen, an zwar net nëmmen de Mammen, mä och de Pappen. Sou stelle mer fest, dass et virun allem eng Hausse gëtt bei de Pappen am Moment, déi deen neie Congé parental ufroen. An allgemeng kann ee behaapten, dass an den éischte Méint déi Demande vu Pappe fir de Congé parental sech verduebelt huet.

Mir musse méi wäit denken a mir denken och méi wäit, Här President. Aarbecht a Famill soll an Zukunft kee Widdersproch an dësem Land méi bedeiten, mä sech ergänzen. Mir schaffen dofir och u Modeller, déi et den Elteren, déi schaffe ginn, erlabe sollen, méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen, wärend der Zäit, wou d'Kanner dat och fuerderen a wou et och wichteg ass fir d'Kanner. En éischte Schratt ass dee mam Congé parental, awer och mat der Reform vun de Congés extraordinaires, wou an Zukunft d'Eltere wärend där Zäit, wou d'Kanner kleng sinn, méi Congé hunn, fir de Fall wou d'Kand moies krank ass a mat Féiwer waakreg gëtt.

Den nächste Schrëtt wäert sinn, dass mer iwwer eng méi flexibel Opdeelung vun der Aarbechtszäit nodenken. Et ass net all Mataarbechter vun engem Betrib iwwer seng ganz Carrière d'selwecht disponibel. Et ginn Zäiten am Liewen, wou ee méi wëllt a méi ka schaffen, an et ginn Zäiten am Liewen, wou ee wëllt oder muss méi kuerztréppelen.

Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënsche gutt geet. An dozou gehéiert och, dass d'Leit Wunnengen hunn an dass se sech déi och leeschte kënnen. Mir wëllen, dass eis Kanner sech net musse finanziell iwwerhuelen an hir Gedanken op dat kënne konzentréieren, wat wierklech zielt.

De Problem vun den héije Präisser vum Logement ass net nei an ass net iwwerraschend an en ass och net einfach ze léisen, scho guer net kuerzfristeg. Eng vun den Haaptursaache vum Problem, well et ass e reelle Problem, läit doranner, dass eist Land attraktiv ass - ech hunn lech virdru jo d'„Land" och zitéiert -, dass ëmmer méi Leit heihinner schaffe kommen, dass ëmmer méi Leit wëllen heihinner wunne kommen. Dat heescht, d'Demande no Wunnraum ass an de leschte Joren och stänneg gewuess. D'Offer och, mä net am selwechte Rhythmus.

D'Regierung huet an de leschte Joren dofir och op dräi Haaptachsen agéiert. Mir hu virop d'Zuel vun de Projete fir Wunnengen, déi iwwer staatlech Akteure gebaut ginn, massiv an d'Luucht gesat, also un der Offer geschafft.

Dann hu mer, zweetens, als Regierung derfir gesuergt, dass Terraine fräi ginn, op deene ka gebaut ginn, awer an de leschte Joren oder Jorzéngten näischt konnt oder näischt duerft geschéien.

An drëttens huet d'Regierung eng Rëtsch vun Initiativen a Reforme gemaach, déi d'Leit finanziell entlaaschten, wa se sech eng Wunneng wëlle kafe respektiv wa se e Loyer musse bezuelen.

Esou ass d'Zuel vun de Projeten, déi vun der Société nationale des habitations à bon marché reell gebaut ginn, bannent zwee Joer carrément verdräifacht ginn. Et si mat 250 Projete pro Joer nach ëmmer net genuch Wunnengen. Mä eng Verdräifachung vun der Aktivitéit bannent zwee Joer ass eng enorm Leeschtung. Nach ni virdrun huet de Stat esou vill an de soziale Wunnengsbau investéiert ewéi an deene leschten dräi Joer. Mir hunn duerch Verhandlunge mat Proprietairen, wéi notamment duerch den Accord mat ArcelorMittal, grouss Surfacë kënne fir Wunnprojete gewannen. Konkret grouss Projeten, déi den Ament an der Planung sinn, sinn déi op de Sitte vu Wolz, Ollem an Diddeleng, wou an den nächste Joren elo iwwer 3.000 Wunnenge kënnen entstoen.

Um Niveau vun der konkreter Hëllef fir déi Leit, déi haut op der Sich no engem Doheem sinn, goufen et am Kader vun der Steierreform substanziell Verbesserungen. Et ass eng speziell Ënnerstëtzung fir déi, déi grad am Ufank vun hirem professionelle Liewe sinn an am Fong deen Dilemma hunn, deen ee ganz oft a Länner wéi Lëtzebuerg huet: Mir hu Sozialwunnengen, fir déi eng jonk Koppel, wa se grad vun der Uni kënnt, ze vill Pai verdéngt, fir se ze kréien, awer op där anerer Säit, wa se d'Annoncë kuckt, net genuch verdéngt, fir um normale Marché kënnen eng Wunneng ze fannen.

An dofir ass deen erschwéngleche Wunnraum och esou e wichtege Projet. An ech sinn och ganz frou, dass zum Beispill e Projet um Kierchbierg, wou den Terrain deemools engem Promoteur gi gouf, deen dat meescht ugebueden huet, dat heescht, mir selwer als Stat am Fong d'Präisser mat gedriwwen hunn, esou transforméiert ginn ass, dass de Promoteur gesot huet (veuillez lire: dass dem Promoteur gesot ginn ass): „Dir dierft net iwwert deen dote Präis de Meter carré duerno verkafen." An domadder ass et fäerdegbruecht ginn, bei engem Projet, deen awer scho fäerdeg war, deen awer vun der Regierung dunn annulléiert ginn ass, fir d'Halschent vum Präis um Kierchbierg Appartementer un d'Mëttelschichte weider kënnen ze ginn. Well dat wore ganz oft d'Oubliés vun der Logementspolitik: ze vill fir dat eent, net genuch fir dat anert.

Si ginn och zum Beispill am Kader vun der Steierreform entlaascht, andeems den Abattement fir d'Scholdzënsen um Eegenheem ëm ronn 30% an d'Luucht gesat gouf. De Plaffong vun deem, wat een als Jonke bis 40 Joer um Bauspuervertrag kann ofsetzen, gouf verduebelt, an d'Valeur locative um Eegenheem ass och ofgeschaaft ginn. Dës Mesurë si méi ewéi eng Drëps op de gliddege Steen, well se direkt bei deene Leit och ukommen, déi et och grad an deem Moment brauchen.

Duerch d'Steierreform ginn och Haiser a Wunnengen, déi eidel stinn, mobiliséiert, well déi Proprietairen, déi hiren Immeubel konventionéierten Akteure fir méi niddrege Loyer zur Verfügung stellen, dee Loyer bis zur Halschent vun de Steiere kënnen ofsetzen. Eng zousätzlech Dynamik koum och op de Marché duerch dat zäitlech limitéiert Erofsetze vum Taux op der Plus-value. Dës Mesure gëtt am Hierscht op hiren Impakt hin analyséiert. A wann et sech als sënnvoll erausstellt, kann déi Limitatioun och eng Kéier verlängert ginn.

Mir hunn eng nei Subvention de loyer agefouert, wou Haushalter mat bis zu 270 Euro all Mount kënne gehollef kréien. An d'Regierung huet och an de leschte Woche Mesurë geholl, fir dass déi Hëllef méi an Usproch geholl ka ginn, wéi dat haut de Fall ass.

All dës Mesurë sinn an der Logik, fir de Problem um Wunnengsmaart zu Lëtzebuerg ze entkräften a fir déi Leit ze ënnerstëtzen, déi mat deem Problem geplot sinn. Et ass awer just den Ufank, an de Wee, fir Loft an dee stéckege Marché ze kréien, ass laang a stengeg. Mir sinn decidéiert, dat weider ze goen, an et kann nëmme goen, andeems de Wunnengsmaart weider dynamiséiert gëtt a Wunnengen och weider entstinn.

De Stat an d'Gemenge sinn haut scho wesentlech Akteuren um Wunnengsmaart. An déi ëffentlech Akteure schafe kontinuéierlech Wunnraum. Et duerf een de Problem dobäi net isoléiert upaken a just drop setzen, dass Bauland fräi gëtt. E Gesamtkonzept muss och am Kader vun enger intelligenter Landesplanung virgesinn, dass de rurale Raum besser a méi developpéiert ka ginn. Plazen, déi haut vläicht manner attraktiv si fir ze wunnen, well se schlecht un den ëffentlechen Transport ugebonne sinn, mussen opgewäert ginn.

Liewensqualitéit erhalen a Liewensqualitéit verbesseren ass eng vun den Haapthausaufgaben an deenen nächste Joren. Am ganze Land, souwuel an a ronderëm d'Stied, awer och an de ländleche Géigende musse mer kënne garantéieren, dass eis Kanner a Rou, gesond a sécher opwuessen.

Mir wëllen, dass déi, déi eis wichteg sinn, gesond sinn a gesond bleiwen, dass déi natierlech Ressourcë geschützt an eis Liewensmëttel héichwäerteg an am beschten och regional produzéiert sinn. Dat eent hänkt mat deem aneren zesummen an dofir ass et och just logesch, dass d'Regierung vill Initiative geholl huet am Sënn vun eiser Gesondheet an eiser Liewensqualitéit.

Esou setze mer eis derfir an, dass de Flächeverbrauch zu Lëtzebuerg minimiséiert a virun allem dem Kritär vun der Nohaltegkeet och gerecht gëtt.

Ee wichtege Partner dobäi ass déi Lëtzebuerger Landwirtschaft. D'Regierung ënnerstëtzt ausdrécklech déi regional Produktioun a promouvéiert zesumme mam landwirtschaftleche Secteur déi Produiten, déi vun eise Baueren a Wënzer produzéiert ginn. Mir wëllen awer och hei virun allem innovativ an net ideologesch virgoen. D'Demande no Produiten, déi de Bio-Label droen, ass an de leschte Jore stänneg gewuess an dee Secteur ka fir vill Baueren den Auswee sinn aus enger Spiral, wou ee soss ëmmer méi muss produzéieren, fir kënne vum Betrib ze liewen.

D'Ëmstellung op Bio ass allerdéngs zum Deel schwiereg. An dofir huet d'Regierung eng Rei Mesuren agefouert, fir deen Iwwergang ze erliichteren. Esou goufen am Kader vum neien Agrargesetz notamment Bioprimmen agesat, d'Berodung verstäerkt an d'Investitioun an d'Biolandwirtschaft krut Prioritéit.

Eng weider wichteg Initiativ kënnt elo derbäi: Wéi et schonn am Wäibau och de Fall ass, soll et an Zukunft och méiglech sinn, dass e Bauer zum Deel op Bio ëmstellt an esou ee méi duussen Iwwergank erméiglecht kritt. Mä esou eng Deelëmstellung muss zäitlech limitéiert sinn. De But ass jo, fir dass déi Ëmstellung duerno definitiv och an total ka ginn.

Esou kréien dann och d'Betriber fir eng Deelëmstellung d'Bioprimm op deem Deel, deen no biologesche Kritären och fonctionnéiert. Et gëllen dann eng Rei speziell Regelen ewéi zum Beispill, dass ee sech muss decidéieren, wéi eng Déierenaart op Bio ëmgestallt gëtt. D'Vertrauen, wat de Konsument an de Bio-Label huet, soll och weiderhin héichgehale ginn, an d'Leit dierfen net op eng Kéier en Doute kréien, wat dat eent oder dat anert ass.

Mir brauche gutt Liewensmëttel a mir brauche gesond Liewensmëttel an dofir och héich Standarden an der Produktioun.

Mir brauchen eng propper Ëmwelt an en effiziente Schutz vun den natierleche Ressourcen. Dat heescht zum Beispill eng verbessert Waasserqualitéit, wou d'Regierung grouss Retarden opgeholl huet a weider vill investéiert, fir dass och déi nächst Generatioune proppert a gutt Waasser zu Lëtzebuerg hunn, an de Baachen an an de Flëss, mä och aus dem Krunn. Mir setzen eis a fir héich Ëmweltstandarden, well se gutt si fir d'Mënschen, déi hei liewen. Mir wëllen, dass mir, awer och eis Kanner gesond opwuessen an eng propper Loft hunn, fir ze ootmen.

Här President, Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënsche gutt geet. Dofir muss och jidderee séier a gutt gehollef kréien, wann en Hëllef brauch.

D'Regierung investéiert och weider intensiv an de Lëtzebuerger Gesondheetssystem, deen haut mat ee vun deene beschten op der Welt ass. Dat soll eis awer net duergoen a mir sollen net dobäi stoe bleiwen. Mir kënnen eis et och net erlaben, eis mat deem zefridden ze ginn, ewéi et ass, well et sti grouss Erausfuerderungen och virun eis.

D'Leit gi méi al. Se bleiwe méi laang aktiv a gläichzäiteg hélt och d'Zuel vun de chronesche Krankheete permanent zou. An déi beschte Gesondheetspolitik, déi mer iwwerhaapt kënne maachen, ass den Invest an d'Gesondheet amplaz an d'Heele vun de Krankheeten. Esou stellt d'OCDE beispillsweis fest, dass just 3% vun den Ausgaben am Gesondheetswiesen an d'Präventioun fléissen an déi aner 97% an d'Behandlung investéiert ginn.

Lëtzebuerg mécht eng Politik an eng aner Richtung. Mir brauchen e konsequent Emdenken. An d'Regierung wäert an den nächste Jore verstäerkt op där Achs schaffen a virun allem d'Leit opklären. Zesumme mat de Partner um Terrain, déi bei Sensibiliséierung a Präventioun eng wichteg a wäertvoll Aarbecht leeschten, wëlle mer hëllefen, dass d'Bierger Bescheed wëssen iwwert d'Risiken an awer och iwwer Symptomer. D'Fréierkennung ass beim Kriibs dacks de beschten Alliéierte vum Patient an och bei engem Schlag oder engem Häerzinfarkt entscheet déi direkt Prise en charge dacks iwwer Liewen oder Doud.

Mir hunn dofir e Konzept ausgeschafft an en neit Spidolsgesetz deposéiert, mat deem d'Prise en charge verbessert an och méi effizient gemaach ka ginn. Et gëtt an der Tëscht e Konsens, dass déi Reform am Sënn vum Patient ass, an de Bedenke vun den Dokteren ass och zum groussen Deel Rechnung gedroe ginn. Am Noutfall ass den Dokter responsabel fir d'Liewe vum Patient - den Dokter, d'Infirmière an d'Personal am Spidol. Déi Verantwortung muss unerkannt a valoriséiert ginn.

Eng éischt Zort Prise en charge vun engem Noutfallpatient geschitt awer och dacks nach ier en Dokter oder en Infirmier de Patient gesäit. Et si Leit, déi ronderëm sinn, vun deenen och a ville Fäll d'Schicksal vun engem Mënsch an Nout ofhänkt. Dofir wëlle mer och derfir suergen, dass den Taux vun deene Leit, déi Éischthëllefscoursë maachen, an d'Luucht geet. En éischte Schrëtt ass, dass mer d'Offer vum Éischthëllefscours an der Fonction publique och promouvéieren an de Leit, déi beim Stat schaffen, méi Méiglechkeete ginn, wärend der Aarbechtszäit esou e Cours ze suivéieren.

Zu esou engem Cours gehéiert och, dass méi Leit wëssen, mat engem Defibrillateur ëmzegoen, wéi en haut schonn op villen ëffentleche Plazen zougänglech ass an an Zukunft nach méi soll zum Standard an den ëffentleche Gebaier gehéieren.

Mir suergen och derfir, dass d'Rettungsdéngschter opgewäert a professionaliséiert ginn. Déi entspriechend Reform, mat där och en eegene Corps gegrënnt gëtt, ass am leschte Schlëff. An deem neie Corps sinn all déi ëffentlech Rettungsdéngschter zesummegefaasst a gi gemeinsam vu Stat a Gemenge finanzéiert. Et gëtt eng effizient Organisatioun, an d'Hëllef um Bierger gëtt domadder nach besser a méi effikass.

Et kënnt zu enger weiderer Professionaliséierung, mä och weiderhi sinn d'Rettungsdéngschter op déi Fräiwëlleg ugewisen. Si verdéngen eis Unerkennung. A mam Akraafttriede vun deem neie Gesetz gëtt dat och konkret ëmgesat. De Congé spécial fir d'Formatioun geet an d'Luucht. D'Indemnitéite fir d'Permanencë gi steierfräi an et gi Subside fir Zousazassurancen a Pensiounen agefouert.

Mir wëllen, dass eis Populatioun gesond ass, dass d'Fäll vun de chronesche Krankheeten erofginn a manner Mënschen an eiser Gesellschaft geplot si mat Problemer, déi vläicht ze evitéiere wieren.

Eng gesond Gesellschaft ass eng, déi sech beweegt, déi aktiv ass. D'Ernärung an de Sport si wichteg Facteuren an der Präventioun justement vun de Krankheeten, déi an den industrialiséierte Länner typesch a vill ze heefeg ze fanne sinn.

Am Beräich vum Sport huet d'Regierung an de leschte Méint vill kënnen ëmsetzen. Et sinn am Kader vum Fënnefjoresplang, deen Enn 2017 ausleeft, iwwer 500 Milliounen eleng an Infrastrukturen erageflo ss. Eleng iwwer 100 Milliounen och direkt iwwert de Statsbudget. Et geet drëms, de Sport als e wichtege Facteur fir d'Gesellschaft an och fir d'Ekonomie unzëerkennen, de Sport als präventiv Moossnam ze gesinn, fir Krankheeten ze verhënneren, de Sport als Integratiounsmoossnam, déi Kulturen an Nationalitéite matenee verbënnt, de Sport als educativ Moossnam, wou Kanner a Jonker léiere mateneen ëmzegoen, Equippegeescht kréien an och léieren, dass ee muss trainéieren, fir e Match ze wannen.

Deem gouf Rechnung gedroen, andeems zanter dem Ufank vum Joer en neit Reglement iwwert d'Subside fir d'Veräiner gëllt, déi jonk Sportler bis 15 Joer encadréieren. Dëse Subsid qualité+ ersetzt dat, wat d'Veräiner iwwert d'Chèques-services zegutt haten. Mä de Prozess ass och enorm vereinfacht ginn an et gëtt derfir gesuergt, dass d'Veräiner direkt ënnert d'Äerm gegraff kréien. Elo gëllt et awer, en neie Fënnefjoresplang fir d'Infrastrukturen auszeschaffen, an et gëllt och, de Federatiounen a Veräiner esou eng Previsibilitéit ze ginn.

E Punkt, deen eis an den nächste Jore wäert beschäftegen, ass d'Iddi vun engem nationalen Zenter fir olympesch Sportaarten, esou wéi mer et am Ausland kennen. Dat ass eng laangjäreg Fuerderung vum COSL an aneren Akteuren. An d'Regierung ass decidéiert, esou e Projet ëmzesetzen. Mir schaffen den Ament drun, de juristesch-administrative Kader ze schafen, fir en Olympiastützpunkt zu Lëtzebuerg ze realiséieren. Dat wäert net nëmmen d'Konditiounen am Leeschtungssport däitlech verbesseren, mä och en direkten Impakt hunn op de Stellewäert vum Sport zu Lëtzebuerg an e Geescht vun Ambitioun verbreeden, dee bis an déi eenzel Veräiner och wäert erawierken.

De Sport souwéi och vill ONGen, d'Scouten, d'Protex, d'Pompjeeën, Organisatiounen a Veräiner fonctionnéieren nëmmen eenzeg an eleng doduerjer, dass all Dag, all Weekend Dausende vu Leit hei am Land iergendwou eng Hand mat upaken an Aarbecht maachen, déi hinne Satisfaktioun gëtt, déi awer dacks als selbstverständlech ugesi gëtt. Dat ass se awer net! Dee fräiwëllegen Engagement verdéngt eng grouss Unerkennung a méi Unerkennung.

Esou wéi et bei de Fräiwëllege bei de Rettungsdéngschter geplangt ass, wëllt d'Regierung och de Benevolat am Allgemenge weider stäerken an den Engagement fir d'Gesellschaft, fir déi aner, fir deen anere valoriséieren. Mir huelen dofir eng Initiativ, wou d'Leit, déi sech fräiwëlleg engagéieren, vu verschiddene Virdeeler sollte profitéieren an hir wäertvoll Aarbecht nach besser unerkannt sollte kréien.

Mir wäerten zum Beispill mat de Federatiounen an Organisatiounen zesummen e Katalog vu Mesuren ausschaffen, déi de Leit direkt um Terrain zeguttkommen. Eng Mesure, déi mer esou an den nächste Méint konkretiséiere wëllen, ass, fir deene Benevollen, déi sech engagéieren,

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

ouni dofir bezuelt ze ginn - de Prinzip vum Benevolat: ouni dofir bezuelt ze ginn -, e gratis Accès op den ëffentlechen Transport ze ginn.

Mir kënnen eis awer och weider Mesurë virstellen, wéi zum Beispill eng méi breet Unerkennung vun de Kompetenzen, déi een am Kader vu sengem Engagement ka kréien.

Sport a Fräizäit sinn zentral Elementer vun der sozialer Kohäsioun, an dat gëllt och fir d'Kultur. An den nächste Méint starte mir eng regelrecht Offensiv, fir och d'Kultur, d'Musek, den Theater, d'Literatur an d'Konscht am Allgemenge méi no bei d'Leit ze brëngen. Am Kulturberäich si mer amgaangen, d'Konklusioune vun den Assises de la culture auszewäerten. Kloer schéngt eis, dass déi Kulturschafend zu Lëtzebuerg dacks virun allem eppes brauchen: eng Plaz, wou se kënne schaffen.

Als Kulturminister ass et mer wichteg, dass Lëtzebuerg net nëmmen als Kulturstanduert seng Renommee behält a bäigewënnt, mä och als Land, wou Kënschtler, Museker, Artisten e Kader hunn, deen et hinnen erlaabt, ze schaffen, a Projeten, wou et e Mix gëtt vun Atelieren, Kreativwirtschaft a Kulturraim, wéi et zu Déifferdeng fonctionnéiert, sollen e Modell si fir aner Plaze bei eis am Land.

Ech denken do virun allem och un de ländleche Raum, wou Konschtwerkstätte kënnen entstoen an esou eng lokal Ekonomie, Tourismus an dat gesellschaftlecht Liewe mat inspiréiere kënnen. Ech wäert an deem Sënn en Opruff un d'Gemenge maachen, fir méiglech Plazen ze identifizéieren, wou nei Projete realiséierbar an och sënnvoll sinn.

Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënschen zu Lëtzebuerg gutt geet. Dofir brauche mir weiderhin e staarke Sozialsystem. Mir brauchen e System, deen et erlaabt, dass jiddwereen an Dignitéit liewen an op Hëllef zréckgräife kann, wann eng Situatioun am Liewe kënnt, wou een Hëllef brauch. Mir hunn haut e gudden a staarke Sozialsystem, an d'Regierung huet deen an de leschte Joren och kloer verstäerkt.

Mam neie REVIS, dem Revenu d'inclusion sociale, gëtt justement d'Inklusioun gefërdert. Et soll an et dierf keen aus der Gesellschaft ausgeschloss ginn, well en an enger méi schwiereger Situatioun am Liewe sech grad befënnt. De REVIS hëlleft souwuel deenen, déi duerch iergende Liewensëmstand kuerzfristeg drop ugewise sinn, wéi och deenen, déi vläicht ëmmer wäerten drop ugewise sinn, fir an Dignitéit ze liewen.

Mat der Reform gëtt bei de Berechnungen deen Deel vun de Kanner an d'Luucht gesat, virun allem bei de Famille-monoparentallen. Domadder geet d'Regierung konsequent géint d'Kanneraarmut vir. An Zukunft däerf an engem Stot, deen de REVIS kritt, och deen zweeten Erwuessenen an enger Beschäftegungsmesure sinn, wat den Ament net de Fall ka sinn. Domadder stäerke mir och virun allem d'Fraen an huele se mëttel- a laangfristeg aus der Ofhängegkeet eraus.

D'Zil vun der Politik, wou mer déi Erwuessen encouragéieren, nees aktiv ze ginn, ass am beschte Fall, dass se nees mat den eegene Flilleke fléie kënnen. Mä virun allem soll jiddweree sech zougehéiereg zu eiser Gesellschaft fillen. Dofir sinn och eis Partner esou wichteg, déi sech ëm déi Mënsche këmmeren, déi elo am RMG oder herno am REVIS sinn.

Mir wëllen, dass jiddwereen dozougehéiert a kee soll sech ausgeschloss fillen. Dofir schécke mir dëst Joer och en neit Gesetz op den Instanzewee iwwert d'Leit mat spezielle Besoinen. Haaptzil vun dëser Reform ass et, dass méi Leit mat enger Behënnerung eng Aarbecht um éischten Aarbechtsmaart fanne kënnen. De Statut vum Salarié handicapé gëtt wesentlech vereinfacht a besser zougänglech. Déi nei Mesure vun der Aide à l'inclusion dans l'emploi kritt eng gesetzlech Basis. D'Inklusioun muss Normalitéit ginn, geneesou wéi eng onkomplizéiert Accessibilitéit fir d'Leit mat spezielle Besoinen och eng Normalitéit muss sinn.

Mir schaffen un engem Gesetz, wat den „design for all" net nëmmen op d'Gebaier limitéiert, déi vum Stat oder de Gemenge gebaut ginn. Och Kinoen, Restauranten oder Gemeinschaftsraim a Residenze sollen an Zukunft behënnertegerecht ginn.

Den Accès fir jiddweree gëllt och fir d'Sprooch. An den nächste Woche gëtt e Gesetzesprojet deposéiert, fir d'Gebäerdesprooch als eegestänneg Sprooch unzëerkennen. Dat brëngt mat sech, dass gehörlos an héiergeschiedegt Leit Rechter kréien, déi et haut an där Form net gëtt zu Lëtzebuerg.

Mir wëlle mat Zouversiicht no vir kucken, haut an och am Alter. Mir brauchen dofir e staarke Pensiounssystem, an zwar nohalteg. E System, wou mer haut d'Schwächten identifizéieren, kann net lafe gelooss ginn, bis d'Schwächten op eemol vum Fong erop un d'Uewerfläch kommen.

D'Regierung ass amgaangen, e Screening vum Pensiounssystem ze maachen, wéi en och am Koalitiounsprogramm festgehalen ass. Ee speziellen Aarbechtsgrupp huet éischt Etüde gemaach a wäert déi an den nächste Méint och der Regierung presentéiere kënnen. Mir mussen a mir wëlle wëssen, wou Adaptatiounen néideg sinn, an dann och handelen. Duerch eng gutt a sënnvoll Finanz- a Wirtschaftspolitik, duerch Efforte vun eis alleguerte si mer haut net an der Situatioun, dass mer kuerzfristeg missten Adaptatiounen oder souguer Kierzunge virhuelen. Dat gëtt och an den nächste Joren net néideg, wa mer et fäerdegbréngen, eist Land weider no vir ze bréngen an d'Zukunft ofzesécheren.

Et gi verschidden Erausfuerderungen am Pensiounssystem, déi mer mussen eescht huelen. Dozou gehéiert zum Beispill, dass d'Liewenserwaardung eropgeet, d'Zuel vun de Cotisatiounsjore vun deem Eenzelnen awer erof. Mir brauchen an der Zukunft innovativ Modeller, fir eis Zukunft ofzesécheren, och am Alter. Jiddwereen huet e Recht op eng ideal Versuergung, an déi ass zu Lëtzebuerg vun héijer Qualitéit. Eise System vu Sozialversécherung gehéiert zu deene performantsten op der Welt an den Niveau vun de Leeschtungen ass zu Lëtzebuerg exceptionnel.

Mir hunn den Niveau vun de Leeschtungen an de leschte Jore kënnen ausbauen an och professionaliséieren, an zwar ouni d'Cotisatiounen an d'Luucht ze setzen. Deen eenzelne Bierger kritt haut méi Leeschtungen, ouni dass en dofir muss méi an de System abezuelen. Dat si punktuell Verbesserungen ewéi zum Beispill Remboursementer beim Zänndokter. Méi generell wëlle mer awer de System och weider grondsätzlech iwwerschaffen.

An deem Sënn gëtt den Ament hei an der Chamber eng Reform vun der Fleegeversécherung jo och diskutéiert. D'Zil ass et, e System ze schafen, deen no um Bierger ass. Konkret heescht dat zum Beispill, dass Leeschtunge méi flexibel kënne prestéiert ginn. Et geet also manner no engem Schema, mä méi individuell no de Bedierfnesser vun deem Mënsch, deen hannert dem Begréff „Bénéficiaire" steet. D'Leeschtunge sollen och an der Qualitéit verbessert ginn. A mir féiere Mechanismen an, fir dat och ze iwwerwaachen an, wann néideg, dann och ze ajustéieren.

Et ginn an den nächste Joren och zousätzlech Leit agestallt, déi speziell do sinn, fir Informatiounen ze ginn. Dacks kënne Problemer am System aus dem Wee geraumt ginn, wann d'Leit matzäiten déi richteg Äntwerten op hir Froe kréien. An dat wäert an Zukunft och garantéiert ginn.

Et mussen esou mann wéi méiglech Froen onbeäntwert bleiwen. Dat ass eng Prämiss, déi a ville Beräicher gëllt, an do musse mir och als Stat eis verbesseren. Onkloerheet suergt fir Onsécherheet. An dofir gi mir och weider de Wee vun der Informatioun, der Transparenz an der Offenheet.

Beschte Bewäis ass, dass meng Ried gëschter scho verdeelt ginn ass, wou ech se eréischt haut halen!

(Hilarité générale)

Als Bierger wëll ech wëssen, wat de Stat iwwer mech weess. Als Bierger wëll ech och kënnen novollzéien, wéi et zu Decisioune kënnt, déi mech direkt betreffen. An den nächste Méint wäert den Zougang zur Informatioun eng Realitéit ginn. All Bierger huet dann en erweiderten Accès op Informatiounen an Daten, déi haut eleng beim Stat leien. Dat Gesetz vun der offener an transparenter Administratioun ass e wesentleche Schrëtt no vir an et ass e Schrëtt, dee Jorzéngte gebraucht huet, ier dës Regierung e gemaach huet.

Et ass mer bewosst, dass eng Rei Akteuren der Meenung sinn, den Zougang zur Informatioun géif net wäit genuch goen. An ech schléissen net aus, dass mer och nach Adaptatioune kënne virhuelen, wann den éischte Schratt bis gemaach ass an deen éischten allgemengen Zougang zur Informatioun bis Realitéit ginn ass.

Informatiounen an Transparenz si positiv fir eis Gesellschaft an och fir de Stat, well Barrièren ofgebaut ginn a subjektiv Meenungen duerch objektiv Fakte kënnen ersat ginn.

Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënschen zu Lëtzebuerg gutt geet. Dofir musse mir och weider derfir suergen, dass d'Leit sech sécher fillen an onsem Land. Am Beräich vun der Sécherheet ass et an dësen Zäiten ëmmer méi schwéier, iwwer objektiv Fakten ze schwätzen. Mir wëllen a Sécherheet liewen an eist Land gehéiert zu deene séchersten op der ganzer Welt. All Abroch, all Kierperverletzung, all Crime ass awer ze vill. An dofir huet d'Regierung an de leschte Jore vill an d'Sécherheet investéiert an duerch eng breet Reform vun der Police och de Grondstee geluecht fir weider Verbesserungen.

Et ass schwéier ze chiffréieren, wéi sécher mer haut zu Lëtzebuerg liewen, well dat eben e ganz komplexen a subjektive Sujet ass. Et ass richteg, dass d'Zuel vun den Abréch zejoert op en Neits erofgaangen ass. Op zwee Joer gekuckt ass et eng Baisse bei de Privathaiser vun iwwer 25%.

Allgemeng ass den Taux u Kriminalitéit erof- an d'Zuel vun deenen opgeklärte Verbriechen eropgaangen. Och d'Zuele vun de Plaintë wéinst Kierperverletzunge goung 2016 erof, d'selwecht ewéi d'Fäll vu Gewalt am Stot.

Mä et gëtt och schlecht Nouvellen. An dat gëllt notamment fir d'Zuel vun de Plaintë wéinst Viol, déi zejoert däitlech eropgaangen ass.

Sécher ass, dass d'Regierung weider an d'Sécherheet investéiert. Mir wëllen, dass d'Bierger sech sécher fillen. D'Regierung huet och dofir decidéiert, iwwert déi nächst Joren d'Zuel vun de Polizisten an d'Luucht ze setzen. 2014 sinn 73 Leit bei der Police agestallt ginn. 2018 sollen et der 146 sinn, also duebel esou vill. De Budget vun der Police geet dëst Joer ëm 19 Milliounen Euro par rapport zum leschte Joer erop.

Eis Sécherheetsautoritéite mussen hir Aarbecht kënne maachen an och eis Justiz muss effikass kënne schaffen. Och an dësem Beräich sinn eng Rei Aarbechten amgaangen, déi als Zil hunn, eis Justiz der Zäit unzepassen. De Justizsystem ass do, fir de Rechtsstat ze garantéieren an dem Bierger eng Sécherheet ze ginn an och fir Gerechtegkeet ze suergen.

D'Justiz ass awer och am Service vum Bierger a soll verständlech an och accessibel sinn. D'Regierung mécht do wesentlech Schrëtt no vir, notamment duerch d'Schafe vun engem Familljeriichter. Amplaz déi verschidden Affäre fir d'Scheedung, fir d'Kannerrecht, fir d'Pensions alimentaires, etc., etc. all Kéiers bei en anere Riichter musse plädéieren ze goen, ass et wichteg, dass een een Interlocuteur huet, ee Riichter, deen och den Dossier vu vir bis hanne kennt. An dofir gëtt och deen dote Riichter geschafen. Et ass näämlech eng schwiereg Zäit fir d'Leit, wou en Divorce ass, wou eng Autorité parentale ass, wou et ëm d'Tutelle an äänlech Froe geet. An et soll een dat dann net nach méi komplizéiert maache mat verschiddene Prozeduren. Dofir och eng Simplification vun de Prozeduren an e Juge, dee sech duerno ëm d'Affaire-familialle këmmert.

Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënsche gutt geet, an dat heescht och, dass mer eis Statsfinanzen am Gréff mussen hunn. Op d'Entwécklung, déi et an dësem Beräich an de leschten dräi Joer gouf, kënne mer houfreg sinn. A mir kënne mat aller Rou an Zouversiicht no vir kucken.

D'Situatioun, Här President, ass gutt! Egal wéi een et dréit a kéiert, egal wou een Elementer siche geet, d'Zuelen an d'Zensuren, déi mer vu bausse kréien, schwätze fir sech!

Mir hu vun all deene grousse Ratingagencen den Triple-A confirméiert kritt. An net nëmmen, dass eis Bonitéit haut als bescht agestuuft gëtt, och fir d'Zukunft geet een dovunner aus, dass Lëtzebuerg sech weider gutt entwéckelt. D'Mesuren, déi d'Regierung virun dräi Joer geholl huet, fir d'Statsfinanzen ze sanéieren, geneesou wéi d'Steierreform vum leschte Joer ginn explizitt gelueft a ginn als richteg bewäert vun all den Instanzen, ob dat d'EU-Kommissioun ass, mat un hirer Spëtzt engem Lëtzebuerger; den FMI an d'OCDE gesinn déi aktuell Entwécklung äänlech positiv.

Et gëtt ëmmer Leit, déi mat aller Kraaft probéieren, eis Situatioun schlechtzerieden. Onofhängeg Akteuren, déi eis vu bausse kucken, gesinn dat awer regelméisseg an ëmmer méi esou, wéi och mir et als Regierung gesinn. Mir sti finanziell staark do, an zwar net just haut, mä och fir d'Zukunft, a kommt, mir freeën eis emol eng Kéier driwwer!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- De Stand vun de Scholden ass haut relativ gesinn an och an absolutten Zuelen ënnert deem vun 2013, an och obschonn dat Lach vun enger Milliard vum Commerce électronique huet missen opgefaange ginn. Anescht wéi déi viregt Regierung et fir dëst Joer virgesinn hat, ass d'Statsschold also net weider geklommen.

Mir hunn awer virun allem haut och eng Croissance, wéi Lëtzebuerg se laang net méi kannt huet. Den neiste Previsioune vum Statec no läit de Wuesstum vun der Ekonomie dëst Joer bei 4,4% a soll dem Statec no fir d'nächst Joer souguer bei 5,2% leien. D'Situatioun bis 2021 gëtt och besser ageschat, wéi mer se nach zejoert am Pluriannuel ugeholl hunn. Dat weist, dass et och eng virsiichteg a realistesch Vue war, och wa mer gesot kritt hunn, mir géife vun Optimismus sprutzen. Et wor eng virsiichteg an eng realistesch Vue, a se wor net iwwerdriwwen, déi Zouversiicht vun dëser Regierung, esou wéi verschidde Leit et virdru vun e puer Säite gemengt hunn.

Mir schafen am Moment esou vill Aarbechtsplazen, Här President, ewéi nach ni. An de Joren 2014 bis 2016 sinn iwwer 32 nei Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg geschafe ginn. Kommt, mir freeën eis och doriwwer, Här President!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Gläichzäiteg…

Une voix.- 32.000!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- 32.000. Also, 32.000 nei Aarbechtsplaze sinn an eisem Land geschafe ginn. Jo!

Gläichzäiteg geet de Chômage kontinuéierlech erof, Här President, a soll fir 2018 op 5,7% eroffalen. Kommt, mir freeën eis och doriwwer, Här President!

Zanter 27 Méint geet d'Chômagezuel konstant erof. Et muss ee wäit zréckgoen, fir esou en déiwe Chômage zu Lëtzebuerg ze fannen!

An, jo, et si weider Scholden do, an et ass och an de leschte Méint en Emprunt gemaach ginn. D'Konditioune vun esou engem Emprunt sinn awer justement wéinst dem Triple-A a wéinst eiser exzellenter Bonitéit haut esou gutt ewéi nach seele virdrun an der Geschicht vun onsem Land. Mir halen un engem exceptionnel héijen Investitiounsniveau fest a maachen eppes, fir eis Zukunft ofzesécheren. Esou wéi déi privat Stéit haut encouragéiert ginn, bei niddregen Zënsen an d'Zukunft ze investéieren, soll a muss de Stat dat och maachen an dee Wee goen an investéieren. Et gi keng Scholde gemaach, fir lafend Käschten ze decken, mä fir an eis Liewensqualitéit a fir an eis Zukunft ze investéieren.

Une voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Den Taux vum Invest läit haut bei iwwer 4% zu Lëtzebuerg. Dat ass wäit iwwert der Moyenne an der EU, déi bei 2,8% läit, an

däitlech iwwert dem Niveau vun der Industrienatioun Däitschland, déi ëmmer als Beispill geholl gëtt, déi fir 2017 eng Investitioun hunn an Héicht vun 2,2% vun hirem PIB.

Déi Politik vun engem héijen Invest ass fir eis e kloert Bekenntnis zu enger Politik, déi sech net just mat gëschter an haut beschäftegt, mä virun allem mat muer.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Déi Politik vun engem héijen Invest ass och déi Politik, déi vun der EU-Kommissioun an och vun hirem President preconiséiert gëtt. D'Memberstaten, déi Sputt hunn, sinn opgefuerdert ze investéieren. An dat maache mir!

A mir beschäftegen eis och mat muer, wann et ëm d'Fro geet, wéi mer mat de Recetten ëmginn, déi net rekurrent sinn. Dofir huet d'Regierung de Fonds souverain intergénérationnel geschafen. Eng Mouk, wann eng Kéier sollt eng Situatioun kommen, déi net virauszegesinn ass. An do sinn haut, zwee Joer nodeems e geschafe gouf, 185 Milliounen Euro dran.

Nieft dësem Fong huet de Stat och Participatioune bei verschiddene Societéiten, déi zesummen eng Envergure vu ronn 10% vun eisem PIB ausmaachen an all Joer eis iwwer 300 Milliounen Euro un Dividenden an d'Keess bréngen. Dat sinn 100 Milliounen Euro méi, wéi mer un Zënsen op eiser Statsschold musse bezuelen.

Déi Parten a private Societéite sinn awer och en Invest an d'Zukunft, deen nach dacks net optimal genotzt an agesat gëtt. D'Regierung ass dofir och amgaangen, Modeller auszeschaffen, wéi een déi Wirtschaftskraaft, déi de Stat huet, besser kann notzen, fir dass se der Allgemengheet méi direkt och kann déngen. Mir schaffen un enger méi intelligenter a strategescher Aart a Weis, fir d'Bedeelegunge vum Stat bei Société-commerciallen ze entwéckelen. D'Potenzial, wat de Stat als direkten Investisseur huet, gëtt haut nach net esou genotzt, wéi et kéint sinn. An dat wëlle mer verännere. Mir wëllen, dass de Besëtz vum Stat am Déngscht ass vun de Mënschen.

Mir musse weider innovativ bleiwen als Stat an als Land. Mir kënnen eis net ausrouen op deem, wat mer bis haut erreecht hunn. Mir brauche gesond Statsfinanzen an eng gutt Bonitéit. Mir sinn och méi wéi aner Länner drop ugewisen, well eis Finanzplaz staark dovunner ofhängeg ass.

An eiser Finanzplaz geet et haut och esou gutt wéi scho laang net méi, trotz oder grad wéinst engem groussen Embroch an deene leschte Joren. Mir kommen aus enger Situatioun eraus, wou Lëtzebuerg op all méigleche groen a schwaarze Lëschte stoung a wou mer éischter kritesch gekuckt gi sinn. Dat ass haut definitiv anescht.

Nach wärend mer regelméisseg mam Ierwe vu fréier, vu LuxLeaks, Panama Papers oder negativen Artikelen an der auslännescher Press geplot ginn, hu mer en enormen Effort gemaach, fir méi Transparenz ze schafen. Mir sinn haut op kenger groer oder schwaarzer Lëscht méi a mir kréien och hei international Unerkennung fir déi Entwécklung, zum Beispill vun der OCDE, a genau déi OCDE ass et, déi nach virun e puer Joren eis ganz schlecht Zensure ginn huet.

Transparenz heescht dobäi net, dass alles aus dem Beräich vun de Finanzen a Banken op d'Place publique gehéiert. Lëtzebuerg respektéiert och weider d'Privatsphär vu senge Bierger an d'Confidentialitéit vun de Betriber.

Transparenz heescht awer, dass d'Informatioune fir d'Autoritéiten zougänglech an Transaktiounen novollzéibar sinn. Et heescht, dass een internationalen Austausch tëschent Institutiounen erméiglecht gëtt an Abusen erkannt a bekämpft ginn.

Grad an enger Zäit, wou grouss Akteuren aus dem Beräich vu Finanzen an Assurancen no Alternative sichen, wa Groussbritannien net méi an der EU wäert sinn, ass esou e gudde Ruff vun enormer Bedeitung, soss géife se de Bou ronderëm Lëtzebuerg maachen, ier se iwwerhaapt ufänken ze analyséieren, ob se vläicht géifen heihinnerkommen.

Lëtzebuerg, Här President, geet et gutt, wann et de Mënsche gutt geet. Dofir wëlle mir och a virun allem d'Liewensqualitéit an eisem Land erhalen an och verbesseren.

Déi éischt Konditioune vu Liewensqualitéit si Fridden, Fräiheet a Gerechtegkeet, Solidaritéit an Toleranz. Dat sinn d'Fundamenter vun engem Liewen, wat liewenswäert ass, an et sinn d'Fundamenter vun der Europäescher Unioun. Mir brauchen déi Wäerter, esou wéi mer d'Europäesch Unioun als Garant fir d'Erhale vun dëse Wäerter brauchen. An de leschte Méint ass eis Solidaritéit op d'Prouf gestallt ginn. Den Zesummenhalt an der Europäescher Unioun ass keng Selbstverständlechkeet méi, esou wéi et dat iwwer Jorzéngten de Fall war.

Wann ee kuckt, wat an der Welt alles tëschent der Ried zur Lag vun der Natioun vum 26. Abrëll zejoert an dem Dag vun haut geschitt ass - a wat net geschitt ass -, da muss een eng Kéier déif Loft huelen. Groussbritannien huet fir den Austrëtt aus der EU gestëmmt. D'Tierkei ass amgaangen, sech vun der europäescher Famill ewechzebewegen. An den USA ass e President gewielt ginn, deem säi Fonds de commerce net den Zesummenhalt ass, mä d'Auserneendreiwen. Russland an d'USA sinn amgaangen, hir Relatiounen op en absolutten Déifpunkt ze bréngen. De Krich a Syrien ass net eriwwer, mä et stierwe weider all Dag onschëlleg Mënschen op eng grujelech Aart a Weis.

An, wéi geplangt, Dir Dammen an Dir Hären, héiere mer haut de Mëtten d'Presentatioun vum Finanzminister, dem Här Pierre Gramegna, an dem Wirtschaftsminister, dem Här Etienne Schneider, vum Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm, PSC, souwéi vum nationale Reformprogramm. An d'Wuert huet direkt den Här Finanzminister, de Pierre Gramegna. Här Gramegna, Dir hutt d'Wuert.

2. Présentation par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, et par M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, du Programme de stabilité et de croissance (PSC) et du Programme national de réforme (PNR)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Här Premierminister, léif Kolleegen aus der Regierung, léif Deputéiert, ech freeë mech, haut déi 17. Aktualisatioun vum Pacte de stabilité et de croissance hei virstellen ze kënnen. An ech freeë mech haaptsächlech dofir, well d'Ziffere ganz einfach gutt sinn.

De Premierminister huet dat och a senger Ried iwwert d'Lag vun der Natioun ënnerstrach. An ech wäert haut a menger méi kuerzer Presentatioun dat nach eng Kéier ënnersträichen an ënnermolen.

Firwat sinn d'Ziffere gutt? Dofir gëtt et zwee Haaptgrënn: Deen éischte Grond ass, well d'Konjunktur gutt ass zu Lëtzebuerg, awer och an Europa, an zweetens, well d'Regierung déi richteg strukturell Mesurë geholl huet.

Ech fänken u mat der Konjunktur, relativ traditionell. Mir hunn eis do op d'Ziffere vum Statec gestäipt, esou wéi mer dat ëmmer maachen. An de Statec ass, wéi Der wësst, eng onofhängeg Institutioun, esou wéi dat och vun dem europäeschen Traité gefuerdert gëtt, soudass een och déi Ziffere schwiereg kann a Fro stellen.

Ech wëll och hei ënnersträichen, dass mer am nächste Conseil de Gouvernement wäerten e Comité économique et financier national schafen, deen den lerwe wäert si vum Comité de prévision, dee mer kennen. Mir wäerten also dee Comité institutionaliséieren an en ass ënnert der Autoritéit vum Finanzminister a vum Wirtschaftsminister. Dat wäert eis erlaben, an Zukunft d'Aarbechten nach besser ze koordinéieren.

Wat soen eis d'Donnéeën aus dem Statec? A wat soe se eis net nëmmen iwwer Lëtzebuerg, mä och iwwer Europa? Wéi Der wësst, reesen ech vill ronderëm d'Welt, fir Promotioun fir Lëtzebuerg ze maachen. An dat Éischt, wat ech meeschtens a menge Riede soen, dat ass: „Europe is back."

A firwat soen ech dat iwwerall an der Welt, wou ech higinn? Well Europa natierlech imageméisseg nach ëmmer no baussen ugesi gëtt, wéi wa mer nach ëmmer an enger Kris géife stiechen. An d'angelsächsesch Medie ginn net midd, dat ze ënnersträichen. An dobäi geet et awer an Europa wirtschaftlech vill besser an och eng Rëtsch Problemer si geléist ginn.

Ech denken do zum Beispill un d'Griichenlandkris, déi zum gréissten Deel geléist ass, woubäi vill Leit gemengt haten, d'ganz Eurozon géif doduerch explodéieren. Dat ass net geschitt. D'Indicateure ginn alleguerte besser. D'Confiance vun de Leit an Europa geet an d'Luucht, och déi vun den Investisseuren. An de Chômage geet an Europa erof.

D'Konjunktur an der Eurozon wäert an dësem Joer ronn 1,6%, 1,7% sinn. Äänlech wéi d'lescht Joer an ongeféier wéi d'nächst Joer. Dat ass e vill besseren Trend wéi an der Vergaangenheet. À long terme ass nëmmen 1,1% virgesinn, mä fir dës Joren à court terme ass et gutt.

D'Energiepräisser sinn déi lescht zwielef Méint erëm eropgaangen, mä sinn elo à court terme stabill. D'Inflatioun beweegt sech lues a lues op d'Zil vun 2% duer, wat jo och d'Zil vun der Europäescher Zentralbank ass.

D'Aktiecoursen hu sech an de leschte Méint ganz gutt erholl, wat en Zeechen ass, dass d'Investisseure Konfienz hunn an d'Zukunft an dass dat och d'konjunkturell Entwécklung an Europa wäert stäerken.

Lëtzebuerg profitéiert natierlech vun dësem gudden Emfeld a vun de Reformen, déi mer gemaach hunn. Wann Der d'Prognose kuckt vum Statec, wat de Wuesstum ubelaangt, wäerte mer och dëst Joer erëm ronn 4% Wuesstum hunn, soudass mer, wa mer zréckkucken, an de Joren 2014, 2015 an 2016 4% Wuesstum haten, 2017 wahrscheinlech och an 2018 souguer liicht iwwer 5% wäerte wuessen.

En Deel vun dëser Croissance kënnt natierlech och vun der wichteger Kontributioun vun eiser Finanzplaz. D'Fongenindustrie schreift an dëse Méint ëmmer nei Rekorder. Mir hunn iwwer 3.700 Milliarden Euro, déi an eise Fonge geréiert ginn. Mer sinn do d'Nummer eent an Europa an d'Nummer zwee an der Welt, hanner Amerika.

D'Geschäfter am Private Banking ginn och relativ gutt a wuessen, an dat trotzdeem mer de Secret bancaire elo net méi uwennen, fir den internationalen Austausch ze erméiglechen. A grad an deem Secteur war jo gefaart ginn, dass den Impakt ganz grouss wär, mer gesinn awer, dass et dem Private Banking gutt geet. Mer hunn och déi lescht Resultater vum leschte Joer elo kënnen analyséieren vun der CSSF, an déi soen eis, dass den Emsaz an de Banken ëm 15% d'lescht Joer geklommen ass an dass och d'Profitter an deem Secteur klammen, wat mech als Finanzminister an als Budgetsminister natierlech freet, well dat jo additionell Recettë ginn.

D'Bourse vu Lëtzebuerg, wou de Stat och Aktionär ass, ass haut eng Referenz fir gréng Obligatiounen, op Englesch: Green Bonds. Méi wéi 50% vun allen Green Bonds op der Welt ginn zu Lëtzebuerg cotéiert, an esou, dass sech d'Bourse wierklech entwéckelt huet als eng Plattform, déi weltwäit an deem Domän bekannt ass. An d'Bourse huet jo och en Green Exchange geschafen: Eng Plaz op der Bourse, wou exklusiv nohalteg Obligatioune cotéiert ginn.

Ech war d'lescht Woch zu Washington an hunn do am Kader vu mengen Diskussioune mat dem Fonds monétaire international a mat der Weltbank kënnen e Memorandum of Understanding ënnerzeechnen, woubäi Lëtzebuerg de strategesche Partner ass an der Initiativ vum „Green Cornerstone Bond Fund", déi den IFC, dat ass e verlängerten Aarm vun der Banque mondiale, elo wäert lancéieren. An dee Fong gëtt zu Lëtzebuerg lancéiert. Dat ass e Fong vun zwou Milliarden Dollar, déi wäerten an nohalteg Projeten investéiert ginn, an „emerging markets".

D'Reformen, grad am Beräich vun der Transparenz, déi dës Regierung an d'Weeër geleet huet an déi mer elo säit dräi Joer maachen, droen och hir Friichten an der Diversifikatiounspolitik an an der Promotioun, esou wéi dat de Premierminister och de Moien ënnerstrach huet.

Leschte Méinden hu mer d'Luxembourg House of FinTech inauguréiert. Och dat ass eng ganz wichteg Initiativ, fir d'Lëtzebuerger Finanzplaz weider ze diversifizéieren. Et geet jo dorëm, d'Digitaliséierung vun der Finanzplaz an alleguerten déi nei Technologien, déi de ganze Businessmodell vun der Bankewelt a vun de Services financiers änneren, hei zu Lëtzebuerg floréieren ze doen, äänlech, wéi dat an anere Länner elo gemaach gëtt.

D'Zuel vun den Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg ass tëschent 2014 an 2016 ëm 8,4% gewuess. Dat si méi wéi 32.000 Aarbechtsplazen. Domat geet de Chômage weider erof a läit op dem niddregste Stand säit Laangem, ronderëm 6%. Ech freeë mech ganz besonnesch iwwert dës Ziffer vum Chômage, déi erofgeet. A kommt, mer maachen eis näischt vir: De Chômage kann nëmmen erofgoen, wa mer Croissance hunn! De Chômage kann nëmmen erofgoen, wa mer nei Aarbechtsplaze schafen. Wann also Leit mengen, se missten de Wuesstum kritiséieren, da musse se wëssen, dass se deene Leit, déi keng Aarbecht haut hunn, en fait soen: „Debrouilléiert Iech a fannt vläicht eng Aarbecht, mä mer maachen eis doriwwer keng Suergen." Dat ass net d'Attitüd, déi mer hei anhuelen.

Ech kommen dann elo zum zweeten Argument, firwat dass et eise Statsfinanze gutt geet. An dat ass, well mer konkret strukturell Mesurë geholl hunn. An zwar sinn déi 2015 a Kraaft getrueden an hunn eis erlaabt, 473 Milliounen (veuillez lire: Euro) am Joer 2015 ze mobiliséieren an am Joer 2016 hu mer 630 Milliounen esou kënne mobiliséieren.

Mä iwwert d'Mesuren ewech, déi mer geholl hunn, mengen ech, dass mer och e Mentalitéitswandel festgestallt hunn an alle Ministèren, well ech mierken, dass an der Politik vun den Depensë vun all Ministère eng gewësse Retenue agetrueden ass, déi eis elo weiderhëlleft, well net versicht gëtt, all Euro mordicus auszeginn. An och dee Mentalitéitswiessel wëll ech hei ganz kloer begréissen.

D'Fonctionnementskäschte beim Stat, déi am Jargon Consommations intermédiaires genannt ginn, sinn och ënner Kontroll. An der Period tëschent 2016 an 2021 géifen déi Käschten d'Joer an der Moyenne ëm 2,6% wuessen an nëmmen 1%, wann een dat mat der Inflatioun berengegt. Dat heescht: De Stat spuert bei sech selwer.

D'Steierreform - an dat bestätegen alleguerten d'Ratingagenturen, awer och d'OECD, den FMI an d'Europäesch Kommissioun - hëlleft den Entreprisen, hëlleft der Kompetitivitéit an hëlleft dem Wuesstum.

An dësem Kontext ass et dann och keen Zoufall, dass d'Vertraue vun de Konsumenten op dem héchsten Niveau säit ëmmer zu Lëtzebuerg ass. Ech hunn dat nokucke gelooss. Déi Miessunge gi säit 2002 gemaach an haut ass d'Confiance vun de Consommateuren zu Lëtzebuerg am héchsten an eiser Geschicht, esou wéi d'lëtzebuergesch Zentralbank dat miesst.

All dës Facteuren zesummegeholl brénge mat sech, dass d'ëffentlech Finanzen haut besser dostinn an dass och d'Perspektive fir déi nächst Jore vill méi roseg sinn, wéi een dat hätt kënnen 2013 unhuelen.

Ech wëll hei nach eemol drun erënneren, wat d'Perspektive waren, déi déi lescht Regierung 2013 am November virfonnt huet. Ech baséiere mech hei op d'Nott vum Formateur Enn 2013. Dat sinn also déi Zifferen, déi ech dohinner geluecht kritt hunn a wou mer gesot ginn ass: „Dat do muss an de Gréff geholl ginn." Am Joer 2014 war den Defizit an der Administration publique ugepeilt op 179 Milliounen oder minus 0,4% vum PIB.

A wat hu mir erausgeschafft? Eh bien, mir haten en Excedent vu 690 Milliounen oder 1,4% vum BIB. Am Joer 2015 hätt den Defizit beim Gesamtstat misse bei iwwer enger Milliard leien, iwwer minus 2% vum PIB. A wat hu mir draus gemaach? Mir haten en Iwwerschoss vu 741 Milliounen oder plus 1,4% vun eisem Räichtum.

An dann am Joer 2016, dat, wat elo just eriwwer ass, hätt den Defizit och nach solle ronderëm eng Milliard sinn, minus 1,9% vum BIB. An déi Zifferen, déi mer haut kennen, sinn, dass mer wäerten en Iwwerschoss hu vun 845 Milliounen (veuillez lire: Euro), plus 1,6% vun eisem Räichtum.

Dat ass, op dräi Joer gekuckt, eng Verbesserung vu 4,5 Milliarden oder 8,8% vun eisem PIB. Ech widderhuelen: Par rapport zu deem, wat 2013 virgesi war, ass et eng Verbesserung op dräi Joer vu 4,5 Milliarden Euro.

Sou konnt d'Regierung sech evidemment neie Spillraum schafen fir eng Steierreform, a fir d'Investissementer héich ze halen a grouss Innovatiounsprojeten ze maachen, wéi dee vun den „space resources", an dat trotz dem Verloscht vun der TVA électronique. Ech ginn net op den Detail an, dee Sujet ass bekannt, mä den Tableau, deen elo projezéiert gëtt, weist lech, dass mer am Joer 2016 doduerch, dass déi TVA elo verluer gaangen ass, 700 Milliounen net erakruten - 700 Milliounen -, an dëst Joer, 2017, eng Milliard net erakruten. Dat heescht, trotz deem Verloscht vun enger Milliard Euro schreiwe mer déi Zifferen, déi ech lech elo gläich wäert virstellen.

D'Rechnung geet also op. An d'Zuelen, déi mer lech presentéieren, si richteg Zifferen. Et sinn déi vum Statec. An ech kann lech och confirméieren, dass dat, wat mer am Oktober hei presentéiert haten, sech no sechs Méint och hei confirméiert. Dat bestätegt och, dass dee Modell, op deem de Statec schafft, e gudden ass. A mer hunn och eng Risikoanalys gemaach, fir ze wëssen, wat den Impakt vu verschiddenen externe Schocke wär. Ech kommen nach drop zréck.

Mä och wann eis Ziffere ganz gutt sinn, däerf een d'Risiken an der grousser Welt net ënnerschätzen. Ech zielen der e puer op: D'geopolitesch Risiken, déi mat Krich verbonne sinn, gesäit een natierlech a Syrien, am Irak an och an Nordkorea. D'politesch Risiken hu mer an Europa erlieft mam Brexit, a mam Bléck no vir hu mer aner Risiken am Bléckwénkel. Mä et däerf een awer och net iwwerpessimistesch sinn. Wann een elo déi ganz Debatte ronderëm déi dräi Wahlen an Europa - Holland, Frankräich, Däitschland - kuckt, huet een och an der angelsächsescher Press oft gemengt, d'Welt géif ënnergoen an Europa, an an Holland sinn d'Resultater guer net esou ginn, wéi vläicht Verschiddener sech dat gewënscht haten. Wat Frankräich ubelaangt, ass den éischten Tour ebe ginn, wéi e ginn ass. Mä et ass och do am éischten Tour keng Katastroph geschitt an den zweeten Tour musse mer elo nach ofwaarden.

An eng aner grouss Inconnue ass natierlech, wat an de Vereenegte State vun Amerika wäert

geschéien, well d'ekonomesch an d'Steierpolitik vum amerikanesche President nach net kloer determinéiert ass. An ech muss soen, a mengen Diskussiounen a bilaterale Reuniounen um FMI d'lescht Woch mat der Madamm Lagarde, mä och mat villen anere Länner, ass dat natierlech eng ganz grouss Incertitude fir jiddwereen.

Eng weider Suerg ass och d'Zënsentwécklung: D'Madamm Yellen vum „Federal Reserve Board" huet annoncéiert am Kader vum FMI d'lescht Woch, dass wahrscheinlech an Amerika dëst Joer dräi Zënserhéijunge wäerte geschéien, soudass een dovunner kann ausgoen, dass d'Zënse wäerte méi séier klammen.

An dann, leschtens, wat d'Risken ubelaangt, huet de Statec - an ech wëll em dofir och Merci soen -, zwee Zeenarie vu Schocken ausgerechent. Ee Schock wär, wann an der Eurozon de Wuesstum géif ëm 0,5% erofgoen. An do ass dann ausgerechent ginn, dass dat en Effet hätt op der Dette natierlech, mä d'Dette géif awer nach an der ganzer Period ënner 23% bleiwen.

En aneren Zeenario wär deen: Wann d'Zënse géifen 0,5% klammen. Dat hätt en Effet um Solde de l'administration publique vun 0,1%, an d'Dette géif nach ëmmer ënner 23% bleiwen.

Dofir soen ech: Et gëtt op Basis vun all deene Saachen absolutt kee Grond, fir Schwaarzmolerei ze maachen. Lëtzebuerg ass gutt opgestallt, fir eventuell extern Schocken ze verkraaften.

D'Regierung mécht och keng Politik à court terme, déi just drop aus wär, Wahle wëllen ze gewannen an d'Zuele schéin ze presentéieren. Mir denken och un déi nächst Generatiounen. Haut kann een net soen, dass an der Vergaangenheet un déi geduecht ginn ass, déi an 30 oder a 40 Joer wäerten an eisem Land liewen. Mir hunn dat awer gemaach, andeem mer de Fonds souverain intergénérationnel du Luxembourg geschafen hunn. An dee Fong fonctionnéiert. En huet haut 185 Milliounen (veuillez lire: Euro). Dat ass souguer 35 Millioune méi Dotatioun, wéi déi normal annuell vu 50 Milliounen. An d'Regierung hält drop, dass dëse Fong seng Avoiren no ethesche Kritären investéiert.

D'lescht Woch sinn an der Press Bedenken doriwwer gemaach ginn, wat eenzel Investissementer ubelaangt. Mä d'Regierung wëllt do Kloerheet an ech hunn och dofir de Fong gefrot, der Cofibu déi néideg Erklärungen ze liwweren.

Déi gutt finanziell Situatioun vum Stat ass och dëst Joer vun de véier Ratingagenture confirméiert ginn: Mer hunn den Triple-A mat enger Perspektive stable. Dat heescht, dass een effektiv, am Fall vu Lëtzebuerg, ka vu grousser Sécherheet a Previsibilitéit schwätzen. Datselwecht soen och d'OCDE, d'EU-Kommissioun an den FMI.

No dësem Iwwerbléck kommen ech elo op den Detail vun den Zifferen, den Detail vun den Zuele vum Pacte de stabilité et de croissance. Dir wësst, dass de Gesamtstat, d'Administration publique, ënnerdeelt ass an d'Administration centrale, d'Administration locale an d'Sécurité sociale. Fänke mer mam Zentralstat, op Lëtzebuergesch genannt, der Administration centrale, un! D'Recetten entwéckele sech global gutt an en ligne mat de Previsiounen. Mer hu fir de Pacte de stabilité et de croissance fir dës Aktualisatioun nach verschidde kleng Ajustementer gemaach, mä global ass dat en ligne mat deem, wat mer viru sechs Méint ugepeilt haten.

Et ass och schwéier, no dräi Méint de genauen Impakt vun der Steierreform ze kennen an auszerechnen, mä näischt indiquéiert de Moment, dass mer do aus der Bunn wäre par rapport zu eise Previsiounen.

Wat d'Depensen ubelaangt, dann droen déi ganz däitlech d'Handschréft vun dëser Regierung. De Premier ass haut op eis Prioritéite fir déi nächst Joren am Detail agaangen, an dofir brauch ech dat elo net hei ze maachen. An dat fënnt een natierlech alles an Zifferen am Budget erëm.

Fir d'Land laangfristeg fit ze maachen, hu mer den Accent op Investissement gemaach an op qualitative Wuesstum. Dir gesitt, dass mer am Joer 2017 wäerten däitlech méi wéi zwou Milliarden Euro investéieren. Dat ass e Plus vu 14% par rapport zum leschte Joer. An och déi Joren duerno wiisst den Investissement ëm ronn 4% d'Joer. Domat leie mer an der Spëtzt vum Peloton vun den europäesche Länner, wou an der Eurozon d'Moyenne 2,6% ass a Lëtzebuerg ronn bei 4% vu sengem Räichtum läit.

Mir hunn et och domat fäerdegbruecht, dass eis Infrastrukture modern sinn an eise Liewensstandard an eis Liewensqualitéit ganz héich.

Ech wëll och nach eng Kéier ganz kloer ënnersträichen, dass mer an de Joren 2014, 2015, 2016 an 2017 op véier Joer liicht iwwer aacht Milliarden investéiert hunn oder wäerten investéieren. A mer finanzéieren dat mat engem eenzegen Emprunt vun zwou Milliarden. Dat heescht, dass d'Investissementer zu 25% duerch den Emprunt finanzéiert ginn an zu 75% mat lafende Recetten. All Privatpersoun, déi sech en Haus wëllt kafen, weess, dass et normalerweis ëmgekéiert ass, dass ee selwer e Véierel bréngt an dräi Véierel léint. D'Lëtzebuerger Regierung finanzéiert dräi Véierel selwer a geet nëmmen ee Véierel léinen.

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- E besonnesche Schwéierpunkt läit - esou wéi de Premier dat haut och erklärt huet - am Investissement an de Beräicher vun der Mobilitéit, dem Logement, der Sécherheet an an den Investissementer fir eis Kanner.

Ech begréissen och op europäeschem Niveau ausdrécklech déi Diskussioun, déi momentan gemaach gëtt, fir ze wëssen, ob d'Depensen alleguerten am selwechte Mooss an op déiselwecht Aart a Weis musse consideréiert ginn. Ech fannen, dass eng Dépense de consommation, (veuillez lire: also) lafend Käschten e ganz aneren Traitement missten hu wéi e produktiven Invest. Ech hoffen, dass mer an den nächste Méint a Joren dës Debatt kënne positiv influenzéieren um europäeschen Niveau, well et ass ganz wichteg fir d'Länner, net nëmme fir Lëtzebuerg, mä och all déi Länner, déi an d'Hannertreffe gerode sinn um europäeschen Niveau, fir kënne méi Flexibilitéit ze hunn, fir ze investéieren.

Wat gëtt dat am Sold vun der Administration centrale? Par rapport zu den Zifferen, déi mer viru sechs Méint gemellt haten, gëtt dat kee groussen Ënnerscheed. Den Defizit am Zentralstat bleift knapp iwwer enger Milliard, e bleift och knapp iwwer enger Milliard 2018: kee Changement do. Mä mer gesinn, dass d'Courbe herno no uewe weist an dass mer 2021 deen Defizit zur Halschent resorbéiert hunn.

Et wier ganz einfach gewiescht, en Equiliber oder en Iwwerschoss beim Zentralstat fäerdegzebréngen. Dat hätt ee kënne maachen, andeem een den Invest ëm 500 Millioune reduzéiert hätt an andeem een d'Steierreform net gemaach hätt, déi eng Steiererliichterung ass. Dann hätt ee 500 Millioune plus 400 Millioune gespuert an dann hätte mer och eng Null am Zentralstat. Mä mir wollten dat net maachen, well mer mengen, dass dat eng kuerzfristeg an onverantwortlech Politik wier.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Mer brauchen a wëlle keng Austeritéitspolitik zu Lëtzebuerg.

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Dës Regierung plangt laangfristeg an ass och dofir am Asaz, fir dass mer déi Investissementer sollen héich halen. A mer mengen och, dass an enger Period, wou esou vill Wuesstum ass, een en Deel dovunner sollt mat de Leit deelen, amplaz dat an der Keess vum Stat ze halen.

Wat elo d'Administration locale ubelaangt, do hu mer natierlech den Impakt vun der neier Finanzéierung vun de Gemengen hei ageplangt. Dir gesitt, dass do eng grouss Stabilitéit besteet, an ech rappeléieren, dass déi Reform et mat sech bréngt, dass keng Gemeng eppes verléiert.

Déi Stabilitéit vun de Gemengefinanzen huele mer zu Lëtzebuerg als eng Selbstverständlechkeet un. Ech kann Iech just soen, well ech dat jo an deenen aneren europäesche State verfollegen, dass dat e risege Problem a verschiddene Länner ass. Mir si frou, dass dat hei net de Fall ass.

D'Sécurité sociale: Eis Sécurité sociale schreift weider ganz positiv Zifferen. Déi Zifferen, déi Der elo hei gesitt, sinn och nach e klenge Krack besser wéi déi, déi mer viru sechs Méint geplangt haten. 2018 wäert fir d'Alleréischt den Excedent vun der Sécurité sociale méi wéi eng Milliard Euro duerstellen.

Dat brénge mer effektiv fäerdeg, well mer eng gutt Croissance hunn an eiser Wirtschaft a well d'Aarbechtsplazen an d'Luucht ginn. Dat gëtt natierlech e lauter additionell Cotisatiounen.

Mir wëssen awer, dass de laangfristege Finanzement vun eisem Pensiounssystem eng grouss Erausfuerderung ass a bleift. An dofir huet d'Regierung och decidéiert, en Aarbechtsgrupp ze maachen, fir dat ze analyséieren.

(Interruption)

Wat gëtt dat elo am Total an der Administration publique? Mir hunn iwwert déi ganz Period vun 2017 bis 2021 e positive Solde nominal, an dee Solde nominal geet regelméisseg an d'Luucht, wéi een dat herno och op der Grafik gesäit. A par rapport zu den Zifferen, déi mer nach viru sechs Méint haten, gesäit een och hei eng konstant Verbesserung.

Op dësem Punkt géif ech awer och gären nach eng Kéier insistéieren, wéi dës Regierung d'Finanze sanéiert huet. An dofir huelen ech gären d'Joer 2016. Déi lescht Regierung hat 2016 (veuillez lire: 2013) e PSC op Bréissel geschéckt, wou fir 2016 e Solde négatif vu minus 684 Millioune virgesi war. An d'Resultat, wat mer elo haut schätzen, ass plus 844 Milliounen. Ech mengen, dës Zuele schwätze fir sech selwer.

Dësen Effet de base, wéi een dat am Jargon nennt, an déi gutt Konjunktur bréngen et mat sech, dass de Solde vun der Administration publique am Joer 2017 plus 0,2% vum PIB ass, d'selwecht 2018, 2019 op plus 0,3% an 2020 op plus 0,5% geet.

Elo kommen ech op dee fatidiquë Solde structurel ze schwätzen, dee gekuckt gëtt, fir erauszefannen, ob e Land säin Objectif à moyen terme anhält. D'lescht Joer ass d'Regierung heiansdo kritiséiert ginn, well se sech d'Propositioun vun der Kommissioun zu eege gemaach huet: mam Sold vu plus 0,5% vum PIB op minus 0,5% vum PIB ze goen.

Mä ech hunn deemools erklärt, an ech bleiwen dobäi, dass et keng gutt Iddi gewiescht wier, sech en Zil ze setzen, wat méi ambitiéis ass, wéi dat, wat ee wierklech muss erreechen, well wann een dat dann net géif erreechen, géif dat e Kredibilitéitsproblem stellen. An dat géif eis och bei den Notatiounagenture schueden. Ech mengen, mir hunn och do dat Richtegt gemaach.

Wa mer elo de Solde structurel op der ganzer Period kucken, gesi mer, dass mer 2017 wäerten op plus 0,4% sinn, 2018 op minus 0,1%, 2019 och op minus 0,1% an da geet et erop bis op plus 1,6%. Am Resumé heescht dat, dass Lëtzebuerg op der ganzer Period net nëmme säin Objectif à moyen terme anhält, mä wéi Der op der Courbe gesitt, däitlech driwwerläit. Dat huet och de Conseil national des finances publiques esou analyséiert.

Elo kommen ech, an ech kommen och elo op de Schluss, op d'Dette ze schwätzen, op eis Schold. Eis Schold, déi war, wéi ech als Finanzminister ugefaangen hunn an ugetruede sinn, 23,4% vum PIB. Am Plan de stabilité et de croissance vun 2013 war virgesinn, dass d'Dette 2016 sollt 27,9% sinn. 27,9% hätt se solle sinn, wéi ech ugefaangen hunn! Gutt, dass ech net ze vill erféiert war. No dräi Joer zolitter Aarbecht hu mir et fäerdegbruecht, dass se op den 31.12.2016 nach just ronn 20% ass.

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Dat ass also en Ënnerscheed vu bal 8% vum PIB bei der Dette.

Une voix.- Lauschtert no!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Iwwert déi ganz Period…

Une voix.- Lauschtert no, Här Roth!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- …bis 2021 wäert d'Dette…

(Brouhaha)

Iwwert déi ganz Period bis 2021 wäert d'Dette ëmmer ënnert 23% leien, also ënnert deem, wat mir virfonnt hunn. A wéi ech virdrun erkläert hunn, hu mer jo och Schockanalyse gemaach. A souguer a verschiddenen Zeenarie vu Schocke géife mer ënner 23% Dette bleiwen par rapport zu eisem Räichtum.

Elo ënnersträichen ech awer och nach eng Kéier, dass 23% e gutt Resultat ass, wäit ënnert den 30%, déi sech d'Regierung am Koalitiounsprogramm als Zil gesat hat an nach vill méi wäit ewech vun de 60%, déi den Traité vu Maastricht virgesäit.

Wéi ass et dann an absolutten Zuelen? Och an absolutten Zuelen ass d'Schold op dem Enn vun 2016 méi kleng wéi déi, déi mer virfonnt hunn. Mir hunn eng Schold vun 10.853.000.000. A mir hate virfonnt: 10.889.000.000. Bref, ech mengen, mer hunn an deenen dräi Joer bis 2016, wat d'Dette ubelaangt, gutt geschafft.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Wéi gesäit dann elo d'Zukunft aus?

(Interruption)

De Pacte de stabilité et de croissance weist eng mechanesch Héichrechnung vun der Dette op Basis vum Defizit, esou wéi e momentan angeplangt ass. Well d'Regierung awer virsiichteg ass mat hire Projektiounen, war den Defizit bis ewell ëmmer vill méi niddreg wéi dat, wat mer ugesat haten. Dat erkläert och, dass, entgéint deem, wat 2013 an de Raum gestallt ginn ass, d'Regierung weder 2014 nach 2015 nach 2016 huet missen en Emprunt obligataire maachen. Mir hu just e Sukuk gemaach vun 200 Milliounen, fir eng Diversifikatioun vun der Finanzplaz ze maachen.

Entspriechend muss een och déi Zuele verstoen, déi haut am Pacte de stabilité et de croissance stinn an déi dovunner ausginn, dass d'Schold bis 2021 op iwwer 15 Milliarde wuesse kéint. Ech ënnersträichen: wuesse kéint! Déi lescht dräi Joer hu gewisen, dass dat éischter e méiglechen Zeenario wéi eng Gewëssheet duerstellt. Anescht ausgedréckt: Wa mer natierlech dëst Joer besser wirtschafte wéi dat, wat mer virausgesinn hunn, da brauche mer manner léinen ze goen.

D'Zënslaascht läit haut ronderëm 200 Milliounen oder 0,3% vun eisem PIB. Den Emprunt, dee Lëtzebuerg Ufank des Joers opgeholl huet mat engem Taux vun 0,625%, ass deen niddregsten Zënssaz vun alle klasseschen Emprunten, déi mer jee gemaach hunn. Et wier also grad an Zäite vun esou niddregen Zënsen onsënneg, fir d'Investissementer erofzefueren an déi Suen dann ze huelen, fir Scholden zréckzebezuelen. Dat wier vläicht kuerzfristeg spektakulär, mä dat wier fir d'Land laangfristeg net gutt.

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- An eisen Nopeschlänner wéi Däitschland oder an den USA, wou laang ganz wéineg investéiert ginn ass, kënnt Dir jo selwer feststellen, wann Der an déi Länner gitt, wat dat heescht, wann net méi an d'Infrastruktur Geld gestach gëtt (veuillez lire: wann net méi genuch Geld an d'Infrastrukture gestach gëtt).

Dofir invitéiert d'Kommissioun jo och d'europäesch Länner, a ganz besonnesch déi wéi mir, déi Sputt hunn an hirem Budget, fir méi ze investéieren. De Juncker-Plang ass jo genau dat, a Lëtzebuerg setzt dat also ëm.

Mir hunn also all Grond, fir mat Optimismus an d'Zukunft ze kucken.

Dat weist och den europäesche Verglach. Dir gesitt, dass mer, mat Holland an Däitschland, dat eenzegt Land sinn, wat e positive Solde nominal huet. Mer si weider virbildlech am Invest. Mer sinn dat Land, wat am zweetmeeschten an der Eurozon investéiert. Mir sinn dat Land, wat déi zweetklengste Schold an der Eurozon huet, no Estland, mat, wéi gesot, 22% elo dëst Joer par rapport zum PIB. D'Moyenne vun Europa ass 90%. D'Charge vun der Dette ass och ganz kleng par rapport zum europäesche Verglach.

Als Konklusioun: D'Zuele léien net. An déi Zuelen, déi ech Iech hei virgestallt hunn, schwätzen am Fong fir sech. Mir hunn et fäerdegbruecht, iwwert déi lescht Joren d'Statsfinanzen nohalteg ze sanéieren an erëm op zolidd Féiss ze stellen. Lëtzebuerg erfëllt an iwwertrëfft d'europäesch Kritären. D'Europäesch Kommissioun, den FMI, d'OCDE, d'Ratingagencen, all Mënsch begréisst eis Budgetspolitik. Déi ass responsabel a laangfristeg ausgeriicht an huet als Zil, eist Land optimal op de Futur virzebereeden. Mir sinn amgaangen, dat Land hei tipptopp fit ze maachen.

Dat internationaalt Ëmfeld bleift schwiereg, mä mer hunn deen néidege Spillraum, fir och eng eventuell Kris ze meeschteren, ouni aus der Bunn ze geroden. D'Steierreform, déi mer gemaach hunn, kënnt de Leit zegutt, stäerkt hir Kafkraaft, stäerkt awer och d'Entreprisen a verbessert eis Kompetitivitéit.

Trotzdeem a grad dofir musse mer awer och an Zukunft virsiichteg bleiwen a Fouss bei Mol halen an der Exekutioun vum Budget. An dat musse mer esou maachen, wéi mer dat déi lescht dräi Joer gemaach hunn. Mir hunn also all Grond, fir Vertrauen ze hunn fir d'Zukunft.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Finanzminister. An als nächsten huet de Wirtschaftsminister d'Wuert, den Här Etienne Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zuele sinn alleguerten negativ, wat Lëtzebuerg ugeet. Et ass e Minus am Defizit, fir net ze soen: Mir hunn en Iwwerschoss. Mir hunn e Minus am Chômage, mir si vu 7,4% op 6% erofgaangen an d'Tendenz gesäit aus, wéi wa mer nach e Krack méi wäerten erofgoen. Ech wëll hei ernimmen, dass keen internationale Gremium eis viru véier Joer virausgesot huet, dass mer de Chômage nach eng Kéier ënner 7% kéinte gedréckt kréien. A mir hunn och e Minus an der Kriminalitéit. Och do hunn der

vill gemengt, dat géif onendlech weider no uewe goen. Mir hu souguer eng Rentemauer, déi schmëlzt, déi quasi verschwonnen ass. Et gesäit ee se vun hei schonn net méi.

Wann ech kucken, wat d'Kommissioun eis fir dëst Joer vu Recommandatioune ginn huet, da sinn et der nach zwou. Et ass kee Land an der ganzer Europäescher Unioun, dat nëmme méi zwou Recommandatioune krut, aus deem einfache Grond, well d'Kommissioun grouss Problemer huet, fir iwwerhaapt nach Saachen ze fannen, déi se un der Lëtzebuerger Politik ka kritiséieren. A vun deenen zwou Recommandatioune kann ech Iech direkt soen, dass eng fir dës Regierung net a Fro kënnt. Déi Éischt ass näämlech déi, dass mer, wat eis Pensiounssystemer ugeet, missten eppes maachen. A wa se schwätze vun eppes maachen, da schwätze se dovunner, de Pensiounsalter an d'Luucht ze setzen oder d'Pensioun erofzesetze respektiv d'Cotisatiounen eropzesetzen. Ech kann Iech soen, dass dat mat dëser Regierung hei net a Fro kënnt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- An ech kann Iech och soen, dass mer eng ganz Rei Saache maachen, dass mer ganz wuel de Pensiounssystem ganz gutt am A behalen. Mir hunn eng Évaluation actuarielle gemaach, de Romain Schneider huet déi d'lescht Joer fäerdeg gemaach. Mir hunn do eng Rei Iddien, wéi ee punktuell ka Saache maachen, fir eis Pensioune laangfristeg ofzesécheren. Mir hunn e Groupe de pension agesat, mir hunn d'Reform gemaach vum Reclassement professionnel, mir hunn de Stage de professionnalisation agesat an de Contrat de réinsertion-emploi. Mä contrairement zu deem, wat d'Kommissioun fuerdert an och contrairement zu deem, wat scheinbar d'CSV gär hätt, wäerte mer net mam Pensiounsalter an d'Luucht goen a mir wäerten och net d'Pensiounsleeschtungen erofsetzen. Dat kënnt mat där heite Regierung net a Fro.

Déi zweet Recommandatioun, déi Bréissel eis mécht, ass déi, fir d'Obstacles à l'investissement erofzesetzen. Do muss ech Iech awer da soen, och do muss ech als Wirtschaftsminister awer e bësse laachen. E Land, dat bal 5% Wuesstum huet, dat dëst Joer oder d'nächst Joer nach driwwer wäert goen, deem virzewerfen, et hätt nach Hürden, fir ze investéieren, dat ass relativ wäithier geholl. D'autant plus, wann ech kucken, dass mer am vergaangene Joer nach eng ganz Rei Saache realiséiert hunn. D'Sàrl simplifiée, déi vum Justizminister proposéiert ginn ass an hei gestëmmt ginn ass, d'Omnibusgesetz, dat de Minister Kersch abruecht huet, dat leider laang ënnerwee war beim Statsrot, mä dat awer vill Obstakele wäert ewechhuelen, wat d'Investissementer ugeet. Dann d'Reform vum Immigratiounsgesetz, wat mer gemaach hunn, fir Investisseure besser kënnen hei unzezéie respektiv och fir Studenten, déi ausserhalb vun der EU hei studéieren (veuillez lire: déi vun ausserhalb vun der EU hei studéiere kommen), dass déi herno och hei schaffe kënnen. D'Reform vun der Promotioun vun de Rechercheprojeten, déi mer gemaach hunn.

An da gëtt et och eng Kritik, déi ech och net wierklech verstanen hunn, eng konkret, déi se eis gesot hunn, dass mer ze vill Konditioune géife setzen, wann een eng Grande surface oder e Supermarché wëllt bauen, dee méi grouss wéi 400 m^2 ass. Ech hunn an all deene Jore vu kengem eng Kritik kritt hei zu Lëtzebuerg, dass en do behënnert gewiescht wär. Mä mir ginn awer dann hin a mir wäerten dat nach weiderhi liberaliséieren.

En zweete Punkt, wat déi scheinbar Obstacles à l'investissement sinn, dat ass deen am Immobilieberäich. Och do, mengen ech, muss ee soen, dass de Finanzminister eng Propositioun gemaach huet an d'Regierung déi iwwerholl huet, wat de Quart taux ugeet bei der Plus-value immobilière, vun deem, wéi de Premierminister de Moie gesot huet, mer wäerten d'Effeten evaluéieren am Hierscht an dann decidéieren, ob mer dat nach eng Kéier wëlle verlängeren oder net.

D'Reforme vun de Finances communales, déi den Dan Kersch gemaach huet, de Baulückeprogramm, dee mer agesat hunn, de Fonds pour le développement du logement et de l'habitat, dee mer reforméiert hunn. An dann hu mer en neie Pacte Logement elaboréiert. An de Baulandvertrag, deen och nach derbäi komm ass. Alles dat Moyenen, alles dat Hiewelen, déi mer eis ginn hunn, fir ebe just och am Beräich vum Investissement am Immobilieberäich kënne virunzegoen.

Souwäit zu deenen zwou Recommandatiounen, déi Bréissel eis gemaach huet. Mä mir haten eis och engagéiert, mir als Land, fir am Kader vun der EU 2020 fënnef Objektiver ze realiséieren. Deen éischte war deen, dass mer wéilten den Investissement an d'Recherche op 2,3% bis 2,6% vun eisem PIB erhéije bis d'Joer 2020. Do muss ee soen, dass mer leider nach ëmmer eréischt bei 1,3% leien. Mä dat läit net um Stat, well de Stat huet seng Rechercheprojeten immens an d'Luucht gesat, mä et läit um Secteur privé, deen ebe wärend deene méi kritesche Joren an der Lescht manner investéiert huet. A mir mierken awer elo, dass d'Tendenz erëm an déi aner Richtung geet.

Mir hunn op alle Fall vu staatlecher Säit d'budgetär Kreditter fir d'Recherche staark an d'Luucht gesat, mä d'Betriber musse se natierlech och dann notzen.

Mir hunn eng Konzentratioun gemaach vun de Programmer vum Fonds national de la recherche, mer hunn eng Optimisatioun vun der transnationaler Kooperatioun am Recherchedomän gemaach. Mir hunn en neit Gesetz iwwert d'Promotioun vun der RDI gemaach, mir hunn den „high performance computing"-Projet op Lëtzebuerg bruecht, e gemeinsame Projet tëschent Frankräich, Däitschland, Spuenien an Italien, wou Lëtzebuerg de Lead kritt, fir e Supercomputer mat enger Valeur vu ronn fënnef Milliarden Euro iwwer Lëtzebuerg kënnen ze organiséieren an deen dann hei och e Standbeen wäert hunn. Mer hunn den National Composite Center kreéiert a mer hunn den Automotive Campus kreéiert, wou eben all déi Entreprisen am Beräich vun dem Automobillberäich kënnen hir Recherche muer realiséieren.

Zweeten Objectif, dee mer eis ginn haten, dat war den Décrochage scolaire. Mer wëllen, dass manner wéi 10% d'Schoul ofbrieche bis d'Joer 2020. Mer sinn haut bei 13,5%. Mer mussen also och do nach e puer Efforte maachen, mä dofir fänke mer och direkt am jéngsten Alter un. Wa mer dovu schwätzen, dass mer d'Éducation plurilingue an de Crèchë fir Kanner vun 1 bis 4 Joer wëllen afeieren, e Projet, fir deen de Claude Meisch vill kritiséiert gëtt, mengen ech awer, dass et genee dat Richtegt ass, wa mer ebe just wëllen deene Jonken e Maximum u Chancë ginn, dass se herno hir Schoule packen an dass se net un der Hürd vun der Sprooch scheiteren, wa se bis an d'Primärschoul komme respektiv herno an de Lycée kommen. Dofir si mer iwwerzeegt als Regierung, dass dat dee richtege Wee ass, fir dat doten ze maachen, de Projet de réforme vun der École fondamentale vum Minister Meisch. An da wëll ech och drun erënneren, dass mer 2016 siwe Projet-de-loien an zwee Règlement-grand-ducallen am Regierungsrot ugeholl hunn an deposéiert hunn, fir de Lycée ze moderniséieren.

Den drëtten Objectif, dee mer eis ginn hunn, war dee vum Enseignement supérieur. Mir hu gesot, dass mer bis 2020 wëllen, dass mindestens zwee Drëttel vun alle Leit, déi hei an d'Schoul ginn, och en Diplôme universitaire solle fäerdegbréngen. Mir sinn elo bei engem Taux vu 54,1%, wat en extrem héijen Taux ass am Verglach mat deenen anere Länner vun der Europäescher Unioun. Mer sinn also an déi richteg Richtung ënnerwee. Mä och hei huet d'Regierung eng ganz Rei Mesurë geholl, ënner anerem d'Aide-financièrë fir d'Studenten, déi an d'Luucht gesat gi sinn, d'Augmentatioun vun der Offer vu Programmer am Enseignement supérieur hei zu Lëtzebuerg an dann natierlech och d'Erhéijung vun de Moyene vun der Uni Lëtzebuerg, déi zënter 2009 méi wéi verduebelt gi sinn.

En nächsten Objectif, dee mer eis virgeholl hunn, war deen a Relatioun mam Klima. Mir hunn eis do dräi Ziler ginn. Éischtens emol, eis CO_2-Emissiounen ze senken ëm 20% bis 2020 an dat par rapport zu 2005. Mir sinn do amgaangen, an déi richteg Richtung ze goen a mir wäerten och eist Objectif fir d'Period 2013-2020 erfëllen.

Wat d'Énergie renouvelable ugeet, hu mer en Zil vun 11% bis 2020. Mir sinn elo bei eppes iwwer 5%. A mir sinn op där richteger Trajectoire, dat heescht, dass mer sécher sinn, dass mer bis 2020 dat doten Zil wäerte kënnen erreechen.

Mir hunn och en Zil, wat d'Efficacité énergétique ugeet. Och do läit Lëtzebuerg op senger Trajectoire, fir dat ze erreechen. A mir hunn eng ganz Panoplie vu Mesuren ergraff, fir ebe just dat doten hinzekréien. Den zweete Plang iwwert d'Emissioune vun den CO_2, deen eng ganz Rei eenzel Mesurë virgesäit wéi zum Beispill am Transport, am Beräich vum Bâtiment, am Beräich vun der Efficacité énergétique, vun der Énergie renouvelable, vun der Industrie, der Informatioun an der Sensibilisatioun vun de Bierger dobaussen, et cetera. Mir hunn awer och schonn en drëtten Aktiounsplang an der Ausschaffung, dee sech opdrängt fir eis, aus deem einfache Grond, well mer och den Accord de Paris ënnerschriwwen hunn an dofir nach eng ganz Rei weider Efforte wëlle maachen. An d'Madamm Dieschbourg schafft ganz intensiv do drun, fir dass mer deen dote Plang deemnächst wäerte kënnen unhuelen.

Mir hunn an der Mobilité durable eng ganz Rei Projete gemaach. Ech nenne just den Tram, deen amgaangen ass, gebaut ze ginn, de Funiculaire, d'Ausbaue vun eisem Schinnennetz zu Lëtzebuerg. Mir hunn eng Banque climatique an d'Weeër geleet. Mir hu scho méi Eoliennen - déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, fir d'Renouvelable kënne virunzebréngen - an dëser Legislatur, déi nach net fäerdeg ass, gebaut wéi an all deene Legislature virdrun.

An och wat d'Performance énergétique vun de Gebaier ugeet, ass et esou, dass Lëtzebuerg dat Virreiderland an der Europäescher Unioun ass, dat ee Joer éischter wéi all anert EU-Land d'Leit obligéiert, Haiser ze bauen, Wunnengen ze bauen, déi quasi null Energie verbrauchen. Och do gi mer erëm eng Kéier och eisem Mëttelstand en Avantage, well se sech éischter drop konnte virbereeden - an och hu missen drop virbereeden - an dofir en Avantage compétitif hunn, wa se muer wëllen iwwert d'Grenzen eraus déi do Technologië verkafen.

Mir hunn eis Biocarburanten am Diesel an am Bensinn erhéicht. Deen Taux läit elo bei 5,15%. Mir hunn d'Elektromobilitéit ausgebaut; duerch d'Steierreform wäerte mer se nach massiv ënnerstëtzen. An Dir wäert gesinn, dass dat, speziell wat d'Leasingsautoen ugeet, ee ganz groussen Effet wäert hunn duerch déi heite Steierreform. A mir sinn amgaangen, iwwer 800 elektresch Bornen iwwert d'ganzt Land ze installéieren, fir dem Bierger d'Liewen einfach ze maachen, wann e sech decidéiert, dann op en Elektroauto muer zréckzegräifen.

Dann ass et esou, dass mer och hei en drëtten Aktiounsplang amgaange sinn auszeschaffen iwwert d'Efficacité énergétique. Mir hunn en neien Accord volontaire gemaach mat der Industrie, wat d'Reduktioun vun hiren Emissiounen ugeet. A mir hunn den „smart metering" agefouert. An en ass amgaangen, implementéiert ze ginn, fir ebe just och den Energie-Internet, dee mer am Kader vu Rifkin jo diskutéiert an decidéiert hunn, kënnen ze erreechen.

Ech kommen zu engem weidere Punkt vun eisen Objektiver, déi mer eis ginn hunn, näämlech dee vum Taux de l'emploi. Mir hunn eis gesot, dass mer eis d'Zil ginn, dass mer 73% vun eiser Populatioun wëllen an Aarbecht hunn bis d'Joer 2020. Mir leien haut scho bei 70,7%. Dat ass eng ganz positiv Evolutioun, déi domadder ze dinn huet, dass mer villes gemaach hunn, fir méi Fraen ze motivéieren, och schaffen ze goen, an dass mer villes gemaach hunn, fir d'Seniore méi laang an der Aarbecht ze halen. Mir hunn dat doduerch erreecht, dass mer zum Beispill e Gesetz gestëmmt hunn iwwert d'Égalité de salaire tëschent Männer a Fraen hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn awer och der ADEM all déi Moyene ginn, déi se brauch, fir d'Leit erëm an d'Aarbecht ze bréngen - an och speziell fir eeler Leit erëm an d'Aarbecht ze bréngen - iwwert de Parcours personnalisé oder déi Offre personnalisée, déi se vun der ADEM kréien. Mir hunn en JobBoard agefouert, dat et méi einfach mécht, fir déi, déi Aarbecht sichen, zesummenzebrénge mat deenen, déi Aarbechter sichen.

Mir hunn d'Garantie pour jeunes agefouert a mir hunn och mat der ADEM e Programm agefouert - an och hei erëm eng Kéier e ganz wichtege Punkt -, dass mer de Chômeuren hëllefen, Sproochen ze léieren, fir dass se déi Sproochen - déi, déi Sproochendefizienzen hunn -, kënnen ausgläichen, fir doduerjer méi Chancen nach eng Kéier ze hunn, fir op den Aarbechtsmarché kënnen ze kommen.

Dann dee leschten Objectif, dee mer eis ginn hunn, ass, fir de Risque de pauvreté ou d'exclusion (veuillez lire: sociale) erofzesetzen. Eist Zil ass et, fir 6.000 Leit aus der Pauvretéit erauszehuele bis 2020. Mir hunn haut schonn deen niddregsten Taux an der Europäescher Unioun mat 18,5% par rapport zu enger Moyenne vun 23,7%.

Ech muss Iech soen: Dat geet dëser Regierung net duer. Mir wäerten net soen, dass 18,5% wéineg ass an dass dat eis duergeet, mä mir wäerten alles drusetzen, fir ebe just déi Exclusion sociale an d'Pauvretéit hei am Land erofzesetzen.

An dofir hu mer, wéi de Statsminister virdru gesot huet, de Congé parental reforméiert a mir wäerten deen net zréckféieren, esou wéi d'CSV dat freet. Dofir hu mer de REVIS agefouert. D'Madamm Cahen huet vill misse streide mat der Oppositioun, fir dat do ze maachen. Mä de REVIS gëtt de Leit een Incentive, fir erëm schaffen ze goen, fir sech ze beméien, och erëm op den Aarbechtsmarché ze kommen. Dofir hu mer déi Structure d'accueil socio-éducatif fir Kanner agefouert - a gratis agefouert - a mir wäerten och net, wéi d'CSV dat freet, dat net méi generell gratis maachen, mä mir bleiwen do derbäi, dass dat fir all Kand soll gratis sinn. A mir hunn d'Aide sociale reforméiert, fir nei Sozialhëllefen anzeféieren.

Mir wäerten eis also net dermat zefridde ginn. Mir wäerten och weider nach u Mesurë schaffen, fir ebe just dee Risque de pauvreté erofzesetzen. An ech mengen, och d'Steierreform mam Crédit d'impôt huet derzou bäigedroen, dass eis dat ka gelengen.

Et ass elo esou, dass mer natierlech alles dat, wat mer hei diskutéiert hunn, wat ech Iech presentéiert hunn am Resumé, natierlech och mat de Sozialpartner des Laangen an des Breeden diskutéiert hunn. Mir schécken dat elo op Bréissel a mir sinn dann elo emol ganz gespaant, wat Bréissel eis dann elo als nei Recommandatioune fir d'Joren 2017 an 2018 wäert zoustellen. Wann et der déi Kéier nëmme méi zwou waren, kann ech mer net virstellen, dass mat deene Chifferen, déi de Pierre Gramegna elo just presentéiert huet, wat eise Wuesstum, wat eis Statsfinanzen ugeet, mer der do muer sollte méi kréie wéi zwou. Ech ginn éischter dervun aus, dass hinnen näischt méi wäert afalen. An dat ass och gutt esou.

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wirtschaftsminister. Domat wäre mer um Enn vun de Presentatioune vun deene verschiddenen Elementer zur Lag vun der Nation vun der Regierung a mir géifen da mat der Debatt weiderfueren. Éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler fir d'CSV. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

3. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation ainsi que sur le programme de stabilité et de croissance (PSC) et sur le programme national de réforme (PNR)

Débat général

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Villmools Merci, Här President. Politik maachen, ass net nëmmen d'Géigewaart, ass net nëmmen de Present geréieren, Politik maachen, ass zu engem ganz groussen Deel d'Zukunft gestalten. An d'Zukunft gestalten, ass net just eng Blo-Himmel-Visioun dohinzestellen an ze soen, et wier alles an der Rei an et wier néierens e Problem, mä konkret Schrëtt ze ënnerhuelen, wéi een déi Visiounen, déi ee wëllt erreechen, am Dagdeeglechen iwwert d'Joren, iwwert d'Jorzéngten och wëllt erreechen.

Den Antoine de Saint-Exupéry sot an engem Buch, wat «Terre des hommes» heescht: «Pour ce qui est de l'avenir, il ne s'agit pas de le prévoir, mais de le rendre possible.» An et ass am Fong ganz genau dat, wat d'Leit och vun eis als Politiker erwaarden.

Den État de la nation ass jo net nëmmen eng Debatt iwwert de finanziellen an den ekonomeschen Zoustand vum Land, och wa se esou heescht, mä och eng Debatt iwwert dat, wat d'Leit fillen, spieren, iwwer hir Hoffnungen, iwwer hir Zukunftsperspektiven an och iwwer hir Suergen, hir Problemer.

Den Här Gramegna huet gesot, hie wier vill an der Welt ronderëm komm an deene leschte Joren. Ech sinn an deene leschte Méint och vill zu Lëtzebuerg ronderëm komm, a ville klenge Lokalitéiten, gréissere Lokalitéiten, hu mat ganz ville Leit geschwat, och fir déi kleng Suergen an déi sozial Problemer, déi mer hunn, kennenzeléieren, an iwwert d'Kenneléieren och genau ze situéieren an och ze wëssen, wou de Schong dréckt a wou d'Problemer sinn.

An am grousse Ganzen, niewent all deene Problemer, déi do sinn an déi ee muss upaken a léisen, hunn ech fonnt, datt d'Lëtzebuerger am grousse Ganzen am Fong wëssen, datt et hinnen net schlecht geet, se am Fong zefridde si mat deem, wat se hunn, haut, mä sech awer eng Rei Froe stellen iwwert déi laangfristeg Zukunft; Froe stellen an op eng aner Aart a Weis, wéi dat vläicht virun 10 oder 20 Joer de Fall war, Suergen ausdrécken, fir ze soen: Wéi ass eis laangfristeg Zukunft? Wéi ass d'Zukunft vun eise Kanner? Ass alles dat, wat mir elo hunn, gären hunn, och laangfristeg ofgeséchert?

Et ass vill iwwer Pensioune geschwat gi vun de Virriedner. Sinn déi Pensiounen, déi mer haut hunn, déi qualitativ héich sinn, iwwert d'Jorzéngten ofgeséchert? Si mer sécher, datt wa mer d'Pensioun kréien, mer nach kënnen dovunner benefissiéieren?

Awer och aner Suerge sinn ausgedréckt ginn. Suergen, déi anescht sinn, wéi dat vläicht a ville Jore virdrun de Fall war. Suergen iwwer Europa, wat elo 50, 60 Joer d'Hoffnung vu ville Lëtzebuerger war, Zukunftsperspektive vu ville Lëtzebuerger. De Statsminister huet iwwer 150

Joer Traité de Londres geschwat. Et war och 60 Joer Gebuertsdag vum Traité vu Roum elo. 60 Joer Hoffnung, wat Europa gebaut huet. An haut huet ee bei ville Leit awer eng ganz Rei Fragezeichen hannert där Zukunftsvisioun, déi eis iwwert d'Jore gedroen huet, d'Fro: Wéi geet dat weider? Wat heescht dee Brexit fir eis? Wat heeschen aner Suergen an Europa, wat heescht dee Changement an der Politik an Amerika fir Europa? Wéi gi mer domadder ëm? Wéi fuere mer weider? Suergen, déi een am Fong soss ni ausgedréckt krut, mä déi d'Leit sech wierklech maachen. An ech mengen, et ass och un eis, fir dorobber Äntwerten ze ginn.

Och Froen iwwert de Wuesstum. Wéi gesäit eist Land dann a 40, 50, 60 Joer aus? Wat heescht dee Wuesstum, dee mer elo hei beschreiwen? Ob et dann 900.000 oder 1,1 Milioun (veuillez lire: Awunner), oder wat och ëmmer, sinn, wat heescht dat fir eis? An ech mengen, datt mer gefuerdert sinn, Äntwerten dorobber ze ginn. Maache mer dat näämlech net an där Präzisioun, wéi mer et musse ginn, maache mer et net, da liwwere mer den Terrain deenen, déi déi einfach falsch Äntwerte ginn, och dat hu Virriedner gesot, dann iwwerliwwere (veuillez lire: iwwerloosse) mer deen Terrain de Populiste vu rechts oder de Populiste vu lénks, déi mat hire vereinfachte Konzepter u ganz komplex Froen eruginn an déi déi falsch Äntwerten op richteg Froe ginn.

Ech maachen e Plädoyer, fir och hei am Parlament iwwert déi Sujeten eng kloer Sprooch ze schwätzen. E Plädoyer, fir d'Problemer unzegoen, fir d'Léisungen, déi noutwendeg sinn, unzeschwätzen, op den Dësch ze leeën, och wann dat heiansdo problematesch ass. An och wann ee weess, datt, wann ee verschidde Problemer uschwätzt, ee sech net ëmmer beléift mécht an een och Oppositioun kritt, wann een d'Saachen op den Dësch leet. Ech mengen awer - an ech si fundamental dovunner iwwerzeegt -, datt et e Feeler ass, se net unzeschwätzen, se net op den Dësch ze leeën, se einfach ënnert den Dësch ze kieren.

Mir hu säit Joren eng Ausenanersetzung hei am Raum ronderëm d'Grondprinzipie vun der Finanzpolitik. Mer hunn déi elo erëm an dem PSC, an dem PNR, an deenen Erklärungen an och beim Statsminister de Moien an der Ried zu engem Deel kritt. D'Regierung seet: „Et geet eis gutt, mir hunn alles am Gréff a mir kënnen elo eng Politik vun den Ausgabe maachen." Ech mengen, datt d'Regierung hei systematesch probéiert, en Tableau ze molen, deen der Realitéit net vollkommen entsprécht. Jo!

Une voix.- Uah!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An ech soen dat...

Une voix.- Dir bréngt eis och vläicht Gefor, Här Wiseler!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech soen dat elo emol, well Der direkt esou ufänkt. Ech hunn lech wärend dräi Riede schwätze gelooss.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech hätt villes ze soe gehat. Ech erwaarden awer och, datt ech meng Gedanken hei normal entwéckele kann.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*-Eis Ekonomie dréit gutt. An et fält mer jo och keen Zack aus der Kroun, fir dat ze soen. Jo, déi ekonomesch Zuele si gutt. D'Zuele vum Chômage si gutt, d'Wirtschaftsresultater, d'Croissance ass gutt. An ech freeë mech och doriwwer. De Statsminister huet jo gesot, mir sollten eis doriwwer freeën. Mä ech soen lech: Ech freeë mech richteg doriwwer.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech géif mech awer nach méi freeën, wann d'Regierung och géif eng Rei Konsequenzen draus zéien. An zwar eng vun deene Konsequenzen, déi mer säit Jore fuerderen, ass déi, fir, wann et der Wirtschaft gutt geet, dann och vun där Zäit ze profitéieren, fir ze kucken, datt mer eis laangfristeg a strukturell Problemer och an de Gréff kréien, da vun där Zäit, wou et eis richteg gutt geet, ze profitéieren, déi Zukunftsvirbereedung ze maachen, déi eis hëlleft, och iwwert d'Krisejoren ze kommen, déi an deenen nächsten 30 Joer oder 40 Joer sécherlech iergendwou eng Kéier wäerte kommen.

An et ka keen eis virmaachen, datt mer déi Croissance vun 3%, 4%, 5% iwwer 30 oder 40 Joer sécher garantéiert hunn. Ech soen Iech, ech si sécher, datt mer an där Zäit nach ganz schwiereg Evenementer, Krisen an Zäite wäerte kréien. Ech wier méi frou, wa mer déi an de gudden Zäiten och kéinten esou virbereeden, datt mer sécher wieren, datt mer genuch Polster, genuch „Buffer", wéi d'Amerikaner soen, hätten, fir déi kënne mat Serenitéit unzegoen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass an eisen Aen net de Fall.

Éischtens, deen Zukunftspak, dee virun dräi Joer als Zil gesat ginn ass, ass an eisen Ae ganz kloer en Echec. Déi Politik vun der Konsolidatioun vun de Statsfinanzen ënner, jo, dem Impuls vum Wirtschaftsminister, dee se gebremst huet, existéiert iwwerhaapt net méi, just nach an de rhetoreschen Auslage vun dem Finanzminister. A si ass ersat ginn, an eisen Aen, duerch eng Ausgaben- an eng Verdeelungspolitik, wat genau de Contraire vun deem ass, wat virun zwee oder dräi Joer ugekënnegt ginn ass.

Et ass och an eisen Aen den Echec vun der Politik, fir den Defizit an de Gréff ze kréien. Dir hat 2016 en Defizit am Zentralstat vun 215 Milliounen, 2017 hutt Der en Defizit vun iwwer enger Milliard an dat wäert 2018 esou weidergoen.

An ech soen, wann een e Wuesstum vu 4% bis 5% huet, iwwert dee mer frou sinn, an op dee mer stolz sinn, da mengen ech, misst een et fäerdegbréngen, fir deen dote jäerlechen Defizit anescht an de Gréff ze kréien, wéi Dir dat maacht. Dir sot am selwechten Otemzuch: „D'Scholdespiral ass gestoppt." Bei enger Milliard Defizit d'Joer, dëst Joer, d'nächst Joer an och nach Defiziter an de Joren hannendrun - do kommen ech nach eng Kéier drop zréck - ass dat ganz einfach net richteg.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Wou wëllt Dir déi Milliard da spueren, Här Wiseler?

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also wéi...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, also...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dann äntwert! Dann äntwert!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Maacht net Frechheeten, mä äntwert!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleegen...

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Här President, dat do ka jo net sinn!

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Net datt Der den Här Wiseler schonn an der Regierung gesitt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleegen, wann ech gelift!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Maacht net Frechheeten, mä äntwert!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ee Moment, wéi de Wirtschaftsminister géif soen. Ech fannen, d'Chamber war ganz disziplinéiert bei deenen éischten dräi Rieden.

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Voilà!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An d'Chamber wäert och nach disziplinéiert bleiwe bei deenen anere Rieden. Ech géif mer wënschen, dass dat och op de Regierungsbänken de Fall ass.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- De Statsminister huet gesot, datt de Stand vun de Scholden haut - haut! - relativ gesinn an och an absoluten Zuelen ënnert deem ass vun 2013.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass awer net richteg!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- 2013 war de Scholdestand 10,8 Milliarden. Ech schwätzen elo vun absolutten Zuelen. Haut ass en 12,8 Milliarden.

(Brouhaha)

20% méi. Dir musst mer just erklären, wéi Der dann op déi do Zuele kommt oder wéi Der op déi do Ausso kommt.

Den Här Gramegna huet virdrun datselwecht gesot. Hien huet just klugerweis gesot: Enn 2016, do war en effektiv ongeféier um selwechte Stand, liicht méi déif. Mä an Zwëschenzäit hutt Der awer en Emprunt vun zwou Milliarde gemaach. Dir kënnt awer net einfach soen: Deen ass net geschitt. Déi Ausso, déi Der gemaach hutt, haut wier dee Scholdestand méi kleng wéi 2013, an absolutten Zuelen, ass einfach falsch! Alternative Facts. Et ass net esou. Et ass net esou!

A wann ech kucken, wat och am PSC steet, da gëtt déi Croissance vun de Scholden och nach an deenen nächste Joren all Joers eng Milliard méi héich. Den Här Gramegna huet eis virdrun erkläert: „Dat muss net esou sinn." Mä d'Zuele vun der Regierung, déi op Bréissel geschéckt ginn, déi eis virleien, dat Zuelematerial, wat mer hunn, gesäit dat awer an aller Däitlechkeet vir. All Joers eng Milliard méi héich! Da kann een dat do awer einfach net esou behaapten. Dat, wat Der behaapt hutt, ass net richteg an deenen Zuelen, déi d'Regierung eis selwer liwwert.

An eisen Aen ass et een Echec vum Versuch, d'Ausgabespiral an de Gréff ze kréien. 2017 charakteriséiert sech duerch de Fait, datt d'Ausgabe méi schnell wuesse wéi d'Einnamen.

„Mir hunn zolidd Statsfinanzen", seet d'Regierung. Wéi ass et da mat de Reserven? Wéi ass et mat deene Suen, déi mer op d'Säit leeën, fir wann eng Kris kënnt? Ech hu virdrun dem Här Gramegna an dem Statsminister gutt nogelauschtert, wéi se soten: „Mir hunn dat alles am Gréff! Schlussendlech hu mer e Fonds souverain, dee mer maachen, wou mer Suen op d'Säit leeën." An Dir hutt souguer virun dräi Wochen, engem Mount, eng Pressekonferenz gemaach oder e Briefing nom Conseil, wou Der als haaptsächleche Sujet hat, fir ze soen: „Mir hunn elo e Fonds souverain gemaach - déizäit -, mir hunn 134 Milliounen an zwee Joer ewechgesat dofir." 134 Milliounen an zwee Joer: Wéi wëllt Der domat d'Zukunft virbereeden? An haut sot Der: „Et sinn 184 Milliounen an zwee Joer." Ech wëll just soen: An dräi Joer hutt Der 184 Millioune fir d'Zukunftsvirbereedung op d'Säit gesat an dem Fonds souverain! An Dir maacht nach eng extra Pressekonferenz...

(Brouhaha)

...doriwwer, fir eis dann ze erklären,...

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Wivill hat Dir der dann op d'Säit gesat, Här Wiseler?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...fir eis dann ze erklären, wat Der do amgaange sidd ze maachen.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Wivill hat Dir der dann op d'Säit gesat?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wéi ass et dann...

(Brouhaha)

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Da sot eis emol, wivill dass Dir der op d'Säit gesat hutt!

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Här Kersch, wéi war dann dunn d'Konjunktur?

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Et ka jo net sinn, datt d'Regierung weider esou schwätze kann.

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wéi ass et da mat de Reserven an den Investitiounsfongen?

Une voix.- Oh, si hätten och besser, si...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wéi ass et da mat deene Reserven? A wéi ass et da mam Fait, datt Der am Fong déi Suen, déi 184 Milliounen net an zwee, mä an dräi Joer, well Dir hutt 2017 derbäigezielt, ewechgesat hutt. Wou hutt Der déi dann hiergeholl? Mä Dir kënnt dach net soen, Dir hutt Suen op d'Säit gesat, wann Der déi Suen, déi Der op d'Säit gesat hutt, léine gaange sidd iwwer Emprunten, fir se dann op d'Säit ze setzen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat kann ee maachen, esou e Fong, wann een Iwwerschëss huet, fir seng Suen op d'Säit ze setzen. Mä wat fir ee Sënn mécht dat dann an dësem Fall? Wat fir ee Sënn mécht dat dann an dësem Fall?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Augenwischerei.

M. Roy Reding *(ADR).*- Gadget, Gimmick.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Virun e puer Deeg huet och de Finanzminister e stolze Communiqué erausginn - haut nach eng Kéier -: „Mir hunn elo véiermol en Triple-A kritt." Ech soen Iech nach eng Kéier, ech hunn dat schonn eng Kéier hei gesot, mä vu datt Dir och ëmmer Är Ausso vum Triple-A widderhuelt, soen ech Iech och nach eng Kéier: Mä lauschtert emol, Dir hutt 4% bis 5% Wuesstum. 4% bis 5% Wuesstum! A vill Länner hunn en Triple-A verluer tëschent 2007 an 2012, wou mer an enger schlëmmster Kris waren. An do ass et drëm gaangen, mat negativem Wuesstum den Triple-A ze halen. Standard & Poor's huet 45-mol an deene Joren d'Cotatiounen no ënnen agesat. An den Triple-A ass vun aacht Länner op véier erofgesat ginn an deene Joren. An trotzdeem hu mer en an deene schwierege Krisejoren ëmmer kënne behalen. An haut mat engem Wuesstum vu 4% bis 5%, et deet mer leed, mä ech ..., wann Der en haut géift verléieren, dann hätte mer awer e richtege Problem. Dann hätte mer awer e richtege Problem!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dee Wuesstum ass och net vum Himmel gefall.

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- A wann Der da sot, datt Fitch a Standard & Poor's, a wéi se och alleguer heeschen, eis den Triple-A ginn a soen, et wier alles gutt, mä wann Der och liest, wat se dann am Detail och soen, dann ass dat net vun hanne bis vir alles gutt. Da sinn et och eng ganz Rei Iwwerleeungen iwwer laangfristeg Problemer, déi eist Land huet. „The projected long-term increase in fiscal costs due to population ageing remains one of the highest across EU countries, despite reforms to the pension system in 2013" an esou weider an esou virun. An dat fannt Der bei all Cotatiounsinstitutioun hei erëm. Dat heescht, Dir kënnt net einfach soen: „Et ass alles am Botter a jiddweree behaapt dat."

An den Här Bettel huet och nach virdru gesot: „Jiddwer international Organisatioun gesäit ëmmer méi an, wéi gutt mer sinn a wéi recht mer hunn, an et ass kee méi, deen iergendeppes anescht seet."

(Interruption)

Déi Leit ware jo awer hei virun zwee, dräi Méint, an deene leschte Wochen. Souwuel den FMI wéi d'Europäesch Kommissioun. Déi hu jo Avise geschriwwen, déi kann ee jo noliesen. Déi hunn eis och erzielt, wat dann hir Meenung ass. An esou einfach, wéi Dir dat virstellt: „Et ass iwwerhaapt kee Problem" an „Mir sinn déi Bescht", esou ass et awer net.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dach!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Esou ass et ...

(Hilarité)

Här Schneider...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech sinn anerer Meenung wéi Dir, Här Wiseler.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Gott sei Dank sidd Der anerer Meenung, Här Schneider. Den FMI-Report seet, datt et der Ekonomie gutt geet, op där enger Säit, mä e seet awer op där anerer Säit och, wat seng Risiko-Aschätzung ugeet, datt déi enorm héich ass zu Lëtzebuerg an datt et absolutt wichteg ass, fir sech op déi Risike virzebereeden, fir Reserven ze maachen a fir sech eng Marge de manœuvre ze ginn, fir an d'Krise vun deenen nächste Joren eranzegoen. An e seet dann awer och, datt mat där Politik, déi hei gemaach gëtt, déi ganz Marge-de-manoeuvren, déi ganz „Bufferen", wéi se se nennen, schonn total erschëpft sinn an datt dat riskant ass.

Et gëtt awer kloer gesot. Ech mengen, et muss een den Avis dann awer och bis zum Schluss liesen. An et ass iwwerhaapt näischt aneres wéi dat, wat mir och säit Méint hei widderhuelen. Genau dat do widderhuele mer säit Méint. Genau dat do ass dat, wat mer beanstanden un der Politik vun der Regierung.

D'ailleurs seet d'Europäesch Kommissioun am europäesche Semester datselwecht. Déi waren och virun e puer Wochen hei an d'Majoritéitsdeputéiert hunn en och nogelauschtert. Déi soen, ech zitéieren elo emol den Text: «Les préoccupations quant à la viabilité à long terme des finances publiques persistent, en raison de la hausse attendue du coût du vieillissement.» Entres autres, hei. Sou. Et ass awer net esou einfach, wéi Dir dat alles dohistellt. Et sinn eng Rei Risiken, déi an d'Fënster gestallt ginn an déi bei all deenen Institutiounen, déi e Bléck op d'Lëtzebuerger Finanze werfen, dann och ervirgestrach ginn.

De Statsminister seet dann: „Mir brauchen e staarken, nohaltege Pensiounssystem. Mir däerfen déi Schwächten, déi eise Pensiounssystem huet, net lafe loossen." Dat ass seng Ausdrucksaart a -weis. „An dofir maache mer e Screening an duerno maache mer eng Aarbechtsgrupp." Mä kuerzfristeg si mer net bereet, Adaptatiounen ze maachen a kuerzfristeg an och laangfristeg, wann ech den Ekonomiesminister elo zumindest an deem, wéi hie sech ausdréckt, verstanen hunn, ass dat absolutt iwwerhaapt a guer net noutwendeg. Punkt.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Punkt.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An da weist en zréck op déi Etüden, déi e selwer, oder déi d'Regierung selwer gemaach huet, vun der IGSS virun zwee, dräi Méint. Jo, wann een déi Etüden awer kuckt a liest, wat do drasteet, da muss een awer bal zu anere Konklusioune kom-

men, wéi dat, wat Dir hei sot. D'IGSS geet vun engem Zeenario aus, wou de Wuesstum vun 1,1, 1,2 Milliounen deen ass, deen als normalen Zeenario dohigestallt gëtt. Elo si mer schonn an där Wuesstumsprognos. An trotz där Wuesstumsprognos seet d'IGSS an deem Avis, datt 2023 u sech de System an deem Sënn kippe wäert, datt dann d'Ausgabe méi héich si wéi d'Einnamen, datt mer 2035 déi Limitte vun de Reserven, déi d'Gesetz eis virgëtt, wäerten no ënnen ënnerschreiden an 2043 eis Reserven opgeschafft sinn. Ech liese just, wat dosteet. Ech hunn déi Rechnung net selwer gemaach. Ech liese se.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Här Wiseler, eleng wann Der do liest, gesitt Der an deem Moment, datt dat sech zënter der leschter Pensiounsreform elo ewell ëm dräi Joer verschoben huet. Also Dir kënnt net soen, datt elo ewell keng Evolutioun do war.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech soen Iech, ëm dräi Joer verschoben, et ka sech och nach, wann Der nach méi Wuesstum hutt, méi verschieben, wann Der es manner hutt, wäert et méi no ënne goen. Ech mengen, datt mer wierklech d'Fro net esou kënne stellen. Ech mengen, datt mer haut, datt mer haut...

(Interruption par M. Romain Schneider)

Et ass eng seriö Fro, Här Schneider. Ech mengen, datt mer haut...

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Ben, ech hu se och seriö gemengt, mä ech wollt Iech net ënnerbriechen, dofir hunn ech...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass léif.

(Interruption)

Ech mengen, datt mer haut an enger Situatioun sinn, wou et eis finanziell gutt geet. An ech mengen, datt ee genau vun där Situatioun sollt, misst profitéieren, fir do ze kucken, wou mer wëssen, datt an 10, 15 Joer Schwieregkeete kommen, wéi mer déi an de Grëff kréien. Dat muss awer elo eng Diskussioun ginn. De Sujet einfach ënnert den Teppech kieren a soen, et wier kee Problem, ass net d'Léisung.

Ech kéint mer et jo och einfach maachen a soen: Mä bis 2023, bis déi nächst Legislaturperiod ass kee Problem, bis déi iwwernächst brauche mer jo net driwwer ze schwätzen. Ech mengen ebe just net, datt dat d'Aart a Weis ass, wéi mer sollten drugoen. Mir hätte gär eng Diskussioun doriwwer a mir hätte gär zesumme mat de Sozialpartner an zesumme mat deene Parteien, déi wëlle mat eis driwwer diskutéieren, eng Diskussioun, wéi mer deen do Problem laangfristeg an de Grëff kréien. Elo léisen, erlaabt eis, ganz aner Moossnamen ze huelen, wéi déi, déi mer missten huelen, wa mer et nach 10, 15 Joer goe loossen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Da sot eis emol, wat Der wëllt maachen, Här Wiseler!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech wëll Iech just soen, datt näischt maachen...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Da sot eis wat!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...wierklech net d'Solutioun ass.

Dir sidd hei amgaangen, ze probéieren, de Problem, dee mer hunn, einfach ze ignoréieren, ze maachen, wéi wann en net do wier. Ech géif soen, mir mussen dee Problem do an de Grëff kréien. Et gëtt eng Rei Schrauwen, déi ee kann dréien, fir...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Wéi eng?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...et an de Grëff ze kréien. Wann een et haut mécht, deet ee vill manner wéi, wéi wann een et misst a fënnef, zéng oder a fofzéng Joer maachen. Kommt, mer ignoréieren d'Problemer net! Kommt, mer diskutéieren driwwer! A kommt, mer probéieren, gemeinsam Solutiounen ze fannen!

Ech fannen, dat ass d'Basis vun der politescher Aktioun. De Kapp an de Sand stiechen, näischt wëlle wëssen, well et méi einfach ass, ass net menges.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Wiseler, da sot eis, wat Der wëllt maachen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ooh!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Mä et ass dach awer...

(Brouhaha)

Entschëllegt, mä dat ass jo awer keng Debatt, wann een ëmmer nëmme seet: „Et muss een emol eng Kéier driwwer schwätzen." Mä da sot eis konkret, wat dann d'Propositioune vun der CSV am Beräich vun de Pensioune sinn!

Une voix.- Da sot där eis emol konkret…

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Mir hunn Iech kloer gesot, wat mir mengen.

Une autre voix.- Esou kann dat dach net goen, wien...

Une troisième voix.- Der kënnt sécher sinn, Här Schneider, déi nächst Ried, déi Der haalt, gitt Der 43-mol ënnerbrach. Dat wonnert mech net...

Une autre voix.- D'Regierung schwätzt och... da soe mär och...

(Brouhaha)

Mme Octavie Modert *(CSV).*- D'Regierung verlaangt méi Konkretes vum Oppositiounsféierer, wéi se vu sech selwer verlaangt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, wann ech gelift, elo huet just den Här Wiseler d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et ginn dräi oder...

(Brouhaha)

Här Schneider, et ginn dräi oder véier Schrauwen, wou ee kann drun dréien. An déi musse mer diskutéieren, fir deen uerdentleche Mix ze fannen, dee méiglech ass, fir datt mer dat kënnen an de Grëff kréien.

Ech soen Iech just, datt, wann Der déi Diskussioun haut net féiert, wann Der haut weiderfuert, Verspriechen ze maachen, vun deenen Der elo wësst, datt Der se an 20, 30 Joer net kënnt halen - an dat wësst Der ganz genau, dat wësst Der ganz genau -, da schaaft Der méi Problemer, wéi et noutwendeg ass, an da kuckt Der, datt mer haut, wou mer kéinten eng Diskussioun féieren, d'Problemer net an de Grëff kréien, an datt mer kee Milimeter weiderkommen.

Ech wëll déi Politik net matmaachen. Ech liesen och...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir hutt eis awer nach ëmmer net gesot...

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Entschëllegt...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- ...nach net gesot, wéi dann...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also ech hätt...

(Brouhaha)

Wann ech gelift, wann d'Regierung sech zu Wuert wëllt mellen, ka se dat maachen. Mä dann, wann ech gelift, mellt se sech. A wann de Riedner do dermat d'accord ass, da kritt d'Regierung d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech soe just dem Här Schneider, datt et dräi oder véier Moyene ginn. Mir hu keng definitiv Decisioune bei eis geholl, well mer gären eng Diskussioun mat de Sozialpartner doriwwer hätten.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir soen awer ganz kloer, datt et noutwendeg ass, datt déi do Problematik an der Diskussioun eng Solutioun kritt, an datt mer wëllen de Problem ugoen.

Dir sot ganz kloer, Dir wëllt en net ugoen. Dat ass den Ennerscheed.

(Brouhaha)

Ech liesen de PNR...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Wiseler, erlaabt Der?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Neen, ech wëll, ech géif net, ongär...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...vläicht eng Kéier bis zum Schluss kommen. Ech soen nach eng Kéier...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Wollt Der eng Diskussioun, Här Wiseler?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech hätt den Här Schneider honnertmol kënnen a senger Ried ënnerbriechen. Ech hunn et keng eng Kéier gemaach.

(Brouhaha)

Den Här Schneider huet eng Oplëschtung vun Dossieren hei gemaach, ouni iergendeng Explikatioun iwwer iergendeen Dossier ze ginn. Ech géif elo gär meng Ried fäerdeg maachen an net dauernd ënnerbrach ginn. Dir maacht et jo express a systematesch.

Une voix.- Ooh!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An ech akzeptéieren dat net.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Keng Manéieren.

(Brouhaha et hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- D'ailleurs, wann ech d'Regierung kucken, wat an hirem PNR, dat heescht, dem Här Schneider sengem Dokument seet, da gesinn ech, datt do eng ganz Rei Zitatioune kommen, wou d'Regierung sech selbstverständlech beluewegt, mä et sinn e puer komescher. Ech liesen emol eng vir: «Par ailleurs, le Gouvernement continue à accorder une priorité aux investissements, et ce à un niveau supérieur à la moyenne de la zone euro, tout en respectant pleinement ses objectifs fixés dans le programme gouvernemental, à savoir: une dette publique inférieure à 30 % du PIB», domat si mer jo och d'accord, an dann: «et un objectif budgétaire à moyen terme (OMT).» Punkt!

«Tout en respectant pleinement ses objectifs fixés dans le programme gouvernemental», de Programme gouvernemental huet awer en total anert Objektiv gesat. De Programme gouvernemental huet den Objektiv vun engem OMT, un Objectif à moyen terme financier, vu plus 0,5% gesat.

Den Här Schneider schreift a sengem PNR, dat géif elo voll respektéiert ginn, an an der Zwëschenzäit huet d'Regierung awer den Objectif op minus 0,5% erofgesat. A wann ee kuckt, wat Är eegen Zuele sinn, da gesäit een, datt Der an deenen dräi Joer, déi kommen, dat Objektiv, wat Der Iech gesat hat am Ufank vun der Legislaturperiod, plus 0,5, a kengem Joer respektéiert. Dir sidd op 0,4 dëst Joer. Dir gitt d'nächst Joer op minus 0,1, an 2019 och op minus 0,1, wann dann Är Previsioune stëmmen. Dir haalt déi Zilsetzung, op déi Der selwer am PNR drop zréckkommt...

Une voix.- 2021 op 1,6 plus.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- .... net an. Dir ännert se ënnerwee.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- D'Kommissioun ännert se.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An da mengt Der, d'Leit wieren alleguer...

(Interruption)

D'Leit ....

(Interruption)

D'Fro, déi ech mer stellen, an dat ass jo dat, wat ech aus dem Här Gramegna senger Ried erausgehéiert hunn, seng Courbe geet elo erof bis 2018, 2019, do si mer dann am Defizit. 2017, 2018 si mer am Defizit, minus 0,1. An duerno, an der nächster Legislaturperiod geet dann alles besser. Do gi mer erëm richteg an d'Luucht, an dat ass dann de Meritt vun där heiter Regierung, datt mer an der nächster Legislaturperiod erëm besser ginn.

Ech wëll Iech just soen: Et ass awer e wéineg einfach, dat elo ze verschieben op déi nächst Legislaturperiod, well déi Zuelen, déi Der an Är Previsiounen, an de PSC schreift, déi Zuelen, wou dann alles besser geet, déi gesinn awer eng ganz Rei Depensen, déi noutwendeg sinn, net vir!

Wann dat soll no Ären Zuele goen, esou wéi Dir se hei schreift, dann däerf awer eng nächst Regierung strictement keng zousätzlech Depense maachen; dann däerf awer eng nächst Regierung déi Investissementer, déi net proportionell an d'Luucht ginn an deene Joren 2020 an 2021, esou wéi Dir se ugitt, net vergréisseren.

An Dir schreift selwer, datt 2019, 2020, 2021 nach eng Rei zousätzlech Projete missten derbäikommen, wa mer d'Entwécklung wéilten uerdentlech maachen. Dat gesitt Der awer net vir an deene Joren 2019, 2020, 2021. Dann däerf zum Beispill kee Gehälteraccord méi gemaach ginn, deen awer 2019 ausleeft.

Dir verschiebt d'Bessergoe vun eise Scholden, eise Statsfinanzen op déi nächst Legislaturperiod. An ech fannen dat e wéineg einfach als Aart a Weis, un d'Finanzen erunzegoen op déi nächst Legislaturperiod; d'Léise vun deene Problemer, déi Der schaaft, hei einfach ze verschieben.

Déi Wuesstumsdebatt, déi mer amgaange sinn hei ze maachen, ass natierlech eng vun deene wesentlechen, déi eist Land wäert an deenen nächste Jore begleeden. An do, mengen ech, muss een och vun der Regierung eng Kéier klore Wäin ausgeschott kréien, an net nëmme just dat, wat hinnen an deem Dossier, wou se amgaange sinn driwwer ze schwätzen, an de Kapp kënnt. Mir haten en Debat declenchéiert, oder en ass declenchéiert gi vum „Working Group on Ageing Populations and Sustainability", wou gesot ginn ass, datt mer dann zu Lëtzebuerg 1,1 Milliounen Awunner hätten am Joer 2060. Dat ass da benotzt ginn, fir den OMT op minus 0,5 erofzesetzen.

Ech hunn dem Här Kox säi Rapport gelies. Dee warnt virun där doter Evolutioun vun eiser Gesellschaft; virun e puer Méint. Ech hunn dem Här Bausch nogelauschtert, dee vun enger Phantom-Debatt schwätzt, wa mer vun deem dote Wuesstum schwätzen. Ech hunn och den Här Bausch gutt gelies. Ech liesen Iech dat och gär vir, aus dem Caritas-Almanach, wou den Här Bausch dra schreift - et ass jo schonn erstaunlech, mä et ass awer gutt, wat e schreift -: „Eine quasi lineare Entwicklung von 12.000 Einwohnern oder 10.000 neuen Arbeitsplätzen pro Jahr über einen so langen Zeitraum zu prognostizieren, scheint gewagt. Im Grunde genommen sind die 1,1 Millionen Einwohner nichts Weiteres als die statistische Extrapolation einer Europop-Studie."

Dat heescht, dat ass u sech absolutt net d'Realitéit. An e proposéiert, eis op e Wuesstum vu 6.000 ze limitéieren, ouni awer ze soen, wat fir eng Konsequenzen dat dann huet op all déi Finanzsystemer, déi mer hei hunn, well d'Regierung sech an hire finanziellen Evolutiounen awer op ganz aner Wuesstumsprognose cibléiert (veuillez lire: baséiert).

Den Här Rifkin sengersäits geet dovunner aus, datt mer 20.000 nei Awunner d'Joer wäerten hunn, wa mer dat ëmsetzen, wat hie seet. Also, erëm eng aner Prognos wéi dat, wat gemaach gëtt.

De Minister fir d'Sécurité sociale hëlt den Zeenario 1,1 eriwwer, wann e seng Pensiounsprognose mécht. De Statec reviséiert deen Zeenario viru 14 Deeg, an e seet, elo wär en awer net esou héich. De PNR, dee schreift awer haut, oder dat, wat mer d'lescht Woch kruten: «A long terme, le Gouvernement aligne ses principales hypothèses économiques sur le scénario macro-économique utilisé pour le Luxembourg dans le cadre des travaux du "Working Group on Ageing Populations and Sustainability" du Comité de politique économique de l'UE, et de son plus récent rapport sur le vieillissement.» Dat heescht, dee seet: All eis Prognose sinn op deem doten Zeenario opgebaut; also dem Zeenario 1,1 Milliounen.

Ech muss Iech soen: Hei ass jo awer eng wesentlech Thematik vun deenen nächste Joren; e wesentlechen Diskussiounspunkt vun deenen nächste Joren! Wa mer dann awer op deem Diskussiounspunkt schonn esou vill Meenungen hunn, wéi mer Ministeren hunn, déi driwwer schwätzen, déi alleguer aner Prognose maachen, an da wëllt een dobausse seriö geholl ginn an eng Diskussioun starten, wou dann eist Land higeet a wéi eise Wuesstum ass an deenen nächste Joren... Ech soen: Wann een et esou upaakt, da verspillt ee sech awer all Kredibilitéit an da brauch ee sech net ze wonneren, wann d'Leit net méi wëlle mat engem iwwert déi dote Saachen diskutéieren.

D'Politik vun der CSV ass, datt mer eis wëllen op eng Finanzpolitik baséieren, déi selbstverständlech d'Noutwendegkeet vum Wuesstum agesäit, mä déi sech awer net esou un e Wuesstum vun 1,1 Millioune Leit bënnt, datt mer e mussen hunn, ansonsten eis Finanzsystemer net opginn, an op där anerer Säit mer eis op e Wuesstum virbereeden, datt mer, egal wat kënnt, och à même sinn en ze geréieren. Fir dat ze maachen, mussen eis Grondlage stëmmen, mussen equilibréiert gesond Statsfinanzen do sinn a mussen ofgeséchert Sozialsystemer do sinn. Dat ass fir eis d'Basis, soss baue mer keng Politik op! Ass eis Basis morsch, baue mer keen uerdentlecht Haus an der Zukunft dorobber op.

Dat implizéiert natierlech och an eisen Iwwerleeungen, datt mer all déi Megatrends, wéi nei Kommunikatiounen, Digitalisatioun, aner Aarbechtsaart a -weisen, aner Mobilitéitsufroen, consideréieren, datt mer Zukunftsprinzipie wéi d'„Circle Economy" consideréieren, datt mer eis Energieproduktioun dekarboniséieren an ëmstellen, lokal Produktioun maachen, Individualproduktioun maachen, d'Klimaschutz-Necessitéite mataberechnen, selbstverständlech!

An dofir huet d'Regierung jo och probéiert, déi Rifkin-Studie ze maachen. An ech muss och soen, mir hunn och déi Initiativ gutt fonnt, just, mir hunn d'Resultat awer frustrant fonnt, wéi mer et bis héiere respektiv gelies hunn. An do gëtt et e puer Grënn derfir.

Mir hu fonnt, datt dat, wat an der Rifkin-Etüd beschriwwe gëtt, eng eventuell Visioun vun

enger Zukunft ass, déi a 40, 50 Joer do ass, mä keen eenzelne Schrëtt seet eis, wéi mer déi doten Zukunft da sollen erreechen, wéi mer se solle finanzéieren a wat déi nächst Punkte sinn, déi mer musse maachen, fir op deen dote Wee ze goen.

An déi Ziler, déi gesat sinn, muss ech awer soen, fanne mer awer absolutt an total irrealistesch! Da muss een eis awer nach soen, wéi een dohinner kënnt. Wann ech d'Mobilitéit kucken: Haut hu mer en ëffentlechen Transport vu 14,5%, a mir hunn en Zil an deenen nächsten zéng, 20 Joer op 19% eropzekommen.

Den Här Rifkin seet: „A 40 Joer si mer op 40% ëffentlechen Transport bei 1,1 Milliounen Awunner hei am Land." Dat heescht, datt mer d'Capacitéite vum ëffentlechen Transport verméier- oder verfënneffache mussen! Wann een dat seet, jo, da muss een awer och hallefweegs soen, wéi ee wëllt dohinner kommen, wéi een dat wëllt maachen.

Den Här Rifkin seet, datt mer no 2025 - an aacht Joer - nëmmen nach sollen elektresch Autoen hei immatrikuléieren. D'Zuelen, déi den Här Bausch publizéiert, déi soen, datt mer haut bei 0,18% elektresch Autoe sinn, oder 0,63% Hybrid. An e seet ganz optimistesch, datt d'Zuel vun de Verkeef sech an deenen éischten zwee Méint vun 2017 elo verduebelt huet, an zwar vun 9 op 24 Autoen, déi mer voll elektresch verkafen.

Do ass awer nach e wäite Wee an aacht Joer ze goen. Da muss den Här Rifkin oder d'Regierung eis awer soen, wann dat d'Zilsetzunge sinn, wéi een dohinner kënnt. Et kann een einfach Zuelen op e Pabeier setzen an dann optimistesch soen: „Mir sinn déi Gutt a mir maachen dat", wëssend, datt een et wahrscheinlech net méi muss maachen, mä emol einfach als Zil setzen, ouni iergendee Wee ze nennen, wéi een dann dohinner kënnt.

An all Kéiers, wann an deem Rapport ekonomesch wesentlech Froe gestallt ginn, da gëtt op „Shared Economy" zréckgewisen. An da wëll ech just froen, wéi dat da geet, wann Der wëllt „Shared Economy" hei maachen; well dat ass Airbnb, dat ass Uber, dat ass eBay, dat sinn äänlech Saachen, déi dann an d'Lëtzebuerger Ekonomie mussen ëmgesat ginn.

A wann ech awer gesinn, datt all Kéiers, wann driwwer geschwat gëtt, de Reflex vun der Regierung hei zu Lëtzebuerg ass, datt mer da musse méi reguléieren, fir et ze maachen, da maache mer genau de Contraire vun deem, wat am Fong am Rifkin gefrot gëtt.

Dofir soen ech: Wann een esou eng Studie an Auftrag gëtt, da muss dat awer och e wéineg realistesch sinn. A souguer d'EU-Kommissioun, déi dat Ganzt analyséiert huet, dréckt hir Skepsis zu de Resultater vun där doter Etüd aus, well se och seet, datt keng spezifesch Moossname geholl oder virgeschloe ginn, fir déi doten Zilsetzungen ze erreechen. An datselwecht mécht d'Chambre de Commerce, déi ufänkt, se just als eng Toolbox ze designéieren an näischt aneres méi domadder wëllt ufänken.

Ech soen, datt an dësem Fall... Ech fannen, datt ee sech misst eng ganz Rei Froe stellen, awéiwäit den Här Rifkin alles dat, wat déi positiv Folge vun der Digitalisatioun an der sougenannter „Shared Economy" sinn, net e gutt Stéck ze vill optimistesch gesäit an haaptsächlech, an dat ass eise gréisste Reproche, net ignoréiert oder komplett ignoréiert, wat déi problematesch Punkten an notamment déi sozial Punkte vun där Evolutioun sinn.

Setze mer dat do an d'Lëtzebuerger Ekonomie ëm, da géif ech gär wëssen, wéi de soziale Suivi gemaach gëtt, wat mat deene Leit geschitt, déi net onbedéngt matkommen an déi net kënnen an där Ekonomie do standhalen. Wéi maache mer et, datt mer déi net op der Strooss loossen? All déi Froe gi mat kengem Wuert an där Etüd, an där Zukunftsvisioun, déi d'Regierung fir sech zu engem groussen Deel iwwerholl huet, traitéiert. An dat ass an eisen Aen e grousse Problem.

Eist Land wiisst demografesch iwwer all déi Joren. An ob dat elo 750.000, 900.000 oder 1,1 Millioun gëtt, de Wuesstum musse mer kucken an de Gréff ze kréien. An d'Konzepter vun der Landesplanung sinn dofir wichteg, datt mer se esou kréien, datt mer dee Wuesstum och kënne gestalten.

Ech stellen awer haut fest, dräi an en halleft Joer nodeem datt déi Regierung am Amt ass, datt déi Gesetzesännerungen, déi d'Regierung gär hätt un dem Text vum Aménagement du territoire, net gemaach sinn, datt den Text da vläicht virun der Vakanz oder no der Vakanz kënnt, datt déi Plan-sectoriellen nach ëmmer net do sinn, notamment dee vum Logement, datt se nach ëmmer an der Prozedur sinn. A wann ech den Timing kucken, d'Gesetz muss fir d'Éischt kommen, et kënnt Enn des Joers, da soen ech mer: An dëser Legislaturperiod kommen déi Plan-sectoriellen, déi mer awer bräichten, awer och net; well déi brauchen awer eng Zäit, éier se duerch d'Prozedur ginn.

Mir haten eng Rei Debaten - zwee Stéck - iwwert d'Landesplanung an iwwer Wuesstum an där leschter Zäit. An ech hunn un engem deelgeholl. E war grouss opgezunn, mä et war am Fong kee richtegen Debat, well eis do dräi Zeenarie virgestallt ginn. Dräi Zeenarien, wéi eist Land sech soll entwéckelen. Deen een ass genannt ginn, de Scénario „Diffus et Désordonné". Deen aneren ass genannt ginn: de Scénario „Dirigé et Théorique". An deen drëtten ass genannt ginn: de Scénario „Organisé et Harmonieux". Wat fir ee Politiker seet dann do bei esou enger Diskussioun: „Ech si fir de Scénario Diffus et Désordonné."?

(Interruption)

Wat ass dat da fir eng Diskussioun, wann Der se esou ufänkt? An d'Resultater an d'Konklusioune vun där doter Diskussioun, déi, muss ech soen, bréngen eis och net weider, d'autant plus, datt dat, wat proposéiert ginn ass, näischt aneres ass wéi dat, wat souwisou scho 15 Joer virdru vum IVL proposéiert gi war. Dat heescht, och do si mer kee Stéck weiderkomm.

Dat Eenzegt, wat momentan amgaang ass ëmgesat ze ginn, dat ass de Programm vun der Mobilité durable, dat eenzegt Dokument, wou an der Realitéit Entwécklunge geschéien, obwuel et nach net an dem Plan sectoriel «Transports» ëmgesat gëtt. An elo si mer amgaang, eng nei Prozedur ze maachen, fir dann de Programm directeur vun der Landesplanung nei ze lancéieren. An dat u sech nodeem da wahrscheinlech d'Plan-sectoriellen an d'Prozedur gesat ginn. An de Plan directeur gëtt fäerdeg, wann d'Plan-sectorielle wahrscheinlech ofgeschloss ginn.

Dann ass meng Fro: Jo, fänke mer dann erëm vir u mat de Plan-sectoriellen, oder wéi soll dat Ganzt goen? Mir stelle just fest, datt den Timing vum Programme directeur an all deenen Diskussioune mat Laboratoiren a Bierger-Ambassadeuren esou geplangt ass, datt mer en och virum Enn vun dëser der Legislaturperiod selbstverständlech net fäerdegbréngen.

Ech versti jo, datt d'Landesplanung eppes Komplexes ass,...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...mä wann een dann higeet virun dräi Joer a seet: „Elo ass eng Regierung do. Déi huet endlech de Courage, Plan-sectoriellen ze deposéieren", an dräi Méint duerno seet een: „Hei ass eng Regierung, déi huet elo wierklech de Courage, fir déi Plan-sectoriellen erëm zréckzezéien, an hei ass eng Regierung...", drëtte Punkt, e puer Méint duerno, „...déi huet de Courage, fir alles frëschzemaache mat Gemengebedeelegung, a grondleeënd alles ze erneieren", mam Resultat, datt virum Enn vun der Legislaturperiod...

(Brouhaha et interruption par la présidence)

...strictement näischt do ass a mer net weiderkomm sinn an deem ganzen Dossier.

A gëschter huet de Statsminister sech dann och a sengem Discours zur Landesplanung gemellt, a sot...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dat war haut.

Haut, pardon. Et deet mer leed, Här Statsminister. Ech hunn d'Ried gëschter gelies, dofir war et gëschter fir mech.

(Hilarité)

Haut huet den Här Statsminister sech och zur Landesplanung gemellt a sot, fir dëse Problem an de Gréff ze kréien, muss ee méi wäitsiichteg an och méi couragéiert Decisiounen huelen. Do war ech gespaant, wat da géif kommen. Du sot de Statsminister: „Elo musse mer eng Mesure iwwert den Tëleetravail huelen." An du war et fäerdeg.

Et koum nach eppes hannendrun, do schwätzen ech ganz gär driwwer. Dat ass, fir ze soen: „Mir mussen elo flexibel Coworking-Strukturen an deene véier Ecke vun eisem Land op der Grenz opstellen, fir datt d'Grenzgänger net méi brauchen an d'Stad ze kommen."

Ech wëll Iech dann awer just froen: Wéi passt dat dote Konzept an dat Konzept eran, wat de Landesplanungsminister virun e puer Woche virgestallt huet, mat dräi zentralen Developpementsachsen: Belval, d'Stad Lëtzebuerg an d'Nordstad, mat deene verschiddene CDAe ronderëm?

A wann Dir da sot, datt all déi Gemengen, déi net un den ëffentlechen Transport ugeschloss sinn, sollen zolidd ënnerstëtzt ginn, fir och hiren Developpement esou kënnen ze maachen, da muss ech soen: Dat ass richteg oder falsch, awer zumindest contraire zu deem, wat de Landesplanungsminister seet!

Ech wëll just wëssen, wéi déi doten zwee Konzepter matenee ginn, wéi dat soll fonctionnéieren? Ech hunn hei d'Impressioun, datt d'Regierung mat zwou Sprooche schwätzt. Deen ee seet dat eent, deen anere seet dat anert. An zum Schluss komme mer domat op kee Resultat.

(Interruption)

Bis auf Weiteres gëtt just de Programm vun der Mobilité durable ëmgesat, a Projeten ëmgesat, déi alleguer, ouni Ausnam, net nei sinn! Et gëtt zwar probéiert, déi elo ze verkafen, wéi wann et der vun der neier Regierung wieren. Dat ass awer net de Fall. Souwuel den Tram...

(Interruptions)

...wéi den Arrêt Pont Rouge, wéi d'Gare Howald, wéi déi dräispureg Autobunnen, wéi de Contournement Käerjeng, wéi d'Sécherheetsmoossnamen op der N7, wéi d'Beetebuerger Streck, wéi d'Streck an Däitschland, souguer wéi d'Problemer mam Parking Stackem, wou ech gelies hunn, datt den Här Bausch der hätt, souguer och déi Problemer sinn net nei, well déiselwecht Problemer mat der belscher Administratioun hu virun dräi, véier Joer schonn existéiert.

Alles dat...

(Interruptions)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Loosst e schwätzen!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech verstinn Iech net.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Loosst en! Schwätzt Dir weider, Här Wiseler! Zielt weider alles op! Mir lauschteren no.

Une voix.- Soll ech der Madamm Loschetter...?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat Eenzegt, wat feelt, ass d'Tangente Ouest, de Contournement de Merl an äänlech Saachen, wou ech net weess, wou d'Evolutioun respektiv wou den Dossier haut drun ass.

Ech géif Iech just soen: Zumindest wa mer eng Wuesstumsprognos vun 1,1 Millioune Leit erausginn, dat d'Mobilitéitskonzept, wat entwéckelt war, ass e Mobilitéitskonzept fir 750.000 Leit. Net fir méi! Net fir méi! A wann den Här Bausch seet: „Ech weess net, wéi et no 15, 20 Joer erausgesäit, planen op 15, 20 Joer, oder méi wäit wéi 15, 20 Joer schéngt mer e wéineg illusoresch ze sinn", da soen ech: Mä an dem Stroossebau, an der Mobilitéitsplanung, an der Landesplanung sinn awer Entwécklunge vun 30, 40 Joer dat, wat ee muss virausgesinn!

Do muss een awer haut Konzepter ausschaffen, déi der dann hëllefen, an 20 Joer oder a 25 Joer d'Mobilitéit an de Gréff ze kréien. Dofir, just d'Suggestioun, obwuel dat Mobilitéitskonzept vu viru siwen, aacht Joer ass, mä et misst een haut schonn dohinner goen an dat Mobilitéitskonzept un déi Zuelen adaptéieren, déi awer elo am Raum stinn a vläicht och ugoen, oder wann Der et wëllt ëmgedréit maachen, d'Konzept vum ëffentlechen Transport elo schonn esou adaptéieren, datt et am Fong deenen Zuele kann entspriechen. Well ech soen Iech: D'Mobilitéitskonzept, wat ech jo nach selwer mat entwéckelt hunn, geet net duer fir déi Zuelen, déi Der elo an de Raum setzt. Also wär et gutt, wa mer eis déi Iwwerleeunge géife maachen, fir doranner weiderzekommen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Wiseler, erlaabt Der eng Zwëschebemierkung vun der Madamm Lorsché?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech kréie jo all déi Zäit bäi, well esou vill hunn ech der net.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah jo, selbstverständlech.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Et ass keng grouss Fro. Ech wollt Iech just froen, Här Wiseler, aus wéi engem Grond Dir géint déi zweet Phas vum Tram gestëmmt hutt, wann Der elo sot: „Et hätt misse virbereet ginn an et muss séier goen, et muss ganz séier goen." An da verstinn ech awer net Är Haltung, déi zweet Phas ze blockéieren.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ma Dir sot dat elo scho sechs Méint,...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Hat Der dat vergiess, Här Wiseler?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...an Dir gitt mer elo eng perfekt Geleeënheet, dat ze explizéieren, well et jo genau dat ass, wat Der probéiert ze maachen. Dir probéiert elo, mat där doter Explikatioun hinzegoen an ze soen, dee fréieren Transportminister respektiv d'CSV wär géint den Tram gewiescht. Ech soen Iech: Ech si fënnef Joer, an ech muss op 50, 60 Versammlungen higaange sinn, inklusiv bei Iech an d'Fraktioun d'ailleurs, fir dee Projet vum Tram ze erklären a weiderzedrécken. Fir dann ze soen: „Dat ass e grénge Projet an d'CSV wollt en net", wat jo dann ënnerschwelleg an all deene Remarquen do steet, muss ech Iech soen: Dat stëmmt nun awer sécherlech net! An et hëlt keen Iech et of!

(Interruption)

Firwat hu mer dergéint gestëmmt?

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Dat war net d'Fro.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, jo, mä d'Fro, wann Der se esou stellt, dann ass eng Suggestioun hannendrun. Dofir hunn ech fir d'Éischt zur Suggestioun Stellung geholl, an elo stellen ech...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift! Hei gëtt op eng Fro geäntwert, da wär ech frou, wa jiddweree géif nolauschteren.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An d'Äntwert op d'Fro, dat ass: Dir kënnt Iech erënneren, an där Diskussioun hate mer eng Diskussioun iwwert de Kofinanzement vun de Gemengen, wann een iwwert d'Extensioun vum Tram schwätzt. Déi Fro war an eisen Aen net beäntwert ginn!

An ech hunn dat och gesot an eiser Äntwert: Well déi Saachen net kloer sinn, well mer net wëssen, wéi dat soll goen, si mer net der Meenung, datt mer dat elo an deem dote Moment kënne stëmmen. Dat heescht awer net, datt mer géint d'Extensioune vum Tram sinn. Wann Der d'ailleurs d'Dokumenter vun där Zäit kuckt, wou ech responsabel vun deem Departement war, da fannt Der all déi Extensiounen och schonn dran. Dir fannt se souguer an dem Exposé des motifs vun dem Gesetzestext, wat ech nach deposéiert hunn, fir den Tram ze stëmmen. Do fannt Der dat alles dran!

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also, dofir fannen ech déi...

(Interruption)

Jo.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Mer fannen och dat Landesplanungsgesetz erëm, Här Wiseler, wat eis bis elo verhënnert huet, déi Plan-sectoriellen ëmzesetzen, déi Dir ni fäerdegbruecht hutt. Mir fannen och dat Gesetz nach haut erëm, dat Gesetz, wat Dir ofstëmme gelooss hutt a wat et onméiglech gemaach huet, fir d'Plan-sectoriellen ëmzesetzen.

Une voix.- Gutt Äntwert!

Une autre voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech hunn d'Plan-sectoriellen net deposéiert an Dir hat en Uerteel vum Oktober 2013, wat eng Modifikatioun an der juristescher Interpretatioun dovu gemaach huet. An doropshin hutt Dir se deposéiert, net ech, dat wëll ech Iech just soen.

Der musst och ëmmer d'Geschicht...

(Brouhaha)

Der musst och ëmmer d'Geschicht ganz schreiwen.

(Brouhaha)

D'lescht Joer huet de Premier eis iwwert d'Logementspolitik gesot: „Ech deklaréieren dat hei net zur Chefsaach, mir schafen Tatsaachen."

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Tatsaach ass, datt an deene leschten zwielef Méint d'Präisser vun den Haiser ëm 7% gestige sinn, d'Loyere vun den Appartementer ëm 4,9%.

Une voix.- Se wieren nach vill méi...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Tatsaach ass: Präisser plus 7% d'Joer. Ech hätt léiwer, de Statsminister hätt deen Dossier zur Chefsaach gemaach a sech drëm bekëmmert, wéi elo déi Diskussiounen hei esou féieren ze kommen.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Dir hutt...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- ... d'Logementspolitik dëser Regierung wierklech iergendé Reproche ze maachen,...

(Brouhaha)

...a virun allem als fréiere Bauteminister. Wierklech! Wierklech! Well en hat jo vill gehollef,

deen, deen et virdrun als Chefsache deklaréiert hat.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Dat hate mer schonn eng Kéier, datt et Chefsaach war.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- An Dir waart dofir responsabel!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Deen ass elo zu Bréissel. Dee mécht do Immobiliepolitik.

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- De Wunnengsbauminister ass do scho méi sachlech drugaangen. Hien huet alt gesot: „Ech hu keen Zauberstab." An ech weess, wéi schwéier et ass.

Une voix.- Voila!

Une autre voix.- Tipptopp!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech weess, wéi schwéier et ass, Logementspolitik ze maachen. Just, datt ech dann och gär gehat hätt, datt net déi grouss tonitruant Aussoen hei géife kommen, fir ze soen: „Mir hunn elo alles richteg gemaach. Mir hunn elo alles am Gréff. Elo geet et besser."

Une voix.- Neen, dat ass net gesot ginn. Neen!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Esou ass et net.

(Brouhaha)

Une voix.- Dat huet kee gesot.

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Liest Är Rieden eng Kéier no!

(Interruptions)

Ech hunn Ären État de la nation vum leschte Joer net do, mä grouss Deklaratiounen, déi hutt Der en masse gemaach. En masse hutt Der déi gemaach!

An ech muss da soen:...

(Interruption)

Une voix.- Dat ass jo onméiglech.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir hunn hei eng Rei Saachen op den Dësch geluecht kritt, mat deene mer och d'accord kënne sinn. Dir hutt eng Rei Projeten hei och genannt, gëschter an Ärer Ried,…

Une voix.- Haut!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- …haut de Moien an Ärer Ried. Dat si Projete vun Ollem, vun - wat hutt Der nach genannt? -, vu Woltz.

Une voix.- Diddeleng!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Diddeleng hutt Der nach genannt. Projeten, déi d'ailleurs och de Marco Schank schonn ugeleiert hat zu engem groussen Deel. Dir hutt och eng Klimabank an eng Subvention de loyer gemaach.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Mir haten d'Terrainen awer och kritt.

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Och dat si Projeten, déi scho vun der viregter Regierung ugeleiert goufen. Mir droen dat jo och mat. Mir droen dat jo och alles mat! Just soen ech Iech: Mat all deenen Zuelen, dat léist de Problem net. Ech mengen, mir kënnen elo nach vill soen a bauen a maachen, och am Subventionéieren, a mir ënnerstëtzen dat och alles, just, de Problem ass awer deen, datt mer mat enger Aktioun haaptsächlech op der Demande zwar de Leit hëllefen, an ech sinn och domat d'accord, datt een dat wierklech muss maachen, mä ob mer domat méi Logement bauen an d'Präisser erofkréien, woen ech awer ze bezweifelen.

Dofir mengen ech, datt een effektiv op d'Offer muss agéieren. Dat gëtt och probéiert vu staatlecher Säit. An ech hunn dem Här Bodry och gutt nogelauschtert, deen am Fong vun dëser Diskussioun gehofft hat, datt een eng grouss Diskussioun iwwert d'Logementspolitik kéint maachen, an datt ee mat der Keul kéint dorunner goen, deen dréckt jo awer och zu engem Deel seng Kritik dozou aus, datt mer haut net weiderkommen.

(Interruption par M. Alex Bodry)

An, wéi gesot, ech mengen, datt mer eis dofir mussen ëm déi zwee Problemer bekëmmeren, déi richteg sinn. Dat Éischt, dat ass: De Stat muss kucken, datt Terrainen disponibel ginn an de Stat muss d'administrativ Prozedure vereinfachen. Dorobber hänkt et. Elo kënne mir eis villes virmaachen a mir kënnen och vill sozial Hëllef maachen. Mir ënnerstëtzen dat och alles, mä dorop dréit de Problem sech. Ech sinn nach wie vor der Meenung, datt een do effektiv muss Moossnamen huelen, déi ee weiderbréngen. An de Plan sectoriel ass a mengen Aen déi Noutwendegkeet,...

(Interruption)

...déi mer brauchen, fir Terrainen ze determinéieren, wou an deenen nächste Jore ka gebaut ginn. An de Stat muss dann och iwwert déi Moyenen, déi deen neie Gesetzestext eis gëtt, kucken, un déi Terrainen ze kommen. Dat geet mat villen Negociatiounen an et geet och mat deem Drock, deen de Gesetzestext eis erméiglecht, op d'Leit ze maachen, fir deen Terrain ze kréien, dee mer brauchen, do, wou eben Entwécklung an deenen eenzelne Gemengen noutwendeg ass. Wa mer dat Instrument net hunn a wa mer et net systematesch benotzen, komme mer net weider. Well do hänkt de Punkt.

An da soen ech: Déi Simplification administrative, och dat ass e schwéieren Dossier. Och do hu mer keng Zauberformel, weder Dir nach mir, fir dat esou hinzekréien. Et ass eng Etapp gemaach gi mat dem Omnibusgesetz. Mir hunn déi och matgestëmmt, well mer déi Punkten och richteg fonnt hunn, déi do gemaach gi sinn. Ech waarden elo op déi nächst Etapp, déi awer komme muss, do, wou mer d'Naturschutzgesetz ëmänneren an do, wou eng ganz Rei substanziell Simplification-administrativen nach musse gemaach ginn. Do gëtt awer vun der Regierung erwaart, datt mer dat do kommen (veuillez lire: hikréien). An elo kucke mer, wéi deen Text, wa mer da fäerdeg sinn, ausgesäit, wann e bis gestëmmt ass, well et ass haaptsächlech do, mengen ech, wou d'Musek spillt.

Ech sinn der Meenung, datt et e Feeler war, déi TVA um zweete Logement vun 3% op 17% an d'Luucht ze hiewen. Ech mengen, datt et e Feeler war, quitte datt een ëmmer ka soen: „Déi, déi eng zweet Wunneng oder eng drëtt Wunneng hunn, kënnen dat bezuelen." Mä ech soen awer hannendrun: Ech sinn dach frou, wa privat Suen investéiert ginn an de Wunnengsbau, och wann et eng zweet, drëtt Wunneng ass, a wa mer do locative Wunnengsbau mat deene Sue kreéieren, datt de Stat net brauch alles ze maachen. Ech fannen, et ass e politesche Feeler, dat gemaach ze hunn.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dat war an der viregter Regierung och scho proposéiert ginn vum deemolege CSV-Finanzminister. Ech wëll Iech just drun erënneren, falls Der dat vergiess sollt hunn.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech wëll Iech just soen, datt vum deemolege Finanzminister eng Rei Propositioune gemaach gi sinn, wéi ee kéint eng Rei Suen aspueren, ouni datt eng Diskussioun driwwer gefouert ginn ass, an datt d'Regierung sengerzäit eng Rei Saachen net festgehalen hat. Dës Regierung huet déi Decisioun do geholl. Déi viregt Regierung huet déi Decisioun do net geholl.

(Brouhaha)

Ech mengen...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- D'CSV huet also hir Meenung geännert.

(Interruption)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech mengen, datt ee fir dee bebaubaren Terrain, do, wou an enger Gemeng Terrain ass, deen immediat scho ka bebaut ginn, d'Besteierung och muss änneren. Et ass momentan méiglech, datt d'Gemenge se änneren.

Une voix.- Jo.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir mengen an der CSV, datt mer maache mussen, datt et eng staatlech Responsabilitéit ass, an datt mer dat musse staatlechersäits maachen.

Mir begréissen d'ailleurs och de Prinzip vun de Baulandverträg, déi d'Regierung virun e puer Deeg explizéiert huet. Mir waarden elo op de Gesetzestext, fir ze kucken, ob dee Gesetzestext och effikass ass an ob et net just e Pabeiertiger ass. Mä vum Prinzip hier begréisse mer déi do Initiativen, fir weiderzekommen.

An där heier Problematik an an där heier Fro kënne mer eis elo nach fënnef, zéng oder fofzéng Joer driwwer bekloen an deem engen oder deem aneren d'Schold zouweisen, firwat eppes geet oder net geet. Ech menge just, datt dat alles kee Sënn huet. Mir wëssen, wéi schwiereg de Problem ass a wéi schwéier en ze léisen ass. Ech mengen, datt een eng Rei Moossnamen hei muss huelen, och wa se op Widderstand stoussen.

Ech mengen, datt een eng Rei zolidd Moossname muss huelen, déi eis et erlaben, Terrainen ze degagéieren, fir ze bauen, datt mer déi Simplification-administrativen - och wa mer verschidde Saache gutt a richteg fannen, mä mir kommen domadder net weider - mussen an de Gréff kréien. Ansonste komme mer mat Aktioun op der Demande net zum Zil. Et ass d'Aktioun op der Offer, déi systematesch muss weidergedréckt ginn. Och wa vill Oppositioun kënnt, musse mer déi duerchstoen. Op jidde Fall sinn dat déi Propositiounen, déi mir maachen.

Dann hunn den IMF an d'Europäesch Unioun gesot, mir hätten eng grouss Dependenz vun der Finanzplaz. Dat wësse mer. Mir mussen eng Diversifikatioun vun der Ekonomie maachen, dat wësse mer och. Mir gesinn de Wirtschaftsminister quasiment op Dauermissioun beim „space mining", hie reest ronderëm d'Äerd vu Kalifornien op Japan an en ass u sech esou wéi e Satellitt am Orbit ronderëm d'Äerd, fir dat ze maachen. Et ass de Lëtzebuerger Sputnik, deen do ronderëmdréit.

(Hilarité et brouhaha)

Fir dat alles ze maachen an...

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Dir géift e gär op de Mound schéissen, mä mir hunn e léiwer hei bei eis.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- En ass awer oft fort, mä gutt. Et ass seng Missioun. Hie probéiert, deen Dossier vum „space mining" weiderzedreiwen. En huet och gesot, dat wier e laangfristegen Dossier an e wier frou, datt d'CSV en och géif matdroen, hunn ech iergendwou an engem Artikel gelies, well e misst op Laangfristegkeet bauen.

Ech wëll awer do trotzdeem, mat allem Respekt, eng Rei Kloerstellunge maachen. Éischtens, d'CSV huet kee Problem domat, wa mer en Dossier upaken, wou Risiko hannendrun ass, well hei ass Risiko hannendrun. Mir hu kee Problem domat, wa mer en Dossier upaken, deen innovativ ass. Dat hu mer an der ganzer Geschicht, notamment och an der Lëtzebuerger Weltraumgeschicht, déi mer matgestalt hunn, och bewisen. Just, datt ech wëll soen: Wann een dat mécht, da wier et awer och gutt, wann een all Detailer vun deem Dossier géif kennen a wann een net misst an deenen eenzelne Pressekonferenzen, déi de Minister dann zu Lëtzebuerg oder am Rescht vun der Welt gëtt, probéieren, sech e Reim op alles ze maachen, wat dat do dann elo heescht.

Wa meng Informatioune richteg sinn, dann ass d'Attraktivitéit vun der Lëtzebuerger Propositioun déi, datt mer eng Base légale schafen, wou mer eis eng Rei Rechtssécherheete ginn, notamment iwwert d'Proprietéit vun deem, wat da vun esou Asteroiden kann op d'Äerd zréckbruecht ginn. Ech hunn awer och den Avis vum Conseil d'État gelies, dee ganz retizent ass an dee seet, datt dat internationaalt Recht eis déi Méiglechkeet do net géif ginn, an deen am Fong déi Sécurité juridique do a Fro stellt.

Dofir eng ganz Rei Froen, déi sech do ronderëm stellen: Wéi ka Lëtzebuerg garantéieren, datt dat Gesetz, hin oder hier, ob mir et elo zu Lëtzebuerg maachen, och dem internationale Recht standhält? De Minister seet - ech liese jo seng Pressekonferenzen a seng Communiquéë ganz gutt - op där enger Säit: „Lëtzebuerg ka jo déi Gesetzer maachen, déi et wëllt, et geet keen eppes un, wat mir fir Gesetzer maachen." Dat ass emol gutt gesot.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech soen ëmmer: Mir sinn e souveräänt Land.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Richteg! Dat ass och gutt gesot, tough gesot! Hie seet awer dann hannendrun: „Mir mussen awer drop awierken, datt d'international Traitéen, notamment dee vun 1967, iwwert de Weltraum geännert ginn." Wat mer awer seet, datt do vläicht net alles esou richteg ass.

Ech wëll am Fong just, well mer et net wëssen, déi Explikatioune kréien - d'Regierung huet jo do nach Zäit -: Wéi ass et domadder? Wat heescht dat do? Well et jo awer a mengen Aen, wann ech lech richteg verstanen hunn, en zentrale Punkt ass.

Et sinn eng Rei Start-uppen, déi op Lëtzebuerg kommen, dofir ze interesséieren. Et si 25 Milliounen a Planetary Resources bezuelt ginn. Wat ass d'Finalitéit? Wat sinn d'Zukunftsperspektiven? Och do wier ech frou, wa mer kéinten eng Analys driwwer kréien.

Et ass eng Kollaboratioun mat den Émirats arabes unis ugeschwat ginn. Ausser datt eng Diskussioun war, weess ech awer net, wat den Inhalt ass. Dann ass d'Annonce gemaach gi vun der Kreatioun vun enger Agence fir de Weltraum an duerno vum Schafe vun engem Fong fir de Weltraum. 100, 200 Millioune si virgesi ginn dofir.

Ass dat esou? Wat soll déi Agence maachen? Wat soll dee Fong maachen? Wat fir eng Investissementer sinn en fin de compte do geplangt? Dir proposéiert den auslänneschen Investisseuren dat schonn, ech ginn awer dovunner aus, datt déi zwou Kreatiounen hei nach eng Kéier duerch d'Chamber musse goen, well se eng legal Basis brauchen. Dir wëllt mat de Japaner kuerzfristeg e Roboter op de Mound schécken. Fir wat ze maachen? Zu welche Konditiounen?

Wéi gesot, ech liesen alles an der Zeitung a mir mussen eis dann e Reim drop maachen. Ech wëll wëssen: Wat sinn d'Retombéeën? Wat ass d'Kollaboratioun mat der Uni, mat der Recherche? Ass dat do rentabel? Wéini estiméiert Der, datt et eng Rentabilitéit ka ginn? Wat sinn d'Investissementer, déi op Lëtzebuerg duerkommen? A wat sinn d'Risike ronderëm esou e Projet?

An ech soen dat elo an aller Seriositéit, just eng Recommandatioun: Et ass e laangfristege Projet. Wann Der wëllt, datt dee laangfristege Projet dann och kann iwwert déi nächst Legislaturperiode matgedroe gëtt, ech weess jo net, wien d'nächste Kéier oder d'iwwernächste Kéier an der Regierung sëtzt, mä ech géif Iech just roden: Bannt déi aner Parteie mat an! Kuckt, datt Der Är Laangfristegkeet op de Konsens baséiert! Sot eis, wat lass ass a gitt eis d'Méiglechkeet, och ze estiméieren, ob dat do elo seriö ass, ob et en „business case" huet, dee sech dréit, an eis eis Meenung ze maachen, datt mer et ënnerstëtzen kënnen oder datt mer d'Realitéit hannert deem Projet gesinn! Déi Laangfristegkeet, déi Der braucht, kritt Der soss net hin. Dat ass e gutt gemengten, wuel gemengte Rotschlo.

Dir maacht domat souwisou wéi ëmmer genau dat, wat Der wëllt.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir kritt all Explikatiounen, déi Der wëllt.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Bannt eis mat an déi Saachen an, wa se laangfristeg sinn, dat ass besser!

An der Tëschenzäit, dat muss ech awer och soen, musse mer eng Wirtschaftspolitik maachen, déi op der Äerd heinidden ass. An ech soen: Mir hunn zu Lëtzebuerg eng ganz Rei Chancen do dran. Ech ginn elo net op all déi Digitalisatiounsfroen an, op déi ganz Modernisatioun vun eiser Industrie, Dir hutt déi scho virdrun ugeschwat an do fannt Der eis selbstverständlech, fir déi matzedroen.

Ech wëll just ee Wuert iwwert d'PME soen, iwwert déi 7.000 Entreprisen, iwwert déi 80.000 Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, well mer awer d'Impressioun hunn, datt dat do e wéineg vernoléissegt gëtt. Mir hätte gär e Kompetenzzentrum fir Digitalisatioun zesumme mat der Chambre des Métiers. Mir hätte gär, datt endlech déi Texter iwwert d'Formation professionnelle dann och esou ginn, datt ee sech definitiv kann drop verloossen. Mir hätte gär, datt am Dualsystem d'Betriber nach anescht responsabiliséiert ginn, wéi dat haut de Fall ass. D'Handwierksbetriber hunn eng ganz Rei interessant Iddien doriwwer.

Mir hätte gär déi Reform vun der Meeschterprüfung. Mir hätte gär, datt d'SNCI iwwerkuckt gëtt, hir Missiounen iwwerkuckt ginn. Mir hätte gär, datt an der Steierlandschaft d'Betriebsiwwernamen iwwert de betriibleche Patrimoine eraus bei de PMEen erliichtert ginn. Mir hätte gär eng Immunisation de fonds propres, dann, wann Investitioune vun deene Betriber gemaach ginn. Dofir hu mer eng Interpellatioun iwwert de Mëttelstand an e puer Wochen ugefrot.

Ech wëll soen, datt fir mech och am Mëttelstand déi ganz Froen iwwer Landwirtschaft a Wäibau wäerten dran erëmzefanne sinn. Mir fannen och, datt hei eng Politik gemaach gëtt, wou ..., a mir hunn dat nach haut gesinn un engem beschte Beispill, dofir loossen ech all déi aner Saachen, déi ech soe wollt, elo aus Zäitgrënn op der Säit, mä dat Beispill wëll ech awer trotzdeem soen: Mir si frou, datt de Statsminister gëschter ugekënnegt huet, datt och d'Ëmstellung op hallef biologesch Betriber dann an Zukunft méiglech wier. Mir fannen dat richteg,…

(Interruption)

…well déi biologesch -, loosst mech emol fäerdeg schwätzen! -, well déi biologesch an déi konventionell Landwirtschaft net däerfe géinteneen ausgespillt ginn an och déi konventionell net als déi schlecht an déi biologesch als déi gutt däerf dohigestallt ginn. Dat ass eng Approche, déi mer net deelen. An dofir fannen ech déi Ëmstellung, déi een hallef an engem Betrib ka maachen, och de richtege Wee.

Just a sengem Text steet dat esou, an deem geschriebenen Wort, mä das gesprochene Wort

zielt jo an dësem Fall. An der Ried, déi Der de Moie gehalen hutt, hutt Der nach eppes derbäigefüügt. Dir hutt derbäigefüügt, datt et just an der Zäit sollt limitéiert sinn. An dat, muss ech soen, ass e Bäifügen, wat eis net gefält. Mir hätte gär, datt Der dat vill méi präzis (veuillez lire: definéiert) an datt Der dat Niewenteneeliewe ganz anescht organiséiert hätt, mä do komme mer och an eisen Aussagen an der Diskussioun nach eng Kéier drop zréck.

Mir hunn d'Impressioun, datt hei eng Wäibaupolitik an eng Landwirtschaftspolitik gemaach gëtt, wou net de Landwirtschaftsminister, mä wou den Ëmweltminister seet, wéi et ze goen huet, an dat net an dem Respekt vun deem, wat déi normal Entwécklung vun der Landwirtschaft misst beinhalten.

D'Cohésion sociale ass fir eis och e ganz wesentleche Problem. Mir hunn e Wuesstum am Land, mä dee Wuesstum wäerte mer an der nächster Zäit net iwwert d'Gebuerte maachen, mä dee wäerte mer zu engem groussen Deel iwwert d'Immigratioun maachen. 46%, 47% Auslänner, déi momentan bei eis liewen, dat wäerten der an der Zukunft méi sinn. An ech hätt och gär, datt dofir kloer Wierder géife geschwat ginn.

Well kuckt, wat am Ausland iwwerall geschitt! A kuckt, wéi déi Situatiounen esou ongeschéckt ausgenotzt gi vu Parteien, déi eis alleguer net nostinn! Ech hätt gär, datt mer kloer géife soen, datt ouni Immigratioun zu Lëtzebuerg näischt géif goen. Ech hätt gär, datt mer géife soen, datt d'Immigranten eis gehollef hunn an deene leschte Joren, dëst Land opzebauen, an datt mer se och nach an Zukunft géife brauchen. Ech wëll awer och, datt mer hannendru soen, datt mer eis Identitéit wëllen halen, mä just, well eis Identitéit keng ausgrenzend Identitéit ass, well eis Identitéit eng Identitéit ass vun Oppenheet a vu Solidaritéit, hu mer eng Gewunnecht, mat deem Accueil ëmzegoen an ass jiddwereen an där Identitéit do wëllkomm, mat sengen Differenzen, mat sengen Nuancen a mat deem Zesummeliewen, wat mer kënne gemeinsam do organiséieren.

Mir wëllen och, datt déi Auslänner, déi hei wunnen, sech bei eis wuelfillen. Dofir hätte mer gär Integratioun. An Integratioun muss Realitéit ginn iwwert d'Schoul eraus, mä awer och am Ugebot vum Integrationsprozess vu Coursen, déi ugebuede ginn, vu Lëtzebuergesch respektiv vu Geschicht oder eis Institutiounen, esou wéi dat an der leschter Zäit jo gemaach ginn ass. Mir wonneren eis a mir sinn u sech just doriwwer enttäuscht, datt d'Subsidiatioun vun deene Coursen an de Betriber an deene leschte Joren ëm 50% gekierzt ginn ass. Do hu mer dee schlechte Wee fonnt.

Mir si frou, datt mer dat Nationalitéitegesetz konnte gemeinsam stëmmen, nodeem datt mer déi penibel Debatt hate ronderëm de Referendum. An op där anerer Säit menge mer, datt mer eis nach eng ganz Rei Gedanken iwwert d'Participatioun an Zukunft misste maachen. Notamment d'Ëmstellung an d'Iwwerleeungen, wat mam Conseil national des étrangers geschitt, ass eng Iwwerleeung, déi an där nächster Zäit geschéie muss.

Et sinn nach e puer Saachen, déi ech onbedéngt wëll uschwätzen, notamment e puer Wuert iwwert d'Familljepolitik. De Premierminister huet haut en Discours gehalen, wou e seet: „Et steet eis net zou, bestëmmte Familljemodeller ze imposéieren, mä mer mussen Äntwerte ginn op déi konkret Besoine vun den Elteren am Interêt vum Kand." Schéi gesot, an dat kéint eng Ausso vun der CSV sinn, wann ee se esou héiert. Mä op där anerer Säit muss déi Ausso do awer och dem Realitéitscheck gerecht ginn. Just, wann ee kuckt, wat an deene leschten zwee, dräi Joer gemaach ginn ass, dann ass dat awer net de Fall. Dir hutt d'Allocation d'éducation ofgeschaaft. Dir hutt d'Kannergeld fir kannerräich Famillje substanziell gekierzt. Dir hutt deen alen Congé parental duerch en neien ersat, wou déi Flexibilitéit, déi mer gär gehat hätten, net esou dran ass, wéi mer dat gär gehat hätten. An Dir sot, dat géif an engem nächste Schrëtt eréischt kommen.

Eng Famill, déi sech selwer wëllt iwwert de Congé parental ewech ëm d'Educatioun vun de Kanner wärend enger Zäit, sief dat och nëmmen zwee Joer, bekëmmeren, déi krut alles dat geholl, wat se virun enger Rei vu Jore kréie konnt, an Dir hutt domat d'Konditiounen, fir e fräie Choix ze huelen, vill méi schwéier gestalt. Et sinn also schéi Wierder, déi Der hei iwwer Elteren a Kanner sot, mä si halen dem Realitéitscheck einfach net stand. Dir hutt hei an där Politik eng ideologesch Approche gehat, déi de Choix absolutt net respektéiert.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- A puncto Sécherheet, och nach ee Punkt, deen ech wéilt soen, dat ass deen, datt mer viru bal zwee Joer - eppes manner, ee Joer an en halleft - e Gesetz iwwert d'Menace terroriste deposéiert hunn, 2015, déi Zäit no den Attentater, hu mer dat mat vill Energie hei deposéiert. An der Zwëschenzäit hu mer dat schonns dräimol op Basis vun Avisen, déi erakomm sinn, amendéiert, awer nach net an der Kommissioun diskutéiert.

Et ass och schwiereg, dee richtegen Equiliber tëschent Effikassitéit op där enger Säit a Protektioun vun der Privatsphär an de Grondfräiheeten op där anerer Säit ze fannen. Mä ech hunn awer hei d'Impressioun, datt tëschent de Koalitiounspartner net ëmmer déiselwecht Meenung herrscht, an datt mer dofir an deem Sujet net weiderkommen. An ech soen hei kloer: „Mir brauchen deen Text", well Dir gesitt jo alleguer an den Noriichten, wat ronderëm eis an anere Länner amgaangen ass ze geschéien. Dofir froe mer als Partei, datt deen esou schnell wéi méiglech an d'Chamberskommissioun muss kommen. Mir mussen doriwwer diskutéieren a mir musse kucken, datt en an d'Realitéit ëmgesat gëtt.

An ech hunn och d'Impressioun, datt dës Koalitioun sech a villen anere Punkten net ëmmer eens ass a probéiert, just an den Diskussiounen iwwert d'Ronnen ze kommen. D'Sécherheet ass nëmmen ee vun dëse Sujeten. D'Aarbechtszäitverkierzung ass en aneren. Ech hunn héieren, datt den Här Schneider doriwwer op hirem Kongress eng gréisser Diskussioun wollt lancéieren. Ech hunn den Här Bettel héieren, deen direkt reagéiert huet a gesot huet, datt d'Regierung net géif doriwwer nodenken. An d'Madamm Cahen, als Parteipresidentin, huet genau datselwecht gesot. Haut sot den Här Bettel, mir géifen awer iwwer nei Aarbechtszäitmodeller nodenken.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Gesitt Der emol!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir hunn en Zukunftspak, wou Dir sot, Här Schneider - et sidd bal ëmmer Dir an dësem Fall -, datt den Zukunftspak e Feeler war. Op där anerer Säit hu mer den Här Gramegna, dee seet: „Mä et ass genau deen Zukunftspak, deen eis déi Marge de manœuvre budgétaire ginn huet, fir dat, wat mer elo haut amgaange sinn ze maachen." Jo, wat ass dann elo d'Realitéit? Ass et deen een oder ass et deen aneren?

Mir hunn an der Ungarn-Politik en Här Asselborn, deen Aussoe mécht, déi den Här Bettel muss zréckpäifen. Wat net schéin ass, wa se international gemaach ginn. Mir hunn an dem Burkasgesetz fir d'Éischt eng Ausso vun der Regierung, datt dat misst iwwert d'Gemenge lafen, dann de Conseil-d'États-Avis, wou gesot gëtt, e géif soen, datt dat net méiglech wier, dofir géife mer elo eng national Solutioun maachen. Wa mer dann de Conseil-d'États-Avis liesen, ass dat awer guer net de Fall, datt dat esou gesot gëtt. An ech hunn elo d'Impressioun, wann ech de Justizminister héieren, datt mer och an deem Dossier net virukommen, well seng Begeeschterung extrem kleng ass, fir esou en Text ze maachen, oder e kann eis jo duerno nach aner Explikatioune ginn.

Mir hunn eng Diskussioun iwwert de Platzverweis, wou eng Diskussioun doranner besteet, datt d'DP déi Moossnam säit Joren, inklusiv de fréiere Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg, gefrot huet an dës Regierung se elo refuséiert.

Mir hunn eng Diskussioun iwwert d'Flüchtlingspolitik tëschent dem Här Schmit an dem Här Asselborn an den Zeitunge gehat. A mir hunn den Här Bodry, deen am Kader vun der Logementspolitik dann awer eng Rei Iwwerleeunge mécht, déi net onbedéngt deem entspriechen, wat d'Regierung haut als Politik amgaang ass ze maachen. Mir hunn e CETAs-Text gehat, wou déi gréng am Europaparlament eppes aneres soen, wéi d'Regierung hei zu Lëtzebuerg an der Realitéit ëmsetzt. A mir mierken, datt se dat mat Retizenz matstëmmen.

Ech soen, Här President: Dëst Land huet Zukunftsperspektiven an huet grouss Capacitéiten, fir d'Zukunft an deenen nächste Joren ze gestalten. Dëst Land huet d'Chance, datt haut déi ekonomesch Zuele stëmmen. Mä ech muss soen, dës Chance muss d'Regierung och ergräifen, fir eng laangfristeg, eng zukunftsorientéiert Politik ze gestalten. «Rendre l'avenir possible», sot de Saint-Exupéry.

Mir hunn d'Impressioun, datt d'Regierung dat net mécht an datt se domat eng grouss Chance verpasst, fir d'Zukunft ze gestalten. Ech sinn optimistesch fir dëst Land. Mä domat, just optimistesch ze sinn, geet et net duer. Et brauch een eng konsequent, et brauch een eng wäitsiichteg Politik, fir déi Zukunft och an der Realitéit an deenen nächste Joren ëmzesetzen. An déi hu mer haut net.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wiseler. Nächste Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei der Preparatioun vun dëser Interpretatioun hunn ech mer d'Fro gestallt, ob ech éischter sollt e Bilan zéie vun der Aarbecht, déi dës Koalitioun iwwer praktesch dräi Véierel vun hirer Mandatsperiod opzeweisen huet, oder ob ech soll en Ausbléck an d'Zukunft probéieren. Ech mengen, dass béides ganz gutt beienee passt, dass een duerchaus kann de Bilan zéie vun deem, wat zënter Enn 2013 vun dëser Regierung, vun dëser Majoritéit geleescht ginn ass, an d'Weeër geleet ginn ass, vun Diskussiounen ugetrëppelt ginn ass a gläichzäiteg awer och weisen, wéi déi Diskussiounen, déi Decisiounen, déi geholl gi sinn, déi Projeten, déi mer hei gestëmmt hunn, och d'Zukunft vum Land preparéieren.

Dës Koalitioun huet, vläicht méi wéi aner Koalitioune virdrun, elo scho praktesch déi wichtegst Reformen entweder ëmgesat oder awer a legislativ Prozeduren erabruecht. Ob dat gesellschaftlech Reforme sinn, ob dat d'Ofsécherung vun engem Sozialstat ass, ob dat den Equiliber ass vun den ëffentleche Finanzen, ob dat d'Schafe vun Aarbechtsplazen ass an de wirtschaftlechen Opschwong oder ob dat och d'Planung vun der Zukunft ass. An all deenen Domänen huet d'Regierung net nëmmen dat ëmgesat oder op de Wee bruecht, wat an hirem Programm steet, mä huet och nach hire Programm am Laf vun der politescher Diskussioun a vun der Erfahrung ugeräichert duerch déi eng oder déi aner zousätzlech Initiativ, déi se geholl huet. A si brauch domadder kee Verglach mat iergendenger anerer Regierung aus deene leschte Jorzéngten ze scheien.

Den Här Wiseler huet seng Interventioun opgehalen a gesot, dass e Vertrauen an dëst Land hätt, an e bëssen duerchblécke gelooss, wéi wann déi gutt Situatioun, déi en dëst Joer, anescht wéi an den anere Joren, emol net méi konnt ofstreiden, an där sech eigentlech eis gesamt Wirtschaft befënnt, mat alle Repercussiounen an aneren Domäner, déi dat mat sech bréngt, wéi wann dat eigentlech eppes ass, wat dëser Koalitioun - déi en an hirer Legitimitéit nach ëmmer liicht a Fro ze stelle schéngt - iergendwéi an de Schouss gefall wier.

Sécherlech spillt, wéi an aneren Zäiten, wou aner Leit d'Regierungsverantwortung haten, dat internationaalt an europäescht Emfeld eng ganz staark Roll, wat déi wirtschaftlech an déi sozial Entwécklung vu Lëtzebuerg ugeet, mä ech géif och bieden, hei unzëerkennen – an dat ass eng Fro vu politescher Éierlechkeet -, dass och déi Decisiounen, déi dës Regierung geholl huet an deenen éischten dräi an halleft Joer, wéi déi Diskussiounen, déi lassgetrëppelt gi sinn, och derzou bäigedroen hunn, déi positiv Resultater iwwerhaapt méiglech ze maachen an där Envergure, wéi mer se haut kennen.

Lëtzebuerg huet haut genau dee Rhythmus vu wirtschaftlechem Wuesstum, vun Erhéijung vun der Kafkraaft, vu Schafe vun Aarbechtsplazen erëmfonnt, wéi dat virun der Kris 2008 de Fall war. Mir si genau op där doter Linn a mir si genau konfrontéiert mat all deene Problemer, déi och déi doten Entwécklung laangfristeg ka mat sech bréngen.

Net ee vun deene Problemfelder, déi den Här Wiseler hei genannt huet, ass en neit Problemfeld, dat op eemol par miracle nom Dezember 2013 iwwert d'Lëtzebuerger Land hiergefall wier. All déi dote Problemer, de Wunnengsbau, d'Entwécklung an der Wirtschaft - wéi mer se wëllen ausriichten, wéi mer d'Diversifizéierung vun eiser Wirtschaft kënnen ausbauen -, d'Fro vun der Zouwanderung, d'Fro vun der Integratioun, alles dat si Froen, déi net eréischt zënter dräi Joer entstane sinn, mä déi mer iwwer Jorzéngte matschleefen! A wa mer haut alleguerten der Meenung sinn, dass mer eis musse méi intensiv mat deene Problemfelder beschäftegen, ass dat vläicht och drop zréckzeféieren, dass mer dat net intensiv genuch an deene Jore virdru gemaach hunn. Dat ass vläicht och eng kollektiv Responsabilitéit!

Ech mengen och, dass et net duergeet, hei nëmme Froen ze stellen. Wéi huet den Här Wiseler et ausgedréckt? „Problemer unzestoussen." Et muss een Äntwerte ginn. Eng Regierung, eng Majoritéit ka sech et op jidde Fall net leeschten, sech nëmme Froe stellen ze loossen, mä si muss sech Äntwerte ginn. An ech hat eigentlech gemengt, dass dat och den Haaptspriecher vun der gréisster Oppositiounspartei...

(Interruption)

...hei misst maachen,...

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...net nëmmen hei als Champion vum Froestellen opzetrieden, mir si jo net an enger Quiz-Emissioun hei,...

(Hilarité)

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Mir sinn an der Chamber!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...mä och usazweis konkret Äntwerten ze ginn, déi iwwert dat erausginn, wat scho souwisou längstens bekannt ass. A mir brauchen hei och kee Remake vum CSV-Wahlprogramm 2013.

Wat mer brauchen, dat ass selbstverständlech de Wëllen, gemeinsam eng Rei vu ganz kriddelechen Dossieren unzegoen. Mä ass dee Wëllen do? Oder ass dee Wëllen ëmmer nëmme bei deenen do oder muss en do si bei deenen, déi direkt an der Responsabilitéit sinn, an déi aner, déi kucken no?

Si soen: „Jo, prinzipiell si mir och där Meenung." A wann de Projet kënnt, da reide se op deem klengsten Detail, fir de Projet futtizemaachen an en dobaussen onméiglech ze maachen, muedeg ze maachen. Esou kann een net un déi grouss Problemfelder erugoen. Et ass awer déi Aart a Weis, wéi mer allze laang - an dës Period mécht do leider keng Ausnam - och hei zu Lëtzebuerg un déi dote Problemfelder, déi mer alleguerte kennen, scho méi laang, erugaange sinn. Jiddweree wëllt hei, wann en an der Oppositioun ass, de Luusspätter spillen. An d'CSV mécht et hei net anescht.

Duerfir en Appell effektiv, fir dass an deenen dote Froen, wa jiddwereen hei éierlech ass, misst ufänken a soen: „Mir hunn eigentlech keng Patentléisung!" Mä et gëtt keng Patentléisung, fir de Problem vum bezuelbare Wunne vun haut op muer hei zu Lëtzebuerg ze regelen! Dat huet och ni ee behaapt, mä wann ech hei Leit héieren, mengen ech, déi aner missten d'Patentléisunge bréngen.

Duerfir soen ech hei nach eng Kéier, wat ech och schonn d'lescht Joer gesot hunn zu deem dote Problem: Loosse mer all déi gutt Iddien, déi do sinn, an et gëtt der eng Partie, loosse mer se zesummeféieren! Loosse mer och an der Déift vun deem, wat mer wëlle maachen, de Courage hunn, och wa mer do Partikularinteressen tangéieren, e Schrëtt méi wäit ze goen, wéi bis elo eng Majoritéit am Parlament bereet war, fir dat doten ze maachen!

Eegentum verflicht! Dat heescht also, dass och den Droit de propriété an den Droit de spéculer, dee leider allze oft domadder zesummenhänkt, net e Recht ass, wat virun dem allgemengen Interêt ass. An am allgemengen Interêt ass et e Gebuet vun der Politik, derfir ze suergen, dass hei all d'Leit zu Lëtzebuerg e Recht op eng dezent Wunneng hunn, ob dat eng Eegewunneng ass oder ob dat eng Mietwunneng ass.

Wa mer dat alleguerte wëllen, an dat erkennen ech an der Regel aus den Discourse vun deenen engen an deenen aneren, da musse mer och, mengen ech, hei d'Käpp zesummestrecken an net erëm waarden, bis deen anere op d'Nues fält mat deem Ganzen, a soen: Jo, kuerzfristeg sécherlech net ze léisen, mä mëttel- a laangfristeg, wa mer méi wäit ginn, wéi mer et bis elo bereet waren ze maachen, da komme mer och an där doter Fro e Stéck weider, a mir hu vläicht eng Chance, do de Problem an de Gréff ze kréien.

Wat net evident bleift, mat enger Attraktivitéit, déi Lëtzebuerg huet, an do solle mer eis nach wie vor awer driwwer freeën, déi derzou féiert, dass mer an deene leschte fënnef, sechs Joer am Schnëtt en Zouwuess vun der Gesamtbevëlkerung vun 12.000/13.000 Leit hei am Land haten.

Dat heescht also, dass mer och effektiv eis Organisatioun vum Wunnen, vum Schaffe ganz anescht mussen organiséieren, wéi dat nach haut de Fall ass. An effektiv do, wou och d'Aarbechtsplaze sinn, mussen och däitlech méi Wunnenge geschafe ginn. Well wa mer Aarbechtsplazen a wunnen net méi no beieneeféieren, wéi dat fréier emol eng Kéier de Fall war, da kréie mer deen dote Problem ni an de Gréff!

Dat ass also deen Appell, deen ech hei maachen; äänlech wéi mer et fäerdegbruecht hu bei dem Nationalitéitegesetz. Firwat soll dat net méiglech si bei esou wichtege Froen, déi den Alldag vun de Leit wierklech betreffen, wéi déi Wunnengsbauproblematik, dass mer eis do

zesummesetzen, probéieren, do gemeinsam Weeër ze goen, an net engem deem anere probéieren, hei de Fouss ze setzen an esou enger essenzieller Fro, déi vill Bierger hei vum Land ugeet?

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Entschëllegt, Här Bodry. Den Här Kartheiser wollt eng Zwëschefro stellen, wann Der erlaabt.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, wann dat mech net ze vill aus der Bunn werft. Ech gleewen net, mä...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Neen, ganz sécher net. Merci, Här President. Merci och Här Bodry, datt Der meng Fro unhuelt.

Dir hat Ärem Virriedner elo reprochéiert, wann ech Iech richteg verstanen hunn, a verschiddene Punkten net konkret genuch gewiescht ze sinn. Ech sinn also sécher, datt Dir op dës Fro...

Une voix.- Jo, jo.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- ...och wäert eng konkret Äntwert bréngen.

Dir hutt, mat Recht, gesot, datt d'Proprietéit eng Flicht mat sech bréngt, an datt ee verantwortlech mat sengem Gutt muss ëmgoen, mä eng Proprietéit an en Droit à la propriété ass och e Mënscherecht, wat multipel Juridiktiounen, och internationaler, ëmmer erëm confirméiert hunn, och den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter.

Ech wollt Iech also froen, wann Dir hei an Ärem Discours elo d'Impressioun gitt, datt Der wéinstens verschidden Attributer vun dem Proprietéitsrecht a Fro wëllt stellen: Kënnt Der dem Land wann ech gelift soen, wat dat fir Aspekter vun der Proprietéit sinn, déi Der wëllt a Fro stellen? A wéi engem Delai, mat wéi enge Konsequenzen an op wéi enger rechtlecher Basis?

Ech soen Iech Merci.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Also, selbstverständlech plädéieren ech hei net derfir, dass Leit solle kënnen enteegent ginn, ouni eng Entschiedegung ze kréien. Ech mengen awer, dass een awer muss Enteegnunge ganz däitlech an d'A faassen. Et ass jo och erstaunlech, an dat beweist eben de Manktem vu Courage, dee mer alleguerten hunn, dass dat Gesetz iwwert de Pacte Logement, wat eigentlech déi Expropriatiounsméiglechkeete jo méiglech mécht, wann ee bestëmmt Zonen definéiert, dass weder esou eng Zone de réserve foncière praktesch hei zu Lëtzebuerg iergendwou am Laf vun esou vill Joer deklaréiert ginn ass, nodeem mer alleguerte kräischen, et misst eppes am Wunnengsbau geschéien, an natierlech keen dann och de Courage hat, vläicht huet en dat duerfir och net gemaach, fir op eng Expropriatioun am Noutfall mussen zréckzegräifen.

Mir mussen eis alleguerten hei mat der Nues huelen, well hei ass jiddwereen an der Verantwortung. Et ass eng Verantwortung selbstverständlech vum Stat, mä et ass awer och eng Verantwortung vun de Gemengen. A mir sinn alleguerten hei zu engem ganz groussen Deel, an ech war och nach bis viru Kuerzem Gemengeverantwortlechen... An ech mengen, dass eng grouss Chance besteet, dass, wa mer a Richtung Pacte Logement ginn, vun deem neie Pacte Logement, dass dee qualitativ eppes aneres gëtt wéi deen ale Pacte Logement.

Deemools an der Majoritéit sinn ech net midd ginn hei ze soen, dass de Pacte Logement, wéi mer en agefouert hunn, e Pabeiertiger bliwwen ass, wou eng Kéier - eng Kéier! - am Ufank vun där Period eng Reunioun war tëschent de jeeweilege Gemengeverantwortlechen an de Verantwortleche vum Ministère. Duerno sinn éischt Zuelen ausgetosch ginn. Et ass feierlech e Pakt ënnerschriwwe ginn. An da sinn just nach iwwer Courrier dann Zuelen ausgetosch gi vu Joer zu Joer.

Dat heescht, reng eng statistesch Approche, eng technokratesch Approche am schlëmmste Sënn vun deem Instrument vum Pacte Logement, wat jo eigentlech misst eng permanent Kooperatioun a Concertatioun si vun den zoustännege staatleche Stellen an den zoustännege Gemengestellen, wou ech och mengen, dass et ouni eng Zesummenaarbecht mam Privatsecteur och net geet. Dee brauche mer och an deem doten Domän!

Ech mengen awer gradesou, fir konkret ze ginn, dass een och hei zu Lëtzebuerg däerf méi konkret nodenken iwwer eng Loyersbrems, eng aner wéi déi, déi mer haut an eisem Loyersgesetz hunn, déi guer net méi spillt; dass mer musse kënne schwätzen iwwer eng Präisbrems, och wat d'Terrainen ugeet; dass mer musse redefinéieren, dat war sengerzäit leider mat der CSV net méiglech, méi wäit ze goen an deem Text, dass den Droit de préemption, deen d'ëffentlech Hand op Terrainen huet, och op Immeublen ausgedeent gëtt, an dass do net e spekulative Präis herno muss bezuelt gi vun der ëffentlecher Hand, mä dass eng neutral Stell de reelle Präis vun deem Terrain feststellt.

Dat war an der Vergaangenheet net méiglech. Et ass och haut nach schwéier, kann ech mer virstellen, wa mer déi dote Fro diskutéieren. Mä dat sinn ënner anerem, nieft all deenen Instrumenter, déi eis d'Landesplanung gëtt, déi eis d'Steierrecht gëtt, Méiglechkeeten, fir virunzekommen.

Et muss een also Incitatioune schafen, et muss een och Sanktioune schafen. Mä déi Sanktioune mussen intelligent sinn! Déi mussen esou sinn, dass se net herno erëm eng Kéier zu enger Verdeierung vun den Terraine féieren. Wat do méi drop geschloe gëtt, wat de Risiko méi grouss ass, dass dat herno erëm eng Kéier repercutéiert gëtt op de Baupräis, an am Endeffekt dann déi nei Proprietairen dat dote wäerte matbezuelen.

Also den Appell vun eiser Säit aus hei, sech zesummenzesetzen. Den Här Wiseler huet jo och an aneren Domäner en Appell gemaach, hie war nach am „outer space" do. Mä ech mengen, wa mer wierklech wëllen hei reell virukommen, ass dat doten en Domän, wa mer éierlech sinn, wou eng Kooperatioun och vun alle politesche Kräften néideg wär, dass mer de Problem léisen, an net jiddwereen, wéi gesot, probéiert, déi dote waarm Gromper erëm weiderzeginn un deen aneren, well eleng sinn esou Moossnamen, déi och net all wäerte populär sinn, net ëmzesetzen. Déi kann een nëmme gemeinsam ëmsetzen. Duerfir vun eiser Säit hei wierklech d'Offer, fir dat doten ze maachen.

Mir hunn et fäerdegbruecht mam Nationalitéitegesetz. Dës Koalitioun hätt et sech do och kënnen einfach maachen; iwwregens wéi et sech aner Koalitiounen an der Vergaangenheet mam Nationalitéitegesetz gemaach hunn, déi am Fong ni dohi gaange sinn a si hu probéiert, d'Oppositioun mat an d'Boot ze kréien, bei deem heite Fall. Dës Regierung huet et gemaach. Si huet et gemaach, och well vun enger vun der Oppositiounsparteien, där gréisster, och selwer Iddien an déi Debatt virun een, zwee Joer erabruecht gi waren, wat et eigentlech méi einfach gemaach huet, sech dann och un en Dësch ze sëtzen.

An ech soen Iech och: Ouni deen Accord tëschent de Parteien hätte mer kee modernt grosszügegt Nationalitéitegesetz, wat mer elo hunn, a wou ech houfreg drop sinn, dass mer dat parteiiwwergräifend fäerdegbruecht hunn.

Dat kënne mer och an aneren Domäner maachen. D'Regierung hat ugefaangen, dat doten eigentlech och ze offréiere bei der Steierreform. D'CSV wollt net. An den Här Roth, deen Eenzegen, deen nach... dee leschte Mohikaner, deen nach probéiert huet, matzediskutéiere mat der Regierung, deen ass zréckgepaff ginn an huet sech net méi däerfe mat de Regierungsvertrieder un en Dësch sëtzen. Och d'Steierreform...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Net bei der Steierreform; bei der Grondsteier just. Just bei der Grondsteier!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Och d'Steierreform... D'Grondsteierreform ass en Domän gewiescht, wou een dat doten hätt kënne maachen. Et ass natierlech schwéier, wann natierlech e puer Parteie soen: „Mir sinn iwwerhaapt der Meenung, et soll keng Steierreform gemaach ginn!", dann ass et natierlech schwéier, mateneen ze diskutéieren. Mä och dat wär wichteg gewiescht.

Elo ass et esou, dass déi Steierreform, déi dem Land wäert guttdoen an déi de Leit wäert hei zu Lëtzebuerg gutt doen, d'Steierreform vun LSAP, DP an déi gréng ass. An déi aner Parteien hunn null Meritt un där doter Steierreform. Eng Steierreform, déi néideg war, eng Steierreform, déi och finanzéierbar war.

An ech komme gären op ee Kritikpunkt hei zréck, deen och den Här Wiseler am Numm vun der CSV-Fraktioun hei geäussert huet. En ass net nei, mä leider muss een dann heiansdo hei och Äntwerte widderhuelen.

Et gëtt sech opgereegt, dass mer elo an dësen Zäiten am Statsbudget - den ëffentleche Budget ass nach wie vor grosso modo am Equiliber - en Defizit hu vun 900 Milliounen / 1 Milliard. Ech soen hei nach eng Kéier, wat ech och scho virdru gesot hunn: Mir hätten eis et kënnen einfach maachen, wéi et déi deemoleg Regierung, Faute de mieux, 2013 gemaach huet. Well se et net ronnbruecht huet, sech op Spuermoossnamen ze eenegen, wat huet se gemaach? Si huet d'Investitiounen erofgesat. Mir haten deemools ronn 1,5 Milliarden Investissement. Mir leien elo bei 2,5 Milliarden Investissementer. Hätte mer et op deem Niveau gehalen, wéi et deemools déi deemoleg Regierung gemengt huet, et mussen ze halen, näämlech 1,5 Milliarden, dann hätte mir am Statsbudget, trotz Steierreform, keen Defizit méi!

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Esou einfach wär et gewiescht. Esou einfach mécht dës Regierung et sech allerdéngs net, well se der Meenung ass, dass mer grad bei den Investissementer éischter méi nach musse maachen, wéi dass mer manner misste maachen, well mer do eigentlech déi reell Zukunftsplanung maachen. Net um Pabeier, net an theoreteschen Diskussiounen, mä mat den Infrastrukturen!

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Am ëffentlechen Transport, an de Sozialberäicher, an de Schoulen, do gëtt Lëtzebuerg vu muer eigentlech preparéiert. An duerfir däerf een op kee Fall op deem dote Punkt spueren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- De Premierminister huet a senger Ried net nëmmen alles positiv duergestallt. Et ass eeng falsch, eng karikatural Duerstellung, déi den Här Wiseler elo grad hei gemaach huet. En huet gesot, dass vill Eckdate gutt sinn, dass se all besser si wéi virun dräi, véier Joer, dass se all besser sinn, wéi virun dräi, véier Joer gemengt gi war, dass se an dësem Moment wären, mä en huet awer däitlech och gesot: Et si Problemer do!

En huet net gesot, wéi den Här Wiseler grad behaapt huet: „Et sinn néierens Problemer." En huet just de Contraire gesot, an en huet se genannt! En huet jo déi Themeberäicher konkret ugeschwat, an deenen d'Regierung seet: „Do si Problemer! Do si Problemer, déi och mam Alldag vun de Lëtzebuerger ze dinn hunn. An hei sinn déi Projeten, déi Iddien, déi dës Regierung, dës Majoritéit zu deene Punkte bis elo ausgeschafft huet."

Et ass also eng falsch Duerstellung, hei wëllen ze behaapten, d'Regierung hätt nëmmen dat Positivt gesot an déi Problemer, déi mer an eenzelne Beräicher konkret hunn, wéi och an deem vun der Mobilitéit, déi wären net ugeschwat ginn. De Contraire ass de Fall.

Wou ech, wéi gesot, nach ëmmer eigentlech net zefridde sinn, dat ass, wat jo hei och sollt awer iwwer Alternativen zur Regierungspolitik diskutéiert ginn. Et si bis elo vun der Säit vun der CSV zumindest - ech weess net, ob déi aner Spriecher dat maachen, wat hiren Haaptspriecher net gemaach huet - net konkret Usätz gemaach ginn, wéi et da soll anescht goen.

Mir wëssen, dass vun der CSV zënter e puer Méint ëmmer erëm betount gëtt, et misst méi gespuert ginn. Wann ech hir Zilsetzung kucken an den ëffentleche Finanzen, misst dat jo praktesch esou ëm eng Milliard sinn, déi se wëlle pro Joer zousätzlech spueren. Ech hunn net héieren, dass se wéilten d'Steieren eropsetzen. Wou wëlle se da spueren? Wou gi se déi Milliard do sichen? Et wär net schlecht, wann awer bis den Oktober 2018 gewuer wär, wou eng CSV-gefouert Regierung géif da wärend där nächster Period all Joers eng Milliard am Statsbudget siche goen. Et ass jo do, wou se mengen, dass onbedéngt nach misst gespuert ginn.

Si soen och an deenen Themeberäicher, déi se opgeworf hunn, net da schlussendlech, wat dat géif anescht goen an der Landesplanung. A mäi Virriedner ass jo wierklech gutt gestiwwelt als fréiere Responsabele vun der Landesplanung. Hien huet jorelaang also d'Verantwortung gedroen op deem dote Punkt. An dann ze soen, wou hien da wëllt higoen, wat en da wéilt anescht maachen, kloer Konzepter entgéintstellen.

Entre-temps, an och mat deem Fachwëssen, wat sech do iwwer Joren ugehäuft huet, hätt dat doten awer misse méiglech sinn. Dat hu mer och haut net héieren. Och do wär et net schlecht, wann een do bis Oktober 2018, vläicht schonn e bëssen éischter, da kéint ee vläicht nach zesummen dat eent oder dat anert maachen, dat géif gewuer ginn. An esou kéint een déi dote Lëscht weiderschreiwen.

Fir eis als Sozialisten ass essenziell, dass mer a ville Beräicher Reforme konnte maachen, déi ënner anere Konstellatiounen net méiglech gewiescht wären. Ech soen dat net aus Béiswëllegkeet, mä einfach well ech d'Positioune vun deenen eenzelne Parteie kennen. Dat rechtfertegt fir mech an alle Fäll, dass déi dräi Parteie sech hei an enger Majoritéit zesummefonnt hunn.

Dat gëllt besonnesch fir dee gesellschaftspolitesche Beräich. Et gëllt fir d'Reform vum Bestietnis mat der Adoptioun, déi d'CSV bal eestëmmeg, mengen ech, matgestëmmt huet. Et gëllt fir déi Reform vun der Ofdreiwungsgesetzgebung, déi d'CSV net matgestëmmt huet. Et gëllt fir déi Reform, déi mer amgaang sinn ze preparéieren iwwert d'Filiatioun, d'Scheedungsgesetz; wou ech hoffen, dass do net nëmmen d'Majoritéitsparteien déi dote Reforme wäerten droen. Et gëllt awer virun allem natierlech och fir déi nei Relatiounen tëschent de Kierchen an dem Stat mat der Emgestaltung vum Nationalfeierdag, mat de Reforme ronderëm de Finanzement, ronderëm de Wäerteunterrecht a ronderëm d'Kierchefabricken.

Dat si wesentlech Punkten, déi dës Period wäerten nohalteg markéieren. An ech si frou, dass et méiglech war, sou wäit ze kommen. Dës Koalitioun wollt an anere Punkte méi wäit goen. Duerfir hu mer de Referendum organiséiert a mir hu festgestallt: Neen, do mécht d'Majoritéit vun de Lëtzebuerger net mat.

Also gehéiert et och, mengen ech, zum politeschen Anstand, dat unzeerkennen, ouni fir sech selwer déi doten Iddien opzeginn. Et muss een esou realistesch sinn a soen: „Neen, do geet een net mam Kapp duerch d'Mauer. Mir respektéieren dat, wat am Referendum erauskomm ass, a mir reorientéieren op deem dote Punkt eis Politik."

D'Regierung huet och sécherlech an der Ufanksperiod deen een oder deen anere Kommunikatiounsfeeler gemaach, och vläicht emol deen een oder deen aneren inhaltleche Feeler gemaach, mä ech muss soen: Dës Regierung huet zënter zwee Joer hire Rhythmus fonnt. A si hält Kurs. An d'Succèse sinn do. D'Succèse sinn déi, déi och mat der Regierungspolitik ze dinn hunn, net nëmme mat der Regierungspolitik ze dinn hunn. Si baut natierlech och op dat op, wat iwwert déi lescht Jorzéngten an deenen eenzelne Beräicher gemaach ginn ass ënner verschiddene politesche Responsabelen!

Mä dat gëllt och fir d'Finanzpolitik! An do muss ech jo awer soen, hunn ech den Androck, dass d'CSV e bësse la mémoire très courte huet, wat eenzel Saachen ugeet. Et bleift nach ëmmer, dass dat Joer, wou mer hei zu Lëtzebuerg dee gréissten Defizit beim Stat haten, d'Joer 2004 war. Dat Joer also, dat lescht Joer, et war zoufälleg e Wahljoer, wou d'CSV an d'DP zesumme ware mat de grousse Finanzspezialiste vun der CSV un der Spëtzt vun deem Ganzen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Nu kuck!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ass do dat gemaach ginn, wat d'CSV haut aklot vun dëser Majoritéit? Sinn do Reserven ugeluecht ginn? D'Reserve si massiv ugezaapt ginn. Wéi d'Bulle informatique internationale geplatzt ass mat de Repercussiounen, déi mir an deenen dote Joren haten, du si massiv déi okkult Reserven, dat heescht d'Steieren, déi zréckstoungen, agedriwwe ginn an d'Reserven an d'Fonge sinn däitlech ugezaapt ginn. An et ass net eng Strukturreform an där Period do gemaach ginn!

Dir wësst nach, wat fir Accorden an deier Accorde wärend där Period do ausgehandelt gi sinn.

(Interruption et hilarité)

Rentemauer hin an hier. An duerfir, mengen ech, soll een hei och bescheide bleiwen. Et kann een Deeler vu Politicken ëmmer kritiséieren, mä et muss ee sech dann och gefale loossen, dass een de Spigel virgehale kritt vun der eegener Politik, déi ee selwer gemaach huet an déi net ëmmer esou couragéiert war, wéi se hei duergestallt gëtt.

Ech wollt och e Wuert soen zu eise Sozialsystemer, wou eng Reform nach aussteet, déi gutt engagéiert, dat ass déi vun der Fleegeversécherung. Et war jo jiddwereen hei d'accord, mir hate jo hei en Débat de consultation gemaach. Jiddweree war begeeschtert: Et muss eng Reform kommen. Ech sinn u sech ganz virwëtzeg, wat derbäi erauskënnt, wann déi Reform dann heihinner kënnt, an ob da jiddwereen och bereet ass, nodeem en A gesot huet, och B ze soe bei esou enger Reform.

Mir sinn der Meenung, dass hei keen Ofbau vu Leeschtung gemaach gëtt, dass hei méi Uerdnung erakënnt, dass hei ka méi op individuell Besoine reagéiert ginn, an dass mer domadder och finanziell eis Fleegeversécherung och nohalteg ofsécheren.

E Wuert zu eisem Pensiounssystem, notamment da private Pensiounssystem. Et ass jo deen, deen d'CSV eigentlech elo erëm entdeckt huet, a wou ech awer Problemer hunn, hir Logik ze verstoen.

Mir hunn zesummen an enger Koalitioun 2012 eng Rentereform gemaach, ënner gewëssene Viraussetzungen. Eng Reform, déi erstmaleg - et ass déi éischte Kéier, wou dat geschitt; meeschtens si jo d'Rentereformen hei ëmmer a Richtung gaangen, nach méi drop - ech wëll hei net un de Rentendësch erënneren -, wou derbäi geklappt ginn ass, mä wou awer, well dee System laangfristeg riskéiert, eng Kéier ze

kippen, Elementer vu Modulatioun matagebaut si ginn, fir u sech nohalteg ze hëllefen, dee ganze System ofzesécheren, ouni d'Leeschtungen erofzeféieren an ouni och den eigentleche gesetzleche Pensiounsalter eropzesetzen.

Dat hu mer all zesumme gestëmmt, zumindest déi deemoleg Majoritéit, op der Basis vu Berechnungen, déi ausgaange si vun engem Schnëttwuesstum jäerlech vun 3% a vun engem Uwuesse vun der aktiver Bevëlkerung am Schnëtt vun 1,5% pro Joer.

Elo no deene leschten Zuele leie mer bei engem Wirtschaftswuesstum vun ëm 4%, a mir leie bei engem Wuesstum vun der aktiver Bevëlkerung pro Joer vun 2% bis hin elo op 3%, no deene leschten Zuelen. Eng Verdueblung praktesch vun deem, wat d'Aarbechtshypothees ass fir déi Reform, déi gemaach ginn ass!

Dat huet derzou gefouert, de Sozialminister huet dat virdrun an enger kuerzer Interjektioun hei ervirgehuewen, dass sech déi Echeancen déi an deem ganze System dra sinn - wéi laang bleift nach de System am Equiliber; wéi laang halen d'Reserven duer? -, dass déi sech eigentlech elo ëm ronn dräi Joer - an, ech mengen, no deene leschten Zuele misst sech dat souguer nach weider no hanne verréckelen, ëm dräi bis fënnef Joer wahrscheinlech - no hanne verréckelen.

Elo, nodeem sech also d'Aarbechtshypotheesen an engem positive Sënn verännert hunn, well zumindest déi mëttelfristeg Ofsécherung vum System do ass, elo erkennt d'CSV op eemol en akuten Handlungsbedarf! Ech kann dat net novollzéien.

Mä och hei ass jo ee vun deene Punkten, déi se nëmmen opwerfen. Si stousse jo d'Problemer nëmmen un. Si gi jo keng Äntwerten op d'Problemer. Den Här Spautz huet vun engem ganz neie Rentesystem geschwat. Da gi mer sécherlech haut gewuer, ob se wëlle vum Repartitiounssystem ewechkommen an an e Kapitalisatiounssystem erakommen, wat viregt CSV-Regierunge mat der LSAP ëmmer kategoresch refuséiert hunn. Wëlle se dat elo maachen? Bis elo hu se op eemol eng aner Meenung an där doter Fro a si wëllen de Solidaritéitsgedanke briechen an eisem Pensiounssystem.

(Interruption)

Wëlle se den...

(Interruption)

Et ass esou schwéier mat deem vagen Hin an Hier vun der CSV an där doter Fro, an enger kruzialer Fro, sech wierklech Gedanken ze maachen, wéi dann esou e komplett neie Rentesystem ausgesäit. Wann deen op deeneselwechte Prämissen opbaut, dann ass et kee komplett neie Rentesystem. Dann ass et en Etiketteschwindel - wat mech och vläicht net géif wonneren -, deen hei probéiert gëtt ze maachen. Oder awer et muss een haut soen, wat ass.

An ech denken, dass den Här Spautz wäert haut, oder muer spéitstens, d'Kaz aus dem Sak loossen, dass mer endlech wëssen,...

(Interruptions diverses)

...wat d'CSV wëllt, wat hir Gedankegäng - well si denke jo nach no iwwert déi dote Fro - bewierkt hunn. An da kënne mer oppen driwwer diskutéieren. An ech soen Iech: Mir si prett, iwwer all déi Saachen ze diskutéieren! Mir wëlle just wëssen, iwwer wat mer sollen diskutéieren, well d'Hypotheesen, déi si bekannt. Déi ginn all puer Joer erëm eng Kéier frësch opgestallt. An doriwwer brauche mer also net eng gréisser Diskussioun ze féieren, héchstens iwwert d'Konklusiounen, déi mer dorauser zéien.

Wat fir eis och schrecklech wichteg ass, dat ass, dass et fäerdegbruecht ginn ass, 2016 a besonnesch elo ab dem 1. Januar 2017 duerch eng total Ofkéierung vun enger restriktiver Budgetspolitik ze erreechen, dass d'Kafkraaft erëm eropgeet. 2016 ass dat Joer, wou d'Lëtzebuerger erëm - et huet laang gedauert - déi Kafkraaft kritt hunn, déi se eigentlech virun der Kris 2008 haten. 2017 duerch de Cumul vum Ausbezuele vun der Indextranche, besonnesch och vun der Steierreform, vum Accord salarial an der Fonction publique, déi och Repercussiounen huet op all déi aner Secteuren, wou mer eng Signalwierkung gären hätten op de Privatsecteur.

Doduerjer, dass mer deen Accord am ëffentleche Secteur fonnt hunn, wëlle mer och ganz kloer soen: Mir sinn och der Meenung, dass, wann eng Wirtschaft reell wiisst ëm vläicht 5%, dass sech dee Wuesstum dann och do muss och repercutéieren, net nëmmen an de Paie vun de Cheffen oder an den Dividenden, mä sech och muss repercutéieren am Loun vun de Leit, déi an deene Betriber schaffen.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat erkläert, firwat mir och d'accord waren, fir esou e relativ grosszügegen Accord an der Fonction publique ze schafen.

Als LSAP versti mir net, firwat nach elo, bis haut, d'Reform vun der Fonction publique mat deenen neie Carrièren nach ëmmer net ëmgesat ass an de Sozialberäicher, an den Diskussioune mat der COPAS, an Diskussioune mat de Spideeler. D'Regierung huet hir Aufgab gemaach! D'Regierung huet de finanzielle Rumm ginn, hiert Engagement ginn, fir dass och dat, wat fir d'Fonction publique gëllt an de Carrièren, kann eent zu eent ëmgesat ginn an deenen dote soziale Secteuren. A mir hätten elo gären, dass d'Patronen hir Responsabilitéit an deem dote Beräich iwwerhuele sollen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- E Wuert wëll ech och nach féieren zu engem Thema, wat net ugeschwat ginn ass, mä wat eigentlech eng Urkompetenz vun der Chamber ass: Dat ass d'Verfassungsreform, wou mer, mengen ech, de Verhältnisser entspriechend gutt virukommen, wou ech mengen, dass mer, wa mer nach eng hallef Dose Sitzungen hunn, dann u sech och als Kommissioun esou wäit eis op een Text gëeenegt hunn, eng kleng Navette nach sécherlech musse maache mam Stat (veuillez lire: mam Statsrot), da sinn déi véier Rapporteuren, véier Rapporteure vun deene véier Parteie mat Fraktiounsstäerkt hei an dësem Parlament, da si mer prett.

Dat ass e kollektiivt Wierk, déi nei Verfassung, ugefaange ginn elo praktesch virun 13 Joer ënner verschiddene Presidenten an där Kommissioun, mä ëmmer gemeinsam gedroe vun zumindest deene véier Fraktiounen an dësem Parlament, deelweis och gedroe vun de Sensibilitéiten.

An et wär immens schued, wann déi Aarbecht géif futtigoen doduerjer, dass mer, wa mer prett si mat engem Text, da soen - wou ech ka Versteesdemech derfir hunn, wann ech wëll -: Et ass elo net de Moment, fir e Referendum ze maachen iwwert deen doten Text, et ass schonn alles achséiert a fixéiert op déi nächst politesch Schluechten, national Schluechten, déi solle manner konsensuell verlafen, wéi d'Debatt ronderëm deen dach zimlech breet gedroene Verfassungstext.

Mir mussen do e Wee fannen, wéi mer déi dote Fro kënnen esou ugoen, dass mer schonn an dëser Period gemeinsam - et ass keen Akt vun dëser Majoritéit, et ass en Akt vun enger Verfassungsmajoritéit - dee politeschen Akt setzen, dee mer brauchen, fir gewësse Garantien ze hunn, dass no deenen nächste Wahlen dee Konsensus net erëm no an no, vu wiem och ëmmer, a Fro gestallt gëtt, an dann d'Diskussioun erëm eng Kéier lassgeet. Dat ass dat, wat ech offréieren hei, dass mer eis also do zesummesetzen a kucken: Wéi kënne mer iwwer e politeschen Akt hei an der Chamber deen dote Punkt setzen, fir dass mer net erëm eng Kéier bei null ufänken no deenen nächste Wahlen?

Et ass, mengen ech, awer e wichtege politesche Punkt och, well et hei ëm d'Organisatioun vum Stat geet. Et geet ëm eis Grondfräiheeten, eis Grondrechter.

Ech sinn domadder op engem anere Punkt ukomm, deen ech kuerz wéilt sträifen - ech hu mech elo total eigentlech lassgeléist vu menger Ried, ech wäert mech och net méi an de Pabeieren erëmfannen -, dat ass dee vun der Sécherheet. Den CSV-Spriecher huet dat, mat Recht, mengen ech, hei och ugeschnidden. Mä maacht Iech keng Gedanken: Eis Koalitioun zerstreit sech net a Sécherheetsfroen! Ech hu bis elo op jidde Fall, dat kann ech Iech éierlech soen, vun deem dote Sträit nach näischt matkritt. Dir wësst vläicht do Saachen, déi ech net weess, Dir sëtzt jo och an der Kontrollkommissioun vum SREL, mä...

(Hilarité)

...ech allerdéngs och. Dir hutt nach vläicht méi intim Sëtzungen, wou ech net derbäi sinn.

(Hilarité)

Op jidde Fall kann ech Iech hei soen, dass an deenen dote Froe kee Problem an der Koalitioun ass.

Ech stelle mer awer heiansdo d'Fro - wann den Här Wiseler déi Fro schonn opgeworf huet, däerf ech dee Ball hei direkt opgräifen -, wann ech hei eenzel CSV-Deputéierten héieren, déi eng, déi besonnesch de Poids op d'Sécherheet leeën, an anerer, déi total den Dateschutz als dat iwwergeuerdnet Zil gesinn, weess ech net, ob net vläicht méi Differenzen innerhalb vun der CSV sinn ewéi innerhalb vun der Koalitioun.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dobäi si mir nach dräi verschidde Parteien, dann däerfe mer och dräi verschidde Meenungen hunn. Bei der CSV ass et e bësse méi kriddelech, wann een ze vill verschidde Meenungen huet, wann ee bal géif mengen, dass do verschidde Parteie wären. Iwwregens bei der Steierreform, dat war jo en Exempel, wou mer och gesinn hunn, wou een net esou richteg wousst, wat dann elo d'Positioun vun der CSV war.

Nodeem ech dem Här Spautz nogelauschtert, dem Här Roth nogelauschtert, dem Här Mosar nogelauschtert an dem Här Wiseler nogelauschtert hunn, hoffen ech alt emol fir den Här Wiseler, dass seng Positioun déi ass vun der CSV. Mä et huet gewisen, dass also Sträit an Oneenegkeet och an enger Partei näischt Aussergewéinleches ass, souguer wa se an der Oppositioun ass, wou dat normalerweis misst méi einfach sinn.

Une voix.- Hutt Dir jo och scho matgemaach.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Hunn ech schonn alles matgemaach!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Elo kommt Der emol zum Sujet!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech hunn alles matgemaach.

(Interruption)

Zur Fro: Sécherheet a Fräiheet, dat ass e stännegt Ofweien, wat mer alleguerten eigentlech musse maachen an deene sämtlechen Texter, déi eis virleien. Ob dat elo den 32.(4) ass an der Verfassung, dee mer wëllen änneren, Krisesituatiounen, ob dat elo déi spezifesch Texter sinn, Code pénal oder och de Code de procédure pénale, déi solle punktuell ëmgeännert ginn, bei allem do ass e stännegt Ofweien ze maachen.

Ech hu kee Problem, dass ee seet - ech hunn et selwer schonn a Riede gesot -: „Ouni Sécherheet gëtt et keng Fräiheet." Allerdéngs géif ech awer och ze bedenke ginn, dass, wat eise Gesellschaftsmodell vun anere Gesellschaftsmodeller, autoritäre Gesellschaftsmodeller ënnerscheet, dat ass net den Niveau vu Sécherheet, mä dat ass den Niveau vu Fräiheet a vu Grondrechter. Mir sollten also am Zweifelsfall - dat ass d'Positioun vun der LSAP -, am Zweifelsfall beim Ofweien ëmmer schlussendlech Prioritéit ginn de Grondrechter, de Fräiheete par rapport zum Siche vun enger absolutter Sécherheet, déi et net ka ginn an enger halbweegs fräier Gesellschaft.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat muss de Miessstaf sinn, mat deem mer un déi dote Punkten eruginn. An ech spieren, dass dat doten och déi Approche ass, déi d'Regierung huet, mat hiren Amendementen zu deenen eenzelnen Texter, wou se probéiert, déi Gratwanderung do ze maachen: op där enger Säit dem Stat seng Haaptaufgab, déi et bleift, fir d'Sécherheet vu senge Bierger ze suergen, dat ass eng vun de Käraufgabe vun engem Stat, awer gläichzäiteg och d'Grondfräiheeten an d'Grondrechter héichzehale bei deem Ganzen.

Et däerf net dozou kommen, dass Ausnametexter op eemol Droit commun ginn, wéi et amgaangen ass a Frankräich zum Deel ze geschéien! Et ass eng extrem gefäierlech Entwécklung, déi sech do mécht, a wou mer gutt berode sinn, déi net matzemaachen.

Wann ech kucken, wat do vu farfelu, verréckten Iddien elo an enger leschter Phas nach vun der Campagne a Frankräich - ech fäerten, dat wäert och elo am zweeten Tour net anescht sinn - lancéiert gi sinn, wou e Vertrieder vun enger eigentlech ganz traditioneller Partei, den Här Fillon, fir et net ze soen, zum Schluss gemengt huet, dass jiddwereen, dee vum Geheimdéngscht op enger Fiche S steet, misst emprisonnéiert ginn! Et muss ee sech dat emol virstellen! Dat heescht also, et geet duer, dass de vum Noriichtendéngscht op enger Fiche stees, dass de suspekt bass an da kanns de emprisonnéiert ginn, da solls de emprisonnéiert ginn. Da froen ech, wéi wäit dass mer amgaange sinn, déi Diskussioun do ze féieren.

Ech si frou, dass mer hei zu Lëtzebuerg, bis elo, dat gëllt praktesch fir all Partei, Fouss bei Mol gehalen hunn an där doter Fro. Mir mussen eis sécher en Arsenal ginn, fir ze reagéieren, et muscléieren, eis zousätzlech Mëttele ginn, mussen et awer a ganz vertrietbare Moosse maachen. Dat geschitt och duerch dës Regierung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun.

Wat mer besonnesch gefall huet dëst Joer bei der Deklaratioun vun der Regierung, dat war, dass déi Deklaratioun, entgéint deem, wéi dat versicht ginn ass elo duerzestellen, gepräägt war vum Wëllen, de Mënsch an d'Leit, déi hei liewen a wunnen, an de Mëttelpunkt vun där Deklaratioun an domadder och an de Mëttelpunkt vun der Regierungspolitik ze stellen. Dofir si mer eigentlech do. Mir sinn do, fir ze suergen, dass et de Leit hei zu Lëtzebuerg gutt geet. Do kënnen d'Aschätzungen, jee nodeem wéi een dat politesch kuckt, verschidde sinn, mä dat muss awer eist gemeinsamt Zil bleiwen.

An deem Sënn géif ech mer wënschen, dass d'Regierung och dee leschte Véierel vun hirer Mandatsperiod dat doten ni aus den Ae verléiert, an dass mer et vläicht souguer fäerdegbréngen, op deem engen oder anere Punkt iwwert d'Grenze vun dëser Koalitioun eraus Accorden ze fannen, fir déi Problemer gemeinsam unzegoen, déi mer nëmme kënne léisen, wa mer gemeinsam stinn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Bodry. An eisen nächste Riedner ass schonn ënnerwee an déi zwee komme laanschteneen.

Une voix.- Wéi ëmmer.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Eugène Berger fir d'DP huet elo d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Här President, d'Zukunft kann een net viraussoen, mä et kann ee se preparéieren, andeems een déi richteg politesch Decisiounen hëlt, andeems ee konsequent an d'Zukunft investéiert. An et ass genau dat, wat dës Regierung säit gutt dräi Joer konsequent Schrëtt fir Schrëtt mécht.

D'Koalitioun, déi huet sech e Programm gi virun dräi Joer, an dës Regierung, déi setzt dee Koalitiounsprogramm ëm. An duerfir muss een och net all Joers nei, grouss Deklaratioune bei enger Ried zum État de la nation erwaarden. Mir kennen dat zwar aus der Vergaangenheet. Do si méi wéi eng Kéier bei esou Exercicer dann, ech géif scho bal soen, schubkareweis Annoncë gemaach ginn, mä e gudden Deel vun all deenen Annoncë sinn ni realiséiert ginn.

Ee Beispill: 2008 huet den deemolege Premier, CSV-Premier annoncéiert, datt d'Kannerbetreiung géif gratis ginn. Sechs Joer duerno, 2013, war nach ëmmer näischt geschitt. An haut ass souguer déi Partei vun deem deemolege Premier géint eng gratis Kannerbetreiung! - Einfach nëmme fir ze soen, datt et näischt bréngt, wann ee grouss Annoncë mécht. Et geet drëms, datt een Annoncë mécht, déi een och wierklech konkret ëmsetzt. An esou ass et, wéi dës Regierung schafft.

Op där anerer Säit ass och den État de la nation eng gutt Geleeënheet, ech géif soen en Thermometer, fir ze kucken, wou een drun ass an der Virbereedung vun der Zukunft, well dat ass eigentlech d'Aufgab vun alle Regierungen, fir d'Zukunft virzebereeden. An do gëtt et dann eng ganz Rei Aspekter, déi ee muss kucken, déi ee moosse muss.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Zum Beispill: Wéi ass d'Finanzgestioun vun den ëffentleche Keesen? Wéi huet sech d'Wirtschaft entwéckelt? Wéi huet sech de Chômage entwéckelt? Wat fir eng sozial- a familljepolitesch Fortschrëtter ginn et ze verzeechnen? Wéi gesäit d'Liewensqualitéit vun eise Bierger aus? Wéi ass d'Situatioun um Wunnengsmaart? Wéi organiséiere mer d'Mobilitéit? Wat sinn d'Perspektive fir déi Jonk, d'Zukunftschancen? Wéi ass d'sozial Kohäsioun? An esou weider.

Ech mengen, mat all deenen Themefelder muss ee sech beschäftegen, muss ee kucken, wou een drun ass. An ech muss soen, datt mer an all deene Felder, an all deenen Theme gutt virukomm sinn an datt mer keng Angscht virun der Zukunft brauchen ze hunn.

Une voix.- Très bien!

M. Eugène Berger *(DP).*- Mir haten a mir hu keng Angscht virun der Zukunft. Am Géigesaz zu där gréisster Oppositiounspartei, wou mer eis jo kënnen erënneren, wou d'lescht Joer hire Spriecher bal eng Dose Mol, wann ech dat richteg an Erënnerung hunn, vun Angscht geschwat huet.

Ech sinn awer och elo frou, en ass zwar elo de Moment net hei, datt ech dëst Joer net eng Kéier vum Spriecher vun der CSV héieren hunn, datt se Angscht hunn. Mä dës Kéier huet en awer dann d'Situatioun vum Land, déi jo awer eigentlech..., wou eigentlech jiddwereen eis drëms beneit, déi huet en dës Kéier permanent a Fro gestallt. An duerfir wéilt ech eigentlech awer en Opruff maachen: Här Wiseler, maacht d'Land net méi schlecht, wéi et ass! Kommt, mir freeën eis zesummen, wann et gutt leeft! Dat ass eigentlech eng exzellent Basis, fir d'Zukunft ze preparéieren.

De Spriecher vun der CSV, dee stellt alles a Fro. E stellt vill Froen, sécherlech och déi eng oder aner berechtegt, an ech wäert och nach eng

Kéier dorobber zréckkommen, wou mir do eis Äntwerten hunn. Mä wann ee Froe stellt, da kann een awer och erwaarden, zu Recht erwaarde vun der gréisster Oppositiounspartei, datt si och Äntwerten op déi Froe ginn, déi se stellen.

Mä ech muss soen, mir hunn haut keng eenzeg Äntwert presentéiert kritt vun der gréisster Oppositiounspartei, keng eenzeg! An et ass jo scho bal bosseg, wann een - mir maachen dat jo alleguerten - esou déi Tweete suivéiert. Dat war zum Schluss vum Här Wiseler senger Ried, wou dann de President vun der CSV en Tweet mécht:...

(Interruptions)

...„Konkret soen..."

M. Marc Spautz *(CSV).*- ...wéi ech op der Toilett war?

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo.

(Hilarité générale et coups de cloche de la présidence)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift! Wann ech gelift!

(Brouhaha général)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Gitt Dir zesummen op d'Toilett, Här Spautz?

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift! Waart ee Moment, Här Berger!

(Coups de cloche de la présidence)

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Dat do ass nei!

M. Eugène Berger *(DP).*- Effektiv hat ech dem Här Spautz schonn do d'Fro gestallt. Dat war also praktesch zum Schluss,...

(Brouhaha)

...zum Schluss vun der Ried vum Här Wiseler hunn ech den Här Spautz gefrot, wat en dann eigentlech,...

Une voix.- Ah!

M. Eugène Berger *(DP).*- ...u wien dat adresséiert wier. Wat hat den Här Spautz getweet? „Konkret soen, wou de Wee higoe soll", hat e getweet. Jo, dat ass déi Fro effektiv, déi d'CSV sech muss selwer stellen, dat ass eigentlech eng Opfuerderung u säi Fraktiounskolleeg, säi Fraktiounschef, fir dat konkret ze soen, well mir hunn haut wierklech keng eenzeg Äntwert op wichteg Froe vun der CSV kritt.

An de Premier haut de Moien, au contraire, huet net nëmmen Äntwerte geliwwert, mä en huet och gesot, wou mer an eisen Äntwerten dru sinn. Mir hunn an deene leschte Joren eis Äntwerte geliwwert a mir sinn einfach amgaangen, déi ëmzesetzen. Dat ass eis Aart a Weis, fir Politik ze maachen. Dat ënnerscheet eis vun Iech.

Madamm Presidentin, den Zoustand vum Land besteet aus ville Felder, mä déi eenzel Politikfelder dierfen awer kee Selbstzweck sinn. Et geet net duer, positiv Zuelen ze schreiwen, wann d'Leit, déi fir de wirtschaftlechen Erfolleg schaffen, net och vum Opschwong profitéiere kënnen. Et geet net duer, nei Aarbechtsplazen ze schafen, wann net eis Jonk och eng Qualifikatioun kréien, déi et hinnen erlaabt, op déi Plazen ze kommen. Et geet net duer, iwwer Logement oder Mobilitéit ze schwätzen, mä et muss ee kucken, wéi ee Schema vu Landesplanung sech deem afüügt, fir datt am Endeffekt dann och de Bierger méi Liewensqualitéit huet.

Bref, déi eenzel Politicke mussen duerfir ofgestëmmt ginn an zu engem Ganzen zesummegesat ginn, fir letztendlech am Interessi vum Eenzelnen, vu jiddwerengem ze stoen. An et ass jo och genau dat, wat de Premier mat sengem Leitmotiv op de Punkt bréngt: „Geet et dem Land gutt, geet et eis an all deenen eenzelnen Themefelder gutt, da geet et och de Mënschen, den eenzelne Mënsche gutt." An dat ass dat, wat wichteg ass.

An et ass och genau dat, wat d'Regierung an deene leschten dräi Joer mat Succès an d'Wee geleet huet, well haut geet et dem Land besser wéi virun dräi Joer. An duerfir kënne mer och haut optimistesch no vir kucken. An duerfir kënne mer och haut soen, datt d'Zukunftschancë vu jiddwerengem haut besser si wéi virun dräi Joer. Dat soe mir, mä dat sinn awer och all d'Zuelen, all Thermometeren, fir et emol esou ze soen, déi dat ënnersträichen oder bestätegen. Och déi europäesch Zensuren, Zensure vun internationale Gremie wéi dem FMI an aneren ënnersträichen dëst.

Mir kucke jo och - an dat ass och interessant an dat bréngt och eng Plus-value, mengen ech, fir dës Debatt -, mir kucke scho säit leschtem Joer zesummen, wa mer den État de la nation maachen, d'Chifferen an d'Recommandatioune vun der Europäescher Kommissioun, hunn also och e Bléck vu baussen, e bëssen ofgehuewe vum innenpolitesche Kader. An och do kréie mer bonne Notte vu Bréissel ausgedeelt.

Bonne Notten, besonnesch wat d'Gestioun vun den ëffentleche Finanzen ubelaangt. Do sti mer exzellent do. Do respektéiere mer eisen..., mir respektéieren net nëmmen eise Solde structurel, mä mir leien eigentlech iwwert deem, wat mer missten anhalen. Ech kommen herno och nach eng Kéier dorobber zréck. Mä datselwecht gëllt och fir d'Dette publique, wou mer quasi an Europa haut - haut de Mëtten hu mer jo och nach déi Grafike gesinn -, wou mer quasi Klassebescht an Europa sinn.

Madamm Presidentin, ech hat am Ufank vun engem positive Gesamtbild vum État de la nation geschwat, dat aus villen Elementer zesummegesat ass. Ech wäert elo op eng Rei vun deenen Elementer agoen, net op alleguerten, mä op eng Rei vun Elementer, déi mer besonnesch wichteg schéngen. Wéi déi, déi och an deene leschte Stonnen, géif ech soen, méi an der Diskussioun waren, déi och vläicht méi polariséieren oder wou méi ënnerschiddlech Meenunge sinn.

En éischt Themefeld ass dat vun der Wirtschaft. Firwat d'Wirtschaft? Majo, well dat nun eemol d'Basis ass, fir datt e Land sech kann entwéckelen, fir datt e Land sech kann op gutt Féiss setzen. Et ass emol eng Kéier een, dee gesot huet, och hei an der Chamber: „Et muss ee fir d'Éischt de Kuch baken, ier een e ka verdeelen." An ech mengen, och haut ass dat nach ëmmer richteg. „Kuch baken" heescht, datt mer eng Wirtschaft hunn, déi gutt dréit.

Wann een elo dann d'Wirtschaftszuele kuckt - si si scho presentéiert ginn, mä ech widderhuelen awer gären nach eng Kéier e puer wichteg Punkten -, da gesäit een éischtens, datt de Wirtschaftsmotor erëm dréit. Den Tiger ass am Tank. De Statec huet och kierzlech de Wirtschaftswuesstum vum leschte Joer - mir kruten dat och presentéiert - nach eng Kéier revidéiert vun 3,7% op 4,2%, an déi neiste Previsioune fir dëst Joer leie jo bei 4,4%, Tendenz fir d'nächst Joer op 5%.

Wat mech an all deenen Zuelen och besonnesch erfreelech stëmmt, dat ass, datt den ICT-Beräich, d'Informatiouns- an d'Kommunikatiounstechnologien, en Zouwuess am leschte Quartal 2016 vun 18,6% Opweises hunn. Dat weist, datt also d'Investitiounen an deem Beräich hir Friichten droen. An et ass och e Bewäis, datt eist Land sech wirtschaftlech diversifiéiert an datt dat e wichtege Beräich ass.

D'Konjunktur zu Lëtzebuerg ass also exzellent. Säit 2014 hu mer all Joers e Wuesstum vun iwwer 4%. An d'Prognose fir d'nächst Joer si gutt. A mir mierken op där anerer Säit awer och, datt d'Vertraue vun de Consommateuren erëm zréckkënnt. Mir hunn do elo an dësem Mäerz den héchste Stand säit 2002 gehat. Dat ass awer och e wichtegen Indicateur. Et gesäit een, datt d'Leit sech erëm trauen, Suen auszeginn, wat jo och am Endeffekt herno erëm der Konjunktur zeguttkënnt.

An duerfir menge mer och, wann d'Konjunktur gutt ass, wann et gutt dréit, datt dann och duerfir d'Steiererliichterunge fir d'Bierger, fir d'Betriber d'lescht Joer zum richtege Moment komm sinn. An ech mengen, och wann dat net gäre gehéiert gëtt vun der Oppositioun, vun der CSV, mä mir kréien op ville Plaze bestätegt, datt mer déi richteg Decisioune geholl hunn, datt mer eng Steierreform gemaach hunn, datt mer massiv investéieren an d'Zukunft. Dat seet d'Europäesch Kommissioun, den FMI, d'OECD, d'Ratingagencen an esou weider. Déi soen eis, datt dat eigentlech déi richteg Demarche ass.

Vläicht ee Wuert zur Steierreform. Mir hu mat enger, et muss ee soen enger sozial selektiv gerechter Steierreform de Leit, besonnesch der Mëttelschicht, däitlech méi Kafkraaft ginn. An déi Sue komme jo och letztendlech der nationaler Ekonomie erëm zegutt: Wann d'Leit méi Suen an der Täsch hunn, gi se och méi aus. Dat kënnt herno bei d'Betriber, dat kënnt bei d'Geschäfter, dat bréngt jiddwerengem eppes.

An, ech muss dat awer och nach eng Kéier soen, mäi Virspriecher hat dat och schonn ugeschnidden: Ech, bon, mir kënnen haut nach ëmmer net verstoen, firwat datt d'CSV déi Steierreform net matgestëmmt huet! Net nëmmen, well jo awer international Gremien eis bestätegen an där Demarche, mä ech mengen awer och, well mer jo awer hei wierklech de Leit am Land wierklech Kafkraaft ginn hunn, firwat datt do d'CSV net konnt mat op dee Wee goen.

Ech hat do d'Impressioun, datt awer do d'CSV gespléckt war. Ech kucken elo méi präzis och op de Spriecher, den Expert vun der CSV an deem Beräich. Also wann ech nach eng Kéier d'Ried vun him an Erënnerung hunn, huet en awer eng ganz Rei Elementer gesot, wou ech mer gesot hunn: „Ah, haut wäert den Här Roth awer dann dës Reform stëmmen, zu Recht stëmmen."

Ech war awer, net ech, mir waren enttäuscht, datt Der se net gestëmmt hutt an datt eigentlech och d'CSV se net gestëmmt huet. Do sinn et, mengen ech, méi Meenunge ginn, wéi et heiansdo Meenunge gëtt an enger Koalitioun mat dräi Parteien. Et ass einfach schued, datt d'CSV net konnt mat op dee Wee goen, fir do wichteg Weichen ze stellen.

Madamm Presidentin, d'Ramebedéngunge sinn also gutt zu Lëtzebuerg. An duerfir ass et och de Moment, fir déi richteg Weichen ze stellen. Dat mécht dës Regierung mat enger proaktiver Wirtschaftspolitik, mat héijen Investitiounen.

Op där anerer Säit huet awer och d'Regierung an deene leschten dräi Joer eng Rei Mesurë geholl, fir de Budget ze equilibréieren. Dës Mesurë si vill diskutéiert ginn, waren heiansdo vläicht och net ëmmer einfach, politesch net ëmmer einfach, mä si waren néideg a si sinn et och haut nach ëmmer. A mir gesi jo d'Resultater awer trotzdeem vun där gudder Gestioun vun eisen ëffentleche Finanzen. An dat kréie mer och bestätegt vum CNFP, vun der Europäescher Kommissioun, datt mer elo eis Depensen am Gréff hunn. D'Entwécklunge vun de Fonctionnementskäschte beim Stat sinn däitlech no ënne revidéiert ginn.

All déi Efforten, déi mer do gemaach hunn, déi waren also néideg, well ech wëll awer nach eng Kéier drun erënneren, wou mer 2013 gestart si respektiv wat mer 2013 virfonnt hunn! An de Joren tëschent 2009 an 2013, also virun dëser Legislaturperiod, hate mer eng Verdräifachung vun der ëffentlecher Schold. Eise Scholdebierg, dee war a manner wéi zéng Joer vun enger op zéng Milliarden oder eppes iwwer zéng Milliarden ugewuess. An op där anerer Säit hate mer awer och 2013 déi Situatioun, datt mer hu misse mat engem enormen Ausfall vu Recetten iwwert de Bierg kommen. Iwwer eng hallef Milliard, mëttlerweil huet sech dat praktesch op eng Milliard oder ass an d'Richtung eng Milliard gaangen, hu mer elo ze assuméieren duerch eben d'Ewechfale vun dem Commerce électronique.

Mä bon, mat all deene Schwieregkeeten - Uwuesse vum Scholdebierg, Recetten, déi ausfalen - hu mer et awer fäerdegbruecht, datt mer haut eng ganz aner Situatioun hunn. Mir hunn déi lescht dräi Joer eis Budgetsziler all Joers iwwertraff. 2014 hate mer eigentlech en uviséierten Defizit vun 179 Milliounen; herno hate mer en Iwwerschoss vu 690 Milliounen. 2015 hate mer gerechent, datt mer en Defizit vun 1,04 Milliarden hätten; mir haten herno en Iwwerschoss vu 714 Milliounen. 2016 och erëm eng Kéier, eng Milliard Defizit war ugeduecht an herno hate mer en Iwwerschoss vun 845 Milliounen. Soudatt mer all Kéiers vill besser ofgeschloss hunn, well mer eng gutt Gestioun vun den ëffentleche Finanze gemaach hunn.

Datselwecht bei der ëffentlecher Schold. Ech ginn elo net méi op all déi Diskussiounen an, wéi et an de Chiffren absolutt ass, ech wëll einfach awer och nëmme rappeléieren, datt iwwerall, iwwerall an Europa, an och no den europäeschen Normen ëmmer a Prozenter vum PIB gekuckt gëtt, an do gesäit een awer ganz kloer an däitlech, datt eis Schold, déi 2013 bei iwwer 23% vun eisem Räichtum louch, 2016 bei knapp 20% läit, datt also d'Schold doduerjer prozentméisseg zréckgaangen ass an datt dat awer och ëmmer déi Norme sinn, no deene gekuckt gëtt.

Sécherlech wäert elo an deenen nächste Méint a Jore vläicht dat eng Kéier liicht an d'Luucht goen. Dat gesäit ee jo och am Pluriannuel. Mä awer muss ee festhalen, datt mer ëmmer wäit ewech bleiwe vun där Limitt vun 30%, déi am Regierungsprogramm festgehale gi sinn.

Komme mer och eng Kéier kuerz zréck op de Solde structurel. Jo, d'Regierung huet d'lescht Joer net decidéiert, mä se huet eigentlech d'Europäesch Kommissioun suivéiert, wéi déi en neie Solde structurel festgeschriwwen huet. Ech muss nach eng Kéier soen, nach eng Kéier ënnersträichen, datt net dës Regierung de Solde structurel no ënne revidéiert huet, et ass d'Europäesch Kommissioun mam President Juncker, déi dat gemaach huet!

Aus verschiddenen Ursaachen. Éischtens, well se aner demografesch an och aner Pronosticke maachen am Beräich vun der Altersvirsuerg, awer och, well d'Europäesch Kommissioun wëllt, datt ee méi investéiert, datt d'Memberstate méi investéieren, an hinnen duerfir och méi Spillraum derfir gëtt. An duerfir hu mer also d'Europäesch Kommissioun doranner suivéiert.

Mä nach muss ee soen, och wa mer dat suivéiert hunn, wann dat eisen neien OMT, eisen neie Solde structurel ass, reize mer en awer net voll aus. D'lescht Joer hate mer e Solde structurel vu plus 2,1%. Dëst Joer kéinte mer also op minus 0,5% goen, mir bleiwen awer dëst Joer bei 0,4%. A mir wäerten och mëttelfristeg iwwer 0 bleiwen. E wäert eng Kéier liicht erofgoen, mä egal. Mir gesinn, datt mer also och Spillraum hunn. Dat wëll ech awer och domadder soen, datt mer hei gesinn, datt mer Spillraum haten an och hu fir Steiererliichterungen a fir Investissementer an d'Zukunft, ouni eis ze iwwerfuerderen.

A jiddweree sollt sech jo eigentlech freeën iwwert dee gudde Wirtschaftswuesstum, déi Wirtschaftslat. Dat si gutt Noriichte fir e Land. An dat gëtt jo awer och elo esou gären als bal selbstverständlech duergestallt. Haut de Moien, oder virdrun, huet de Claude Wiseler gesot „bloen Himmel". Jo, et ass eng Faarf, déi jiddwerengem, oder mir op alle Fall och gefält. Dat ass gutt. Mä dat ass awer net einfach esou vum Himmel erofgefall, dee gudde Wuesstum. Och do hu mer eis awer missen ustrengen.

Une voix.- Très bien!

M. Eugène Berger *(DP).*- An ech mengen, wann dat esou einfach wier, wann d'Konjunktur dréit, datt dann och alles am Land gutt geet, da misste jo eigentlech all déi aner Länner eise Modell kopéieren. Wann dat esou einfach wier!

Neen, de Lëtzebuerger Modell, fir dat emol eng Kéier esou ze nennen, deen ass awer net esou einfach ze kopéieren, well een awer muss derniewent eng Rei Efforte maachen, fir dann herno aus där gudder Konjunktur och konkret dat um Terrain kënnen ëmzesetzen, konkret kënne Mesuren ze huelen, déi da jiddwerengem och zeguttkommen. An ech wéilt eigentlech hei nach eng Kéier vläicht dat Bild, dat ech d'lescht Joer bei menger Ried zum Budget hat, erwänen: „Et ass eben dann, wann d'Konjunktur gutt ass, datt ee muss Wandmillen opstellen, datt déi dréien an datt déi dann och kënne produzéieren." An dat hu mer gemaach.

Wat sinn dat fir konkret Mesuren?

Mir hunn d'Entreprisen ënnerstëtzt, mir hunn eis Infrastrukture verbessert, mir hunn nei Entwécklungen opgegraff, zum Beispill an der FinTech, well mer do wëllen, wéi een dat esou schéin nennt, „first mover" sinn an esou e Schrëtt méi schnell wëlle si wéi eis Noperen, well mer och an deem Beräich eng ganz Rei Atouten hunn. Mir hunn d'Bankeplaz hei mat dem Know-how, mir hunn eis Datazentren, mir hu gutt Reseauen, besserer wéi hei an der Chamber normalerweis. An all dat, wann een dat dann alles zesummekritt, da kann ee wierklech aus där FinTech en Zukunftscreneau maachen.

Mir hunn, fir datt d'Wirtschaft besser dréit, eis Prozedure vereinfacht, méi effizient gemaach. Mir hunn en Omnibusgesetz gestëmmt. Ech mengen, dat ass gradesou wichteg, wéi datt een einfach seet: „Et ass elo eng schéi Konjunktur an den Himmel ass schéi blo."

Wann d'Konjunktur gutt dréit,...

(Interruption)

Wann d'Konjunktur gutt dréit, Madamm Presidentin, da muss dat och jiddwerengem zeguttkommen. An dat gesi mer jo awer och, datt dat de Fall ass, zum Beispill beim Chômage.

De Chômagetaux geet kontinuéierlech zréck. Mat 6%, wou mer elo sinn, si mer esou déif, wéi mer scho ganz laang net méi louchen. An et ass jo nach net fäerdeg. Wa mer den Zuele vum Statec kënne gleewen, da wäert déi Baisse jo nach weidergoe bis op 5,3%. An dat weist, datt et eis jo dann och geléngt, Aarbechtsplazen ze schafen, déi och net nëmme vu bausse besat ginn, mä datt mer och Aarbechtsplaze schafen, wou Leit, déi hei am Chômage waren, déi kënne besetzen.

An dat ass jo genau dat, wat een och soll erreechen, datt een déi Leit, déi hei keng Aarbecht hunn, datt mer duerch déi gutt Konjunktur déi Leit emol fir d'Éischt och op d'Aarbechtsplaze kréien, ier mer dann erëm anerer heihinnerkomme loossen, fir déi ze besetzen.

Firwat ass dat esou? Dat ass eis och net einfach esou an de Schouss gefall. Dat ass, well mer eng nei opgestallten ADEM hunn, déi méi effikass schafft, déi sech och un d'Entwécklung vun der Zäit ugepasst huet, déi kuckt op d'Formation continue vun de Leit, déi d'Leit konkret begleet.

An an deem ganze Prozess vum Ofbau vun der Aarbechtslosegkeet spillen och d'Patronen an d'Entreprisen eng wichteg Roll. Dat solle mer och net vergiessen. A si si sech, mengen ech, awer och hirer sozialer Verantwortung bewosst. Ech erënnere gär eng Kéier un de sougenannten Jobpak, deen d'UEL jo mat der Regierung

ënnerschriwwen huet, fir grad Leit, déi scho méi laang am Chômage sinn, an och déi Jonk, datt mer déi an d'Aarbecht kréien. A wann een d'Chômagezuelen elo kuckt, da kann een also och kloer vun engem Succès vun dësem Pak schwätzen.

Et kann een also och soen, datt d'Patronat oder déi Säit och Hiert derzou bäigedroen huet. Et sinn also vill Efforte gemaach ginn, zesumme vun der Regierung mam Patronat, fir datt ebe Leit eng Chance kréien, fir um Aarbechtsmarché Fouss ze faassen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An deem Kontext vläicht och e Wuert zu dem neie REVIS, deen deen alen RMG ersetzt. Mir sinn der Meenung, datt e Méi un Eegeverantwortung déi sozial Ofsécherung vun de Bierger wäert verbesseren. Amplaz datt d'Leit am RMG nëmme geréiert ginn, solle se gefërdert ginn. Si sollen Ureizer kréien, fir sech erëm schrëttweis an den Aarbechtsmarché anzeglidderen oder, falls dat net méiglech ass, awer un der Gesellschaft kënnen deelzehuelen.

An ee Punkt schéngt mer awer och hei an der Demarche vun der Regierung ganz wichteg an dat ass, datt d'Regierung hei gradesou mécht beim REVIS wéi bei der Steierreform, datt och besonnesch op d'Elengerzéier gekuckt ginn ass. D'Familles monoparentales - dat muss een ëmmer erëm leider widderhuelen - sinn an eiser Gesellschaft déi, déi dem gréissten Aarmutsrisiko ausgesat sinn. An dat musse mer also änneren op alle Plazen, wou mer et kënnen. An och de REVIS ass no de Steiererliichterungen e weidere Schrëtt, fir eben och de Monoparentallen hei entgéintzekommen.

Bon, wann ech esou kucken d'Pressekonferenzen oder och déi eng oder aner Tweeten oder Communiquée vun der CSV, da géif ech awer soen, datt d'CSV de Moment déi Eenzeg ass, déi dee REVIS kritiséiert. Dat ass e bësse bedauerlech. Ech huelen elo nëmmen, fir net nach anerer ze zitéieren, déi et da gutt fannen, mä zum Beispill den Här Urbé, deen ass jo an der Caritas täteg. Ech mengen, an der Caritas ass och eng Presidentin, déi emol eng Kéier fréier och hei an der Chamber bei der CSV war. Ech kann nëmmen op alle Fall den Här Urbé aus der Caritas zitéieren, dee seet: „Allgemeng kann ee sécher soen, datt dëst eng positiv Reform ass." Dat ass op alle Fall d'Meenung dovunner.

Une voix.- A wann ee weiderliest, dann...

M. Eugène Berger *(DP)*.- Jo.

Här President,...

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Loosst lech net beieren, Här Berger!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President, ech mengen, d'CSV bleift weiderhin eleng an där Positioun, datt se net esou zefridden domadder ass. Mä mir wäerte sécherlech nach Geleeënheet kréien, fir dann hei doriwwer ze diskutéieren.

Här President, nach e kuerzt lescht Wuert zur Wirtschaft. Ech schwätze relativ laang dervunner, mä wéi gesot, et ass awer e wichtege Pilier, deen d'Basis ass, fir datt et am Land hei de Leit gutt geet. Wat wichteg ass, dat ass, datt eng Wirtschaft eigentlech sech muss all Dag nei erfannen.

Et ass nach net laang hier, dunn ass zum Beispill hei am Land gefaart ginn, opgrond vun all de Veränneerungen an der internationaler Finanzwelt, datt eis Finanzplaz deem net kéint standhalen, datt eigentlech eis Finanzplaz géif ënnergoen. Wa mer haut awer kucken, mir hunn de Géigendeel bewisen. Eis Finanzplaz ass haut esou gutt opgestallt wéi scho ganz laang net méi. Mir haten d'Bankgeheimnis, dat ass gefall. Mir hunn eis misse mat den Altlaste vu LuxLeaks a Panama Papers erëmploen. An nawell ass d'Stäerkt vun eiser Plaz, vun eiser Finanzplaz, eiser Bankeplaz haut net méi a Fro gestallt.

Ech mengen, dat ass och net einfach esou vum Himmel gefall. Dat ass och net wéinst engem bloen Himmel, mä dat ass virun allem, well d'Regierung an och besonnesch de Finanzminister, deen onermiddlech am Asaz ass, well déi e regelrechte Paradigmewiessel vollbruecht hunn. Aus wat besteet dee Paradigmewiessel?

Ma well mer resolutt, wierklech resolutt op Transparenz a Kooperatioun gesat hunn. Mir hunn hei och an der Chamber an deene leschten zwee an en halleft, dräi Joer eng ganz Rei vu Gesetzer an Direktiven an dem Beräich vun Transparenz a Kooperatioun ëmgesat. Mir sinn, jo, mir sinn zum Musterschüler avancéiert! An et ass jo och esou, datt déi Efforten international unerkannt gi sinn. Mir sinn op kenger groer, mir sinn op kenger schwaarzer Lëscht méi ze fannen.

An, jo, mir hunn eng Finanzplaz, déi elo wierklech erëm ka weltwäit konkurréiere mat all deenen anere gudden, staarke Plazen op der Welt, well mir hunn eng Rei Stäerkten, déi mer och weiderhi kënnen ausspillen, déi mer ëmmer vläicht elo souguer méi kënnen ausspillen. Transparenz ass eigentlech elo e Pluspunkt, dee mer kënnen an d'Vitrinn stellen. Mir hunn den Know-how, dee jorelaangen Know-how, déi Expertise, déi ëmmer hei sur place war. Mir hu kuerz Weeër hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn d'Méisproochegkeet an esou weider an esou fort. Also, d'Lëtzebuerger Finanzplaz huet eng ganz Rei Atouten, déi se elo erëm ka voll ausspillen, well se och voll op Transparenz setzt.

An duerfir si mer och gutt opgestallt, wa sech déi eng oder aner Opportunitéit aus dem Brexit wäert erginn. Mir hunn duerfir och net missen, wéi dat alt emol déi eng oder aner Kéier vun dem finanzpolitesche Spriecher vun der CSV gefrot war, eis an déi éischt Rei stellen an haart jäizen: „Kommt op Lëtzebuerg!" Mir hunn net misse waarden op en Tëlefon den 23. Juni d'lescht Joer, fir datt do direkt géife verzweifelt Entreprisë vu London uruffen. Mir waren, mir si méi diskret. Ech hu scho gesot, de Finanzminister ass iwwerall op der Welt ënnerwee, fir d'Atouten hei ze presentéieren. An ech maache mer keng Suergen, datt déi eng oder aner Entreprise elo, wann de Brexit bis vollzunn ass, wäert hei op Lëtzebuerg kommen, well mer ebe gutt opgestallt sinn.

An ech mengen, och mat deem Atout si mer eigentlech gutt opgestallt, fir déi europäesch Bankenopsiicht op Lëtzebuerg ze kréien. Dir wësst jo, datt déi och elo net méi kann zu London bleiwen. An ouni all déi Efforte vun Transparenz hätte mer och, trotz all deene Verträg, déi eigentlech dat eis scho säit Jorzéngten zousoen, wa mer net déi Transparenz elo opgebaut hätten, dann hätte mer guer net brauchen de Griffel an d'Hand ze huelen, dann hätt de Premier guer net brauchen de Griffel an d'Hand ze huelen, fir eng Demande ze stellen. Mä elo, wou mer esou opgestallt sinn, ech mengen, do gëtt et schwéier fir déi aner europäesch Partner, fir eis Demande einfach esou ofzeweisen. An ech mengen, mir hunn awer duerfir gutt Chancen, fir do herno se eventuell op Lëtzebuerg ze kréien.

Une voix.- Très bien!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Mir sinn eis awer och bewosst, Här President, datt ee muss diversifiéieren am Beräich vun der Wirtschaft, datt een net nëmmen dierf op ee Pilier, net nëmmen dierf op d'Fundament vun der Bankeplaz setzen. Mir mussen also eis Wirtschaft diversifiéieren.

Ech mengen, duerfir setze mer jo och verstäerkt op Zukunftsbranchen. Ech hat virdru scho vun de FinTech geschwat. Ech mengen, do muss et einfach d'Zil sinn, datt mer do déi Éischt sinn. Mir mussen och weider Innovatioun ënnerstëtzen, musse kucken, datt mer en uerdentlecht Emfeld - an dat ass amgaange gemaach ze ginn -, en uerdentlecht Emfeld schafe fir d'Start-uppen. Mir hu jo och schonn an der Steierreform, déi leider d'CSV net matgestëmmt huet, eng Rei Incentivë gesat fir d'Entreprisen, d'Start-uppen, fir deenen de Wee méi einfach ze maachen.

Mä bei all deem wëll ech awer och soen, datt mer eis klassesch Betriber hei zu Lëtzebuerg - klassesch Betriber: Kleederbuttek, Schräinerei, Bäcker, Restaurantsbetriber -, datt mer déi och net vergiessen. Dat sinn och Betriber, déi vill Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg schafen. Och do musse mer weider kucken, datt mer deenen esou gutt wéi méiglech hëllefen. Ech denken do un d'Simplification administrative virun allem, well ech mengen, kleng Betriber, deenen hire Metier et ass, fir Bréidercher ze baken oder gutt ze kachen, mä déi wëlle sech net erëmploe mat ville Paperassen. An ech mengen, och bei der Steierreform, och do hu mer jo gekuckt, fir datt mer deene klenge Betriber d'Liewe méi einfach maachen.

An dann nach e leschte Punkt bei der Wirtschaft, dat ass deen, datt mer och net derlaanschtkommen, d'Digitalisatioun an dee ganzen Impakt vun ICT an der Wirtschaft, fir dovunner ze schwätze respektiv dat opzegräifen an dat och mat eranzedenken an d'Zukunftsmodeller. Et gëtt jo elo eigentlech - dat ass e bëssen d'Analogie zu der véierter industrieller Revolutioun - vun Aarbecht 4.0 geschwat, dat heescht, wou et eigentlech ëm Diskussioune geet, wéi d'Aarbechtsformen an Zukunft wäerte sinn. An et ass kloer, datt den digitalen Zäitalter, datt dat en Impakt huet op déi Aart a Weis, wéi mer wäerte schaffen, ouni Zweifel.

Gëschter hate mer jo och schonn den Impakt gesi vun deenen Techniken hei an der Chamber. Mä ech mengen, et ass jo och, wann een da vun neien Aarbechtsweise schwätzt, dann denkt een och natierlech, an de Premier huet och haut de Moien an deem Kontext vum Rifkin-Prozess geschwat. De Rifkin ass jo och, dee Rapport ass e weidert Beispill, datt d'Regierung et sech zur Prioritéit gemaach huet, fir ze kucken d'Zukunft ze preparéieren, net einfach waart, bis datt et kënnt. Duerfir ass dat eng konkret Aktioun gewiescht.

Mir hunn déi Pläng oder dee Rapport diskutéiert. Mir hunn eis mateneen ausenanergesat. An et geet awer elo drëms, fir och do konkret Handlungspisten erauszeschielen. Et sinn eng ganz Rei interessant Iddien do. Et sinn der och, déi net onbedéngt ëmmer nei sinn. Mä et geet elo eigentlech drëms, fir ze kucken: Wat fir eng Elementer sinn déi, déi mer hei zu Lëtzebuerg kënnen effizient a schnell ëmsetzen, déi och op Lëtzebuerg passen? Sécherlech muss een do déi eng oder aner fale loossen, mä ech ka mer awer virstellen, Circular Economy ënner anerem, datt do e gewëssent Potenzial besteet.

Här President, da kommen ech awer elo vun der Ekonomie op en anere wichtege Punkt vun engem État de la nation ze schwätzen an dat ass dee vun der Mobilitéit. D'Mobilitéit ass net nëmmen e Kompetitivitéitsfacteur fir eis Wirtschaft; schnell Verbindunge si wichteg, datt d'Betriber kënne gutt schaffen, datt jiddwereen dohinnerkënnt. Mä wann de Verkéier steet, heescht dat net nëmmen, datt d'Entreprisë Schwieregkeeten hunn, mä dat ass virun allem fir jiddwereen einfach e Verloscht vun Zäit, e Verloscht vu Liewensqualitéit!

Mir erliewen dat all Dag. Déi Zäit, déi een am Stau verbréngt, dat ass déi Zäit, déi een net - ech soen elo emol - op der Aarbecht ka verbréngen, mä déi muss een dann herno op der Aarbecht nohuelen. Et ass eng Zäit, déi een net ka mat der Famill verbréngen, mat de Frënn, eventuell fir d'Fräizäit. Et ass einfach verlueren Zäit an et ass oft nëmme Stress a Genervs.

Dat ass also eng Ursaach, firwat datt mer musse kucken, eis Mobilitéitspolitik nach ze affinéieren. D'Mobilitéitspolitik ass awer och e wichtege Punkt, eng wichteg Prioritéit, wa mer wëllen nei Akzenter setzen am Beräich vum Klimaschutz respektiv vun der Nohaltegkeet. An et muss een och soen, datt och hei d'Regierung an deene leschten dräi Joer net nëmme geschwat huet, mä wierklech d'Saache konkret ëmgesat huet, datt mer konkret investéiert hunn.

Mir sinn op engem Rekordniveau an den Investissementer am ëffentlechen Transport, an der Schinneninfrastruktur an esou weider. Eleng dëst Joer iwwer 400 Milliounen, déi natierlech eise Budget belaaschten, mä wa mer awer déi Investissementer net géife maachen, da géife mer wierklech net déi richteg Prioritéite fir eist Land setzen, fir eist Land fit fir d'Zukunft ze maachen.

All déi Suen, déi mer an d'Verkéiersinfrastrukturen, an den ëffentlechen Transport stiechen, dat si gutt investéiert Suen. An um Terrain geet et och konkret schnell virun. Dat ass jo den Ënnerscheed zu deem, wat eis ënnerscheet vu viregte Regierungen, datt mir net nëmmen dervu schwätzen, mä datt mir och konkret d'Saachen ëmsetzen.

De Chantier Tram um Kierchbierg, dee geet konsequent virun. Mir sinn amgaangen, kënnen dat jo praktesch all Dag verfollegen, datt de Chantier bei der neier Pafendaller Gare, dee geet viru mam Funiculaire erop op de Kierchbierg. Ech mengen, dat ass eigentlech e Projet, wou ee ka soen, dat ass eigentlech exemplaresch. Wann ee weess, wéi heiansdo an der Vergaangenheet hei bei - ech soen elo emol - Infrastrukturbauten am Beräich vum Verkéier geschafft ginn ass, ass dat do eigentlech exemplaresch, wat den Zäitplanning ugeet. An och wat de Budget ugeet, si mer do wierklech an de Limitten.

D'Regierung steet och fir eng konsequent Investitioun an d'Mobilité douce. Et soll net a Stroossen oder nëmmen a Stroossen investéiert ginn am ëffentlechen Transport, och an d'Mobilité douce. An och do nëmmen ee Beispill, wat dat ka konkret sinn, dat ass d'Vëlosbréck ënnert der Neier Bréck, ënnert dem Pont Adolphe. Déi war eigentlech guer net virgesinn ënnert der viregter Regierung. Mä ech mengen, et ass awer e flott Beispill, wéi een da kuerzfristeg kann d'Mobilité douce an e flotte Projet mat erandenken an ëmsetzen.

Et ass also wichteg, an Infrastrukturen ze investéieren, mä awer musse mer och wëssen, wann een iwwer Mobilitéit schwätzt, muss een och an nei Mobilitéitskonzepter investéieren an déi erandenken. Wat mengen ech domadder? Elektroauto, Carsharing an esou weider. Ech mengen, dat brauch een och, wann ee vu Mobilitéit schwätzt.

An, wann ee vu Mobilitéit schwätzt, brauche mer och eng kohärent Landesplanung, wou déi ganz Mobilitéit da kann ëmgesat ginn. An ech mengen do och nach eng Kéier, d'Regierung féiert hei en Debat ronderëm d'Landesplanung. Dat neit Gesetz iwwert den Aménagement du territoire ass um Instanzewee. An ech mengen, de Programme directeur gëtt jo och an engem participative Biergerprozess iwwerschafft.

An ech muss soen, datt ech awer virdrun dach zimlech erstaunt war, wéi ech vun engem fréiere Responsabelen an de Beräicher vu Landesplanung oder vun Transport héieren hunn oder d'Kritik hu misse lauschteren, onberechtegt Kritik, datt mir hei géife lues maachen an datt mir hei d'Saachen net géifen op d'Rei kréien.

Ech wëll nëmmen drun erënneren, datt eigentlech d'Plans sectoriels praktesch vun 2004 un zéng Joer an der Dunkelkammer diskutéiert gi sinn an datt do näischt geschitt ass, datt eigentlech wärend iwwer fënnef Joer praktesch gekaut ginn ass un engem neien Aménagement-du-territoires-Gesetz, wat mir du virfonnt hunn a wat awer elo net méi passt zu deem, wat hätt missen un d'Plans sectoriels ugepasst ginn. Also eigentlech och hei kann een eis net Saache virwerfen. Mir sinn am Fong geholl amgaangen, hei och Altlasten oder al Feeler ze redresséieren. A virun allem wëlle mir och hei komplett Transparenz doranner erabréngen.

An da muss een och kucken, an dat ass och dee richtege Wee, datt een op d'Dezentraliséierung geet. Ech begréissen duerfir, datt och eng Rei Initiative si vun der Regierung, fir zum Beispill d'Schoulinfrastrukture méi duerch d'Land ze verdeelen: eng op Wolz, eng op Déifferdeng, Munneref an esou weider. Dat ass och wichteg,...

Une voix.- Dat steet scho méi laang.

M. Eugène Berger *(DP)*.- ...datt een...

(Interruption)

Dat ass och wichteg, datt een also...

Une voix.- Munneref steet scho méi laang.

(Interruptions diverses)

M. Eugène Berger *(DP)*.- Jo.

Neen, mä einfach fir ze soen, datt awer déi Saachen iwwer Land verdeelt ginn.

(Brouhaha)

Et sinn der effektiv, déi scho stinn, mä datt awer dat weidergedriwwe gëtt. Datt och zum Beispill d'Unisaktivitéiten, datt déi um Belval weidergedriwwe ginn, an datt och de Premier jo ugekënnegt huet, datt nei - ech nennen et emol - Bürosinfrastrukturen, Aarbechtsinfrastrukture méi no un de Grenze solle verdeelt ginn. Ech mengen, dat ass och eng interessant Iwwerleeung eben, fir datt dann een net muss vun A op B queesch duerch d'Land fueren, fir op seng Aarbechtsplaz ze kommen.

A wat ech och begréissen an där ganzer Diskussioun, ass, datt och de Premier vum Tëleetravail geschwat huet, deen d'Regierung stäerke wëllt. Mir wëssen och, datt eng grouss Barrière vum Tëleetravail hautdesdaags d'Fro vun der Besteierung vun de Frontalieren am Fall vum Homeoffice ass. Also déi Froen do musse mer natierlech kucken a kucken, wéi mer déi och kënne schnell an effizient léisen.

Här President, zu engem anere Volet kommen ech dann, dat ass deen, dee fir mech, fir d'DP op alle Fall, mä ech mengen, och fir d'Leit hei am Land ganz wichteg ass, dat ass dee vun der Educatioun a vun den Zukunftschancë vun eise Kanner.

Ech hat schonn ufanks gesot: „Et bréngt näischt, Aarbechtsplazen ze schafen, wann et eis net geléngt, eis Kanner an eise Schoulen esou ze preparéieren, datt si och op déi Aarbechtsplaze kënne kommen, datt si en priorité emol déi Aarbechtsplaze kënne besetzen." Mir wëssen, och den Aarbechtsmarché, deen entwéckelt sech permanent weider. An duerfir mussen eis Jonk drop virbereet ginn, fir an där verännerter Aarbechtswelt kënnen ze bestoen. An ech mengen, et gëtt wierklech kaum e Land - wierklech kaum e Land! -, wou d'Erausfuerderungen un d'Enseignanten, un de Schoulsystem esou grouss si wéi bei eis!

De Premier huet haut de Moien d'Zuel genannt: Bal d'Halschent vun eise Schüler hunn net eis Mammesprooch, hunn eng aner Sprooch. Bal d'Halschent vun de Schüler kommen aus anere Kulturen, hunn aner Sproochenëmfelder. An ech mengen, dësen ënnerschiddleche Biografië vun all deene Kanner, déi bei eis dann an d'Schoul kommen, deene musse mer awer gerecht ginn, musse kucken, déi op en Nenner ze bréngen a jiddweree mat senge Stäerkte förderen. Jiddweree muss déiselwecht Startchancen an d'Liewe kréien.

A fir dat kënnen ze maachen, fir jiddwerengem déiselwecht Startchancen an d'Liewen ze ginn, duerfir setze mer och de Fokus op déi éischt

dräi Joer, déi Zäit virun der Aschoulung, well déi éischt dräi Joer, Liewensjoer, do deet sech immens vill bei de Kanner! Mir wëssen, jiddwereen, dee Kanner hat, huet, weess dat ganz genau.

Ech brauch elo net grouss Theorien aus der Entwécklungspsychologie ze zitéieren. Och muss ech net onbedéngt all meng Kenntnisser aus mengem fréiere Beruff huelen, mä mir wëssen alleguerten, dat ass einfach eng Erkenntnis, datt an deenen éischten dräi Joer bei der Entwécklung vum Mënsch, bei deene klenge Kanner immens vill wichteg Schaltere kënne geluecht ginn, an datt d'Kanner do och immens op sinn, fir kënnen ze léieren. Duerfir setze mer och den Akzent op d'Förderung bei deene Jéngsten.

Ech si jo och ëmmer erëm iwwerrascht, muss ech wierklech soen, wa Kriticken un der sougenanntener méisproocheger Kannerbetreiung kommen, aus e puer Ursaachen.

Déi Leit, déi dat elo kritiséieren, hu sech eigentlech virdru guer net dru gestéiert, wann een an d'Realitéit kucke gaangen ass, datt eigentlech do ganz oft méi Franséisch geschwat ginn ass wéi Lëtzebuergesch. A wat maache mir elo eigentlech? Mir soen: Elo muss och an de Crèchë Lëtzebuergesch geschwat ginn. Dat ass eigentlech dat, wat mer och wëllen.

Mä awer op där anerer Säit, doduerjer, datt mer do eng bilingual Kannerbetreiung maachen, gi mer de Kanner Chancen. Mir gi Chancen, mir notzen déi Facilitéiten, déi d'Kanner hunn, wa se ganz jonk sinn, fir d'Sproochen intuitiv, spillerësch opzehuelen. Mir notzen dat, fir datt d'Kanner eigentlech mat zwou Sproochen da kënne praktesch opwuessen, datt se an deenen zwou Sprooche sech doheem fillen. Dat ass eng Chance fir d'Kanner! Do verbaut een de Kanner eng Chance, wann een dat net wëllt akzeptéieren.

An ech kann och net akzeptéieren, wann dann hei - dat ass och schonn hei am Eescht ausgemaach ginn -, entgéint alle wëssenschaftlechen Erkenntnisser an awer och entgéint allen empireschen Erkenntnisser gesot gëtt, d'Kanner wieren net fäeg, am klengen Alter méi Sproochen opzehuelen. Dat ass einfach grondfalsch!

Eppes aneres, wat ech wéilt kloerstellen - well dat och elo déi eng oder aner Kéier dobausse scho gefaart gëtt -, dat ass, datt een elo dann, well mer soen, mir maache Fréifërderung vun de Kanner, do géif regelrechte Schoulunterrecht maachen, datt een d'Kanner géif iwwerfuerderen. Neen, dat ass et net, wat mer do wëlle maachen! Mir wëllen einfach d'Kanner lues un d'Schoul eruféieren, op eng spillerësch Aart a Weis, fir et emol esou ze soen, do déi Chancen notzen, wann d'Kanner ganz op si fir alles, fir datt dann, wa se an de Fondamental kommen, jiddwereen optimal Chancen huet, fir seng Schoulcarrière mat Erfolleg ze gestalten.

Et ass och richteg, datt mir dat net nei erfonnt hunn. Dat muss een unerkennen. Och ënnert der viregter Regierung, wou d'CSV responsabel war fir - ech soen emol - d'Kannerbetreiung, sinn eng ganz Rei Kannerbetreiungsplazen entstanen, ass dat gefërdert ginn. Den Ënnerscheed ass awer, datt do net ëmmer, oder datt eigentlech do net besonnesch op den Aspekt vun der Qualitéit gekuckt ginn ass. Et ass éischter d'Quantitéit gekuckt ginn. An dat ass jo eigentlech och do, wou mir elo aner Akzenter setzen, wou mer soen: Et ass wichteg, datt bei esou enger Fréifërderung och déi qualitativ Aspekter, déi pädagogesch Aspekter berücksichtegt ginn, datt déi am Vierdergrond musse stoen an datt d'Kanner also net nëmme versuergt ginn, mä datt se wierklech och gefërdert ginn.

Duerfir hu mer jo eng ganz Rei Initiative geholl. Den SNJ, dee wäert jo elo zweemol am Joer d'Crèchë kontrolléiere goen, fir ze kucken, wéi et mat der Qualitéit steet. Aus deem Grond wäert och d'Regierung nach eng Kéier 81 Milliounen an d'Kannerbetreiung investéieren. Si wäert och d'Ressourcë fir d'Personal, d'Zuel hunn ech elo net méi genau am Kapp, mä et ginn eng ganz, 10% geet d'Personal an deem Beräich erop, well mer wëllen, datt mer gutt Leit hunn, datt mer Educateuren, Educatricen hunn, déi genuch Zäit hunn, fir op déi individuell Besoine vun de Kanner anzegoen, fir eng optimal Betreiung kënnen ze garantéieren.

An ab Hierscht wäert jo dann och d'Kannerbetreiung, wärend de Schoulstonnen - datt do keng Konfusioun ass! - gratis sinn. Dat ass net nëmmen eng finanziell Entlaaschtung fir d'Kanner (veuillez lire: bei der Kannererzéiung), mä dat vereinfacht och sécherlech den Elteren hir Organisatioun vun hirem Alldag. An et muss ee jo soen, et ass jo eigentlech schéin ze gesinn, datt e Modell, deen et wéineg an Europa gëtt, datt déi Iddi vun der gratis Kannerbetreiung entre-temps och am Ausland, souguer a konservative Kreesser wéi der CSU, op gudde Buedem fält.

An ech mengen, Här Spautz, ech kucken elo op lech, vläicht inspiréiert dat d'CSV, déi sech jo nach ënnert dem Jean-Claude Juncker eigentlech wesentlech méi fortschrëttlech an dëser Fro gewisen hat. An ech hat virdrun och zitéiert, datt eigentlech 2008 dat schonn den deemolege Premier annoncéiert hat. Also d'CSU a Bayern, déi fënnt dat eigentlech och eng gutt Demarche, an ech wier frou, wann Dir eigentlech och géift do erëm op de richtege Wee kommen an dat och ënnerstëtzen.

Här President, ech ginn elo net weider op dee ganze Volet vun der Schoul an, well mäi Kolleeg, de Lex Delles, dee wäert muer do nach méi en détail op eng ganz Rei Saachen agoen.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Eugène Berger *(DP).*- En anere Volet, Här President, dat ass dee vun der Familljepolitik, dee schléisst sech natierlech un d'Educatiounspolitik un. Ech mengen, och do hu mer eng ganz Rei Decisioune geholl, déi am Sënn vun de Famillje sinn, am Sënn, datt ee Famill a Beruff besser kann ënner en Hutt bréngen. De Congé parental ass méi flexibel ginn, ass finanziell besser opgestallt, wat jo och grad soll d'Pappen encouragéieren, fir och méi Zäit de Kanner ze widmen. An haut de Moien hunn ech jo och héieren, datt sech praktesch d'Zuel vun de Congé-parentalle bei de Pappe verduebelt huet. Dat ass gutt. An ech mengen, d'Kannererzéiung ass jo eben och net just den Job vun der Mamm.

Mir hunn also och grouss Investitiounen an d'Kannerbetreiung gemaach. Firwat? Mä well mer einfach och eis Familljepolitik un déi gesellschaftlech Realitéite wëllen upassen. Mir wëssen haut, datt dräi vu véier Fraen aus hirem eegene Choix beruffstäteg sinn. Also soll een och déi Méiglechkeet schafen, fir dat awer kënnen zesumme mat der Famill ze kombinéieren.

An, wéi gesot, och elo wéi mat der Fréierzéiung: Ech bleiwen och hei an der Familljepolitik ëmmer erëm verwonnert iwwert d'Positioune vun der gréisster Oppositiounspartei an der Familljepolitik. D'CSV, déi fënnt, de Montant vum Congé parental wier ze héich; si wëllt dat erëm réckgängeg maachen, wann ech dat richteg verstinn. Si seet, d'gratis Kannerbetreiung wier schlecht, a wëllt dat och réckgängeg maachen. Si huet hei an der Chamber d'Qualitéitskritären an der Kannerbetreiung net matgestëmmt. Si huet d'Steiererliichterunge fir d'Privatstéit an och, wou mer bei der Steiererliichterung besonnesch fir d'Monoparentallen eppes gemaach hunn a fir déi jonk Familljen, net matgestëmmt. Dat si jo eigentlech alles Positioune géint d'Famill!

An ech wier frou, dann ze héieren, vläicht méi spéit héiere mer dat da muer, wat d'CSV dann eigentlech fir d'Famill wéilt maachen. Bis elo huet se an hire Votten an an hirer Positioun eigentlech ëmmer nëmme géint d'Famill geschwat.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Da musst Der d'Madamm Hetto liesen!

(Interruptions diverses)

M. Eugène Berger *(DP).*- Wann ech Familljen...

Genau, genau, Här Spautz, ech kann nach eng Kéier einfach nëmmen dat opzielen, wat Der bis elo net matgestëmmt hutt an der Familljepolitik oder wou Der gesot hutt, wat Der alles nees géift réckgängeg maachen, wou Der géift e Gank no hanne goen. Mä Dir hutt awer net gesot, wat Der géift Positives fir d'Famillje maachen.

Wann Der och vun der Madamm Hetto schwätzt, ech kann drun erënneren, wat se gesot huet, ech mengen, et war d'lescht Joer am Kader vun der Fréibetreiung, datt do d'Kanner eigentlech éischter géife riskéieren traumatiséiert ze ginn, wéi datt se do gefërdert géife ginn. Dat kann ee jo och alles noliesen.

(Interruptions diverses)

Här President, wann ech vu familljefrëndlecher Politik schwätzen, da muss ee sech och Gedanke maachen zur Aarbechtspolitik, well ee jo haut ëmmer méi kuckt, Familljepolitik an Aarbecht oder Famill an Aarbecht kënnen ënner een Hutt ze bréngen. An duerfir musse mer nodenken iwwer flexibel Aarbechtszäiten, den Homeoffice - hat ech scho gesot - an all aner Méiglechkeeten. An do bleift sécherlech nach Sputt no uewen. Ech mengen, do solle mer zesumme mat de Sozialpartner kucken iwwer nei Modeller nozedenken.

Bon, Här President, ech kommen natierlech och net derlaanscht, iwwert de Logement ze schwätzen, ee vun deene Sujeten, déi jo och e wichtegen Deel vun der Ried vum Premier waren, mä deen awer net nëmmen haut, mä och an deene leschten Deeg, wann een esou gelies huet, dann nach eng Kéier vill diskutéiert ginn ass.

Et ass kloer: Bezuelbare Wunnraum ass a bleift eng vun deene gréissten Erausfuerderungen hei am Land! Si ass och net nei. A mir hunn och net gesot, datt mer dat an engem Dag géife mat engem Zauberstaf kënnen alles guttmaachen, wat an deene leschten 20, 30 Joer net richteg gelaf ass. Dat hu mer guer net gesot!

Mä wat hu mer gemaach? Mir hunn d'Äerm héichgestréppt - de Logementsminister, d'Regierung - a gekuckt, fir awer emol konkret mat enger Rei Mesuren unzefänken! Et ass jo awer scho speziell, datt d'CSV, déi jo awer, ech mengen, wärend Jorzéngten do och deen Dossier an hire Kompetenzen hat, datt déi bis dohinner oder bis 2013 eigentlech - ech géif scho bal soen - d'Rou ewech hat. A knapps si se elo an der Oppositioun, kritiséiere se da ganz vill.

Dat ass jo schéin a gutt. Ech mengen, dat ass d'normaalt Spill vun der Oppositioun. Mä da wann ech gelift net nëmme kritiséieren, mä och soe konkret, wat een da géif aneschters maachen! Ech mengen och…

M. Marc Lies *(CSV).*- Wou bleift déi Wunnengsbauoffensiv dann?

(Interruptions diverses)

M. Eugène Berger *(DP).*- Do hunn ech haut, wéi bei villen aneren Dossieren, guer keng konkret Äntwerten héieren.

Nach eng Kéier, ech hu gesot, et kann een net vun haut op muer do alles nei maachen a wierklech d'Solution miracle hunn. Mä mir beméien eis! Mir beméien eis. Mir maache konkret,...

Une voix.- Wéi déi aner virdrun!

M. Eugène Berger *(DP).*- ...mir maache konkret, eng ganz Rei konkret Mesuren. Ech wëll se net nach eng Kéier all widderhuelen.

M. Félix Eischen *(CSV).*- Dat huet dach näischt mat Regierungspolitik ze dinn!

(Interruption)

M. Eugène Berger *(DP).*- Dach, dat huet eppes mat enger Politik a mat enger Regierung ze dinn, wann ee konkret Mesuren hëlt! Wat fir eng Mesuren hu mer geholl, déi mer elo versichen ëmzesetzen? Subvention de loyer ass eng. D'accord, déi war scho virdrun ugeduecht, mä dat ass awer net déi eenzeg, déi mer...

Une voix.- Aah!

(Interruptions)

M. Eugène Berger *(DP).*- Neen, dat ass net déi eenzeg, déi mer gemaach hunn! Wann ech gelift, mir hunn...

(Interruption)

Mir hunn eng Rei Mesuren am Beräich vun der Steierreform geholl, obschonn Dir déi net matgestëmmt hutt, de quart Taux, fir d'Offer...

(Interruptions diverses)

M. Félix Eischen *(CSV).*- D'TVA an d'Luucht gesat fir d'Wunnengen!

M. Eugène Berger *(DP).*- …ze erhéijen, d'Abattementer, wann ee wëllt en Eegenheem hunn. Mir hunn elo de Baulückeprogramm an de Baulandvertrag gekuckt, fir deen ze finaliséieren, fir sécherzestellen, datt, wann een nei Terrainen huet, déi och esou schnell wéi méiglech ënner ganz präzise Konditioune kënne valoriséiert ginn.

Mir hunn eng ganz Rei Projeten - et ass rieds gaange vum Kierchbierg plus all deenen op de Friches industrielles -, déi mer ugeleiert hunn. Mir sinn eis bewosst, datt dat net vun engem Dag op deen anere kann ëmgesat ginn. Et sinn eng ganz Rei Akteuren, déi do musse matspillen, mä mir hunn awer d'Rad un d'Rulle bruecht.

Mir hunn de Fonds du logement reorganiséiert, dee jo grad am Beräich vun de locativë Wunnenge soll méi bauen. Mir hunn och d'Effikasitéit vun der SNHBM kënnen an d'Luucht setzen. Ronn 230 Wunnengen hunn déi d'lescht Joer gebaut, a fir dëst Joer si se amgaangen, der 250 ze bauen. Dat ass awer trotzdeem eng Verdräifachung bannent zwee Joer. Dat sinn awer konkret Aktiounen, konkret Emsetzungen, déi gemaach ginn. Ech hu vu grousse Wunnprojete geschwat am Süden, Laminoir Diddeleng, wou 700 bis 800 Wunnunitéite solle kommen.

M. Marc Spautz *(CSV).*-...zéng Joer laang, zéng Joer!

M. Eugène Berger *(DP).*- Am Norden...

(Interruption par M. Marc Spautz)

Jo, an duerfir si mir amgaangen elo ëmzesetzen! Dir hutt zéng Joer laang dovunner vläicht geschwat, mir setzen et elo ëm.

(Brouhaha)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Wou ass de PAP?

(Interruptions diverses)

M. Eugène Berger *(DP).*- Et ass richteg, Här President, dat soen ech och nach eng Kéier, datt do eng ganz Rei Akteure sinn, déi ee muss zesummekréien, an dat ass dat, wat mir elo maachen. A wann een d'Zuel ebe vun deene Wunnenge kuckt, déi awer elo schonn ënnert der Regie vun der Regierung mat hiren Akteure gemaach ginn ass, dann ass do awer wierklech schonn e groussen...

M. Félix Eischen *(CSV).*- Här Berger, dat sinn d'Gemengen, pardon!

M. Eugène Berger *(DP).*- Ech mengen, den Här Eischen wëllt sech androen, fir och zur Logementspolitik ze schwätzen.

Une voix.- Besonnesch iwwert d'TVA, déi Der am Wahlprogramm hat, besonnesch iwwert d'TVA!

(Brouhaha)

M. Eugène Berger *(DP).*- Da kann en eis Solutioune presentéieren, déi d'CSV déi lescht 20 Joer net...

M. Félix Eischen *(CSV).*- Entschëllegt, Här Berger, dat sinn d'Gemengen!

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleegen, elo geet et erëm ziviliséiert hei zou!

(Brouhaha)

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- A just den Här Berger huet d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift, e brauch keng Echoen.

(Interruptions diverses)

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President, ech hunn einfach...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Loosst lech elo net méi beieren, Här Berger, fuert derduerch!

M. Eugène Berger *(DP).*- Ech loosse mech net beieren. Ech hu just gemierkt, datt déi gréisst Oppositiounspartei ganz nervös ginn ass, wéi ech gesot hunn, datt mir endlech géifen eppes am Logement maachen!

Här President, nach vläicht kuerz een, zwee aner Voleten. Ech mengen, een Aspekt, dat ass elo en anere Beräich, dat ass dee vun der sozialer Kohäsioun, vun der Integratioun. Ech wéilt vläicht kuerz drun erënneren, et ass nach net esou laang hier, datt mer hei an der Chamber en Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch presentéiert hunn, dee jo awer och vun enger Rei vun Experte wéi dem Lex Roth vill Luef krut.

Ech mengen eben, datt mer och do, wou d'Regierung kuckt, datt mer de Stellewäert vun eiser Sprooch verstäerken, d'Norméierung, de Gebrauch iwwer eis Sprooch virundreiwen, d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur förderen. Bref, datt also och d'Lëtzebuerger Sprooch eis wichteg ass an datt mer doduerjer en Aktiounsplang gemaach hunn an datt deen och wäert zur Integratioun an zur sozialer Kohäsioun bäidroen.

Zum Schluss vläicht och nach kuerz e Wuert, wann ech bei Kohäsioun sinn, net nëmmen där nationaler Kohäsioun, mä där europäescher, där internationaler Kohäsioun. Ech mengen, grad als e Land, ech soen, jo, e klengt Land, wat international, esou wéi Lëtzebuerg sech heterogen zesummesetzt an dat awer och ganz vill vu sengen Nopeschlänner, net ofhänkt, awer ganz vill a Relatioun ass mat sengen Nopeschlänner, ass et wichteg, datt ee kuckt, wéi een an der Regioun, an der Groussregioun, an Europa weider fonctionnéiert, besonnesch an dëse politesch mouvementéierten Zäiten.

Mir wëllen nëmmen nach eng Kéier drun erënneren, leschte Sonnden hate mer jo an engem vun eise wichtegen Nopeschlänner eng éischt Ronn bei de Presidentschaftswahlen. An deen Ausgang do ass jo eigentlech awer historesch.

Firwat? Well do zwou grouss etabléiert Parteien oder Mouvementer, déi eng konservativ, déi aner sozialistesch, nom éischten Tour net méi an der Course sinn. Ech mengen, dat ass schonn eppes, wou sech déi grouss etabléiert Parteie musse Froe stellen, firwat datt se de Bierger net méi erreeche kënnen, firwat datt se keng Rezepter hunn oder ubidde kënne fir déi grouss Erausfuerderungen. Ech mengen, wann ech zesummerechnen, 40% vun de Wieler hunn a Frankräich extrem, lénks- oder rietsextrem populistesch Kandidate gewielt. Ech mengen, dat muss awer schonn, 40%, eng Zuel sinn, déi Suerge muss maachen.

An et muss ee soen, d'Wahlen hunn elo mat engem sozialliberale Kandidat, dem Emmanuel Macron, awer och e Liichtbléck ervirbruecht. An ech hoffen, mir hoffen alleguerten, datt en dann de 7. Mee net nëmme gewielt gëtt, mä datt en et dann awer och fäerdegbréngt, fir e gespléckt Land erëm zesummenzeféieren, an datt och da kënnen déi néideg Reforme gemaach ginn. Ech wënschen op alle Fall dem Emmanuel Macron vill Succès an datt dat dann och de 7. Mee wäert klappen.

Wat ech einfach wëll awer soen, Här President, zum Ofschloss vun deem Volet: D'Regierung ass sech bewosst, datt mer op villen Niveauen op déi international Partner ugewise sinn, sief dat an der Groussregioun, sief dat an der EU oder awer op dem internationale Parkett. Dat sinn net nëmmen Handelspartner, mä dat sinn och Partner a ganz vill aneren Aspekter. An ech mengen, et muss eis dru geleeë sinn als ee vun de sechs Grënnungsmembere vun der Europäescher Unioun, datt mer net alles elo an den nächste Jore verléieren, wat mer a 60 Joer zesummen opgebaut hunn, all déi Wäerter virun allem, déi mer och do opgebaut hunn.

Duerfir ass et och wichteg, datt mer eis seriö a konstruktiv mat deene Froen ausenanersetze respektiv Äntwerte ginn op déi Froen, déi d'Europäesch Kommissioun gestallt huet an hirem Wäissbuch.

An ech mengen och, et ass esou, datt mer als Akteur op der internationaler Zeen och net nëmme solle kucken no Benefisser ze sichen, ëmmer nëmme kucken, wat mer dovunner hunn, mä als Akteur op enger internationaler Zeen hu mer och Flichten. An ech mengen, och dëse Rôle hëlt d'Regierung ganz eescht, sief et duerch Ophuele vun Demandeurs de protection internationale, sief et duerch eis Kooperatiounspolitik, sief et nach, datt mer versichen, Afloss a wichtegen Organisatioune wéi dem Conseil de l'Europa oder der UNO ze huelen.

Einfach nëmme fir ze soen, wann ee vun engem État de la nation schwätzt, kucke mer natierlech ëmmer, hu mer de Bléckwénkel op déi Aspekter hei zu Lëtzebuerg. Ech wollt awer och drun erënneren, datt een och muss bei esou engem État de la nation de Bléck doriwwer eraus hunn, well awer déi Relatiounen an déi Aufgaben a Flichten och ganz wichteg sinn, fir datt dat e Ganzt ausmécht.

Här President, ech kommen dann zum Schluss. Ech hunn elo sécher net all Aspekter abordéiert. Meng Fraktiounskolleege wäerten nach op déi eng oder aner Aspekter agoen. Ech hunn der e puer ervirgestrach, déi eis besonnesch wichteg schénge beim Zoustand vum État de la nation, besonnesch och an dësen Zäiten. Dat waren d'Educatioun, d'Mobilitéit, d'Förderung vun de Kanner, d'Diversifikatioun vun der Ekonomie.

Ech mengen hei awer, wéi a villen anere wichtege Fäll, kann een eent feststellen, dat ass, datt d'Regierung net nëmme kuckt, fir datt et haut fonctionnéiert, fir datt et haut dem Land a jiddwerengem am Land gutt oder besser geet, mä déi Politik ass drop ausgeriicht - an dat gesäit ee jo och bei der Finanzpolitik, bei der Wirtschaftspolitik -, fir datt jiddwereen och Zukunftschancë gebuede kritt.

Eis Politik ass also drop ausgeriicht, datt et eis och nach muer an iwwermuer gutt wäert a soll goen. An dat ass duerfir fir eis eng wäitsiichteg, eng nohalteg Politik fir haut a fir déi zukünfteg Generatiounen. An duerfir kann ech soen, datt mir, datt d'Demokratesch Partei op alle Fall voll a ganz hannert dëser Politik steet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Berger. An nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Viviane Loschetter fir déi gréng.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Voilà, ech traue mech bal net drunzegoen, Här President.

Sou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat, firwat mir am Dezember 2013 ugetruede sinn, dat fanne mer haut zu engem gudden Deel an onsem Alldag an dësem Land schonns erëm. D'Bild vum Land verännert sech, engersäits duerch déi strukturell Reformen an anerersäits awer och duerch déi gesellschaftspolitesch Reformen; strukturell Reformen duerch déi héich wirtschaftlech Investitiounen, duerch eng konsequent an ofgestëmmte Landesplanung, duerch d'Entwécklung an der Mobilitéitsoffer, duerch déi héich Investissementer a klima- an ëmweltpolitesch Projeten - d'Zuelen, déi de Moien an de Mëtteg presentéiert gi si vun de Membere vun der Regierung, beweisen dat onmëssverständlech: eng Verduebelung, voire souguer eng Verdräifachung par rapport zu 2013.

Gesellschaftspolitesch Reformen, fir der just nëmmen e puer ze nennen, wéi dat neit Nationalitéitegesetz; d'Depenaliséierung vum Avortement; de Mariage an d'Adoptioun pour tous; de Congé parental; den Dialogue social; de REVIS; eng Reform vum Kannergeld gekoppelt un eng ambitiéis a qualitativ héichwäerteg Offer en nature fir all Kand, déi fir eng effektiv Förderung vun der Chancëgläichheet wäert suergen; de Juge aux affaires familiales; eng méi sozial gerecht Verdeelung vun den Transfert-sociallen; eng Steierreform, déi de gesellschaftspolitesche a wirtschaftlechen Erausfuerderunge Rechnung dréit an en Ufank vun enger neier Approche duerstellt mat hiren ekologesche Lenkungsmoossnamen; Green Finance; wirtschaftlech Aspekter wéi Ënnerstëtzung vu Startuppen an eng reell Förderung vun der Representativitéit vun de Fraen an der Politik duerch eng verbindlech Quoteregelung; eng Trennung respektiv eng méi gerecht a méi representativ nei Relatioun tëschent Kierch a Stat.

Dir gesitt, Här President, ech hu scho bal iwwer eng Minutt gebraucht, fir just nëmmen e puer Beispiller ze nenne vun de geleeschte Reformen, vun der geleeschter Regierungsaarbecht.

Dat, firwat mir, déi dräi Koalitiounsparteien, am Dezember 2013 stoungen, gëtt ëmgesat, konsequent a mat Engagement an och mat politeschem Courage, well politesch Reforme brauche politesche Courage. A politesch Reformen, et kann ee se approuvéieren oder et kann ee se och manner approuvéieren, mä politesch Reformen huet dës Majoritéit säit ufanks 2014 eng ganz Rei konsequent ëmgesat; ëmgesat, wéi gesot, wéi mir et zesummen am Koalitiounsprogramm festgehalen hunn.

Ech kommen e bësse méi spéit a méi am Detail nach op eise Koalitiounsprogramm zréck an op dat, wat bis elo geschitt ass a wat nach wäert geschéien. Dat ass e bëssen dat, wat mer haut a muer sollte maachen. Mä ech denken, fir komplett ze sinn, muss ech kuerz op virun 2013 zréckgoen. Eendeiteg a kloer formuléiert vun der Zivillgesellschaft, vu Patronat bis Salariat ass d'Erkenntnis, datt mer ufanks 2014, wéi déi blo-rout-gréng Majoritéit ugetrueden ass, an engem enorme Reformstau stoungen. An dat soen net ech, dat soen net mir, dat soen d'Force-viven!

(Interruption)

An dësen onrouegen Zäiten, déi definitiv bei der Finanzkris 2008 ugefaangen hunn, war et kloer, datt net méi alles esou kéint bleiwen, wéi et ëmmer war, an datt och net méi alles erëm géif ginn, wéi et ëmmer war. An et wier genau do de Moment gewiescht, 2009 spéitstens, fir sech och finanziell nohalteg ze organiséieren an iwwert den Tellerrand vun enger Legislaturperiod eraus ze denken.

Ënner anerem wier spéitstens schonn de Moment gewiescht am Joer 2009 - jo, an engem Wahljoer -, fir aner Weeër anzeschloen, fir sech der neier an irremediabeler Situatioun unzepassen an d'Zukunft virzebereeden. Verschiddener hunn dat „de séchere Wee" genannt am Joer 2009. E Slogan, deen iwwregens Gehéier fonnt huet, well d'Leit zu deem Zäitpunkt Sécherheet gebraucht hunn, zu Lëtzebuerg an iwwregens och an der ganzer EU an doriwwer eraus.

Wann d'Welt ännert, wann d'Ëmfeld ännert, an domadder och den Alldag an och déi gewinnte Gebuergenheet gerëselt gëtt, wann ee konfrontéiert gëtt mat enger Finanzkris, déi duerno zu enger Wirtschaftskris a schliisslech zu enger Sozialkris an Europa féiert, jo, da gëtt et Ursaach, fir sech net nëmme Gedanken ze maachen, mä och Suergen ze maachen!

Grad an esou engem Moment ass et wichteg, fir eng éierlech Duerstellung vun der Situatioun ze skizzéieren, fir sech den Erausfuerderungen ze stellen, fir ze erklären a fir Alternativen ze proposéieren, fir déi ze diskutéiere mat de Leit, mat de Forces vives, fir no vir ze kucken an ze anticipéieren, jo, fir souguer d'Pretentioun ze hunn, kënnen als klengt Land Virreider ze sinn oder ze ginn.

Wat ännert sech? A wéi kënne mer drop reagéieren? Wéi kënne mer ons opstellen, fir op déi wirtschaftlech, déi sozial, awer och déi ëmweltpolitesch riseg Erausfuerderungen eng Äntwert ze entwéckelen? „De séchere Wee" wier an onsen Aen en neie Wee gewiescht, e Wee an d'Zukunft, e Wee fir déi nächst Generatioune vun onsem Land.

Et ass awer anescht gaangen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären,…

(Brouhaha)

Ech maache just eng kleng Paus, well et stéiert mech e bëssen.

Et ass awer anescht gaangen...

(Interruption par la présidence)

Jo!

(Hilarité générale)

Une voix.- Mir hunn eis zréckgehalen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mir hunn eis zréckgehalen. Et ass awer anescht gaangen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well vun 2009 bis 2013 war hei am Land an der politescher Majoritéit „business as usual", wann iwwerhaapt „business" war. D'Situatioun ass verkannt ginn. De Réckstand vun den noutwendege Reformen ass gewuess. Déi soi-disant Tiräng, déi voll waren ufanks 2014, esou behaapten et jo déi fréier Verantwortlech notamment vun der CSV, sinn de beschte Bewäis derfir.

De Leit am Land ass e séchere Wee versprach ginn. Mä wat d'Land kritt huet, wärend véier an engem hallwe Joer, war e Status quo a ville wichtege Beräicher, ebe wéi Landesplanung, Budgetspolitik, Familljepolitik, Logementspolitik, Innenpolitik, fir nëmmen déi wichteg Schlësselressorten ze nennen, a mat deem Status quo eng onverzeilech verpasste Chance an eng Zäitverschwendung, déi, an dat musse mer wuel haut och zouginn - vläicht alleguerten -, déi schwiereg ass - haut nach! - eranzehuelen.

Elo kann ee mat dem Regierungsprogramm oder engem Deel dovunner averstane sinn oder och net. Mir Gréng kennen dës kritesch Approche aus der Oppositioun zu engem Regierungsprogramm.

Ech muss awer éierlech zouginn, datt et eis als Gréng an der Oppositioun nach ni virkomm ass, en bloc alles schlecht ze fannen! Duerfir hate mir och ëmmer eng differenzéiert Approche an hunn eis mat der Thematik beschäftegt a gegebenenfalls Politicke matgedroen, déi mir sënnvoll, déi mir richteg oder akzeptabel fonnt hunn. A wann net, hu mir eis ëmmer verflicht gefillt, ons eegen Alternativen ze ënnerbreeden. An duerfir versti mir och, elo wou d'Rollen inverséiert sinn, datt déi nei Oppositiounspartei, déi jorzéngtelaang d'Regierung ugefouert huet, ka kritesch zu eise Politicke sinn, voire net d'accord ka si mat onse Virschléi.

Et ass jo och esou, datt d'Majoritéit automatesch d'Richtegkeet jo och net gepacht huet, deemools net, an haut och net. Mir verstinn allerdéngs vill manner, datt se systematesch alles schlecht fënnt. A mir versti guer net, datt si allen Eeschts verkënnegt, si géif, wa se dann erëm zréck an d'Regierung kënnt, - entre guillemets - „alles réckgängeg" maachen.

Datt et aus onser Siicht esou wéineg...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wou hu mer dat da gesot?

Une voix.- An der Familljepolitik.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dir musst awer...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- A méi wéi der Familljepolitik, méi wéi der Familljepolitik!

(Interruption)

Datt et esou wéineg Asiicht gëtt op deem Punkt, datt dëst Land Reforme brauch, fir kënne fir d'Zukunft sech nohalteg ze entwéckelen, ass eigentlech onverständlech!

A wat eis am meeschte feelt, an ech ralliéiere mech e bëssen der Demande vu mengem Kolleeg Bodry, wat eis am meeschte feelt, och heibannen an der Chamber bei onse politeschen Debatten, dat sinn d'Alternativen, konkret an ëmsetzbar Alternative vun der Oppositioun.

Setzt ons déi, wann ech gelift, géigeniwwer, fir datt mer endlech hei kënnen eng interessant an eng kontrovers Debatt féieren, eng inhaltlech Debatt! Well d'Bierger an d'Biergerinnen, déi brauchen déi Debatt, fir sech weiderhin nach un der Politik ze interesséieren. Et ginn eng Rei Politicken, an de Premier huet et de Moien och kloer skizzéiert, déi schwiereg sinn oder déi nach ëmmer schwiereg sinn, wéi zum Beispill de Logement oder d'Bekämpfung vun der Aarmut respektiv vum Aarmutsrisiko.

Fir awer dann, ouni mat der Wimper ze zucken, dëser Majoritéit alles a säi Contraire ze reprochéieren, do, wou ee selwer jorzéngtelaang Schwieregkeeten hat, wou et schwéier war, ass d'Wourecht engersäits an d'Erausfuerderungen anerersäits vun dësem Land bewosst verkennen ze wëllen. D'Alternativ ka sech net resümiéieren, fir alles oder villes réckgängeg ze maachen.

Kommt, mir schwätzen emol iwwert d'Reforme vun dësen dräi leschte Joren! An ech géif ganz gären ufänke bei der Aart a Weis vum Zesummeschaffe vun dëser Majoritéit, déi iwwregens ganz gutt nach ëmmer zesummeschafft.

(Interruption)

Ech nennen nëmmen dräi Beispiller, dräi vu ville Beispiller, an dann eben och stellvertriedend fir dës Majoritéit, iwwert d'Aart a Weis vum Zesummeschaffen, an déi virun 2013 ondenkbar waren.

Éischtens, dës Regierung huet et dunn endlech fäerdegbruecht, en RMGs-Gesetz ze reforméieren, andeem interministeriell tëschent Aarbechts- a Familljeministère respektiv Aarbechts- a Familljeministeren zesummegeschafft ginn ass, op Initiativ vun dësen zwee Ministeren, a mir hunn duerfir elo haut e Projet de loi, genannt REVIS, virleien, wou déi riets Hand weess, wat déi lénks mécht!

Zweet Beispill, datt eng eminent, an dat ass schonn hei e puermol gelueft ginn, eminent wichteg gesellschaftspolitesch Reform, wéi d'Nationalitéitegesetz eng ass, am Virfeld mat alle Fraktiounen a Sensibilitéiten zesummen diskutéiert an am Konsens ausgeschafft konnt ginn. An duerfir sollte mer eis alleguerte Merci soen!

Drëtte Punkt, d'Planung vun eisem Land mam Programme directeur Landesplanung. Nieft den Aarbechtsgruppen, wou déi üüblech Forces vives dra wäerte vertruede sinn, ginn am Hierscht nach zousätzlech Aarbechtsgruppen an d'Liewe geruff, wou d'Bierger an d'Biergerinnen - 200 Stéck - wäerte kënnen aktiv mat participéieren op véier verschiddene Plazen hei am Land. Hei gëtt sech déi Zäit geholl, déi et erméiglecht, am Dialog mat de Leit un der Zukunft vun hirem Land ze schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, där Beispiller iwwert déi nei Form vun Zesummenaarbecht ginn et der vill. Et gëtt just net driwwer geschwat. Dat ass eng Form vun - ech zitéieren - „d'Fënstere grouss oprappen", eng Ausso, déi dës Majoritéit jo oft an de Mond geluecht kritt huet.

Abee, dat do gehéiert dozou.

(Interruption)

Genau, dat do gehéiert dozou.

Mä zum Inhalt vun de Reformen. Et ass kloer, datt mer Zäit verluer hunn, an déi hu mer verluer, well ebe contrairement zu deem, wat ëmmer an der Oppositiounsbänk behaapt gëtt, bäi Wäitem net alles prett war. Heizou och e puer Beispiller. An ech komme gären nach eemol op d'Landesplanung an d'Mobilitéit ze schwätzen, well dat ass vläicht deen offensichtlechste Reformstau.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- En total iwwerschaffte Landesplanungsprojet an total iwwerschaffte Plan-sectoriellen, kohärent openeen an ënnereneen ofgestëmmt an Zesummenaarbecht mat deene verschiddene Ressortministèren, mat de Gemengen, sprëch Syvicol, sinn um Instanzewee a wäerten och nach dëst Joer verschafft ginn. Dëst ass eng Schlëssselreform, fir d'Organisatioun vun dësem Land iwwerhaapt ze gestalten a mat Inhalt ze fëllen. De Raster steet elo.

Jo, et huet eben dann dräi Joer gebraucht. Souwuel d'Landesplanung wéi och d'Plan-sectoriellen, déi sech drop praffen, hu missen nei iwwerschafft ginn, well esou wéi se virloungen, esou wéi se eigentlech do waren, ware se net ëmsetzbar.

An, jo, sech mat de Leit a mat de Gemengeresponsabel zesummenzesetzen an hir Doleancen a Suggestiounen eescht ze huelen, kascht och Zäit, gutt investéiert Zäit am Virfeld, wat schlecht investéiert Zäit duerno vermeit.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- D'Diskussioun ronderëm, wou a wéi eng Regioun oder Gemeng soll wuessen oder net wuessen, ass keng einfach. Eng effikass Dezentraliséierung vun den ekonomeschen Zentren ze gestalten, huet als Zweck an Zil, fir d'Wunnen an d'Schaffe méi no oder erëm méi no beieneen ze bréngen an d'Liewensqualitéit ze förderen.

D'Diskussioun an duerno d'Konklusiounen zéien an Decisiounen huele geet net ouni Iwwerzeegung a politesche Courage. A virun allem: Esou wichteg Decisioune kënne mer nëmmen, kënnen och nëmme geholl ginn, wann een iwwert den Tellerrand vun der nächster Legislaturperiod kuckt. Anescht ass dëst iwwerhaapt net méiglech. D'Landesplanung an d'Plan-sectoriellen «Transports», «Logement», «Paysages» an «Activités économiques» sinn awer och d'Viraussetzung, fir d'Organisatioun vun dëser Gesellschaft fir déi nächst Generatiounen ze gestalten.

Mir sinn nääämlech an enger Ära ukomm, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wou mer ons vun enger Gesellschaftsorganisatioun, ewéi se bis elo bestanen huet, lues awer sécher verabschiden. Ob mer dat gutt fannen oder manner gutt fannen, musse mir och hei zu Lëtze-

buerg ons mat deenen neie Phenomeene vu Globaliséierung, vun Digitaliséierung, neie Forme vun Aarbecht an Aarbechtsgestaltung, neie sozial- mä och klimapoliteschen Erausfuerderungen net nëmme beschäftegen, mä och aktiv a kreativ dës Gesellschaftswandlung politesch begleeden a souguer anticipéieren.

De Raster, deen d'Etüd genannt Rifkin duerstellt an deen notamment mat de Forces vives, mat de Leit och erstallt ginn ass, ass an eisen Aen zumindest e wonnerbaren Ausgangspunkt. Mä et ass effektiv just en Ausgangspunkt. D'Erausfuerderunge sti kloer do. Eigentlech ware se scho bekannt, mä net benannt oder net genuch benannt. De Premier huet et de Moien a senger Ried gutt skizzéiert.

Dësen Ausgangspunkt gëtt elo, zesumme mat de Bierger a Biergerinnen, mat Inhalt gefëllt, mat Iddie gefëllt, mat Revendicatioune gefëllt - vläicht och! -, aus deenen dann d'Politicken erstallt ginn. An do ass mat Sécherheet, vu datt d'Leit mat dru bedeelegt ginn, d'Forces de la nation dru bedeelegt sinn, do ass keng Plaz méi fir Tabuen an och keng Méiglechkeet, méi schwiereg Themen ze ignoréieren, an dat ass och gutt esou.

Mir op alle Fall, mir erwaarden eis e konstruktiven a breet gefächerten Input aus dësem Exercice. Dat ass fir ons de séchere Wee, dee Wee, dee mer net passiv erdroen, mä dee mer aktiv gestalten. An dat mécht dës Majoritéit, dës Regierung roueg, effikass a konsequent.

Här President, am Kontext vun der Analys vum Semestre européen hate mer och dëst Joer erëm d'Geleeënheet, mat de Vertrieder vun der Kommissioun zesummenzekommen. Den Här Paquet, Directeur adjoint (veuillez lire: Secrétaire général adjoint) vun der Kommissioun en charge vun der Analys a vun der Evaluatioun vum Semestre européen, huet eis e ganz interessante Feedback gi vun der Lëtzebuerger Initiativ ronderëm dëse Rifkin-Rapport an dat, wat d'Regierung elo domadder wëllt maachen.

Et stëmmt och, dat gi mir jo och éierlech zou, et stëmmt och, datt ons Finanze gesond sinn. Déi éischt Mesuren, déi dës Regierung a Saache Budget geholl huet, ware vläicht net esou populär, mä noutwendeg a richteg, wéi et sech elo erausgestallt huet, net nëmme fir den Zukunftspak, mä och fir den Impôt d'équilibrage budgétaire temporaire.

Dësen Exercice huet dozou notamment genotzt, fir e Screening duerch d'Ausgaben ze maachen, fir sech nei ze orientéieren, fir differenzéiert mam Budget ëmzegoen. Et huet eiser Regierung erlaabt, de Budget ze konsolidéieren,...

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- ... andeems virprogramméiert déck Lächer am Budget konnten assuméiert ginn. Datt ons Finanze gutt sinn, seet eigentlech dës Majoritéit am mannsten oft. Et si spezialiséiert Institutioune wéi d'OECD, wéi den FMI oder d'Europäesch Kommissioun, déi dat soen, iwwert de Biais vum Semestre européen notamment, déi ons dat bestätegen. An doriwwer schwätze mer jo och haut, mat de Chiffres à l'appui. An net zulescht och d'Investisseuren, déi soss net hei wieren.

Datt mer eng Schold hunn, déi wuel an absolutten Zuele liicht uwiisst, mä am Kontext kaum variéiert, doduerch, datt mer e PIB hunn, deen iwwert déi nächst Jore stabill bleift, doduerch, datt mer onsen OMT, onsen Objectif à moyen terme anhalen, doduerch, datt mer onse Prozentsaz bei der Schold tëschent 22% a 24% halen, also wäit ënnert där ons vun ons selwer virgeschriwwener Limitt vun 30%, a vun där vun der EU-virgeschriwwener Limitt vu 60% guer net ze schwätzen.

An duerfir, Här President, mir hunn eng gutt Finanzlag a mir hunn eng gutt Wirtschaftssituatioun, déi onse PIB ganz gutt placéiert notamment am europäeschen Ëmfeld. A mir schafen Aarbechtsplazen, well den Emploi geet kontinuéierlech erop.

Mir hunn also all Instrument an der Hand, fir onst Land gutt a gesond ze strukturéieren, fir an dat ze investéieren, wat onst Land brauch, fir sech sozial, fir sech ekonomesch an ekologesch fir déi nächst Generatiounen opzestellen.

An d'Investissementer sinn enorm! E Plus vun 13% fir 2017 ass virgesinn. A bis 2021 geet de Montant vun den Investissements publics kontinuéierlech an d'Luucht. Et ass also net esou, datt keen Investissement fir déi Joren 2020 an 2021 programméiert wär. Deen ass do matprogramméiert.

Mir investéieren an onst Land. Mir huelen de Retard op an alle Beräicher. A mir investéieren elo emol virun allem an déi Beräicher, wou den Nachholbedarf am gréissten ass. Vun 241 Milliounen am Joer 2013 op 617 Milliounen haut geet an den nächste Joren de Budget fir d'Ëmwelt- a Klimaprojeten erop.

(Interruption)

Mir hunn an deene leschte Joren esou vill Wandmillen opgeriicht, wéi déi zéng lescht Joer zesummen net geschitt ass. Mir kënnen haut fir d'Éischt emol soen, datt mer eis Klimaverflichtunge wäerte kënnen anhalen. D'CO_2-Reduktioune ginn erof (veuillez lire: Den CO_2-Ausstouss geet erof) a mir wäerten 2020 e Minus vun 20% hunn. Bei den erneierbaren Energië si mer ewell iwwer 5% a mir wäerte bis 2020 11% erreechen.

A bei der Energieeffizienz si mer ganz gutt opgestallt. Mir hunn en drëtten Aktiounsplang net nëmmen ausgeschafft, mä ëmgesat, deen notamment ons Klimaobligatioune vum Paräiser Accord ëmsetzt. Nach ni konnt een esou eppes hei op der Chamberstribün soen. Dëst Joer kënne mer et soen!

An dësem Kontext soll d'Diskussioun, menge mir, ronderëm onse Wuesstum weidergefouert ginn an och konkretiséiert ginn, wéi: Wéi vill wëlle mer wuessen? Wéi e Wuesstum packe mir an onsem klenge Land? Wat konkret heescht dat, d'Qualitéit vum Wuesstum ze förderen? Wéi kënne mer den Equiliber erhalen tëschent sozialen, ekologeschen an ekonomeschen Erausfuerderungen an dem Kontext vum Wuesstum?

An déi Diskussioun, déi solle mer féieren, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well mir wëllen haut suerge fir ons Kanner an Enkelkanner muer, well mer eist Land wëllen opstellen haut, fir den Erausfuerderunge vu muer gerecht ze ginn, a well mer an der Situatioun sinn haut, datt mer d'Suen derfir hunn. An alles aneres wär onverantwortlech.

Mir investéieren an d'Mobilitéit. De Budget pluriannuel weist e Montant vun 146 Milliounen am Joer 2013 an e Montant vu bal 400 Milliounen dëst Joer. Dat ass méi wéi eng Verduebelung am ëffentlechen Transport, am Schinnentransport.

D'Mobilitéit, mä virun allem d'Multimodalitéit vun der Mobilitéit ass d'Léisung zum Stau, zum Stau op de Stroossen an zum Stau an der Mobilitéitsreform. Den Tram a seng geplangten Extensiounen, déi elo net méi 2030 kommen, mä 2022, den Arrêt Pont-Rouge, d'Gares périphériques als Wirbelsail vun enger ganzer Rei vun zousätzleche Mobilitéitsprojete bréngen endlech erëm Bewegung an dëst Land.

Innovativ nei Projeten - nei Projeten! -, déi mer iwwregens och schonn am Ausland fannen, stinn endlech och hei zu Lëtzebuerg op der Dagesuerdnung. Infrastrukture fir d'Elektromobilitéit, de Carsharing, d'Mobilité douce an hir Vëlospisten iwwer 400 Kilometer kréien och hei am Land Gestalt an ziele mëttlerweil zu evidente positive Standuertfaktore vun eisem Land.

Här President, wann ech vu Mobilitéit schwätzen, da wëll ech hei och emol ganz kuerz awer trotzdeem déi Konsequenz ervirsträichen, mat där säit dräi Joer systematesch an d'Verkéierssécherheet investéiert gëtt, vu couragéisen Entscheedungen, fir Radaren a Zones 30 an „shared space" anzeféieren, bis zu pädagogesche Moossnamen, fir op d'Gefore vun der Vitesse a vum Alkohol hannert dem Steierrad ze verweisen. Et ass héich Zäit ginn, datt d'Politik sech dëser Saach ugeholl huet!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sollten och der Suggestioun vun der Kommissioun, fir ons an der Finanzindustrie weider ze diversifiéieren, nokommen. Mir hunn am Kader vun de leschte Budgetsdebatten ervirgestrach, datt mir zu Lëtzebuerg a Saache Green Finance mëttlerweil Virreider sinn. Et ass dëst ganz sécher eng Marktlücke, déi mer roueg sollte weider fëllen. Gréng Finanze sinn nohalteg a si sinn zukunftsorientéiert. Et weist och, datt mer beméit sinn, der Finanzplaz Lëtzebuerg eng nei, eng aner Form ze ginn.

Mir sinn duerfir och besuergt, datt all ons Fongen no klimapoliteschen an ethesche Kritäre gescannt ginn, esou wéi mer et mat onsem Rentefong gemaach hunn. Et geet hei ëm eng Prinzipiesaach, déi eigentlech keng Ausnamen zouléisst.

Mir sinn och besuergt, awer och interesséiert ze wëssen, wéi d'Regierung gedenkt, mat den „stock-options" ëmzegoen. Mir kréie matgedeelt, datt den Déchet fiscal sech ëm déi 200 Milliounen dréit. D'„stock-options", déi vläicht als Coup de pouce geduecht woren deemools fir Start-uppen oder Kleng- a Mëttelentreprisen, hu sech awer zu eppes ganz anerem entwéckelt, zu eppes, wat net méi vertrietbar ass a wou mir mengen, datt d'Regierung muss intervenéieren.

Här President, mir denken, datt dës Regierung sech och virun allem auszeechent duerch gesellschaftspolitesch Reformen a Reformen, déi e gesellschaftspoliteschen Impakt hunn.

Eng Rei vu Grafiken, déi mir de Moie vum Premier gewise kritt hunn, weisen op eng onverkennbar Manéier, viru wat fir enge spezifeschen Erausfuerderunge mir stinn. 2010 hate mer zu Lëtzebuerg ronn 360.000 Leit beschäftegt. Haut si mer zu 446.500, déi hei am Land schaffen. D'Frontaliere waren am Joer 2000 zu 88.000, haut sinn et der 100.000 méi. Mir hunn eng Populatioun vu 590.000 Awunner, a wann een esou e Pourcentage kuckt, da géifen eigentlech vun deene 590.000 Awunner 76% vun der Bevëlkerung aus dësem Land schaffen. A virun allem sinn an eisem Land 70% vun de schaffende Leit Netlëtzebuerger. Dat heescht, datt et haaptsächlech d'Netlëtzebuerger sinn, déi zum Räichtum an zum Wuelsënn vun dësem Land bäidroen.

Duerfir ass et an eisen Ae wichteg, datt déi Leit, déi zum Räichtum an zum Wuelstand vum Land bäidroen, och kënne matentscheeden, wat mat deem Räichtum geschitt. Et ass fir ons ganz einfach eng Saach vun der Gerechtegkeet. An et ass awer och eng Saach vu versuerge vun der Cohésion sociale.

Mir erwaarden eis vun der Reform vum Nationalitéitegesetz, datt mer vill Leit beweegt kréien, och déi lëtzebuergesch Nationalitéit unzehuelen. A mir wënschen ons, datt si et alleguerte ronnkréien, sech mat eiser Lëtzebuerger Sprooch ausenanerzesetzen. Mir hunn nämlech eng immens Chance an eisem Land, datt mer kënnen esou friddlech an esou gutt zesummeliewen. Dat ass onsen allerbeschten Atout an dee solle mer richteg gutt versuergen.

Zur Cohésion sociale gehéiert fir ons och, datt d'ëffentlech Hand derfir suergt, datt wirtschaftlech a sozial Politicke kënne mateneen oder méi matenee verknüpft ginn. D'Société d'impact sociétal oder souguer d'Sàrl simplifiée, déi Eng-Euro-Gesellschaft, oder d'Marchépublics-Gesetz oder d'Reform vum Faillittegesetz, un deem mer an der Chamber fläisseg schaffen, loossen dës Verknüpfung oder zum Deel dës Verknüpfung elo endlech zou.

Mir schwätze vill manner iwwer eng aner Form vu sozialer Gesellschaftspolitik, déi näämlech, ëm déi d'Justiz sech muss këmmeren. D'Reform vum SCAS, wat eigentlech e politesche Skandal hätt kënne ginn, d'Reform vum SCAS, wat och elo d'Reform vum Jugendschutz wäert erlaben, d'Aféiere vun engem Juge des affaires familiales, wat och elo d'Reform vum Divorce wäert erlaben, oder d'Reform vum Strofvollzuch, wou sech net méi eleng mam Ofsëtze vun der Prisongsstrof beschäftegt gëtt, mä virun allem mat dem Projet de vie no dem Ofsëtzen, d'Opferambulanz an den Exitprogramm fir prostituéiert Fraen a Männer sinn e puer Beispiller derfir. Et si Beräicher mat wéineg Lobby, mä si gehéieren zu onser Gesellschaft an déi Leit gehéieren och zu de vulnerabelsten. Duerfir ass et fir ons vu besonnescher Bedeitung, an dës Reforme wäerten e wichtegen a positiven Impakt op d'Fonctionnéiere vun eiser Gesellschaft hannerloossen.

An Zukunft, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an Zukunft wäerte mir méi, méi oft an och méi konsequent mat der Immigratiounspolitik ons mussen ausenanersetzen, zu Lëtzebuerg an och, als Memberstat, an der Europäescher Unioun. Mir sinn der Meenung, datt mir zu Lëtzebuerg bis elo eng gutt Gestioun vun der Flüchtlingswell konnte maachen, an dëst net zulescht duerch en optimaalt Zesummeschaffe vu verschiddene Ministèren a virun allem, erëm eng Kéier, vu verschiddene Ministeren. Den Innenminister an den Infrastrukturminister hunn zesumme mat der Familljeministesch vum éischte Moment un intensiv zesummegeschafft. D'Zesummenaarbecht mat den ONGe gëtt op eng onkomplizéiert a virun allem eng onbürokratesch Manéier gemaach. Esou och mat de Gemengen, déi eng Hand mat ugepaakt hunn, an ech kann do aus eegener Erfahrung dat bestätegen.

An da ginn et och nach déi ganz vill Honnerte Leit, Bierger a Biergerinnen, déi eng Hand mat upaken an déi weisen, datt mir en oppent Land sinn an datt mir keng Angscht virun Neiem brauchen ze hunn.

Mä déi nohalteg Erausfuerderung fänkt eréischt un, well dës Leit, déi elo heibleiwen, dat ginn eis Bierger a Biergerinnen, an deenen hir Kanner ons gemeinsam nächst Generatioun. Mir denken, datt mer vläicht misste méi spezifesch Uecht ginn, a mir froen eis, ob dës nei Bierger a Biergerinnen an enger Iwwergangsphas méi spezifesch Programmer a Politicke brauchen, fir eng effektiv a gelongen Integratioun ze garantéieren. Dat hëlt kengem aneren eppes ewech, mä et hëlleft dëse Leit mat enger dramatescher Biografie, richteg hei unzekommen an hiert Doheem ze gestalten. An dovunner profitéiere mir alleguerten.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Brauche mir net vläicht eng Task force, fir déi generell Gestioun vun dëser zweeter Phas vum Ukomme vun dëse Leit nach besser ze encadréieren?

A schlussendlech si mer houfreg, an engem Land ze liewen - ech schwätze fir meng Kolleegen aus der grénger Fraktioun -, an engem Land ze liewen, wou mer iwwer ons Grenzen eraus ons Wäerter verteidegen an eng human Politik vun der Immigratioun vertrieden, notamment och duerch onsen Ausseminister, dee sech an Europa weiderhi staarkmécht fir déi konkret Ëmsetzung vun der Relokatioun, „relocation", ewéi se am Conseil zréckbehale gouf.

Mä d'Ursaach vun dëser Flüchtlingswell musse mer weider a méi haart thematiséieren. Terror, Terrorismus, Flüchtlingen an de populisteschen, voire nationalistesche Mëssbrauch vun dëse Situatiounen hänken zesummen a ginn ons alleguerten eppes un.

Mir brauchen haut Leit, déi eng Meenung hunn an déi de Courage hunn, se auszedrécken. Et bewierkt an et beweegt een nëmmen eppes, wann ee fir eng Meenung sech asetzt an net gewäerde léisst.

Mir denken, datt et haut méi wéi jee wichteg ass, sech ze äusseren a sech auszetauschen, nozelauschteren an ze erklären. Den Zoulaf vun deene Leit, déi keng Äntwert méi fannen, bei Bewegunge vum Antisystem engersäits a vun nationalisteschen, voire ultranationalistesche Parteien anerersäits sinn de beschte Bewäis derfir.

Dës Suerg, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gehéiert och an onse politeschen Alldag. Och wann Europa haut kränkelt a vläicht net oder nach net dat Europa ass, wat mir ons virstellen oder wat mir ons wënschen, esou sollte mer oppassen op déi, déi mat einfachen, antieuropäesche Rezepter dëse Leit wëllen d'Léisung vun allem Iwwel virschreiwen.

Europa ass en Deel vun onser Nationalpolitik. Ouni Europäesch Unioun géife mir haut ganz aner Saachen hei beschwätzen an dann eréischt wieren eis Zukunftsperspektive richteg beängschtegend. Wat mir brauchen, alleguerten an Europa, ass méi Europa an net manner Europa. Mä mir brauchen zum Deel och en anert Europa.

Europa, dat si mir alleguerten. Et ass un ons, den Ënnerscheed ze bewierken.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Loschetter. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gast Gibéryen fir d'ADR.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Deklaratioun, déi den Här Statsminister eis haut de Moie gemaach huet zur Lag vun der Natioun, war eng Erklärung, wou ee ka soen, déi vu vir bis hannen op e stramme Wuesstum opgebaut ass.

De Statsminister huet a senger Deklaratioun versicht, esou ze maachen, wéi wann dëse Rekordwuesstum d'Léisung vun alle Problemer wier, wéi wann dëse stramme Wuesstum d'Viraussetzung wier, fir datt et de Leit hei am Land gutt geet.

Als ADR si mir der Iwwerzeegung, datt de stramme Wuesstum net d'Léisung vum Problem ass, mä ëmmer méi de Problem gëtt. Duerfir wäerte meng Kolleege Fernand Kartheiser, Roy Reding an ech am Kader vun dëser Debatt iwwert d'Konsequenze vum stramme Wuesstum op déi eenzel Politicke kucken, wéi dee sech dorobber auswierkt.

De Statsminister huet mat kengem Wuert iwwert d'Konsequenze vun deem stramme Wuesstum geschwat. En huet net vun deenen 1,1 Milliounen Awunner geschwat, déi mer 2060 sollen hunn. En huet net iwwert d'Konsequenze vun deem Wuesstum geschwat, wat den Nohaltegkeetsprinzip ubelaangt an déi sozial Kohäsioun vum Land.

D'Fro, déi mer eis musse stellen: Wëlle mer als Land, wëlle mer als Gesellschaft déi Entwécklung weider esou lafe loossen an iergendwann op enger Millioun ukommen? A konsequenterweis hält et jo dann net bei der Millioun op, mä da muss een 1,5 Milliounen upeilen an esou weider. Wa mir an enger Croissance bleiwe vu 4% bis 5% d'Joer, da wuesse mer automatesch dohinner.

D'Äntwert op déi Fro ass net einfach, ob mer sollen esou wuessen oder net. Mä mir mussen déi Diskussioun awer am Land féieren! An dat setzt viraus, wa mer déi Diskussioun wëllen am Land féieren, datt virun allem d'Politik wëllt déi Diskussioun féieren. An opgrond vun den Dis-

kussioune vun haut kann ee feststellen, datt d'Regierung an hir Majoritéit déi Diskussioun net wëlle féieren. Mä mir musse se féieren, fir eben an der Gesellschaft en Ëmdenken ze kréien, datt d'Leit sech bewosst ginn: Wëlle mer dat oder wëlle mer et net? A wa mer et wëllen, wat sinn d'Konsequenzen? A wa mer et net wëllen, wat sinn dann och d'Konsequenzen? Duerfir musse mer mat der Zivillgesellschaft schwätzen. Mir musse mat den Entreprisen, mat de Gewerkschafte schwätzen, jiddweree muss an déi Diskussioun materagezu ginn.

D'Regierung wëllt awer déi Diskussioun net. Si setzt weider op Rekordwuesstum, mat alle Konsequenzen, déi dorauser entstinn, ouni driwwer ze schwätzen. D'lescht Joer am Kader vun der Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun huet den Här Statsminister hei deklaréiert: „Mir brauche keen Zukunftsdësch, keng Orientéierungsdebatt, keng Workshoppen", dat, nodeem mir - an an der leschter Legislaturperiod och eis gréng Kolleegen - ëmmer en Zukunftsdësch verlaangt hunn, do huet d'Regierung d'lescht Joer hei deklaréiert, mir bräichten dat net.

Awer gläichzäiteg huet d'Regierung den Här Rifkin mat enger Zukunftsetüd beoptragt. An de Minister vun der nohalteger Entwécklung huet elo am Hierscht regional Workshoppe fir dëst Joer ugereegt. Also ee Joer virun de Wahle gi mer dann d'Leit froen, wat mer solle maachen, nodeem datt mer véier Joer d'Land zoubëtonéiert an op e stramme Wuesstum getrimmt hunn!

Wéi ass déi aktuell Situatioun, wéi sinn d'Previsioune fir Lëtzebuerg? Laut dem Programme de stabilité et de croissance, dee mer vum Minister gëschter virgestallt kritt hunn, géif Lëtzebuerg wuessen 2016 mat 4,2%, 2017 4,4% an 2018 25,2%.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- 5,2%.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Gelift? Wat hat ech da gesot?

Plusieurs voix.- 25,2%.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, do hat ech e bëssen iwwerdriwwen. Also 5,2%. Merci, Här Braz, datt Der dat korrigéiert hutt.

(Interruptions)

5,2%! Mä trotz dësem staarke Wuesstum vu 4%, 5% an den nächste Jore geet den Defizit am Zentralstat - also den Zentralstat, dat ass de Budget vum Stat - am Joer 2017 op iwwer 1 Milliard an 42 Milliounen an 2018 op 1 Milliard an 62 Milliounen an d'Luucht. An d'Schold, déi klëmmt och weider.

An, Här President, dës Regierung, wa se hei schwätzt, wëll ech kloer soen, déi seet net d'Onwourecht, si litt net! Neen, si seet d'Wourecht, awer se seet d'Wourecht net ganz. Sou huet den Här Gramegna - deen elo grad erakënnt - de Mëtten hei gesot, datt d'Schold net an d'Luucht gaange wier an datt den 31. Dezember d'Schold nach ëmmer bei 10,8 Milliarde wier. Dat ass net falsch, dat ass richteg. Mä vum 31. Dezember op den 1. Januar oder an de Januar ass et net ganz wäit! An am Januar huet deeselwechte Finanzminister awer en Emprunt vun 2 Milliarden opgeholl. An dat huet en awer vergiess ze soen! En hätt also kënnen...

(Interruption)

Vill méi spéit, vill méi spéit!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ech hunn awer gesot...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir hutt..., nee, nee! Ech kennen..., Här Gramegna, ech wäert lech haut schonn erklären, wéi Dir dat hei de Leit erkläert!

(Brouhaha)

An deem Zesummenhang, wou Der gesot hutt, datt d'Schold den 31. Dezember op 10,8 Milliarde war, hutt Der net vun deenen 2 Milliarde geschwat! Do hutt Der opgehalen. An Dir hutt vill méi spéit eng Kéier gesot: „A mir hunn dëst Joer 2 Milliarden opgeholl."

(Interruption)

Jo! Jo, mä dat ass awer d'Leit irgefouert! Fairerweis, wann ee seet vun der Finanzsituatioun vum Stat an et nennt een e Chiffer vun 10,8 Milliarden, da misst ee soen: „An haut ass dee Chiffer 12,8 Milliarden." An dat hutt Der net gemaach! An och déi nächst Jore kënnt all Joers 1 Milliard derbäi!

En zweete Punkt, wéi d'Leit irgefouert gi sinn, wat och net falsch ass, mä wat d'Leit awer irféiert, dat ass, wann d'Regierung, wa se vun der Schold schwätzt, ëmmer vum Prozentsaz zum PIB schwätzt, wou da gesot gëtt: „Ma eis Schold geet net prozentual zum PIB an d'Luucht, mir sinn nach ëmmer bei 20%", an awer erëm gläichzäiteg vergiess gëtt ze soen, datt se reell an Euroen awer an d'Luucht geet! Et ass also net falsch, wat se seet, mä si seet ëmmer nëmmen d'Halschent. Si seet net d'ganz Wourecht an domadder ass et eng Irleedung, eng Irleedung vun de Leit!

E vergësst och ëmmer ze soen, de Finanzminister, datt déi Schold net zréckgeet.

(Interruption par M. Pierre Gramegna)

Här President, ech wëll net ënnerbrach ginn, well meng Zäit ass ganz kuerz an duerfir, wéi gesot, muss ech virufueren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir kënnt herno jidderzäit Stellung huelen, wann den Här Gibéryen da fäerdeg ass, Här Gramegna, well den Här Gibéryen net wëllt ënnerbrach ginn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech ka wierklech net, zäitlech, well ech hunn nach eppes. Mir sinn e bëssen a Retard komm...

(Interruption)

Mir sinn e bëssen a Retard komm an duerfir hunn ech net déi Zäit, déi ech mer wollt huelen, duerfir muss ech méi kuerz sinn haut.

Wat och net gesot gëtt, dat ass, datt de Stat seng Scholden net zréckbezilt. Dat misst de Statsminister jo och fairerweis soen, datt mer Emprunten ophuelen, wou mer d'Kapital net zréckbezuelen an dee ganze Remboursement op déi kommend Generatioune vertagen. An och, da gëtt hei gesot: „Mir maachen eng Politik fir déi zukünfteg Generatiounen." Ma mir hypothekéiere mat där doter Finanzpolitik déi zukünfteg Generatiounen, well déi mussen déi Schold iergendwann eng Kéier zréckbezuelen!

Den 10. Dezember 2013 huet den Här Statsminister hei op dëser Plaz, wéi en d'Regierungserklärung virgedroen huet, gesot: „Déi heite Koalitioun ass decidéiert, déi schlecht finanziell Situatioun vum Stat net als Fatalitéit unzegesinn. Mir wëllen a si bereet, déi Verantwortung ze huelen, haut a fir déi zukünfteg Generatiounen."

Deemools, wéi de Statsminister dat gesot huet, war den Defizit, laut dem Konto, vun dem Stat 2013 742 Milliounen. Dat war also déi schlecht finanziell Situatioun, déi dës Regierung fonnt huet. D'lescht Joer huet den Här Statsminister hei am Kader vun der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun gesot, bei de Statsfinanze wier der Regierung eng Sanéierung gelongen. De Budget 2017 huet iwwer eng Milliard Defizit, mir hunn en Emprunt gemaach vun zwou Milliarden an d'Resultat ass also e Rekorddefizit dëst Joer vun enger Milliard.

Dat ass eng gelunge Sanéierung, wann ech en Defizit hat vu 742 Milliounen an et ass mer gelongen, d'Finanzen ze sanéieren, an ech hunn dann en Defizit vun enger Milliard! Mä d'Regierung seet, et wier hir gelongen, d'Finanzen ze sanéieren!

An och den Här Gramegna sot de Mëtten: „An eise Statsfinanze geet et esou gutt wéi nach ni." Dat heescht, den Defizit ass méi grouss wéi virdrun, wat eng schlecht finanziell Situatioun war, mä d'Finanzsituatioun vum Stat, déi ass haut besser! A wa mer da kucken, datt mer eng Milliard, iwwer eng Milliard Defizit hunn! Trotz TVA-Erhéijung vun 2%, trotz dem Spuerpak, trotz der Krisesteier, trotz Rekordwuesstum hu mer awer en Defizit vun iwwer enger Milliard! Eng Regierung misst sech dach d'Fro stellen: Wéi ass et méiglech, datt mer bei engem Rekordwuesstum vu 4%, 5% - praktesch dat Duebelt wéi den Duerchschnëtt an der Europäescher Unioun - gläichzäiteg e Rekorddefizit hunn?

Aner Länner, déi manner Wuesstum hu wéi Lëtzebuerg, vill manner Wuesstum hu wéi Lëtzebuerg, schreiwe schwaarz Zuelen. Mir hei zu Lëtzebuerg, mir maache mat deem Wuesstum hei Defizit!

Une voix.- Wéi eng sinn dat?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Däitschland zum Beispill!

En anere Punkt, wéi d'Ëffentlechkeet irgeleet gëtt, dat ass den Zukunftsfong. Och dat ass net falsch, wat gesot ginn ass, mä et ass net alles gesot ginn: Wann do gesot gëtt, mir hunn en Zukunftsfong, wou elo 185 Milliounen drop sinn a wou mer duerch d'Gesetz all Joers gesot hunn, mir setze 50 Milliounen do drop „fir déi kommend Generatiounen!", a mir ginn déi Suen awer léinen!

Mir ginn also all Joers 50 Millioune léinen a mir setzen déi op e Fong fir déi kommend Generatiounen. A wa mer dat 20 Joer maachen, dann hu mer eng Milliard gespuert. Da kënne mer zu de kommende Generatioune soen: „Ma an 20 Joer, gesitt der, elo hu mir fir iech eng Milliard gespuert!" Awer da musse mer gläichzäiteg och soen: „Mä mir hunn awer och eng Milliard Schold gemaach, fir kënnen déi Milliard do ze spueren." Wat hu mer da geleescht? Mir hunn eng Milliard geléint, mir hu se op d'Säit gesat a si hu muer eng Milliard, fir déi Milliard erëm zréckzebezuelen!

Et ass also eng Augenwischerei, déi hei gemaach gëtt. An et ass de Mëtteg scho gesot ginn: D'Regierung, den Här Gramegna hat dat souguer extra an enger Pressekonferenz... - deen Trick, deen do gemaach gëtt, fir de Leit Sand an d'Aen ze streeën -, eng Pressekonferenz doriwwer gemaach, iwwert deen Zukunftsfong, wat am Fong eng Verlagerung vun der Schold ass op déi kommend Generatiounen.

Mir gesinn also, wa mer déi ganz Situatioun kucken, d'Finanze kréie mer duerch dee stramme Wuesstum net an de Gréff, mä mir hunn e Rekorddefizit.

Mä wéi ass et da beim Aarbechtsmaart? Do gëtt permanent gesot: „De Chômage, dee geet erof." Wa mer 13.000, 14.000 Aarbechtsplaze pro Joer schafen an dëser Legislaturperiod, ginn ongeféier 65.000 nei Aarbechtsplazen op. An da seet den Här Bettel: „Ma da loosse mer eis dach doriwwer freeën!" E seet awer net, wat d'Konsequenze si vu 65.000 neien Aarbechtsplazen a fënnef Joer, wa mer déi schafen.

Ech weess net, wann een iwwert d'Konsequenzen nodenkt, ob ee sech dann nach ka freeën. 80% vun deene Plaze besetze mer mat Frontalieren. Mir steieren also lues a lues op iwwer 500.000 Emploien hei am Land hin. Mä ass dann de Chômage zréckgaangen, well mer dee Wuesstum do hunn? Neen, en ass net zréckgaangen! Och do geet d'Regierung erëm hin a se schwätzt vu Prozenter. A wann ech also massiv nei Aarbechtsplaze schafen an de Chômage bleift un Zuelen d'selwecht, da geet e wuel prozentual zréck, mä awer un Zuelen, un effektiven Zuele geet en net zréck.

(Interruption)

Vun 2004 bis haut hu mer 130.000 Aarbechtsplaze geschaaft - vun 2004 bis haut 130.000 Aarbechtsplazen! - an de Chômage ass vun 2004 bis haut vun 13.000 op 22.000 eropgaangen. 130.000 Plaze geschaaft an de Chômage ass der 10.000 an d'Luucht gaangen!

(Interruption par M. Alex Bodry)

An dëser...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Am Mäerz vun dësem Joer waren der 800 manner am Chômage wéi am Mäerz d'lescht Joer. Et ass 800...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här Bodry, ech kommen elo op deen dote Chiffer. An dëser Legislaturperiod hu mer bis elo 40.000 Aarbechtsplaze geschaaft; an dëser Legislaturperiod. Den Oktober 2013, wéi dës Regierung ugetratt ass, am Chômage vum Oktober 2013, wéi dës Regierung ugetratt ass, hate mer 22.061 Leit bei der ADEM gemellt. Dat ware Leit, déi am Chômage waren, an d'Beschäftegungsinitiativen: 22.061. Haut - dat sinn elo déi lescht Chifferen, wou den Här Bodry gesot huet - hu mer der am Chômage an an de Beschäftegungsinitiativen 22.424. Mir hunn also nach 350 Leit méi am Chômage wéi viru véier Joer, obscho mer 40.000 Aarbechtsplaze geschaaft hunn.

Do kann een also net higoen an da soen: „Duerch dee stramme Wuesstum, duerch déi Aarbechtsplaze schafe mer, duerch dee Wuesstum vun Aarbechtsplaze schafe mer Aarbechtsplazen!" Neen! Prozentual gesinn! Duerfir schwätzen d'Regierung an den Här Bettel jo och vu Prozenter!

(Interruption par M. Alex Bodry et protestations)

Mä et sinn nach eemol esou vill Leit am Chômage wéi virdrun!

(Brouhaha)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir vergläicht Äppel mat Biren, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir kënnt elo mat Äre Prozenter spille wéi Der wëllt, et sinn nach eemol esou vill Leit am Chômage wéi virdrun!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- De Chômage geet scho säit iwwer dräi Joer erof!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- De Logement...

Jo, e geet erof, mä et sinn der nach ëmmer méi wéi dës...

(Interruption par M. Alex Bodry)

Här Bodry, ech hunn Iech jo d'Zuele genannt. Déi sinn net gefuddelt. Am Oktober 2013...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...am Vergläich zum leschte Joer.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech schwätze vun un datt dës Regierung am Amt ass, do hutt Der 40.000 Aarbechtsplaze geschaaft an de Chômage ass 350 Leit an d'Luucht gaangen an deemselwechten Zäitraum. Dat si Chiffere vun der ADEM, déi sinn net erfonnt!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dat ass net éierlech, Dir wësst et selwer!

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, si hu ganz vill Problemer.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Et ass net éierlech.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dës Regierung huet ganz vill Problemer, an den Här Bodry, wann een deenen de Spigel virun d'Gesiicht hält!

(Interruption par M. Alex Bodry)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Äre Spigel ass dréif, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Zum Logement: Hei bleift den Drock op de Wunnengsmaart grouss, et ass kloer. A wa mir esou weider wuessen, datt mer 14.000 Aarbechtsplaze schafen, dann ass dat jo och kloer, datt mer och weider Drock op de Wunnengsmaart ginn. Wa mer soen, datt 80% vun deene Leit aus der Grenzregioun kommen, datt déi, déi all Dag eng Stonn a méi am Stau sti moies an owes, datt déi dann och versichen, méi no bei d'Aarbecht wunnen ze kommen, well se sech et kënne leeschten - a bei de Frontaliere sinn och Leit, déi sech dat kënne leeschten -, da kucke se, hei zu Lëtzebuerg eng Wunneng ze kréien. Also bleift den Drock ganz héich op dem Wunnengsmaart.

An duerfir brauche mer eis net ze wonneren, wann den Drock esou héich bleift. Do huet dës Regierung, musse mer wëssen, datt mer hei gesot kritt hu vun där neier Regierung, wéi se ugetratt ass, an an der Regierungserklärung huet se dat och geschriwwen: «Le premier objectif du Gouvernement sera de maîtriser l'évolution des prix sur le marché immobilier (...).»

A wat ass geschitt? Wat ass geschitt? Mir haten nach ni esou eng héich Hausse op de Wunnengspräisser, wéi mer se elo am Ableck hunn! Dat heescht, dat, wat d'Regierung sech als Zil gesat huet, ass net erreecht ginn, mä au contraire, se sinn nach méi deier ginn. An dozou huet d'Regierung gehollef! Si huet näämlech eng TVA-Erhéijung op dem zweete Logement gemaach. Do ass hei gesot ginn, wéi mer driwwer ofgestëmmt hunn: „Dat huet keng Repercussiounen op d'Präisser." Wann eppes 2% méi deier gëtt - et huet keng Repercussioun op d'Präisser! Et ass verwonnerlech dat, an datt et keng Repercussiounen op d'Loyeren huet! Well jiddwereen, dee baut, dee mécht säi Präis, passt och herno de Loyer un. An duerfir sinn d'Loyere jo och deementspriechend an d'Luucht gaangen. Also d'Regierung huet nach gehollef dreiwen, fir datt d'Präisser sollen um Logement an d'Luucht goen.

A wa mer dem Statec nolauschteren, wat dee seet, da seet deen am Fong, datt mer bis 2030 nach 130.000 zousätzlech Wunnengen hei am Land misste maachen. Dat heescht an anere Wierder, mir missten 10.000 Wunnengen d'Joer bauen, fir iwwerhaapt déi Evolutioun kënnen opzefänken, seet de Statec a senge Chifferen. A wa mer gesinn, wat all Joers realiséiert gëtt, da gesi mer, datt de Problem Wunnengsnout nach ëmmer méi grouss gëtt an d'Präisser och an deenen nächste Jore wäerte méi héich ginn.

Konkret huet dës Regierung am Wunnengsbau Gepiddels Opweises an awer näischt Konkretes, näischt Konkretes um Terrain. Konkret ass, datt se d'TVA gehéicht hunn, a konkret ass och, datt se déi fréier Wunnengsbauministesch am Sënn vum Wuert „an d'Wüst" geschéckt hunn!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Wat proposéiert Dir da konkret?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wat d'Stauen ubelaangt, Här President, duerch dee stramme Wuesstum ginn déi Staue vun Dag zu Dag méi grouss.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Wat proposéiert Dir dann?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Soss hate mer d'Staue moies an owes. Mä mëttlerweil hu mer d'Stauen iwwert de ganzen Dag.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Gibéryen, wat sinn dann Är Rezepter?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- A wa mer nach all Joer 14.000 Leit astellen, 80% dovu Frontalieren, dat sinn 10.000 Frontaliere pro Joer, déi mer astellen, dat sinn och e puer Dausend Autoen den Dag weider op eise Stroossen. Also ginn d'Staue mat där doter Politik vun Dag zu Dag méi grouss. A mir wäerten och do net nokommen, egal wéi mer den ëffentlechen Trans-

port ausbauen - dat fänkt op -, egal wéi mer d'Stroossen ausbauen - dat fänkt op -, mä déi Progressioun, déi dat un neie Salariéë mat sech bréngt, déi all Dag nach erëm an d'Land erakommen, kréie mer net opgefaange mat där Politik, wéi se elo gemaach gëtt, mä déi gëtt vu Joer zu Joer méi grouss.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Da sot...

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- D'Infrastrukturen: Mir investéiere Rekordzommen an Infrastrukturen. Jo! Mä mir si condamnéiert - mir si condamnéiert! -, Rekordinvestitiounen an d'Infrastrukturen ze maachen, well eben dee stramme Wuesstum verlaangt, datt eis Infrastrukturen esou mussen ugepasst ginn, soss kréie mer den totale Kollaps.

Mir hunn also e Retard. Net datt mer dat aus Guttgleewegkeet maachen oder wéi dat hei vill gesot gëtt; et ass zum Deel richteg, datt dat fir d'Zukunft ass, mä de Gros ass e Retard! Fir datt mer eben déi Problemer an de Grëff kréien, déi mer hunn, fir datt mer iwwerhaapt nach kënne fonctionnéieren, fir datt d'Leit iwwerhaapt nach op d'Aarbecht kommen an erëm heemkommen, si mer condamnéiert!

A wa souguer e grénge Bauteminister elo der Chamber e Projet de loi hei deponéiert, fir eng Autobunn op dräi Spuren auszebauen, da gesäit een, wéi grouss datt d'Noutsituatioun muss am Land sinn, fir datt e grénge Bauteminister, déi géint all Autobunn bis haut waren, elo souguer e Projet de loi mécht, wou e seet: „Mir mussen elo eng dräispureg Autobunn vun Diddeleng maachen." Wat mir begréissen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ass d'ADR dann dergéint?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- A wat mir an eisem Wahlprogramm och stoen haten, déi dräispureg Strooss do. Dach, mir begréissen dat, mä mir wëlle just soen, wéi dramatesch d'Situatioun ass, datt e grénge Minister elo schonn Autobunnen op dräi Spuren ausbaut.

D'Land gëtt momentan... an et ass och jiddwereen am Land, deen dat Gefill huet, datt mat enger ongewëssener Vitesse versicht gëtt, awer wierklech alles zouzebauen. Wann ee kuckt, wat vun Industriezonen entstinn a wéi doranner gebaut gëtt. Déi sinn an zwee, dräi Joer voll! Da sinn déi voll! A wat maache mer dann? Dann ass déi nächst Regierung do, déi erfënnt en aneren Eck, wou dann eben erëm muss zoubëtonéiert ginn, wa se wëllt esou viru wuessen, wéi dat de Fall ass. An esou bëtonéiere mer d'Land lues a lues awer sécher zou. An dat alles mat eise grénge Kolleegen an der Regierung!

D'Pensiounen. Och do gëtt gesot... An der Finanzkommissioun huet den Här Finanzminister gesot, dee stramme Wuesstum vu 14.000-15.000 Aarbechtsplaze géif eise President als fréiere Sozialminister freeën, well dat jo och Recetten an d'Pensiounskeess ginn. Jo, d'Pensiounskeese maachen elo an deenen nächste Joren eng Milliard Iwwerschoss aus; oder d'Sécurité sociale am Ganzen am Privatsecteur, mä de Gros ass aus de Pensiounskeesen.

Mä mir wëssen awer, datt doduerch awer och d'Obligatioune vun der Pensiounskeess op déi kommend Generatiounen deementspriechend méi grouss ginn. Et ass eng Etüd gemaach ginn, déi seet: Wa mer an eisem System genausou bleiwen, da musse mer 2030 ongeféier 600.000 Cotiseuren, also Aarbechtsplazen, hunn. A mir mussen am Joer 2060, wa mer am System bleiwen, 1.300.000 Aktiver hunn, fir dann de System ze finanzéieren.

An da si mer jo nach net fäerdeg, well duerno geet et jo weider! Dat heescht, mir sinn am Schnéiballeffekt. A wa mer net aus deem System erauskommen, da wiere mer jo condamnéiert, fir esou ze wuessen. A mir wëssen alleguer, datt et och eng Grenz hei am Land gëtt.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir sidd dach d'Rentnerpartei!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Eist Land gëtt net méi grouss, eis Populatioun gëtt net méi grouss, eis Aarbechtskräfte ginn net méi grouss. A mir kënnen net herno d'Leit 200, 300 Kilometer ronderëm d'Grenz siche goen a mengen, se géifen heihinner schaffe kommen.

Dat heescht, alles, dee stramme Wuesstum huet an enger éischter Hisiicht... Kuerzfristeg gesinn, ginn d'Reserve méi grouss, mä mëttel- a laangfristeg gëtt et fir déi kommend Generatioune vill, vill méi schlëmm, fir mat deem Rekordwuesstum a mat deem System do vun de Renten auszekommen.

Den Här Bettel huet och gesot, d'Liewensqualitéit wier wichteg. An da seet den Här Bettel a senger Ried haut de Moien, „d'Paien an d'Rente sinn héich". Dat heescht, et gesäit een direkt, wou d'Regierung hispillt: Dat heescht, déi Zefriddenheet gëtt un engem materiellen, un engem finanzielle Wäert gemooss, awer net un anere Wäerter. An dat ass am Fong och dat, wat d'Regierung elo mécht. Nodeem datt hir Ëmfrowäerter esou schlecht waren, ass dës Regierung eben elo higaangen a seet: Ma elo verdeele mer, egal wat et kascht!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech mengen, Är waren net besser, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Egal wat et kascht, ob dat elo d'Steierreform ass, ob dat den Accord salarial ass: Et gëtt Geld verdeelt an der Hoffnung, fir dann ebe Stëmmen erëmzekréien, quitte datt mer all déi Sue musse léine goen, quitte datt de Stat an den Defizit kënnt a quitte datt déi aner Generatioune musse méi wäit goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de stramme Wuesstum - a meng Kolleege wäerten nach op aner Politicken agoen -, dee beweist, datt deen net eis Problemer léist. De Statsbudget ass trotz strammem Wuesstum defizitär an e bleift defizitär!

De Chômage geet duerch de stramme Wuesstum prozentual erof, mä u reelle Chifferen, verglach mat virun dräi Joer oder verglach mat viru 14 Joer, ass en net erofgaangen.

D'Pensioune ginn duerch dee stramme Wuesstum net méi sécher, mä laangfristeg gëtt de Risiko, datt de System platzt an datt et eng Katastroph gëtt, ëmmer méi grouss.

D'Mobilitéit kréie mer net mat deem stramme Wuesstum geléist. Au contraire, d'Staue gi vun Dag zu Dag méi grouss.

De Logement kréie mer net geléist, mä d'Präisser gi vu Joer zu Joer weider an d'Luucht an et mussen ëmmer méi jonk Leit, Leit aus der Mëttelschicht, an d'Grenzregioun wunne goen, well se sech hei am Land keng Wunneng méi baue kënnen.

Bei den Infrastrukturen investéiere mer Rekordzommen, Investitiounen an Infrastrukturen, an awer komme mer net no mat den Infrastrukturen, déi esou séier ze realiséieren, wéi de Wuesstum se op där anerer Säit brauch.

Den Enseignement: Doduerch, datt mer eng staark Immigratioun kréien duerch de stramme Wuesstum, setze mer permanent den Niveau an eisem Enseignement erof. A mer kréien duerfir herno Diplomer, mat deenen et ëmmer méi schwéier gëtt, fir datt d'Leit mat deenen Diplomer am Ausland op Universitéite kommen, oder wa se mat deenen Diplomer a Konkurrenz mat der Groussregioun sinn, kréie se Problemer, fir Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg ze kréien.

An d'Liewensqualitéit, Här President, déi gëtt och net méi grouss doduerjer, datt mer dee Wuesstum hei am Land hunn. Well Liewensqualitéit ass net an engem Stau stoen. Liewensqualitéit ass net, wann eng Mamm muss moies um sechs Auer opstoen an d'Kand mam Auto fir d'Éischt duerch de Stau an d'Crèche féieren an dann erëm duerch de Stau op d'Aarbechtsplaz fueren an owes datselwecht ëmgedréit. Liewensqualitéit maache mer net, wann d'Leit fir ëmmer méi Geld a manner Meter carréë musse wunnen. Liewensqualitéit maache mer net, wa mer eiser Jugend soen, se soll an d'Grenzregioun wunne goen, selwer Grenzgänger ginn an all Dag annerhallef Stonn am Stau stoen.

Mir stellen eis ënner Liewensqualitéit eppes aneschters vir. An de Statsminister huet och nach gesot, datt d'Ekonomie misst am Déngscht vum Bierger stoen. Mat dëser Politik steet d'Ekonomie net am Déngscht vum Bierger, mä wa mer d'Familljepolitik kucken, déi dës Regierung mécht, dann huet d'Famill an de Mënsch am Interessi vun der Ekonomie ze stoen. Dat ass eng falsch Politik! Dat ass d'Politik vun dëser Regierung, déi als eenzegt Zil huet: stramme Wuesstum. Dat ass eng kuerzfristeg Politik, déi eis awer vläicht an eisem Bléck arrangéiert, mä mëttel- a laangfristeg féiert déi d'Land an eng Katastroph.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Wat sinn dann elo Är Virschléi, Här Gibéryen?

Une voix.- Ma null.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech hu Stellung zu der Regierung hirer Erklärung geholl. Duerfir si mer haut do.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Kee Virschlag?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Neen, duerfir sidd Der net do, net nëmmen duerfir!

Une voix.- Keen ee Virschlag! Bravo!

Une autre voix.- Exzellent!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech hu jo nach Zäit. Ech wëll just soen: Hei ass eng Deklaratioun vum Statsminister gemaach ginn. D'Regierung huet hei eng Deklaratioun gemaach a mir bezéien haut Stellung zu där Deklaratioun. A wann d'Regierung an d'Majoritéit net verdroen, datt een hinnen de Spigel virhält, ma da maacht keng Deklaratioun!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Mä da sot eis, wat Der anescht maacht, Här Gibéryen!

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir hunn... Et ass net eng Debatt,...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Kritiséieren ass einfach.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- ...wou d'Oppositioun oder eng aner Partei eng Erklärung soll maachen. Et ass eng Regierungserklärung gewiescht, zu där mir Stellung bezunn hunn, ob dat Iech gefält oder net.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir maacht Iech d'Liewen einfach! Dir maacht Iech et einfach!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et kann een och e puer Iddie bréngen.

Une voix.- Wann ee keng huet?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou! Ech mengen, den Här Gibéryen huet sech elo bal gesat. Da kënne mer elo den Här Marc Baum druloossen. Den Här Marc Baum vun déi Lénk un de Mikro!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Här President, de Premier huet eis de Moien a senger Deklaratioun gesot, datt mer eis freeë sollen. An ech hunn e bëssen driwwer nogeduecht, iwwer wat ech mech dann esou spontan freeë kéint. An do ass mer eppes agefall: Ech freeë mech tatsächlech a wierklech doriwwer, datt den Zoustand vun engem Land, vun eisem Land net gemooss gëtt un der Qualitéit vun de Riede vu sengem Premier!

Ech mengen näämlech, datt mer haut de Moien eng iwwerflächlech Ried héieren hunn. Eng Ried mat wéineg Inhalter, ganz wéineg Neiem, duerfir awer méi Allgemengheeten a Sätz, déi mech méi un de Werbekatalog vum Ikea erënnert hu wéi un d'Virstellung vum Premier vun eisem Land.

Déi brennendst Problemer hei am Land, wéi d'Wunnengsnout oder wéi déi sozial Entwécklung, hu bal anekdotesch gewierkt. An duerfir hu mer och ganz wéineg doriwwer héieren, wéi dës Regierung da gedenkt, dës Problemer unzegoen, souwuel kuerz-, mëttelwéi och laangfristeg. Mä natierlech, wann ee wéineg Inhalter ze presentéieren huet, dann ass d'Form ëmsou méi wichteg. An duerfir huet de Premier wéi e Mantra de Kalennersproch virgedroen, datt et dem Land gutt geet, wann et de Mënschen am Land gutt geet.

A wéi bei engem Mantra, Här Premier, hutt Dir op d'suggestiv Kraaft vun där Formel gehofft an och wuel geduecht, datt et duergeet, eppes dacks genuch ze soen, fir datt et och Wierklechkeet gëtt. Et war e ganz geblimmelt, an Deeler souguer scho bal kitschegt Bild vun eisem Land a senge Mënschen, deenen et scheinbar gutt geet an an Zukunft souguer nach besser goe soll. A genau do hält eiser Meenung no dem Premier seng Ried d'Riicht net méi. Genau do trëfft se op eng aner Realitéit hei am Land, déi där Duerstellung widdersprécht!

Well d'Fro muss awer erlaabt sinn: Ass dat dann och esou? Geet et de Mënschen hei am Land dann esou dichteg gutt? An ech mengen, datt et nieft den objektiven Zuelen, déi ech nach uschwätze wäert, och nach aner Indicateure gëtt, déi een opziele kann, zum Beispill dee vun der Mobiliséierung vun de Leit, fir hir gesellschaftlech a sozial Acquisen ze verteidegen, fir hir sozial Fuerderungen an Erwaardungen duerchzesetzen. Well effektiv sinn d'Leit zënter der leschter Ried vum Premier virun engem Joer méi wéi eng Kéier op d'Strooss gaangen, fir ze protestéieren; protestéieren zum Beispill géint déi sëllech Schléissunge vu Betriber oder dem ongenéierten Aarbechtsplazofbau a Betriber, déi Benefisser maachen; nach gëscht zu Diddeleng.

An där Beispiller sinn et an deene leschten zwielef Méint leider ganz vill ginn!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dann nennt eis déi emol!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Oder och déi bal 10.000 Leit aus dem Gesondheets- oder Educatiounssecteur, déi déi längst iwwerfälleg Unerkennung vun hire Carrière revendiquéieren. Oder och déi beandrockend Manifestatioun vu 5.000 Leit, déi viru fënnef Méint virum Statsministère war, déi géint d'Fräihandelsaccorde CETA an TTIP demonstréiert hunn.

Et ass net esou, datt de Sozialdialog hei zu Lëtzebuerg elo a beschten Dicher wier, an et ass schonn erstaunlech, datt de Premier genee doriwwer kee Wuert verluer huet, näischt gesot huet iwwert déi Uleiesse vun de Mënschen hei am Land, fir déi si am leschte Joer zu Dausenden an Dausenden op d'Strooss gaange sinn. An d'Leit ginn zu Lëtzebuerg op d'Strooss, fir sech fir d'Verbesserung vun hirer sozialer Situatioun a vun hirer Liewensqualitéit anzesetzen. Se setze sech fir hir sozial Rechter an, fir hir Aarbechtsplazen, fir hir Léin an, an dat ass nei, fir d'Aart a Weis, wéi hei am Land d'Wirtschaft an den Handel sollen organiséiert ginn.

A läit net genau doranner ee vun deene grousse Paradoxen hei am Land? Well formal hu mer jo gutt Zuelen, déi eis de Moien och presentéiert goufen: D'Statsschold ass effektiv niddreg an de Wirtschaftswuesstum ass enorm grouss. Mä wat bedeiten déi Zuelen da wierklech fir d'Liewensqualitéit vun de Mënschen hei am Land?

Här President, wärend Joren ass eis ëmmer erëm erzielt ginn, datt eist Land onbedéngt eng ganz héich Croissance bräicht, well just déi derfir suerge kéint, datt mer d'Problemer an d'Erausfuerderunge meeschtere kéinten. Just wa mer e Wuesstum vun iwwer 3% hunn, esou heescht et entspriechend der liberaler Doxa, kann een derfir suergen, datt mer zum Beispill de Wee zur Vollbeschäftegung zréckfannen. Just mat engem Wuesstum vun iwwer 3% kéint et de Leit nees besser goen a wier soziale Fortschrëtt iwwerhaapt erëischt denkbar. An effektiv, an deene leschte Joren ass de PIB hei am Land enorm gewuess, par contre sinn d'Léin - inflatiounsberengegt - just ganz moderat geklommen.

De Chômage ass zwar zréckgaangen, mä effektiv just ganz lues. An insgesamt ass déi sozial Schéier hei am Land och trotz deem impressionnante Wirtschaftswuesstum an deene leschte Jore weider auserneegaangen. Och huet sech mam dichtege Wuesstum d'Situatioun um Wunnengsmaart net berouegt, ganz am Géigendeel: Wunne gëtt ëmmer méi zum Luxus a verschäerft déi sozial Inegalitéite weider. Dee Wuesstum huet och net gehollef, fir eis natierlech Ressourcen ze schützen, an trotz grousser ekonomescher Croissance si mer am europäesche Verglach ganz hannen, wann et drëms geet, den Energiewandel virunzedreiwen, also ewech vun atomaren a fossille Ressourcen.

An anere Wierder: Mir hunn zwar eng enorm wirtschaftlech Croissance, un där sech d'ailleurs eng ganz Rëtsch Firmen a Kapitalbesëtzer och eng gëllen Nues verdéngen, mä d'Leit an eisem Land ginn ëmmer méi erschloe vun deem desorganiséierte Wuessen, jo, leide souguer drënner, well esou e Wuesstum eng enorm Erausfuerderung un d'Planungscapacitéit vun der ëffentlecher Hand stellt, fir Infrastrukturen ze schafen, ze erhalen an ze erneieren. Eng Erausfuerderung, där eiser Meenung no weder dës an nach vill manner déi viregt Regierunge wierklech nokomm sinn, vläicht och nokomme konnten. Dobäi läit de Problem net doranner, datt eis Populatioun wiisst, mä doranner, wéi se wiisst. An do läit eiser Meenung no d'Kromm an der Heck.

Här President, de Lien, dat Band tëschent Wuesstum a Wuelstand ass gerass an eisem Land. De Wuesstum produzéiert als Offallprodukt oder Kollateralschued net nëmme verstoppte Stroossen, Zich a Busser, mä scho méi laang wuessend Ongläichheeten an der Populatioun. Derbäi kënnt, datt eist Land ëmmer méi ofhängeg gëtt vun deem Secteur, deen zum gréissten Deel fir d'Croissance responsabel ass, näämlech der Finanzplaz, déi och ëmmer weider expandéiert. An och d'Perspektiv vum Brexit, wat eng Katastroph fir Europa ass, riskéiert, datt d'Finanzplaz Lëtzebuerg nach weider opgeblät gëtt an domadder déi Ofhängegkeete vun där Finanzplaz nach weider an d'Luucht ginn.

Als Lénk si mir der Iwwerzeegung, datt et véier kruzial Erausfuerderunge ginn, déi eigentlech hätte missen am Zentrum vum Premier senger Ried stoen: éischtens, d'Stäerkung vun der sozialer Gerechtegkeet; zweetens, d'Bekämpfung vun der Wunnengsnout; drëttens, déi ekologesch Zukunftsplanung, a véiertens, den nohaltegen Ëmbau vun der Ekonomie vun eisem Land. An alle véier hu se mateneen ze dinn an alle véier hu se eppes gemeinsam: dee momentan onkoordinéierte Wuesstum vun eiser Ekonomie. Egal wéi eng Regierung dëst ugoe wëllt, si kënnt an Zukunft net derlaanscht, dee Wuesstum ze reguléieren an net méi alles blann de Kräfte vum Maart ze iwwerloossen, ugefaange bei deem Maart an deene Maartkräften,

déi offensichtlech versot hunn, näämlech dem Wunnengsmaart.

Dee gréisste Kollateralschued vun där eesäiteger, op Wuesstum fixéierter wirtschaftlecher Entwécklung vum Land ass d'Wunnengsnout. Heibäi handelt et sech an éischter Linn emol ëm e sozialen a mënschleche Schued, wat een un den Zuele vum Observatoire de l'habitat ervirsträiche (veuillez lire: erkenne) kann.

D'Wunnengspräisser zu Lëtzebuerg sinn an deene leschten zéng Joer ëm bal 42% geklommen. An deene leschten zwielef Méint, am leschte Joer war dës Hausse mat 5,6% nach méi akzeleréiert wéi virdrun. Ganz dramatesch ass dat bei den Appartementer, déi sech nach a Planung oder Bau befannen, mat plus 11,9%.

Bei de Loyeren ass d'Hausse äänlech staark: Hei gouf et an de leschten zéng Joer e Plus vu bal 30% an och hei klammen déi Montanten, déi e Locataire am Schnëtt fir en Daach iwwert dem Kapp berappe muss, an deene leschten zwielef Méint méi schnell wéi déi Jore virdrun: näämlech ëm bal 5%. D'Situatioun ass also wäit dovunner ewech, sech ze entspanen, mä se gëtt am Contraire ëmmer méi schlëmm.

Déi Entwécklung wier eventuell nëmmen hallef esou schlëmm, wann d'Léin och mat deene Präisser géife matklammen. Mä dat ass natierlech absolutt net de Fall, wat däitlech mécht, datt de Logement zu Lëtzebuerg op engem ausser Kontroll gerodene Maart zu engem Luxusprodukt ginn ass. Déi Situatioun ass net vum Himmel gefall an ass och net eleng der aktueller Regierung unzelaaschten.

An der Virgängerregierung war et jo bekanntlech d'CSV, déi dëse Ministère gefouert huet, mä och deemools haten déi zoustänneg Ministeren un der Spëtzt vun dësem Miniministère eigentlech net vill ze soen. De Stellewäert vun der Logementspolitik an och hir Budgeten, déi domadder verbonne sinn, waren, sinn a bleiwen immens kleng an net op der Héicht vun dësen Erausfuerderungen. Esou verwonnert et dann och net, datt d'Grënn fir d'Wunnengsnout an d'politescht Versoe vun de verschiddene Regierungen och ëmmer déiselwecht waren. An éischter Linn läit et natierlech dorunner, datt ze wéineg gebaut gëtt.

Wann ee bis an d'Joer 2000 zréckkuckt, do fält op, datt d'Zuel vun den ofgeschlossene Wunnenge pro Joer zu Lëtzebuerg ëmmer tëschent 2.000 an 3.000 gependelt huet, et also keng wierklech substanziell Steigerung bis elo ginn huet. De LISER seet awer säit längerer Zäit, datt all Joer mindestens 6.500 Wunnenge gebraucht géife ginn, also méi wéi dat Duebelt, an datt bis 2030 110.000 Wunnenge gebaut misste ginn. All Joer feelen also iwwer 3.000 Wunnengen, an déi komme jo nach bei dee schonn accumuléierte Retard aus deene leschte Jorzéngten derbäi.

An duerfir versti mer net, datt de Premier esou ausser Rand a Band vu Freed war, datt d'SNHBM elo 250 Unitéite baut, well de Besoin wesentlech méi grouss ass, e Multipel vun där Zuel. Och d'Efforte vun dëser Regierung ginn also bäi Wäitem net duer. An ëmmer méi Leit zu Lëtzebuerg verscholde sech, geroden an d'Aarmut oder plënneren einfach iwwert d'Grenz. Dat ass ëmsou méi bedenklech, well all déi Regierungen d'Politik, déi zu dëser Schiflag gefouert huet, voluntaristesch weidergedriwwen hunn.

Wouduerjer zeechent sech dës Politik aus? Justement duerch eng eesäiteg Wirtschaftspolitik, déi, baséierend op Souveränitéitsnischen a Fiskaldumping, virun allem Finanzdéngschtleeschtungsbetriber op Lëtzebuerg zitt, inklusiv der Nofro u Logementer „haut standing" an zentraler Lag fir héich bezuelte Finanzspezialisten an dem risege Bedarf un zentralgeleeëne Bürosflächen oder déi riseg Luxusimmobilien, déi sech elo schonn all déi High Net Worth Individuals reservéieren an ënnert den Nol räissen, déi de Wirtschaftsminister esou gär unzéie wëllt.

Iwwerléisst een dës Entwécklung engem fräie Maart a refuséiert een och nach, an dëse Maart anzegräifen, andeem een d'Notioun vu Privatbesëtz der Utilité publique iwweruerdnet, da kritt een e gefëierleche Cocktail; gefëierlech an éischter Linn fir d'Leit, déi an dësem Kontext eng Wunneng sichen. An eng Konsequenz vun där Politik ass och de Verdrängungseffekt vum Wunnengsbau zugonschte vun ëmmer méi Bürosflächen.

D'Privatkapital, dat an Immobilien investéiert, wëllt natierlech eng Renditt, an déi ass éischter mat der Verlounung vu Bürosflächen ze realiséieren. Renditt ass och éischter mat luxuriéisen Appartementer fir den décke Portmonni ze verdénge wéi mat anstännegen, abordabele Wunnenge fir Normalverdénger. A well et eben de Privatmarché ass, deen hei déi zentral Roll spillt an deem seng Logik sech dann och duerchsetzt, ginn d'Stadkären entweder zu Geeschterquartieren oder se bidde just nach räiche Leit Wunnraum.

Leider ass et awer net esou, datt d'ëffentlech Hand net och scho géif kräfteg an deem Business matmëschen. Um Boulevard Royal zum Beispill ginn de Moment zwee grouss Bürosgebaier gebaut, finanzéiert vum Fonds de compensation, also vun der Rentereserv. An et ass schonn interessant, wann ee sech den Internetsite vun deem Projet ukucke geet. Do gëtt dee Projet als „new royal business spot" ugekënnegt, déi „panoramic view" gëtt ugeprisen an d'High Net Worth Individuals gi mat „spacious parking spaces" fir hir déck SUVen ugelackelt. Dat ass scho bal makaber.

Wat denkt sech do eng Persoun, déi do virdru steet an déi sech keng anstänneg Wunneng leeschte kann an déi da gesäit, datt hir Rentecotisatioun an esou e Bürosprojet investéiert gëtt? An dat ass en trauregt Beispill fir d'Feelentwécklung vun der Immobiliepolitik zu Lëtzebuerg an dem Versoe vun der ëffentlecher Hand!

Déi eenzeg wierklech nei ugekënnegt Mesure vun der Regierung, fir Bauterrainen ze mobiliséieren, ass de Baulandvertrag. Mä och dës Mesure verléisst net dee politesche Kader, deen ech virdrun opgezeechent hunn. Well de Problem ass a bleift, datt de Proprietär ëmmer um laangen Hiewel sëtzt. De Stellewäert vum Privatbesëtz gëtt eben net a Fro gestallt. Den Terrain bleift also eng Wuer wéi eng aner, déi zu Maartpräisser kaaft, verkaaft oder verlount ka ginn. Duerfir hat ech mer eigentlech erwaart, datt, och no rezenten Aussoe vum Fraktiounsspriecher vun der LSAP, d'Regierung vläicht endlech emol wierklech géif d'Keul eraushuelen an den abusive Privatbesëtz an d'Utilisatioun dovunner a Fro stellen. Mä dovunner hu mer de Moie vum Premier leider näischt héieren, emol net undeitungsweis!

An ech si frou, ze héieren, datt den Här Bodry quasi e Mea culpa gemaach huet fir eng Politik aus der Vergaangenheet, un där hien an d'LSAP och mat bedeelegt waren, déi genau déi dote Froe vill ze spéit gestallt huet, well déi Reflexioune missten onbedéngt an dréngend gefouert ginn. Am Moment gi se emol net an enger méi fundamentaler Iwwerleeung an där zënter empfonnten Éiwegkeeten diskutéierter Verfassungsreform diskutéiert. Och hei ännert sech bis elo näischt um sakrosankte Privateegentum, woubäi aner Forme wéi ëffentlechen oder gesellschaftlechen Eegentum oder d'Utilité publique nach ëmmer ënnerbewäert bleiwen. Vun deem ugekënnegten neie Wand an der Wunnengspolitik ass just „ein laues Lüftchen" iwwreg bliwwen.

An ech wëll och drun erënneren, datt mir als déi Lénk och eng Proposition de loi gemaach haten, datt zumindest d'Agencekäschten net méi misste vum Locataire gedroe ginn, mä vun deem, deen dee Service och eigentlech an Usproch hélt, vum Proprietär.

Här President, trotz engem Wuesstum vun iwwer 4% sinn zu Lëtzebuerg déi sozial Inegalitéiten net erofgaangen, well Wuesstum eleng seet näischt iwwert déi ongläich Verdeelung vum geschafene Räichtum aus. Trotz groussem Wirtschaftswuesstum ass zu Lëtzebuerg déi sozial Schéier net méi kleng, mä méi grouss ginn an de vergaangene Joren a Jorzéngten. Déi zentral Fro misst also net sinn: Wéi schafe mer op Däiwel komm eraus méi Wuesstum?, mä: Wéi verdeele mer de Wuesstum esou, datt en och jiddwerengem an der Gesellschaft zegutt kënnt?

An do si mer alt erëm hei zu Lëtzebuerg an enger eigentlech komplett schizophrener Situatioun. Engersäits gi Joer fir Joer mam Wuesstum bis zu 15.000 nei Aarbechtsplaze geschafen an awer bleift de Chômage op engem héijen Niveau. An duerfir, Här President, hunn ech et wierklech deplacéiert fonnt vum Premier, deen opgeruff huet, sech ze freeën, datt mer zu Lëtzebuerg trotz deem Wuesstum nach ëmmer e Chômage vu 6% hunn. An dann och nach ze soen, datt, an ech zitéieren, „ee wäit misst zréckgoen, fir esou en déiwe Chômage zu Lëtzebuerg ze fannen"! Ech hu gekuckt, wéi wäit ee muss zréckgoen, näämlech zimlech genau fënnef Joer. Viru fënnef Joer hate mer manner Chômage. An do virdru Joren a Joren a Jorzéngten a Jorzéngte manner Chômage. Duerfir ka mech deen dote Chômagetaux vu 6% net freeën an och net déi Leit, déi dovunner betraff sinn, am Besonneschen och ganz vill Jonker.

Mä et gëtt nach besser! An de Projektioune vum Stabilitéitsprogramm fir d'Joren 2018, 2019, 2020 an 2021, déi op Bréissel geschéckt ginn, gesäit et esou aus, datt effektiv viraussiichtlech 2018 mat 5,7% deen niddregste Chômagetaux erreecht gëtt, wat de Premier jo och nach eng Kéier zur allgemenger Freed Ulass gelooss huet (veuillez lire: zur allgemenger Freed betount huet).

Mä wéi geet et da virun? Da geet et erëm monter an d'Luucht mat de Previsioune vum Chômage. 2019 soll en op 5,8% klammen, 2020 op 6,3%, an da fir 2021 solle mer bei 6,9% Chômage leien. Dat sinn d'Projektioune vun der Regierung. An do derhannert stécht souguer eppes a mengen Ae politesch nach méi Wesentleches: Wann also bei esou Wirtschaftswuesstumszuele vu 4%, 5% de Chômage net erofgeet, dann huet d'Regierung sech indirekt och vun engem anere wichtegen Aarbechtsmaartkonzept verabschit, näämlech deem vun der Vollbeschäftegung! An dat ass déi eigentlech Ausso vun deenen Zuelen! An et ass eng schrecklech Ausso, well mat deene Projektioune geet et de Leit am Land also net besser!

An et muss een och nach eng aner Konklusioun zéien: Wann all Joer esou vill Aarbechtsplaze geschafe ginn an de Chômage geet net massiv zréck, mä klëmmt mëttelfristeg souguer, da leeft eppes méi Fundamentales schif an der Wirtschaftspolitik vun der Regierung. Da schafe mer zwar lauter Aarbechtsplazen, mä déi hunn eigentlech näischt mat de Besoine vun eiser Bevëlkerung ze dinn. Dann déngt d'Ekonomie eben net de Leit, wéi de Premier et de Moien als Wonsch duergestallt huet. An et ass e weidert Zeechen derfir, datt dee Lien, dat Band tëschent Wuesstum a Wuelstand esou net méi zu Lëtzebuerg existéiert.

Här President, an der Realitéit vun der Aarbechtswelt sinn haut d'Salariéen an d'Gewerkschaften ëmmer méi mam Phenomeen vun de Licenciement-économiquë konfrontéiert, also der Tatsaach, datt d'Betriber Leit entloossen, obwuel hir ekonomesch Situatioun ganz gesond ass, just fir nach méi Benefiss aus dem Betrib erauszequëtschen an hiren Aktionären nach méi déck Dividenden auszeschëdden. An déi Betraffe vun deene Licenciement-économiquë sinn dacks Leit, déi deels jorelaang enzwousch geschafft hunn an op eemol op der Strooss sëtzen.

Wat mécht d'Regierung, esou wéi d'Gewerkschaften dat fuerderen, fir deem abusive Verhale vun ëmmer méi engem groussen Deel vum Patronat entgéintzetrieden? Dovun hu mer näischt héieren! 2009 hu mir schonn eng Proposition de loi gemaach, déi nach ëmmer um Instanzewee iergendwou erëmknëchelt, well d'Regierung dozou keng Stellung hélt. An da stellt sech awer och d'Fro, ob d'Aarbecht dann hei am Land iwwerhaapt nach virun Aarmut schützt.

Wéi geet et viru mat der Entwécklung vun den „working poor", also deene Leit, déi, obwuel se eng Aarbecht hunn, dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn? Zu Lëtzebuerg ass deen Taux mat iwwer 10% wesentlech méi héich wéi an eisen Nopeschlänner. Doriwwer ass och net geschwat ginn. Mir hunn d'Regierung dozou scho viru Méint interpelléiert an nach ëmmer keng Äntwert. Och de Moien net. A generell muss ee sech awer d'Fro stellen, datt, wann an engem Land iwwer 15% vun der Populatioun dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn, da kann et deene Leit an deem Land guer net esou gutt goen. An et kann dann och deem Land guer net esou gutt goen.

Dat Eenzegt zur Aarmutsbekämpfung, wat de Premier erwäänt huet, war d'Reform vum RMG, deen elo zum REVIS ëmgedeeft gëtt. An och wann do verschidde positiv Elementer dra sinn, esou stellen ech awer fest, datt souwuel d'Gewerkschafte wéi och d'Sozialverbänn wéi och Oppositiouns- a Majoritéitsparteien nawell zolidd Kritik dorunner üben an zu Recht Onzoulänglechkeete beanstanden.

Här President, Wuesstum eleng schaaft keng sozial Gerechtegkeet, Wuesstum eleng mécht déi sozial Schéier tëschent Aarm a Räich net méi kleng. An dee Wuesstum bitt och keng Äntwert op déi ekologesch Kris, an där net nëmme mir, mä déi ganz Welt dran ass, well deen dote Wuesstum hëlleft eigentlech éischter dem Klimawandel wéi dem Energiewandel, dee mer esou dréngend noutwendeg hätten. Iwwert déi Dimensioun vun der nohalteger Entwécklung wäert den David Wagner muer de Moien och nach eng Kéier intervenéieren.

Deen demesuréierte Wuesstum brëngt, wéi ech dat scho beschriwwen hunn, eng ganz Rei vu Problemer a Käschte mat sech. An duerfir gëtt dës Entwécklung och vun ëmmer méi Leit hei am Land a Fro gestallt. Leit, déi sech keng Wunneng méi kënne leeschten a gezwonge sinn, an d'Ausland ze goen; Leit, déi besuergt sinn ëm d'Zerstéierung vun eiser Ëmwelt; Leit, déi och gesinn, datt dee ville Wuesstum eigentlech net bei hinnen ukënnt, datt se zwar mat den negative Konsequenze musse liewen, hir eege finanziell Situatioun sech awer just kaum mierkbar, wann iwwerhaapt verbessert huet.

All dës Leit froe sech, ob dat da wierklech dee richtege Wee ass, op deem d'Regierung am Moment ënnerwee ass. All dës Leit froe sech, ob et net besser wier, fort ze komme vun deem „esou vill mer kréien", hin zu engem „esou vill mer brauchen". All dës Leit froe sech och, op d'Liewensqualitéit vun den Awunner net méi wichteg ass wéi déi dichteg makroekonomesch Zuelen, déi mer all Joer op Bréissel schécken.

Nëmmen, och si hunn de Moie wéineg Äntwerte kritt op hir berechtegt Froen! Si kruten net en Auswee proposéiert, au contraire: Se kréien nawell ëmmer erëm erzielt, datt et ebe keng Alternativ gëtt, datt mer souzesoe verdaamt sinn, weider ze wuessen, bis, jo, bis iergendwann eng Kéier näischt méi geet. Datt nëmmen d'Croissance vum PIB eist Iwwerliewe séchere kann, well soss eise ganze Statsapparat eis ëm d'Ouere fléie géif.

Mä mir mengen, datt et keng Fatalitéit ass! Et ass näämlech méiglech a virun allem néideg, alternativ Weeër anzeschloen. An et ass méiglech, eng méi nohalteg an harmonesch Entwécklung unzestriewen, déi och Wuesstum schaaft, mä Wuesstum, dee mer meeschtere kënnen an dee méi gerecht verdeelt ass. An dat ass eng Fro vu politeschem Wëllen!

Wa mer iwwer Weeër schwätzen, wéi mer déi iwwerhëtzten Entwécklung kéinten ofbremsen, da komme mer net derlaanscht, iwwert deen Elefant ze schwätzen, deen och elo nach ëmmer am Raum steet. An deen Elefant heescht Finanzplaz. Zënter 30 Joer kréie mer gesot, d'Schicksal vum Land géif un der Finanzplaz hänken. Mä wie profitéiert eigentlech wierklech vun deene Geschäfter? A wéi eng Käschte sinn domadder verbonnen? An zemools, wéi eng Secteure vun der Finanzplaz bréngen a wéi eng kaschten d'Land wéi vill?

Fir eis ass kloer, datt, wa mer ee wirtschaftleche Secteur bewosst an iwwerluecht ofbremse mussen, fir dem Wuesstum erëm Meeschter ze ginn, dann ass et de Finanzsecteur! Dobäi geet et natierlech net drëms, vun haut op muer alles ze zerschloen.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleegen, wann ech gelift, e bësse méi roueg am Sall!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Et geet drëms, sech eng mëttel- a laangfristeg Strategie ze ginn, fir aus deene Finanzsecteuren erauszeklammen, fir déi mer och am Ausland zu Recht kritiséiert ginn, näämlech aus deem ganze Beräich vun de Steiertricksereien. Eng Exitstrategie aus de kromme Geschäfter, net well eis Noperen eis mat der Kavallerie droen, mä aus fräie Stécker, well mer eis Suen net op d'Käschte vun anere Länner wëlle verdéngen. An et heescht och,...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ass dat Är Meenung, dass mer dat maachen?

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- ...an et heescht och, ophale mat Fiskaldumping an net an der geckeger Konkurrenz vun deenen niddregsten Tauxe probéieren, ëmmer méiglechst méi heihinnerzezéien.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Baum, dierf ech lech eng Fro stellen?

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- An Der kënnt d'Fro stellen, ob dat net...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dierf ech lech eng Fro stellen, Här Baum?

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Wann ech gelift!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir hat gëschter, wann ech dat richteg gesinn hunn op RTL, op der Télee, de Gregor Gysi op Besuch bei Iech an der Fraktioun, huelen ech un, well ech hunn emol Är Pancarte hannendru gesinn. An den Här Gysi huet an engem Interview do bei RTL behaapt, Lëtzebuerg war nach ëmmer e Steierparadies. Hutt Dir dorop reagéiert? Sidd Dir och där Meenung? Oder hutt Der em do wéinstens zu Recht gewisen, dass dat net de Fall ass?

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Här Schneider, Lëtzebuerg huet fir Multinationallen an Entreprisë paradisesch Verhältnisser, wat d'Steierpolitik, wat d'Fiskalpolitik ugeet. An ech si ganz frou - ganz frou! - doriwwer, datt Der lech esou intensiv mat Pressekonferenze vu Membere vun Nopesch- a Schwësterparteien ofgitt.

D'Fro ass awer berechtegt, ob een, wann een esou eng Politik géif aschloen, oder zumindest emol esou Strategië géif entwéckelen, dann net eventuell riskéiert, deen een oder anere Prozentpunkt Wuesstum ze verléieren. An dat kann duerchaus sinn! Mä d'Fro ass awer, ob dee Wuesstum net vläicht dee knaschtege Wuesstum ass, dee mer souwisou eigentlech sollte wëlle lassginn a mer duerfir awer op där anerer Säit eng Chance kriten, eng Opportunitéit, fir eng méi harmonesch Entwécklung anzeleeden a fir de Retard bei den Infrastruktu-

ren opzehuelen. An dat géif dernieft och déi néideg politesch Energie fräi maachen, fir endlech déi wirtschaftlech Diversifikatioun seriö unzegoen, vun där jiddweree schwätzt.

Well d'Regierung schwätzt jo ganz vill vu Kompetenznischen, déi mer musse besetzen. Tatsaach ass awer, datt se weiderhin op Souveränitéitsnische setzt. An dat neiste Beispill dovunner ass den „space mining". Do geet et eben net oder kaum ëm spezifesch lëtzebuergesch Kompetenzen, mä et geet ëm riskant Souveränitéitsnischen, fir datt international Investisseuren d'Leit als Plattform benotzen, fir hir Geschäfter kënnen ze maachen. Well den „space mining" ass a Wierklechkeet keng Ingénierie spatiale, mä am Fong eng Ingénierie juridique, mat där versicht gëtt, internationaalt Recht ze ëmgoen, an dëst souguer op d'Gefor hin, datt mer zu engem Akteur vu groussen internationale Konflikter ginn, déi eis definitiv iwwert de Kapp wuessen.

An och nieft der Tatsaach, datt mer mat deem Space-Mining-Projet d'Privatiséierung vum Weltall amorcéieren, steet dat och am flagrante Widdersproch zu enger anerer Initiativ vum Wirtschaftsminister, nämlech där vun der Économie circulaire, dat heescht dem Recycling. Well beim „space mining" geet et jo ebe justement net drëms, e responsabelen Emgang mat de Ressourcen ze promouvéieren, mä au contraire derfir ze suergen, datt mer Ressourcë weiderhi kënne verbëtzen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir liest ze vill Science-Fiction, Här Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Jo, ech hu virun allem Äre Projet de loi gelies, Här Schneider. An do sti Saachen dran, datt engem, an net nëmme mir, mä och dem Statsrot deelweis d'Dronkenelle kënnen ausgoen.

An d'Fro stellt sech, firwat mer net a méi nohaltegen, zukunftsweisende Beräicher probéieren, d'Weltspëtzt ze ginn. Ech recommandéieren duerfir dem Här Wirtschaftsminister, amplaz vun de Stären ze dreemen, eng Kéier e Bléck a seng Poubelle ze geheien, well do géif en nämlech och ganz vill Ressourcë fannen, déi nëmmen drop waarden, fir exploitéiert ze ginn. An dat wier och vläicht wesentlech méi am Sënn vum Här Rifkin, deem Futurolog, deen d'Regierung jo agestallt huet, fir d'Zukunft ze plangen, ze gestalten, unzedenken an deen d'Regierung jo quasi als neie spirituelle Leader auserwielt huet.

Här President, mir mengen, datt déi grouss Erausfuerderunge vun eisem Land, déi ech opgezielt hunn, an där doter Ried net an deem Mooss traitéiert gi sinn, wéi et néideg gewiescht wier, fir eist Land wierklech ze preparéieren op d'Zukunft a virun allem de Mënschen an dësem Land reell Perspektive fir d'Zukunft ze bidden.

Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Baum.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Et mengt een, mir géifen an Albanien liewen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir wieren domat um Enn vun eisem allgemengen Debat ukomm.

Wéi d'lescht Joer, hu mer jo no deem allgemengen Debat eng Rei vu sektoriellen Debate virgesinn, a mir géifen den Owend nach dee Volet Ekonomie a Kompetitivitéit maachen. An do ass als Éischten den Här Laurent Mosar fir d'CSV ageschriwwen. Fir dass d'Kolleegen ongeféier wëssen, wou mer den Owend landen: Den éischte Volet ass plus/minus 50 Minutten, eng Stonn.

Débats sectoriels - Volet «Économie et Compétitivité»

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënsche gutt geet", mat deene Wierder huet den Här Statsminister de Moie seng Ried zur Lag vun der Natioun ofgeschloss. An ech géif mer vläicht erlaben, dee Saz nach virunzeféieren, andeem ech soen: De Mënsche geet et gutt, wann et der Wirtschaft gutt geet, well et d'Wirtschaft ass, déi dee Räichtum schaaft, deen et eis an dësem Land erlaabt, deen héije Liewensniveau mëttel- a laangfristeg ofzesécheren.

Ech wäert den Owend a menger Interventioun mech haaptsächlech mat eenzelnen Aspekter vun der Diversifikatioun vun eiser Wirtschaftspolitik befaassen.

Doduerch, datt mer gëschter e puer kleng technesch Problemer hei haten, hat ech d'Geleeënheet, wéi déi aner Kolleegen och, fir mech fir d'Éischt um Internetsite vun der Regierung mat der virtueller Versioun vun der Deklaratioun vum Här Statsminister auserneenzesetzen. An de Moie konnt ech dann därselwechter Deklaratioun och nach eng Kéier haut live an in Farbe am Plenum nolauschteren.

An ech muss Iech soen, Här President, datt weder déi schréftlech nach déi mëndlech Versioun vun dëser Ried mech a menger dach scho ganz ageschränkter Erwaardungshaltung iwwertraff huet.

An dach, Här President, an dat ass, wat vläicht e bëssen iwwerraschend war, si mer zwee Punkten de Moie besonnesch opgefall. An ech weess net, ob et Iech d'selwecht gaangen ass, mä mir haten eigentlech haut fir d'Éischt zwou Deklaratiounen zur Lag vun der Natioun, an domadder mengen ech net, datt den Här Statsminister leider Gottes huet missen zweemol ufänken, mä och den Här Vizepremier huet quasiment a senger Interventioun eng zweet Deklaratioun zur Lag vun der Natioun virgeluecht.

A wa fir d'Éischt vum Här Bettel haaptsächlech duerch de bloe Brëll an déi blo Ministèrë gekuckt ginn ass, sou huet den Här Schneider natierlech virun allem duerch de roude Brëll, an awer haaptsächlech och duerch säin eegene Brëll gekuckt.

(Hilarité)

Deen eenzege Brëll, deen ech vermësst hunn, ass dee gréngen! Mä wie weess, dee kënnt da vläicht nach muer no.

(Interruption)

An dat Zweet, Här President, ass: Ech hu selten eng Regierung erlieft, déi sech esou vill op d'Schëllere geklappt huet! An ech mengen, datt den Owend verschidde vun de Kolleege vum ville Schëllerklappen e kräftegen Torticolis wäerten hunn.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Maacht Iech keng Gedanken!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Wat d'Aussoe vum Premier zu der Diversifikatiounspolitik vun der Regierung betrëfft, sou erschëpfe se sech an zwar gutt kléngende Generalitéiten a Plattitüden, ouni awer op eng eenzeg nei Propositioun anzegoen,…

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.* A wat ass da vun Iech bis ewell komm, Här Mosar?

M. Laurent Mosar *(CSV).*- …well déi eenzeg konkret Propositioun, nämlech d'Schafe vun der sougenannter IP-Box, u sech schonn en alen Hutt ass, deen de gesamte Secteur an d'ailleurs och mir an der Chamber schonn iwwregens säit méi wéi zwee Joer an Aussiicht gestallt kritt hunn.

D'Aussoe vum Premier sinn dann och e bëssselche symptomatesch fir d'Politik vun dëser Regierung: Et gëtt vill waarm Loft geblosen a konkret um Terrain geschitt räichlech wéineg.

De Moien, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hat ech awer ee Moment d'Illusioun, ech géif haut eppes Neits gewuer ginn, wéi de Premier a ganz schéinen, héichtrabende Wierder, an ech zitéieren en, gesot huet: „Dat bedeit, dass mer eis verstäerkt op Aktivitéite konzentréieren, déi bei d'Land passen, an et bedeit och, dass vill méi op Qualitéit eréi op Quantitéit gesat gëtt."

Ech hunn du mat Spannung geduecht: Elo lies de emol virun an du lauschters haaptsächlech muer ganz genau, fir dann ze héieren, wat déi grouss nei Aktivitéitsberäicher mat deem héije Qualitéitslevel do sinn!

A grouss war du mäin Erstaunen, Här President, wéi ech d'Oplëschtung vun deenen Aktivitéitsberäicher gelies hunn, wou dann ugefaange gëtt mam Finanz- a Bankesecteur, mat de Secteure vun der Logistik, der „automotive" Industrie, der Industrie am Generellen, alles Beräicher, an deenen dëst Land natierlech ganz gutt opgestallt ass, an dat dank awer och der virauskuckender Politik vun deene ville viregte Regierungen, praktesch all mat CSV-Bedeelegung.

Duerno - an dunn hunn ech geduecht, elo gëtt et richteg spannend! - fiert de Premier virun a kënnt dann op déi zwee grouss nei Aktivitéitsberäicher, an deenen dës Regierung da wëllt Prioritéite setzen: d'Weltraumtechnologien, déi sougenannten „space resources" an „space mining", an d'Entwécklung vun de Start-uppen, ganz besonnesch am Beräich vun de FinTechen.

Dës, Här President, zwee Aktivitéitsberäicher hunn awer eppes gemeinsam, nämlech datt mer hei vun absolutten Zukunftstechnologië schwätzen, déi, wann - an dat hoffe mer alleguerten - sech déi héich Erwaardungen da wäerten erfëllen, fréistens an 20, 25 Joer richteg konsistent Steierrecettë wäerten ofwerfen.

Déi Fro, déi also fir eis wesentlech bleift, Här President, an op déi hu mer emol am Usaz de Moie keng Äntwert kritt, ass, wat ausserhalb vun deenen doten Zukunftstechnologien dann nach geplangt ass, fir ganz besonnesch de Verloscht vun awer deene ganz villen Aarbechtsplazen, déi duerch d'Digitalisatioun vun eiser Wirtschaft, an notamment och am Finanzsecteur, riskéieren ewechzefalen, opzefänken.

Här President, „space resources" oder den Ofbau vu Ressourcen am Weltall si wéi all Weltraumtechnologië virun allem Technologië vun der Zukunft. Och wa fir vill vun eis dës Aktivitéiten nach an de Beräich vun der Science-Fiction gehéieren, sou muss een dach dat Potenzial erkennen, wat an deenen nächste Joren an dëse Weltraumtechnologië läit.

A mir fannen et, a mäi Fraktiounschef Claude Wiseler huet et de Moien och schonn ënnerstrach, mir fannen et duerfir richteg, datt d'Regierung versicht, sech an dëser Zukunftsindustrie ze positionéieren, a mir ënnerstëtzen duerfir och prinzipiell d'Demarche vun der Regierung.

Une voix.- Aah!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Fir eis stelle sech allerdéngs, Här Statsminister, Här Wirtschaftsminister, virun allem dräi prinzipiell Froen, déi och schonn zum Deel de Moie vum Claude Wiseler oder de Mëtteg vum Claude Wiseler thematiséiert gi sinn. Déi éischt, dat ass natierlech déi vun der legaler Basis, op där de lëtzebuergesche Projet sech wäert bewegen. De Statsrot huet hei a sengem Avis eng ganz Rei vun awer net onsubstanzielle Froen opgeworf, op déi eiser Meenung no d'Regierung muss op eng detailléiert Manéier Äntwerte liwweren.

Eng zweet Fro ass déi vum mëttel- a laangfristegen Engagement vum lëtzebuergesche Stat, wou mir och d'Regierung opfuerderen, eis e kloren an detailléierte Businessplang op déi nächst zéng bis fofzéng Joer virzeleeën.

Eng drëtt Fro, an déi ass bis elo nach ganz wéineg behandelt ginn,…

Et ass elo schued, datt den Här Wirtschaftsminister dat net matkritt, mä den Här Statsminister wäert em dat viruginn.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech sinn erëm do!

(Interruption par M. Xavier Bettel)

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Dir sidd erëm do, Här Wirtschaftsminister, an ech si frou, datt Der och hei ganz besonnesch nolauschtert.

Eng Fro, déi fir eis oder och fir mech selwer eng extrem grouss Bedeitung an där ganzer Diskussioun huet, dat ass déi vun der eventueller Haftung vun eisem Land an engem Secteur, wou mir dann, wann dat gutt fonctionnéiert, an Zukunft wäerten Industriebetriber hei zu Lëtzebuerg domiciliéieren, déi Aktivitéiten am Weltraum wäerten exercéieren, mat alle Risken, déi dat comportéiert.

Dëst ass fir eis eng ganz, ganz wichteg a wesentlech Fro. An ech ginn dovun aus, datt Der eis muer och dozou wäert eng Rei Äntwerte ginn.

Här President, och wa mir also prinzipiell d'Regierung an dësem Projet kënnen ënnerstëtzen, sou bleiwen dach extrem vill Froen op, an ouni datt mir déi am Detail beäntwert wäerte kréien, wäerte mir och eisen „go" net dozou kënne ginn.

Erlaabt mer awer heizou e lescht Wuert! De Wirtschaftsminister huet et fäerdegbruecht, an dat éiert en, datt e Lëtzebuerg mat dësem innovative Projet op d'Weltkaart gesat kritt huet.

Allerdéngs ass dës Präsenz op der Weltkaart awer net ouni Geforen, well - an ech mengen, et ass schued, datt den Här Wirtschaftsminister elo muss erausgoen - d'Erwaardungshaltung u Lëtzebuerg an dësem héich technologesche Beräich dach extrem grouss ass a vill Leit déi doten Initiativ mat Argusae wäerte betruechten a wäerte leider Gottes nëmmen drop waarden, datt mir do e Feeler maachen.

Mir mussen eis also bewosst sinn, Här Statsminister, datt mer an dësem Dossier keen Droit à l'erreur hunn, mä datt mer hei riskéieren, och eis Reputatioun op d'Spill ze setzen, wat da kéint och emol negativ Konsequenze fir de Finanzsecteur hunn.

Här President, d'Start-uppen an d'FinTeche sinn do schonn e wesentlech manner glëtschegen Terrain. Och hei ënnerstëtze mir prinzipiell d'Demarche vun der Regierung, fir Lëtzebuerg och op de Radar vun de Start-uppen ze setzen.

Allerdéngs, och hei deelen ech net gradesou den Optimismus, deen hei vun de Ministere verbreet gëtt, well net méi spéit wéi d'lescht Woch hat ech d'Chance, mat enger Rei Leit aus deem Secteur do oder aus deene Secteuren ze schwätzen, déi mer gesot hunn, datt am Moment leider Gottes Lëtzebuerg nach net attraktiv genuch wär, fir esou Start-uppen unzezéien, an datt déi allermeescht am Moment éischter d'Tendenz hätten, an Irland ze goen, an dat haaptsächlech, Här Wirtschaftsminister, aus zwee Grënn, déi Dir och kennt, näämlech éischtens deem, datt mer leider Gottes nach ebe bis elo keng Regelung hunn, wat déi sougenannten IP-Box, also den Artikel 50bis vum Steiergesetz betrëfft. Mir hunn déi dann elo endlech an Aussiicht gestallt kritt. Allerdéngs musst Der wëssen, datt do souwuel d'Holländer wéi d'Belsch wéi d'Irlänner eis wäit viraus sinn, well déi scho säit enger Zäitchen en IP-Regimm adoptéiert hunn.

An derniewent, an dat hunn ech och schonn, Här Wirtschaftsminister, e puermol op dëser Tribün ënnerstrach, misste mir onbedéngt och steierlech Incentivë schafe fir privat Investisseuren, déi an esou Start-uppe géifen investéieren. An do gëtt et an den angelsächsesche Länner e ganz flotte Modell, deen Iech sécherlech net onbekannt ass, dee vun dem „Seed Enterprise Investment Scheme", wat e System ass vu Privatleit, déi iwwer Risikokapital an esou Entreprisen investéieren an dat kënne steierlech wärend enger begrenzter Zäit ofsetzen. Ech fannen, dat ass eng ganz flott Initiativ.

(Interruption)

An Dir sot jo ëmmer, d'Oppositioun hätt näischt ze proposéieren. Hei ass zum Beispill eng Propositioun, déi ech schonn eng Kéier gemaach hunn, déi ech nach eng Kéier widderhuelen, well ech mengen, si ass am Interêt vun de Start-uppen. Mir hunn...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Mä, Här Mosar, Dir waart dach géint d'Steierreform. Dir hutt alles ofgeleent. Dir sot souguer, se wär ze deier,…

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Neen!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- …se wär ze deier a mir kéinten eis se net leeschten. Elo frot Der se!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Also, Här Schneider, ech wëll Iech elo äntwerten. Mat allem Respekt, ech héieren dat elo de ganze Mëtten, d'Oppositioun,…

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Et ass leider esou.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Neen!

…d'Oppositioun hätt keng Propositioun. Ech erënneren Iech drun, datt mir am Dezember hei eng Debatt haten, en Débat de consultation mat enger Interpellatioun, wou meng Fraktioun zwielef Motiounen - zwielef Motiounen! - proposéiert huet mat eenzelne Propositiounen. Leider huet dës Majoritéit vun deenen zwielef Motiounen der zéng ofgeleent!

Dir hutt der zwou...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir hutt wärend all deene Méint keen een Amendement gemaach.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här Minister, Dir hutt der zwou zréckbehalen. A leider Gottes ass och nach mat deenen zwou net vill an der Zwëschenzäit geschitt. Duerfir haalt op! Ech kann dat net méi héieren, permanent der Oppositioun Reprochen ze maachen, si hätt keng Propositioun ze maachen! Mir hunn der gemaach! An déi Propositioune leien och nach ëmmer...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir hutt dergéint gestëmmt, Här Mosar.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, elo huet just den Här Mosar d'Wuert. D'Regierung huet muer ganz vill Zäit, fir ze äntwerten op all eenzelne Punkt. A si kritt och zu all eenzelne Punkt d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- A si kann nach muer eis Motiounen unhuelen, Här President.

(Interruption)

Si kann nach déi Motiounen unhuelen, déi se d'leschte Kéier net gestëmmt huet. Ech brénge se gären nach eng Kéier eran, Här Minister.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Här President, Här Statsminister,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo. Sou, elo huet just den Här Mosar d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ech hoffe just, datt ech déi verlueren Zäit wierklech guttgeschriwwe kréien, well ech sinn elo...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir hutt nach ganz vill Zäit, Här Mosar.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ech weess dat. Mä ech hätt och gär, datt mer déi Zäit do guttgeschriwwe gëtt.

(Brouhaha général)

Här President, souwuel de Premier wéi och de Wirtschaftsminister - lauschtert wann ech gelift no! - hu wéineg, fir net ze soe guer näischt iwwert de Mëttelstand an déi ganz vill Kleng- a Mëttelbetriber an eisem Land gesot, déi u sech d'Gerüst vun eiser Wirtschaft duerstellen an déi zu engem ganz gudden Deel och un deene gudden Zuele mat schëlleg sinn, vun deenen d'Regierung ëmmer esou gär schwätzt, an déi haaptsächlech och zu engem groussen Deel responsabel sinn, datt nach ëmmer Dausende vun Aarbechtsplazen an deem Land hei geschaaft ginn.

Och hei, Här Wirtschaftsminister, schléift zum Deel en enorme Potenzial, wat een nëmme bräicht e bësselchen ze erwächen, an ech widderhuelen och do erëm eng Kéier dat, wat ech schonn e puermol op dëser Tribün gesot hunn: datt mir onbedéngt mussen d'Successiounen an d'Reprisë vu Betriber besser legal a steierlech encadréieren. Do ass, an dat ginn ech lech gär zou, en éischte Schrëtt bei Geleeënheet vun der Steierreform gemaach ginn, deen awer eiser Meenung no leider Gottes bäi Wäitem net duergeet.

Am selwechte Kontext wëll ech dann och nach op e Problem agoen, dee sech a ganz ville Gemengen och am Norden an och am Oste vum Land stellt, wat d'Industrie an d'Aktivitéitszonen ugeet, well fir eis a fir eis Fraktioun ass et och wichteg, datt am Norden an am Osten eng Rei vun Aktivitéitszonen hikommen, well d'Aktivitéite kënnen och net nëmmen am Süden oder am Zentrum vun dësem Land implantéiert sinn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Den Här Wirtschaftsminister, Dir Dammen an Dir Hären, ass am Moment vill am Weltall zwësche Mount a Mars ënnerwee. A wann een all Dag de Weltall virun Aen huet, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass heiansdo d'Landung um Buedem vun eiser gudder Äerd e bësselchen haart!

(Brouhaha)

A wann och, Här Wirtschaftsminister, an dat gesäit een lech un, Dir lech an Ärer Roll vum lëtzebuergeschen „Captain Kirk" richteg…

(Hilarité générale)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass éischter den „Mister Spock".

M. Laurent Mosar *(CSV).*- …richteg, richteg wuelfillt, wat ech mer, Här President, domadder erklären, datt den Här Schneider awer e bësselche frustréiert ass, datt hien net d'Captainsroll an der Regierung huet.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir wäert da ganz gär den „Major Tom"!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Bei all Ärer Begeeschterung awer, Här Schneider, vergiesst net, datt och de Captain Kirk heiansdo mam Raumschëff erëm op d'Äerd zréckkomm ass, fir sech och mat den terrestresche Suerge vun de Betriber ze beschäftegen, well, Här Wirtschaftsminister, d'Zukunft vun eisem Land wäert sech trotzdeem och net am Weltall decidéieren, mä och an den nächste Jore wäert den iwwergroussen Deel vun eisem Räichtum an Zukunft an eisem Land haaptsächlech vu sengem Mëttelstand a vu sengem Finanz- a Bankesecteur erwirtschaft ginn!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, ech kommen da kuerz zu der Situatioun am Bankesecteur. Och do kann ech déi Heile-Welt-Stëmmung, déi ganz besonnesch vum Här Finanzminister verbreet gëtt, absolutt net novollzéien. Wann ech mer näämlech de Finanzsecteur ukucken, Här Finanzminister, ass et richteg, datt mer op där enger Säit d'Fongenindustrie hunn, déi gutt fonctionnéiert, déi och gutt opgestallt ass. Mir hunn op där anerer Säit den Assurancësecteur, dee sech och an engem internationalen Ëmfeld net schlecht schléit.

Dëst ass awer nëmme bedéngt richteg, wat de Bankesecteur betrëfft. An ech wëll elo hei kee groussen Exkurs an de Bankesecteur maachen. Ech wëll trotzdeem Iech soen, an dat soll een net ënnerschätzen, datt an de leschte Wochen zwou gréisser Banken hei zu Lëtzebuerg decidéiert hunn, hir Dieren zouzemaachen a fortzegoen, aus verschiddenen Ursaachen, op déi mer elo net d'Zäit hunn anzegoen, dorënner déi eenzeg türkesch Bank, déi op dëser Finanzplaz war.

Wann ech da virun e bësselche kucken, da beonrouegt mech eigentlech nach méi wéi dee Fait, datt elo Banke fortginn an anerer kommen, datt an enger Rei vu Banken eenzel Déngschtleeschtungen an d'Ausland outgesourct ginn, wat natierlech dann och eng Konsequenz op d'Zuel vun den Aarbechtsplazen an deem Secteur huet.

Derbäi kënnt, an Dir kënnt mir dat och elo confirméieren, Här Finanzminister, datt mengen Informatiounen no och net méi ganz vill Demandë fir nei Banken an der Pipeline bei der CSSF sinn.

Ech bedaueren duerfir och nach eng Kéier, an och do, wann ëmmer gesot gëtt, d'CSV hätt keng Propositiounen, datt ech scho virun zwee Joer bei Geleeënheet vun der Debatt iwwert d'Zukunft vun der Finanzplaz gesot hunn, d'Regierung sollt eng Etüd maachen, iwwregens an enger Motioun, déi vun der Regierung deemools ugeholl ginn ass, fir ze kucken, wat ee misst maachen, fir méi interessant fir d'Installatioun vun Headquartere vu grousse Banken hei zu Lëtzebuerg ze ginn.

Well, ech mengen, do si mer eis alleguer eens, Dir gesitt, wat fir ee Succès de Standuert Lëtzebuerg bei grousse chineesesche Banken huet. An déi hu jo och domadder gewisen, datt eigentlech hei zu Lëtzebuerg en enorme Potenzial och fir esou Headquartere besteet.

Wat mir haut, Här President, einfach vermëssen an der aktueller Politik vun dëser Regierung, ass, datt souzesoen an deene leschte Méint a Jore quasiment keng nei Produkter méi fir d'Banke geschaaft gi sinn.

An ech hu mat Interêt, Här Finanzminister, dem Här Mackel nogelauschtert, deen elo virun e puer Deeg eng Kéier moies um Radio geschwat huet. Den Här Mackel hat eppes gesot, wat ech mat zwou Hänn géif wëllen ënnerschreiwen, wou e gesot huet, datt d'Bankeplaz an de leschte Joren an och elo nach zu engem ganz groussen Deel trotzdeem op den Acquise vun deene leschte Joren hei géif fonctionnéieren a liewen, wat sécher u sech ass.

Ech weess, Här Statsminister, datt dat do Iech net gefält, wat ech hei soen. Duerfir ass et awer…

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Neen, dat ass… Ech hunn den Här Mackel héieren, deen dat esou gesot huet.

Mir hunn, an aus verständleche Grënn, Här President, an de leschte Méint a Jore mussen eng Rei vun Nischen zoumaachen. An do si mir och mat der Regierung d'accord gewiescht. Mir vermëssen awer gradesou, datt net gekuckt ginn ass, wou een awer eng Rei vun neien Opportunitéite kéint schafen. An ech hu virdrun déi vun den Headquartere genannt. Mir bedaueren dat a mir fannen dat schued, ganz besonnesch och virum Hannergrond vun der Ëmsetzung vun de BEPS-Mesuren, déi sécherlech och, an do si mer eis wahrscheinlech och eens, Här Finanzminister, net ganz ouni Konsequenze fir eis Finanzplaz hei wäerte bleiwen.

Här President, e lescht Wuert zu enger Thematik, déi dem Här Roth a mir ganz besonnesch um Häerz läit an déi Der kennt, näämlech déi vun de SOPARFIen.

Une voix.- Aah!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Stock options.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- An ech bieden Iech, Här Finanzminister, do nozelauschteren, well dat ass och eng Suerg, déi mer hunn. Eisen Informatiounen…

(Interruption)

Et schéngt…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Eisen Informatiounen no schéngen an de leschte Wochen a Méint e puer honnert wann net méi SOPARFIen einfach liquidéiert ginn ze sinn. Dat ass eng Tendenz, wou een elo net muss a Panik verfalen, wou een awer soll seriö kucken, wat d'Ursaachen dovunner sinn, Här Finanzminister.

Den Här Roth an ech selwer hu schonn déi eng oder aner parlamentaresch Ufro dozou gestallt. A vu datt haut souwisou dat neit Gesetz iwwert den Droit des sociétés, wou den Här Gloden ganz vill Meritter dran hat, jo virgesäit, datt all Gesellschaft, déi liquidéiert gëtt, e Certificat de liquidation muss vun der Administratioun kréien. Et ass also haut onproblematesch, datt och eng Chamber d'Zuele vun deene Liquidatioune géif kréien. Wéi gesot, et ass eppes, wat eis ganz vill Suerge mécht. A mir wäre wierklech frou, Här Finanzminister, wa mer där doter Saach géife ganz genau nokucken.

Als Konklusioun, Här Finanzminister, ass den Himmel iwwert dem Bankesecteur net méi gradesou blo. Eng ganz Rei vun donkle Wolleke sinn amgaangen opzezéien. Déi riskéieren an den nächste Méint a Joren e puer kräfteg Donnerwiederen och hei am Land mat sech ze bréngen. Mir vermëssen duerfir als CSV-Fraktioun ganz besonnesch am Finanzsecteur eng kloer definéiert Strategie a Visioun iwwert déi nächst puer Joer, dat souwuel um Niveau vun der Steierpolitik wéi och op deem vun der Regulatioun. Esou Strategien, Här Finanzminister, gëtt et zum Beispill an England an der City of London, gëtt et zu Dublin. An ech mengen, mir sollen eis do wierklech drun orientéieren, fir an Zukunft och op deen dote Wee ze goen.

(Interruption)

De Premier huet de Moien och a senger Ried ënnerstrach, datt mer net dierfte stoe bleiwen. Ech deelen dës Ausso an ech géif souguer nach derbäifügen, datt déi, déi stoe bleiwen, eigentlech zréckginn. Mir stelle fest, datt et net nëmmen, mä och am Finanzsecteur, wéi d'ailleurs a ganz villen anere Beräicher, am Moment en „Stand still" gëtt a sech just eigentlech nach domadder beschäftegt gëtt, fir deenen normalen Dagesgeschäfter nozegoen, an der Hoffnung, fir méiglechst onbeschiedegt bis zum Wahltermin 2018 ze kommen.

Dëse Stëllstand, Dir Dammen an Dir Hären, bedauere mir, well en ass net am Interessi vun der lëtzebuergescher Wirtschaft an domat och net an deem vun de Bierger vun dësem Land.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo. Deen nächste Riedner ass scho prett. Et ass den Här Franz Fayot fir d'LSAP.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, léif Membere vun der Regierung, et ass vu verschiddene Säiten hei wärend dësem Debat e bësse gespëttelt ginn an ironiséiert ginn iwwert de Rifkin-Rapport an iwwert dee ganze Prozess, deen do lassgetrëppelt ginn ass vun der Regierung.

Bon, mir hu relativ regelméisseg a leschter Zäit Kompetitivitéitsdebatten. Et huet ee bal d'Impressioun, dass mer an engem permanenten Zukunftsdebat sinn, an enger permanenter Zukunftsdiskussioun. Mir haten nach deslescht am Dezember eng Debatt iwwert d'Kompetitivitéit, an ech sinn och do intervenéiert. An ech hunn och elo net wëlles, haut nach eng Kéier dat ze widderhuelen, wat ech deemools gesot hunn.

Ech géif just gäre soen: Ech gehéiere sécher net zum Fanclub vum Jeremy Rifkin, mä ech muss soen, dass ech dee Rapport an déi Demarche, déi do gemaach ginn ass, och als President vun der Ekonomieskommissioun vun dëser Chamber, eng immens wäertvoll Demarche fannen. Et ass do e liewegen a spannenden Debat lassgetrëppelt ginn, wou mëttlerweil ganz vill Leit aus der Zivillgesellschaft, ONGe mat intervenéieren.

D'Caritas huet dat thematiséiert an hirem Sozialalmanach. De Mouvement écologique ass amgaangen, eng Partie Konferenzen driwwer ze organiséieren. D'Gewerkschafte beschäftege sech domadder, d'Chambre des Salariés, d'Beruffskummeren. An dat ass, fannen ech, eng extrem flott a wichteg Diskussioun.

An och an der Chamber schwätze mer regelméisseg driwwer. An ech mengen och, dass mer wierklech déi Chance och sollen notzen, parteiiwwergräifend eis Gedanken ze maachen iwwert d'Zukunft an iwwert d'Ausriichtung vun der Wirtschaft vun eisem Land, awer doriwwer eraus och iwwer en nohaltege Wuesstum.

Et ass kritiséiert ginn, dass mer ze vill ofhängeg wiere vu verschiddene Secteuren, en particulier vum Finanzsecteur. An ech mengen, dass justement déi Rifkin-Debatt a Rifkin-Diskussioun deen Ustouss, eng grouss Chance ass, fir sech ze diversifiéieren a fir sech op eng Aart a Weis ze diversifiéieren, wou mer net just erëm nei Secteuren opbauen, ouni eis Gedanken ze maachen iwwert den Impakt op den Environnement, ouni eis Gedanken ze maachen iwwert den Impakt op den Trafic, op d'Mobilitéit, op den Urbanismus, mä dass mer dat als eng holistesch Approche ugesinn. An dat ass, mengen ech, eng éischte Kéier, wou mer dat maachen an dësem Land.

An ech mengen, do kann een driwwer spotten an et kann een den Här Rifkin nennen, wat ee wëllt, mä dat ass eng Demarche, déi wierklech zimlech novatrice ass an déi, mengen ech, och international esou ugesi gëtt, gradesou wéi de Space Mining, iwwert deen een och nach ëmmer ka spëttelen, mä deen awer mëttlerweil och eng international Reconnaissance huet, déi net ze leugnen ass.

Iwwer wat ech am Fong haut wollt schwätzen, net allze laang, dat ass den technologeschen Aspekt vun där drëtter industrieller Revolutioun. Am Zentrum vun dësen Iwwerleeungen zu dem Mouvement zu enger Smart Nation steet d'Technologie: den Internet, d'Robotik, artifiziell Intelligenz. Dat sinn alles Saachen, déi weisen, dass eist Land, wéi munch anerer, am digitale Wandel ass. A mir hunn decidéiert als Land, fir dee Wandel do ze accompagnéieren a fir dat als Chance unzegesinn an net als Risiko.

De Premier huet de Moie ganz zu Recht gesot, dass, wann et de Mënsche gutt geet, et dann och dem Land gutt geet. An ech mengen, dat ass ganz richteg. Et kéint een derbäifügen, dass mer eis och mussen drëm këmmeren, dass et de Mënsche gutt an engem digitaliséierte Lëtzebuerg geet.

Wat mengen ech domat? Ech mengen domat, dass mer eis, mat Ausnam vun der Diskussioun iwwert d'Aarbechtszäit, op déi mäi Kolleeg Georges Engel muer nach méi wäert agoen, bis elo nach net immens vill beschäftegt hu mat den Effekter vun där technologescher Revolutioun op eis Gesellschaft. Well och dat gehéiert natierlech zu der Diskussioun.

Oft gëtt dësen digitale Wandel als e quasi Naturgesetz duergestallt, als eng Well, eng digital Well, déi iwwer eis rullt a wou mer net vill Moyenen hunn, eis dergéint ze wieren. An dat ass och e bëssen d'Impressioun, déi ee beim Rifkin-Rapport kritt, dass hei esou eng Aart „Brave new smart world" entsteet an dass alles, wat Hightech ass, och a priori emol positiv ass.

Mä et ass eben net nëmme just eng wirtschaftlech Fro. Wann een et dorobber reduzéiert, da riskéiert een de Bléck op d'Gesellschaft an op d'Mënschen ze verléieren.

An eng Fro, déi ech mer stellen als Jurist an als Legislateur, dat ass déi vun der Reguléierung vun dësen neien Technologien. Mir mussen eis froen, ob mer den technologeschen Disruptioune muechtlos géigeniwwer stoe wëllen, oder awer ob mer se wëllen encadréieren oder souguer verbidden, wa se net kompatibel mat eise Wäerter sinn, sief dat d'Mënscherechter, wéi d'Recht op Privatsphär, op den Dateschutz, d'sozial Ofsécherung an Aarbecht fir jiddwereen an eng gutt fonctionnéierend Demokratie.

Dëst sinn natierlech alleguerten eminent politesch Froen. A mir dierfen hei net naiv sinn! Hightech ass och d'Spillwiss vu munche Start-up-Billionären an Tycoonen, déi enger ultraliberaler, jo souguer libertärer Ideologie nostinn. Oft geet et deene Leit dorëm, hir Reussite, déi individuell ass, déi phenomenal ass an déi mat enger Destruktioun vu besteeënde Modeller verbonnen ass, op d'Gesellschaft ze projezéieren.

An engem rezenten Artikel am „Guardian" gëtt d'Ayn Rand als Virbild vu munchem Tech-Entrepreneur genannt. Ech weess net, ob Der alleguerte wësst, wien dat ass, mä d'Ayn Rand ass eng russesch-amerikanesch Schréftstellerin, déi 1982 verstuerwen ass an déi den Egoismus an den Individualismus als iewescht Tugend preist an all Form vun Altruismus als Schwächt verdäiwelt. Déi Fra ass Auteur vu wahrscheinlech deem eenzege Buch, dat den aktuelle President vun den USA gelies huet, oder wat en op d'mannst erzielt krut. An dat ass apparemment säin „livre de chevet".

Déi Madamm ass och säit Generatiounen d'Heldin vun ultrakonservative Milieuen an den USA an a Groussbritannien, vun Thatcher a Reagan bis zum Republikaner Paul Ryan, an der Majoritéit vum Trump senger Regierung an och sengem Haaptfinancier, engem gewëssene Robert Mercer, dee Milliounen an a Super-PAC ginn huet, deen d'Trump-Presidence ganz staark ënnerstëtzt huet. Dat sinn alles Leit, déi de Stat am léifste géifen an enger Buedbidden ersaufen.

Firwat soen ech dat? Ech soen dat, fir ze weisen, dass munch Geschäftsmodeller an déi Leit, déi dohannert stinn, net dorop hinzilen, fir Verbesserunge fir d'Mënsche mat sech ze bréngen, och wann dat vläicht heiansdo accessoirement de Fall ass, mä an der Haaptsaach dass et deene Leit dorëm geet, eben al Modeller ze zerstéieren, ze disruptéieren. An et geet och ganz vill ëm Big Business, ouni Rücksicht op d'Konsequenze fir eis Gesellschaften. Et ass also net alles gutt, wat aus deem Eck kënnt, wat technologesch ass a wat disruptiv ass.

Mir mussen eis duerfir froen, wéi mer eis als Gesellschaft géint Exzesser an Nieweneffekter vun neien Technologië schütze wëllen. Mir mussen eis froen, wat mer wëllen a wat mer net wëllen. Mir mussen eis froen, wat kompatibel ass mat eise Wäerter, mat eiser Virstellung vun enger intakter Gesellschaft a wéi mer dës Phenomeener reguléieren.

Beispiller vun esou Froe gëtt et elo schonn esou muncher. E ganz bekannt Beispill si Plattforme wéi Uber an Airbnb, déi schonn haut eng Kéier genannt gi sinn. Et muss ee sech froen: Ass et richteg, dass ee ka mat enger App d'Taxissecteuren zerstéieren an de Länner? Wat ass de Schutz fir déi Leit, déi fir Uber Taxi fueren? Bei Airbnb kann ee sech froen, ob dat eng Concurrence déloyale ass fir den Hotelsecteur, ob dat gutt ass fir d'Immobiliepräisser an enger Stad, an engem Land.

Eng aner Fro, dat ass déi, wéi een un d'Économie du partage erugeet, well all déi Plattforme sinn net onbedéngt richteg Économie du partage. Dat si kommerziell Plattformen, déi Elementer hu vun Économie du partage, mä déi richteg Économie du partage ass eppes aneschters. Hei geet et wierklech ëm deelen. An dee Präis, dee bezuelt gëtt, ass am Fong méi eng Indemnisatioun wéi e kommerzielle Präis, deen een un eng Plattform bezilt.

An hei stellt och sech d'Fro, wéi mer als Land a wéi mer als Stied un dës Phenomeener eruginn. Wëlle mer dat facilitéieren, well mer dat gutt fannen, well een do ka géint de Gaspillage alimentaire virgoen, well ee kann de Carsharing weiderbréngen, also den Trafic erofkréien an de Stied, well ee ka Saache maachen am Beräich vum Wunnen, am Toolsharing, all méiglech Saachen, déi am Fong positiv sinn, och an enger Gesellschaft, a wou mer hikommen op manner Verbrauch, manner Konsum an eben eng Transitioun op eng aner Gesellschaft?

E weidert Beispill, wou sech e politesche Choix stellt, ass dee vun den „self-driving cars", Autoen, déi selwer fueren. Och hei gëtt dat oft esou duergestallt als eppes, wat kënnt, wat ineluctabel ass. Mä trotzdeem gëtt et och hei Choixen, déi ee ka maachen. An engem „Zeit"-Artikel am Abrëll huet de Maschinnenethiker Oliver Bendel gesot, dass ee soll d'Fangeren ewechloosse vum autonome Fueren am Stadverkéier. Firwat? Majo well sech do oft Situatioune presentéieren, wou den Auto - d'Maschinn - viru kriddeleche moralesche Froe steet.

Heiansdo presentéiere sech Situatiounen, wou dann esou e Robotor muss decidéieren, ob en eng al Fra iwwerrennt oder e Kand oder ob en an e Bam fiert.

(Hilarité)

An dat si Situatiounen... Jo, do kann ee laachen, mä dat si reell Situatiounen, wou ee sech freet... wou e Mënsch intuitiv reagéiert a wou deen Expert op alle Fall der Meenung ass, dass Maschinnen net outilléiert sinn, fir esou moralesch an ethesch Froen op eng satisfaisant Aart a Weis ze beäntwerten a wou e seet: Schéckt déi „self-driving cars" op Autobunnen, mä schéckt se net an d'Stied!

En anert Beispill, wat sech stellt, ass dat vum virtuelle Geld: Bitcoins, virtuell Wärungen. D'CSSF huet schonn 2014 e Communiqué doriwwer erausginn, wou se hir Interpretatioun vun deem Geld an hir Approche zu deem Geld duerstellt. Do stellt sech d'Fro vum Risiko vun esou enger Wärung, wou keng Zentralbank derhannert steet. Et stellt sech och d'Fro vum Geldwäscherisiko, deen héich ass. An dat ass och esou e Phenomeen, deen aus der digitaler Welt kënnt a wou ee sech freet, wéi mer eis als Gesellschaft dozou stelle wëllen zu esou engem Phenomeen.

E lescht Beispill ass dat vum Ëmgang mat illegale Contenuen um Internet. D'Beispill vu YouTube. Wat maache mer als Land, wat mécht och d'Justiz, wann illegal Contenuen op deene Medie sinn, op YouTube, op Snapchat, déi jiddweree ka consultéieren? A wa mer wëssen, dass eis Jugend, eis Jonk méi YouTube a Snapchat kucke wéi d'Tëlee, dann ass dat eng berechtegt Fro.

Dat sinn international Phenomeener, wou de Contenu net zu Lëtzebuerg en ligne gesat gëtt, wou de Contenu och net hei produzéiert gëtt, mä wou mer eis awer trotzdeem musse froen, wéi mer dat reglementéieren. Do gëtt et Modeller vun „Sandbox"-Reglementatioun, wou een deenen Operateure Befugnisser gëtt, fir sech selwer ze reguléiere mat enger periodescher Kontroll vum Stat. Mä, ech mengen, och do: Dat ass e Beispill vun engem Defi fir d'Politik, deen duerch déi digital Revolutioun duergestallt gëtt.

Här President, dat si just e puer Beispiller, wou sech d'Fro vun der Vereinbarkeet vun Technologie a Rechtsnorme stellt. An all deene Froen ass natierlech eng ganz wichteg europäesch Dimensioun derbäi. Et ass illusoresch ze mengen, dass mer als klengt oppent Land an enger globaliséierter Wirtschaft hei kënnen international Moossstäb setzen.

D'EU ass amgaangen, de Marché unique numérique virzebereeden. Mir hate viru Kuerzem hei eng ganz interessant Entrevue mam Andrus Ansip, mam Kommissär fir Digitales, an der Chamber. D'Thema Big Data. Den Dateschutz an d'Privatsphär vun de Leit ass eng vun de Prioritéite vun der EU-Kommissioun an dat ass och gutt esou.

Här President, zu all dëse Froen ass d'Politik gefuerdert. Mir dierfen net de Feeler maachen, dës Choixen der Wirtschaft oder den Experten ze iwwerloossen. Den Challenge fir d'Politik haut a muer ass, sech op ganz technesch a spezialiséiert Terrainen ze trauen, ouni an de Populismus oder an d'Vereinfachung ze verfalen. Mir mussen eis alleguerten heibannen an déi Froen eraschaffen, fir glaubhaft ze sinn a fir Guruen a Profiteuren op den Zant ze fillen.

Wa mer dës Froe stellen, wëlle mer eis als Gewielten net eleng op Europa, op d'Regierung an op Spezialiste beschränken, fir Äntwerten ze fannen. Neen, ech mengen, d'Chamber selwer, d'Vertrieder vum Vollek mussen aktiv ginn, musse sech dofir selwer Mëttele ginn, fir op deem Terrain ze schaffen.

An ech gesinn hei zwou konkret Méiglechkeeten.

Déi eng, déi gëtt et schonn a munche Parlamenter. Dat ass en eegenen Déngscht fir d'Veille scientifique et technique ze maachen. Dat heescht, e Service an der Chamber, deen déi Entwécklunge vu Wëssenschaft an Technik verfollegt an d'Deputéierten doriwwer informéiert an alertéiert.

An, Här President, wa mer kënnen e bësse Mëttele fräimaache fir esou e Service, da ka mengetwegen och nach e puermol d'Sono hei ausfale bei engem ministeriellen Discours, well ech mengen, dat wär wierklech en extrem wichtege Beräich vun eiser Aarbecht, deem mer eis och sollte consacréieren. Do musse mer d'Rad och net nei erfannen. Mir kënnen eis zum Beispill mat Parlamenter kuerzschalten, déi dat scho maachen, wéi zum Beispill d'Europaparlament.

An déi zweet Méiglechkeet wär et, an der Chamber selwer eng Spezialkommissioun anzeberuffen, an där interesséiert Deputéierte sech interdisziplinär dorëmmer bekëmmere kéinten, amplaz dass déi eenzel Fachkommissioune just an hirem oft dach zimlech enke Beräich stéckweis doriwwer schwätzen. Also eng Aart Zukunftskommissioun, déi sech virhuele kéint, e parlamentaresche Rapport iwwer all déi Developpementer opzestellen. Dat wär kee kompletten Novum. Ufank 80er Jore vum leschte Jorhonnert ass et esou eng Kommissioun ginn, fir nei Strukturen an der Fuerschung opzebauen. Datselwecht misste mer haut maachen, fir als Politik op dee Wandel, deen amgaangen ass, deen digitale Wandel kënnen ze reagéieren an d'Primat vun de Mënschen- a Sozialrechter ze affirméieren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Fayot. An nächste Riedner ass den Här André Bauler fir d'DP.

M. André Bauler *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass schonn de Mëtteg vill iwwert den 1,1-Milliounen-Awunnerstat geschwat ginn. Wéi soll dës Bevëlkerungszuel erreecht ginn? Wat géif dat konkret fir eis bedeiten? Wat sinn also d'Konsequenzen dovunner?

Datt et schwéier ass, d'Entwécklung vun eiser Bevëlkerung genee virauszegesinn, dat beweist eis net nëmmen d'Vergaangenheet, wou Projektioune schonn emol kräfteg dernieftlouchen, mä och déi rezent Projektioun vun Eurostat, déi elo virausgesäit, datt den 1,1-Milliounen-Awunnerstat eréischt 2080 an net, wéi vun der Caritas a villen anere gefaart, schonn 2060 erreecht kéint ginn. Bis dohinner ass et nach e laange Wee. An op deem Wee kann nach ganz vill geschéien, wat kee Mënsch virausgesi konnt.

Wa mer demografesch Projektioune woen, däerf een engersäits de Leit keng Angscht maachen, andeems een den Däiwel un d'Mauer moolt a sech dorobber fixéiert. Et soll een awer och anerersäits net dosëtzen an d'Hänn an de Schouss leeën.

Den Debat, dee mer zanter e puer Joren hei am Land iwwert de Wuesstum oder de sougenannte qualitative Wuesstum féieren, beweist ganz kloer, datt mer bereet sinn, eis op d'Zukunft virzebereeden, datt mer bereet sinn, de Wuesstumsprozess méi verantwortlech a koordinéiert ze begleeden. D'Erausfuerderungen, déi eise Wuesstum mat sech bréngt, sinn identifizéiert. Elo gëllt et, déi richteg Hiewelen ëmzeleeën, fir datt mer prett si fir en anere Wuesstum.

Et soll direkt viraus präziséiert sinn, datt de Wuesstum u sech kee Selbstzweck ka sinn. De Wuesstum däerf kee gëllent Kallef sinn, ronderëm dat mer danzen. Wuesstum muss Sënn maachen. E muss d'Liewensqualitéit an d'Aarbechtsbedéngunge vun de Leit verbesseren. E muss technologesch Verbesserungen erbäiféieren, déi eise Wirtschaftssystem esou ëmbauen, datt e manner Ressourcë verbraucht an d'Ëmwelt net nach weider belaascht.

Jo, da mécht Wuesstum Sënn! A fir datt dat méiglech ass, musse mer Mëttel a Weeër fannen, fir dëse Wuesstum a geuerdnet Bunnen ze féieren. Dat Wuert „Wuesstum" ass fir eng ganz Partie Leit positiv besat. Wat fir ee Patron wéilt net, datt säin Ëmsaz wuesse géif? Wat fir ee Salarié wéilt net, datt säi reelle Loun am Laf vun der Zäit wiisst? Dat stäerkt jo schliisslech seng Kafkraaft a seng Handlungsméiglechkeeten.

Fir anerer ass Wuesstum en negativt Wuert. Fir si gëtt Wuesstum mat Zerstéierung vun der Natur oder engem stäerkere Landverbrauch gläichgesat. Wuesstum muss awer mam Wuelbefanne vun de Leit zesummegoen. Wuesstum beschränkt sech net just op eng Erhéijung vun der Kafkraaft. Wuesstum bedeit eben net gläich Wuesstum. Dofir gëtt jo zu Recht vun engem qualitativen, intelligenten an inklusive Wuesstum oder gesteierte Wuesstum geschwat.

Qualitativ Verbesserungen un eisem Produktiounsapparat, technologesch Neierungen, déi ressourcëschounend sinn, dat ass och e Wuesstum, et ass e verantwortleche Wuesstum. Mir sollen also wuessen, jo, mir musse wuessen, wa mer eise Sozialstat an deem Ëmfang oprechterhale wëllen, wéi mer e bis ewell kennen.

D'Fro ass ebe just déi heiten: Wéi kënne mer, besonnesch an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg, esou wuessen, datt mer eis natierlech Ressourcë schounen, datt mer eist schéint Land a seng Landschaften net zoubauen, datt mer de Buedem net méi a méi versigelen an datt mer net nach weider Mobilitéitsproblemer schafen?

Déi digital an déi technologesch Entwécklung - Dir kënnt et mengetwegen och Revolutioun nennen - bitt an deem Kontext nei Méiglechkeeten. Wëssenschaft an Technologie, Innovatioun a Kreativitéit, dat si Viraussetzunge fir Wuesstum, grad och fir e qualitative Wuesstum. Ouni dës Croissance géif et kee medezinnesche Fortschrëtt, géif et keng ekologesch Erneierung, géif et keng Entwécklung an der Mobilitéit, géif et keng Verbesserung vun den Aarbechts- a Liewensbedéngunge vu ville Mënschen.

Ech kenne keen heibannen, ech denken emol, dee sech als Wuesstumsfetischist bezeechne géif. Ech denken awer, datt mir all de Sënn an d'Noutwendegkeet vun engem intelligente Wuesstum guttheeschen.

Verantwortlech handelen heescht also, datt mir de Prozess vun der Croissance kënne begleeden. Mir kënnen e beaflossen. Wat fir ee Wuesstum brauche mer? A wat fir e Wuesstum wëlle mer? D'Äntwert steet ganz kloer am PNR vun 2017, dee mer virgestallt kruten. Mir brauchen en intelligenten an inklusive Wuesstum. „Intelligent" steet, wéi schonn d'éinescht gesot, fir ressourcëschounend. E steet fir eng Steigerung vun deem, wat ee Salarié, eng Aarbechtskraaft u Wäert ka schafen. E steet och fir e vernetzt Denken.

„Inklusiv" steet fir déi sozial Komponent, eng méi gerecht Verdeelung vun de Friichte vun dësem Wuesstum. D'Steierreform huet do Akzenter gesat, virun allem bei den Elengverdénger mat Kanner. De Wuesstumsprozess begleede bedeit och, sech de sozialen a gesellschaftleche Froen a Konsequenze vun esou enger Croissance ze stellen. Mir kënnen de wirtschaftleche Wuesstum net trenne vu sozialen an ekologesche Froen, well et ass schliisslech gewosst, datt et kee Sozialstat gëtt, deen op engem wirtschaftleche Kierfecht opgebaut wier.

Mir wëllen also e Wuesstum, vun deem jiddweree profitéiere kann. Wa Lëtzebuerg wëllt prett si fir eng intelligent Croissance, da muss e gewëssent Ëmdenke kommen, en Ëmdenken an der Aart a Weis, wéi mer eis fortbeweegen, en Ëmdenken an der Manéier, wéi mer schaffen, Stéchwuert Téleetravail an Organisatioun vun den Aarbechtszäiten, an en Ëmdenken an der Aart a Weis, wéi mer eis Ressourcë verbrauchen, och hei d'Stéchwuert vun der Landesplanung.

De Rifkin-Rapport weist Pisten a Perspektiven op, wéi mer kënnen intelligent a ressourcëschounend wuessen. Mä misst een déi ganz Wuesstumsdebatt net vill méi nach an engem Kader vun enger Standuertdiskussioun gesinn, déi och iwwert d'Denkustéiss vum Här Rifkin erausgeet? Well, wéi virdrunner gesot, wann ee Standuert schlecht opgestallt ass, dann hu mer kaum Wuesstum. Well Lëtzebuerg e klengt Land ass an duerch eng héich Ressourcëknappheet gekennzeechent ass, brauche mer eben eng innovativ Standuertpolitik.

De Standuert Lëtzebuerg, an de Finanzminister huet et de Moie scho präziséiert, ass attraktiv. Mir sinn attraktiv. Mä mir mussen och attraktiv bleiwen, attraktiv fir déi Entreprisen, déi momentan hei am Land de PIB mathëllefen erwirtschaften an d'Statskeese fëllen, mä och fir Entreprisen, déi op Lëtzebuerg wëlle kommen.

An deem Kontext ass et absolutt begréissenswäert, datt d'Strategie, wéi Lëtzebuerg op de Wirtschaftsmissiounen no neie Firme kuckt, verbessert gëtt. Et ass wichteg a wesentlech, datt et net nëmmen un der Quantitéit vun neien Entreprisen hänkt, déi mer op Lëtzebuerg ruffen an déi heihinner investéiere kommen, mä och un hirer qualitativer Ausriichtung.

Et stellt ee sech elo nei an essenziell Froen, Froe fir erauszefannen, ob dës Entreprisen zum gewënschte Wuesstum bäidroen. Et gëtt net nëmme gekuckt, wéi vill Aarbechtsplazen eng nei Entreprise schaaft, mä och ob eisen Aarbechtsmaart déi Leit huet, déi gesicht ginn. Esou kënne mer näämlech verhënneren, datt déi nei Firme Salariéë musse bis hanner Metz oder Tréier siche goen, fir iwwerhaapt kënnen ze fonctionnéieren.

Ech sot et d'éinescht, datt et gutt wier, fir eis méi op eng Standuertdiskussioun ze fokusséieren. De sougenannte Rifkin-Prozess beschäftegt sech mat de Konsequenze vun der digitaler Revolutioun oder Entwécklung. Dat ass sécherlech en noutwendegen Exercice. Dës prospektiv Analys muss ëm de Volet vum Standuert a senger Entwécklung erweidert ginn.

Ech froe mech, ob mer net eng formaliséiert Plattform bräichten, déi ënner wëssenschaftlecher Begleedung eng stänneg Analys vun eise Standuertvirdeeler géif maachen. An esou engem Gremium kéinten d'Risiken an d'Opportunitéite festgestallt ginn an eventuell Optimiséierungen an Adaptatioune virgeschloe ginn. Ech fannen, datt d'Standuertfro esou eng wesentlech Fro fir eis Wirtschaft ass, datt ee konkret iwwert d'Schafe vun esou enger Plattform misst oder kéint nodenken.

Här President, ob mir eng Debatt iwwer eis Kompetitivitéit oder iwwer eise Wuesstum féieren, mir befaassen eis um Enn ëmmer mat de Stäerkten a Schwächte vum Site Lëtzebuerg, engem Standuert, dee sech an de leschte véier Jorzéngten op eng erstaunlech Manéier, eng impressionnant Manéier entwéckelt huet, besonnesch am Finanzberäich a ronderëm dësen.

D'Efforte vun eisem Finanzminister Pierre Gramegna, fir eist Land vun alle groen a schwaarze Lëschten ze kréien an esou op Transparenz ze setzen, déi kommen eiser Finanzplaz zegutt. De Standuert Lëtzebuerg attraktiv erhalen, dat ass eigentlech den zentralen Debat, dee mer musse féieren. Ouni dës Attraktivitéit kënne mer eis sozial Errungenschaften net halen.

An eiser globaliséierter Welt kann een net soen, datt d'Kompetitivitéit vun engem Standuert virun allem vu bëllegen Aarbechtskräften a vun niddrege Betribs- a Lounsteieren ofhänkt. Wier deem esou, jo, da kéinte sech déi gelungenst Staten zum attraktive Standuert entwéckelen. Wier deem esou, da wier Irland, déi ëmmer nees probéieren, eis am Fongeberäich staark ze konkurrenzéieren, jo ze iwwerhuelen, mat enger Betribsbesteierung vun 12,5% e féierende Wirtschaftsstanduert a Westeuropa. Et ass awer gewosst, datt et grad d'Diversitéit u Standuertvirdeeler ass, déi d'Unzéiungskraaft vun esou engem Site wéi Lëtzebuerg ausmécht. Lëtzebuerg verfüügt nun eemol iwwer eng ganz Rëtsch där Trëmp.

Jo, mir sinn attraktiv. Ech hu schonn op dëser Tribün hei betount, datt ee Standuert ouni e villsäitege Schoulsystem, ouni eng diversifizéiert kulturell Offer, ouni e performante Fuerschungssystem, ouni sozial Sécherheet, déi deen Numm verdéngt, a Sécherheet am Allgemengen, datt dat keen attraktive Standuert wier. Et ass eben dat glécklecht Zesummespill vu ville Facteuren, wat ee Site fit mécht an attraktiv hält.

Mir kënnen d'Entwécklungsperspektive vu Lëtzebuerg net denken, wa mer et net fäerdegbréngen, eise Standuert mat senge Schwächten a Stäerkte genee ze kennen. Sou kënne mer eis ënner anerem och zum Beispill d'Fro stellen, ënner wat fir enge Bedéngungen d'Multikulturalitéit eng Komponent vun der Standuertattraktivitéit ass. Dës Fro musse mer eis besonnesch stellen, well se fir e ganz klengt Land wéi eist eben héich relevant ass.

Wëlle mer iwwer eise Standuert fuersche loossen, da lande mer onweigerlech och bei der Fro: Wéi gräift eise Stat an de wirtschaftlechen a soziale System an? Dës Fro ass fir d'Lescht am Joer 2001 vum Wirtschafts- a Sozialrot behandelt ginn. Et wier vläicht un der Zäit, se an enger komplett verännerter Welt nei ze stellen a se dann zum Beispill vun eiser Uni beliichten an analyséieren ze loossen.

Wéi wäit soll déi Roll vum Stat eigentlech haut nach goen? Wou lount et sech, de Stat investéieren ze loossen? Wéi muss de Stat investéieren, fir datt bestëmmten Ziler erreecht kënne ginn? Wéi ass d'Zesummespill tëschent Stat a Wirtschaft hei am Land organiséiert? Kann een dat verbesseren? Misst een dat iwwerdenken? Eventuell méi straffen? Wat fir en Impakt kënne verschidden Entscheedunge staatlechersäits op

bestëmmte Branchen hunn? Ass déi aktuell statistesch Analys instruktiv genuch? Liwwert se eis genügend Zuelen, fir ze verstoen, wéi eis Wirtschaft am Ënnerste vun hirem Wiesen eigentlech funktionéiert? Dat heescht: Féiert si zu enger wierklecher Erkenntnis, zu deem, wat een nennt e richtegt Verstoe vun eisem Wirtschaftssystem, dat nun eemol dat vun engem klengen, engem ganz klenge Land ass?

Wëlle mer wierklech verstoen, wéi eise Site funktionéiert, musse mer och erausfannen, wéi verschidde Variabele matenee verbonne sinn, wéi se aneneegräifen. Wat hänkt mat wiem eigentlech zesummen? Wësse mer dat ganz genee, da léisst et sech séier erausfannen, wou mer eventuell kontraproduktiv Entscheedunge riskéieren ze huelen. An et léisst sech och erausfannen, wou a wéi mer eis Produktivitéit steigere kënnen, well et si grad d'Produktivitéitsgewënner an d'Steigerunge vun der Plusvalue pro Aarbechtskraaft, déi et erméiglechen, datt mer manner Aarbechtskräften an d'Ausland siche musse goen an esou eis Mobilitéitsproblemer entschäerft kréien.

De Brexit kann dozou féieren, datt héich spezialiséiert Betriber sech bei eis néierloossen, besonnesch am Finanzsecteur. Och hei wäerte mer eise gudde Ruff a Saachen Transparenz monnayéiere kënnen oder vun em profitéiere kënnen. Et ass essenziell, datt mer dës Situatioun notzen, fir esou eng Finanzplaz nach méi attraktiv a méi breet opzestellen.

Loosse sech Betriber aus Groussbritannien och bei eis néier, wäerte mer ouni Weideres vun hirem Know-how léieren an och vun hirer Produktpalett profitéieren. Do besteet keen Zweifel. Et wäerten also nei Leit kommen, mä d'Plus-value, déi si pro Aarbechtskraaft realiséieren, wäert iwwert dem Duerchschnëtt leien. D'Unzéie vun esou spezialiséierten Entreprisen ass vun elementarer Wichtegkeet, wa mer méi produktiv wëlle ginn.

Här President, mir sinn amgaangen, eis op d'Zukunft virzebereeden. E gutt Beispill sinn eis Lycéeën, wou mer eis ënner villem anerem och der digitaler Erausfuerderung musse stellen. D'Schafung, fir nëmmen ee Beispill ze nennen, vun engem ICT-Lycée zu Clierf ass e pertinent Beispill. Iwwregens gi mat dësem Lycée honnert nei Aarbechtsplaze geschafen, wat sécherlech dem ländleche Raum zeguttkënnt. E positiven Impuls fir d'Nordregioun!

Wa mer Leit fir den ICT-Secteur wëlle fannen, da musse mer se awer massiv heiheem ausbilden, well dës Leit sinn och am Ausland gesicht an et feelt an allen Ennen a Ecker u Spezialisten.

D'digital Entwécklung betrëfft och eist Handwierk, hei änneren d'Aarbechtsprozesser. Dat ass eng Erausfuerderung, mä et ass och eng Chance, eng immens Chance! Et weist, datt d'Handwierk attraktiv ass, datt een do héich interessant Beruffsperspektive fanne kann. Déi nei BTSen am Handwierk maachen d'Dieren op d'Zukunft op. Dofir soll och méi e grousse Wäert op déi dual Ausbildung geluecht ginn. Educatiounsministère an Handwierkerfederatioun schaffen dorunner.

Och d'Méiglechkeet, fir no der Première oder Treizième en Handwierk ze léieren, ass eng positiv Alternativ zu universitäre Studien. Firwat huet kee vun den Honnerte Jonken, déi Geschicht studéieren, dru geduecht, fir e BTS oder e Bachelor am Handwierk ze léieren? Dat wier allzäit eng sécher Aarbechtsperspektiv. Dofir ass et och wichteg, datt mer déi néideg Energie a Suergfalt an d'Orientéierung vun deene Jonke stiechen, well ass e Schüler eng Kéier um falsche Wee, dann huet en e puer Joer vu sengem Liewen an eppes investéiert, wat em ënnert dem Strëch näischt bréngt.

Här President, mir kënnen net nëmmen un de wirtschaftleche Wuesstum denken, mir mussen och déi sozial Komponent fest am A behalen. Et géif hei ze wäit féieren, fir an all déi Detailer ze goen. Mech perséinlech freet et, datt Regierung a Parlament virun e puer Wochen déi iwwerschafften Direktiv iwwert den Detachement an nationaalt Recht ëmgesat hunn. De wierksame Kampf géint de Sozialdumping ass noutwendeg, fir déi schaffend Leit an eis Betriber ze schützen a fir méi eng fair Konkurrenz ze suergen. Et gëtt wéineg Punkten, wou Patronat a Gewerkschafte sech esou eens si wéi bei dëser Problematik. De sozialen Dumping schuet eis alleguer: de Salariéen, de Patronen, dem Steierzueler, dem soziale Sécherheetssystem, dem ganze Stat.

De Respekt vun de soziale Standarden an de Kollektivléin ass d'Conditio sine qua non fir fair Konkurrenzbedéngungen. Besonnesch d'Handwierksbetriber, déi op qualifizéiert a motivéiert Mataarbechter ugewise sinn, hunn e groussen Interessi u fairen a stabillen Aarbechtsbedéngungen. Dat huet d'Fédération des artisans ënner anerem präziséiert.

Fir d'DP ass kloer, datt ee fir déi gläich Aarbecht och de gläiche Loun muss bezuelt kréien. Mat alle Mëttel mussen all Forme vu sozialem Mëssbrauch a Gefuddels bei soziale Cotisatioune bekämpft an ënnerbonne ginn. Mir begréissen, datt d'Gewerbeinspektioun an deem Sënn nei opgestallt gëtt an nei Mëttel kritt.

Betriber, déi e puermol géint d'Aarbechtsrecht verstouss hunn, misste fir eng bestëmmten Zäit vun ëffentlechen Ausschreiwungen ausgeschloss ginn an an e Sënneregëster stoe kommen.

Zur sozialer Komponent gehéiert och d'Économie solidaire. Mir wëssen, datt et eis ni gelénge wäert, fir all déi Leit, déi Aarbecht sichen, an en éischten Aarbechtsmarché integréiert ze kréien. Beschäftegungsinitiative maachen dofir Sënn, soulaang se all Ustrengungen ënnerhuelen, fir Leit aus- a weiderzebilden, se ze aktivéieren. Betriber, déi sech dem Prinzip vun der Solidaritéit verschriwwen hunn an de Profitt net als dat éischt Zil gesinn, mussen och weiderhin an eiser Wirtschaft eng Plaz behalen an a Beräicher schaffen, déi komplementär zu der traditioneller Ekonomie wierken.

Nach just e puer Wuert zur Aarbechtszäitreduktioun, déi an de leschte Méint op eemol am Raum stoung. Och d'DP ass sech sécher, datt eng Aarbechtszäitreduktioun op 35 Stonne (veuillez lire: pro Woch) mat gläicher Pai eiser Wirtschaft an eisem Sozialsystem keen Déngscht leescht, am Géigendeel: Esou eng Moossnam ass eng Brems fir de Wuesstum! Déi franséisch Wirtschaft leit haut nach un den Nowéie vun der 35-Stonnen-Woch mat vollem Lounausgläich. Wou géife mer och all déi Leit hierhuelen, déi da missten ersat ginn? Elo scho feelt et a ville Beräicher u spezialiséierte Fachkräften.

Mir als DP plädéiere fir eng Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten: eng méi flexibel Gestaltung vun der Aarbechtszäit, där wéchentlecher an och där ganzjäreger. Déi kann op jidde Fall, jee no Secteur, Virdeeler souwuel fir d'Entreprisë wéi och fir d'Salariéë mat sech bréngen.

Här President, et wier nach esou vill ze bemierken. Mir bewegen eis ëmmer méi a Richtung Mëtternuecht.

(Hilarité)

Ech erënnere just un déi exzellent Cotatioun vun der Agence Fitch. Si si mëttlerweil déi véiert Agence - et ass och d'éinescht gesot ginn -, déi Lëtzebuerg positiv aschätzt an eis een Triple-A verpasst. Fitch huet seng gutt Bewäertung mat de positive Konsequenze vun der Steierreform begrënnt, déi souwuel de Stéit wéi och de Betriber zeguttkënnt.

Zum Schluss wëll ech nach eemol e puer Zuele widderhuelen, déi eis de Finanzminister de Moie matgedeelt huet. Dës sollen eis Courage maachen a weisen eis däitlech, datt de finanziellen Handlungsspillraum do ass, fir elo an an den nächste Joren d'Jalone richteg ze setzen.

De Wuesstum louch 2016, wuelgemierkt de Wuesstum vum PIB, bei 4,2%; fir 2017 gëtt eng Croissance vu 4,4% virausgesinn a fir 2018 souguer eng vun 5,2% erwaart. Eis Statsschold louch Enn 2016 just bei 20% vum PIB a wäert sech bis 2021 stabiliséieren an tëschent 22% an 23% leien. Dernieft soll de Chômage weider zréckgoen. 2018 gëtt ,wéi gesot, een Taux vu 5,7% erwaart.

Här President, dat sinn Zuelen, ëm déi eis bal all Länner op dëser Welt beneiden. Dat sinn Zuelen, déi eis een Triple-A garantéieren. Dat sinn Zuelen, déi eise Sozialstat ofsécheren. Dat sinn Zuelen, déi et eisem Stat erlaben, fir iwwer 4% vum PIB - oder an absolutten Zuelen iwwer 2 Milliarden Euro - an d'Land ze investéieren. Dat sinn Zuelen, déi et eis erlaabt hunn, eng sozial gerecht Steierreform an d'Weeër ze leeden. Dat sinn Zuelen, déi eis ermonteren an déi eis weisen, datt mir an d'Zukunft vun de kommende Generatiounen investéieren.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bauler. Nächst Riednerin ass d'Madamm Martine Hansen fir d'CSV. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass zwar scho spéit, et ass awer nach net grad...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass nach net zwielef Auer.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- ...et ass nach net grad Mëtternuecht, neen. Mä eng nohalteg Landwirtschaft ass fir eis wichteg an dofir wëll ech och hei nach op eenzel Punkten agoen.

Wann Der Iech dobaussen e bëssen ëmlauschtert, dann ass trotzdeem nach ëmmer eng Onzefriddenheet - well d'Zäite sinn och nach ëmmer net roseg -, awer och eng Onsécherheet ze spieren. Mir waren zum Beispill déi lescht Woch op d'Musel. Do krute mer ëmmer erëm gesot: „Dës Regierung wëllt jo nëmme Bio, dës Regierung seet jo, nëmme Bio wier gutt." Datt esou ee Gefill do ass, ass net gutt, mä datt déi betraffe Leit dëst Gefill hunn, kënnt net vun ongefäier.

De Rifkin-Bericht, déi drëtt industriell Revolutioun vu Lëtzebuerg hält als Zil fir 2050 fest, datt eis Landwirtschaft zu 100% Bio produzéiere soll. Eis Meenung als CSV kennt Der an ech sinn dovunner iwwerzeegt, datt déi wesentlech méi realistesch ass. Ech widderhuele mech aus der Interpellatioun vun 2015 (veuillez lire: vum Mee 2015): Mir brauche souwuel eng biologesch wéi eng konventionell integréiert Landwirtschaft! Mir sollen den Undeel vun der biologescher Landwirtschaft nach erhéijen. Ech sot och: Mir brauchen ee Matenee vun all eise Betriber, mir brauchen also déi zwee. An däers muss sech d'Politik bewosst sinn. Ech hoffen, si ass sech däers bewosst; ech si mer däers net ëmmer esou sécher!

An elo, zwee Joer méi spéit, sinn ech mer däers nach vill manner sécher, well d'Zil soll jo schliisslech 100% Bio sinn.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Genau!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech soen et nach eemol: Mir brauchen ee Mantenee vu Bio a konventionell (veuillez lire: konventioneller Landwirtschaft), an d'Regierung muss déi zwee ënnerstëtzen.

Als CSV soe mir awer och, datt mir méi Bio brauchen, d'Nofro ass do. An da muss awer och gekuckt ginn, wéi een dat kann erreechen. Fir dat Zil vun 100% ze erreechen - d'Madamm Loschetter huet et nach eng Kéier ënnerstrach elo grad -, ass rose wéineg ze fannen an der Rifkin-Etüd: Et sinn an der drëtter industrieller Revolutiounsbroschür fënnef strategesch Moossnamen definéiert. Dir Dammen an Dir Hären, keng vun deene fënnef Moossnamen, déi eenzel gekuckt ganz an der Rei sinn, bewierkt, datt sech méi Bauerebetriber wäerten ëmstellen! Et gëtt also hei mat Visiounen hantéiert, onrealistesche Visiounen, ouni iergendee konkreten Usaz ze weisen, wéi een och nëmme kéint a Richtung vun dëser Visioun kommen.

Ech rappeléieren: Am Moment hu mer ronn 4.000 Hektar Biofläch, dat si gutt 3% vun eiser Produktioun, also nach wäit ewech vun 100%.

Dir Dammen an Dir Hären, souguer de Bioweltmeeschter Éisträich huet sech net 100% als Zil gesat. Déi wäerte wëssen, firwat!

Ech weess, fir kreativ Iddien ze kréien, muss een d'Leit emol einfach fräi - ënner Gänseféisschen - „spanne" loossen. Mä wa bis gesponnen ass, da missten awer och konkret Schrëtt festgehale ginn, fir déi ugepeilten Ziler ze erreechen, oder falls d'Ziler sech als irrealistesch erweisen, da musse se un d'Realitéit ugepasst ginn. Béides ass awer net geschitt!

Dofir meng Froen dann un d'Regierung: Wat wëllt Der konkret maachen, fir dëst Zil vun 100% Bio a gutt 30 Joer ze erreechen? Den Här Etgen sot eis an der Agrarkommissioun, datt déi erhofften Dynamik, fir méi Biobetriber ze kréien, tatsächlech nach net agetruede wär, mä datt déi nei, méi héich a mat der Bioprimm cumulabel Agrarëmweltprimmen d'Dynamik kéinten ukuerbelen.

Als CSV soe mir ganz kloer, datt eleng mat méi héije Primmen net vill méi Betriber wäerten op Bio ëmstellen. Firwat gëtt net eemol konkret ënnersicht, firwat datt mer hei zu Lëtzebuerg vill manner Bio hu wéi an eisen Nopeschlänner, ronn d'Halschent? Den Aktiounsplang „biologesch Landwirtschaft" ass sécher e gutt Instrument a soll och weiderhin ënnerstëtzt ginn, mä huet bis elo och nach net den néidegen Erfolleg bruecht.

Mir begréissen awer ausdrécklech, datt d'Regierung elo dat virgesäit, wat d'CSV schonns zënter Jore freet: näämlech de Betriber et ze erméiglechen, fir mat verschiddene Produktiounssparten e Betribszweig unzefänken, fir biologesch ze produzéieren.

Den Här Minister Etgen sot 2015 nach an der Interpellatioun, datt hien dës Iddi, fir op engem Betrib biologesch a konventionell ze schaffen, ganz kritesch géif gesinn.

Als CSV si mir dovunner iwwerzeegt, datt mir domadder mëttelfristeg eng Rei vun zousätzleche Biobetriber kréien. Wéi ech mer gëschter Owend dunn d'Ried vum Här Bettel duerchgelies hunn, du war ech natierlech frou, datt hien am Prinzip eise Virschlag iwwerholl hat, an ech hu mech awer gefrot: „Wéi konnt hien dann elo déi gréng, säi Koalitiounspartner, dovunner iwwerzeegen?" Well wéi den Här Bettel op der Ouverture vum Bauerenhaff an der Stad dëst schonns annoncéiert hat, ware verschidde Gesiichtsausdréck net falsch ze interpretéieren, an Eenzelner, déi bei mer stoungen, sote souguer, si géifen dann hire Veto aleeën.

Majo, Dir Dammen an Dir Hären, meng Freed huet sech de Moien dann erëm e bësse geluecht, well, esou schéngt et mer, déi gréng hire Veto dann elo iwwer Nuecht ageluecht hunn. D'Madamm Loschetter huet an deem Kontext getwittert „Wann s de eppes kanns." Der hutt et verstanen! D'Madamm Loschetter huet also getweet: „Wann s de eppes kanns." Den Här Bettel huet seng Ried näämlech ugepasst a gesot: „Dëst muss natierlech kloer zäitlech begrenzt sinn."

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Sammelt Dir déi Texter?

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo keng Zäit méi, fir am Detail heirobber anzegoen.

(Brouhaha)

Mä duerch ganz restriktiv Bestëmmunge wäert den Här Landwirtschaftsminister nach laang op d'Dynamik bei den Ëmstellunge musse waarden.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dat ass op siwe Joer limitéiert. Et ginn elo Tester nach gemaach!

(Interruption)

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Dir hutt lech nach net konkret a präzis geäussert, wat déi zäitlech Begrenzunge wieren. An Dir hutt et de Moie gesot, wat net schréftlech an Ärer Ried war.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

An d'Madamm Loschetter huet getweet, wéi e Journalist gefrot huet: „Wie soll sech dann do engagéiert hunn, fir dat ze änneren?" - „Wann s de eppes kanns."

(Brouhaha général)

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Madame Hansen, als Präzisioun: Bio…

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech fueren awer elo virun. Wann Der elo dat Zil vun 100% gäre wëllt erreechen,...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Just d'Madamm Hansen huet d'Wuert!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- ...wat hätt dat da fir Konsequenzen?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Da ka se besser schlofen.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech schlofe gutt.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dir hat gesot, Dir wiert de Moie besser opgestanen, well Der dat gelies hutt. Da wëll ech och präziséieren...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Jo, ech hätt léiwer gehat, Dir hätt et net de Moien nach missen extra präziséieren.

Sou! Ech sinn elo amgaangen ze schwätzen...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Setzt lech duerch, Madamm Hansen! An Dir hutt eleng d'Wuert.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- ...iwwert d'Zil vum Här Rifkin a vum Rifkin-Bericht, datt 100% Bio soll 2050 erreecht ginn. Wat hätt dat fir Konsequenzen?

Éischtens, och eis Biolandwirtschaft ass laut Rifkin trotz relativ héijer Bäihëllefen net konkurrenzfäeg vis-à-vis vun engem Groussdeel vun anere Länner. Wann also misst exportéiert ginn, wat sécherlech wäert de Fall sinn, dann ass d'Konkurrenzfäegkeet vis-à-vis vum Ausland ganz beschränkt. Mir däerfen och net vergiessen, datt méi bëlleg Importwuer aus dem Ausland wäert op eise Maart kommen. Wéi kënne mer dann d'Rentabilitéit vun eise Betriber, déi jo alleguer misste Bio maachen, garantéieren? Nohalteg geet am Bio och nëmmen, wann den ekonomeschen Deel klappt! Nach zousätzlech Bäihëllefen? Ech denken, dat wär weder realistesch nach d'Léisung.

An zweetens, mir géifen eise Konsumenten hei zu Lëtzebuerg als regional Produkter ganz bewosst just nach Biowuer ubidden. Dir Dammen an Hären, Bioprodukter sinn awer d'office méi deier. Dës kënne sech also nëmmen e klengen Deel vun eiser Bevëlkerung regelméisseg leeschten. Eis Regierung géif also ganz bewosst a Kaf huelen, datt hei zu Lëtzebuerg just fir ee klengen Deel vu besserverdéngende Leit géif produzéiert ginn. Ass et der Regierung egal, wou déi aner Leit hir Liewensmëttel hierkréien?

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ass dat dann déi drëtt industriell Revolutioun?

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- An op déi kommen ech dann nach eemol zréck. Hei steet am Rapport, datt mer, fir ee sécheren, qualitativ héichwäertegen, transparenten an nohaltege Liewensmëttelsektor ze kréien, 100% Bio bräichten. Wat heescht dat? Heescht dat, datt, wa mer net 100% Bio produzéieren, mer da keng qualitativ héichwäerteg, nohalteg Produkter hunn? Heescht dat, datt der Meenung vun der Regierung no eis konventionell integréiert Landwirtschaft keng qualitativ héichwäerteg Liewensmëttel produzéiert?

Als CSV kënne mer esou eng Ausso net akzeptéieren. An ech hoffen, si sinn net esou gemengt! Als CSV si mer, ech soen et nach eemol, dovunner iwwerzeegt, datt mer weiderhin eis konventionell integréiert Landwirtschaft brauchen an datt och si eis Qualitéit liwwert. A wa mer déi regional Produktioun am Allgemenge förderen, da brauche mer net oder zumindest manner op anonym Produkter aus dem Ausland zréckzegräifen. An dofir wëll ech nach kuerz op d'Regionalitéit agoen.

Den 13. Januar hate mer hei an der Chamber een ëffentlechen Debat zur Petitioun 668 „Lëtzebuerger Produkter an der ëffentlecher Restauratioun!". Als Konklusioun ass festgehale ginn, dat huet den Här Minister Etgen eis och an enger Question parlementaire oder an der Äntwert esou bestätegt, datt sollt an der Landwirtschaftskammer eng Plattform gegrënnt ginn, wou Responsabeler aus der Landwirtschaft, der Veraarbechtung, der Vermaartung, der kollektiver Restauratioun an esou weider sollten zesumme kucken, wou Problemer wären, a sollte gemeinsam no Léisunge sichen, fir kënne méi regional Produkter anzesetzen.

Mä den Här Minister schreift awer och nach a senger Äntwert, an do war ech e bëssen erstaunt: «Or, étant donné que plusieurs intervenants du débat public avaient souligné le risque de non-représentativité des secteurs concernés par le fait de localiser cette structure auprès de la Chambre d'Agriculture, j'ai demandé à mes services de faire un benchmark de toutes les formes juridiques possibles d'une telle plateforme.»

Dir Dammen an Dir Hären, wärend der Konklusiounsdiskussioun war zwar driwwer diskutéiert ginn, datt onbedéngt misst derfir gesuergt ginn, datt déi verschidde Secteure representéiert géife ginn, an et war och Konsens doriwwer, mä et hat, an do sinn ech zimlech sécher, ganz genau een, an zwar de Vertrieder vun deene Gréngen, gefrot, fir d'Plattform net bei d'Landwirtschaftskammer unzeglidderen, mä bei de Landwirtschaftsministère.

An obschonns dëse Vertrieder dat gefrot hat, hat den Här Minister dunn nach gesot, datt hien et géif besser fannen, fir dës Plattform bei d'Landwirtschaftskammer unzesidelen, fir d'Onofhängegkeet vun dëser Struktur ze ënnersträichen. An obschonns de Minister dat deemools gesot hat an obschonns dat festgehale gi war, schéngt hien dann elo méi op dee grénge Vertrieder wéi op sech an op de Rescht vun der Kommissioun ze lauschteren.

(Interruption)

Wien diktéiert hei, wou et an der Landwirtschaft higeet?

(Brouhaha)

Elo gëtt emol ee Benchmarking gemaach.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mir ginn eens.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Maacht lech dach keng Suergen ëm eis!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech maache mer keng Suergen ëm Iech, ech maache mer Suergen ëm d'Landwirtschaft!

Als CSV fanne mer et einfach nëmmen traureg, datt hei nach näischt Konkretes geschitt ass! Et deet mer leed: Et ass net ze verstoen, firwat hei net Neel mat Käpp gemaach ginn. Et kéint een ouni vill administrativ Hürden, ouni Benchmarking, wann een et wëllt, déi verantwortlech Leit relativ séier un een Dësch kréien.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Mir brauchen hei Léisungen. An ech wéisst wierklech gären, wou de Problem an den Ae vun der Regierung wär.

Dir Dammen an Hären, eis Landwirtschaft huet villfälteg Aufgaben ze erfëllen. Nieft deene klasseschen - der Liewensmëttelproduktioun, der Landschaftsfleeg, dem Schafen an Erhale vun Aarbechtsplazen an esou weider - kann d'Landwirtschaft och nach aner Aufgaben iwwerhuelen, wéi zum Beispill Energieproduzent, d'Bereetstelle vu verschiddenen Déngschtleeschtungen, d'Produktioun vun ënnerschiddleche Matière-premièren an esou weider. Eng Diversifizéierung vun der landwirtschaftlecher Aktivitéit ka fir verschidde Betriber immens wichteg sinn a ginn.

Den drëtten industrielle Revolutiounsbericht fir Lëtzebuerg geet ganz konkret op de Bauer als Energiewiert an. D'Zil ass et laut Bericht, fir bis 2050 70% vun eisem Gesamtverbrauch iwwer erneierbar Energien ze produzéieren. Den Haaptdeel soll vun der Wand- a Solarenergie kommen. De Bauer soll d'Energieproduktioun als Alternativ gesinn. Dat héiert sech gutt un. Och d'Biogasproduktioun soll laut Rifkin-Bericht weiderhin hiren Undeel un erneierbarer Energie liwweren. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg schonns eng Partie esou Anlagen, déi eng méi, déi aner manner rentabel.

Wëllt d'Regierung d'Biogasanlagen an Zukunft méi geziilt förderen? Wa jo, wéi wëllt si dat konkret maachen? Wéi vill Energie soll an Zukunft iwwer Biogasanlage produzéiert ginn? Wéi eng méiglech Konsequenzen hätt dëst zum Beispill op den Undeel vu Maisubau op eiser Fläch? Sinn hei schonns konkret Simulatioune gemaach ginn?

Den Haaptdeel, Dir Dammen an Dir Hären, soll awer, wéi gesot, vun der Wand- an der Solarenergie kommen. Ee Chercheursteam vun der Stanford University an der University of California, Berkeley huet laut Rifkin-Bericht och festgehalen, datt et méiglech wär, fir 22% vum gesamten Energieverbrauch iwwer Wandmillen a 67% iwwer Solarenergie ze produzéieren.

Lëtzebuerg bräicht dofir 20.200 Hektar, fir déi noutwendeg Wandmillen opzeriichten. Ee gudden Deel dovunner kéint natierlech nach landwirtschaftlech genotzt ginn, mä wéi gesäit et mat den noutwendege Kompensatiounen aus? Bei engem Wandpark am Norde vum Land, wou siwe Wandmillen op zwielef Hektar opgeriicht gi sinn, ass fir d'Kompensatioun e Bauerenhaff vun 21 Hektar kaaft ginn, fir d'Vigel, an dësem Fall de Rotmilan, op eng aner Fudderplaz ze lackelen.

Dës Fläch mat komplizéierte Méin- a Flächennotzungspläng ass sécherlech net méi voll asetzbar fir d'Landwirtschaft. An de Kaf vun esou grousse Kompensatiounsfläche verstäerkt zousätzlech den Drock op d'landwirtschaftlech Fläch an dréckt domadder de Präis zousätzlech an d'Luucht, wat d'Wettbewerbsfäegkeet vun eise Betriber natierlech staark reduzéiert.

Dir kënnt elo selwer ausrechnen, wéi vill Kompensatiounsfläche fir 20.200 Hektar kéinten noutwendeg sinn. Duerfir meng Froen: Wéi vill Hektar Wandmille gesäit d'Regierung als realistesch respektiv als Zil un? Bleiwen d'Kompensatiounsmoossnamen an Zukunft déiselwecht oder ass d'Regierung eventuell bereet, fir an dësem Punkt Upassungen ze maachen? Wéi wëllt d'Regierung ee Kompromëss tëschent der Ëmwelt, der Energie an dem Bauer als Liewensmëttelproduzent fannen?

Fir dann déi erfuerderlech Energie mat Solarpanneaue kënnen ze produzéieren...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Madamm Hansen, d'erneierbar Energiestrategie vun der Regierung, déi steet, déi ass der Chamber scho presentéiert ginn, mat genee der Opdeelung, wéi eng Energieform mer wivill wëllen ausbauen iwwert déi nächst Joren, mat engem Kalenner. Dat ass alles der Chamber bekannt.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech froe jo hei, wéi eng Konsequenzen dat fir d'Landwirtschaft huet.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Och dat ass bekannt.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- An de Rifkin-Rapport stellt dat heiten als eng Méiglechkeet vir.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Neen.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Dir kënnt mer jo da muer dorop äntwerten. Sou!

(Brouhaha)

Ech hunn de ganze Classeur gelies.

(Interruption)

Fir dann déi erfuerderlech Energie iwwert d'Solarpanneaue kënnen ze produzéieren: Laut Rifkin-Bericht missten op 12.900 Hektar sougenannte Solarfarms opgeriicht ginn. Dëst ass sécherlech eng effizient Aart a Weis, fir Energie ze produzéieren, werft hirersäits awer erëm eng Partie Froen op fir d'Landwirtschaft. Wëllt d'Regierung an dës Richtung goen? Wéi vill Fläch wëllt se eventuell fir dës Fräilandflächefotovoltaikanlage gebrauchen? Wëllt se hei och nach Geneemegungsprozedure virgesinn?

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Madamm Hansen, mir haten déi doten Diskussioun schonn am Parlament a mir hu gesot, dass mer dat net maachen, dass mer d'Felder voll esou...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Da sinn ech och frou.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Majo, Dir frot dat, wéi wann dat eppes ganz Neies wär! Am Parlament wësst Der dat.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Da kënnt Der mer dat jo soen. Ech soe just, datt dat am Rifkin-Rapport esou steet. An ech wëll gäre schwaarz op wäiss da vun der Regierung héieren, datt si net wëllt an déi dote Richtung goen. Da si meng Froe jo beäntwert.

(Interruption)

Sou! Op jidde Fall misst ee sech och hei froen, wéi d'Kompensatiounsmoossnamen ausgesinn. An am Allgemenge muss ee soen: Jee nodeem wéi vill Kompensatioune firwat noutwendeg sinn, stellt sech wierklech d'Fro, wéi vill Fläch an Zukunft nach fir déi ganz normal Landwirtschaft iwwreg bleift. An ech mengen, an deem Sënn gëtt déi vum fréieren Ëmwelt- a Landwirtschaftsminister, dem Marco Schank an dem Romain Schneider, geplangten, mä vun dëser Regierung net méi erwënschten Zone agricole, fir déi landwirtschaftlech Fläch ze schützen, ëmmer méi wichteg.

Här President,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech sinn hei.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- ...Dir Dammen an Dir Hären, zesummefaassend wëll ech soen, datt Visioune gutt a wichteg sinn, datt Visiounen awer zilorientéiert Moossnamen erfuerderen an datt Visiounen d'Realitéit, an dozou gehéiert eis gesamt Gesellschaft, dozou gehéiert och den EU-Maart, de Weltmaart, dozou gehéiert och eis gemeinsam Agrarpolitik, net aus den Aen däerfe verléieren. An ech freeë mech dofir op den Debat zum Rifkin-Rapport am Hierscht.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Hansen. An als lescht Riednerin fir den Owend huet d'Madamm Tess Burton d'Wuert.

Mme Tess Burton *(LSAP).*- Merci. Sou, Dir hutt et geschwë gepackt fir haut. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass haut vill iwwer Digitaliséierung geschwat ginn. Mäi Virriedner, de Franz Fayot, ass och a senger Ried op dee Sujet agaangen. Ech fir mäin Deel wëll nach eng Kéier op dee Sujet zréckkommen,...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, wann ech gelift, e bësse méi lues!

Mme Tess Burton *(LSAP).*- ...mä dat virun allem aus Siicht vun de klengen a mëttelstännesche Betriber, well si och dovunner betraff sinn. A grad si hunn eng grouss Verantwortung géigeniwwer vun eisem Land, well si ganz vill Aarbechtsplazen an eisem Land schafen an e groussen Deel zum Wuelstand vun eisem Land bäidroen.

Et ass wichteg, dass déi kleng a mëttelstännesch Betriber mat der Zäit ginn, dat heescht, sech un nei digital Techniken upassen, sech weiderentwéckelen a sech neien Erausfuerderunge stellen. Duerfir ass et fir eis als LSAP kloer, dass et eng Prioritéit vun der Regierung muss sinn, fir dës Betriber beschtméiglech ze ënnerstëtzen an ze begleeden, fir sech op déi nei Erausfuerderunge vun haut a muer virzebereeden.

Duerfir begréisse mir, dass d'Regierung schonn amgaangen ass, dës Entreprisen ze ënnerstëtzen. Et si schonn eng ganz Rei Moossname lancéiert ginn, fir zum Beispill d'PMEe fit fir d'Digitaliséierung ze maachen. Zum Beispill d'Initiativ Fit 4 Digital vu Luxinnovation ass eng konkret Moossnam, déi vum Wirtschaftsministère ënnerstëtzt gëtt an déi als Zil huet, deene klengen a mëttelstännesche Betriber ze hëllefen, kompetitiv ze bleiwen an déi heiteg ICT-Méiglechkeeten ze notzen.

Zum Beispill solle mat ICT-Optimiséierungen oder -Upassungen d'Entreprisë méi einfach hir administrativ Aarbechten erleedege kënnen. Hir Clientë sollen online akafe souwéi och online bezuele kënnen. Och soll de Stock duerch d'Digitaliséierung besser geréierbar ginn an doduerch soll eng besser Vue op d'Rentabilitéit vun der Entreprise entstoen.

Eng weider Moossnam ass den Aktiounsplang fir d'PMEen. D'lescht Joer am Fréijoer huet de Wirtschaftsministère de véierten Aktiounsplang fir d'PMEe virgestallt, deen 32.000 Betriber aus Handwierk a Commerce zeguttkënnt an zesumme mat Vertrieder vun deene Secteuren ausgeschafft gouf. Déi 99 Moossname vun deem Plang sinn zu engem gudden Deel schonn ëmgesat oder an der Ëmsetzung.

An deem Aktiounsplang spillt och d'Digitaliséierung eng wichteg Roll. Eng Moossnam aus deem Aktiounsplang fir d'PMEen ass déi vum „Pakt PRO Commerce", deen d'lescht Joer an d'Liewe geruff ginn ass. Grad den Eenzelhandel huet haut scho mam Impakt vun der Digitaliséierung ze kämpfen, well d'Kafverhale vun de Leit sech doduerch verännert huet.

Bal jiddwereen hei zu Lëtzebuerg benotzt a sengem Alldag den Internet, sief dat fir ze kommunizéieren, fir sech ze informéieren oder eben och anzekafen. Dëse Phenomeen wäert sech ouni Zweifel nach verstäerken. A wann eis Entreprisen net wëllen ënnergoen, musse si sech upassen an aktiv ginn, fir kënnen d'Zukunft matzegestalten.

Vill Commerçantë sinn nach net online präsent. Dëst ass eng Erausfuerderung, un déi deen traditionelle Commerce sech muss adaptéieren, sief dat online präsent ze sinn oder online ze verkafen. De Moment verkafen näämlech just 7% vun eise Commerçanten hei zu Lëtzebuerg hir Wuer och online.

De Wirtschaftsministère versicht, ebe genau bei dëser Erausfuerderung de Commerce ze ënnerstëtzen. D'Zil ass et, eng national E-Commerce-Plattform opzebauen, op där all Commerçant seng perséinlech Online-Vitrinn kritt a wou de Client dann och verschidde Produiten direkt iwwer Internet ka kafen. De Projet ass komplex a verlaangt eng Ëmsetzung an e puer Phasen.

Grad an de Stadzentren ass den Eenzelhandel staark betraff vun deem Wandel, wat d'Kafgewunnechte betrëfft. Eng Rei Foussgängerzonen, an domat d'Häerzstéck vun eise Stied, sinn amgaangen auszestierwen; grad déi Plaz, wou all d'Awunner vun enger Stad sech treffen, sech begéinen, zesumme liewen, eng Plaz, déi déi sozial Kohäsioun tëschent den Awunner fërdert. Duerfir ass dëse Projet vun der Regierung e Schratt an déi richteg Richtung, well d'Digitaliséierung ass net méi opzehalen. Den Eenzelhandel muss d'Digitaliséierung als Chance gesinn an dierf net zouloossen, dass en doduerch aus der Gesellschaft verschwënnt.

Äänlech wéi dem Handel geet et och dem Handwierk. Hei allerdéngs e bëssen an engem anere Beräich. Esou gëtt am Handwierk d'Aarbecht nach ëmmer op därselwechter Plaz verriicht, mä hei ass et wichteg, dass d'Handwierk seng Aarbechtsprozesser optimiséiert, andeems et d'Prozesser digitaliséiert. Zum Beispill kënne verschidden Aarbechte grad hei vu Roboteren duerchgefouert ginn, woubäi mer da bei där Diskussioun sinn, ob Aarbechtsplazen duerch d'Digitalisatioun an d'Robotisatioun verschwannen. Dëst wäert sécherlech de Fall sinn, och wann nach keen haut ka soen, wou an a wéi engem Mooss dëst wäert geschéien. Déi positiv Auswierkunge kann d'Digitaliséierung zum Beispill do hunn, wou Roboteren Aarbechte verriichten, déi zum Beispill gesondheetlech schiedegend fir d'Aarbechter sinn.

Fir Iech zwee konkret Beispiller ze nennen:

Et ass e groussen Handwierksbetrib hei am Land, deen e Roboter fir seng Lackéierung benotzt. Dat ass e groussen Avantage fir d'Aarbechter, well grad dës Aarbecht eng net allze gesond Aarbecht ass. Mä doduerch, dass elo e Roboter dosteet, gëtt awer och eng nei Persoun gebraucht, déi dës Maschinn betätege kann.

E weidert Beispill ass eng Bäckerei hei bei eis am Land, déi hire ganzen Informatiksystem digitaliséiert huet an esou all hir Geschäfter matenee verbonnen huet. Déi Bäckerei kritt duerch hiren neie System all Dag Informatiounen iwwert de Verkaf vun hire Filiale geliwwert. Doduerch kann de Betrib seng Produktioun optiméieren an den Dag drop ebe méi effizient produzéieren.

Dëst ass e Beispill, wou d'Digitaliséierung zur Rentabilitéit vun engem Betrib bäidréit an dëst kloer d'Kompetitivitéit vun dësem Betrib stäerkt. Mä net nëmmen d'Digitalisatioun ass eng Erausfuerderung fir d'Handwierk, mä och d'Reprise vun den Entreprisen. D'Personal souwéi d'Image vum Handwierk si Suergen, déi dëse Secteur huet, wou vill Efforten néideg sinn, fir dass dës Betriber weider bestoe bleiwe kënnen a virun allem och flexibel a kompetitiv bleiwen.

Net méi spéit wéi de leschte Mount huet d'Statssekretärin aus dem Wirtschaftsministère zesumme mat der Chambre des Métiers an der Fédération des artisans den „Pakt PRO Artisanat" presentéiert. Nom „Pakt PRO Commerce" ass dann elo och e Pakt mam Handwierk ofgeschloss ginn. Dëst Ofkommes reit sech an de véierten Aktiounsplang en faveur vun deene klengen a mëttelstännesche Betriber an an och an d'Iwwerleeung vun der Rifkin-Etüd.

D'Handwierk ass hei zu Lëtzebuerg dee gréissten Arbeitgeber. Mir wëssen dat. De Moment schaffen an deem Beräich 90.000 Leit a méi wéi 7.000 Entreprisen. Den „Pakt PRO Artisanat" gesäit vir, a verschiddene Beräicher aktiv ze ginn, fir esou laangfristeg d'Aarbechtsplazen am Handwierk ze sécheren, fir méi eng dynamesch Entwécklung vun de Betriber souwéi d'Kreatioun an d'Reprise vun den Entreprisen am Handwierk ze vereinfachen.

An deem Ofkommes geet et zum engen drëms, dass d'Image vum Handwierk opgewäert gëtt, zum anere soll de System vun den Aiden a Garantië bei enger Reprise vun enger Entreprise verbessert ginn. Dës Aiden a Garantië sollen d'Leit, déi dëse Schrëtt maache wëllen, favoriséieren an encouragéieren. Duerfir mussen dës Aiden och esou effikass wéi méiglech sinn. An en anere Volet, deen am „Pakt PRO Artisanat" behandelt gëtt, ass dee vun der Digitaliséierung, well och d'Handwierk ass schonn haut a wäert och an Zukunft domat konfrontéiert sinn a ginn.

Här President, ech wëll awer och haut vun der Geleeënheet profitéieren an niewent dem Handwierk an dem Commerce och op de Beräich Tourismus agoen. Rezent gouf näämlech de Bilan vun der Statssekretärin aus dem Wirtschaftsministère iwwert den Tourismus hei zu Lëtzebuerg presentéiert. De Bilan vum Tourismus vum Joer 2016 reit sech an an déi positiv Entwécklung vun de Jore virdrun, näämlech 2,97 Milliounen Iwwernuechtunge konnten 2016 hei zu Lëtzebuerg erziilt ginn. Dat war eng Rekordzuel fir d'véierte Kéier hannereneen.

Et ass och wichteg, dass eis Regierung weider Efforte mécht, fir Touristen op Lëtzebuerg ze zéien, besonnesch och an déi eenzel Regiounen, well mer domat och en anere Problem bei eis am Land léise kënnen. Eise Statsminister huet de Moien a senger Ried gesot, dass eng vun deene gréissten Erausfuerderungen an eisem Alldag d'Mobilitéit ass, dass mer eis Gedanke musse maachen, wéi mer de Verkéier hei an eisem Land reduzéiere kënnen. An d'Regierung, huet en och gesot, wëllt weider op dee Wee goen, fir geziilt an déi wirtschaftlech Entwécklung vu Regiounen ze investéieren, fir am Kader vun der Landesplanung och Aarbechtsplaze méi no bei de Leit ze schafen, amplaz ëmgedréit. An dat ass och gutt esou.

D'Initiativ Luxembourg for Tourism ass eng weider Moossnam vun der Regierung, déi den Tourismus hei am Land soll förderen. Privat an ëffentlech Akteuren hu sech hei zesummegedoen, fir no bausse kohärent als attraktiv Touristendestinatioune professionell opzetrieden an no bannen déi touristesch Offer besser ze koordinéieren.

Och déi eenzel Offices régionaux du tourisme sëtzen elo mat um Dësch, an zanter datt virum Summer de fënneften ORT fir de Westen an den Zentrum gegrënnt ginn ass, gëtt et kee wäisse Fleck méi op der touristescher Landkaart zu Lëtzebuerg.

Den Tourismussecteur ass a bleift e wichtege Bestanddeel vun eiser Wirtschaft. En dréit gradesou vill zu eisem PIB bäi wéi d'Industrie an e schaaft Aarbechtsplazen, déi een net kann delokaliséieren. An de leschte Joren ass d'Zuel vun den Iwwernuechtunge konstant an d'Luucht gaangen. A fir déi weider Entwécklung vum Secteur ass et natierlech wichteg, dass mer och genuch Capacitéiten hunn.

An den nächste véier Joer kommen dausend Hotelszëmmeren derbäi; net all, mä déi meescht an a ronderëm d'Stad. Iwwer Land bleift d'Erausfuerderung, Modeller ze fannen, fir och do d'Offer ze erweideren. Et ass gewosst, dass iwwer Land an de leschten 30 Joer bal 40% vun den Hotelszëmmere verschwonne sinn. Oft ass kee Successeur do, fir de Betrib ze iwwerhuelen. E Problem, fir deen d'Regierung Léisungen zesumme mam Secteur ausschaffe muss, fir deen Trend ze stoppen. D'Zil muss et näämlech sinn, d'Hotelscapacitéiten op strategesch wichtege Plazen ze stabiliséieren an nei Impulser ze ginn, fir esou Investisseuren unzezéien.

De fënnefte Joresplang vum Tourismus wäert an deenen nächste Woche presentéiert ginn, wou eben och grad nei Impulser gesat ginn an alle Regiounen, fir den Tourismus hei zu Lëtzebuerg nach méi attraktiv ze maachen.

Mä och d'Akteuren am Beräich vum Tourismus bleiwen net vun der Digitaliséierung verschount. Zum Beispill eleng de Wee vum Tourist, wéi hie sech hautzudaags uleet, fir en Hoteliszëmmer ze buchen, fuerdert den Hotelier oder de Restaurateur op, och digital präsent ze sinn. Duerfir ass et wichteg, dass Lëtzebuerg sech en neie Klassifikatiounssystem fir seng Hoteller gëtt, deen europawäit unerkannt ass. De Client soll sech op en eenheetleche Klassifikatiounssystem kënne verloossen.

Deen neie Klassifikatiounssystem hei zu Lëtzebuerg berout op fräiwëlleger Basis, ass modern an zouverlässeg fir d'Clienten an ass ugepasst un déi aktuell Situatioun um Marché a virun allem un d'Erwaardunge vum Client. Dës nei Klassifikatioun gouf zesumme mat der Horesca, der Federatioun vun den Hotelieren, de Restaurateuren an de Cafetieren hei zu Lëtzebuerg ausgeschafft.

Da wëll ech nach ganz kuerz op e Sujet agoen, bei deem Lëtzebuerg oft vu villen Organer gesot kritt, dass mer nach Nachholbedarf hunn. An dat ass am Beräich vum Entrepreneuriat. Lëtzebuerg ass zwar um gudde Wee, sech zu enger Start-up-Natioun ze entwéckelen, déi och international wouergeholl gëtt. Wichteg Initiative si vun der Regierung ëmgesat ginn a weiderer kommen an den nächste Joren no, fir hei am Land d'Entrepreneuriat nach méi ze ënnerstëtzen.

Eng Initiativ zum Beispill, déi d'lescht Joer hei an der Chamber gestëmmt ginn ass, ass d'Société à responsabilité limitée simplifiée, eng vereinfacht Variant vun enger Sàrl-Gesellschaft, déi deenen zukünftegen Entrepreneure sollen hëllefen, méi séier hir wirtschaftlech Aktivitéit opzehuelen.

Eng aner Initiativ vun der Regierung, déi an de leschte Méint vum Educatiouns- a vum Wirtschaftsministère lancéiert ginn ass, ass de Projet, deen den Entrepreneursgeescht schonn an de Lycéeë férdere soll. Entrepreneurial Schools sollen entstoen, dat heescht Lycéeën, déi sech besonnesch op d'Entrepreneuriat konzentréieren. Hei si Kollaboratioune mat dräi Lycéeën an d'Liewe geruff ginn, e véierte Lycée steet an de Startlächer.

Den Entrepreneursgeescht ass eng Kompetenz, déi iwwerall an eiser Wirtschaft gebraucht gëtt. Duerfir geet et hei net nëmmen drëms, herno lauter Patronen ze formëieren, mä de Schüler déi Kompetenze vum Entrepreneuriat mat op de Wee ze ginn.

An nach eng weider Initiativ, fir zukünfteg Entrepreneuren ze ënnerstëtzen, ass d'House of Entrepreneurship, dat virun e puer Méint seng Dieren opgemaach huet. Dëst Haus ass eng gemeinsam Initiativ vun der Regierung, de Beruffskummeren, de staatleche Verwaltungen an dem Privatsecteur. Et ass eng Ulafstell fir aktuell an zukünfteg Entrepreneuren, fir all déi néideg Servicer, déi si fir de Lancement vun hirer Entreprise brauchen, op enger Plaz ze fannen.

D'Entrepreneuriat spillt eng wichteg Roll an eisem Land. Mir brauchen nei an innovativ Entreprisen. Mir mussen eis Wirtschaft weider diversifizéieren, eis breet opstellen, fir dass mer eise Wuelstand vu muer och ofséchere kënnen.

Mir brauchen awer och haut a muer gutt qualifizéiert Personal, dat an eisen Entreprisë schafft, souwuel Männer wéi och Fraen. Eüde beleeën, dass d'Rentabilitéit vun enger Entreprise ëm 60% an d'Luucht geet, wa Männer zesumme mat Fraen op Direktiounsposte schaffen. Fir dass dëst awer de Fall an eise Betriber ass, brauche mer virun allem familljefrëndlech Betriber. An do sinn Initiative wéi den neie Congé parental, deen d'lescht Joer hei an der Chamber gestëmmt ginn ass, d'Reform vun de Congé-spéciallen, déi um Wee ass, Initiativen, déi d'Aarbecht an d'Famill besser zesummebréngen.

Eis Regierung muss weider eis kleng a mëttelstännesch Betriber ënnerstëtzen, well mir brauchen och an Zukunft kompetitiv Betriber, déi den Erausfuerderunge vun haut a muer gerecht ginn an eis weider eis Aarbechtsplazen an eise Wuelstand hei am Land garantéieren.

An domat wëll ech ofschléissen an Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci lech och.

Domat si mer um Enn vun den Aarbechte vun haut ukomm. Ech ginn Iech Rendez-vous muer um hallwer néng fir d'Fortsetzung vun deene sektoriellen Diskussiounen. An da muer am Nomëtten huele mer déi Gesetzesprojeten, déi mer nach zréckbehalen hunn.

Merci villmools a kommt gutt heem!

(Fin de la séance publique à 20.44 heures)

SÉANCE 34

JEUDI,
27 AVRIL 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation ainsi que sur le programme de stabilité et de croissance (PSC) et sur le programme national de réforme (PNR)
- *Débats sectoriels - Volet «Cohésion sociale et Bien-être»: M. Marc Spautz (interventions de M. le Ministre François Bausch, Mme la Ministre Corinne Cahen, M. le Ministre Dan Kersch, M. Alex Bodry et M. le Ministre Dan Kersch), M. Georges Engel, M. Lex Delles, M. Gérard Anzia, Mme Cécile Hemmen, Mme Taina Bofferding*
- *Débats sectoriels - Volet «Développement durable»: M. Marco Schank (interventions de M. le Ministre François Bausch, M. le Ministre Etienne Schneider, M. le Ministre François Bausch et Mme la Ministre Carole Dieschbourg), M. Roger Negri, M. Gusty Graas (intervention de Mme Martine Hansen), M. Roy Reding (interventions de M. Georges Engel et M. le Ministre Dan Kersch), M. David Wagner (interventions de M. le Ministre Etienne Schneider), M. Aly Kaes*

3. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Félix Braz, M. Nicolas Schmit, M. Romain Schneider, M. François Bausch, M. Fernand Etgen, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, M. Dan Kersch, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Carole Dieschbourg et M. Marc Hansen, Ministres.

(Début de la séance publique à 08.35 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gudde Moien! Ech maachen d'Sëtzung op.

Mir géife weiderfuere mat eisen Debatten zur Lag vun der Natioun. De Moien ass de Volet sozial Kohäsioun a Wuelbefanne virgesinn an den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Spautz fir d'CSV. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

2. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation ainsi que sur le programme de stabilité et de croissance (PSC) et sur le programme national de réforme (PNR) (suite des débats sectoriels)

Débats sectoriels - Volet «Cohésion sociale et Bien-être»

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wollt mer erlaben, direkt am Ufank op verschidden Äusserungen anzegoen, déi am Laf vum gëschtregen Dag gemaach gi sinn. De Problem, deen ech awer hunn, ass: Wéi d'Regierungsparteie jo mat der Oppositioun gedeelt hunn, wat d'Riedezäit ubelaangt, dat ass wéi d'Pissinger mat de Kueben! Sou ass et awer e bësse schwéier, op alles kënnen anzegoen, wat gëschter opgeworf ginn ass.

D'Majoritéitsparteien hunn 372 Minutte Riedezäit an d'Regierung huet der 120. Wann een dat zesummerechent, kënnt een op 492, an d'Oppositioun huet der 293. A wann ech de Modell…

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, ech ginn dem Här Spautz nach gär eng Stonn derbäi!

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Wa mer awer dann de Modell huelen…

(Brouhaha)

Ech hat gëschter den Här Bausch héieren - an dat hat mer gefall -, e wier fir d'Trennung vun de Pouvoiren. Haut schéngt dat net méi esou ze sinn.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Wéi dann? Ech si just fei mat Iech. Ech wëll Iech vill Riedezäit ginn.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dat war anscheinend just gëschter de Fall.

(Interruptions)

Et geet haut lass.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Auer leeft, Här Spautz.

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Ech weess, dass d'Auer leeft.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- D'Auer leeft an Dir hutt nach net…

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ech weess, dass d'Auer leeft. Et sinn och nach aner Aueren, déi lafen, déi lafe vläicht nach e puer Méint, awer och da leeft d'Auer of.

Ech wëll fir d'Éischt op de Saz agoe vum Sprecher vun der DP vu gëschter, wou e sech mat mir beschäftegt hat, betreffend dass ech jo deen Eenzegen hei am Land wier, deen e Problem hätt mam REVIS, wat och den Här Wirtschaftsminister gesot huet. An ech muss awer do nach eng Kéier verschidde Saachen an Erënnerung ruffen.

Also, dass ech verschidde Problemer hu mam REVIS, dat ass richteg. Dat hunn ech och gesot. Ech hunn hei héieren, ech hätt e Sträitgespréich mat der Madamm Cahen gehat. Ech hat scho mat der Madamm Cahen vill Sträitgespréicher, mä iwwert de REVIS bis elo awer net. Mir haten e gemeinsamen Optrëtt bei enger Radiosemissioun. A mir hunn eng Kéier an der Kommissioun driwwer geschwat, well méi ass nach net an der Chamber iwwert de REVIS geschwat ginn. An deen Dag hunn ech gesot: „Beim REVIS läit den Däiwel am Detail."

Ech kann Iech awer dann nach eng Kéier all déi soen, Här Berger, déi sech geäussert hu beim REVIS, dass se net domat averstane wieren. Et ass ënner anerem eng Gewerkschaft, déi den Här Arndt ganz gutt kennt, déi huet nach eng Kéier drun erënnert, dass se net averstanen ass mam REVIS. Ech muss och soen: Mir haten d'Chance als CSV, mir hunn eis getraff mam OGB-L, mam LCGB, mat der CGFP, mat den Assistant-sociallen, mir hunn eis getraff mat der Caritas, mir hunn eis getraff mat verschiddenen aneren ONGen, déi mam REVIS ze dinn hunn, ier mer eis Remarquë gemaach hunn, well mer soen, dass et ganz wichteg ass, dass den Terrain informéiert ass. Do war et den OGB-L, fir nëmmen deen ze nennen, deen huet och Problemer, Här Berger. Ech liese just vir, wat hiren Nationalpresident gesot huet: „Wat de Reformprojet RMG/REVIS ubelaangt, do muss dat Konzept komplett iwwerschafft ginn." Dat war net ech, dat war den Här Roeltgen, menges Wëssens net Member vun der CSV.

Dann hunn ech nach eppes aneres fonnt - well Der och do nach eng Kéier gefrot hutt - an do war ech awer e bësse paff, awer ganz paff: Do hunn ech näämlech eppes fonnt, wou d'Madamm Taina Bofferding, menges Wëssens och net Member vun der CSV,…

Une voix.- …vun der LSAP!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Also ech muss Iech soen: Wa se awer wëllt kommen, da muss een driwwer diskutéieren.

(Brouhaha et hilarité)

…mä menges Wëssens net Member vun der CSV, an déi huet kritiséiert, dass beim REVIS Verschlechterunge géife kommen an dass Leit kéinte manner hu wéi dat bis elo de Fall war.

Doropshin huet d'Madamm Minister geäntwert, et géif bei deem bleiwen, wat et ass, Regierungsamendementer bei der RMG-Reform géif et net ginn an elo géif een emol ofwaarden, wat de Statsrot géif soen. An dat huet d'Madamm Minister geäntwert de 7. Mäerz op der Antenn vum „100,7".

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- An ech hu gesot, d'Chamber dierft och Amendementer erabréngen, Här Spautz. Da sot och alles!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dofir wëll ech nach eng Kéier soen, wa mir anscheinend also déi Eenzeg sinn, Här Berger, entweder hat Der dat dann net matkritt, dass alleguerten déi do…

(Interruption par M. Eugène Berger)

…an Dir hat soss kee matkritt, da muss ech soen: Da musst Der Iech vläicht déi nächste Kéier besser informéieren, ier Der sot, dass mir déi Eenzeg gewiescht wieren.

(Interruption)

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn - ech fannen et esou gutt heibannen, mir si jo all frou mateneen, da kann ee roueg „Frënn" heibanne soen -, ech wëll dann och op aner Punkten agoen.

Et ass och hei gesot gi vum Fraktiounschef vun der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei, et géif drëm goen, fir konstruktiv un den Dossier erunzegoen. Mir wëllen als CSV konstruktiv matschaffen. Et ass och nach eng Kéier hei d'Beispill vun der Fleegeversécherung genannt ginn. Och an der Fleegeversécherung wier hie gespaant - ah, elo kënnt den Här Bodry -, wéi dann do d'Oppositiounspartei, d'CSV, sech géif zu där Reform stellen.

Ma ech kann Iech soen, Här Bodry: D'CSV huet konstruktiv an deem Dossier matgeschafft. Den Här Minister ass hei, de President vun där Kommissioun ass hei, a mir hunn nach all Kéiers, wa mer eppes ze soen haten, bei de jeeweilege Punkten dat gesot. An ech hu bis elo fonnt - bis elo! -, et sief dann, dat géif sech nach änneren, dass mer ganz konstruktiv Gespréicher haten, dass mer bei deem engen oder anere Punkt emol eng aner Vue hunn, mä dass et drëm gaangen ass, fir konstruktiv am Interesse vum Land a vun de Leit do virunzekommen.

Mir schéngt et och evident ze sinn, dass mer an där Fleegeversécherung mussen déi Reforme maachen, déi noutwendeg sinn. An dass mer do vläicht am Detail herno déi eng oder déi aner Interpretatiounsschwieregkeeten hunn, do ginn ech dovun aus, dass dat duerchaus kann de Fall sinn. Mä ech mengen, bis elo ass op alle Fall an deem Dossier - esou hunn ech et op alle Fall empfonnt -, weder zwëschen Oppositioun a Majoritéitsparteien… Et ass emol déi eng oder déi aner Divergence de vue, wéi een en Artikel formuléiert, mä fir de Rescht ass dat awer bis elo konstruktiv erofgaangen. An ech ka mer och net virstellen, et sief dann, de Wonsch wier op enger anerer Säit, dass dat sech elo sollt an deenen nächste Wochen oder Méint änneren.

Ech wëll awer soen dozou: Mir haten och eng grouss Diskussioun mam Minister Romain Schneider iwwer ee Beispill, wat och am Fleegesecteur ass. Dat ass näämlech iwwert d'Beispill Beetebuerg; Beetebuerg, en Haus, wat jo ville Leit heibannen aus familiären Ursaachen och bekannt war, wou et jo zu engem Sozialkonflikt sollt kommen, zu Beetebuerg, wou mer och dem Här Schneider duerno gesot hunn, e sollt eis soen, wéi en déi - pardon, wann ech dat Wuert elo soen -, déi Kou vum Äis kritt huet, dass et do net zu engem Sozialkonflikt fir dëse Moment komm ass an dass do d'Sozialpartner zesumme mam Minister sech getraff hunn, fir en Arrangement ze fannen.

Dat Arrangement ass nach net definitiv fonnt. Dat soll jo nach kommen. Mä do muss ech awer soen: Och dat fannen ech e konstruktiven Dialog, deen do gemaach ginn ass tëschent der Majoritéit an der Oppositioun, fir déi Informatiounen ze kréien. An dofir war ech dach awer e bëssen iwwerrascht, wéi et geheescht huet, mir géifen hei all nëmmen destruktiv a guer net konstruktiv matschaffen, fir nëmmen deen dote Volet ze huelen.

Et ass och fir eis wichteg, dass dat am SAS-Kollektivvertrag endlech kënnt. Ech hat d'Chance, selwer derbäi ze si virum Ministère, wéi manifestéiert ginn ass virun annerhallwem Joer, wéi d'Leit do stoungen, wou se hiren Onmut fräie Laf gelooss hunn. Och mir sinn där Meenung, dass et wichteg ass, dee Kollektivvertrag, well dat ass eng Grondviraussetzung, dass mer Rou an dee Secteur kréien, wat d'Personal ubelaangt, e Personal, wat eng exzellent Aarbecht mécht queesch duerch d'Land fir déi Leit an der Fleeg, fir deenen ze hëllefen.

Dofir ass et och fir eis wichteg, dass et do zu engem Accord kënnt. A mir soen: D'Regierung seet jo, si géif sech nach eng Kéier mat de Sozialpartner gesinn an nach eng Kéier soen - et si jo och scho Ministeren, déi sech dozou geäussert hunn, déi direkt näischt mam Dossier ze dinn hunn -, dass d'Regierung géif déi Enveloppe zur Verfügung stellen, fir dass deen Accord kann ëmgesat ginn, fir dass et iwwerhaapt keng Schwieregkeete méi am SAS-Vertrag kënne ginn.

Wann dat esou ass an d'Regierung stellt dat alles zur Verfügung, da verstinn och ech net, deen emol fréier an deem Milieu awer doheem war, wou dann de Problem ass, well normalerweis ass ëmmer d'Gestreits mat der Enveloppe. Wat ass d'Ëmsetzung? D'Regierung seet: „D'Enveloppe ass do, et ass iwwerhaapt kee Problem, fir déi Ëmsetzung ze maachen."

Da géif ech d'Regierung nach eng Kéier opfuerderen, d'Sozialpartner ze ruffen an nach eng Kéier ganz haart drun ze erënneren, dass d'Enveloppe bereet ass vun der Regierung fir dee leschten Accord salarial, an deen allerleschten, deen ass jo nach net an deenen Diskussiounen do mat dran, fir dass do guer kee Problem ass, fir am SAS-Kollektivvertrag déi Saachen ze maachen, well et ass wichteg, dass mer an deem Secteur Rou kréien, well vill Leit sech Gedanken driwwer maachen: Wat geschitt am Fleegesecteur? Wéi ass et mat der Fleeg? An dofir wier dat eng ganz gutt Saach. An ech kann do just soen, och do si mir der Meenung, dass dat misst kommen an dass mer et och misste fäerdegbréngen, deen Dossier vum Äis ze kréien.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sidd Der d'accord, dass de Minister Kersch eng Fro stellt?

M. Marc Spautz *(CSV).*- Wann dat net op meng Zäit, mä op seng Zäit geet, dann ass et gutt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Här Spautz, hunn ech Iech elo richteg verstanen, dass Der der Meenung sidd, dass d'Regierung sech sollt an d'Tariffautonomie zu dësem Moment aklénken? Oder sidd Der der Meenung, dass dat doten eng Saach ass, déi tëschent de Sozialpartner muss ausgehandelt ginn?

A wann ech Iech richteg verstanen hunn, sidd Der der Meenung, dass der Regierung hir Aarbecht gemaach gëtt, andeem dass se déi finanziell Mëttelen zur Verfügung stellt, fir dass et kann zu engem Accord kommen.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Merci fir déi Fro, Här Kersch. Wann ech mech da schlecht ausgedréckt hat, kann ech dat dann elo nach eng Kéier an Erënnerung ruffen: An der Tariffautonomie ass et ëmmer üüblech, dass déi zwee Partner sech un den Dësch setzen, an dat ass an dësem Fall d'Patronat an d'Salariat.

Mä et ass awer e Saz hannendrun: Wann en Drëtten alles soll bezuelen, da muss een deen Drëtten awer och op d'mannst informéieren a vun deem Drëtten den „go" hunn, well grad an der Fleegeversécherung a grad an der Ëmsetzung vum SAS oder dem Kollektivvertrag vun der Entente des hôpitaux ass et jo awer en Drëtten, d'Keess, eng Kéier déi eng Keess, eng Kéier déi aner Keess, déi d'Fraisen iwwerhëlt. Dann ass et awer och un deenen, eng Kéier ganz kloer zum Ausdrock ze bréngen, dass kee Problem ass an dass d'Finanzen dozou do sinn. Et ass dat, wat ech wëll soen.

D'Enveloppe kann d'Regierung definéieren als deen drëtte Partner. Wéi si d'Enveloppe opdeelen, dat muss een de Sozialpartner iwwerloossen. Awer d'Enveloppe, d'Definitioun vun der Enveloppe, dat ass awer ganz kloer, dass déi muss komme säitens der Regierung an dass d'Regierung muss soen, wa kee Problem ass, fir déi zwee Accorden ëmzesetzen, da misst… De Premierminister ka jo herno nach eng Kéier soen, do wier iwwerhaapt kee Problem, wann e seng Schlussdeklaratioun mécht, dat nach eng Kéier bekräftegen, wat da jo scho vun deenen aneren Häre gemaach ginn ass. Well wann et esou e minimale Problem ass, majo dann, mengen ech, wier jo dee Problem ganz séier geléist.

Ech wëll dann op en anert Beispill agoen. Dat ass, wa mer schwätzen nach vum Sozialen, dat ass dann dat vun de Pensiounen. Den Här Bodry hat mech dat gëschter gefrot. Ech sinn och frou, dass hien dann där Emissioun nogelauschtert hat, wou ech dat expriméiert hunn, dass et fir eis wichteg ass, souwuel d'Pensioune wéi och d'Aarbechtszäitorganisatioun als ee Volet ze kucken.

Well wa mer schwätzen, mir géife gären eng nei Aarbechtszäitorganisatioun maachen, wou ech jo deelweis och héieren hunn, dass an der Familljeministesch hirer an och dem Premierminister senger Ried virgëschter - nee gëschter, déi e gëschter gehalen huet, mä déi virgëschter doloung - dat jo och drasteet, dass mer mussen aner Aarbechtszäitmodeller maachen, wa mer iwwer Aarbechtszäitmodeller schwätzen, do hänkt jo ëmmer hannendrun: Wéi ass ee sozialverséchert? Wéi ass ee krankeverséchert? Wéi ass ee pensiounsverséchert?

Wann Der de Moment zwee Méint net schaffe gitt, da kommen an deenen zwee Méint an der Pensioun déi 64 Stonnen net zesummen an da kënnt wärend deenen zwee Méint näischt an de Fong vun de Pensiounen. An et ass dofir, wou mer soen, dass mer mussen nei Weeër goen, well fir näämlech an engem Mount sozialverséchert ze sinn an de Pensiounen, muss ee 64 Stonnen an deem Mount geschafft hunn, soss bass de dee Mount an der Pensiounskeess net verséchert.

A wa mer schwätzen iwwer aner Aarbechtszäitorganisatioun, wa mer gären eng aner Aarbechtszäitorganisatioun maachen, wou mer soen: Mir maache méi Flexibilitéit, du kanns zwee, dräi Méint näischt schaffen - also net näischt schaffen, mä net enger remuneréierter Aarbecht nogoen - an du kanns dofir an anere Méint vum Joer vill méi schaffen, da musse mer et awer och pensiounstechnesch fäerdegbréngen, dass mer déi Méint ofrechnen. Well wann déi Leit näämlech soss soen: „Mir sinn nëmmen aacht Méint verséchert gewiescht", feelt hinnen dat herno zum Schluss vun hirer Carrière.

(Interruption par M. Alex Bodry)

Et ass een Deel, et ass een Deel vun de Reformen, déi ee muss maachen. An, Här Bodry, e Mann mat Ärer politescher Erfahrung: säit 1984 hei am Parlament, zéng Joer an der Regierung, zéng Joer als Buergermeeschter, wësst Der, wann Der gären…

(Interruption par M. Alex Bodry et hilarité générale)

Dat seet de Wieler. Dat kucke mer. Dat seet de Wieler! Ech wënschen Iech et!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Do si mer am selwechte Boot, Här Spautz!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ech wënschen Iech et. Ech wënschen Iech et, Här Bodry! Mä do ass et awer ganz kloer: Wann Der gären eng aner Reform maacht an de Pensiounen - an Dir hutt jo eng, ech mengen, do waart Der just kuerz heibannen, Dir hutt jo schonn déi éischt Pensiounsreform, déi gemaach ginn ass, wat eng ganz grouss Pensiounsreform war, matgemaach -, wann Der do keng Rou hutt an der Gesellschaft a wann do sech vill Froe gestallt ginn: „Wat bedeit dat? Kréien ech manner oder kréien ech méi?", dann ass et vläicht besser ze soen - an dat ass dat, wat ech gesot hunn, an dozou stinn ech -: Fir déi Leit, déi bis elo an dem Versécherungssystem sinn, dee mer kennen, bleift et integral, wéi et ass. An da muss een driwwer nodenken, wat een aneschters mécht!

Domadder hunn ech net déi 65 Joer…

(Interruption par M. Alex Bodry)

Da lauschtert! Loosst mech schwätzen, wann ech gelift!

Domadder hunn ech net déi 65 Joer a Fro gestallt, déi den Här Schneider och nach eng Kéier op enger Konferenz gesot huet, déi 65 Joer, wat nach ëmmer de legale Pensiounsalter hei am Land ass. Domadder hunn ech net a Fro gestallt…

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Äre Fraktiounspresident awer!

M. Marc Spautz *(CSV).*- …de Prinzip vun de Versécherungen: een Drëttel Patron, een Drëttel Salariéen an een Drëttel de Stat.

Ech ka mech net erënneren, Här Bodry - op alle Fall, ech hunn dat nach eng Kéier gëschter nogelauschtert, Dir kënnt et och nach eng Kéier nolauschteren -, dass ech dee Prinzip mat deenen dräi Drëttel - een Drëttel, een Drëttel, een Drëttel - an de Pensiounsalter vu 65 Joer a Fro gestallt hätt! Et ass no 36 Minutten a 15 Sekonnen, Dir kënnt d'Band nach eng Kéier nolauschteren, wou Der mech do zitéiert hutt.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Da lauschtert emol Äre Fraktiounspresident a sengem éischten „Background"!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Do muss ech Iech ganz kloer soen: Den Här Bodry hat mat mir eng Diskussioun gëschter, en huet mech gëschter gefrot, wat ech domadder gemengt hätt. Ech hunn em et domadder…

(Interruption par M. Alex Bodry)

Majo e ganz neie Pensiounssystem…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- …ganz anere Regelen, däitlech!

(Interruptions)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Hunn ech gesot, mir géifen…? Ech hu gesot, mir sollen iwwer en anere Pensiounssystem nodenken…

Une voix.- Mir lauschteren em no, mir versti just net, wat e seet.

M. Marc Spautz *(CSV).*- …a mir sollen elo domat ufänken a mir sollen net waarde bis 2023! An et ass elo net méi 2023, de Minister huet gëschter gesot, mir wieren elo bei 2026 ukomm, bis dem Här Mars Di Bartolomeo seng Parametere vun der Reform géife gräifen.

Mä kommt, mir schwätzen elo driwwer! An net mir heibannen alleng, mä d'Sozialpartner! Dir hutt eis jo gesot, de Sozialdialog géif erëm esou gutt fonctionnéieren…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Mä wat hate mer dann eréischt viru véier, fënnef Joer?

M. Marc Spautz *(CSV).*- Gitt mer eng Chance, wann ech gelift, Här Bodry!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Gitt där Reform och eng Chance!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Hei, wann ech gelift! Wann ech gelift, lauschtert no! Den Här Spautz ass amgaangen ze erklären, wat hie sech ënnert der…

(Interruption par M. Alex Bodry)

Da frot Der Iech zumindest d'Wuert, Här Bodry!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Do ass et awer ganz kloer,…

(Interruption par M. Alex Bodry)

…de Wirtschafts-…

(Interruption par M. Alex Bodry)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An enger vun deene leschte Presidentekonferenzen hu mer driwwer diskutéiert, dass ech net dauernd soll d'Deputéiert zréckruffen, wa se sech…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Eng Kéier wär vläicht net schlecht.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay.

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Da rufft mech zréck, da braucht Der net…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, fuert elo virun! Loosst Iech net oflenken!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Da wollt ech soen, vu dass de Sozialdialog jo erëm esou gutt fonctionnéiert a mer hei am Land jo bei esou grousse Projeten emol an der Zäit eng Tugend haten, och wou doiwwer Leit souzen, wéi se nach net op der Regierungsbänk souzen, sief et op der Majoritéits- oder Oppositiounsbänk oder als Fraktiounssekretären, do hate mer eng Coutume, an dat war de Wirtschafts- a Sozialrot, dee Wirtschafts- a Sozialrot, dee sech jo zesummesetzt aus de Sozialpartner, wou och Regierungsvertrieder dobäi sinn, wou een am Virfeld vu gréissere Sujeten, gréissere Projeten dee ka chargéieren an em soen, fir do emol eng

Etüd ze maachen. Well eng Pensiounsreform géint d'Patronat a géint d'Gewerkschaften ass net duerchzesetzen! Mä dass een elo déi Diskussioune féiert an net waart, bis déi Parameteren och deklinéiert ginn, déi mer eis alleguerte selwer zesumme gesat hunn, dass mer elo déi Diskussiounen ufänken an dass mer elo derfir suergen, dass mer dann d'Léisungen um Dësch hunn, wann de Clignotant ugeet, fir dann direkt kënnen ze äntwerten an net eréischt dann unzefänken, am Dialog ze diskutéieren - dat ass de Punkt!

Ech wollt awer och soen, mä do ginn ech net am Detail drop an: Och am Spidolsplang kéint ee vill soen, mä mat där Riedezäit, déi mer hunn, ass dat mer net méiglech.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Neen, mir hunn awer nach Kolleegen, déi kommen hannendrun.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- De Minister huet ze laang geschwat!

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här Bodry, Dir musst lech d'Wuert froe beim President.

(Hilarité et interruption par M. Eugène Berger)

Oh, Här Berger, da géif et mir jo bal goe wéi lech. Da géif et mir jo bal goe wéi lech!

Da wëll ech nach…

(Interruption par M. Eugène Berger)

Da wëll ech nach op aner Punkten agoen, déi mer gefeelt hunn a wou gëschter och näischt dozou gesot ginn ass, wou ech awer gär géif preziséieren: Dat ass och dat, wat d'Flüchtlingspolitik ubelaangt.

Ech mengen, mir missten och eng Diskussioun féieren iwwert d'Flüchtlingspolitik, wou et wichteg ass, dass mer eis jo alleguerten eens sinn, dass mer deene Leit mussen hëllefen, déi aus Krichsgebidder kommen, an dass et och wichteg ass, do Léisungen ze fannen. Mä et sinn ëmmer méi Leit, wat jo och gutt ass, déi de Statut zouerkannt kréien, wou mer et awer net fäerdegbréngen, déi aus de Strukturen erauszekréien, déi vum Familljeministère normalerweis mat engem Partner zesumme geréiert ginn, wou et net méiglech ass, déi Leit do erauszekréien, wat dann och heiansdo kann - ech betounen „kann", net muss - zu Spannunge féieren, well deen een den RMG schonn huet, deen aneren huet nach näischt, an deen ee gëtt nach betreit vun deenen zoustännege Stellen an deen aneren net. Do ass et och wichteg, dass mer alles géifen drusetzen, fir déi Leit erauszekréien aus deene Strukturen.

An ech géif do nach eng Kéier eppes maachen, wat ech schonn eng Kéier gesot hunn: dass mer do géifen en Appell maachen, dass een et do misst fäerdegbréngen, fir déi Leit, déi da schonn den definitive Statut hunn, dass se däerfen hei am Land bleiwen, dass mer eis do fir e Verdeelungsschlëssel géifen eens ginn zwëschen de Gemengen, well et näämlech wichteg ass! Dat si keng 800 beieneen, mä wann do all Uertschaft een, zwee oder dräi Haiser hëlt an zur Verfügung stellt, fir déi Leit ënnerdaach ze bréngen, sinn dat keng grouss Strukturen, a gläichzäiteg brénge mer et fäerdeg, déi Plaze fräi ze maache fir déi, déi nach an der Prozedur sinn. An déi Leit, déi sëtzen do - an do sëtzen der plazeweis iwwer ee Joer, dass se schonn de Statut hunn - a si kommen einfach net eraus. An dat féiert jo och zu deene Spannungen an deenen Haiser, soudass ech do géif en Appell maachen.

Ech hat et schonn eng Kéier gesot och an der Debatt iwwert d'Flüchtlingen, déi mer heibanne gefouert hunn, dass mer do géife soen, mir sollen eis e Schlëssel ginn, wéi mer opdeele fir déi Leit alleguerten, déi de Statut hunn, dass mer do géife kucken an de Gemengen, mat de Gemengen zesumme selbstverständlech, fir dann am Prorata vun de Gemengen dat opzedeelen, well dat nëmmen de Wee ass, dass mer et och fäerdegbréngen, déi Spannungen erauszekréien, déi heiansdo a verschiddenen där Foyere sinn, well där enger an där anerer beienee sinn, déi definitiv agestallt sinn oder net.

Ech wëll dann och nach eppes Leschtes soen…

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Här Spautz, Dir wësst jo awer schonn, dass d'Madamm Jacobs eng Fro un de Statsrot gestallt hat, ob een déi Fro do vun der Verdeelung iwwer e Schlëssel kéint hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen oder net. An Dir wësst och, wat de Statsrot der Madamm Jacobs op déi Fro geäntwert huet, näämlech, dass dat ganz schwéier méiglech ass.

Ech begréissen awer Äre concilianten Toun an deem doten Dossier, och déi Ausso, wou Der gesot hutt, dass mer dat doten nëmme kënne gemeinsam léisen. An ech sinn och frou, dass d'CSV sech dem Opruff vun der Regierung ugeschloss huet, dass all Gemengen hei mussen en Effort maachen. Dofir an deem Sënn e Merci. Mä de Verdeelungsschlëssel ass net esou einfach ze realiséieren. Et ass eng gutt Iddi, mä si ass net politesch einfach ze realiséieren.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Merci, Här Kersch. Dat war mer och bewosst. Mir si jo elo schonn an aneren Dossieren, wou mer soen: „Mir huelen den éischte Vott an da kréie mer den zweete Vott net, da musse mer den zweete Vott no dräi Méint maachen", an engem Dossier, deen Iech jo gutt bekannt ass. D'Méiglechkeet besteet jo awer och, wann de politesche Wëllen do ass, och emol eng Kéier dann ze soen zum Statsrot: „Et ass ganz gutt gemengt", mä et kann ee sech awer driwwer ewechsetzen, fir et elo emol da méi pejorativ ze soen.

(Interruptions)

Da wollt ech awer nach eng lescht Remarque maachen, dat ass déi: Gëschter huet d'Europäesch Kommissioun de Sozialpakt virgestallt. An ech wollt do en Appell maachen - ech hunn haut de Moie schonn d'Kommentare vum Här Aarbechtsminister gelies -, mä dass et vläicht net schlecht wier, wa mer eng Debatt géifen an der Chamber doriwwer féieren, oder ob do vun der Regierung geplangt ass, dat fir d'Éischt a Chamberskommissiounen ze maachen. Mä et wier wichteg, dass mer dat Thema vum sozialen Europa, wat awer beim Imageschued, deen Europa huet, vläicht kann dozou bäidroen, dass den Imageschued manner grouss ass, dass mer och do eng Debatt, sief et hei an der Chamber, sief et och nach, wann et erwënscht ass, fir d'Éischt virbereet an enger Kommissioun, duerno en Debat heibanne féieren, wéi et soll mat de Sozialschlëssele virugoen.

An elo ginn ech ganz rose gekuckt vu mengem Kolleeg, deem ech d'Riedezäit elo erëm ferm diminuéiert hunn. An dofir géif ech nach eng Kéier Merci soen an en Appell maachen, dass mer awer wierklech nodenken iwwert d'Riedezäit beim Débat sur l'état de la nation - ech weess, wéi dat geet mat de Modeller -, mä ob mer bei esou Saachen do net nach verschidden Ännerunge misste maachen.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Spautz. Ech wollt just vläicht op déi lescht Suggestioun hin, déi den Här Spautz gemaach huet, Iech informéieren, dass mer de Moie schonn d'Initiativ geholl hu bei der Maison de l'Europe, fir d'Madamm Thyssen, déi zoustänneg Kommissärin, an d'Chamber ze invitéieren, fir dee Programm vun der Kommissioun virzestellen. Well d'Kommissioun jo de Kontakt mat de Parlamenter sicht, mengen ech, wär dat eng sënnvoll Initiativ. Ech hunn och an deem Sënn mam Aarbechtsminister geschwat, fir dass mer deen Echange hei kënne kréien.

Merci.

Voilà, dann huet d'Wuert elo direkt deen zweeten ageschriwwene Riedner: den Här Georges Engel.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, vläicht eng allgemeng Remarque, ier ech zu mengen zwee Sujete kommen, déi ech nach wéilt méi breet diskutéieren, näämlech d'Aarbechtsbedéngungen an der Digitaliséierung an de Logement.

De Premier huet et gesot: Lëtzebuerg ass en attraktiivt Land. An ech loosse mer déi Meenung, déi ech och deelen, net hei futtimaachen, weder vu Commentairen, déi een an de soziale Medien, nach vu Commentairen, déi ee bei verschiddene Mediegesellschafte ka liesen, wou ee mengt, wann een dat liest, dass déi Leit an engem anere Land wunne wéi dat Land, wou ech dra wunnen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Et kritt een heiansdo d'Impressioun, dass hei an dësem Land wierklech alles, alles schlecht wär, dass et hei iwwerhaapt näischt Guddes méi géif ginn an dass een hei géif liewe wéi an engem Drëttweltstat. Ech fannen, dat ass absolutt net de Fall. A wann een e bësse ronderëm kucke geet an e bësse ronderëm lauschtere geet an déi aner Länner, da gi mir als e ganz gutt an e ganz attraktiivt Land, als e Land, an deem et sech gutt liewe léisst, ugesinn. An ech fannen dat och gutt esou.

Ech wär och frou, wa mer hei an dësem Plenum géifen ophale mat der Schwaarzmolerei a mat deenen Diskussiounen, fir alles hei schlechtzerieden.

Jo, et kann een hei och kritiséieren. Dat dierf een. Dat ass och d'Recht a souguer d'Flicht vun enger Oppositioun. Mä et soll een awer och dat soen, wat awer och richteg ass. Et soll een awer och soen, dass, wann et eis hei gutt geet… An ech muss och soen: All Respekt fir den Här Wiseler, deen huet dat och e puermol gesot, dass et an eisem Land och gutt Saache gëtt, dass et eis och gutt geet! Et soll een dat awer, mengen ech, och ervirhiewen, dass et an eisem Land wierklech sech gutt…

(Interruption)

…liewe léisst an dass et hei net d'Diskussioun, ob d'Glas hallef voll oder hallef eidel ass, mä d'Glas ass dräi Véierels voll an ee Véierels kéint een nach besser maachen. Domat ginn ech lech alleguerte ganz gär recht. Dee Véierels, deen, mengen ech, gëtt och probéiert esou vill wéi méiglech (veuillez lire: ze verbesseren), duerch all déi Initiativen, déi d'Regierung hëlt an déi och vun der Majoritéit ënnerstëtzt ginn. Mä kommt, mir halen dach op mat där Schwaarzmolerei!

„Die Geister, die ich rief", wëll ech just dobäi ernimmen. Déi, déi déi Schwaarzmolerei hei ëmmer matdroen an och mat ënnerstëtzen, déi si bei all Majoritéit do, ech wëll Iech dat just soen, egal wéi eng Säit dass d'Politik hei mécht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu menge richtegen Themen: Liewen, fir ze schaffen, oder schaffen, fir ze liewen? Fir mech ass et kloer, dass et éischter an d'Tendenz muss goen: Ech schaffen, fir ze liewen. Well d'Zil vun engem sengem Liewe kann net sinn, nëmme mussen ze schaffen.

D'Tendenz geet och kloer an der leschter Zäit, an och scho virdrun, op Aarbechtszäitverkierzungen, fir dass d'Leit manner schaffen a méi Fräizäit hunn. Dat ass eng logesch Fuerderung. A wann ee gesäit, dass d'Produktivitéit an d'Luucht geet, ass et och wichteg, dass een en contrepartie d'Bedierfnis muss stëllen, fir och do méi Liewensqualitéit ze assuréieren.

D'Gläichgewiicht tëschent dem Beruff an dem Privatliewe spillt och ëmmer méi eng grouss Roll. An duerch d'Globaliséierung hunn d'Ufuerderungen un d'Entreprisë sech geännert. Déi musse kuerzfristeg méi séier a méi performant reagéieren op Demanden. Do ass eng méi grouss Reaktivitéit gefrot an och méi eng grouss Flexibiliséierung. An déi Flexibiliséierung, déi däerf net nëmmen an eng Richtung goen, an dat huet d'Regierung an deene leschte Gesetzer, déi dorëms sech gehandelt hunn, och ganz kloer gesot an och ganz kloer gemaach.

D'Digitaliséierung, déi kann natierlech mat sech bréngen, dass Aarbecht a Fräizäit net ëmmer méi kloer ze trenne sinn, well d'Grenze verwëschen hei. Computer a Smartphone maachen, dass ee praktesch ëmmer an iwwerall erreechbar ass. An d'Bestriewunge vun der LSAP, déi ginn an déi Richtung, dass déi Entwécklung vun der Digitalisatioun a vun der Robotisatioun muss begleet ginn. Si ass kaum méi opzehalen an duerfir musse mer suergen, dass d'Rechter vun de Salariéen, hiert Privatliewen, hir sozial Ofsécherung garantéiert ginn a mat dëser Entwécklung Schrëtt halen. Déi Rechter mussen dann och ugepasst ginn, jee nodeem wéi sech déi Digitaliséierung dann och entwéckelt.

An ech si frou, dass de Premier gesot huet: „Mir wëllen net passiv nokucken an dësem Domän, mä matgestalten, fir dass mir eis Zukunft an eisen Hänn hunn." Dat ass absolutt genau a ganz richteg. An duerfir kann ech do der Regierung och nëmme felicitéieren.

Op där enger Säit hu mer e Spannungsfeld tëschent techneschem a wirtschaftlechem Fortschrëtt an op där anerer Säit hu mer d'Aarbechtskonditiounen. D'Digitaliséierung ass also Chance a Risiko gläichzäiteg. Wichteg ass, dass mer dee Prozess, dee längst ugefaangen huet, richteg begleeden. D'Regierung an d'Sozialpartner musse sech zesummendinn an zesumme kucken, wat d'Erausfuerderunge sinn, a sech dann ebe Strategië gi fir eben d'Virbereedung op déi Weiderentwécklung an d'Begleedung vun dëser Entwécklung.

D'Globaliséierung an d'Digitaliséierung, dat ass jo kee Selbstzweck. Et dierf op alle Fall net reng au service vun der Ekonomie sinn a muss au service vun de Salariéen, de Familljen an dem Gemengwuel sinn. Manner schaffen an net manner verdéngen, manner schaffen zum selwechte Salaire, dat ass d'Chance, déi mer hei kréien. An déi Chance solle mer och nëtzen. Déi sozial Facteuren, déi muss een natierlech hei onbedéngt berücksichtegen. An et kann ee sech bal net virstellen: manner schaffen a grad datselwecht verdéngen. Dat kléngt vläicht fir deen een oder deen aneren e bësse komesch, et kann ee sech dat net richteg virstellen - das ist aber so.

Ech si frou, dass d'Regierung dee Prozess do ugefaangen huet an deen och wëllt mat begleeden.

Kloer ass, dass d'Digitaliséierung d'Aarbechtswelt weider wäert veränneren. Eng ganz Partie Aarbechtsplaze wäerten ewechfalen. Et wäerten awer eng ganz Partie neier entstoen. An do mussen d'Schoul an eise Schoulsystem deem Rechnung droen an déi néideg Kompetenze méi staark an de Vierdergrond stellen. Eng Section I, wéi vum Premier hei gesot ginn ass, dass se géif kommen, ass u sech e richtege Wee, kënnt vläicht e puer Joer ze spéit, mä ëmmerhi kënnt se elo. An dës Regierung huet déi Initiativ geholl, fir dat ze maachen. Dat ass och gutt.

D'Fro ass awer, ob eise Schoul- an eisen Educatiounssystem, eis Enseignanten an eis Educateuren op déi nei Erausfuerderung och esou preparéiert sinn, wéi se dat misste sinn. Si se sech däers bewosst, wat do alles op se duerkënnt? Dat ass à voir. An et ass och, fir do déi Leit da richteg ze encadréieren an och d'Weiderbildung op deem Punkt do ze erméiglechen. D'Weiderbildung an e liewelaangt Léieren, déi spillen eng essenziell Roll. All Beruffsbiller musse sech bestänneg virunentwéckelen. Déi schaffend Leit mussen d'Méiglechkeet kréien, sech un déi nei Entwécklung unzepassen.

Et ass net méi esou, dass een, wéi dat fréier war, an d'Schoul gaangen ass an duerno 40 Joer a sengem Beruff geschafft huet, ouni eng Weiderbildung ze maachen. Dat geet haut net méi. An dat wäert an Zukunft och ëmmer manner goen, wou d'Delaien tëschent der Formatioun an der Weiderbildung ëmmer méi kuerz wäerte musse ginn, well d'Entwécklung ëmmer méi séier ass. Duerfir mussen och d'Enseignanten oder déi, déi eben eppes enseignéieren, sech och do upassen.

Berodung, Begleedung, Weiderbildung, Ëmschoulung, och dat sinn alles Saachen, déi ëmmer, ëmmer méi wichteg ginn.

Do kann ee sech dann och d'Fro stellen, ob een net misst sech Gedanke maachen iwwert d'Aféierung vun engem allgemenge Recht op Weiderbildung, op Berodung. Misst dat net gesetzlech verankert ginn? Et gëtt do verschidde gesetzlech Mesuren, mä en allgemengt Recht op Weiderbildung gëtt et net. An dat kéint een an engem Compte Formation continue am Laf vu senger Carrière dann och esou festhalen.

Ganz besonnesch am A muss een dann déi sozial Aspekter halen am Kader vun der Digitaliséierung. D'Aarbecht fonctionnéiert haut schonn net méi esou wéi nach virun enger Rei vu Joren. A mat der Digitaliséierung wäert se an engem aneren Aarbechtsverhältnis oflafen.

Eng vun deene Konklusioune vun der Digitaliséierung kéint sinn, dass et méi Selbstständegkeet kéint ginn. An et muss een duerfir awer oppassen, dass mer net an eng Scheinselbstständegkeet kommen. D'Konditioune vun der Selbstständegkeet mussen deemno verbessert ginn, mussen eng besser sozial Ofsécherung fir déi Leit schafen an och méi Rechter schafen. Mir mussen awer oppassen, dass mer do net op de Wee gi vun engem Opweeche vum Aarbechtsrecht. Dat gëtt eng Gratwanderung, déi ee muss gutt hikréien, ëmmer wann ee sech d'Recht vun de Salariéen an de Vierdergrond muss stellen.

D'Fro vun enger Tax op Robotere muss och duerfir gestallt ginn. An do huet d'Mady Delvaux jo och en exzellente Rapport gemaach. Et ass och eiser Meenung no richteg, dass een net d'Aarbecht nëmme vun de Salariéë muss besteieren. Mat de Suen, déi een also bei der Taxe robots kéint mat eranhuelen, kéint een zum Beispill weider d'Weiderbildung an d'Ëmschoulung finanzéieren.

An ech wéilt och ganz kuerz op dat, wat den Här Spautz gesot huet, op deen europäesche Volet agoen, op dat, wat gëschter virgestallt ginn ass vun de soziale Pilieren. Ech kann och nëmme fir d'Initiativ felicitéieren, dass mer d'Madamm Thyssen wäerten heihinnerruffen, fir iwwert déi sozial Pilieren hei kënnen ze diskutéieren an dann och am Parlament doriwwer da kënnen ze schwätzen.

Mäin zweeten Thema, dat ass de Logement. Eise Succès vun eisem Land ass och en Deel vun eisem gréisste Problem, näämlech dem Wunnengsbau an de Wunnengspräisser, an dat besonnesch fir déi kleng an déi mëttel Revenuen. Den Emploi, dee geet an d'Luucht. All Joer kommen 10.000 Leit méi an eist Land wunnen. Alleng an de leschte sechs Joer waren et 74.000 Leit. Dat mécht, dass d'Demande vu Wunnenge klëmmt an dass d'Offer leider awer net nokënnt. Den Nachholbedarf ass do enorm grouss.

Ech wëll och heimadder soen, dass dat net e Phenomeen ass, deen eréischt säit 2013 esou de Fall ass, mä dass mer schonn eng Progressioun vu 14,3% haten an de Joren 1991 bis 2001. Do hate mer eng Progressioun vu 14,3%. Mir haten eng Progressioun vun 2001 op 2011 vu 16,6%. A vun 2011 bis 2017 elo hu mer eng Progressioun vu 15,2%. Et ass also

kee Phenomeen, deen eréischt mat där neier Regierung opgetaucht wär, mä et ass e Phenomeen, dee scho säit 20, 30 Joer an dësem Land ass. An déi Evolutioun, déi ass leider net richteg gedeit ginn, an elo musse mer der Entwécklung hannendrulafen. Dës Regierung probéiert, dat esou gutt ze maachen, wéi et méiglech ass. Mä den Alex Bodry huet et gesot: Mir hunn hei keng Patentléisung, fir der Problematik vum Wunnengsbau entgéintzewierken. An et muss een de Leit do och d'Wourecht soen.

An all zesumme misste mer iwwert déi Proposen, déi den Alex Bodry gëschter gemaach huet, hei nodenken: iwwert d'Loyersbrems, iwwert d'Präisbrems vun den Terrainen, fir d'Spekulatioun ze ënnerbannen, an awer och fir Sanktiounen ze schafen, déi vläicht wéidinn, déi vläicht net esou populär sinn, déi awer sécherlech hir Wierkung hätten. An hei muss ee jo och net d'Partikularinteressen an de Vierdergrond stellen, mä d'Allgemengwuel. Dat ass d'Roll vun dësem Haus an et ass och d'Roll vun der Regierung.

Méi radikal Mesurë géife wahrscheinlech méi Resultater bréngen. Mä kréie mer hei an dësem Haus e Konsens? Déi Fro, déi muss awer emol nach gestallt ginn. Mir mussen näämlech an eise Käpp da verschidden Hiewelen ëmleeën, fir dass mer nei Weeër kënne goen an dësem Domän.

U sech misst d'Diskussioun iwwert de Logement sech mat eisem Liewensstil befaassen. Lëtzebuerg ass e Land vun Eegentumsbesëtzer. Op 75% vun eisem Bauland - op 75% vun eisem Bauland! - stinn Eefamilljenhaiser mat enger Moyenne vu 5,6 Ar den Terrain. An der Moyenne huet e Stot 52 m^2 pro Persoun zu senger Dispositioun. Eis Gewunnechten, eis Virstellunge vum Wunnen hu sech an deene leschte Joren op ëmmer méi grouss an ëmmer manner zesummen entwéckelt. Dës Entwécklung muss een och kënnen a Fro stellen.

Misst een net aner Wunnformen ënnerstëtzen, déi d'Zesummeliewe méi förderen, wéi Wunngemeinschafte fir jonk Leit, mä och fir Leit, déi am Alter sinn? Den Alex Bodry huet do eng Question élargie am Dezember 2016 gestallt. An de Minister Hansen hat am Januar gesot, si géifen och kucken, ob mer dat Gesetz vun der Locatioun vun 2006 net kéinte punktuell veränneren, wat d'Colocatioun ugeet. An ech wär och frou, wa mer déi Aarbechten eng Kéier zur Konklusioun hei am Parlament kréichen.

Misst een net och Promotioun maache fir Leit, déi alleng oder zu zwee an engem Haus wunnen, dat hinnen, wéi si selwer soen, vill ze vill grouss ass, fir deenen eng Méiglechkeet ze ginn, eng nei Wunneng ze kafen, an dat vläicht iwwer steierlech Mesuren oder d'Reduktioun beim Enregistrement beim Kaf vun enger Zweetwunneng, a soumadder neie Wunnraum schafe fir Leit, déi zu méi an engem Stot sinn?

Ausserdeem si mer der Meenung, dass d'Subvention loyer nach net dee gewinnten (veuillez lire: gewënschten) Erfolleg huet, dee mer eis virgestallt hunn. Et misst een éischtens, menge mer, méi Promotioun maachen, an zweetens och - an dat ass mengen ech dat méi Wichtegt an ech géif dat och dem Här Hansen gär mat op de Wee ginn - d'Berechnungsmethodologie vun der Subvention loyer nach eng Kéier iwwerkucken, fir dass och méi Leit a virun allem déi richteg Leit, déi, fir déi dës Mesure geduecht ass, kënnen dovunner profitéieren.

Den Alex Bodry huet och nach gesot, de Pacte Logement dierft net nëmmen eng finanziell Mesure sinn, mä dat misst e richtege Pakt tëschent der Gemeng an dem Stat sinn, fir dat richtegt Bauland ze erschléissen. Dat, wat Sënn mécht: dat, wat Sënn mécht no der Landesplanung, an dat, wat Sënn mécht an Hisiicht op eng reell Dezentralisatioun.

Den Droit de superficie, d'Emphyteose, och dat si Weeër, déi misste méi promouvéiert ginn, virun allem, fir d'Spekulatioun op den Terrain esou vill wéi méiglech ewechzehuelen. An do bräichten d'Gemengen dann awer och méi Moyenen, fir kënnen op dee Wee do ze goen.

Soulaang de Logement 30% bis 50% an heiansdo, wéi bei deene klenge Revenuen, nach méi Prozent vum Loun ewechhëlt, bleiwen an dësem Land vill aner Diskussiounen ëmsoss, well d'Wunnen einfach ee vill ze vill predominante Facteur an eng vill ze vill predominant Preoccupatioun fir eis Bierger ass a vill ze vill vum Revenu doranner verluer geet. Do ass wierklech menger Meenung no ee vun deene gréissten Hiewelen, déi mer musse bewegen, fir dass et an dësem Land e ganzt Stéck besser geet, fir hei ze wunnen.

Ech soen Iech Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Engel. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Lex Delles. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

M. Lex Delles *(DP).*- Merci villmools, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, egal ob ekonomesch Erausfuerderungen ewéi d'Diversifikatioun vun eiser Ekonomie, d'Digitalisatioun oder gesellschaftlech Erausfuerderungen ewéi d'Integratiounsaarbecht oder d'Bekämpfung vum Jugendchômage, eis Schoule spillen iwwerall, an alle Beräicher eng wichteg Roll. Et ass oft an der Schoul, wou d'Kanner eng éischte Kéier openeentreffen, wou si zesumme spillen, sech austauschen, mateneen a vunenee léieren. Et ass an der Schoul, wou si Interesse fir sech entdecken an déi och verdéiwe wëllen. Et ass och do, wou si sech duerch eng Ausbildung op d'Aarbechtswelt an domat op hir berufflech Zukunft virbereeden.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eis Schoulpopulatioun huet sech an deene leschte Jore staark verännert. Eise Schoulhaff gläicht kaum méi deem vu fréier, op deem nach bal all Kand scho vun doheem aus Lëtzebuergesch konnt. Dat stellt natierlech net nëmmen immens Usprëch un eis Schoul, mä virun allem och un eis Enseignanten, déi et musse fäerdegbréngen, Kanner mat ganz verschiddene Kulturen an Hierkonften zesummenzebréngen an an eis Gesellschaft ze integréieren.

Jo, eis Schoule si méi heterogen ginn a si soumat e Spigelbild vun eiser Gesellschaft. De Premierminister huet et ugeschwat: Haut sinn et praktesch d'Halschent vun de Kanner, déi e Migratiounshannergrond hunn, 2003 war dëst just en Drëttel. Dat ass keen neie Constat, d'Fro ass vill méi, wéi mer dorop reagéieren. Maache mer zwee Aen zou a fueren esou weider wéi bis elo? Oder probéiere mer, duerch nei Bildungskonzepter eise Schoulen en neie Wand ze ginn a geziilt do unzepaken, wou de Schong dréckt?

Leider ass näämlech genau déi Diversitéit, déi eis Gesellschaft esou auszeechent, nach ëmmer Ursprong vun enger ganzer Rei Differenzen an der Schoul. Besonnesch d'Sproochebarrièrë bereede ville Schüler nach ëmmer Problemer. Bei verschiddene Kanner ginn dës Problemer souguer heiansdo esou wäit, dass se an Ängschten an Zweifel iwwerginn, déi si duerno bis an d'Beruffsliewe begleeden. Et kann een et och verstoen: Wann ee bis richteg de Latz oder d'Flemm mat enger Saach huet, da gëtt et mat de Joren ëmmer méi schwéier, sech duerfir ze begeeschteren an et kann zu engem regelrechte Blockage féieren. Dat ass bei de Sproochen och net anescht.

D'Regierung wëllt dee Problem ab dem Hierscht nach vill méi geziilt un der Wuerzel upaken an d'Aart a Weis, wéi d'Kanner un d'Sproochen erugefouert ginn, änneren. Mir wëlle keng Schoul méi, an där Kanner wéinst verschiddene Mammesprooche vu virera benodeelegt ginn. Mir wëllen eng Schoul, déi esou séier wéi méiglech integréiert, amplaz duerch d'Sproochebarrièren ze separéieren. Mir wëllen déi nämlecht Startchancë fir all Kand.

Madamm Presidentin, dat bréngt mech bei déi nei qualitativ, méisproocheg Kannerbetreiung. Et gëtt am Moment kaum e schoulescht Thema, iwwert dat méi an de soziale Medien a Fore geschwat gëtt wéi iwwert d'Kannerbetreiung. Déi eng kënnen et kaum erwaarden, bis et lassgeet, déi aner ginn dat Ganzt méi skeptesch un. Ech wéilt duerfir am Numm vu menger Fraktioun nach eng Kéier e puer Saache kloerstellen:

Éischtens, déi méisproocheg Kannerbetreiung ass keng Virbereedung op eng zukünfteg Alphabetisatioun op Franséisch. Dat gëtt zwar vu ville Säiten ëmmer behaapt, et ass awer falsch.

Et stellt een allerdéngs fest, dass, soubal een d'Stéchwuert franséisch Alphabetisatioun an de Mond hëlt, d'Leit oft zesummenzucken. Dat ass a mengen Ae ganz interessant, well et ass genau dat Gefill an d'Gefill vun der Onsécherheet an och vläicht vun der Angscht, dat de Minister Claude Meisch behiewe wëllt. D'Kanner vun engem bis véier Joer sollen näämlech deemnächst spilleresch, ouni Drock an Zwang un eist méisproochegt Émfeld gewinnt ginn. Si sollen en natierlechen an entspaanten Ëmgang mam Franséischen a mam Lëtzebuergeschen entwéckelen, ier se riskéieren, Sproochebarrièren ze entwéckelen, déi si wärend hirer ganzer Schoulcarrière wäerte begleeden.

Zweetens: D'Kanner ginn net iwwerfuerdert. Et liest een oft, dass d'Kanner mat der neier Offer keng Kanner méi dierfte sinn, dass si schonn an der fréister Kandheet mat Friemsproochen iwwerfuerdert géifen. Och dat, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass net wouer.

D'Kanner léieren an de Crèchë keng Sproochen, si entdecke se. Et geet drëm, d'Kanner op eng spilleresch a kandgerecht Aart a Weis duerch kuerz a geziilt Aktivitéiten un déi zwou Sproochen erunzeféieren, ouni Drock an no hirem Rhythmus.

Madamm Presidentin, ech wëll drop hiweisen, dass och haut schonn emol en „Frère Jacques" oder en „Alouette, gentille alouette" an der Crèche gesonge gëtt. Souwäit ech weess, huet dat bis ewell nach kee gestéiert. Dat Eenzegt, wat elo ännert, ass vläicht, dass dat elo bei de verschiddenen Aktivitéite méi systematesch geschitt, mä nach ëmmer op eng spilleresch a kandgerecht Manéier,…

Une voix.- Très bien!

M. Lex Delles *(DP).*- …net méi an net manner.

„Méi Franséisch heescht manner Lëtzebuergesch", och dat liest een an héiert een ëmmer erëm, mä och dat ass falsch.

Am Géigendeel, d'Kannerbetreiung funktionéiert an déi zwou Richtungen: Net nëmme kréien d'Kanner, déi Lëtzebuergesch doheem schwätzen, méi fréi e Gefill an d'Ouer fir d'Franséischt, och kënnt déi Lëtzebuerger Sprooch a Crèchen eran, wou bis elo nëmme Franséisch geschwat ginn ass. De Stellewäert vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch gëtt also nach eng Kéier verstäerkt. Dëst mécht et fir vill Kanner duerno méi einfach, sech an eiser Gesellschaft ze integréieren a spéider am Cycle 2 op Däitsch liesen a schreiwen ze léieren.

Véiertens, ech kommen op dat zréck, wat d'CSV schonn eng Kéier hei op der Tribün behaapt huet: d'Regierung géif mat dësem Sproochekonzept e gesellschaftlecht Experiment op Käschte vun de Kanner maachen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech fannen dat schonn erstaunlech. Ech froe mech, wéi een dat dann nennt, wat aktuell sproochentechnesch an eise Betreiungsstrukturen ugebuede gëtt, a wien d'Méiglechkeet gehat hätt, eppes dorun ze änneren. Wa kee Franséisch an eng Crèche gehéiert, firwat héiert een dat dann haut nach ëmmer? A verschiddene Crèchë gëtt souguer nëmme Franséisch geschwat, kee Wuert Lëtzebuergesch. Dat ass fir mech schwéier novollzéibar, op där enger Säit vu gesellschaftlechen Experimenter ze schwätzen an op där anerer Säit awer kee Sproochekonzept um Dësch leie gehat ze hunn an nach ëmmer net ze hunn. De Minister Claude Meisch huet an deem Kontext schonn eng Kéier vun engem „Wildwuchs" an de Crèchë geschwat, an ech mengen, dat trëfft et och hei op de Punkt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat d'Kannerbetreiung ugeet, wéilt ech nach ee leschte Punkt uschwätzen a mech op dat bezéien, wat e grousse Virdenker, jo, quasi e Pionéier an der Matière schonn 2008 gesot huet, an ech zitéieren: „À terme ass et fir mech souwisou kloer, dass d'Kannerbetreiung zu Lëtzebuerg muss gratis ginn." Voilà! Dat war kee Geréngere wéi de Jean-Claude Juncker, den deemolege Premier, genau op dëser Plaz a senger Ried zur Lag vun der Natioun.

(Brouhaha)

Ech hu mer och nach eng Kéier hire Wahlprogramm erausgeprint, an do steet dran am Kapitel „Kanner kréien ass eng Freed, eng Beräicherung", dass: „Eine Gratisbetreuung und -erziehung aller Kinder bleibt unser langfristiges Ziel." Dat war 2009.

Une voix.- Ah, très bien!

M. Lex Delles *(DP).*- CSV-Wahlprogramm.

(Brouhaha)

Elo kann een…

(Interruptions)

Et muss ee soen, et war en „langfristiges Ziel". An dorop kommen ech: Genau 2009 war et an hirem Wahlprogramm; do kann ee soen, dass bal zéng Joer drop net laangfristeg genuch ass! Vläicht hu se sech dat anescht virgestallt. Den CSV-President huet am leschten „Background", wann ech et richteg verstanen hunn, an deem Dossier eng 180-Grad-Kéier gemaach. D'Fro stellt sech just: Firwat? Vläicht ass et eng Fro vu Majoritéit/Oppositioun oder d'Fro, wéi laang dass „laangfristeg" eigentlech dauert. A wann et hinnen no géif goen, misste mer dann nach méi laang domadder waarden.

D'DP stoung a steet op alle Fall nach ëmmer fir eng Politik am Sënn vun de Bierger, fir eng Politik, déi de gesellschaftleche Realitéite vun haut Rechnung dréit. Wann ëmmer méi Eltere wëllen, wann net souguer mussen zu zwee schaffe goen, da muss d'Politik hinnen dobäi hëllefen an eng qualitativ Offer schafen, déi hire Besoinen entgéintkënnt. Dat ass beim neien, méi flexibele Congé parental geschitt, deen et villen Elteren erlaabt, méi Zäit mat hirer Famill ze verbréngen, an dat geschitt och elo mat der méisproocheger Kannerbetreiung.

D'Caritas gesäit dat an hirem leschte Sozialalmanach iwwregens genau esou. Si leet grousse Wäert drop, d'Elementer vu Gratisbetreiung weider auszebaue mat dem Zil, dass enges Daags déi ganz Kannerbetreiung als een Deel vun eisem Educatiounssystem genausou gratis ass wéi haut déi traditionell Schoul.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Très bien!

M. Lex Delles *(DP).*- Anerersäits wier d'Noutwendegkeet vun enger héich qualitativer Kannerbetreiung nach ëmmer wichteg. An anere Wierder, et ass eent zu eent dat, wat mat dëser Reform geschitt: Minimum 20 Stonnen d'Woch fir all Kand tëschent engem a véier Joer, an dat iwwregens 46 Wochen am Joer. Fir Kanner aus méi sozial schwaache Famillje kënnen dëst bis zu 30 Stonne ginn.

Konkret bedeit dat fir eng Famill mat zwee Kanner an der Crèche eng Entlaaschtung tëschent 3.000 a 5.000 Euro d'Joer, also ëmmerhi mindestens 250 Euro Entlaaschtung de Mount. Dat ass eng héich qualitativ Offer, en Invest an d'Zukunft, wou ee spéider dat Villfacht vun Zënsen erëmkritt.

Ech widderhuelen et och ganz gären: Mir sinn der Meenung, dass d'Kanner sollte méiglechst fréi un eis natierlech Méisproochegkeet an domat un eis Gesellschaft erugefouert ginn. Mir si fir eng kandgerecht Virbereedung op eis Schoul, an där familiär, kulturell a sproochlech ënnerschiddlech Hannergrënn keen Ënnerscheed méi dierfe maachen. Wéi gesot, mir wëllen déi nämlecht Startchancë fir all Kand.

Här President, zur sozialer Kohäsioun gehéiert och, wéi mer mat de Kanner ëmginn, déi et duerch verschidden Ursaachen an eise Schoule méi schwéier hunn. Dëst ass eppes, wat dem Educatiounsminister besonnesch um Häerz läit, well et einfach eng Fro vu Gerechtegkeet ass. Egal ob Kanner mat spezifeschen oder ouni spezifesch Besoinen, eis Schoul muss sech kënnen upassen un all Kand an em d'Méiglechkeete ginn, sech an deene beschte Konditiounen ze entwéckelen.

An Zukunft wäert d'Reform vun der Ediff et erlaben, Kanner mat spezifesche Besoine besser an de Schoulen ze betreien. Dëst soll individuell an dem Kand senge spezifesche Besoinen ugepasst souwuel op lokalem, regionalem wéi och op nationalem Niveau kënne geschéien. Zudeem gesäit d'Regierung e Rekrutementsprogramm vir, fir dee ganze sozioeducative Secteur opzewäerten. Ganzer 350 nei Poste sollen an deem Secteur geschafe ginn. Eleng dës Zuel, zesumme mat de strukturelle Verbesserungen, weist, dass de sozioeducative Beräich eng absolutt Prioritéit vun dëser Regierung ass.

Une voix.- Très bien!

M. Lex Delles *(DP).*- Här President, de Premier huet gëschter och d'Modernisatioun vum Lycée ugeschwat. Duerch d'Konzept vun ënnerschiddleche Schoule fir ënnerschiddlech Schüler solle méi geziilt Potenzialer fräigesat an Talenter gefërdert ginn. D'Lycéeë sollen duerfir an Zukunft selwer hire pädagogesche Programm ausschaffen, deen hirer Meenung no am beschten op hiert Schülerprofill passt. D'Schüler solle sech net méi der Schoul upassen, mä d'Schoule sech den Talenter an den Interesse vun de Schüler upassen. Méi Autonomie fir d'Schoulen ass heibäi d'Stéchwuert.

Eppes, wat fir d'DP och op kee Fall méi kann esou bleiwen, wéi et ass, ass, dass mer versichen, déi schoulesch Erausfuerderunge vu muer mat de Léisunge vu gëschter ze léisen, dass mer versichen, d'Schüler op eis Vergaangenheet amplaz op hir Zukunft virzebereeden, dass mer probéieren, mat jorzéngtenale Bildungskonzepter, déi wuel hiren Déngscht geleescht hunn, d'Erausfuerderungen an d'Chancë vu muer wëllen unzegoen.

Mä, Här President, mir brauchen eng modern Schouloffer, déi un d'Realitéite vun eiser heiteger Gesellschaft ugepasst ass, déi der Wierklechkeet entsprécht an déi op d'Beruffer vu muer virbereet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zäite vu Griffel a Schifertafel si scho laang eriwwer, innovativ an intuitiv Léiermethode sinn d'Zukunft. D'Schouloffer op déi zukünfteg Demande vum Aarbechtsmarché auszeriichten, heescht, op Beräicher ze setzen, déi eng Zukunft hunn. Abee den digitale Beräich huet net nëmmen eng Zukunft, et ass d'Zukunft. An dat ass gewëss.

D'Regierung huet et net verpasst, och d'Schoul op den Zuch vun der digitaler Welt ze setzen. Nei technesch Léiermethode sollen d'Coursë méi innovativ an och lieweg gestalten, d'Schüler motivéieren a gläichzäiteg eng Bréck

zu eiser ëmmer méi digitaler Aarbechtswelt bauen. Heibäi steet déi nei Sectioun I, wéi se scho vu mengem Virriedner ugeschwat ginn ass, natierlech am Mëttelpunkt, wou d'Schüler geziilt op e Studium am digitale Beräich preparéiert ginn. Am September wäerte scho ronn 50 Schüler vun dëser Offer profitéieren.

Mä och soss deet sech an eise Schoule vill an deem Beräich. Jo, eis Schoulen a Klassesäll ginn ëmmer méi zum „2.0". Net zulescht, well d'Regierung de Schüler eng Offer bitt. Zum Beispill hunn de Moment ronn 93.000 Schüler fräien Zougang zu allen Office-365-Programmer. Et sinn 30 Terabyte an der OneDrive Cloud gespäichert, op déi d'Schüler vun iwwerall kënnen zougräifen. 7 Lycéeën hunn am Ganzen 48 sougenannt „Ipad-Klassen" mat 833 ageschriwwene Schüler. 32 Lycéeë benotze mëttlerweil Onlineklassebicher. A 4.831 Schüler aus der Grondschoul a 426 Schüler aus dem Lycée benotzen d'App MathemaTIC.

Dat sinn e puer Zuelen, déi weisen, dass d'Regierung op déi nei an zäitgeméiss Medie setzt, fir Léierinhalter a Wëssen ze vermëttelen. Wéi gëschter ugekënnegt, wëll d'Regierung dat Engagement jo nach eng Kéier verstäerken. D'Schüler aus dem Secondaire sollen d'Méiglechkeet kréien, en Tablet zu besonnesche Konditiounen ze kréien, fir dësen am Schoulalldag ze gebrauchen. Dat ass keen „nice to have", fir an der Schoul op Facebook ze goen oder „Angry Birds" ze spillen. Neen, et ass de Schoulsak vu muer, e Schoulsak vu 500 Gramm mat alle wichtegen Informatiounen, Stonnepläng, Bicher a schoulesche Projeten. D'Regierung setzt a mengen Aen heimat e kloert Zeechen a puncto innovativ, modern a vernetzt Léiermethoden. An dat begréisse mir ausdrécklech.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, en anere Punkt, op deen ech am Volet Cohésion sociale wéilt agoen, ass den neie REVIS an d'Bekämpfe vun der Kanneraarmut. 2015 louch de Risiko, an d'Kanneraarmut ze rutschen, bei Kanner vun 0 bis 17 Joer bei 21,5%. Bei monoparentalle Familljen ass de Risiko nach eng Kéier méi héich, näämlech bei 44,9%. Dat sinn Zuelen, déi fir kee Land zefriddestellend kënne sinn, a besonnesch net fir e Land wéi Lëtzebuerg. Deen neie REVIS gouf duerfir esou ausgeriicht, dass dës Familljen an Zukunft méi ënnert d'Aerm gegraff kréien. Dëst wäert besonnesch de Monoparentallen an de Groussfamilljen zeguttkommen.

De Sënn vum RMG däerf et net sinn, déi betraffe Leit dauerhaft dovun ofhängeg ze maachen. Duerfir schafe mer mam REVIS positiv Incentiver, dass d'Schaffegoe sech och nees lount. Domadder stellt d'DP awer natierlech net de Prinzip vun der Solidaritéit a Fro, mä wëllt de betraffene Leit hëllefen, nees op eegene Been ze stoen.

Natierlech packt et awer net jiddwereen direkt op den éischten Aarbechtsmarché. Vill Leit sinn nach wäit dovunner ewech a mussen an enger éischter Phas emol stabiliséiert oder duerch sozial Mesuren ënnerstëtzt ginn. Hei wäert den Office national de l'inclusion sociale, den ONIS, gefuerdert ginn. Grad fir d'sozial Kohäsioun ass et wichteg, dass déi Leit gehollef kréien, fir sech an der Gesellschaft nees erëmzefannen. Et geet och drëms, en Deel vun eppes ze sinn, sozial Kontakter ze fleegen, och nees e geregelten Alldag ze kréien.

Här President, d'Erausfuerderungen, déi an der leschter Zäit un eis Gesellschaft gestallt goufen, sinn immens grouss. Et ass der Politik hir Aufgab, dorobber ze reagéieren an Ongläichheeten, sief et finanzieller oder sozialer Natur, esou gutt wéi méiglech auszegläichen. D'sozial Kohäsioun ass kee Resultat, mä e permanente Prozess, fir d'Leit beieneenzeréckelen, se ze integréieren an hinnen ze hëllefen, erëm Fouss an der Gesellschaft ze faassen. Wéi sot de Premier: „Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënsche gutt geet."? D'DP wäert de Prozess an deem Sënn weider ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Delles. D'Wuert huet elo den Här Gérard Anzia fir déi gréng.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Cohésion sociale et bien-être, do maachen déi gréng och zesumme wunnen, zesumme schaffen an zesumme liewen dru fest. E gesond Ëmfeld, doru mécht de Mënsch seng Liewensqualitéit fest, an zwar all Mënsch, onofhängeg vu senger Nationalitéit an onofhängeg vu sengem Verdéngscht. A ganz sécher - virdrun ass et och scho gesot ginn - kënne mer d'Problemer vun haut net mat Léisunge vu gëschter meeschteren.

Ech wëll ergänzend zu der Interventioun vu menger Fraktiounspresidentin, dem Viviane Loschetter, vu gëschter e bësse méi spezifesch op de soziale Volet vun der Erausfuerderung vun der Politik agoen, där mir eis hei musse stellen. Am Sozialalmanach 2017 vun der Caritas ginn eng ganz Hällewull Themen opgeworf a grondleeënd Froe gestallt, vun deenen ech der e puer hei wëll opgräifen. Véier Punkten hunn ech mer erausgepickt, an zwar sinn dat déi folgend:

Wéi ass dann d'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg? Wouru maachen ech se fest?

Wéi sollen a kënnen all déi Leit hei zu Lëtzebuerg wunnen oder Wunnraum fannen?

Wéi kann een d'Zesummeliewe verbesseren?

Wat fir Piste gëtt et, fir méi nohalteg ze wirtschafte respektiv wat fir nei Wirtschaftsmodeller gëtt et an Zukunft?

Deen éischte Punkt wëll ech méi ausféierlech hei maachen an déi dräi lescht e bësse méi kuerz, well mer dozou nach wäerten deen een oder deen aneren Debat hei an dëser Chamber hunn, wou een da méi am Detail kann drop agoen.

Wouru maache mir zu Lëtzebuerg Liewensqualitéit fest? Eng natierlech Ëmwelt, eng propper Loft a Waasser a gesond Liewensmëttel sti fir héich Liewensqualitéit. Duerfir ass et och ganz wichteg, eis Ëmwelt ze schützen an ze erhalen. An et ass och eng grouss Erausfuerderung, zemools fir Lëtzebuerg, wann een e Wirtschaftswuesstum vu bal 5% huet an all Joer ëm déi 12.000 Aarbechtsplaze bäikommen an all Joer ëm déi 13.000, 14.000 Leit zousätzlech op Lëtzebuerg schaffe (veuillez lire: wunne) kommen. Duerfir brauche mer och ganz kloer déi Plansectoriellen, fir dës Entwécklungen ze guidéieren an d'Entscheedung net ganz einfach op de Gemengeschëlleren ze loossen. Zu wat dat gefouert huet, dat kënne mer jo haut all Dag feststellen an domat si mer alleguerten net zefridden. Duerfir ass et och gutt, dass dës Regierung mat dëse Plan-sectoriellen elo an der leschter Ligne droite ass, fir dass se op den Instanzewee wäerte kommen.

Gutt ass och, dass mir d'Waasser schützen iwwert dat neit Waassergesetz, wou mer och déi Drénkwaasserschutzzone festleeën, déi scho laang am Raum stinn. Well Waasser ass och ee Facteur, dee mat der Populatioun ze dinn huet, wou mer mussen dat grondsätzlecht Gutt ebe sécheren an och déi Waasserversuergung sécherstellen.

Wann ee propper Loft wëllt, da muss een och an den ëffentlechen Transport, de Bus, d'Schinn, den Tram investéieren. Dat ass net nëmme gutt fir d'Ëmwelt, dat ass och e Facteur vu sozialer Kohäsioun, vu sozialer Gerechtegkeet. Well gënschteg Transportmëttel an den ëffentlechen Transport sinn ëmmer méi bëlleg wéi den Auto, gi Famillje mat manner finanzielle Mëttelen och d'Méiglechkeet, schaffen ze goen, u Sport- a Kulturveranstaltungen deelzehuelen an d'Käschte vum Familljebudget méi niddreg ze halen. Duerfir ass et och ganz gutt, dass ee sech dat ambitiéist Zil gëtt, den „modal split" ze erhéijen. Och wann dat dem Här Wiseler no utopesch ass, fir 40% ëffentlechen Transport bis 2060 ze erreechen, dann ass dat awer och eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet an net nëmmen eng Fro vu Klima a Mobilitéit.

Zu Lëtzebuerg ass den Auto eben nach vill ze dacks e Statussymbol. Mä fir ëmmer méi Leit, fir ëmmer méi Stéit hei zu Lëtzebuerg gëtt en eng Belaaschtung an duerfir musse mer, wéi virdru gesot, eben dës Alternative schafen, fir eis fir d'Zukunft fit ze maachen.

Vun enger gesonder Ëmwelt profitéiert all Mënsch indirekt oder och direkt, wann en Erhuelung an Entspanung an der Natur sicht. A souwäit ech weess, krut do nach ni een eng Rechnung geschéckt, an dat onofhängeg vum Verdéngscht, do gi keng sozial Ënnerscheeder gemaach!

Zur Liewensqualitéit gehéieren awer och gesond Liewensmëttel. An duerfir huelen ech ganz kuerz aus op d'Remarquë vum Claude Wiseler gëschter hei zur Deelëmstellung vum Bio an der Landwirtschaft.

Une voix.- ...d'Madamm Hansen.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Jo, a vun der Madamm Hansen, déi dat gëschter och gemaach huet.

Wa mer d'Zuele kucke vun de landwirtschaftleche Betriber zu Lëtzebuerg, da brauch ee just déi vum leschte Joer ze kucken, déi publizéiert gi sinn: Dat sinn der nach 1.965, dat ass e Réckgang ëm 2,8% op d'Joer virdrun. Duerfir ass et, mengen ech, wichteg a sënnvoll, dass een an deem Secteur probéiert, d'Aarbechtsplazen ze erhalen.

An, „Realitéitscheck", wéi den Här Wiseler gesot huet: De Konsument ass prett, nohalteg a regional Produkter ze ënnerstëtzen an och ze kafen. Mir hunn zu Lëtzebuerg vill méi eng grouss Demande no Bioprodukter, wéi mer der hei zu Lëtzebuerg produzéieren. Dat ass e wirtschaftlecht Potenzial an et wär net sënnvoll, fir dat Potenzial net ze notzen. Duerfir begréisse mer och ausdrécklech, dass méi Fläche solle biologesch bewirtschaft ginn. An et gëtt och ganz kloer e soziale Problem an der Landwirtschaft, an och do kann d'Biolandwirtschaft derzou bäidroen, deen ze verminderen.

Reell ass näämlech, dass an der Landwirtschaft d'Bewirtschafter sécherlech no bei 60 Stonnen d'Woch schaffen an dass se sech am Duerchschnëtt knapps de Mindestloun kënnen all Mount ausschëdden. Reell ass, dass mer zu Lëtzebuerg en enormen Drock op d'Waasser hunn, siefen et Baachen, Flëss a schlussendlech och eist Drénkwaasser. Reell ass, dass mer och zu Lëtzebuerg en enormen Drock op d'Biodiversitéit, also op d'Natur an domadder och op de Mënsch hunn. An duerfir begréisse mir als Gréng ausdrécklech all Moossnamen, nach eng Kéier, déi zu méi biologesch bewirtschafte Flächen zu Lëtzebuerg féieren.

An eng Mesure vun deenen ass eben déi ugekënnegt Mesure vun der Deelëmstellung vu konventionelle Betriber op Biolandwirtschaft. Dat ass och eng Méiglechkeet, déi et elo schonn ënner anerem an Éisträich gëtt, déi och zu méi Biolandwirtschaft gefouert huet. Dëse Prozess ass an eisen Aen awer ganz kloer just en Ufank. Dee gëtt dem konventionelle Betrib d'Méiglechkeet, fir sech um Maart ze positionéieren a fir Erfahrungen ze sammelen, well do sinn am Moment an der konventioneller Landwirtschaft nach ganz vill Bedenken. Biologesch bewirtschaften ass awer e ganz anere Modell, wéi et bis elo de Fall ass vun dëse Bewirtschafter, an duerfir ass dat eng grouss Ëmstellung.

Si brauchen also Zäit, an déi solle se sech och huelen. An eiser Meenung no kann dat natierlech och eng Zäit si vu fënnef Joer, wou ee seet: „De Betrib stellt sech an engem Deel ëm, e mécht säi Bilan, e kuckt, ob déi Bewirtschaftungsaart a -weis op säi Betribsmodell passt." An da soll en onbedéngt kucken, ob en net als Ganzes iwwergeet op biologesch Landwirtschaft, well ganz einfach de Maart do ass, well de Méiwäert do ass a well dat och Aarbechtsplaze séchert, déi a sech am Moment amgaange sinn ze verschwannen.

Wichteg an eisen Iwwerleeungen ass no baussen awer ganz kloer eng Kommunikatioun: dass an all Produkt, wat zu Lëtzebuerg hiergestallt gëtt a wou „Bio" dropsteet, och „Bio" dran ass. Well et ass dem Bierger dobaussen am Supermarché ganz egal, wou d'Bioprodukt hierkënnt. E kuckt vläicht nach no der Regionalitéit an dat solle mer och dropsetzen. Och d'Gemengen interesséiert et net, wa si kucken, ob et elo regional respektiv Bioprodukter sinn, ob se aus engem deelëmgestallte Betrib hierkommen, mä si sinn drun interesséiert, dass déi streng Biorichtlinnen agehale ginn, wa se dee Label an hir Cahier-de-chargë fir hir Maison-relaisen aschreiwen. Duerfir ass et wichteg, dass hei op deem Produkt, wat erwirtschaft gëtt, och genau dat, wat dropsteet, och dran ass.

Ech war gëschter kuerz dertëschent - ech hat mer déi Zäit geholl op engem beluechte Mëtteg - nach op der Informatiounsvirstellung vu „Meng Landwirtschaft" op der Kockelscheier, wou den Här Massart aus der Wallonie hire Bioaktiounsplang virgestallt huet a wou si och deeselwechte Problem wéi hei zu Lëtzebuerg hunn, an zwar, dass d'Nofro no Bioprodukter vill méi grouss ass wéi d'Produktioun. A si hunn déi ekonomesch Chance erkannt a si hu se ergraff. Si hu sech e Plang ginn, eng Strategie, finanziell Mëttelen, fir a Concertatioun mam Secteur dëse Wirtschaftszweig weiderzebréngen. A si hu ganz ambitiéis Zilwäerter, déi se elo souguer no uewen revidéiert hunn: vun initial 14% fir 2020 op elo, nodeems eng „midterm review" gemaach ginn ass, op 17,4%. Duerfir mengen ech, dass d'Biolandwirtschaft zu Lëtzebuerg net nëmme gutt fir d'Ëmwelt ass, mä si ass gutt fir de Mënsch a si ass och gutt fir de Bauer.

Ech kommen op en zweete Volet, wouru mer d'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg festmaache respektiv wou Liewensqualitéit am Alldag entsteet. An zwar: Wou a wéi wëlle mer zu Lëtzebuerg wunnen? Ech wëll d'Fro zwar e bëssen anescht stellen: Wéi kënne mer zu Lëtzebuerg wunnen? Wat fir eng Offer brauche mir zu Lëtzebuerg? Wat feelt? Wou passt d'Offer net op d'Demande? A wat huet d'Wunne mam Aarmutsrisiko ze dinn?

Majo, als déi gréng si mer der Iwwerzeegung, dass de Problem vum Logement och e gesellschaftspolitesche Problem ass, an deen huet ganz kloer eng Aarmutskomponent a sech. Ech erkläre mech: Firwat ass et - an et ass keen Zoufall -, dass d'Monoparentallen dee Grupp zu Lëtzebuerg sinn, deen am stäerkste vum Aarmutsrisiko betraff ass? Ma ganz einfach: Well d'Offer um Wunnengsmaart net zur Demande passt. Och hei kënne mir d'Problemer vun haut net mat de Léisungsusätz vu gëschter an de Grëff kréien. Wa mir Bauterraine mobiliséieren, fir méi gënschteg Eegentumswunnengen ze schafen, da wäert déi elo grad genannte ganz vulnerabel Grupp vu Monoparentallen dovun net kënne profitéieren.

A firwat ass dat esou? Ma ganz einfach: Ganz dacks hu mir nach zu Lëtzebuerg de Familljemodell als Ideal, deen et esou ëmmer manner gëtt: Fra a Mann an zwee Kanner. Fra a Mann bestuede sech, jonk am beschten, ginn zu zwee schaffen, huelen e Prêt op, bauen en Haus oder kafen en Appartement, bezuelen deen iwwer e Prêt op 20, 25 Joer zréck a schaffen ëmmer beim selwechte Patron.

Och hei de Realitéitscheck: Ben, dee Modell, deen huet e Realitéitsproblem! De Prêt muss haut ganz dacks iwwer 30, 35, voire 40 Joer lafen. D'Koppele gi méi spéit bestuet, gepacst oder liewen an enger Partnerschaft zesummen, an da leeft de Prêt quasi ganz sécher bis an d'Pensioun eran.

An en anere Fakt - Realitéitscheck - ass deen, dass d'Koppelen, d'Familljen zu méi wéi 50% erëm auserneeginn, entpacst ginn, ouni dass u sech déi lescht Tranche vum Prêt bezuelt ginn ass. An da ginn op eemol zwou Wunnenge gebraucht, déi net onbedéngt musse vill méi kleng sinn, well d'Kanner jo och e Recht hunn, fir bei hiren zwee Elterendeeler ze wunne respektiv mat hiren Elterendeeler a Kontakt ze sinn. A spéitstens do brauch ee vun deene Partner eng Locatiounswunneng. Also, den Aarmutsrisiko gëtt do ganz reell, an zemools, wann ee vun deene Partner sech zréckgezunn huet, net méi schaffe gaangen ass a fir d'Kannererzéiung eng Auszäit gemaach huet an dann ouni geregelt Akommes dosteet.

Ech ginn elo hei net weider op d'gratis Kannerbetreiung an, op de Volet, de Choix ze hunn, ob ee schaffe geet oder net schaffe geet an der Koppel. Ech menge ganz sécher, dass mer ee Volet mussen ugoen, wa mer wëllen den Aarmutsrisiko erofsetzen, an dat ass: Locatiounswunnenge schafen, bezuelbar Locatiounswunnengen, déi energetesch gutt opgestallt sinn. An do happert et um privaten Immobiliemaart.

Dat geet och ganz kloer aus dem Rapport vum Dezember vum leschte Joer ervir, wou de Modell vum Budget de référence ënnersicht ginn ass. Dee Budget de référence, deen ënnersicht d'Besoine vu Lëtzebuerger Stéit, wat d'Wunnen ugeet, wat d'Liewen ugeet, wat de sozialen a kulturellen Impakt ugeet. De Rapport, dee geet drop an, wat ee brauch, fir kënnen zu Lëtzebuerg um alldeegleche Liewen deelzehuelen.

Och ouni dëse Rapport brauch ee just bei sengem Office social nozefroen, wou dann de Schong bei deene vulnerabelste Clienten dréckt. An dat ass an der Reiefolleg eent, zwee, dräi: wunnen an Energie, den zweete Volet ass den Auto respektiv d'Mobilitéit, an den drëtten ass dee vun den Informatiounstechnologien, Handy, Internet an esou weider.

Am Office social wäerte se Iech och ganz kloer op déi Fro äntwerten, wat um Wunnengsmaart feelt. An dat sinn zwou Aarte vu Wunnengen: eng Kéier méi kleng Wunnenge fir Monopartentallen, an dat si méi grouss Wunnenge fir och Familles nombreuses. An dat stellt sech ganz speziell fir déi Bénéficiaires de protection internationale, déi elo heihinnerkommen, well déi, anescht wéi mir, ganz dacks nach a méi engem grousse Familljeverbond zesumme sinn. An do feelen där Wunnengen um Locatiounsmaart.

Duerfir begréisse mer ausdrécklech de Modell vun dëser Regierung, vum Logementsminister, fir, äänlech wéi de Modell vun der AIS nationale, um private Wunnengsmaart Logement social ze fanne mat Präisser ënner 10 Euro de Meter carré an der Locatioun, wou jo een Ureiz duerfir och d'Steierreform ass, wou eben do Steiererliichterunge fir Privatpersoune fonnt gi sinn, déi do Wunnengen um soziale Locatiounsmaart zur Verfügung stellen.

Mir begréissen - ech muss awer eng Schlippchen huelen - als déi gréng och ausdrécklech d'Beméiunge vum Ministère, fir iwwert de Fonds du logement Sozialwunnengen ze bauen. An ech froe mech, ob déi Pist, déi d'Caritas an hirem Almanach undeit, ee Wee ka sinn, wou de Fong sech géif méi staark respektiv exklusiv konzentréieren op sozial Locatiounswunnengen, well de Besoin ganz einfach, wéi elo virdrun duergestallt, um Maart enorm ass.

An do gëtt jo och keen Ënnerscheed um Maart gemaach, ob dat elo Leit si mat niddregem Verdéngscht oder ob dat Leit sinn, déi eben als unerkannte Flüchtlingen, déi also de Statut vum Bénéficiaire de protection internationale kritt hunn, hei zu Lëtzebuerg wëlle Wunnraum

fannen. Ech ginn herno nach eng Kéier e bësse méi spéit a menger Interventioun dorop an.

Mä et ass awer och un de Gemengen, déi hei gefuerdert sinn, an zwar am Kader vun de PAPen, wou jo och virgesinn ass am Gesetz, 10% soziale Wunnengsraum ze schafen, fir dass dat och agehale gëtt an ze kucken, ob et net méiglech ass, mat de Promoteuren op de Wee ze goen, dass déi 10% soziale Wunnengsraum och kënne Locatiounswunnenge ginn.

An d'Gemenge sinn och eng zweete Kéier gefuerdert a si responsabel, wann et drëm geet, nei Sozialwunnenge selwer ze bauen, well de Subsid vu 75%, deen de Ministère jo zur Verfügung stellt, säit Jore schonn, extrem héich ass a well - och nach eng Kéier, wéi virdru gesot - de Besoin um Maart do ass an de privaten Immobiliemaart eben net dee Besoin deckt.

Erschwéngleche Wunnengsraum ass also ganz kloer eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet.

Ech kommen op en anere Volet: Wéi kënne mer unerkannte Flüchtlingen zu Lëtzebuerg hëllefen? Wéi kënne mer déi besser ophuelen zu Lëtzebuerg? Wéi kënne mer ganz allgemeng d'Zesummeliewen zu Lëtzebuerg verbesseren? Bon, do fannen ech d'Pist, déi d'Caritas a sech am Moment ugeet, ganz flott, an dat ass dee Programm, dee se hunn: „Neien Ufank", an dee schafft op dräi Niveauen:

Dee schafft eng Kéier um Accès au logement. Virdrun hunn ech dat schonn ausgefouert. Dat ass e Problem. Dee kann iwwert de Modell AIS nationale, also um private Maart, deelweis geléist ginn; dat ass richteg. An et ass ganz no dem Motto: „Ouni Wunneng keng Aarbecht." An ouni Wunneng hunn ech och guer kee Been hei zu Lëtzebuerg, wou ech och kann eben an d'soziaalt Liewen agräifen.

Déi zweet Saach ass d'Insertion professionnelle. Do geet et a sech drëm, Leit ze begleeden, ze stäerken duerch Formatiounen, duerch Sproochecoursen, och vläicht ze kucken: Wat fir Diplomer hunn déi Leit? Wéi kann ech deene Leit weiderhëllefen? Wéi kann ech eventuell Deeler oder wéi kann ech déi Diplomer unerkenne loossen, déi se aus anere Länner hunn? Dat ass extrem schwiereg, well déi Formatiounen extrem ënnerschiddlech sinn, well se vläicht op aneren Technike schaffen, a well et awer ganz kloer ee Wee ass, fir Leit och hei zu Lëtzebuerg kënnen ze valoriséieren.

An deen drëtte Volet, dat ass en Accompagnement social, eng Begleedung, fir ze probéieren, déi Leit an der Noperschaft, an de Gemengen ze integréieren, se opzehuelen, se anzeféieren an dat soziaalt Liewen, an d'Veräiner an esou weider.

Ech sinn der Meenung, oder mir sinn der Meenung, dass dat wierklech e flotte Programm ass mat Modellcharakter, fir d'Zesummeliewen zu Lëtzebuerg ze stäerken, an dass dësen drëtte Volet, dat heescht den Accompagnement social, och een ass, deen ee sech ganz allgemeng an all Gemeng gutt ka virstellen, fir einfach déi vill nei Matbewunner, déi an d'Gemenge kommen, besser an d'Gemeinschaft kënnen ze integréieren am Sënn vun enger sozialer Kohäsioun an engem besseren Zesummeliewen an de Gemengen, do, wou d'Leit wunnen, an och do, wou d'Leit schaffen.

En nächsten a leschte Punkt, deen ech hei wéilt opgräifen, dat ass de Problem: Wéi kënne mer eis zu Lëtzebuerg d'nohaltegt Wirtschafte virstellen? Wat fir Wirtschaftsmodeller proposéiere mer fir Lëtzebuerg? Ben, ech wëll elo net laang an ausféierlech op déi nei Pisten aus dem Rifkin-Rapport agoen, déi do wären eben: Sharing Economy, Kreeslafwirtschaft, Télétravail, Zesummespill Mënsch a Maschinn, och duerch eng Robotiséierung vun den Aarbechtsprozesser an der Industrie an dann am Handwierk.

Och dat wëll ech just awer kuerz soen - dat ass et scho wäert, déi Zäit hei -: Et ass alles keng Utopie. Dat ass zu Lëtzebuerg och eng Realitéit - „Realitéitscheck" -, well zu Lëtzebuerg gëtt do ganz intensiv gefuerscht op der Uni um Campus Kierchbierg ënnert der Leedung vum Professer Peter Plapper, deen am Beräich vun der Digitaliséierung an der Robotik schafft, fir d'Industrie mat der Industrie an der Plattform „Digital 4 Industry", an dat an Zesummenaarbecht mat der Fedil, a Kooperatioun mat Luxinnovation a mam Wirtschaftsministère.

An do ginn ech dem Här Wiseler ganz recht a senger Interventioun. An als Gréng wëlle mer eis där Iwwerleeung och uschléissen, dass ee sécherlech soll dës Initiativ ausdeene vun der Digitaliséierung op d'Handwierk, op d'PMEen, nom Motto vun „Digital 4 PME". Ech mengen, dass dat eng Initiativ ass, déi sécherlech Méiwäert wäert hunn a wou mer a sech eist Handwierk wäerte fit maachen. Mä och do hu mer d'Méiglechkeet, an engem nächsten Debat zu de PMEen am Detail dorop anzegoen.

Ganz kuerz nach e Wuert zu Sharing Economy, zu Uber an Airbnb. Déi Problemer, déi domat verbonne sinn, déi eis um Häerz leien an déi mir och do gesinn, dat sinn déi Scheinselbstständegkeet, déi „Ëmmer-Ofberuffbarkeet", déi muss do sinn, d'Aarbechtszäiten, déi sozial Ofsécherung, déi net garantéiert ass, a voire och dee steierleche Bäitrag, deen esou Entreprisë mussen zu eisem Sozialsystem liweren. Et mécht also Sënn, an am Géigesaz zu deem, wat den Här Wiseler gëschter hei gesot huet, dass d'Regierung sech elo schonns Gedanke mécht a Spillregelen definéiert an do net de Maart fräi walten a schalte léisst.

Ech wëll am Zesummenhang mam nohaltege Wirtschaften op ee Modell agoen, dee mer am Dezember d'lescht Joer hei an der Chamber zesumme gestëmmt hunn. An dat ass dee Modell vun der Société d'impact sociétal, kuerz SIS. Et ass eng nei Gesellschaftsform, déi sech op eppes Besteeëndes implementéiert - dat sinn d'Gesellschaftsformen SA, Sàrl oder Kooperativ -, Entreprise oder Modèle d'entreprise, deen am sozialen, Ëmwelt-, kulturelle Beräich schafft, aktiv gëtt an d'Stäerkung vun deene méi Schwaachen aus eiser Gesellschaft als Zil huet.

Dës Initiativ begréisse mir als déi gréng ausdrécklech, well et ass eng Initiativ, déi an déi richteg Richtung geet, een anere Wirtschaftsmodell ukierpt, wou och zu Lëtzebuerg e grousst Potenzial ass. De Gewënn bei esou Gesellschafte gëtt am Géigesaz zu enger klassescher Gesellschaft erëm reinvestéiert, oder zum groussen Deel reinvestéiert, respektiv, wa se zu 100% d'impact sociétal ass, gëtt en zu 100% reinvestéiert an de Fonctionnement, an de Projet de vie vun där Entreprise. An da kënnen déi Entreprisen eben och vu Steierentlaaschtunge profitéieren.

Et ass also eng Gesellschaftsform, déi am Intérêt général schafft, déi also der Gesellschaft eppes brëngt an déi och eng aner Approche huet an der Gestioun vun hirem Personal. An déi gëtt deene méi Schwaachen an eiser Gesellschaft och eng Chance. Ech denken un de Salarié handicapé, ech denken awer och un déi Leit à capacité de travail réduite, déi aus engem Reklassement kommen. Deene Leit ginn esou Gesellschaften och eng Chance op Aarbecht, op eng Valoriséierung. Well Aarbecht ass ganz kloer eng vun deene wichtegste Forme vun der Valoriséierung, déi mer am Moment hunn, well ouni Aarbecht kann ee sech zu Lëtzebuerg an och soss net duerstellen. Et kann een net fir säi Liewen opkommen an dann ass een ëmmer op Aiden ugewisen.

Duerfir ass dës Gesellschaftsform eng Chance, net nëmme fir Start-uppen, wou nei an héichqualifizéiert Leit mat neien Iddie sech wëllen zu Lëtzebuerg implementéieren a schaffen, mä dat ass och eng Méiglechkeet, fir deene sëllechen Asblen eng Chance ze ginn, sech nei opzestellen. Eng ugepasste Gesellschaftsform, wou awer elo och schonn am Moment ee ganz grousst Potenzial ass, wou iwwer 25.000 Leit hei zu Lëtzebuerg schaffen. Ech denken do un de Sozialsecteur an äänlecher.

Ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach eng Kéier: D'Problemer vun haut kënne mir net mat Léisunge vu gëschter meeschteren. Duerfir musse mir zu Lëtzebuerg och nei Weeër aschloen, wéi ugedeit hei: am Wunnen, am Schaffen, och an der Mobilitéit. Dës Regierung huet schonn eng ganz Partie konkret Moossnamen ergraff, fir dës Problemer unzegoen. An natierlech geet dat nach laang net duer.

déi gréng sinn der Iwwerzeegung, dass zukünfteg d'Léisunge laangfristeg nëmme kënnen am Aklang mat eisem natierleche Liewensraum geschéien, mat eise Ressourcë kënne fonnt ginn, well soss schneide mir eis deen Aascht of, op deem mer sëtzen. Oder, wéi de Premier et gëschter a senger Ried zur Lag vun der Natioun formuléiert huet - e bëssen anescht, awer äänlech am Sënn -: „Wann et dem Mënsch an der Ëmwelt zu Lëtzebuerg gutt geet, da geet et Lëtzebuerg gutt."

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Anzia. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm...

(Interruption)

Ah, da kommt Dir vir. D'Madamm Cécile Hemmen.

Mme Cécile Hemmen *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen, Dir Häre, wat ass de Räichtum vun engem Land wäert, wann de Gesondheetssystem géif ze wënschen iwwreg loossen? Näischt, guer näischt! „Dem Land geet et gutt, wann et de Mënsche gutt geet", huet de Statsminister e puermol gëschter gesot. Jo, an ech widderhuelen dofir ganz gären op dëser Plaz, dass et och eisem Gesondheetssystem hei am Land gutt geet, esou gutt, dass en zu deene beschte vun der Welt gehéiert. Eppes, wou mer eis och sollen driwwer freeën, Här Statsminister, a wou mer och sollen a kënnen houfreg driwwer sinn!

Fir dohinnerzekommen, sinn d'Käschten net gescheit ginn. An och hei schwätze mer net vun Ausgaben, mä mir schwätze vun Investissementer. Investissementer, déi Hand an Hand gi mat den Erausfuerderungen, déi de medezinnesche Beräich mat sech brëngt. An dat sinn Erausfuerderungen am Domän vun der Behandlung, mä et sinn awer och vill Erausfuerderungen am Domän vun der Preventioun.

D'Gesellschaft ännert. De Bierger ass méi a méi selwer interesséiert, wat mat senger Ëmwelt geschitt. E mécht sech Gedanken iwwer seng Ernärung. E mécht sech Gedanken iwwert d'Bewegung, bref, ëm alles, wat en direkten oder awer och en indirekten Impakt op säi Kierper an op seng Gesondheet huet. Dofir ass et wichteg, dass och eise Gesondheetssystem dat wouerhélt an och scho verstäerkt derfir suergt, dass de Bierger e gudden Accès kritt op d'Informatiounen an och op d'Moyenen, wéi en no an no seng Krankheeten eventuell autonom ka geréieren an en domadder och zu engem aktive Bestanddeel vun eisem Gesondheetssystem gëtt.

A grad am Beräich vun de Kriibskrankheeten, wann een déi elo emol erausschielt, huet eisen Nationalplang, deen 2014 lancéiert gouf, schonn esou munches opzeweisen. Ganz vill Projete goufen zanterhier an d'Liewe geruff, esou zum Beispill den Institut national du cancer, wou déi rar an déi ganz komplex Kriibszorte repertoriéiert ginn a wou an Zesummenaarbecht mat de Lëtzebuerger an och den auslännesche Spezialisten an hire Referenzzentren natierlech déi bescht Therapiestrategien ausgeschafft ginn an och Kanner a jonk Kriibspatiente kënne méi a méi hei zu Lëtzebuerg op gutt Traitementer zréckgräifen, an och hei natierlech mat der Ënnerstëtzung vun auslänneschen Experten.

Haut sinn awer leider ëmmer nach ronn 30% vun de Stierffäll op déi Kriibskrankheeten zréckzeféieren an de finanziellen Impakt ass extrem héich. Dofir ass et méi wéi jee wichteg, dass mir an eng besser Preventioun an och an eng Fréierkennung investéieren. An dat huet eise Gesondheetsministère och esou gesinn.

Hei wëll ech de Succès vum Daarmkriibs-Preventiounsprogramm uschwätzen, deen aus deem nationale Kriibsplang fléisst. Den Depistage gëtt all Bierger tëschent 55 a 74 Joer proposéiert. A säit dem Lancement vun dësem Programm Enn 2016 hu bis ewell 8.609 Leit matgemaach. Et muss een allerdéngs jo och wëssen, dass ronn 110 Leit all Joers un Daarmkriibs stierwen, mä et muss een awer och wëssen, dass den Daarmkriibs an néng vun zéng Fäll ka geheelt ginn, wann e mat Zäit detektéiert gëtt.

Ech wéilt awer op dëser Plaz och nach un de Programme Mammographie erënneren oder awer un den Depistage respektiv d'Impfunge géint de Papillomavirus a Relatioun mam Gebärmutterhalskriibs. Dat si jo scho fest Bestanddeeler an eisem Preventiounsprogramm. An eleng heiduerch kënne bis zu 75% vun dëser Kriibskrankheet verhënnert ginn.

Longekriibs steet an 90% vun de Fäll an direkter Relatioun mam Fëmmen. An dofir huet eis Gesondheetsministesch d'lescht Joer den nationalen Tubaksplang lancéiert mam Akzent op der Preventioun vum Fëmme bei Kanner a Jugendlechen, den Hëllefsmoossname fir Fëmmerten, déi wëllen ophalen, an op der Protektioun vun de Bierger géint d'Passivfëmmen. Et si sécher keng populär Moossnamen. Et si Moossnamen, déi vill a ganz kontrovers diskutéiert ginn, an awer hunn eis Memberen an der Santéskommissioun sech derfir ausgeschwat, fir déi europäesch Direktiv mat enger Serie vun Amendementer am neie Fëmmgesetz nach ze verschäerfen.

Den Aktiounsplang géint den Abus vum Alkohol ass amgaange finaliséiert ze ginn an och haaptsächlech op déi Jonk ausgeriicht. Iwwregens bedeelegt eist Land sech dëst Joer fir d'Éischt un der Semaine d'action contre le mésusage vum Alkohol, an dat an der Woch vum 13. bis den 21. Mee. Mir sinn dann och heimadder eent vun deene fënnef Länner, zesumme mat Däitschland, der Schwäiz, Liechtenstein an Éisträich, déi dëse Problem ganz eescht gesinn an och ganz eescht huelen.

D'Drogen en général bleiwe weiderhin e Problem fir eis Gesellschaft, esou wéi dat iwwregens och an anere Länner de Fall ass. Mä et ass eis 2016 hei zu Lëtzebuerg ëmmerhi gelongen, d'Zuel vun den Drogenofhängegen ze stabiliséieren. Zënter der Ouverture vun der éischter superviséierter Drogeconsommatiounsstruktur an der Stad virun zéng Joer goufen et ronn 2.100 Incidenten duerch Iwwerdosen. Dovunner war awer keng déidlech, eenzeg an eleng well bannent där Struktur séier an och ganz richteg konnt gehandelt ginn.

Zesumme mat der Stad Esch ass iwwregens och elo den éischte Spuetestéch fir déi zweet Fixerstuff hei am Land gemaach ginn. De Programm fir eng kontrolléiert Heroinadministratioun ass och ugelaf. Haaptzil ass et, fir och an Zukunft sécherzestellen, dass et keng Drogendoudeger méi hei am Land gëtt. Et gëtt zudeem och gepréift, fir Cannabis zu medezinneschen Zwecker zouzeloossen, grad wéi d'Palett vu cannabinoïde Medikamenter zugonschte vu schwéierkranke Leit a Schmäerzpatienten ze vergréisseren.

D'Aussiicht an och d'Zukunft vun eisem Land gi ganz kloer a Richtung Digitalisatioun. An och hei ass de Gesondheetsberäich e wichtegen Akteur. Zu Lëtzebuerg gëtt et ganz konkret Entwécklungen, an dat ugefaange mam elektronesche Patientendossier zum Beispill, deen a senger Testphas elo scho ganz vill Succès hat, mat iwwer 22.000 Patientendossieren, déi opgemaach goufen. An elo an deenen nächste Méint wäert et lues a lues an déi generell Ëmsetzung iwwergoen.

An dëse Patientendossier, erënneren ech drun, kéinten dann och d'Dispositions de fin de vie ageschriwwe ginn, an et soll och preziséiert ginn, an dat ass extrem wichteg, ob de Patient Organspender ass oder net.

Och an der Tëleemedezinn ass Lëtzebuerg Virreider. Säit Kuerzem ass et hei am Land méiglech, dass wärend enger Operatioun den Diagnostic iwwer eng Biopsie innerhalb vun 30 Minutte vun engem Patholog ka gemaach ginn, an dat Dank der Tëleepathologie.

Haut am Laf vum Nomëtteg ginn ech dervun aus, dass mer och d'Gesetz iwwert den Internetverkaf vun net verschreiwungsflichtege Medikamenter an dëser Chamber kënnen a wäerte votéieren, och dat e weidere Punkt, dee richteg a Richtung Zukunft an Digitalisatioun geet.

D'Regierung ass awer och ëm déi affektiv a sexuell Gesondheet vun eise jonke Matbierger beméit. De Centre national de référence en matière de santé affective et sexuelle ënnert der Leedung vum Planning Familial spillt hei eng ganz wichteg Roll, wichteg och, sou gesinn ech et, fir net nëmmen deene jonke Leit hire Kierper u sech méi no ze brëngen, mä hinnen awer och de Respekt virum Kierper ze vermëttelen.

D'Zukunft ass awer och, dass mer eng konsequent Evaluatioun vun den Donnéeën iwwert d'Gesondheet vun eise Bierger an iwwert den allgemenge Gesondheetssystem musse maachen. Dëst gëtt d'Aufgab vum Observatoire de la santé, deen de Gesondheetsministère amgaangen ass op d'Been ze setzen. An nëmme wa mir déi politesch Aktiounen auswäerten, kënne mir och wierksam Aktioune fir d'Zukunft plangen.

D'lescht Joer sinn d'Weiche geluecht gi fir dat neit Spidolsgesetz. Mam neie Spidolsgesetz gëtt eis Spidolslandschaft moderniséiert. Et gëtt der demografescher Entwécklung vun eiser Gesellschaft an et gëtt dem medezinnesche Fortschrëtt Rechnung gedroen.

Dëst geschitt duerch d'Schafe vun engem neien Zentrum, zum Beispill fir d'Diagnostik am Beräich vun der Genetik. Et geschitt duerch méi Rehabilitatiounsbetter fir eeler Leit, duerch d'Schafe vu Kompetenzreseauen, duerch eng besser Gouvernance an de Spideeler. Mam neie Spidolsgesetz wëlle mer awer och eng verbessert Zesummenaarbecht vun deene verschiddensten Akteuren erbäiféieren. An dozou gehéiert och eng besser Zesummenaarbecht bannent de Spidolsstrukturen.

Am allerwichtegsten ass awer, dass mer weiderhin déi beschtméiglech Qualitéit vun de Soine kënnen ubidden am Interessi vum Patient. An dat wäert dat neit Spidolsgesetz eis erméiglechen.

En anere wichtegen Dossier, deen och un d'Spidolswiese gebonnen ass, sinn d'Urgencen. De Gesondheetsminister, an Zesummenaarbecht mam Sozialminister, schafft engagéiert un dëser Verbesserung vun den Urgencen, an dat och erëm an Zesummenaarbecht mat alle concernéierten Akteuren: mat de Spideeler, mat den Dokteren, mat dem Fleegepersonal an och mat de Sozialpartner.

Dëst ass eng politesch Prioritéit fir d'Regierung. Am Moment leeft eng Etüd iwwert de Funktionement vun den Urgencen. An dësen Exercice soll op Recommandatiounen erauslafen, déi eis et mëttelfristeg erméigleche wäerten, pragmatesch an ëmsetzbar Léisungen op den Dësch ze leeën, fir dass alleguerten eis Patienten an den Urgencen optimal en charge geholl kënne ginn. An och d'Spideeler sollen d'Moyene kréien, fir sech domadder beschtens opzestellen.

Dozou gehéiert natierlech, déi ominéis Waardezäiten ze verkierzen an den Tri an den Haiser ze verbesseren. An deem Sënn huet d'Santé Enn 2016 och eng breet gefächert Informatiouns- a Sensibilisatiounscampagne lancéiert, fir dass d'Bierger solle wëssen, dass si bei engem Schnapp absolutt hir Plaz net an der Urgence hunn, mä dass et dofir eng Maison médicale gëtt.

Bei der Behandlung vun de Krankheete gëtt an Zukunft och weiderhin nach Wäert op e verbesserten Zougang zu neien an och leider dacks ganz extrem deiere Medikamenter geluecht, déi virun allem bei raren oder komplexe Krankheete mussen agesat ginn. Mir mussen och derfir suergen, dass d'Patiente vun der personaliséierter Medezinn profitéiere kënnen, well dës Medezinn Behandlunge sur mesure erlaabt an och doduerch ganz vill Nieweneffekter verhënnert a soumat alles an allem zu enger méi effizienter Gesondheetspolitik an engem bessere Gesondheetssystem bäidréit.

Den nationalen Informatiouns- a Mediatiounsservice am Gesondheetsberäich huet och säin éischte Rapport publizéiert. An de Bilan vum éischte Joer vum Mediateur ass ganz positiv. Et sief drun erënnert, dass et d'Zil sollt sinn, fir de Patient gutt a besser iwwer seng Rechter an och seng Flichten ze informéieren, fir esou Plainten an och Konflikter ze verhënneren. Dat Zil ass ugestrieft an dat Zil ass laut dem éischte Bilan, dee gemaach ginn ass, och schonn zum Deel erreecht.

D'Gesondheet geet awer och Hand an Hand mat Bewegung, wéi ech gesot hunn, geet Hand an Hand mam Sport. D'Wichtegkeet vun der Bewegung beim Kand ass unerkannt. An zesumme mam Erzéiungsminister gëtt d'Entwécklung vun der Motricitéit systematesch am A behalen, fir vu klengem un de Spaass un der Bewegung ze ënnerstëtzen an och ze entwéckelen.

De Bilan vun de fënnef verschiddene Pilotprojeten an de Maison-relaisen ass méi wéi positiv. Déi global Approche zu de verschiddenste Sportaarten, déi de Kanner do gebuede gouf, huet genee dat bruecht, wat d'Objektiv och vum Sportsministère war: De Frust vis-à-vis vum Sport konnt spilleresch ofgebaut ginn a ganz vill Kanner hunn de Wee mat Freed a sëllech Sportsveräiner fonnt. Dass de Sport villes bäidréit a puncto Educatioun, Integratioun, sozial Kohäsioun ass eng Evidenz. An et ass méi wéi berechtegt, dass de Sport an eiser Gesellschaft eng gréisser Unerkennung an och dee passende Stellewäert verdéngt.

Am Suivi vun der Presidence huet de Sportsministère sech zum Beispill an der Tëschenzäit och mat engem Expert - fir en net ze nennen: de Laurent Carnol - verstäerkt, deen am Beräich vun der dualer Carrière de Spëtzenathleten an de jonken Talenter zur Säit steet an hinnen eng Hëllefstellung offréiert, fir Sport a Beruff respektiv Sport a Studium beschtméiglech mateneen ze verbannen an och ënner een Hutt ze kréien.

Jo, de Sport kascht eppes! An dat ass och gutt esou. A kucke mer den 10. Fënnefjoresplang, sou kann ee soen, dass dee mëttlerweil komplett engagéiert ass fir en Invest vu ronn 500 Milliounen Euro, dovunner 100 Milliounen als Kontributioun vum Stat. Mä net onwichteg ass natierlech och an deem Kontext ze wëssen, dass dëse Programm ronn 2.200 Aarbechtsplaze mat sech bruecht huet. De Subsid Qualité+ ass eng zolidd finanziell Hëllef fir d'Sportsveräiner. Et ass net nëmmen en Ersatz fir déi fréier Chèque-servicen, mä heimat kënnen d'Strukture vun de Veräiner an den Encadrement vun de Kanner wäitaus verbessert ginn.

D'Pronkstéck vun den Investissementer ass natierlech den neie Fussball- a Rugbystadion op der Cloche d'Or, deen nach bis Enn vun dëser Legislaturperiod soll realiséiert ginn.

Et leien och scho genuch Projeten do, fir dass elo 2017 den 11. Fënnefjoresplang kann ausgeschafft ginn. An dee laang erwaarte Vëlodrom gëtt dann am Kader vum Lycée Mondorf gebaut.

Um grousse Chantier am Sportsberäich stinn awer nach dräi grouss Pilieren. Zum engen ass et d'Stäerkung vum Comité olympique, wou Hëllef gebuede gëtt, fir de groussen Aarbechtsopwand kënnen ze meeschteren am Hibléck op d'Extensioun vun de Missioune vum COSL. De Sportsministère kënnt och der Demande vun de Federatiounen no, fir hinne bei der Gestioun an der Ausaarbechtung vun de Konzepter eng Stäip ze bidden. Esou gëtt zum engen den administrative Volet gestäerkt, voll ausgebilt Trainere solle méi a méi an den Asaz kommen, an natierlech ginn och d'Strukture bei Bedarf verbessert.

Drëtte Pilier, de Statsminister ass schonn drop agaangen, ass d'Kreatioun vum sougenannten Olympiastützpunkt. An d'Repercussiounen natierlech vun all dësen Aktioune wäerte sech jo och am Sportsbudget vun 2018 erëmfannen.

Wou soss wéi am Sport ginn déi véier grouss fundamental Wäerter vun eiser Gesellschaft erëmfonnt? D'Fräiheet, am Sënn vun Emanzipatioun vu Kierper a Geescht, d'Solidaritéit, am Sënn vum Equippegeescht, d'Sécherheet, mat all de Virdeeler, déi de Sport ze bidden huet a puncto Liewensqualitéit, an dann awer net zulescht d'Gläichberechtegtkeet, well fir jiddwereen d'Leeschtung soll zielen, an net d'Hautfaarf oder de Sex, deem en ugehéiert. A jiddwereen, ob Mann oder Fra, soll déiselwecht Unerkennung fir seng Leeschtung kréien.

An dat alles natierlech mécht eng fortschrëttlech a modern Gesellschaft aus. Eng Gesellschaft, an där d'Chancëgläichheet an awer och d'Paritéit hir Plaz hunn. Ech kann Iech soen, dass ech op deene verschiddene Plazen, wou ech am Ausland war, fir ebe just grad zu där Thematik och mäi Wiertche bäizedroen, all Kéiers houfreg war, fir kënne matzdeelen, dass Lëtzebuerg mat sengem Chancëgläichheetsministère a mat senger ganz engagéierter Chancëgläichheetsministesch derfir suergt, dass hei zu Lëtzebuerg d'Fra hir Plaz an all Domän vun der Gesellschaft soll kréien: bei der Beruffswiel, wou mer eng genderneutral Beruffsorientatioun brauchen a wou d'Jalone scho gesat ginn, fir géint Stereotypen unzekämpfen, um Aarbechtsmaart, wou nei Modeller vun Aarbechtsorganisatiounen diskutéiert a scho méi a méi ëmgesat ginn, an an der Prise de décisioun, wou mat der verstäerkter Präsenz vu Fraen a Verwaltungsréit natierlech muss an d'Zukunft gekuckt ginn, an dann och natierlech selbstverständlech um Niveau vun der Politik.

Am Dezember d'lescht Joer ass d'Gesetz gestëmmt ginn, wat gemengerhand bei eis als „Quotegesetz" ofgestempelt an och bekannt ass. Hei geet et zum enge wuel ëm d'Égalité salariale, mä zum aneren huet Lëtzebuerg sech och elo mat dësem Gesetz e gutt Instrument ginn, fir dem Sexe sous-représenté de Sprong op d'Wahllëschten ze vereinfachen. D'Parteiefinanzéierungsgesetz ass modifizéiert ginn, andeems finanziell Sanktiounen applizéiert ginn, wa bei de Lëschte fir d'National- an d'Europawahlen net de virgeschriwwene Quota erreecht ass.

Et goufe ganz vill Diskussiounen am Virfeld vun dësem Gesetz. An och elo, an dëser preelektoraler Zäit, ass dës Mesure ëmmer nach en Thema, och wann d'Gemengewahlen natierlech heivunner net betraff sinn.

De Chancëgläichheetsministère hat de Courage, dat waarmt, jo, loosse mer souguer soen, dat gliddegt Eisen unzepaken. An et bleift ze hoffen, dass och bei eis, wéi an anere Länner och, de Quotesystem just als Iwwergangsléisung ze betruechten ass an dass e ganz, ganz séier, wéi et an anere Länner de Fall war, seng Friichte wäert droen.

Jo, d'Frae gehéieren op eng Lëscht. Mä d'Frae sollen och gewielt ginn. D'Fraen hunn d'Vertraue verdéngt gradesou gutt wéi hir männlech Kolleegen, och wa si sech ganz dacks net trauen, fir eng politesch Verantwortung ze iwwerhuelen.

D'Campagne vum Chancëgläichheetsministère ass drop ausgeriicht, fir dëse Message un d'Wieler weiderzeginn an och en Incitatif ze bidde fir jiddwereen, dee mat gudden Iddie kënnt, fir dës Sensibilisatiounscampagne ze ënnerstëtzen.

Eng Campagne kritiséieren eleng geet net duer. Et heescht de Courage hunn, fir esou eng Motivatiounsiddi och ëmzesetzen, sech bewosst sinn, dass een, wann ee mat sengen Iddie wëllt derduerchgoen, muss Zäit investéieren. Et muss een Zäit investéieren an Iwwerzeegungsaarbecht leeschten. A wann ee sech da mat enger Poschecampagne op de Wee mécht bei d'Fraen, fir déi Iwwerzeegungsaarbecht ze leeschten, da kann een och dermat rechnen, dass ee stiermesch Reaktioune riskéiert. An och déi soll een a kann een dann assuméieren. Mä de Wee ass bekanntlech d'Zil.

Ech woen ze soen, Här Statsminister, dass et eisem Land gutt geet, wann et de Fraen am Land och gutt geet. An op ville Plazen op der Welt…

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Selbstverständlech!

Op ville Plazen op der Welt ass dat awer leider net de Fall. Dofir ass et wichteg, dass ons Regierung d'Chancëgläichheet net nëmmen duerch e gudden Aktiounsplang an och legislativ Mesuren hei am Land fërdert, mä dass och ons Kooperatiounspolitik mat hirer transversaler Genderdimensioun vill Projeten ënnerstëtzt, mat deenen de Stellewäert vun der Fra an alles an allem den Empowerment vun der Fra an der Gesellschaft gestäerkt ginn.

No vir kucken heescht, net stoe bleiwen, wou mer haut sinn. No vir kucken heescht, no alle Säite kucken a keen am Ree stoe loossen. No vir kucken heescht och, eis gutt Erfahrunge mat aneren deelen, an no vir kucke verhënnert net, eng Hand auszestrecken do, wou Hëllef gebraucht gëtt. An an deem Sënn sinn ech frou, dass ech heimadder och vläicht d'Iddi vun der LSAP vertrueden hunn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. Nächst Riednerin ass d'Madamm Taina Bofferding.

Mme Taina Bofferding *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wirtschaftlech gesi geet et eisem Land gutt, an zwar esou gutt, dass de Wirtschaftsminister jo mat - wéi soll ech soen? - engem „clin d'œil" gemengt huet, d'Kommissioun hätt Problemer, fir Lëtzebuerg herno iwwerhaapt nach Recommandatiounen ze maachen.

Effektiv, eis Ekonomie, déi dréit. Eis Wuesstumsprognose goufe kierzlech no uewe korrigéiert. De Chômagetaux geet permanent erof, an eise Statsbudget ass am grénge Beräich.

Leider profitéiert awer net jiddweree vun deene positiven Entwécklungen. A fir deene klammenden Ongläichheeten entgéintzewierken, huet dës Regierung vun Ufank u gesot, dass d'sozial Gerechtegkeet an d'Aarmutsbekämpfung zu de Prioritéite solle gehéieren. D'Lutte géint d'Pauvretéit gouf jo och als eent vun den Ziler am PNR definéiert. A besonnesch déi Elengerzéiend sinn an de Fokus vun der Politik gerëckelt.

Fir d'Kafkraaft vun de Leit ze stäerken a fir méi sozial Gerechtegkeet, goufen eng Rëtsch Initiative geholl. Ech erënneren un d'Steierreform, de rezente Reajustement vun de Pensiounen, d'Hausse vum Mindestloun, d'Indexéierung zum Beispill nach vun de Studiebäihëllefen an d'Subvention de loyer, woubäi, an dat huet de Georges Engel och scho virdrun a richteg gesot, dës Mesure onbedéngt muss nogebessert ginn.

E weidert wichtegt Instrument an der Lutte géint d'Aarmut ass den RMG, dee jo elo reforméiert gëtt. Den neie REVIS ass a sengem Grondsaz richteg. E wäert eng Partie Verbesserunge mat sech bréngen, notamment fir kannerräich Familljen, awer och fir déi Elengerzéiend. Si wäerte geziilt ënnert d'Äerm gegraff kréien, an den Accent soll op d'Inklusioun gesat ginn, fir dass déi Betraffe wa méiglech herno erëm kënne selwer op eegene Féiss stoen.

Eis Aufgab als Politiker ass et, derfir ze suergen, dass déi Menagen, déi wierklech Hëllef brauchen, se och herno kréien an dass besonnesch zukünfteg REVIS-Bezéier mam System herno net manner erauskréien, wéi se aktuell zegutt hätten.

D'Avisen zum Projet de loi kommen elo lues a lues eran. Dat ass och wichteg, fir dass déi zoustänneg Chamberskommissioun an hirer Aarbecht ënnerstëtzt ka ginn, fir dass mer dann och herno e System kréien, deen ëmsetzbar ass an dann och herno wierklech deene concernéierte Leit hëlleft.

Bei där Geleeënheet géif ech awer och nach gären op de System vun der Obligation alimentaire agoen, well ech der Meenung sinn, dass mer deen och kéinten op de Leescht huelen. Mir kéinten eis zum Beispill do un der Belsch inspiréieren. Do ass et esou, dass, wann deen een Elterendeel den Ënnerhalt net bezilt, sech e bestëmmte Service drëms këmmert, fir eben déi feelend Alimenter anzedreiwen. A bei deene Persounen ënner enger gewëssener Akommesgrenz ass et och esou, dass de Service carrément d'Avancë bezilt.

An Däitschland gëtt et och esou en „Unterhaltsvorschussgesetz", dat elo reforméiert gouf, fir dass de Stat aspréngt, wann eben deen aneren Elterendeel net bezilt.

Bei eis am Land gëtt et och esou eng Regelung, awer mam groussen Ënnerscheed, dass do am Virfeld all d'Rechtsweeër mussen ausgeschëpft sinn. A beim RMG an och dem zukünftege REVIS ass et souguer esou, dass en theoretesche Montant un Alimenter mat verrechent gëtt, wéi wann een déi Sue kritt hätt, och wann ee se vläicht herno guer net kritt.

Dacks ass et awer esou, dass d'Elengerzéier net d'Moyenen an och net d'Zäit hunn, fir all déi juristesch Schrëtt duerchzegoen. An ech denken, dass mer hei am Land och kéinten e Schratt méi wäit goen an eise System sollten deementspriechend verbesseren. Och domadder géife mer ganz villen elengerzéiende Familljen hëllefen.

Virun engem Joer, mengen ech, muss et gewiescht sinn, wou mer hei d'Gesetz vun de Familljeprestatioune gestëmmt haten. An deem Kontext wëll ech och nach eng Kéier un d'Aféierung vum Mechanismus erënneren, deen ënner anerem virgesäit, d'Familljeprestatiounen all zwee Joer ze adaptéieren, geméiss der Entwécklung vum Salaire médian hei am Land.

Do stellt sech natierlech d'Fro: Wéi geet et elo mat deem Accord mat de Gewerkschafte weider? De Projet de loi läit um Dësch. De Conseil d'État huet deen och schonn aviséiert. Do muss ee soen, dass deen net esou ganz positiv ass. An dofir eben hei d'Fro, ob d'Regierung nach ëmmer un dësem Berechnungsmodus festhält oder ob iwwerluecht gëtt, sech mat de Sozialpartner nach eng Kéier zréck un den Dësch ze setzen.

Ech hu virdru gesot, dass et eisem Land jo net allze schlecht geet. Dofir ass d'LSAP der Meenung, dass mer solle weider Initiativen huelen, fir besonnesch de Familljen ze hëllefen. Fir zum Beispill eng méi staark a selektiv Ënnerstëtzung kéint de Stat bei de Familljen ënner enger gewëssener Akommesgrenz an och bei Eltere mat ville Kanner hëllefen, d'Käschte bei de Schoulbicher fir de Secondaire ze iwwerhuelen. Domadder géife mer och konkret deene finanziell méi schwaache Menagen hëllefen.

An enger Froestonn hat ech och schonn eng Kéier d'Thema ugeschwat a proposéiert, esou eng Hëllef zum Beispill un d'Allocation de vie chère ze bannen. Den Educatiounsminister war, mengen ech, deemools net ganz ofgeneigt an huet geäntwert, dass do nach eng Partie Froen ze kläre wären. Dofir hoffen ech, dass d'Regierung weiderhi mam Gedanke spillt, an déi Richtung ze goen. An et géif mech och hei interesséieren, ob dann elo eng Rei Froe gekläert gi sinn a gekuckt ginn ass, wéi eng Pisten een dann do kéint goen.

Bleiwe mer bei der Familljepolitik, well ech mengen, et ass keen anere Ressort, deen esou grouss Ënnerscheeder tëschent de Parteien opweist wéi eben d'Familljepolitik.

Och wann aus den haaptsächlech konservative Lageren ëmmer erëm behaapt gëtt, dass déi Fraen, déi doheem bleiwen an net beruffstäteg sinn, „alles ewechgeholl" kréien, gëtt déi Ausso domadder net méi richteg. Dee Choix, vun deem ëmmer nees geschwat gëtt, ass kee wierkleche Choix. Et war an et bleift e Choix, dee sech haaptsächlech déi finanziell gutt gestallte Familllje konnte leeschten an och haut nach kënne leeschten. Dee Choix war fréier keen aneren ewéi haut.

An am Géigesaz zu deem, wat oft gemengt gëtt, subventionéiert och de Stat nach haut dëse Familljemodell, zum Beispill iwwert d'Droits dérivés, iwwert de Steiersystem an iwwer eise Sozialsystem. Dat gëtt leider ëmmer an den Debatten ausgeblent, vläicht bewosst, well dëse Modell vill negativ Konsequenze mat sech bréngt an notamment dat schéint Bild vum fräiwëllege Choix demontéiert.

De Realitéitscheck - genau, ech mengen, et war en „Realitéitscheck", dat war dat Wuert, wat gëschter de Sprecher vun der CSV benotzt huet, deen deen domadder wollt fuerderen - gëtt och scho längst gemaach. Dass mer um richtege Wee näämlech sinn, geet ënner anerem kloer aus de Konklusioune vun der Europäescher Kommissioun ervir, déi si am Rapport fir Lëtzebuerg am Kader vum Semestre européen zitt. Mir kréie recht, dass mer verschidde Prestatiounen a Mesuren op de Leescht geholl hunn, fir se entweder ze verbesseren, wéi de Congé parental, oder carrément ofzeschafen, wéi d'Allocation d'éducation. Et ass also domadder genau de Géigendeel vun deem, wat eigentlech déi gréissten Oppositiounspartei hei am Land verteidegt.

E weidere Punkt, op deen ech nach gäre wëll agoen, ass bei de Pensiounen den Ecart tëschent de Geschlechter. Dee läit bei eis hei am Land bei 40% an ass domadder ee vun deenen héchsten a ganz Europa. Dat geet doraus ervir, dass vill Frae modest Pensioune kréien an anerer bal guer keng Pensiounsrechter iwwert d'Joren opgebaut hunn. Net ganz onschëlleg ass sécherlech dorunner deen traditionelle Familljemodell an de System vun den Droits dérivés, dee jo Verschiddener dann als fräie Choix gären duerstellen.

Duerch déi Entwécklungen, déi mer hunn, wäerten déi méi jonk Generatiounen hoffentlech spéider de Problem manner hunn. Dat wär gutt. Mä domadder ass deene ville Fraen net gehollef, déi haut an hirer eegener Altersvirsuerg Versécherungslücken hunn a sech a finanziell prekäre Situatiounen erëmfannen, wa si dann nach méi spéit gescheet ginn.

Do ass menger Meenung no d'Politik gefuerdert. An et ass och wichteg, dass mer endlech dat Scheedungsgesetz kréien, wou verschidden Elementer virgesi sinn, déi direkt beim Divorce

festzeleeë sinn, fir eben domadder kënne spéider fatal Folgen ze evitéieren.

Weider muss d'Politik awer och oppassen, dass se keng falsch Ureizer schaaft oder oprechterhält, déi besonnesch Fraen drun hënneren, an der Aarbecht ze bleiwen oder hir Aarbechtsstonnen ze erhéijen. Ech schwätzen hei geziilt vu finanzielle Bremsen. D'Niddreglounfal fir en Zweetverdénger am Stot läit bei 41% an ass domadder relativ héich. De fiskale System spillt sécherlech hei eng bedeitend Roll. D'Steierreform gëtt de Koppelen elo d'Méiglechkeet, tëschent enger individueller Besteierung oder der conjointer ze wielen.

Op dësem Punkt denken ech, dass mer trotz natierlech enger gudder Steierreform awer an Zukunft musse weider diskutéieren iwwer e méi gerechte System an zum Beispill iwwer eng Gläichbehandlung, onofhängeg vum Zivillstand.

Här President, fir meng Partei ass kloer, dass mer Fraen eng existenzsécherend Aarbecht wëllen erméiglechen a si virun Altersaarmut schützen. E wichtege Schratt war sécherlech hei, fir d'Égalité salariale an d'Aarbechtsrecht anzeschreiwen, eng absolutt néideg Initiativ vun eiser Chancëgläichheetsministesch. Mat der Inscriptioun alleng ass et awer net gedoen. Mir mussen derfir suergen, dass d'Loungerechtegkeet och wierklech ëmgesat gëtt, realiséiert gëtt. An dofir: Wie sech net drun hält, muss och herno wierklech sanktionéiert ginn!

Et gëllt awer och, weider Erausfuerderungen nach ze meeschteren. Wéi wëlle mer zum Beispill fir d'Fraen den Accès op den Aarbechtsmarché, besonnesch fir d'Mammen, déi eng länger Zäit net méi aktiv waren, oder fir déi Elengerzéiend, verbesseren?

Wéi wëlle mer Mammen doranner ënnerstëtzen, eng qualifizéiert, méiglechst Vollzäitbeschäftegung ze kréien an och derfir suergen, dass se do bleiwen?

Och wann den Taux d'emploi iwwert déi lescht Jore sech verbessert huet, ass d'Potenzial, dat d'Frae fir den Aarbechtsmarché duerstellen, net ausgelaascht. Deen Taux ergëtt sech haaptsächlech doraus, dass vill Fraen an Deelzäit schaffen. Mir sinn als Land op der siwenter Plaz. A virun allem stellt sech hei d'Fro, wéi d'Fraen aus der Deelzäit de Sprong an d'Vollzäitbeschäftegung herno packen.

D'Viraussetzung ass natierlech, dass de Kader stëmmt. Eltere brauche Mesuren, déi hinnen hëllefen, fir hiert Privat- an hiert Beruffsliewe besser mateneen ofzestëmmen. Eng wichteg Viraussetzung ass natierlech dobäi och d'Kannerbetreiung.

Doniewent, an dat ass och haut schonn e puermol gesot ginn, brauchen Elteren Zäit. Déi Zäit erméigleche mer hinnen zum Beispill elo iwwert d'Reform vum Congé parental. Weider wichteg Reforme stinn awer och nach un, déi de Premier gëschter genannt huet. Do leien d'Projet-de-loien och schonn um Dësch. Mä leider dauert dat jo ëmmer alles e bësse méi laang. Dobäi wär et awer wichteg, dass d'Elteren, wann hiert Kand krank ass, sech besser kënnen eben organiséieren, fir doheem bei hirem Kand ze bleiwen. Ech schwätzen hei vun der Reform vun dem Congé pour raisons familiales.

Verbesserunge gesi mer awer och ganz kloer an der Neistrukturéierung vun de Congés spéciaux, wou Pappe solle bei der Gebuert vun hirem Kand méi Congésdeeg kréien. Dat zeechent fir eis sécherlech eng ganz gutt an och virun allem eng fortschrëttlech Familljepolitik aus.

Iwwert déi aner ugeduechte Changementer, déi virgesi sinn, muss spéider déi zoustänneg Chamberskommissioun am Detail klären an tranchéieren, wat dann herno deenen heitegen Zäite muss ugepasst ginn a wat net.

Méi wéi iwwerfälleg ass an deem Kontext awer och nach d'Verlängerung vum Congé postnatal. Dat sinn déi véier Woche Congé d'allaitement, déi an Zukunft all Mamm soll kréien, onofhängeg dovun, ob si niert oder net. Si soll dat eben dann d'office zegutt hunn.

Kolleeginnen a Kolleegen, en nächste Schrëtt soll sinn, fir jiddwerengem, also deenen zwee Elterendeeler, e Recht op Aarbechtszäitreduktioun ze erméiglechen, an dat mat der Garantie, zu engem spéideren Zäitpunkt nees kënne Vollzäit ze schaffen, iwwregens och eng Initiativ, iwwert déi am Moment d'Europäesch Kommissioun nodenkt, déi och wëllt op dëse Wee goen.

Do ass net nëmmen eng Reduzéierung vu 50% gemengt, mä vill méi flexibel Modeller. Ideal wär et, wann déi zwee Elterendeeler e bësse manner géife schaffen, zum Beispill 20% oder 25%. Dat hätt zum Virdeel, dass kee vun deenen zwee allze grouss Aschnëtter bei senger Pai, senger Carrière oder herno bei de Pensiounsrechter misst a Kaf huelen an déi zwee och méi präsent an der Kannererzéiung wären.

Wéi meng Virriedner vun der sozialistescher Fraktioun wëll och ech e Wuert zur Digitaliséierung soen, Stéchwuert Tëleetravail, Home Office. Ech warne virdrun - ech wëll elo net falsch verstane ginn, dat sinn alles ganz gutt ugeduechte Modeller, déi eng gewësse Flexibilitéit wäerte matbréngen -, ech warnen awer virdrun ze mengen, dass dat elo déi perfekt Léisung wär fir haaptsächlech schaffend Mammen, well si dann an der Regel méi oft doheem sinn. Kloer ass awer, dass och an engem Home Office professionell Standarde gëllen, wéi Erreechbarkeet an déi ongedeelt Konzentratioun op déi berufflech Aufgaben.

Dat nach ëmmer existéierend Bild vum Home Office vum mam Bëbee um Schouss doheem virum Laptop schaffenden Elterendeel ass net nëmmen onrealistesch, mä schüürt och Viruerteeler, dass doheem net richteg géif geschafft ginn. Virun allem kann den Home Office keng feelend Betreiungsoffer ersetzen, mä soll villméi d'Elteren an hirem Wonsch ënnerstëtzen, ebe méi fräi Zäit ze hunn, Zäit fir d'Famill, an hinnen och vläicht eng Alternativ bidden, fir kënnen hir Deelzäit opzestocken.

Wat d'Aarbecht ugeet, geet et net ëmmer just ëm e gutt Akommes ëm all Präis, mä ëm eng gutt Balance am Liewen. Dëst ass och erëm viru Kuerzem kloer ginn, wéi mer hei den Echange mat de Petitionären hate fir fënnef Deeg méi Congé. Ob allerdéngs déi fënnef Deeg méi Vakanz déi psychosozial Belaaschtung bekämpft kréien, woen ech ze bezweifelen. Dofir ass och d'LSAP der Meenung, dass u villen eenzelne Schrauwe muss gedréit gi fir eben déi eenzel Reformen zur Vereenbarkeet vu Beruff a Famill, déi ech virdrun opgezielt hunn. Weider verweisen ech awer nach eemol op d'Wichtegkeet vun engem Mobbingsgesetz fir am Privatsecteur.

Här President, eis Systemer wéi eis Gesellschaft insgesamt si stännegen Entwécklungsprozesser ënnerworf, soudass eis Sécurité sociale vun haut net onbedéngt op all d'Besoine vu muer zougeschnidden ass. Et geet drëms, an alle Beräicher qualitativ héichwäerteg Leeschtungen ze garantéieren a gläichzäiteg de System ofzesécheren. D'Weiderentwécklung vun der Fleegeversécherung ass esou e Beispill. Dës Reform soll als Chance gesi ginn, d'Fleegeversécherung un déi nei Ufuerderungen unzepassen, fir se eben un nei Krankheetsbiller och mat deenen techneschen Hëllefsmëttelen ze adaptéieren. Hei huet déi zoustänneg Chamberskommissioun scho vill geschafft. D'Amendementer goufen elo zréck un de Statsrot geschéckt, fir enger ganzer Partie vu Kriticken a Bedenken domadder kënne Rechnung ze droen.

Zum Schluss halen ech fest, dass eng Rëtsch gutt Reforme komm sinn an dass och nach eng ganz Rëtsch u gudde Reforme bevirstinn. Sozial Ofsécherung a sozial Gerechtegkeet sinn d'Basis fir eise sozialen Zesummenhalt hei am Land. Dat betrëfft - an et misst een et eigentlech net méi widderhuelen - all Mënsch, deen hei am Land lieft, wunnt a schafft, onofhängeg dovunner, ob deen d'Chance hat, hei gebuer ze sinn oder net oder ob en iwwer méi oder manner dramatesch Ëmstänn de Wee heihinner fonnt huet. Sozial Gerechtegkeet a Solidaritéit zesumme mat Informatiounen, Erklärungen a Sensibiliséierung sinn iwwregens dat bescht Mëttel, fir géint extrem Tendenzen a géint de Populismus virzegoen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Bofferding, mam Appell, ëmmer de Compteur am A ze behalen. Deen heiten, dee geet elo esou lues op rout zou, bon, wat jo dann net weider schlëmm ass.

(Hilarité et interruptions)

A mir géifen dann zum nächsten Departement iwwergoen, den Développement durable. An do ass als éischte Riedner den Här Marco Schank ageschriwwen. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Vläicht zu dem Oflaf vun den Aarbechten: Mir géifen de Moie respektiv de Mëtte bis hallwer eng fueren an dann um hallwer zwou eis Aarbechten erëm ophuelen. Mir fueren also esou wäit, wéi mer kommen, bis hallwer eng. An d'Regierung géif am fréie Mëtten äntwerten.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Mir sinn à votre disposition, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech hunn näischt aneschters erwaart, Här Premierminister.

Débats sectoriels - Volet «Développement durable»

M. Marco Schank *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Premierminister sot an deene puer éischte Sätz vu sengem État de la nation - en hat och d'Geleeënheet, et zweemol ze soen -, ech zitéieren: „Am Alldag funktionéiert net alles, wéi et soll a wéi et muss. Nach net! D'Mobilitéit ass e Problem. Mir stinn am Stau a ginn opgehalen, wou mer wëlle weiderkommen." Duerfir wollt ech mech a menger Interventioun haut mat enger Partie Aspekter vun der Mobilitéit beschäftegen, an hei awer net mam Stroosseverkéier, mä mam ëffentlechen Transport.

Elo ass et leider esou, datt de Minister eraus ass. E war dee ganze Moien do. Ech hätt awer nawell gär gehat..., wann e vläicht iergendwou ass, well ech eng ganz Partie Froen un en hunn!

Une voix.- En ass iergendwou.

M. Marco Schank *(CSV)*.- Richteg, en ass iergendwou!

Ech wollt a menger Interventioun dann och soen, datt ech selwer aus Iwwerzeegung Zuch fueren, Zuch a Bus, an dat net fir d'Lescht, fir stressfräi op der Aarbecht unzekommen. Wann awer d'Zuchfueren ufänkt stresseg ze ginn, dann ass dee But net méi erreecht. A wann ee mam Zuch fiert, begéint ee ganz vill Leit, an ëmmer erëm kritt ee gesot: „Dat gëtt schlëmmer." Vill Leit si frustréiert, wann alt nees den Zuch Retard huet an een doduerch ze spéit op d'Schaff kënnt respektiv de Bus net kritt, wann den Zuch iwwerfëllt ass, oder schlëmmer, wann ee guer net an den Zuch erakënnt oder wann d'Zich musse virun der Stater Gare waarden, well déiselwecht saturéiert respektiv encombréiert ass, wéi mer dann um Haut-parleur gesot kréien.

Den honorabele Kolleeg Gusty Graas huet viru Kuerzem an der zoustänneger Chamberskommissioun déi Problematik vun den hoffnungslos iwwerfëllten Zich op der Streck vun Nanzeg erop an d'Stad skizzéiert an der Rushhour, mat all deene Geforen, déi dat mat sech bréngt fir d'Clienten an deeneselwechten Zich, déi dann iwwerall Plaz geholl hu wéi d'Hierken an der Konservendous. An dat ass jo net de But, dee mer wëllen erreechen. Hie wäert awer selwer, denken ech, a senger Interventioun dorobber zréckkommen.

Mä eng vun de Konklusiounen dovunner ass awer déi, datt hien da vläicht, mä och aner Leit op deem Deel vum Lëtzebuerger Reseau zu där Zäit den Zuch net méi huelen an dann - wéi kann et anescht sinn? - op den Auto ëmklammen. Och dat wëlle mer jo eigentlech net erreechen.

Bleiwe mer ee Moment bei der Onpénktlechkeet respektiv Pénktlechkeet vun den Zich! An der Äntwert op eng Question parlementaire vun der Kolleegin Josée Lorsché am Dezember d'lescht Joer si mer gewuer ginn, datt statistesch gesinn d'Pénktlechkeet 2016 par rapport zu 2015 an der Moyenne vun 90,9% op 89,8% erofgaangen ass. Elo kann ee soen: Dat ass net immens vill! Ben, gutt: 11% Onpénktlechkeet. An da muss ee jo wëssen, datt an deenen Onpénktlechkeeten, déi do gemooss ginn, jo déi ënner sechs Minutten net agerechent ginn, déi awer derfir kënne suergen, datt een de Bus net kritt respektiv den Anschluss da verpasst.

Op der Linn 90 beispillsweis, Lëtzebuerg-Beetebuerg-Grenz, läit déi Onpénktlechkeet bei 85,2%.

De Minister gouf an därselwechter Äntwert op déi Question parlementaire vun der Madamm Lorsché zou, datt zum Beispill d'Informatioun vun de Clienten „en situation perturbée", wéi et esou schéin heescht, verbessert muss ginn. Stéchwuert: automatiséiert Informatiounssystemer, nei App, dynameschen Affichage, Tracking oder och den Temps réel, wou d'Variatioun tëschent dem geplangten Horaire an dem reellen Horaire präziséiert gëtt.

Et ass awer genee dat, wat mech, awer och aner Clientë vun der Bunn dacks frustréiert, näämlech den Ëmstand, datt een näischt oder net vill gewuer gëtt, wat dann d'Ursaache vun deene Problemer respektiv Retarden am Eenzelfall sinn, an dann - wat, mengen ech, nach méi wichteg ass - respektiv wéini een dann elo definitiv um Zil ukënnt.

Et wier interessant gewuer ze ginn - an hien huet eng Rei Saachen och da genannt an därselwechter Äntwert -, wéini déi versprache Verbesserunge kommen. De Minister huet zum Beispill gesot, et wier eng Etüd amgaangen, fir d'Organisatioun vun der Bunn ze kucken duerch en externe Consultant. Dat géif am éischte Semester 2017 realiséiert ginn, dëst also innerhalb vun der CFL, fir d'Fluxen an d'Informatiounsprozedure fir d'Clienten ze verbesseren. A meng Fro, mir sinn elo Enn Abrëll 2017: Wéini kann ee mat éischte Resultater rechnen? Wat géif dann elo an deem Kontext mat där Etüd dann och u Verbesserunge kommen?

Déiselwecht „date limite" - sou nennen ech dat dann emol -, éischt Semester 2017, huet de Minister och op eng Question parlementaire geäntwert am Zesummenhang mat dem Equipéiere vum Wi-Fi an enger Partie Garen, néng Garen am Ganzen. An dat soll och dann am Laf vum éischte Semester 2017 geschéien, dorënner Ettelbréck a Beetebuerg. Ech denken elo un déi zwou, well ech zu Ettelbréck selwer regelméisseg duerchginn, an u Beetebuerg, well ech dat vum Kolleeg Gusty Graas weess; do ass zumindest de Moment nach näischt geschitt.

An deem Kontext wëll ech dann och nach déi Fro drunhänken, wéini datt d'Equipéieren, d'systematescht Equipéiere vun den Zich mat Wi-Fi soll ufänken - an enger vun den Äntwerten, Här Minister, hutt Der och do gesot, do missten awer nach Tester an d'Sammele vun Erfahrunge gemaach ginn -, wéi séier dat ka goen, well dat och e wichtegen Aspekt, fannen ech, vun der Attraktivitéit awer vum Zuch respektiv vum ëffentlechen Transport ass.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här President!

M. Marco Schank *(CSV)*.- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo. Wann Der erlaabt.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Wann den Här Schank erlaabt, ech kann em déi Äntwerte gär ginn, an zwar direkt.

Wat d'Informatioun vum Client ubelaangt, bis Enn des Joers ass dat alles en place. Dat heescht, deen neien...

M. Marco Schank *(CSV)*.- Dat, wat ech elo genannt hunn, ass alles en place?

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo. Also dat heescht, innerhalb vun den Zich, dat heescht, den Zuchreseau gëtt jo mat deem ARAMIS-System equipéiert, wat en äänleche wéi den Telematiksystem ass. Dat ass bis Enn des Joers fäerdeg. An da solle mam Fahrplanwiessel den 10. Dezember, wou jo souwisou e grousse Fahrplanwiessel wäert kommen, och e ganze Koup Neierunge kommen an der Informatioun.

Wat de Wi-Fi ubelaangt: Déi nei KISS-Automotricen, vun deene mer de Moment jo schonn eng kritt hunn - déi ginn elo geliwwert, relativ zügeg, eelef Stéck bis de Summer -, déi si schonn d'office mam Wi-Fi equipéiert an déi solle genotzt gi fir déi éischt Tester. Dat heescht, do ass de Wi-Fi dran an den Zich, an de Garen. Do geet de Programm zügeg weider. Och am Laf vun dësem Joer ginn d'Garen, déi grouss Garen, equipéiert mat gratis Wi-Fi.

Also ech géif soen, bis Enn des Joers mam Fahrplanwiessel wäerte mer do, wat d'Informatiounspolitik ubelaangt an d'Méiglechkeeten, fir digital Techniken ze notze bei der CFL, ganz grouss Ännerungen hunn.

M. Marco Schank *(CSV)*.- Merci fir déi Äntwerten.

Ech wollt da weiderfueren an och an deem Kontext, wou de Minister jo versprach huet, datt, wann déi Horairen elo am Dezember changéiert ginn, dat dann alles do matagerechent géif ginn. Ech wënsche mer dann, datt mer och spieren, d'Leit, déi mam Zuch fueren, datt dat dann eng Verbesserung definitiv soll ginn, well ech e bëssen Angscht hunn, och mat dem Arrêt Pont Rouge, wa mer vun der Linn 10 schwätzen, wou och Eisebunner mer gesot hunn, datt dat eventuell awer net esou einfach gëtt, fir dat an d'Realitéit ëmzesetzen. Soit!

Ech wollt dann awer nach ee wichtegen Aspekt uschwätzen, dat ass dee vun der Sécherheet op der Bunn. Op den Accident wëll ech net ze vill zréckkommen. Déi genee Ursaach wësse mer och zwee Méint an en hallwen duerno nach ëmmer net. D'Enquête leeft. Dat Eenzegt, wat mer wëssen, soen ech dann emol, ass déi onglécklech Verkettung vu Feeler, wou Mënsch a Maschinn solle versot hunn. Den europäesche Kontrollsystem, deen ETCS, ass um Buedem installéiert, dat wësse mer scho méi laang, zënter 2014. Ech géif mer och do wënschen, datt dat geschitt, wat de Minister versprach huet, datt dat och bis Enn des Joers dann an der Rei ass, näämlech d'Equipéiere vun de Maschinne mat deemselwechten ETCS, fir datt de Client weess: Hei, wann ech op Lëtzebuerger Buedem fuere mam Zuch, da sinn och d'Maschinnen, nieft dem Buedem, alleguerten equipéiert.

Speziell war op jidde Fall, wéi déi franséisch Eisebunner net méi wollten op Lëtzebuerg fueren - ech wollt dat awer nach eng Kéier ernimmen -, an dat wéinst eise vermeintlech schlechte Sécherheetsstandarden, well se sech „net géife sécher spieren"! Ech muss awer soen, datt een dann de Kapp rëselt - wann et

net esou eescht wier -, wann ee gewuer gëtt, datt et nom Accident virun der Stater Gare véiermol zu äänleche Sécherheetsproblemer koum, a wou d'Ursaachen, hu mer jo gesot kritt, eendeiteg bei franséische Maschinne solle geleeën hunn!

Da wollt ech awer a puncto Sécherheet och nach eng Kéier op déi Problematik vun den Tunnelen agoen. Dat ass eppes, wat meng Fraktioun scho méi dacks gemaach huet. Déi meescht Tunnelen, déi sinn nun eemol am Norde vun eisem Land. Eng ganz wesentlech Problematik.

Fir déi fënnef Tunnelen, déi méi laang si wéi 400 Meter, do sollten, entspriechend enger Äntwert op eng Question parlementaire vum Januar 2016, d'Aarbechten Enn 2016 ofgeschloss ginn! Laut mengen Informatiounen ass dat awer net de Fall, datt déi ofgeschloss sinn. Duerfir meng Fro och hei: Wann et esou ass, datt se net ofgeschloss sinn, wéi geet dat da virun? Besonnesch wann ee weess, datt kee sech wëllt a kann ausmolen, wann een Zuchaccident wéi zu Zoufftgen respektiv Beetebuerg an engem Tunnel oder tëschent zwéin Tunnelen an deenen enken Éislecker Däller géif passéieren, wou d'Asazgefierer wéi Ambulanzen an esou weider nëmme bedéngt, extrem bedéngt Zougang hunn. Esou een Eeschtfall géif d'Sauveteuren definitiv virun enorm Erausfuerderunge stellen!

Dann nach een Aspekt beim Thema Sécherheet. Ech kommen op eng Suerg zréck, a sidd mer net béis, datt ech dat als Ceterum censeo maachen, eppes och, wat meng Fraktioun schonn emol méi dacks artikuléiert huet, an eng Suerg, déi mer och zesumme mat der Eisebunnergewerkschaft, dem Syprolux, deelen, dat ass déi vun der Gewalt a vun den Iwwergréffer an den Zich, de Busser respektiv op de Gären. Där Incidente gëtt et ëmmer nach vill ze vill. Dat war viru Joren esou, dat ass och nach haut esou. A wann een déi Statistiken ukuckt, déi lescht Statistiken 2014 bis 2016 vum Comité de pilotage de sûreté dans les transports publics, da gesäit een, datt d'Zuel vun den Iwwergréffer net nëmmen op engem héijen Niveau ass, mä datt se an Deeler souguer eropgeet!

Ëmmerhin, am Ganzen 212 Aggressiounen 2016 vis-à-vis vun Agente vum öffentlechen Transport par rapport vun 220 respektiv 188 an de Joren 2014 an 2015! D'Zuel vun den Incidenten an de Busser vun der Stad Lëtzebuerg ass par rapport zu 2014-2015 d'lescht Joer vun 28 op 37 eropgaangen. Beim RGTR huet d'Zuel sech carrément verduebelt, vu 6 op 12. Bei der Eisebunn sinn d'Aggressioune vis-à-vis vun Drëttpersoune vun 39 op 45 eropgaangen. A kierperlech Aggressioune vis-à-vis vu Mataarbechter bei der Bunn si vun 31 op 37 geklommen. Vun den Insultë schwätzen ech emol net. Dann, d'Actes de vandalisme sinn och an d'Luucht gaangen, vun 48 am Joer 2015 op 66 d'lescht Joer.

Ëmmerhin, dat soen ech dann als positive Saz och, ass d'Präsenz vun externe Sécherheetsequippen an den Zich zënter Dezember 2016, dat ass also nach net ganz laang, vu 4% op 10% gehuewe ginn. Also och do gëtt awer gespiert, datt Besoine sinn!

Net fir näischt hat sech dann och verständlecherweis de Minister Bausch schonn am Juli 2015 fir d'Kreatioun vun enger spezieller Unité de police fir den öffentlechen Transport ausgeschwat! Hien huet dat net einfach esou gemaach, mä op enger Reunioun - mir erënneren eis dorunner -, déi en deemools convoquéiert huet, ass mat allen Akteuren - CFL, Gewerkschaften a Police - iwwer Sécherheetsproblemer an den Zich a Busser geschwat ginn. An no där Reunioun sot de Minister, hien hätt dem Ministerkolleeg, deen och hei bei eis ass, dem Etienne Schneider, zoustänneg fir d'bannenzeg Sécherheet, e Bréif geschéckt en vue vun enger gemeinsamer Reunioun, fir zesummen ee Projet pilote auszeschaffen.

An déi Iddi ass, fanne mir, och haut nach gutt! Firwat net e Projet pilote? Do mécht ee jo näischt falsch! Do kann ee jo ëmmer nach kucken, ob et eppes bréngt oder net. Ëmmerhi fonctionnéiert d'Police des chemins de fer an der Belsch mat nobäi 600 Agenten, bei enger Bevëlkerung vun iwwer eelef Milliounen, ganz gutt a suergt op eng effikass Manéier derfir, datt d'Iwwergréffer an engem erträägleche Mooss bleiwen.

Oder ass et effektiv esou, datt d'Police, d'Policedirektioun mordicus keng esou eng Struktur wëllt? Wann ee wéi ech mam Zuch op d'Schaff fiert, da gëtt ee jo dacks ugeschwat. A besonnesch d'Sécherheet ass ëmmer erëm e Sujet, deen d'Leit engem soen. Ech kréien dacks gesot vun Elteren, datt se hir Kanner owes fir erauszegoe mam Auto féieren an dat net zouloossen, datt se den Zuch huele respektiv de Bus, well se fäerten, datt eppes geschitt, entweder am ëffentlechen Transport selwer, op de Garen a wéi och ëmmer.

Wéi ech am Februar 2016 eng mëndlech Fro hei an der Chamber un de Minister Schneider gestallt hunn, krut ech ënner anerem gesot, datt wéinst engem grousse Mangel u Polizisten esou eng Police spéciale net méiglech wier. An do sot de Minister weider, ech zitéieren,...

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Entschëllegt. Entschëllegt, Här Schank!

M. Marco Schank *(CSV).*- Ech wollt Iech just zitéieren.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Jo. Gutt, da soen ech Iech eppes duerno, wann Der erlaabt.

M. Marco Schank *(CSV).*- „Dofir mengen ech, wann een d'Envergure kuckt vun deem ganzen ëffentlechen Transport, dass et am Moment esou, wéi d'Situatioun ass, onméiglech wäert sinn, eng Unité spéciale anzeféieren, déi permanent dann an all deenen Zich, an all deene Busser wäert ënnerwee sinn, fir do fir méi Sécherheet ze suergen."

Ech hätt jo gären deemools Iech scho geäntwert, Här Minister, datt et jo net dorëms geet, datt an all Zuch oder an all Bus e Polizist matfiert, mä datt an deenen Zich, wou et noutwendeg ass, wann do no 22 Auer Poliziste matfueren, datt déi Signalwierkung enorm wierkt. An ech wëll och de Minister Bausch dann nach eng Kéier zitéieren. 2015 huet en dat dann, denken ech, gesot: «Il nous faudrait une quinzaine de policiers» pour créer cette entité et répondre au «besoin de plus de sécurité dans les trains et les gares».

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Här Schank...

M. Marco Schank *(CSV).*- Ech maachen de Saz fäerdeg...

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Jo.

M. Marco Schank *(CSV).*- ...an da sinn ech frou, wann Der mer äntwert.

Wann dës Regierung esou eng Police net wëllt, da wollt ech froen, ob da geplangt ass, datt vun der CFL verstäerkt Sécherheetsagenten entspriechend dem Gesetz vum Juni 2009 - Employé sous statut de droit public - agesat ginn, respektiv ob, wéi et elo ass, da weider op extern Sécherheetsleit zréckgegraff gëtt, wann Der dat wierklech net wëllt. Nach mengen ech, datt et besser wier wéinst der Signalwierkung, wann d'Police dat géif maachen!

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Här Schank, ech wollt Iech just nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass et strictement kee Sënn mécht, dat dote wëllen ze maachen! Dir sot, mir solle punktuell an déi Zich da Police setzen. Mä Dir wësst jo ganz genee, dass dat jo dann näischt hëlleft. Do, wou een ass, sinn ech mat Iech d'accord, dass dann an deem Waggon grad keen op d'Iddi kënnt, fir iergendeen aneren ze belästegen. Mä wann Der wësst, an et ass gëschter vum Premier gesot ginn, dass eleng an eisen Zich 22 Milliioune Passagéier fueren - 22 Milliounen! -, rechent Iech dat emol ëm, wivill Waggonen dat sinn! An da rechent Der Iech dat ëm, wivill Polizisten dass mer missten hunn, fir déi dann all ze observéieren, fir e Minimum vu Verbesserung an dee System eranzekréien!

Ouni vum Bus ze schwätzen! Ouni vum Bus ze schwätzen! Ouni vun deene ronn 40.000 Schüler ze schwätzen, déi all Dag mussen an d'Schoule gefouert ginn. An dann hunn ech nach net vun all deenen anere Busse geschwat! Wivill Leit misst Der dann do opbréngen, fir vernünfteg kënnen ze behaapten, dass doduerjer eng Situatioun sech verbessert?

Ech mengen, déi aktuell Situatioun, déi mer hunn, ass déi, dass d'CFL mat der Police ganz gutt zesummeschafft, dass, wann et Radau an engem Zuch gëtt, d'Police meeschtens schonn op der nächster Gare steet, fir deen an Empfang ze huelen. An dass mer och als Police deene Leit, déi fir d'Sécherheet an den Zich suerge respektiv déi Schaffner sinn, hëllefen eng Ausbildung ze ginn, wéi se mat deene Leit sollen ëmgoen.

Dovun ofgesi wëll ech just drop opmierksam maachen, dass den Taux vun der Kriminalitéit am ëffentlechen Transport extrem geréng ass par rapport zu anere Plazen! Eleng op der Stater Gare geschéien an enger Woch esou vill Strofdote wéi d'ganzt Joer am ëffentlechen Transport! Elo sot mer just: Wat ass dann elo méi wichteg, fir déi limitéiert Ressourcen, déi mer hunn, anzesetzen? Ech gesinn eis net, eis Polizisten alleguerten an d'Zich setzen!

Une voix.- Très bien!

M. Marco Schank *(CSV).*- Gutt. Ech denken, datt genau dat, wat Der mer elo geäntwert hutt, Här Minister, datt och de François Bausch datselwecht am Kapp hat, wéi e gefuerdert huet, fir esou eng Unitéit ze kréien! An ech widderhuelen, wann e vun enger «quinzaine de policiers» schwätzt, wou ech mengen, wou scho vill gemaach wier genau zu deenen doten Dageszäiten, owes, wou et wesentlech ass - wat ech virdru gesot hunn -, datt d'Police an den Zich wier. Déi Signalwierkung ass net ze ënnerschätzen! - Gutt, ech hunn eng begrenzten Zäit. Ech wollt dat awer nach eng Kéier däitlech gesot hunn.

Une voix.- Très bien!

M. Marco Schank *(CSV).*- Dann, Här President, just och nach ee Wuert an eng Fro zum Bustransport. Ech muss mech hei a menger Zäit elo begrenzen. Am Kader vun enger Kommissiounssëtzung, wou mer iwwert de Rapport spécial vun der Cour des comptes geschwat hunn am Zesummenhang vum RGTR, huet meng Fraktioun d'Problematik vum Bustransport am ländleche Raum nach eemol ugeschwat, Stéchwuert Ruffbus. An do huet den Nohaltegkeetsminister geäntwert, datt en Aarbechtsgrupp d'Méiglechkeet géif analyséieren, fir e System Ruffbus en place ze setzen, an datt besteeënd Initiative géifen an de System integréiert ginn. Ech erënneren drun, datt et esou eng Initiativ gëtt: de Bummelbus vum FPE, wou eise Kolleeg Aly Kaes Responsabilitéit huet, deen e ganz grousse Succès am ländleche Raum kennt. Déi Gefierer bewegen net manner wéi 160.000 Leit d'Joer! A meng Fro un de Minister: Gëtt deen Aarbechtsgrupp eréischt agesat oder gëtt et e schonn? A wa jo: Wéini ass do mat éischte Resultater ze rechnen?

Da wollt ech am...

(Interruption par M. François Bausch)

Jo, also wann d'Zäit ofgerechent gëtt, ass alles gutt.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Just zu deem Aarbechtsgrupp, als Äntwert direkt. Dir wësst jo, datt mer am Kader vun engem Konsultatiounsprozess och mat de Bierger si fir déi Reform vum RGTR fir 2019. An do gëtt et ee vun den Aarbechtsgruppen eben, an deen déi Fro vum Bus am ländleche Raum drakënnt. Do kënne Bierger sech mellen, fir matzeschaffen. Dat wäerte mer nach virum Summer lancéieren, fir en Aarbechtsgrupp en place ze setzen.

M. Marco Schank *(CSV).*- Très bien!

Här President, ech wollt dann och am Kontext vun der Mobilitéit vu Leit mat enger Behënnerung nach ee Sujet uschwätzen, wou ech och e bëssen d'Gefill vum Ceterum censeo hunn, mä ech soen et awer: An enger Froestonn ufanks Februar hunn ech d'Problematik opgeworf gehat vum Adapto-Bus. An ech hunn an der Tëschenzäit eng ganz Partie Leit, déi u mech erugetruede sinn, fir och hir Problemer do ze soen. An zwar ass de Problem deen, well déi Leit ganz dacks de Führerschäin nach hunn, an dann ass déi strikt Trennung da schwéier novollzéibar.

Ech erkläre mech: D'Ofgi vum Führerschäin steet net däitlech an de Konditiounen, fir vum Adapto ze profitéieren. An dat zu Recht, a mengen Aen, an eisen Aen! Mä den zoustännege Service handhabt dat awer esou. De Minister Bausch huet deemools gesot, ech zitéieren, et wier „relativ kloer, wann natierlech eng Persoun de Führerschäin nach huet a per se kann Auto fueren, da ka se «par ses propres moyens» jo sech nach deplacéieren". Mä esou einfach ass et awer net an eisen Aen! Et gëtt jo awer Leit, Här Minister, déi apte si fir Auto ze fueren, respektiv eeler Leit mat enger Géibehënnerung, déi nach kuerz Strecke kënnen, däerfe fueren! Zum Beispill um Land, fir anzekafen, do ass de Bäcker net an der Strooss. Do muss een dann zwee oder dräi Kilometer fueren.

D'Resultat ass elo dat, datt eeler Leit, déi den Adapto refuséiert kruten, dann en Taxi huelen, fir méi wäit ze fueren, an den Auto huelen, fir méi no Kommissiounen ze maachen. An eis Meenung, an do sti mer och net eleng, eis Meenung ass, si gëtt iwwregens och vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand gedeelt, ech zitéieren aus dem Rapport vum ORK: „Chronesch krank Leit sinn op bestëmmten Deeg capabel, fir Auto ze fueren, an op aneren Deeg iwwerhaapt net." Alles hänkt vun deem bestëmmten Dag of, also vun der Condition du jour, vun der Destinatioun - wäit, Klinik, Dokter oder nëmme bei de Bäcker? - a vun der Meteo, ob et glat ass, ob Schnéi läit a wéi och ëmmer.

Datt déi Reform vum Novabus néideg war, do ginn eis Meenungen net auserneen, well dacks de Service genotzt gouf vu Leit, déi keng Mobilité réduite haten, konnten noweisen. An dat stellt och kee Mënsch a Fro. Mä esou, wéi et elo gehandhabt gëtt, ass et net fair!

Dann... Jo!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Direkt eng Äntwert...

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, ech sinn...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Är Zäit gëtt gestoppt.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, mä ech muss awer soen, entweder maache mer en Debat hei oder mir maache keen Debat hei!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...d'Zäit ass ëmmer gestoppt!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Soss brauch ee jo net hei ze sëtzen.

Also ech muss soen, ech sinn e bëssen iwwerrascht iwwert dem Här Schank seng Ausso, well an där Fro vun der Definitioun an ënner wéi enge Konditiounen een den Adapto kann hu respektiv virun allem an där Fro vum Führerschäin huet sech an der Regel par rapport zu deem, wéi et ënner mengem Virgänger war, dat heescht, wéi den Här Wiseler nach am Ministère war, net wesentlech vill, fir net ze soen näischt geännert!

An et ass och esou, datt, wa mer soen, wann een de Führerschäin huet, donc nach kann Auto fueren, a wann dann dee Fall antrëtt, wéi den Här Schank seet, datt en Dag Glatäis ass an en duerfir da vläicht den Auto net hëlt: Et gëtt och nach den ëffentlechen Transport! Dat si jo dann awer Leit, déi net esou e groussen Handicap hunn, datt se net kéinten den ëffentlechen Transport huelen!

An ech mengen, den Här Schank weess och genausou gutt wéi ech, datt entre-temps déi ganz Fro Adapto/Novabus vum Käschtepunkt hier onwahrscheinlech explodéiert ass an deene leschten zéng Joer an datt mer einfach de Risiko lafen, datt, wa mer net kloer Regelen hunn - an de Führerschäin hunn oder net hunn, ass eng kloer Regel; wann een awer nach ka selbststänneg eng Rei Saache maachen, donc och selbststänneg en öffentlechen Transport huelen -, da soen ech Iech, dann ufert dat hei komplett aus!

An dann, ee leschte Saz wëll ech awer och soen: Mir hu genuch Flexibilitéit! Ech kann Iech soen, ech kann Iech och genuch Beispiller liwwere vu Fäll, déi ganz spezifesch sinn an da war ëmmer genuch Flexibilitéit do, fir ze soen: „Okay, do maache mer dann eng Ausnambestëmmung", wa konnt mat Certificat dann nogewise ginn, datt et eng ganz spezifesch Situatioun war. Also et huet sech eigentlech net wesentlech vill geännert par rapport zu där Zäit, wéi den Här Wiseler respektiv den Här Schank selwer an deem Ministère do waren, an deem dote Punkt.

M. Marco Schank *(CSV).*- Merci derfir. Just fir ze soen, wann déi Flexibilitéit an Zukunft ginn ass, dann ass dat och gutt esou. Mä ech kennen awer Fäll, wou déi eben net war, wou ech awer gemengt hätt, datt et fair gewiescht wier, fir déi Flexibilitéit...

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Et gëtt ëmmer eenzel Grenzfäll.

M. Marco Schank *(CSV).*- Gutt. Zum Schluss e leschte Ceterum censeo. D'Emweltministesch ass och hei. Ech hunn an deene leschten dräi Joer e puermol nogefrot gehat nom Nohaltegkeetscheck fir Gesetzesprojeten, fir Reglementer, fir Decisioune vun der Regierung. Op der Säit 71 am Koalitiounsprogramm ass dat festgeschriwwen, datt et géif kommen. An der Plenière hunn ech dacks keng Äntwert kritt, mä ech hunn awer dunn de leschte Méindeg gefrot gehat, an du sot d'Ministesch mer, si wieren amgaangen dorunner ze schaffen.

Madamm Ministesch, meng lescht Informatioune ginn an déi Richtung, wéi wann d'Majoritéit sech net eens wier, datt deen Nohaltegkeetscheck géif kommen. An duerfir hunn ech e bëssen Angscht, et géif näischt geschéien. Mä wa wierklech dru geschafft gëtt - mir wäerten dat observéieren -, wier ech frou, géif ech mech freeën, wann deen Nohaltegkeetscheck géif kommen. Virun allem, well och de President vu Fairtrade Lëtzebuerg viru Kuerzem an engem offene Bréif an enger Dageszeitung déi Fro gestallt huet a geschriwwen huet, „vläicht eng wesentlech Méiglechkeet fir Lëtzebuerg, sech am Kader vun der Agenda 2030 mat hire 17 Nohaltegkeetsziler als Musterschüler ze profiléieren". Duerfir hoffen ech, datt net nëmmen dru geschafft gëtt, mä datt et och zu enger Emsetzung kënnt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Schank.

Mir sinn e bëssen an enger spezieller Situatioun. Vu dass eng ganz Rei vu Froen hannereneen un d'Regierungsmembere gestallt ginn, géif ech och mengen, dass mer dru wannen, wann ee kann och direkt d'Äntwert ginn, wa se do ass.

D'Madamm Ëmweltministesch huet d'Wuert.

Selbstverständlech, déi Ënnerbriechunge kritt Dir net ugerechent. An déi Äntwerten, déi d'Regierung ginn huet, déi gi bei der Zäit vun der Regierung ugerechent. Dat ass evident!

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Jo natierlech - an do soen ech dem Här Schank näischt Neies, well ech em dat elo eréischt rezent, et ass nach net eng Woch hier, geäntwert hunn -, en huet ganz recht an dat hunn ech ëmmer vun Ufank u gesot: „Mir verbannen den Nohaltegkeetscheck", deen ass net vergiess, „mat der Agenda 2030."

Ech hunn och d'Iescht Woch nach eng Kéier den Timing widderholl. Mir setzen elo gären d'Agenda 2030 ëm, wou d'ganz Regierung dru geschafft huet, da kënnt en ëffentleche Prozess an duerno gëtt natierlech den Nohaltegkeetscheck, deen net vergiess ass - deen zu Recht erwäänt gëtt, well en am Regierungsprogramm steet -, da gëtt dee beschafft, mä an där Chronologie, wou et och logesch ass. An dofir widderhuelen ech dat dann och nach eng Kéier heibannen. Ech soen Iech awer Merci, fir drun ze erënneren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An d'Wuert huet elo den Här Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, aus Zäitgrënn wëll ech elo net op d'Landesplanung, d'Buedemversigelung, d'Kläranlagen an d'erneierbar Energien agoen. Ech wëll just vläicht eng Kéier ënnersträichen, dass mir als LSAP d'Regierung ënnerstëtzen am Kampf géint d'Atomreakteren zu Cattenom an zu Tihange. Well déi verlängert Lafzäiten, wéi mer se elo gesinn, déi si jo schonn erëm am Gespréich, fir och doriwwer, iwwer 40 Joer ze goen. An ech mengen, et ass elo de Moment, fir matzäit domat unzefänken. Wann ee jo och gesäit, dass an Däitschland grouss Efforte gemaach ginn, fir an déi Richtung do ze goen, da mengen ech, hätte mer do Alliéierter, wou eis an der LSAP immens wichteg ass.

Ech géif mech dofir just drop beschränken, de Beräich vum Transport unzeschwätzen, well wéi gesot, Buedem, Waasser, Loft an Energie si grondleeënd Ressourcen, déi eise Wuesstumspotenzial limitéieren.

Wat bedeit dat fir eis politesch Prioritéiten? Et gëtt zwee Beräicher, déi e ganz besonnesch staarke Lien zum Wirtschaftswuesstum hunn: Dat sinn de Wunnengsbau an den Transport. Zum Wunnengsbau, do huet mäi Fraktiounskolleeg, de Georges Engel, schonn alles a gutt gesot.

Wann eis Capacitéiten um Wunnengsmarché net mam Wuesstum vun den Aarbechtsplaze Schrëtt hale kënnen, wäert domadder och de Pendlerverkéier vun de Frontaliere weider zouhuelen. Deen effizientste Wee, fir d'Leit mueres op d'Aarbecht ze brëngen an och erëm heemzebréngen, ouni dass alles zesummebrécht, ass de kollektiven ëffentlechen Transport. Et ass positiv, dass mer zënter enger Rei vu Jore massiv an den Ausbau vum ëffentlechen Transport a besonnesch vum Schinnennetz investéieren an hei bleiwen och nach vill Efforten ze maachen, wéi mer wëssen.

Iwwert déi verschidde Legislaturperioden ewech hu mer e Plang fir en etappeweisen Ausbau vun eisem Transportreseau, dee jo, vun eenzelnen Ännerungen ofgesinn, no an no ëmgesat gëtt. Dëse Plang muss natierlech weider evoluéieren. Et geet jo drëm, an der Landesplanung Couloire frai ze hale fir Projeten, déi net haut an net muer kënne realiséiert ginn, mä wou ee sech awer Optioune fir d'Zukunft muss erhalen.

E gutt Beispill dofir ass den Tram: De Minister huet dat jo virgestallt, dass ausser vun der Gare bis bei d'Foireshalen et jo och virugeet Richtung Kierchbierg a Richtung Bouneweg, mä dass een och do nach Iwwerleeunge ka weidermaachen - an de Minister huet dat jo och schonn a respektive parlamentareschen Ufroe gemaach -, fir dat weiderzeféieren op Leideleng, vun der Place de l'Étoile iwwert d'Arelerstrooss bis op Mamer, Mamer Lycée - Stéchwuert Europaschoul -, Park and Ride eventuell am Westen an esou weider. Och dat si Projeten, déi mer an deem Sënn ënnerstëtzen an déi eis Mobilitéit kënnen erhalen.

Datselwecht gëllt natierlech och fir d'Busspuren, fir Couloiren do ze halen. Ech verkierzen dat elo e bëssen. Weider ass et awer natierlech wichteg, de Schinnereseau auszebauen. Mir als LSAP sinn nach ëmmer der Meenung, dass iergendwann och eng Verbindung vun Esch an d'Stad géif Sënn maachen. Zu Beetebuerg wësse mer, dass dee groussen Hub gebaut gëtt. Et geet jo net nëmmen drëm, fir d'Leit ze transportéieren, mä och Wueren.

An do war emol an der Zäit eng Iddi, déi ee sech vläicht och an Zukunft iwwerleeë muss. Ech mengen, dat ass net fir elo, mä am nächste Jorzéngt muss ee sech déi iwwerleeën: Do war emol sengerzäit e Contournement geplangt tëschent Thionville, iwwert d'Grenz ewech, laanscht den Zoufftgener Tunnel op Beetebuerg, ob een domat net och kéint dee Goulot d'étranglement, dee Fläschenhals opléisen. An och, do kritt ee jo vill Kreditter iwwert d'Europäesch Kommissioun, déi notamment och hei zu Lëtzebuerg vun der Banque européenne d'investissement, der BEI, kéinte finanzéiert ginn, well dat am grenznoe Beräich geschitt.

Fir d'LSAP bleift nach ëmmer déi Iddi vun enger direkter Verbindung vun der Gare aus iwwer Hamm op de Fluchhafen e wichtege Projet. Och Iwwerleeungen a Richtung Saarbrécken, mengen ech, sollte mer eng Kéier maachen.

Dann, ech mengen, de Minister huet dat jo och schonn e puermol gesot, wat eis ëmmer méi wichteg ass, wou mer an Zukunft missten dru plangen, dat si Parkhaiser, souwuel grenzno op eiser Säit, der Lëtzebuerger Säit, awer och am grenznoe Beräich an der Belsch, Däitschland a Frankräich.

Et ass ganz richteg, dass bei deenen Investitiounen an d'Infrastruktur de Schinneverkéier Prioritéit genéisst. Trotzdeem wäerte mer als Land net derlaanscht kommen, och um Stroossereseau Verbesserunge virzehuelen. Als LSAP begréisse mer dofir och den Ausbau zweemol op dräi Spure vun der Diddelenger Autobunn. De Minister huet dat jo ugekënnegt. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass mer fréier oder spéider dësen Ausbau um Contournement iwwert d'Helfenter Bréck ewech musse weiderféiere bis op d'belsch Grenz. Mä wéi gesot, dat sinn Zukunftssaachen. Et ass jo elo emol gesot ginn. Ech hat zwar eng Question parlementaire un de Minister gestallt, ob dann och elo an deem Projet oder an engem zweete Projet den Ausbau vun der Helfenter Bréck kënnt, wéi mer schonn ëmmer geschwat hunn.

Da sinn natierlech duerchgeeënd Busspuren ze maachen. Et gëtt vill vu Covoiturage geschwat. Ech mengen dat, déi zweemol dräi Spuren, wier jo och eng Méiglechkeet, fir dann eventuell a Spëtzenzäiten do reservéiert Busspuren ze maachen. Ob elo d'Iddi, fir d'Noutspuren als Busspuren ze gebrauchen, déi richteg Iddi ass, dat muss ee kucken. Well dee beschte Covoiturage, vun deem jo vill geschwat gëtt, mengen ech, ass ganz einfach de Bus!

Wat mer och natierlech musse förderen, dat ass d'Mobilité douce. Do musse mer och weider Efforte maachen an do ass et och ganz wichteg - an dat huet een och gëschter gesinn un enger Reaktioun vun der Stater Verkéiersschäffin, der Madamm Tanson, dass et och wichteg ass -, dass een ëmmer méi versicht, separat, geséchert Couloiren ze kréien. Do war iwwregens dës Woch e ganz interessanten Artikel am „Spiegel Online", dass dat Anzeechne vu Vëlosspure relativ gefèierlech ass, well se am Fong de Raum tëschent dem Autosfuerer an dem Vëlosfuerer méi reduzéiert, wéi wann dat op separate Pisten ass, déi normalerweis zwee Meter sinn. Mä dat kann ee gär noliesen, et kann een dat och eng Kéier an der Kommissioun diskutéieren.

Eppes anescht, wat ech nach wëll uspriechen, ass natierlech d'Verkéierssécherheet. Ech mengen, de Minister huet do vun der „Vision Zéro" geschwat. All Verkéiersdoudegen ass een Doudegen ze vill an dofir wëlle mer dat natierlech absolutt ënnerstëtzen, dass mer do an där Richtung grouss Efforte maachen. Well wann e Mënsch säi Liewen am Verkéier verléiert oder ganz schwéier blesséiert gëtt, dat ass, mengen ech, dat Schlëmmst, wat him a senger Famill ka passéieren.

Dofir wëll ech vläicht eng Fro, oder eng Iwwerleeung abréngen, net onbedéngt eng Fro: Dass een op besonnesche Plazen… Ech mengen, mir si jo mat de Radaren amgaangen, si sinn elo ee Joer a Betrib, mä si sinn awer nëmmen ausserhalb vun den Uertschaften. Wann een elo e bëssen an der Belsch kuckt, do ginn et am Ëmfeld vu Schoulen och schonn déi automatesch Radaren. An do ass d'Iwwerleeung, ob een dat net och kéint eng Kéier bei eis aféiere wéinst der Sécherheet vun de Kanner, wou jo de Minister elo fräiginn huet, fir net nëmmen (veuillez lire: fir net nëmmen automatesch Radaren) op Statsstroossen, mä déi och emol eng Kéier op esou sensibele Plaze bei 30 Stonnekilometer anzeféieren.

Aus Zäitgrënn, Här President, géif ech dann zu der Konklusioun kommen. Dir gesitt, dass eis d'Aarbecht an deene kommende Joren net wäert ausgoen. D'Zil vun all dësen Investitioune muss et sinn, dauerhaft en héije Liewensstandard fir déi Leit, déi hei wunnen a schaffen, ze garantéieren. Dee Mentalitéitswandel an déi Veränderunge vu Gewunnechten, déi mer vun de Leit verlaangen, dierfen insgesamt net als eng Verschlechterung vun der Liewensqualitéit empfonnt ginn, dofir ass an alle Beräicher en direkten Dialog mat de Bierger enorm wichteg. Mat klengen Adaptatiounen a mat enger verbesserter Organisatioun loosse sech vill potenziell Konflikter vermeiden. E Fallbeispill heifir ass de Fluchhafen an de Kaméidi, woubäi natierlech besonnesch d'Nuetsflich ëmmer erëm an der Kritik stinn.

Ech wëll drun erënneren, dass all déi Mesuren, déi ech opgefouert hunn, solle vermeiden, dass de Wuesstum zu Lëtzebuerg automatesch zu ëmmer méi Stau, Wunnengsnout, Bëtonswüsten a Kaméidi féiert. Wann dat net geléngt, wäert de Widderstand géint eng Wuesstumspolitik méi grouss ginn. Wann d'Leit d'Gefill hunn, dass sech eis Gesellschaft an déi falsch Richtung entwéckelt, geet dat ënner anerem zu Laaschte vun eisem sozialen Zesummenhalt. Et ass richteg, dass mer Wirtschaftswuesstum brauchen, fir eise Liewensstandard ze erhalen, mä Liewensqualitéit léisst sech net nëmmen a Suen an un der Héicht vum PIB bemoossen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Negri. Dann huet als Nächsten elo den Här Gusty Graas d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, Vertrieder vun der Regierung, den Term „Nohaltegkeet", dee gëtt jo nawell gären iwwerstrapazéiert. Dee gëtt gären ëmmer benotzt, fir villes positiv duerzestellen. Dowéinst ass et och gutt, wann ee sech vläicht emol eng Kéier e bësse méi am Detail domadder auserneesetzt an och seet, wat ee wierklech ënner Nohaltegkeet versteet. Selbstverständlech ass dat an éischter Linn en ekologeschen Aspekt, mä op där anerer Säit awer och dee wirtschaftlechen an dee sozialen, deen awer och eng ganz grouss Roll spillt.

Et huet mech duerfir och gefreet gëschter, och am Numm vu menger Partei dat hei kënnen ze soen, datt de Statsminister (veuillez lire: Et huet mech duerfir och gefreet an ech soen dat och hei am Numm vu menger Partei, datt de Statsminister gëschter) e relativ groussen Akzent vu senger Ried op den Développement durable geluecht huet. A mir kënnen dat nëmme begréissen. Dowéinst wollt ech och de Moien a menger kuerzer Interventioun hei op véier Aspekter hiweisen, déi direkt mat der Nohaltegkeet a Kontakt sinn. Dat si ganz kloer d'Landwirtschaft, de Gewässerschutz, den Transport an och d'Energie.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e puer Zuele vum Statec beleeën u sech, wat fir en héije Stellewäert datt d'Landwirtschaft awer nach wie vor hei zu Lëtzebuerg huet. Mir haten 2015 131.384 ha landwirtschaftlech genotzt Fläch. Dovunner waren 62.798 ha Akerland a 66.293 ha Wisen a Weeden.

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleegen, et ass e bësse vill Gegrommels am Sall. Aus Respekt virum Riedner wann ech gelift e bëssen den Toun zréckhuelen! Merci.

M. Gusty Graas *(DP).*- Mat 13.648 ha stoung de grénge Mais bei de Kulturen op der éischter Plaz. Mir haten iwwregens 1.295 ha Wéngerten an 163 ha Uebstgäert. Dat Ganzt gëtt bewirtschaft…

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- … wann ech gelift e bësse méi lues!

M. Gusty Graas *(DP).*- Dat Ganzt gëtt bewirtschaft vun 2.022 Betriber. 1990 waren dat der awer nach 3.803. Do gesäit een also trotzdeem och de leider gréissere Réckgang vun der Landwirtschaft an deene leschte Jorzéngten.

Viru bal engem Joer, et war ganz genee den 12. Mee 2016, hu mer hei en neit Agrargesetz gestëmmt. Et war iwwregens dat siwent Gesetz an deem Sënn. An och do huet ee jo awer scho gemierkt, datt den Akzent méi op d'Nohaltegkeet géif geluecht ginn. An eppes ass ganz kloer: Eng modern Landwirtschaft ass haut och net méi ze trenne vun engem Schaffen am Aklang mat der Natur.

D'Agrargesetz, wat jo u sech «Loi concernant le soutien au développement durable des zones rurales» heescht, ass e Gesetz, wat sech wéi gesot och an den Esprit vun enger nohalteger Landwirtschaft ganz kloer areit. Ech verweisen och virun allem hei op d'Kapitel 20 vun deem Gesetz, wou et méi spezifesch ëm d'Biodiversitéit an ëm d'biologesch Landwirtschaft geet. Mir hunn och do festgehalen, datt jo eng Commission écologique géif geschafe ginn an och eng Kommissioun fir d'biologesch Diversitéit.

Jiddefalls, datt en neit Denken op deem Niveau agetrueden ass, konnt een och deemools scho feststellen, duerch den Avis vun der Chambre d'Agriculture vum 19. Oktober 2015, déi vun engem Prioritéitewiessel geschwat hat, an datt u sech den Ëmweltschutz do méi staark géif respektéiert ginn.

An dat stëmmt och! 2016 goufen zum Beispill ronn zéng Millioune fir landwirtschaftlech Praktiken ausbezuelt, déi am Interêt vum Klimaschutz an och vun der Ëmwelt waren; déi sougenannt „greenings". Dat waren u sech 33% vu sämtleche Primmen, déi an deem Joer ausbezuelt goufen. Dës Primme baséiere jo u sech op dräi Kritären: op der Diversifikatioun vun de Kulturen, dem Erhalt vun de besteeënde sensibele Wisen an och op dem Besëtz vu landwirtschaftleche Flächen, déi en ekologeschen Interêt hunn. 2016 si schonn 1.323 Demandë gestallt ginn an dovunner louchen och 837 Wisen an Natura 2000-Zonen.

Wa mer natierlech iwwert déi biologesch Landwirtschaft hei schwätzen, da si mer och ganz séier bei der Rifkin-Etüd, iwwert déi mer eis jo wäerten am Hierscht op dëser Plaz vläicht nach méi am Detail ënnerhalen. Do gëtt den Horizont 2050 ugedeit, datt u sech da sämtlech Produiten, déi hei zu Lëtzebuerg vun der Landwirtschaft hiergestallt ginn, sollen aus biologeschem Ubau kommen.

Jiddefalls, et ass nach e Christusliewe bis 2050. Et kann een allerdéngs och elo scho soen, datt et net einfach wäert sinn, dat Zil ze erreechen. Mä, wat wichteg ass, ass, datt mer eis esou en ambitiéist Objektiv setzen an datt een och soll eng Politik developpéieren, fir dohinnerzekommen.

Eppes ass evident: Mir musse versichen, vill méi Liewensmëttelen aus eegener Produktioun hei zu Lëtzebuerg ze consomméieren an och natierlech hierzestellen. Duerfir ass et och ze begréissen, datt deen nationale Promotiounsplang fir déi biologesch Landwirtschaft och e sougenannten „Bio-Agrar-Präis" virgesäit. Dëst Joer ass deen an zwou Kategorien opgedeelt. Dat ass engersäits dee Präis vun der Jury, an et ass anerersäits och dee Präis vum Public. Bon, datt en elo mat 2.000 Euro dotéiert ass, doriwwer kann ee sech natierlech awer och d'Fro stellen, ob dee Präis net sollt nach méi attraktiv an Zukunft gestalt ginn.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Gusty Graas *(DP).*- Ech wëll dann awer och an deem Kontext op eng wichteg Ausso hiweisen, déi de Statsminister gëschter gemaach huet: datt et eben elo och an Zukunft méiglech ass, datt d'Landwirtschaft kann deelweis, wéi gesot, dann op Bioproduktioun ëmstellen.

Um Niveau vum Wäibau ass och d'Nofro no Biowäi rasant an d'Luucht gaangen. Et däerf ee jo net vergiessen, datt d'Basis u sech vum Ökowäin an der EU duerch zwee Reglementer festgehalen ass: 834/2007 an 889/2008. Mir haten 2016 ronn néng Wënzerbetriber mat plus ou moins 50 ha, déi entweder an der Ëmstellung scho ganz op Bio waren oder déi zertifizéiert sinn. Dat si ronn 4% vun der gesamter Wäibaufläch. Dat ass natierlech nach relativ bescheiden, mä do besteet allerdéngs nach ganz vill Potenzial no uewen.

Déi gréisst Erausfuerderung ass natierlech de Moment och de Pilz Peronospora. A wa mer en interessanten Artikel als Basis huelen, fir iwwert de Biowäin ze schwätzen hei, da kann een do op dee vum Här Serge Fischer vum IVV hiweisen, an der Abrëll/Mee-Nummer 470 vum „Alcovit", an hien huet do eng Rei Explikatioune ginn.

Hien huet och bedauert, wéi gesot, datt et zum Beispill elo net méi méiglech ass, déi phosphorhalteg Seier däerfen ze benotzen. Jiddefalls, hien huet awer ganz kloer ënnerstrach, datt hei vill Potenzial ass an datt d'Méiglechkeet besteet, fir de Biowäibau nach weider auszebauen. Datt et natierlech technesch net ganz einfach ass, ass evident, mä trotzdeem: Et wier rentabel. A mir begréissen och, wéi gesot, déi Efforten, déi gemaach gi vun der Regierung, fir de Biowäibau ze ënnerstëtzen.

Ëmsou méi huet et mech awer iwwerrascht, datt d'CSV, déi jo elo där Deeg en Ausfluch do an d'Wäibierger gemaach huet, op eemol awer a Fro gestallt huet, datt de Biowäibau géif esou ënnerstëtzt ginn. Bon!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Dat hu mer net a Fro gestallt!

M. Gusty Graas *(DP).*- Dat ass dann eben... Jo, dach, dach. Dat stoung an Ärem... Den Här Wiseler war jo derbäi. An do ass dat ganz kloer awer monéiert ginn, datt do déi Proportioun zwëschen Ënnerstëtzung fir de klassesche Wäibau an de Biowäibau net géif richteg stëmmen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...gären dee klasseschen...

M. Gusty Graas *(DP).*- Den Här Landwirtschaftsminister huet jo och den Dag drop reagéiert an en huet dat och emol an dat richtegt Liicht gestallt.

Eppes ass ganz kloer: Wa mer iwwert d'Erausfuerderunge vun enger moderner Landwirtschaft schwätzen, dann ass et evident, datt jiddweree sech ugesprach fillt, fir do och matzediskutéieren. Et ass awer falsch, fir eng Antibauerestëmmung hei am Land ze kreéieren, well et däerf ee jo awer net vergiessen, datt d'Landwirtschaft nach wie vor e ganz groussen Undeel huet un den ekonomesche Produiten, déi hei zu Lëtzebuerg hiergestallt ginn, un de Liewensmëttelproduiten, déi hiergestallt ginn; an, wéi gesot, och am Interêt vun der Fleeg vun der Natur dobaussen. Dowéinst och den Appell, dee soll awer iwwert d'Haus hei erausgoen u verschidde Leit aus der Zivillgesellschaft, fir vläicht e bësse méi sachlech bei hirer Kritik mat der Landwirtschaft an Zukunft ëmzegoen.

Ech wéilt dann och e kuerzt Wuert iwwert d'PAC soen, also d'Politique agricole commune um europäeschen Niveau. Do ass jo an der Strategie 2020 och eng méi nohalteg Gestioun virgesinn. De Moment leeft jo eng ëffentlech Consultatioun, wou also d'Bierger, wou d'Associatiounen d'Méiglechkeet hunn, sech anzebrénge, hir Iddien do och ze ënnerbreeden. Wann ee bedenkt, datt u sech 40% vun den EU-Mëttelen, also aus dem Budget vun der EU, an d'Landwirtschaft fléissen, op där anerer Säit awer d'Landwirtschaft insgesamt um europäesche Plang nëmmen 0,4% vum BIP ausmécht, da gesäit ee jo och do déi grouss Diskrepanz, déi besteet.

Natierlech ass d'PAC och net ganz onëmstridden. Och do mussen an Zukunft gewësse Kurskorrekture virgeholl ginn. Ech wëll awer hei ënnersträichen: Wann et d'PAC net géif ginn, da géif et awer och hei zu Lëtzebuerg vläicht keng Familljebetriber méi ginn an dann hätte mer vläicht och net méi déi héich Standarden, déi awer nach ëmmer vun der Landwirtschaft bei eis hei vertruede ginn.

An datt - wat jo och nawell gären dobausse gesot gëtt - duerch d'intensiv Landwirtschaft, déi een awer mat Sécherheet net hei zu 100% ëmmer kann ënnerstëtzen, do gëtt et och eng Rei Defiziter, déi musse behuewe ginn... Mä datt se awer net ëmmer esou schlecht ass, wéi se gären duergestallt gëtt, beweist awer och elo e rezente Rapport vun der EFSA, dat ass d'Europäescht Amt vun der Liewensmëttelsécherheet.

Si hunn den 11. Abrëll elo e Bericht virgeluecht an do hu se zum Beispill festgestallt, datt a 97,2% vun de Prouwen d'Pestizidréckstänn nach ënnert deenen normalen, erlaabte Wäerter louchen. An interessant ass och, datt an 99,3% vu biologesche Liewensmëttele fir Babyen a kleng Kanner iwwerhaapt keng Pestizidréckstänn festgestallt goufen. Dat kann een also nëmmen erfreeën. Dat ass awer och de Beweis, datt et wichteg ass, datt mer op deem Wee musse weiderfueren, fir d'Biolandwirtschaft an Zukunft nach méi ze ënnerstëtzen.

Une voix.- Très bien!

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer iwwer Landwirtschaft schwätzen, da si mer och ganz séier nach bei engem anere Sujet, deen an direkter Relatioun mat der Agrikultur steet. Dat ass d'Waasser, d'Qualitéit vum Waasser, iwwert déi mer hei scho méi wéi eng Kéier diskutéiert hunn. Och déi huet de Premier gëschter hei ugeschnidden.

Sécher, ech mengen, et kann een et net ignoréieren: Mat der Qualitéit vun eise Baachen a Flëss steet et net zum Allerbeschten. Iwwert d'Grondwaasser wëll ech guer net schwätzen, well do kann een nëmmen Negatives soen. Et ass also nach ganz villes op deem Gebitt ze maachen.

Et muss een awer hei ënnersträichen, datt ënnert dëser Regierung elo scho villes geschitt ass. Ech denke virun allem och un de Quelleschutz. „Do brauche mer eis net ze bretzen, wat déi lescht 100 Joer ugeet", kann ee soen, mä datt do awer emol eng nei Bewegung elo an deen Dossier erakomm ass, kann ee jiddefalls nëmme begréissen. An et muss een och drop hiweisen, datt et jo awer wichteg ass, datt mer sensibel Plaze wierklech an Zukunft méi schützen, datt do net méi kann eng intensiv Düngung virgeholl ginn, well schlussendlech geet et jo awer och op d'Käschte vun der Qualitéit vun dem Drénkwaasser.

An do gëtt et awer och flott Initiativen, déi een de Moment sech ëmmer besser entwéckele gesäit. Ech weisen zum Beispill op d'LAKU hin, déi Landwirtschaftlech Kooperatioun Uewersauer, zesumme mam SEBES, wou da ronderëm den Uewersauer-Stauséi - dat ass jo awer eisen Drénkwaasserreservoir - ebe wéi gesot elo Initiative geschafe ginn. Eng ronn 70 Betriber bedeelege sech drun, fir an Zukunft manner Pestiziden anzesetzen. Eng flott Initiativ, déi och ouni Zweifel soll Schoul hei zu Lëtzebuerg maachen!

Wat natierlech de Volet vun de Kläranlagen ubelaangt, och do wësse mer, datt mer nach ganz vill Defiziter hei zu Lëtzebuerg hunn. Ech denken un déi vill mechanesch Anlagen, déi et iwwerhaapt net méi dierft ginn. Ech denken awer och un déi vereelzt biologesch Anlagen. Mir hunn der vill, déi schonn iwwer 20 Joer al sinn. Hei mussen Adaptatioune virgeholl ginn. Ech denken natierlech och un nei Problemer, déi sech ëmmer méi bemierkbar maachen: Medikamentereckstänn an den Ofwässer. Och do gëtt jo versicht, iwwert de Wee vun engem Pilotprojet ze kucken: Wéi kënne mer hei zu Lëtzebuerg déi Problematik nach besser an de Gréff kréien?

De Moment si mer jo an der Ëmweltkommissioun amgaang, iwwer en neit Waasserschutzgesetz ze diskutéieren. Ech wëll net drop agoen, mir kréien nach Geleeënheet, fir dat méi am Detail hei ze diskutéieren. Mä virun allem een Aspekt, dat ass d'Renaturéierung, wou jo och nei Weeër beschratt ginn, wou versicht gëtt, och Privatleit mat erunzehuelen, och si deementspriechend ze ënnerstëtzen, wa se bereet sinn, esou Projeten ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en drëtte Volet vum klasseschen Développement durable ass jo ouni Zweifel den Transport. Dat ass de Moie scho ganz vill hei beschwat ginn. Ech wäert mech och kuerz dermat ofginn.

Och hei muss een der Regierung awer wierklech e grousse Luef ausprieche fir déi Initiativen, déi an deene leschte Jore geholl gi sinn, déi héich Investitiounen, déi gemaach gi sinn. Ech wëll net erëm déi eenzel Projeten opzielen, mä besonnesch op zwee Stéck hiweisen, déi natierlech och e groussen Impakt op de Budget, net nëmmen dee lafenden, hunn, mä och op déi vun deenen nächste Joren: sief dat déi nei Streck, déi gebaut gëtt zwëschen der Stad a Beetebuerg, déi iwwregens relativ gutt avancéiert, sief dat natierlech den Tramprojet, wou de politesche Courage do war an do ass, fir déi wichteg Projeten esou séier wéi méiglech ëmzesetzen.

Well ech mengen, et ass evident, an do si mer eis och all eens: Den ëffentlechen Transport ass nun eben de Schlëssel zur Léisung, kann ee soen, vun der grousser Problematik, déi jo oft op de Stroosse virherrscht. An ech gräifen och nach eng Kéier dat hei op, wat mäi Kolleeg Marco Schank hei richteg bemierkt huet: Dat ass natierlech och, datt - et ass op eng Manéier e gutt Zeechen -, datt d'Zich ëmmer méi iwwerfëllt ginn, mä et beweist awer och, datt mer och do e Sättegungsgrad erreecht hunn. En huet e puer punktuell Beispiller hei genannt, déi ech nëmme kann ënnersträichen. Effektiv hu mer zu Spëtzestonne gewësse Situatiounen, déi net méi tolerabel sinn an den Zich, wou also muss ganz schnell gehandelt ginn, fir datt de Reseau verbessert an och méi grouss gëtt.

Mir haten 2016 hei zu Lëtzebuerg 11.675 nei Aarbechtsplaze geschafen. Dat waren 3,1% méi wéi 2015. Och dat beweist d'Dynamik vun eisem Aarbechtsmaart, et beweist awer och d'Dynamik vun eiser Ekonomie. Dann hu mer natierlech och den Aspekt, de Phenomeen, kann ee scho bal soen, vun de Frontalieren. De Moment läit dee bei plus ou moins 176.600.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Dat sinn 42% vun de Leit, déi um Aarbechtsmarché sinn. Zu 2015 ass dat eng Hausse vu 4%. Dat brëngt natierlech net nëmmen eng Verbesserung vun eiser Ekonomie mat sech, mä et brëngt natierlech awer och eng Rei negativ Auswierkunge mat sech. Da si mer erëm ganz kloer beim Trafic an da si mer ganz séier och virun allem bei eisem Stroossereseau. An do ass jo dann och elo d'Initiativ geholl ginn - de Projet de loi ass jo deposéiert ginn, menges Wëssens -, fir d'Autobunn A3, déi sougenannt „Diddelenger Autobunn", dann op dräi Bunnen auszebauen.

Jo, do kann ee sech natierlech d'Fro stellen: Ass dat nohalteg? Déi Fro misst ee vläicht mat „Jein" beäntwerten. Nohalteg ass et mat Sécherheet an deem Sënn, datt manner Stauen, zumindest kuerzfristeg bis mëttelfristeg, entstoe wäerten. Manner nohalteg ass awer wahrscheinlech de Fait, datt mer riskéieren, doduerch méi Verkéier ze generéieren, sous condition - sous condition! -, datt keen Ëmdenke kënnt an der Notzung vun dem Raum a virun allem an de Fuergewunnechten.

Dowéinst wëll ech och elo schonn, mengen ech, ouni elo dee Punkt hei ze vill ze verdéiwen - mir kréien do, wéi gesot, wann d'Gesetz hei diskutéiert gëtt, nach déi Méiglechkeet -, awer op zwee Aspekter hiweisen:

Dat Éischt, dat ass déi sougenannt „drëtt Spur" oder souguer och déi sougenannt „véiert Spur", d'Standspur, datt déi an Zukunft och muss anescht genotzt ginn, virun allem an de Spëtzestonnen. Ech mengen, de Roger Negri hat och schonn drop higewisen. Effektiv bleiwen ech och der Meenung, datt d'Busser, datt d'Taxien an datt Autoen, wou mindestens zwee Leit drasëtzen, mussen an Zukunft och eng Prioritéit kréien. Firwat? Mä ganz einfach, fir en Zeechen ze setzen, datt een och muss, wéi gesot, ëmmer méi versichen, zesumme méi Leit ze transportéieren, an datt eben dat massiivt Opkomme vun Autoen ouni Zweifel nei Problemer an zousätzlech Problemer wäert schafen.

Wéi gesot, wa mer hei dee Sujet diskutéieren, kann een dat nach méi verdéiwen. Ech wëll allerdéngs elo scho soen, mir sollten eis net ze vill vun deem Ausbau hei erwaarden, well et däerf een net vergiessen: Wann no der Fäerdegstellung vun dem Ausbau fënnef bis zéng Joer vergaange sinn a wann net, wéi gesot, dee Mentalitéitswiessel kënnt, da fäerten ech, datt déi Autobunn lues a lues och erëm e Saturéierungsgrad erreecht.

An dat, wat de Roger Negri hei gesot huet, mengen ech, soll een och hei nach eng Kéier opgräifen: Et muss elo schonn driwwer nogeduecht ginn, ob net sollt déi Verlängerung, also deen Ausbau, bis op d'belsch Grenz natierlech och virgeholl ginn.

Iwwerhaapt mussen och Initiativen, déi méi e gemeinschaftlechen Transport ënnerstëtzen, an Zukunft och méi an d'Viséier geholl ginn. Ech denken zum Beispill u BlaBlaCar, Carsharing, Carloh an esou weider. Dat sinn awer flott Initiativen, déi kënnen deelweis derzou bäidroen, datt d'Problematik an Zukunft op alle Fall net méi grouss wäert ginn.

Et däerf ee jo och net vergiessen, datt den Transport och zu engem héijen Undeel zum CO_2-Ausstouss bäidréit. An der EU sinn dat zum Beispill 17%. Da si mer och ganz séier bei der Klimaerwäermung, enger vun deene gréissten, wann net där gréisster Erausfuerderung vun der Mënschheet insgesamt fir déi nächst Joren. An och do mussen natierlech dann nach ganz vill Initiativen ënnerholl ginn. D'EU wëllt jo bis 2050 d'Klimagasen aus dem Verkéier ëm 60% reduzéieren. Dat ass natierlech en nobelt Zil, an der Hoffnung, datt dann och an deem Sënn wäert reagéiert ginn!

Et kommen awer och heiansdo gutt Noriichten. An eng ass mer elo där Deeg och an der Press opgefall. An zwar geet et do ëm d'International Finance Corporation. Do gëtt jo elo en „Green Cornerstone Bond Fund" geschafen. A wat besonnesch fir eis als Lëtzebuerg ganz interessant ass: Dee gëtt hei zu Lëtzebuerg an Zukunft geréiert. Deen huet e Volume vun zwou Milliarden US-Dollar. An ech mengen, et soll een awer net vergiessen, datt virun allem eise Finanzminister, de Pierre Gramegna, do eng aktiv, eng positiv Roll gespillt huet, wat och beweist, wat säin Afloss och schonn op deem Niveau ass, an datt et eis als Lëtzebuerg gutt zu Gesiicht steet, wa mer, wéi gesot, esou Fongen hei op Lëtzebuerg kréien.

Wa mer, wéi gesot, scho beim Ausstouss vun CO_2 sinn, da kënnt een net derlaanscht, och e Wuert iwwert dee sougenannten Dieselskandal ze verléieren, déi Autosmark vu Wolfsburg, déi sech do alles aneschters wéi eng gutt Renommée geschafen huet; obwuel mat Sécherheet déi eng oder déi aner aner Autosmark och net ganz propper wäert dostoen. Mä eppes ass kloer: Esou eppes däerf net méi virkommen. Elo huet een natierlech nach nei Hiobsbotschafte kritt, an zwar ass et elo esou, datt déi Ofgasen u sech nach vill méi schlëmm sinn, hunn ech elo där Deeg an der Press gelies, wéi dat bis dato duergestallt ginn ass.

Eppes ass evident: D'Automobillindustrie muss verstoen, datt se an Zukunft net méi kann op déi klassesch Verbrennungsmotore setzen, mä datt an Zukunft evidenterweis musse vill méi schuedstoffaarm Autoe produzéiert ginn, Stéchwuert zum Beispill elektresch Autoen, Stéchwuert och Hybridauto. Wa mer, wéi gesot, virun allem bei den elektreschen Autoe sinn, muss een och drop hiweisen, datt d'Europäesch Kommissioun jo wëlles huet, do vill méi verstäerkt Ënnerstëtzunge fir Opluedestatiounen ze ginn. An och do ass eis Regierung um richtege Wee ënnerwee, well jo eng Rei Bornen, ëm déi 800, elo virgesi sinn, fir hei zu Lëtzebuerg amenagéiertze ginn, soudatt och deen elektreschen Auto méi attraktiv gëtt. An iwwert d'Steierreform ass jo och do d'Méiglechkeet geschafe ginn, fir e Montant ofzesetzen, wann ee sech en Elektroauto uschaaft.

Bei der Produktioun vun alternativer Energie muss een natierlech och drop hiweisen, datt do immens vill Potenzial nach besteet. An Däitschland zum Beispill hu se bis 2030 geplangt, fir 50% vum Elektreschen iwwert de Wee vun alternativen Energien ze produzéieren. Do muss ee ganz kloer soen, datt eisen Undeel de Moment einfach nach ze vill geréng ass. An dobäi hu mer awer Potenzial: Mir hu Potenzial mat der Sonn, mir hu Potenzial mat der Loft, mir hunn och zum Deel Potenzial mam Waasser, woubäi ech do allerdéngs méi virsiichteg sinn an och wëll awer eng gewësse Warnung ausspriechen, datt mer net sollen ze vill Mikrozentrale förderen, déi u Gewässerleef leien, well dat awer och ekologesch Nodeeler ka mat sech bréngen.

Mir solle jo bis 2020 eisen Undeel un alternativer Energie op 11% eropschrauwen. Dat ass en ambitiéist Zil, mä mir mussen drop hischaffen, mir mussen dat och ouni Zweifel erreechen.

Sécher, wat d'Wandmillen ubelaangt, do ginn oft kontradiktoresch Diskussioune gefouert. Et si Leit, déi mengen, dat géif esthetesch an der Landschaft e bësse stéieren. Mä do muss een awer och dann ofweien, wat et der Gesellschaft awer och bréngt, wa mer, wéi gesot, d'Eoliennen an Zukunft nach méi wäerte förderen.

Et däerf een och net vergiessen, déi fix Käschte fir alternativ Energië si schrecklech zréckgaangen. 1977 huet zum Beispill e Watt Stroum 76 US-Dollar kascht an haut kascht en nach 55 Cent. Do gesäit een also och, wat fir eng positiv Entwécklung virgaangen ass, an et soll een dat och verstäerkt vum ekonomesche Standpunkt hier da gesinn.

Wéi gesot, iwwert d'Rifkin-Etüd kann een och an deem Kontext hei e puer Wuert verléieren. Ech wëll dat awer elo net hei maachen. Sécher sinn do eng ganz Rei gutt Iddien opgegraff ginn, mä - ouni déi Etüd och elo hei da wëllen ze schmäleren - et sinn awer och eng ganz Rei Saachen dran, déi jo net onbedéngt schrecklech nei sinn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, „Liewensqualitéit fir Lëtzebuerg", esou war dem Premier seng exzellent Ried - muss ee soen - vu gëschter hei iwwerschriwwen.

(Brouhaha et interruptions)

Dir hutt net nogelauschtert! Dir musst nolauschteren. Dir musst nolauschteren!

(Brouhaha et interruptions)

Also et huet een an der Zäit awer scho Rieden hei héieren, virun 2013, déi awer... Naja!

Une voix.- Déi besser waren!

M. Gusty Graas *(DP).*- Neen, neen, besser awer op kee Fall!

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift, e bëssen Disziplinn! Här Graas, kommt erëm wann ech gelift zréck op Är Ried!

(Brouhaha général)

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...huet seng eege Riede gär.

(Interruption par la présidence)

M. Gusty Graas *(DP).*- Här Gibéryen, et ass schued, datt Dir ni eng hei ze hale kritt, well soss...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Allez, neen, neen, neen!

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

M. Gusty Graas *(DP).*- ...géif d'Qualitéit an d'Luucht goen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift, keng Zwiegespréicher! Här Graas, wann Der wéilt virufueren!

M. Gusty Graas *(DP).*- Wéi gesot, „Liewensqualitéit fir Lëtzebuerg", sou war dem Premier seng Ried hei iwwerschriwwen. Dat ass ouni Zweifel dat iewescht Zil an der Politik, dowéinst maache mer Politik. Natierlech ass et en deenbare Begréff: Wat heescht Liewensqualitéit? Wann een elo géif e Sondage heibanne maachen, da krite mer mat Sécherheet net onbedéngt e Konsens op alle Pläng. Fir deen ee bedeit Liewensqualitéit dat eent, fir deen anere bedeit Liewensqualitéit dat anert. Ech mengen, et gëtt awer eng Rei Felder, wou mer eis eens sinn, déi einfach zur Liewensqualitéit gehéieren, sief dat proppert Waasser, sief dat manner Stau, sief dat keng belaaschte Loft. Et sinn also nobel Ziler. Et ass also dorop, wou mer musse weider hischaffen.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Duerch déi Deklaratioun, déi mer gëschter hei héieren hunn, krute mer de Beweis geliwwert, datt dës Regierung en bloc, wëll ech soen, hei awer wëllt dorobber hischaffen. Mir als Demokratesch Partei si ganz zefridden, datt dat eng Haaptzilsetzung ass. Mir wäerten duerfir d'Regierung och an Zukunft an hire Beméiungen ënnerstëtzen, fir datt d'Liewensqualitéit hei zu Lëtzebuerg net nëmme geséchert gëtt, mä och nach ausgebaut gëtt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Graas. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Madamm Presidentin. Et ass diskutéiert ginn, ob deen Exercice hei valabel wier oder net. Ech fannen et immens flott, well mer eis iwwer extrem vill extrem wichteg Themeberäicher kënnen echangéieren. Et ass natierlech bei enger ganz kuerzer Riedezäit schwéier, op all déi Saachen anzegoe vun all deene Kommissiounen, an deene mer sinn. Ech wëll mech duerfir op zwee Beräicher konzentréieren: Dat eent ass d'Wuelbefanne vum Selbststännegen a vun de Geschäftsleit an dat anert ass - ech mengen, do si mer eis heibanne wierklech emol eng Kéier alleguerten eens - dee vläicht wichtegste Volet: de bezuelbare Wunnraum, well ouni dee gëtt et keng Cohésion sociale, ouni dee gëtt et kee Wuelbefannen an ouni dee gëtt et schlussendlech och keen Développement durable.

De Premierminister sot plakativ a senger Ried: „Mir wëllen den Entreprisen hei am Land d'Liewen esou einfach wéi méiglech maachen." Dozou ass mir agefall: „Anspruch und Wirklichkeit". Wéi ëmmer mécht de Xavier Bettel e bëssen Zuelespillerei, e seet, 29 Projete vun „Einfach Lëtzebuerg" wiere realiséiert. Ech kann lech nëmme soen, datt dobaussen d'Wierklechkeet eng aner ass. Nach ëmmer brauch e jonke Mënsch, dee wëllt muer e ganz banale Commerce opmaachen, eng Autorisation d'établissement vum Ministère des Classes moyennes. Souguer bei engem Een-Euro-Start-up! Erkläert dat emol engem däitsche Client, dee gewinnt ass, datt een do e Gewerbe op der Gemeng einfach umellt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Wann Der e Selbststännegen, en Independant zwéngt, elo eng komplett kommerziell Kontabilitéit ze maachen amplaz eng einfach Comptabilité de caisse, maacht Der him d'Liewe méi schwéier a méi deier wéi bis elo. Wann e klenge Geschäftsmann seng TVA-Deklaratioun net méi däerf schrëftlech erareechen, mä se muss digital erareechen, maacht Der em säi Liewe méi schwéier a méi deier. Wann d'Administratioun esou engem Commerçant dann op d'Deklaratioun, déi se am Delai schrëftlech krut a wou d'TVA ofgefouert gouf, eng Amende gëtt vun 250 Euro, well se net digital erakoum, da maacht Der em d'Liewe méi schwéier an éierlech gesot och méi batter.

Wivill Gesellschafte goufe liquidéiert a fusionéiert wéinst der Mindestbesteierung, déi Der agefouert hutt? Ass dat d'Liewe méi einfach gemaach, wann eng Firma, déi Verlescht mécht, muss Steiere bezuelen op enger Bilanszomm? Zu deem Thema hunn d'Kolleege Laurent Mosar a Gilles Roth eng interessant Question parlementaire gestallt. Ech si gespaant, wat dobäi erauskënnt, wivill Firme mer doduerch verluer hunn!

Ass d'Liewe vun den Investmentfongen hei am Land méi einfach ginn? Ech héiere genau de Contraire. Ech héiere vun Delaien, déi onméiglech laang gi sinn, vun engem risege Stau bei der CSSF, an dat bei enger Branche, dat kann ee mat Fug a Recht soen, déi d'Mëllechkou ass vun eisem Budget. An esou kéint een eng Stonn laang weiderfueren, mat allen neie Schikanen, Kontrollen, iwwerflëssege Bürokratien, déi duerchgefouert ginn.

Derbäi kommen d'Risike vum Entrepreneuriat. Strofrechtlech Poursuitte sinn a bal all Gesetz, wat mer hei stëmmen. Ech hunn elo ganz kierzlech, gëschter, de Fall héiere vun engem Garagist, dee poursuivéiert gëtt wéinst enger Infraction routière, déi geschitt ass mat enger Voiture de remplacement, engem Ersatzauto, deen en engem Client zur Verfügung gestallt huet. Ass dat normal? Ech fannen dat net.

Perséinlech haftbar ze sinn an enger Société à responsabilité limitée fir Steieren, fir d'TVA a muer vläicht fir dee gesamte Passiv, wann eng Faute de gestion agefouert gëtt, dat ass net dat, wat mer brauchen, fir d'Liewe méi einfach ze maache vun de Geschäftsleit.

Domat stellt sech déi fundamental Fro, wann e jonke Mënsch mech haut freet: „Soll ech mech zu Lëtzebuerg selbststänneg maachen? Soll ech eng Firma grënnen oder iwwerhuelen?": Kann ech, kënnt Dir deem mat guddem Gewëssen dozou roden? D'Fro ze stellen ass d'Äntwert ze ginn! Mir sinn amgaang, net eng „start-up nation" ze ginn, mä eng „no start nation"!

Zum Logement wëll ech fir d'Éischt emol e Luef lassginn un de Logementsminister, deen et ganz bestëmmt net einfach huet an dee ganz vill ugestouss huet an dee ganz vill ënnerhélt an enger ganz schwiereger Matière. Mä datt säi Chef dann hei steet a sech bretzt a Schönfärberei bedreift, grad an esou engem wichtege Punkt, dat fannen ech net an der Rei! An do seet ee Bild méi wéi Wierder. Hei ass d'Grafik aus der Deklaratioun vum Premierminister, wou e seet, wéi de Budget vum Logementsministère eropgeet.

(M. Roy Reding montre une documentation.)

Do gesi mer da lénks, 2014, 136 Milliounen; et ass wéi beim Monopoly, et ass e ganz klengt, gréngt Haischen.

(Interruption)

An 2017: 209 Milliounen, dat ass net emol dat Duebelt, do ass aus deem klengen Haische schonn e Schlass ginn! Dat ass Schönfärberei.

(Interruption)

Ech verstinn, datt ee wëllt glänzen, Här Bettel, besonnesch an engem Wahljoer, mä d'Leit dobausse kennen d'Fakten. Leider Gottes hu mer jo keng Liste unique dovun, wéi vill Leit op Sozialwunnechte waarden. Mä 2012 stounge 686 Leit bei der Fondation pour l'accès au logement. 1.500 Famillje stinn op der Liste d'attente vum Fonds du logement. 1.100 Dossiere sinn op bei der Agence immobilière sociale. An 23.000 Lëtzebuerger sinn zu Grenzgänger am eegene Land ginn, well se sech hei d'Wunnen net méi kënnen erlaben. Dat si Fakten!

Wat maachen a wat net maachen? Dir hutt mat Recht gesot: „D'Oppositioun kritiséiert ëmmer einfach, mä si soll och emol soen, wat ee soll maachen." Mä ech soen Iech fir d'Éischt, wat een net soll maachen!

(Interruption)

Et soll een net maachen, wat den Här Bodry ugestouss huet. Scho virun der Deklaratioun sot en, et misst eng „Keule" erausgeholl ginn - en huet dat Wuert benotzt: „Keule" - géint privat Eegentum.

(Brouhaha)

Gëschter huet en dunn op Nofro... Gëschter huet en dunn... Keule!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Neen!

M. Roy Reding *(ADR).*- Gëschter huet en dunn op Nofro vum Här Kartheiser gesot, wat en domadder mengt: Enteegnungen, Droit de préemption op all Immeubel, Droit de préemption zu Präisser, déi ënnert deene sinn, déi an de Compromise stinn, Mietbremsen, Terrainpräisbremsen an esou weider.

Ech soen Iech klipp a kloer: An eisen Aen, fir d'ADR ass d'Enteegnung keng Léisung! Net nëmmen, mä och, well mer wëllen d'Privateegentum verdeedegen. Et ass all Mënsch säi legitimmen Dram, Eegentum ze besëtzen! Et ass all Mënsch säi legitimmen Dram, en Eegenheem ze besëtzen. An zwar net op Bail emphytéotique, mä wierklech!

Une voix.- Oder e Schlass!

M. Roy Reding *(ADR).*- Wivill Jonker... Oder e Schlass, och dat ass e legitimmen Dram, wëllen e Schlass ze besëtzen.

(Interruption)

Wivill Jonker kënne sech haut eppes leeschten, well hir Elteren,...

(Interruption)

...well hir Grousselteren eppes opgebaut hunn! Well déi haut kënnen eppes verkafen, en Terrain oder en Haus, an hinnen domadder dat Startkapital ginn, wat se brauchen. Dat ass gutt an dat ass richteg esou!

Une voix.- An déi aner?

M. Roy Reding *(ADR).*- Et spullt jo och genuch Suen an d'Statskeess iwwert d'Besteierung vun der Plus-value.

Enteegnung däerf an eisen Aen ëmmer nëmmen dat allerallerlescht Mëttel sinn, wa soss guer näischt méi funktionéiert. An et muss ëmmer, ëmmer, ëmmer mat enger juste et préalable Indemnisatioun geschéien. A genau do ass de Punkt! Wa mer Enteegnung maachen zu Präisser,...

(Brouhaha et interruptions)

…déi ënnert dem Compromispräis leien, dann ass dat eng injuste an net eng juste Entschiedegung.

Et däerf net méi zu engem „Kierchbierg bis" kommen, wou Leit fir en Apel an e Stéck Brout enteegent ginn, wou haut Firme wéi RTL Citye bauen. Dat däerf net méi geschéien!

An datselwecht gëllt och fir den Droit de préemption, deen eis ugekënnegt gëtt,...

(Brouhaha)

…deen an Zukunft op all Immeubel an och zu Präisser ënnert de Compromispräisser soll stattfannen.

Virun allem awer sinn Enteegnung an Droit de préemption duerfir keng Léisung, well de Stat ganz einfach méi lues a méi deier baut wéi de Privatsecteur. D'Wunnechte gi méi deier an d'Terrainen…

(Interruption par M. Xavier Bettel)

…ginn dem Maart entzunn. Mir kommen drop, Här Bettel. Sidd e bësse gedélleg!

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Eng Mietbrems wier kontraproduktiv, well se géif keen Incentive ginn. Am Contraire, et géif manner investéiert ginn a Mietraum. Wa manner investéiert gëtt a Mietraum, ass manner Mietraum do! Et ass awer genau dat, wat mer brauchen.

Une voix.- ...manner Loyer.

M. Roy Reding *(ADR).*- D'Terrainspräisbrems fannen ech och en absolutt onvirstellbaren an onanneembaren Agréff an d'Eegentumsrechter.

All déi Mesuren do, Enteegnungen, Droit de préemption, Agréffer an d'Maartpräisser an an d'Eegentumsrechter sinn an eisen Ae ganz einfach modernt Raubrittertum oder Kommunismus.

(Brouhaha)

Den Député-Maire Goerges Engel huet an déiselwecht Kar geschloe wéi de sozialistesche Fraktiounschef an huet nach eng dropgeluecht, e sot: „Firwat wunne Leit an Haiser, déi eigentlech vill ze grouss sinn? Mir leie bei 50 m² an der Moyenne…"

M. Georges Engel *(LSAP).*- 52!

M. Roy Reding *(ADR).*- „Solle mer déi net dozou bewegen ze verkafen, mat engem..."

Une voix.- Déi et selwer wëllen.

M. Roy Reding *(ADR).*- ...mat engem Incentive."

M. Georges Engel *(LSAP).*- Déi dat wëllen…

M. Roy Reding *(ADR).*- Ma déi Incentiven hu se schonn haut...

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, kënnt Der net derfir suergen, dass den Här Reding kann a Rou weiderschwätzen?

M. Roy Reding *(ADR).*- ... op d'Plus-value.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- En ass näämlech amgaang sech ze entlarwen, wiem seng Interêten dass en a Wierklechkeet vertrëtt: näämlech déi vun de Grousgrondbesëtzer hei zu Lëtzebuerg!

M. Roy Reding *(ADR).*- Hei wann ech gelift, Här President,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Hei wann ech gelift!

M. Roy Reding *(ADR).*- …ënnerbrach ze gi vum kommunistesche Minister!

(Hilarité et brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech suergen derfir, dass den Här Reding weiderschwätzt, a jiddwereen, deen d'Wuert gär hätt, freet sech et!

(Brouhaha et interruptions)

M. Roy Reding *(ADR).*- Ech soen Iech Merci, Här President.

Dat dote geet an eng Richtung, (veuillez lire: dass ech mech froen,) wéini e Gesetz kënnt, wat virschreift, op wivill Meter carré e Mënsch däerf liewen. Haut ass et en Incentive, muer gëtt et eng Flicht!

Da komme mer bei d'Emphytéose: Déi ass an eisen Aen déi gréisste Gängsterei, déi jeemools gemaach ginn ass. Firwat wëllt de Mënsch Eegentum? Ma ebe just, fir sech eppes opzebauen. Ebe just, fir kënne senge Kanner a Kandskanner eppes virunzeginn. Wann ech awer mäin Eegentum verléieren...

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Hei schwätzt de Vertrieder vun de Großgrundbesitzer!

M. Roy Reding *(ADR).*- ...nom Oflaf vun der Emphytéose, no 49 oder 99 Joer, dann hunn ech dat jo net opgebaut. An do muss een dach éierlech si mat de Leit a soen: „Ma da gitt léiwer lounen. Da lount Der dat, wat Der wëllt a wou Der wëllt, an Dir plënnert, wéini Der wëllt, an Dir hutt keng Contrainten." Wann ech souwisou näischt hu vun enger Plus-value, wann ech verkafen, firwat soll ech da kafen? Dat ass keng Léisung!

Komme mer dann zu Léisungen! Kommt, mir kommen zu Léisungen! Déi éischt Léisung ass emol eng Transparenz! Mir hunn et gesi bei de Sozialwunnechten: Do gëtt et keng Liste unique. Dat misst onbedéngt doleien, fir datt mer kënnen e besseren Iwwerbléck hunn iwwert d'Besoinen, déi do sinn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).*- Dat Zweet wier e Mietspiegel, dee publizéiert gëtt, datt déi Donnéeën erhuewe ginn: Wat kascht wierklech e Loyer? Transparenz! Bréngt d'Maartpräisser!

Datselwecht gëllt bei de Präisser, wéi verkaaft gëtt. Et gëtt Länner, déi bréngen et fäerdeg, eng Internetsäit ze hunn, wou een all Transaktioun kann nokucken. Singapur zum Beispill huet dat, mat e bësselche méi Awunner wéi mir. Do gëss de eng Adress an an da kriss de sämtlech Transaktiounen an deem Immeubel vun deene leschte Joren: wivill Meter carré a fir wat fir ee Präis. Dat wier wichteg.

Et wier wichteg ze wëssen: Wivill hu Gemenge preemptéiert bis elo a wivill hu se dodrop gebaut? Och dat wier eng Donnée, déi wichteg wier, fir hei kënnen ze evaluéieren, wat deen Droit de préemption bréngt oder wat en net bréngt.

A wéi de Logementsminister d'Initiativ geholl huet, e Plang hei virzeleeën, sot ech schonn den 30. Juni 2015 an ech widderhuelen et: „Et soll ee verstäerkt op private soziale Wunnengsbau setzen." De Kolleeg Traversini huet deemools d'Zuel genannt, datt d'Agence immobilière sociale tëschent 6 an 10 Euro/m² verlount. An ech sot deemools an ech widderhuelen et haut: „De Privatsecteur bréngt et fäerdeg, ënnert der Konditioun, datt dat fest Kontrakter sinn, fir 10 bis 12 Euro/m² fonkelfuschnei Wunnechten ze verlounen." Et muss een em just d'Chance ginn, dat ze maachen! An do géif et mech interesséieren, ob de Logementsminister an deem Sënn am Dialog ass mam Privatsecteur oder net.

An da kënnt déi éiweg Leier, mä et ass keng Leier, et ass keng Litanei: Mir brauchen eng Vereinfachung vu Prozeduren! De Logementsminister huet mat Recht gesot, säi Ministère géif elo iwwerwaachen, datt keng méi derbäikommen. An ech sot deemools schonn an ech

soen et haut nach eng Kéier: „Dat geet net duer. Si mussen ofgebaut ginn!“

Fakt ass: All zousätzlech Studie, all zousätzlech Contrainte dreift d'Dauer an d'Luucht, entzitt Wunnraum a setzt d'Präisser erop. Dat ass ganz einfach eng Wourecht.

(Interruption)

Firwat muss ech an engem Duerf, op enger Haaptstrooss am Duerfkär, wou eng Scheier ofgerappt gëtt, e PAP maache fir dräi Jumeléeën? Dat ass ganz einfach kompletten Nonsens!

Mäi Fin mot dozou ass:…

(Interruption)

Mir brauchen eng „Keule“, mä mir brauche se géint d'Prozeduren an administrativ Hemmnësser a géint sozialistesch Iddien, mä ganz bestëmmt net géint d'Eegentumsrechter.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha et interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Leschte Riedner zu dësem Block ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. An de 70er, 80er Joren huet déi politesch Ekologie ugefaangen, seriö Formen ze kréien. A si gouf och staark belächelt. Do sinn der vläicht och hei am Haus, déi wëssen dat. A si ass deelweis och als extremistesch bezeechent ginn. Do ass den Zesummenhang och gemaach ginn tëschent Ekologie an awer och der Fro vun der Ëmverdeelung vum Räichtum, an net just vun technologesche Verbesserungen.

Dat ass eng al Erkenntnis. Ech menge souguer, et ass eng Erkenntnis, déi och op den Ufank vum Industriezäitalter zréckgeet. Ee vun den éischten Ëmwelt- a Sozial-Whistlebloweren op der Welt, dat war e Japaner, den Här Shōzō Tanaka. E war Deputéierten an der éischter Chamber, 1890, et ass scho laang hier. An e koum aus enger Géigend, wou Kofferminne waren an d'Aarbechter sinn an onméigleche Konditiounen do ausgebeut ginn. Japan huet sech moderniséiert a militariséiert, mä och: Déi Kofferminnen hunn d'Flëss verpescht, d'Waasser huet natierlech de Buedem onfruchtbar gemaach an Honnertdausende vu Baueren hunn do hir Existenz verluer.

Dat war e gréissere Kampf, an duerno ass et zu enger gréisserer a wahrscheinlech éischter moderner sozialer Bewegung a Japan komm. Dat war um Enn vum 19. Jorhonnert. Hei ass dee Mann natierlech net bekannt, mä bis haut ass en nach a Japan eng Referenz fir Ëmwelt- a sozial Bewegungen.

Ech mengen, dat ass ebe schonn eng Erkenntnis gewiescht. Am 19. Jorhonnert ass verstane ginn, datt sech de Privatprofitt u sech ganz schnell zum gréisste Feind vu sozialen a Mënscherechter entwéckele kann. An den Zesummenhang tëscht Ausbeutung vu Mënsch an Natur an der Sich nom Privatprofitt, dee gouf och scho gemaach.

Da kann een natierlech soen: „Dat war am 19. Jorhonnert.“ Firwat soen ech dat? Well ech wollt awer och déi ganz Saach mat der Digitaliséierung vläicht e bësse relativiséieren am Kontext och vun enger nohalteger Politik. Et ass jo net esou, wéi wa mir géife soen, et misst een dergéintgoen. Ech mengen, mir benotzen dat all. Mä mir wësse jo och all, datt déi Tablets, déi mer benotzen, déi Smartphones, déi mer benotzen, déi Computeren, déi mer benotzen an déi net méi aus eisem Alldag ewechzedenke sinn, datt déi zum Beispill och mat engem gewëssene Mineral nëmme kënne funktionéieren. Dat ass de Coltan, aus deem sech och aner Materialen erausschaffe loossen. Ouni Coltan gëtt et keen Tablet, gëtt et kee Smartphone.

Dee Coltan, wou gëtt et deen? Dee fënnt een am Kongo. Do sinn tëschent 60% bis 80% vun de weltwäite Reserven. Also, de Kongo, deen huet jo quasi alles. Dofir ass e jo och esou aarm, oder seng Leit sinn dofir esou aarm. An dee gëtt ausgebeut, bis haut natierlech och, ouni Rücksicht op sozial Rechter, natierlech net op d'Ëmwelt an natierlech och net op d'Mënscherechter. Et huet jo souguer Biergerkricher provozéiert. A verschidde Leit mengen och, datt den ehemolege President Kabila, de Papp, ëmbruecht gouf, well dat och en Zesummenhang hat mat de Minne vum Coltan, déi e versicht hat oder déi e sech wollt iwwerleeën ze nationaliséieren. Bon, soit! Do mengt een, wat do fir en Zesummenhang besteet.

Ech mengen, wann ee vun nohalteger Politik schwätzt, muss ee sech all Kéiers bewosst sinn, datt, wa mir och an der industrialiséierter an entwéckelter Welt eisen Alldag fir eng gewësse Kategorie vun der Bevëlkerung kënne vläicht verbesseren oder souguer ëmweltfrëndlech verbesseren, datt dat trotzdeem nach ëmmer weider op anere Plaze Konsequenzen huet.

An datselwecht kéint een natierlech och vun Elektroautoe soen. Do kann een natierlech dervun ausgoen, datt den CO_2-Ausstouss hei zu Lëtzebuerg dann erofgeet, mä et däerf een net vergiessen, datt een trotzdeem herno dee Stroum brauch, dee produzéiert gëtt, an datt den CO_2-Ausstouss fir an dee Stroum, deen deemno wéi aus Kuelekraaftwierker kënnt oder aus Nuklearenergie kënnt, dann op anere Plaze méi grouss gëtt; an Däitschland vläicht oder um afrikanesche Kontinent. An dat ass da schlussendlech en Nullsummespill, vu datt Lëtzebuerg jo…

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Här Wagner, 99% vun eisem Stroum si gréng.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- …net op engem Asteroid ass, mä op der Welt. Dann huet dat natierlech eng Auswierkung. Dofir, den Elektroauto, den Numm seet et schonn, dee brauch Stroum. An do muss een natierlech och ëmmer ganz genau wëssen, wou déi Stroumquellen hierkommen.

An et ass net ëmmer evident ze wëssen, vu wou déi propper Energiequelle kommen, well do gëtt et jo nach en aneren Zesummenhang. Dat ass dee vun der Liberaliséierung vun der Stroumversuergung, wou een net ëmmer bis an de leschten Detail ganz genau kann alles kontrolléieren.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Här Wagner, mir wëssen dat am leschten Detail.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- An dofir muss natierlech d'Energieversuergung an d'Organisatioun vun der Energie ganz éffentlech organiséiert ginn. An dat erméiglecht natierlech och, datt d'ëffentlech Hand besser kann duerno op propper Energiequelle goen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Här Wagner, et gëtt kloer Rapporten, déi genee soen, wou eise Stroum hierkënnt.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Jo, Dir kënnt duerno äntwerten.

Well et muss ee sech natierlech och d'Fro stellen, wou och all déi Äerde kommen (veuillez lire: wou och all déi rar Äerden hierkommen), wou all déi Servere sinn, déi Informatioune späicheren an esou weider, déi massiv Stroum verbrauchen. Ech mengen, dat alles ass eng Fro vun der Kohärenz.

Ech soe jo net hei elo - well ech héieren, den Här Etienne Schneider ass äusserst nervös…

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Ech si guer net nervös. Ech hu just net gär, wann ee Saache behaapt, déi net richteg sinn.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Här President, ech maachen e Virschlag: D'nächst Joer, vläicht bei der Debatt vun der Lag vun der Natioun, wier et vläicht interessant, wann d'Regierung eis géif am Virfeld soen, wat mir als Oppositioun kënne soen, wat kritiséieren, op wat fir enge Punkte mer kënne schwätzen.

(Exclamations)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Ooh! Sot näischt, wat falsch ass!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Wagner, loosst Dir Iech guer net beiren! Dir hutt ganz eleng d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci.

Mä et ass emol net onbedéngt eng Kritik un der Regierung. Ech mengen, dat däerf een net vergiessen, et ass och eng global. Et kann ee jo och heiansdo e bëssen eng méi global Analys maachen. A mir soe jo och net, datt d'Regierung guer keen Effort mécht an deem Zesummenhang.

Mä ech soe just: A leschter Zäit kann ee kee Regierungsvertrieder… oder an deene leschten Debatten gëtt dat Wuert „Digitaliséierung“ all fënnef Minutte gebraucht fir alles. Fir alles! Fir Ekologie, fir Transport, fir Aarbecht souguer, well da brauch een och net méi iwwer Aarbechtsverhältnisser ze schwätzen, well elo kënnt d'Digitaliséierung an esou weider. Dofir wollt ech dat awer e bësse relativiséieren.

Mir hunn duerno och nach d'Fro vun der Energiespuersamkeet, well do ass jo och eng Initiativ ergraff gi vun der Regierung an do hu mer jo och nach iwwert d'Klimabank geschwat, an déi ass jo awer och… Well do geet et jo ëm Energiespueren. Well mir kommen net derlaanscht, och wa mer wëllen aner Energien, renouvelabel Energien developpéieren, fir och Energie ze spueren. An d'Fro vun der Klimabank…, déi jo keng Bank ass - do waren aner Projeten, déi wahrscheinlech nach méi wäit gaange wieren -, déi u sech just e Projet ass, deen encadréiert, fir datt de Stat d'Zënsen iwwerhëlt, a wou och souguer de Mouvement écologique jo gesot huet: „Mir wëssen net, ob dat ganz effikass wäert sinn an ob d'Ziler wäerten erreecht ginn.“

Dofir och den Elektroauto, mir soen net, datt dat onbedéngt eppes Schlechtes ass. Mir soe jo och net, datt déi heite Regierung guer näischt mécht, fir dee ganze Retard opzehuelen. Et ass richteg, datt dat net einfach ass, mä ech mengen, datt mer awer nach ganz wäit hannendra sinn, wat den Ausbau ugeet vum kollektiven ëffentlechen Transport, vun deem den Här Negri och virdru geschwat huet, deen esou vill wéi méiglech Regiounen desservéiert.

An e soll och gratis ginn, menge mir, fir jiddwereen, net just fir gewësse Kategorië vun der Bevëlkerung. Et ass net just eng Fro vun der sozialer Gerechtegkeet, et ass jo och eng Fro vum Reflex, deen ee kann hunn, datt ee schnell kann eppes benotzen, fir méi mobill ze ginn. An d'Leit gi jo och opgefuerdert, fir ëmmer méi mobill ze ginn. Mä vläicht wier d'Gratuitéit fir all Schichte vun der Bevëlkerung e Problem duerno, well dat géif dann d'Konzept vun der Ënnerstëtzung vum Benevolat vun dëser Regierung vläicht minéieren.

A mer géifen zu deem leschte Volet vun den Debatten iwwert den État de la nation iwwergoen. Dat ass de Volet Institutiounen an d'Reform vum Stat. Den éischte Riedner ass den Här Gilles Roth fir d'CSV.

2. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation ainsi que sur le programme de stabilité et de croissance (PSC) et sur le programme national de réforme (PNR) (suite des débats sectoriels)

Débats sectoriels - Volet «Institutions et Réforme de l'État»

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg ass e klengt Land a mir halen och zerguttst den Usproch drop, eng modern Demokratie ze sinn. An d'Lag vun der Natioun, mengen ech, verflicht eis och duerfir als gewielte Volleksvertrieder, sech mat dem Fonctionnement vun eisem Rechtsstat ausenanerzesetzen. An dat solle mir och objektiv maachen, mä gradesou ouni Tabu.

Virop: Dat meescht, mengen ech, klappt gutt. An dat deet dem Land och gutt. An et gëtt awer eng Rei vu Quacken! An ech mengen, déi solle mer och hei an dësem Haus kloer uschwätzen. An d'CSV ass gewëllt, dëst konstruktiv matzehëllefen aus dem Wee ze raumen.

Éischtens, Här President, déi rezent an erneit Diskussiounen ëm de SREL, eise Geheimdéngscht, déi dinn dem Image vum Land dach awer net gutt. Als vollwäertege Memberstat vun europäeschen an internationalen Institutioune brauch eist Land ee Geheimdéngscht. Mir hunn och do eis Verflichtungen, an d'CSV steet och kloer dozou.

Mä vill Matbierger, dat héiert een awer déi lescht Wochen dobaussen, déi stelle sech mat deene regelméissege SREL-Affären dach net zu Onrecht d'Fro iwwert de Sënn an Zweck vun esou engem Geheimdéngscht. D'Leit wëllen eigentlech ee séchere Stat, mä d'Leit wëllen awer duerfir keen Iwwerwaachungsstat.

Dir Dammen an Dir Hären, et muss duerfir och kloer sinn, dass grad an deem sensibele Beräich vun dem Geheimdéngscht d'Prinzipie vun dem Rechtsstat a vollem Ëmfang och zum Droe kommen. An dozou zielt natierlech och d'Denonciatiounsflicht vu Strofdoten opgrond vun dem Artikel 23 vun eiser Strofprozessuerdnung. Dës kann esou oder esou, jee no Interesselag, ausgeluecht ginn.

Här President, d'CSV fuerdert duerfir generell de Justizminister op, direkt eng ëmfaassend Circulaire un all betraffen Autoritéiten a Beamten ze ginn, wou d'Denonciatiounsflicht vun dem Artikel 23 vun eiser Strofprozessuerdnung kloer präziséiert gëtt.

D'Elementer, déi leien och kloer um Dësch. D'Gesetz aus dem Joer 2011, wat mir hei gestëmmt hunn, dat ass och kloer! De Statsrot huet a sengem Avis iwwert d'Reform vun dem Statsbeamtestatut dat Ganzt och nach eng Kéier kloer iwwert de Leescht geholl. Et mussen einfach materiell Elementer vun enger méiglecher Infraktioun matgedeelt ginn. Dat muss de Beamte selwer maachen. Hie muss een Dossier à charge et à décharge, also en objektiven Dossier zesummestellen. An de Beamte muss dat selwer, an net iwwer seng Hierarchie, direkt dem Parquet matdeelen, an net dann, wann et hien oder anerer arrangéiert.

D'Appreciatioun vun dem strofrechtleche Charakter, déi obläit eenzeg an eleng dem Parquet. Deen huet hei am Land d'Opportunitéit vun de Poursuitten a soss keen aneren.

Dës Meldeflicht, déi jo bekanntlech net nëmme fir d'Beamte spillt, däerf awer och net mëssbraucht ginn. Mir si keen Denunziantestat a mir wëllen dat och net ginn. D'Affer vun esou enger onberechtegter Denonciatioun huet och d'Méiglechkeet, fir eng Plainte wéinst Dénonciation calomnieuse ze maachen.

D'CSV fuerdert awer zousätzlech de Justizminister op, iwwer eng Gesetzesupassung nozedenken, déi sech un déi franséisch Strofprozessuerdnung uleent, näämlech dass de Parquet selwer an ouni Plainte vun dem Affer ka Poursuitte maache géint deejéinegen, deen d'Denonciatiounsflicht zum Beispill mat falsche Fakten oder engem onkompletten Dossier mëssbraucht. Am franséischen Text geet do vun enger Dénonciation mensongère rieds an déi ass och mat enger Prisongsstrof a souguer och mat enger Geldstrof beluecht. Dat ass den Artikel 41 vun dem franséische Code de procédure pénale.

Här President, zweetens, d'CSV begréisst d'Efforte vum Parquet, vun dem Justizminister - soe mer kloer - an och dem Justizministère, fir dass ufanks des Joers konnten déi sougenannten europäesch ABC-Direktiven an eis Strofprozessuerdnung agefouert ginn. Si hunn de Lëtzebuerger Code d'instruction criminelle wesentlech moderniséiert. Den Ëmsetzungsdelai, also den Transpositiounsdelai vun dësen Direktive war zwar verstrach, mä léiwer spéit wéi ni. Et war och eng komplex Operatioun.

Et zielt awer elo gradesou kloer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass dës nei Bestëmmungen am Liicht vun den Direktiven an och am Sënn vun de Rechter vun dem Beschëllegten an der Praxis och applizéiert ginn, an dat souwuel vun eiser Justiz, mä virun allem och vun eiser Police.

Et wier begréissenswäert, Här President, wann zousätzlech zu den Neierunge vun dem Code de procédure pénale, wéi en elo heescht, d'Ausleeung vun dëse Bestëmmunge géifen duerch eng Circulaire präziséiert ginn. A Frankräich gëtt et esou Circulairë vun de Justizautoritéiten. Si si souguer iwwert den Internet éffentlech zougänglech.

Wann eist Land sech zu Recht wëllt recommandéieren als Sëtz vu weideren EU-Institutiounen am Beräich vun der Justiz, zum Beispill den neie Parquet européen, da musse mir och e Musterschüler ginn am zäitlechen Ëmsetze vun EU-Direktiven, besonnesch an dem Justizberäich. An dozou zielt, Dir Dammen an Dir Hären, ënner anerem och déi sougenannten Direktiv „présomption d'innocence".

Den Délai de transposition - et ass kee Witz -, dee leeft den 1. Abrëll 2018 aus. Dëst ass ee weidere Meilesteen a puncto Moderniséiere vun eiser Strofprozessuerdnung. Et sollt ee sech der Tragweit vun dëser Direktiv bewosst ginn, notamment am Kontext vun enger Affär, déi eis Justiz zënter iwwer 32 Joer an, ech mengen, déi gesamt Mediewelt zu Lëtzebuerg zënter Längerem beschäftegt. Ech soen dozou net méi, well och déi Direktiv, Här President, déi ass a wesentleche Bestëmmungen elo schonns directement applikabel.

An et wier duerfir och am Sënn vum Rechtsstat an am Sënn vun der Rechtssécherheet gutt, wa Lëtzebuerg hei zu de First Movers géif zielen a wann dës Direktiv séier an eng national Legislatioun kéint ëmgesat ginn.

Här President, drëttens, de Rechtsstat verlaangt och ee Schutz vun de Privatsphären. Dozou gehéiert de Schutz vun de perséinlechen Daten, de Schutz vun dem Hausfriddensbroch, de Schutz vun dem perséinlechen Eegentum a virun allem och de Schutz vun der perséinlecher Intimitéit. An dem Regierungsprojet iwwert déi sougenannte Mesures de sécurité - dat sinn déi Sécherheetsmoossnamen, wou de Projet de loi am Kontext vun den Attentater vum Bataclan zu Paräis 2015 am November deposéiert gouf - goufen dës Prinzipie vun dem Schutz vun der Privatsphär dach nawell staark strapazéiert. An dat hate mir deemools - fir d'CSV e bëssen onüüblech an hirer Positioun, mengen ech - op dëser Plaz och kloer kritiséiert.

De Statsrot, grad wéi déi national Mënscherechtskommissioun, huet den CSV-Bedenken eigentlech mat sengen Avisen eent zu eent an op voller Linn recht ginn. Elo wier et, mengen ech a mir, endlech un der Zäit, dass och d'Chamberskommissioun an deem Dossier méi voll géif mat agebonne ginn. Grad elo, nodeems de Justizminister, dee sech am Dezember 2015 - als grénge Justizminister - eigentlech géint säi Wiesen dach e bëssen als Law-and-order-Minister dohinnergestallt huet, elo schonns dee Projet awer huet missen dräimol nobesseren, fir d'Lescht no dem ganz kriteschen Avis vun dem Statsrot.

Déi international Rechtsprinzipien a Saache Schutz vun der Privatsphär mussen och hei zu Lëtzebuerg spillen. Dëst gëllt virun allem beim Asetze vun dem sougenannte Statstrojaner. Den Zweck hellegt och hei net all Mëttelen. Wann eng Poursuite an e Statstrojaner géint e potenziellen Terrorist ut singuli - dat heescht, fir hie selwer - néideg an och justifiéiert ass, Dir Dammen an Dir Hären, dann heescht dat awer net, dass ipso facto d'Privatsphär vun anere Leit doduerch däerf drënner leiden.

D'Upassungen um SREL-Gesetz aus dem Joer 2015 gesinn d'Méiglechkeet elo vun dem Asetze vu sougenannte Statstrojaner a bestëmmte Fäll vir. De Gesetzestext, deen hält de Kriticken, déi de Statsrot mat Recht gemaach huet, am Kontext vum Gesetzesprojet iwwer grad déi Mesures de sécurité awer net stand.

An aus Grënn vu Rechtssécherheet fuerdert d'CSV d'Regierung och haut op, de Gesetzestext, dee mer am Juni/Juli d'lescht Joer gestëmmt hunn iwwert de SREL, op deem Punkt ze amendéieren, dass en de Kritäre vun dem Schutz vun der Privatsphär, esou wéi se vun dem Statsrot präziséiert goufen, och voll a ganz Rechnung dréit.

Véiertens, eis Polizeidatebanke sti rechtlech, fir et da vläicht galant ze soen, op wackelege Féiss. Praktesch oder realpolitesch ausgedréckt hält de Stockage vu perséinlechen Donnéeë vun engem Bierger an de Polizeidaten hei zu Lëtzebuerg engem Recours viru Geriicht net stand.

An d'Regierung weess dat och! Zu hirer Decharge: Fréier war dat och gewosst. Eis national Dateschutzkommissioun CNPD, jo souguer de Rapport vun der SREL-Enquêtëkommissioun aus dem Joer 2013, déi halen dat direkt oder indirekt och souguer schréftlech fest. Mä d'CSV fuerdert awer elo d'Regierung op, hire Wierder vun Transparenz no bal véier Joer Amtszäit op deem Plang genau vun dem Polizeidateschutz endlech Folleg ze leeschten an duerfir virun der Rentrée parlementaire 2017 en deementspriechende Gesetzesprojet ze deponéieren. An ech erlabe mer, Här President, Iech och herno eng Motioun an deem Sënn virzeleeën.

Ech soen och, firwat: Well mir stëmmen haut de Mëtten nach iwwer en anere Gesetzesprojet of, d'Ëmsetze vun engem Memorandum of Understanding, e sougenannte Geheimtraité mat den USA - mir kommen herno nach drop, fir dat ze bespriechen -, dee grad den Austausch vu Polizei- a Justizdaten zum Zil huet an dee mer haut sollen ofstëmmen. Rechtlech gesinn - dat kënne mer och elo scho soen - ass dee Gesetzesprojet a senger ganzer Tragweit eigentlech net méi wäert wéi de Pabeier, wou en dropsteet.

Et ass, fir et op Amerikanesch oder Englesch ze soen, eigentlech e Window Dressing, well et ginn zu Lëtzebuerg, eiser Verfassung no, nun ebe keng Geheimtraitéen. A wa mir sollen iwwer Ausféierungsbestëmmungen ofstëmme vun eppes, wat dem Parlament aus geheime Grënn net däerf virgeluecht ginn, jo, da bleift dat Ganzt eng politesch Absicht vun enger Regierung ouni Konsequenzen a Verflichtungen am Endeffekt fir de Bierger.

Fënneftens, ee méi ideologesche Grond, firwat sech dann dës Dräierkoalitioun wollt formëieren, war ufanks gesot deen, dass mat der CSV keng gesellschaftspolitesch Reformen ze maache wieren.

De Mariage pour tous ass eng Initiativ, dat solle mer nach eng Kéier kloer soen, vun dem fréiere Justizminister François Biltgen.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Här Roth, Här Roth?!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Net mat der ganzer CSV. Mat Iech schonn.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Ech schwätzen awer elo als Vertrieder vun der CSV, Här Braz.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Dat ass awer elo domm gaangen dann.

(Interruption)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Den definitiven Text...

(Brouhaha)

Mir sinn eng Vollekspartei.

Den definitiven Text vun dem Mariage pour tous, muss ee soen - an dat éiert en -, dee staamt vun deem Eelste bei eis aus dem Haus, dem Paul-Henri Meyers. An ech géif soen: Ouni säi perséinlecht Zutun hätt de Projet, trotzdeem dass 2013 déi Problemer mat der Regierungsëmbildung waren, vläicht haut nach net op dem Dësch geleeën.

D'Nationalitéitegesetz - dat soll een och kloer soen -, dat berout - a mir si frou doriwwer, den Alex Bodry huet dat gëschter och ënnerstrach, et ass gutt am Sënn vun der Cohésion sociale zu Lëtzebuerg - definitiv op enger Proposition de loi vun dem Claude Wiseler, nodeems net d'Chamber, mä - ech mengen, dat solle mer och eng Kéier éierlech soen - d'Leit am Land, aus Grënn, déi hir eege waren, dach der Regierung hir Initiativ, fir d'Wahlrecht fir d'Ausländer hei zu Lëtzebuerg anzeféieren, d'rout Kaart gewisen hu bei dem Referendum vum Juni 2015.

Bei dem Avortementsgesetz, do gouf et och bei der CSV kee Fraktiounszwang. Den Avortement, dat ass keng politesch Fro, Dir Dammen an Dir Hären, mä et ass eenzeg an eleng eng Gewëssensfro vun deem eenzelnen Deputéierten. A keen - a keen! - soll op deem Terrain deem aneren d'Moral maachen. An ech soen et och haut grad an däitlech: Dat zielt och fir d'CSV!

Abee, d'Reform vun dem Divorce, d'Aféierung vun engem Juge aux affaires familiales, d'Reform vun der Autorité parentale, d'Reform vun dem Jugendschutz als gesellschaftspolitesch Reform duerzestellen, schéngt eis dach e bëssen ambitiéis.

Grotesk, muss ech soen, ass et dobäi awer schonn, fir ze behaapten, dass ouni CSV een den Divorce pour faute net hätt kënnen ofschafen. Grotesk ass et och an deem Kontext, mengen ech, fir ze behaapten, dass et am Divorce pour faute net virugaange wier, well d'CSV sech an där Fro net eens gewiescht wier. Iwwregens ginn et och, an dat respektéiere mir, an de Majoritéitsparteie Leit aus der Justizkommissioun an anerer, déi schonns ganz laang an der Chamber sinn, déi zu där Fro hir eegen a kloer Meenung hunn.

An och mat der neier Regierung, Dir Dammen an Dir Hären, ass no bal véier Joer - no bal véier Joer! - keen Text ofgestëmmt, bis elo net emol an der Justizkommissioun am Detail analyséiert ginn iwwert de ganze Paquet familial.

Mä mir sollen de Leit dobaussen awer op deem Punkt och d'Wourecht soen. Firwat ass dat net de Fall? Mä well dat, wat um Dësch läit a louch, einfach technesch net d'Strooss gehalen huet.

En Divorce pour faute, fir dee sech iwwregens zu Recht och ënner anerem de Conseil national des femmes breetmécht a gemaach huet, och eng ganz Rei vu Praktiker op dem Terrain, déi dovunner vläicht e bësse méi Anung hu wéi een, deen nach ni en Divorce plädéiert huet.

En Divorce pour faute, deen eigentlech - an dat wëssen eng ganz Rei vu Leit heibannen - erlaabt, wann déi zwee Partner sech eens sinn, fir méi schnell gescheet ze gi wéi mat all aner Moossnam, näämlech no geschloene sechs Wochen.

En Divorce pour faute, deen och als Damoklesschwäert heiansdo kann derzou féieren, dass et herno zu engem Consentement mutuel, dat heescht zu enger güteger Scheedung kënnt.

En Divorce pour faute, dee mécht, dass ee ka sougenannten Avantages matrimoniaux, dat heescht Virdeeler aus engem Mariage, verléieren. An dat ass eng richteg Sanktioun. Fënnt dann een et normal, dass, wann et Streech an enger Koppel gëtt, an där ginn et der nawell oft - leider, och zu Lëtzebuerg, och an deene feinste Milieuen -, d'Affer och nach grousszügeg am Fall vun dem Divorce säi Patrimoine oder dat, wat d'Elteren him ginn hunn, wat et wärend dem Mariage geschenkt kritt huet, dass et dat och nach muss mat dem Expartner deelen?

Wann zwou vun dräi Koppelen hei zu Lëtzebuerg gescheet ginn, dann ass deenen allermeeschten, Dir Dammen an Dir Hären, an hirem Rousekrich déi ideologesch Diskussioun, Zerrüttungsprinzip hin oder hier, total egal! Si hätte gäre virun allem pragmatesch Léisungen, well et sinn en fin de compte déi zwee, déi de Rousekrich féieren, déi decidéieren, ënner wat fir enger Form se wëllen hire Mariage opléisen.

Wann zwee Leit sech streiden, Dir Dammen an Dir Hären, kritt een doduerch net onbedéngt eng Pacificatioun - wéi dat esou schéin a geschwollen heescht -, wann en Divorce pour faute ofgeschaaft gëtt. Abee, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV wäert sech an d'Diskussiounen ëm d'Reform vun dem Familljerecht konstruktiv mat abréngen. Fir d'CSV geet et virun allem ëm pragmatesch Léisungen.

Den Divorce pour faute ënner senger jëtzeger Form, dat ass fir eis och do keen Tabu. Ech soen et kloer an däitlech. Et sollt ee sech eiser Meenung no awer un der Notioun vun der Faute lourde, esou wéi se an Nopeschlänner och besteet, orientéieren.

Mä haalt wann ech gelift op, no véier Joer, wou dës Regierung eleng d'Verantwortung huet, d'CSV nach ëmmer verantwortlech wëllen ze maache fir ee Retard, deen - ech soen et nach eng Kéier - haaptsächlech un der Schwieregkeet besteet, technesch Léisungen ze fannen. An dat ass net nëmmen dat Rengt, wat den zivillrechtleche Kader ass, mä dat ass och nach dat, wat hannendrunhänkt, näämlech alles dat, wat d'Pensiounssystemer vu gescheetene Leit ubelaangt, well deen Text bis elo net konnt an technescher Geräiftheet op den Dësch geluecht ginn an duerfir och bis elo an der Praxis d'Strooss net hält.

Här President, sechste Punkt. De Rechtsstat zielt och fir déi, déi um Rand vun eiser Gesellschaft liewen. Dozou zielen d'Leit och, déi am Prisong sëtzen. D'CSV ënnerstëtzt d'Prisongsreform, wéi se elo um Dësch läit, well se weicht an hire Grondausleeungen och net vun dem Reformprojet vum fréiere Justizminister Biltgen of. Och ee Prisonnéier, Dir Dammen an Dir Hären, deen huet Rechter. En huet e Recht op de Schutz vu senger Persoun, en huet e Recht op seng Dignitéit an en huet och e Recht op seng perséinlech Hygien.

D'Recommandatioune vun der fréierer Ombudsfra, der Madamm Lydie Err, iwwert de Prisong kann d'CSV mat wéinegen Ofstrécher, zu deenen zielen och hir Iwwerleeungen iwwert d'Isolatiounshaft, matdroen. Maassgebend ass virun allem eng Resozialiséierung vun deemjéinegen, deen eng Strofdot begaangen huet.

Iwwerfëllte Prisongen, Dir Dammen an Dir Hären, notze kengem eppes. Fräiheetsentzuch am Milieu carcéral muss d'Ausnam bleiwen. Net eng Ausnam, mä ofgeschaaft muss an den Ae vun der CSV d'Méiglechkeet vun enger Rétention administrative duerch d'Police ginn, wa kee Recours a Kontroll vun engem Geriicht agefouert gëtt. Dëst steet aktuell am Polizeigesetz zënter dem Joer 2009. D'Rétention administrative gouf bis elo awer anscheinend, den Aussoe vun der Justiz a vun der Police no, nach net um Terrain applizéiert.

Mä d'Regierung wëllt hiren eegenen Aussoen no elo d'Rétention administrative huelen als Alternativ fir de Platzverweis, deen an hiren Aen näischt géif bréngen. Eng administrativ Circulaire gouf duerfir un d'Police verschéckt. Hei gëtt festgeluecht, wéini ee Verstouss géint déi ëffentlech Uerdnung virläit, deen et erlaabt, op dës Moossnam zréckzegräifen. Abee, d'CSV huet léiwer ee Platzverweis wéi e Fräiheetsentzuch op Basis vun enger einfacher administrativer Circulaire an enger Uweisung vun engem Polizist, dee sech op dës Circulaire berifft.

Dës Circulaire, Dir Dammen an Dir Hären, ass emol net public. D'Deputéiert kruten eréischt op widderhuelte schréftlech Nofro dës Circulaire zur Asiicht a si kruten net emol eng Kopie dovun. Dës Circulaire ass och verfassungsrechtlech eng Häresie. «Nul ne peut être arrêté ou placé que dans les cas prévus par la loi...» - net par une circulaire administrative - «...et dans la forme qu'elle prescrit.» Esou heescht et kloer an eisem Grondgesetz an dem Artikel 12. «Toute personne doit être informée sans délai des moyens de recours légaux dont elle dispose pour recouvrer sa liberté.»

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, am Rechtsstat Lëtzebuerg hält eng administrativ Circulaire fest, wéini ee Verstouss géint déi ëffentlech Uerdnung virläit, deen eng Rétention administrative erméiglecht, an e Recours gëtt et emol net.

D'CSV fuerdert duerfir och d'Regierung op, dës Circulaire réckgängeg ze maachen a fir déi néideg gesetzlech Kloerheeten ze suergen. Fir d'CSV däerf hei am Land...

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Här Roth, erlaabt Der...

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...kee seng Fräiheet...

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- ...erlaabt Der...

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...ouni klore Gesetzestext, ouni riichterlech Kontroll...

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Erlaabt Der eng Fro, Här Roth?

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...an ouni Rekursrecht entzu kréien.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Loosst den Här Roth ausschwätzen, an dann...

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, Dir kënnt awer elo Ar Fro stellen oder Ar Bemierkung maachen, Här Braz.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci. Ech lauschteren Iech ganz opmierksam no an och plazeweis mat e bësse Gedold, net elo just beim leschte Punkt, och scho virdrun. Mä doriwwer kënne mer eng aner Kéier diskutéieren, fir onnëtz Mythenbildung hei am Land net och nach ze ënnerstëtzen.

Op deem do präzise Punkt: Dir hutt d'Verfassung virgelies an da sot Der, d'Circulaire, wéi Dir dat nennt, d'Circulaire wier d'Grondlag, fir Leit kënnen an de Prisong ze stellen, an dat wier och nach d'Alternativ zum Platzverweis!

Ech soen Iech ganz kloer meng Meenung: Dat do ass keng Alternativ fir de Platzverweis, dat do ass just de Beleeg, dass et genuch Grondlage gëtt, fir kënnen normal polizeilech Aarbecht ze maachen. De Platzverweis bréngt näischt, daacht näischt, brauche mer net, onofhängeg vun deem doten Artikel vum Polizeigesetz. Mä d'Grondlag dovunner ass net déi Circulaire. D'Grondlag ass, wéi d'Verfassung et verlaangt, d'Polizeigesetz. Do steet en Artikel dran.

An Dir misst wëssen, vu dass Der Iech derfir interesséiert, dass am aktuelle Projet de loi vun der Polizeireform deen Artikel nach soll däitlech komplettéiert ginn, dass genau drastoe kënnt, wéi déi Mesurë mussen exekutéiert ginn. An déi Circulaire, wéi Dir se nennt, dat ass näischt anescht wéi dat, wat permanent - an ech soen dat ënnert der Kontroll vum Polizeiminister - an der Polizeiaarbecht geschitt, näämlech dass d'Agente vun der Polizei gesot kréien, wéi se all d'Artikelen, déi et gëtt vum Code pénal a vun anere Reglementer, sollen uwenden.

Dat ass net d'Grondlag vun der Aktioun, et ass d'Erklärung fir déi, déi um Terrain schaffen. D'Grondlag ass selbstverständlech, wéi d'Verfassung et virgesäit, e Gesetz. An dat Gesetz wäert nach däitlech komplettéiert ginn am Kader vun der Polizeireform.

Dir musst dat net richteg fannen, wann Dir gären dee Platzverweis, deen näischt daacht, hätt, mä baut awer keng legal Argumenter, wou keng sinn!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President, ech weess, dass elo meng Riedezäit dropgeet, mä ech äntwerten dem Justizminister dorobber.

Am Text, esou wéi dës Regierung e virgeluecht huet, do ass eng Rétention administrative - ech hunn den Text leider net viru mer, mä ech weess et awer -, dat heescht, wou Der ee kënnt alachen als Polizist, virgesinn, wann e Verstouss géint den Ordre public do ass.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Dat ass haut Gesetz.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo. Dat ass haut Gesetz an dat ass och dat, wat an dem Projet de loi op deem Punkt net geännert ass. Dat, wat de Problem ass, dat ass, dass déi Notion vun Ordre public, dat ass en deenbare Begréff. Wann ech Torse nu hei iwwert d'Place d'Armes lafen, dann ass dat e Verstouss géint den Ordre public vun der Stad Lëtzebuerg.

(Brouhaha)

Jo. Dann ass dat e Verstouss géint den Ordre public vun der Stad Lëtzebuerg an da kéint op Base vun där Circulaire e Polizist mech alachen.

An duerfir sti mir och derzou - an dat ass jo dat, wat ech gesot hunn, Dir hutt mech ausschwätze gelooss -, dass mir gären hätten, dass, wann déi Rétention administrative bestoe bleift, een da kloer am Gesetz an net iwwert de Wee vun enger Circulaire festleet, wéini dass déi Rétention administrative ka spillen. An, Dir Dammen an Dir Hären, da muss och, esou wéi eis Verfassung dat verlaangt, eng kloer Rekursméiglechkeet an deem Gesetz virgesi ginn. Wann dat dee Wee ass, deen Dir wëllt goen, da gi mer mat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, siwente Punkt: nach e puer Wuert zu der Innenpolitik. Mir hunn uganks dëses Joers dat sougenannten Omnibusgesetz fir administrativ Vereinfachung hei an der Chamber mat grousser Majoritéit gestëmmt. Als CSV hu mer eis do konstruktiv, géif ech soen, abruecht. Eng ganz Rei Virschléi vun eis hunn och an deem Gesetzestext hiren Néierschlag fonnt.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Eng!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Mir kënnen och d'Procès-verballen noliesen, Här Innenminister, vun där jeeweileger Chamberssitzung.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Jo, kënne mer gär.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Eng gutt Kooperatioun tëschent Majoritéit an Oppositioun an eisen Aen, och wann et fir Iech eng aner ass; Dir hutt dat jo elo gesot.

Mä nach stelle mer fest, dass wéineg Gemengen, Här Innenminister, wann Der Iech schonn ugesprach fillt, bis elo hir PAGen no der neier Generatioun ënnerdaach hunn. Den Delai vum 8. August 2018, dee mer verlängert hunn an un deen d'Gemengen och gehale sinn, fir dat do ze erreechen, deen däerft wuel nach eng Kéier musse verlängert ginn. An et wier gutt, wann den Innenminister bei Geleeënheet eng Kéier géif kloer soen, wivill PAGe vun der neier Generatioun da bis elo definitiv d'Prozedur duerchlaf hunn a bei wivill Gemengen ee PAG den éischte Vott vun engem Gemengerot passéiert huet. Well mir wëssen alleguerten, dass mer am Oktober 2017 elo Wahlen hunn an dass déi Prozedure vun de PAGe wahrscheinlech net esou séier wäerte virugedriwwe ginn an deenen nächste sechs bis aacht Méint, wéi dat eigentlech sollt sinn.

Mat dem Omnibusgesetz, Dir Dammen an Dir Hären, huet de Legislateur, an ech zielen awer do nach eng Kéier d'Regierung an d'Chamber derzou, a puncto Gemengenamenagéierung verantwortungsvoll reagéiert.

Mä dat Ganzt, Dir Dammen an Dir Hären, muss awer och elo vun den Akteuren op dem Terrain wouergeholl ginn. An do klappt - an ech soen et nach eng Kéier, et sinn ëmmerhin 18 Joer, wou ech déi Verantwortung an enger Gemeng iwwerhuelen - dat Zesummespill - an et si vill Kolleegen, déi dat deelen - tëschent dem Stat oder eenzelne Servicer vun dem Stat an de Gemengen net.

Et gëtt vill ze oft do eigentlech, esou hunn ech op jidde Fall d'Impressioun, dat berüümtend Aarmbéien an et gëtt do net ëmmer no de Realitéite vun den Terraine gekuckt. An et kann och net sinn, dass, wann déi urbanistesch Vuë vun enger Gemeng an hire gewielte Vertrieder aus welleche Grënn och ëmmer deem engen oder aneren net passen, dann den Dossier einfach schleefe gedoe (veuillez lire: gelooss) gëtt. Et kann och net sinn, Dir Dammen an Dir Hären, wann net déi eng oder déi aner Haiser an enger Gemeng als Patrimoine culturel communal klasséiert ginn, et vu staatlecher Säit vermeintlech keng Geneemegung fir e PAG gëtt. Et kann och net sinn, dass eng Gemeng, fir hire PAG approuvéiert ze kréien, forcéiert gëtt, ënner anerem - an ech soen dat hei - Scheieren ze klasséieren als Patrimoine culturel communal, well dat soll Maria-Theresia-Stil sinn, an d'Scheier 1984 vum Proprietär, engem landbekannte Kriibsdokter aus dem Josy-Barthel-Heemechtsduerf - an et sinn Zeien hei am Sall! - mat Ytongsbléck nogebaut gouf!

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, et kann ee wuel politesch korrekt sinn an dat hei net soen. Et wier vläicht da méi statstragend, méi roueg, méi besënnen an och vläicht méi fein, mä et ass awer eng Realitéit op dem Terrain!

Mä d'Bierger soll een och op deem Punkt net fir domm halen. Jiddwereen iergert sech, an ech maachen hei wierklech keng Scholdzouweisung, well Dir kéint der un déi fréier Regierunge maachen an dës Oppositioun kéint der un déi aktuell Regierung maachen. De Wunnengsbauproblem ass e Problem a jiddwereen iergert sech iwwert déi deier Wunnengspräisser. Zu Recht iwwregens, well vill Jonker kënne sech eng Wunneng hei an der Stad oder am direkten Ëmfeld vun der Stad iwwerhaapt net leeschten, wa se net vun doheem aus kräfteg ënnert d'Aerm gegraff kréien.

Mä d'Responsabilitéit vun der Politik ass et an deem Punkt och, derfir ze suergen, dass am Endeffekt et ee richtegen Equiliber gëtt - ech ënnersträichen: e richtegen Equiliber gëtt! - tëschent Urbanismus vun engem Land, wat awer 3% Wuesstum vun der Populatioun all Joers kennt, engersäits, an dem Schutz vun der Natur a vun der Ëmwelt grad wéi dem Schutz vun dem Patrimoine culturel op där anerer Säit.

Mä et geet virun allem ëm de richtegen Equiliber. Et däerf net sinn, dass, an ech soen dat och esou kloer, d'Verfechter vum Schwaarzen oder dem Roude Milan a vun dem Maria-Theresia-Stil hannert virgehalener Hand am Endeffekt déi beschten Alliéiert vun den Immobiliespekulante sinn.

Här President, als Chamber kënne mir nëmmen op engem legislative Plang schaffen. Wann een de Patrimoine culturel op Gemengenniveau wëllt stäerken, da muss d'Gesetz iwwert den Aménagement communal ofgeännert ginn, well dat an eisen Ae verfassungsrechtlech d'Strooss de Moment net hält.

Eng Formulatioun, wéi se haut am Artikel 2 vum Gesetz vun 2011 iwwert den Aménagement communal steet: «L'aménagement communal et le respect du développement urbain a comme objectif le respect du patrimoine culturel naturel national et communal», Dir Dammen an Dir Hären, schéngt awer e bëssen ze vill vag ze sinn, fir engem Bierger eng Servitude op seng Proprietéit ze leeën.

Mir brauchen duerfir kloer a gesetzlech verankert Kritären, wéini een Immeubel als Patrimoine culturel communal klasséiert gëtt oder net. Generell sinn déi allermeeschte Gemenge souguer guer net outilléiert, fir ze soen, ob eppes nohalteg e lokale Patrimoine culturel ass oder net. Dat schéngt an eisen Aen eng Statsaufgab ze sinn, net déi eleng vun engagéierte Fräizäitaktivisten.

A wann - an ech soen et ganz kloer un d'Adress och, fir dass mer do Kloerheet hunn, vun dem Logementsminister, dem Här Hansen - am Intérêt général soll en Immeubel als Patrimoine culturel klasséiert ginn, dann däerf d'Eegentum vun dem Proprietär awer doduerch net beanträchtegt ginn. Wann den Intérêt général verlaangt, dass eng individuell Proprietéit soll als Patrimoine culturel gëllen, jo, da soll se dat och sinn, mä da verlaangt verfassungsrechtlech de Schutz vun dem Privateegentum duerfir awer och eng ugemoossen Entschiedegung säitens vun der Allgemengheet. Wann ech gesot hunn: eng ugemoossen Entschiedegung, dann ass et eng appropriéiert Entschiedegung!

Mir brauchen duerfir och generell Kritären, wéini d'Fliedermais, de Schwaarzen oder de Roude Milan Virfaart hu viru Bauprojeten. Et kann net sinn, dass de Schwaarze Milan an d'Fliedermais ee Gebitt dat engt Joer onbebaubar maachen, souguer fir en Aussiidlerhaff vun engem Biobauer an, oh Wonner!, dat Joer drop iwwert de Weekend decidéiert gëtt - an ech widderhuelen: iwwert de Weekend decidéiert gëtt! -, dass et op deemselwechte Gebitt keng Incidence notable fir d'Emwelt gëtt, fir do e Containerduerf fir Flüchtlingen opzeriichten!

Dir Dammen an Dir Hären, dat dréit natierlech net onbedéngt zur nohalteger Kredibilitéit vu staatlechem Handele bäi. A wann dann am Endeffekt d'Verwaltungsgeriichter vun de Bierger beméit ginn, fir dat ze préiwen, da muss ee sech doriwwer net onbedéngt wonneren.

Zum Schluss, Här President, aachten a leschte Punkt: Ech hunn zum Ufank vu menger Ried gesot, dass een objektiv sollt soen, wat klappt, mä et och keen Tabu däerf sinn, bei dem Etat de la nation ze soen, wou de Schong dréckt. Bei der Reform vun de Rettungsdéngschter leeft et gutt. Den Text misst kënnen ufanks dëst Joer a Kraaft sinn. Mir stëmmen dat och mat. Sous réserve, hu mer natierlech Problemer bei dem Finanzement.

Bei de Gemengefinanzen hu mer en Alternativmodell proposéiert. D'Spill vun der Demokratie mécht, dass de Regierungsmodell spillt. Mä och do sollte mer a Rou eng Kéier eng Evaluatioun dervu maachen. Zu der Tutelle, dat steet am Regierungsprogramm. D'Tutelle ass net schlecht, souguer, an dat soen ech och kloer, fir déi Gemengeresponsabel, well et ass e Schutz fir si. Wann do sollten Upassunge kommen, mir gi gäre konstruktiv mat op dee Wee.

Ee leschte Punkt, d'Approche vun der Regierung am Dossier vun de Kierchefabricken ass awer an eisen Aen, Dir Dammen an Dir Hären, defizitär. De Stats- a Kultusminister ass fir eis do de groussen Absent aus dem Dossier. Keng Féierungs- nach Vermëttlerroll sengersäits, kee statsmännescht, och kee statsministerlecht Behuelen, ee Minister an eisen Aen, deen definitiv net bereet ass, den ideologesche Kulturkampf an deem Dossier ofzeleeën. Ee Gesetzesprojet mat enger gudder Dosen Artikelen, iwwert deen no geschloenen néng Méint de Statsrot dach seng léif Méi ze hu schéngt, een Avis ofzeginn. Abee, wann de Statsrot däerf déiselwecht Iwwerleeunge bei de Kierchefabricken ustellen a puncto Gemengenautonomie wéi a rezenten aneren Dossieren, da misst et eigentlech eng Opposition formelle ginn, zumindest wat de Verbuet fir eng Gemeng ubelaangt, Renovéierungsaarbechten un enger Kierch aus dem staatleche Fong ze bezuschussen.

D'CSV, ofschléissend, Här President, huet eng Positioun, déi an deem Dossier ganz kloer ass. Nach eng Kéier: Mir wëllen eng Kierchefabrik pro Gemeng. Mir wëllen een nationale Kierchefong, deen als Mutuelle fir d'ganzt Land funktionéiert an dann aspréngt, wann op kommunalem Plang d'Sue feelen. Mir wëllen, dass am Sënn vun der kommunaler Autonomie eng Gemeng kann - kann! - d'Instandsetzunge vun de Kierchegebaier op hirem Territoire kofinanzéieren. Mir fuerderen de Stats- a Kultusminister op, den Dossier Kierchefabricken zur Chefsaach ze maachen an am Sënn vun dem Konsens eng aktiv Vermëttlungsroll ze iwwerhuelen. An ech soen och ganz kloer, un der CSV sollt am Interessi vun der Saach esou ee Konsens net scheiteren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, Här President, an ech erlabe mer, Iech véier Motiounen ze deposéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

vu l'article 2 de la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain qui dispose que

«les communes ont pour mission de garantir le respect de l'intérêt général en assurant à la population de la commune des conditions de vie optimales par une mise en valeur harmonieuse et un développement durable de toutes les parties du territoire communal par [...] (e) le respect du patrimoine culturel»

Vu l'article 16 de la Constitution qui dispose que

«Nul ne peut être privé de sa propriété que pour cause d'utilité publique et moyennant juste indemnité, dans les cas et de la manière établis par la loi.»

invite le Gouvernement

à fixer les critères de classement des immeubles à valeur historique par voie législative.

(s.) Gilles Roth.

Motion 2

La Chambre des Députés,

considérant que le règlement grand-ducal relatif à la création et à l'exploitation d'une banque de données nominatives de police générale date du 2 octobre 1992 et a depuis été renouvelé à de multiples reprises sans demander l'avis du Conseil d'État, i. e. sous le couvert de l'urgence,

que cette urgence n'a plus lieu d'être et ne saurait résister à un recours en justice,

que ce règlement repose toujours sur une loi du 31 mars 1979 réglementant l'utilisation des données nominatives dans les traitements informatiques, qui a été abrogée par la loi du 2 août 2002 relative à la protection des données à caractère personnel,

qu'au-delà, le règlement précité repose toujours sur une loi du 31 mars 1979 réglementant l'utilisation des données nominatives dans les traitements informatiques abrogée par la loi du 2 août 2002 relative à la protection des données à caractère personnel,

que, dans un État de droit, le traitement de données nominatives de personnes doit se faire conformément à la loi,

qu'il résulte d'un avis de la Commission consultative des droits de l'homme relatif au projet de loi n°6976 que

«La loi modifiée du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel requiert dans son article 17 l'adoption d'un règlement grand-ducal qui déterminera „le responsable du traitement, la condition de légitimité du traitement, la ou les finalités du traitement, la ou les catégories de personnes concernées et les données ou les catégories de données s'y rapportant, l'origine de ces données, les tiers ou les catégories de tiers auxquels ces données peuvent être communiquées et les mesures à prendre pour assurer la sécurité du traitement". Or, ce règlement n'a toujours pas été adopté et l'exploitation de la base de données de la Police grand-ducale continue à être basée sur le règlement précité du 2 octobre 1992.»

rappelant l'autorité de contrôle chargée de contrôler les traitements de données effectués par la Police a de façon itérative rappelée que

«L'article 17 de la loi de 2002 requiert l'adoption d'un règlement dont l'objectif est de mettre en œuvre toutes les exigences de licéité et de légitimité prévues dans la loi et de garantir la sécurité du traitement et les droits individuels. Il est, par ailleurs, discutable que l'articulation des catégories de données, les types de données et le système de traitement envisagé dans le règlement de 1992 réponde à la réalité du traitement des données par la Police grand-ducale en 2012.»

qu'en réponse à une question orale du 10 mai 2016, le Gouvernement a annoncé la réforme dudit règlement grand-ducal dans les mois à venir. A été souligné que le but de cette réforme en était de retravailler les banques de données de la Police grand-ducale et ceci dans le sens d'assurer une meilleure protection des données, notamment en prévoyant de mieux encadrer leur exploitation et de garantir les droits des personnes concernées.

qu'à ce jour, la Chambre des Députés n'a pas été informée de l'adoption d'un tel règlement grand-ducal,

invite le Gouvernement

à asseoir la banque de données de la Police grand-ducale sur une base légale solide d'ici la fin de l'année,

à informer la Chambre des Députés de l'avancement des travaux y relatifs.

(s.) Gilles Roth.

Motion 3

La Chambre des Députés,

vu la loi du 5 juillet 2016 portant réorganisation du Service de renseignement de l'État,

vu les moyens opérationnels de surveillance mis à disposition de ce service,

vu notamment l'avis critique du Conseil d'État relatif au projet de loi n°6921 et aux moyens opérationnels mis à disposition des autorités de poursuite en matière de lutte contre le terrorisme et de sécurité de l'État,

vu qu'il y a un certain nombre de parallèles entre les deux textes de loi,

invite le Gouvernement

à modifier la loi du 5 juillet 2016 précitée dans le sens des observations et remarques du Conseil d'État dans son avis susmentionné.

(s.) Gilles Roth.

Motion 4

La Chambre des Députés,

considérant que l'article 23 du Code d'instruction a été modifié à de multiples reprises au cours des dernières années,

que l'interprétation de cet article, et notamment de l'obligation de dénonciation y contenue, ne semble pas toujours faire l'unanimité,

que l'ampleur de l'obligation de dénonciation y contenue diverge par ailleurs de celle inscrite dans les législations de nos pays limitrophes,

invite le Gouvernement

à communiquer aux administrations et services de l'État l'interprétation à donner à cet article,

à compléter la législation en s'inspirant des législations étrangères notamment en ce qui concerne d'éventuelles dénonciations mensongères.

(s.) Gilles Roth.

Déi éischt Motioun geet ëm eng gesetzlech Bestëmmung am Gesetz iwwert den Aménagement communal, fir dem Patrimoine culturel och eng gesetzlech Basis ze ginn, déi fir eis onzoulänglech de Moment ass.

Déi zweet Motioun geet ëm den Artikel 23 aus der Strofprozessuerdnung, fir dee gegebenenfalls ze kucken.

Déi drëtt Motioun geet drëms, fir d'Dispositiounen an dem aktuelle SREL-Gesetz iwwert de Statstrojaner unzepassen dem Avis vum Conseil d'État, deen e gemaach huet am Kontext vun de Mesures de sécurité.

An déi lescht Motioun geet ëm eng gesetzlech Basis fir d'Polizeidatebanken.

Doropshin, Här President, huet d'CSV 20 Minutte méi Riedezäit.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Do muss ech Iech leider korrigéieren, Här Roth. D'Motiounen - ech hunn dat an eisem Reglement nogekuckt - kënnen net mat den Zäite vun den Orateure cumuléiert ginn. Et huet selbstverständlech jiddweree fir d'Diskussioun a fir d'Introduktioun eng Riedezäit vu fënnef Minutten zegutt, mä et ass awer net esou, dass déi Riedezäit vun de Motiounen automatesch un d'Riedezäit vun deenen eenzelne Fraktiounen hannendrugesat ka ginn. D'Diskussioun muss also en Zesummenhang mat de Motiounen hunn.

Dir hutt déi Riedezäit zegutt, mä zu de Motiounen. Ech gi ganz gär zou, dass mer heiansdo, wann en Orateur eng Minutt iwwerzunn huet oder zwou Minutten iwwerzunn huet, da gesot hunn: „Gutt, e stellt d'Motiounen net méi vir, mir ginn em dann dat en plus", mä mir kënnen et net esou applizéieren, dass mer elo soen: „D'CSV huet 198 Minutte Riedezäit an dann hänke mer nach eng Kéier 20 Minutten drun." Dat ëmsou méi, Kolleegen a Kolleeginnen, well mer hei och an engem Fall sinn, wou een Orateur vun der Majoritéit elo vun der LSAP verzicht huet op d'Wuert, well keng Riedezäit méi do ass, well déi verschidde Riedner sech net un hir Riedezäit, wou se ageschriwwe waren oder wou ofgemaach war, gehalen hunn.

Ech gi ganz gär zou, dass och deen een oder deen aneren Deputéierte vun der Oppositioun ënnerbrach ginn ass. Ech hunn dat awer nach eng Kéier nokucke gelooss. An deenen allermeeschte Fäll ass et esou, dass da gestoppt ginn ass, wann d'Regierung ënnerbrach huet, an dass erëm weiderlafe gelooss ginn ass, wann den Deputéierte geschwat huet.

Also et ass esou, mir hunn elo véier Motiounen, d'CSV ka selbstverständlech nach zu deene verschiddene Motioune schwätzen. Mä ech géif awer mengen, dass ech hei net elo kann enger Fraktioun 20 oder méi Minutten zur normaler Riedezäit bäiginn, et deet mer leed. Dir kënnt och d'Referenzen am Reglement nokucken. Ech gesinn hei wierklech keng schlecht Intentioun vum Kolleeg Roth, mä ech muss hei leider d'Reglement applizéieren. Wa se herno diskutéiert ginn, da ka selbstverständlech vun der CSV dozou Stellung geholl ginn.

D'Chamber muss mer soen, wa se der Meenung wär, dass ech mech géif iren. Mä ech mengen net, dass ech mech hei iren.

Une voix.- Et ass richteg.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà, ech géif dann d'Motioune weiderginn. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech wëll just bemierken: Ech mengen net, datt Der Iech iert par rapport zum Reglement. Mä dat, wat mäi Kolleeg Marc Spautz de Moie gesot huet mat der Disproportioun vun der Zäit, déi op där enger Säit d'Regierung huet, op där anerer Säit déi verschidden Oppositiounsparteie respektiv d'Majoritéit an d'Oppositioun ass an dësen Diskussiounen awer relativ disproportionéiert a relativ schwiereg fir ze maachen.

Ech fuerderen Iech op jidde Fall op, datt mer dat doten, wa mer déi Diskussiounen d'nächst Joer féieren, vläicht awer eng Kéier an de Riedezäiten dann iwwerkucken. Dir sot: „Et war

ëmmer esou." Mä mir hunn an deene leschten an an deene Jore virdrun ni den État de la nation, de PSC an de PNR zesummegeholl, wou déi dräi Ministeren all Kéiers da gemeinsam konnte schwätzen. Dat ass elo kee Reproche u keen. Dat ass just eng Konstatatioun, datt een awer da wierklech muss fir déi Joren duerno déi Zäiten do iwwerkucken. Well dat heiten, dat léisst eis awer relativ frustréiert, wat d'Riedezäit ugeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Wiseler. Ech mengen, et ass eng Opfuerderung fir d'Conférence des Présidents, fir de Bilan vun deem heiten Debat ze zéien, esou wéi mer de Bilan vun deem leschte gezunn hunn. An da sinn ech selbstverständlech Wuess an Ären Hänn, fir matzehëllefen, fir déi richteg Solutiounen oder Konklusiounen doraus ze zéien. Mä am Moment kann ech näischt aneschters maachen, wéi d'Reglement ze applizéieren.

An ech ginn dee Moment deem Nächsten d'Wuert. Vu dass den Här Haagen Affer ginn ass vun dem Zäitlimitt, géif ech d'Wuert un d'Madamm Beissel ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel *(DP).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, elo gëtt et e bësse méi gemittlech. Wéi eise Premier Xavier Bettel et gëschter gesot huet, an ech wëll him Merci soe fir seng breet gefächert Ried, feiere mer den 11. Mee 2017, dat heescht a gutt 14 Deeg, den 150. Gebuertsdag vum Londoner Vertrag. Den 11. Mee 1867 sinn d'Jalone gesat gi fir déizäit en neit Lëtzebuerg. En neit Lëtzebuerg wéinst dräi Saachen:

Éischtens krute mer dunn, no villem Gerangels mat de Groussmächten, déi sech ronderëm ëmmer zerstridden hunn, permanent Neutralitéit, déi mer bis 1948 gehalen hunn.

Zweetens ass déi grouss a staark Festung geschleeft ginn. Déi Festung, déi de geniale Militäringenieur Sébastien Le Prestre de Vauban vu 1689 un op Wonsch vum Ludwig XIV. hei zu Lëtzebuerg opgeriicht huet mat deenen déckste Steng, déi een an der Groussregioun fonnt huet, an dee wierklech Gibraltar vum Norden hei gemaach huet. Et hat praktesch d'Faillite vum Lëtzebuerger Stat mat sech bruecht, wéi se geschleeft ginn ass.

Déi drëtt Neiegkeet, déi do war, dat ass, dass déiselwecht Groussmächte, well se es awer e bësse genuch haten, well se sech ëmmer bekricht hunn, fir eben de Gibraltar des Nordens ze kréien, zu London de Wëllem III. vun Oranien-Nassau, Kinnek-Groussherzog, dee Lëtzebuerg iwwerhaapt net gär hat an ëmmer mat der Chamber gestridden huet, quasiment forcéiert hunn, fir de Lëtzebuerger eng nei Verfassung ze ginn.

Dat ass eis Verfassung vum 17. Oktober 1868, déi haut nach leeft. Eng Verfassung, déi zolidd redigéiert war mat flexibelen Institutiounen, déi net nëmmen d'Grondrechter, mä och d'politesch Rechter vun all de Lëtzebuerger Bierger ofgeséchert hunn, déi d'Contrainten op der Wirtschaft gehuewen hunn à tel point, dass d'Stolindustrie, déi och profitéiert huet vum verfeinerte Procedé vun den Thomas-Schlacken, ugefaangen huet, vill bessere Stol ze kachen an en immensen Opschwong vum Lëtzebuerger Land mat sech bruecht huet.

Dat war virun 150 Joer. Eis Verfassung huet der elo 149. D'nächst Joer kënne mer dann do och 150 Joer feieren. Si war gutt, mä elo si mer amgaangen, eng nei ze maachen. Et freet ee sech: Firwat eng nei Verfassung? Säithier ass ganz vill geschitt. Vun no dem Krich un, haaptsächlech vun 1948 un hunn d'europäesch Démocratieparlementairen en immensen Opschwong fonnt.

Mir hunn déi europäesch Institutioune kritt, ugefaange mat der CECA iwwert d'EWG bis zur haiteger Europäescher Unioun. Mir hunn 1950 d'Mënscherechtskonventioun kritt an den Europäesche Geriichtshaff vu Stroossbuerg, 2001 d'Charte des droits fondamentaux. Lauter Regelwierker, déi mat sech bruecht hunn, dass d'Erkenntnisser komm sinn, dass eis Verfassung misst ugepasst ginn. D'Demokratien hunn evoluéiert, d'Monarchie constitutionnelle huet evoluéiert. Mir kruten Ufroen: Wann ech gelift passt déi Verfassung de Lëtzebuerger Gegebenheeten un!

Viru 14 Joer - a wann ech elo kucken, ech muss wierklech all Mënsch Merci soen, deen an deene respektiven a successive Verfassungskommissioune war, an och de Presidenten - ass du grousse Courage an zwou Hänn geholl ginn an et sinn 115 vun deenen 121 Artikele vun der Verfassung op de Metier geholl ginn. An elo hu mer en Text, deen ongeféier prett ass, fir an d'Prozedur vum Artikel 114 eranzegoen - Spezialprozedur -, fir dass mer eng nei Verfassung kréien.

Wat awer geännert huet: Mir hunn alleguerte gemierkt, dass vill vun eise Statsbierger Skepsis, Politikverdrossenheet oder heiansdo Mësstraue vis-à-vis vun den Institutiounen a vum Stat hunn, well se ganz oft de Statssystem net ganz gutt kennen, well se en dofir net richteg verstinn, mat Momenter falsch Informatioune kréien. An dofir kënnt eng Politikverdrossenheet op, déi mer musse bekämpfen, well dat kann dem Land an den Institutiounen nëmme méi schueden.

Dofir, an dat ass schonn am Koalitiounsprogramm an ass vun der Regierung, mä och vun der Chamber gesot ginn - an ech soen och dem Chamberspresident en häerzleche Merci -: Paradigmewiessel; d'Biergerparticipatioun gëtt elo effektiv a reell gemaach. Et gëtt net nëmmen e schéint Wuert.

An dunn hu mer ugefaangen, fir déi nei Verfassung an d'Finitioun ze bréngen. Et si Forumcitoyene gemaach ginn. Zesumme mat der Uni si Seminäre gemaach ginn, fir ebe just de Leit déi Verfassung méi no ze bréngen, fir se hinnen ze erklären, dass, wa se bis wierklech soll an d'Prozedur goen, d'Leit op d'mannst d'Basiselementer kenne vun deem, wat ënnert den Deckele vun der Verfassung ass.

An ech hoffen, dass mer eis awer alleguerten heibannen, vun all de Bänken an independamment wéi konstruktiv oder kritesch mer sinn, zesummerappen, fir dass déi Verfassung iergendwéi geschwënn an d'Realitéit kann iwwergoen.

Den zweete Punkt vun deene sechs, déi ech hunn, dat ass, dass d'Grondwäerter, d'Fräiheeten an, wéi gesot, d'ganz demokratesch Institutioune mussen all Dag geschützt ginn.

Vill vu menge Virriedner, an dofir wäert ech mech elo net ze vill do veräusseren, hu schonn erausgeschielt, wat momentan a ronderëm eis lass ass. Wann ee kuckt, da sinn et u sech scho mouvementéiert Zäite fir d'Institutiounen, manner hei zu Lëtzebuerg, mä éischter an de Länner ronderëm an iwwerhaapt an Europa an och nach méi wäit. Wéi schnell d'Zäite kënnen änneren a wéi geféierlech ultranationalistesch a populistesch Mouvementer kënne fir d'Demokratie a fir demokratesch Institutioune sinn, gesi mer mat deem, wat momentan leeft.

Mir brauchen nëmmen d'Ried vun der Lag vun der Natioun vun de leschte Joren ze kucken. Am Abrëll 2015 ass hei am Haus vun alle Bänke gewarnt ginn: „Oh, là, là, et dierf net zu engem Brexit kommen! Dat gëtt eng finanziell Katastroph fir Europa, finanziell Katastroph fir d'Land, fir d'Finanzplaz an esou weider!" Et huet ee Referendum gebraucht, an elo hu mer de Brexit. An elo ass den Artikel 50 aktivéiert ginn. An elo geet et lass mat den haarde Verhandlungen, fir ze kucken: Wie kritt wat a wie kritt wat net? Ech fäerten, dass et eng duebel Veraarmung gëtt, sougutt vun Europa wéi och vu Groussbritannien, wat kengem kann notzen.

Déiselwecht Attitüd hate mer, wéi gesot ginn ass: „Oh, là, là, mir dierfe keen Donald Trump als amerikanesche President kréien!" Elo hu mer en! E sëtzt am Wäissen Haus, en huet ganz vill Muecht. An Dir wësst, wat lass ass: Ongewëssheet, wéi e reagéiert op internationalem Plang a wat dat fir eis alleguerte bedeit. Ee Referendum, eng US-Wahl an e Changement op ganz ville Pläng an der Weltpolitik.

Drëtt elektoraalt Beispill. Ech brauch Iech net vun eisem franséischen Noper ze schwätzen. Ech hoffen, dass den europafrëndlechen a progressistesche Kandidat am zweeten Tour de Match wënnt géint d'Madamm, déi extrem rechts an total populistesch ass.

Déi dräi Exempele wollt ech einfach nëmmen zitéieren, fir Iech ze weisen, dass mer ëmmer mussen drun denken - all Dag praktesch -, souguer an enger Demokratie, déi ofgeséchert ass wéi Lëtzebuerg, dass eis Institutioune musse soignéiert gi wéi eng Fleur rare, dass se ëmmer kënnen attackéiert ginn an dass mer mussen oppassen, dass hinnen näischt geschitt.

Den drëtte Punkt: d'Reform vum Statsrot. Dir wësst, déi Reform, déi ass ongeféier prett. Ech hunn d'Éier, fir dovu Rapporteur ze sinn. Mir wäerte se d'iwwernächst Woch hei an de Plenum kréien, fir ze diskutéieren an dann, hoffen ech och, fir ze stëmmen.

De Statsrot, wat och eng „elder Lady" ass, deen datéiert jo vun 1856. An 1989 krut en u sech seng konstitutionell Independance, well vun deem Moment un ass et nëmme méi berodend Organ, an déi zwee... Also, de juristesche Volet, deen ass an d'Cour administrative an an den Tribunal administratif eriwwergewiesselt ginn. En huet eng extrem wichteg Roll hei an eisem Stat, als berodend Organ vun der Regierung a vun der Chamber.

D'Avise vum Statsrot sinn net méi ewechzedenken an der legislativer Prozedur, well de Statsrot passt net nëmmen ëmmer op als Gardien vun de Grondrechter, mä och als Gardien vum Rechtsstat, dass den Droit positif, dat heescht d'gängegt Recht, mä och international Texter consideréiert ginn, dass mer net Texter maachen, déi ganz schnell attakabel sinn, dass déi Legistik an der Rei ass. An dofir: D'Avise vum Statsrot sinn néideg, dass mer eng exzellent Legislatioun kënne maachen, déi net, soubal wann Texter gestëmmt sinn, direkt zu Prozesser Ulass gëtt, well Interpretatiounsdifferenze méiglech sinn an den Text net kloer ass.

Mir sinn zwar ëfters generft, wa mer eng Serie vun Opposition-formellë vum Statsrot kréien, mä de Statsrot gëtt ganz oft mat den Opposition-formellen Denkustéiss, wou en einfach d'Deputéierten oprifft, fir sech nach eng Kéier de Kapp driwwer ze zerbriechen, ob wierklech d'Formulatioun an der Rei ass, ob den Objet wierklech konform ass zu de Vuë vum Projet, mä och zu de Vuë vum gängege Recht.

Et ass awer scho länger Zäit, wéi gesot 1989, wou déi lescht Reform war. Elo sti mer virun där drëtter. Et ass awer dobaussen diskutéiert ginn a souguer ugeprangert ginn, wéi de Statsrot zesummegesat gëtt, wéi e funktionéiert. An haaptsächlech, well déi Prozeduren dann nach op déi gutt al Manéier gefouert ginn, ass gesot ginn: „Déi Institutioun ass net transparent genuch. Maacht wann ech gelift iergendeppes, wou mir als Bierger nach e bësselche méi d'Méiglechkeet hunn, fir ze wëssen, wat genau do leeft!"

An et si genau déi do zwee Pfeiler, déi mer an der Reform wäerten upaken a wou mer och de Statsrot moderniséieren, ouni awer seng Essenz an d'Qualitéit vu senger Aarbecht an d'Manéier, wéi en awer zu engem gudde Resultat kënnt, wierklech a Fro ze stellen.

De véierte Punkt zur Justiz. Ech hunn et ganz begréisst, wéi eise Justizminister virun e puer Wochen am Kader och vun der geplangter Verfassungsreform eis eng nei Institutioun, en neie System virgestallt huet. Dat ass de Conseil suprême de la justice. Et soll méi Kohärenz an d'Justiz erabruecht ginn a Saachen Nominatioun, Formatioun vun der Magistratur, a Saachen Observéierung vun den deontologesche Regelen. Et ass ganz wichteg, dass d'Justiz esou e Gremium kritt, fir nach eng besser Justiz ze maachen. An, wéi gesot, d'Regierung ass do um richtege Wee. An d'DP ënnerstëtzt dat voll.

Wat de Parquet général ugeet, deen elo méi Independenz kritt an der Ausübung vun der Action publique, begréisse mer dat och, quitte dass dat éischter méi symbolesch ass, well dat u sech... Dat gëtt elo formaliséiert, mä an der Praxis leeft dat jo schonn.

Ech hunn et och immens begréisst, well ech en immense Verfechter si vun der Cour constitutionnelle, dass d'Verfassungsgeriicht weiderhi wäert „Cour constitutionnelle" heeschen. An ech fannen et och gutt, wann ee weess, wat fir ee Pensum d'Cour constitutionnelle dauernd muss bewältegen, dass se elo am Plenum kënne fonctionnéieren, och zu néng, an dass se och Suppleantë kréien, well se mat Momenter net méi wëssen, wéi se d'Aarbecht solle bewältegen.

Zu de Prozeduren. Déi Saachen, déi elo kommen, déi si gutt, mä frot d'Leit dobaussen: „Sidd Der zefridde mat der Justiz?" Et ass ni e Mënsch zefridde mat der Justiz, a kengem Land, well d'Justiz ass eppes immens Subjektives. „Et dauert all Prozess ze laang." „Et kascht ze vill." „Den Affekot ass net gutt." „D'Riichter hunn net nogelauschtert." Dat héiere mer esou laang, wéi mer an deem Metier sinn!

D'Realitéit ass awer hei zu Lëtzebuerg, dass mir am Peloton de tête sinn, wat de System ass vun eiser Justiz. Zu Lëtzebuerg - wat jo dann elo eng Referenz ass, do ka jiddweree sech säi Rëndelchen ofschneiden - dauert an der Moyenne e Prozess 86 Deeg. Dat ass net vill! Wann ee kuckt, wat am Ausland ass, da si mer do wierklech gutt. An dann derniewent hu mer, an do si mer wierklech am Peloton de tête, 46 Riichter pro 100.000 Leit. Dovunner dreemen déi aner Länner alleguerte ronderëm eis, wéi se eis dat kéinten nomaachen.

Wéi gesot...

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Madamm Beissel,...

Mme Simone Beissel *(DP).*- Ja?

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- ...erlaabt Der just eng kleng Zwëschefro? Dat hëlleft Iech vläicht och elo, déi dräi Sekonnen.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Ja?

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Just eng kleng Remarque awer zu där Zuel. Dir verweist op déi europäesch Etüd, wou effektiv d'Lëtzebuerger Justiz déi séierst ass, net nëmmen am Peloton de tête, mä mir sinn d'Spëtzt, wat dat betrëfft, wat net heescht, dass mer dofir keng Problemer hätten. Mir wëssen dat.

Mä par rapport zu där Zuel vu 46, do muss ech awer soen: Do gëtt wéi ëmmer an deene Statistike just d'Zuel vu Riichtere gekuckt an da par rapport zu der Population résidente gerechent. Dat ass awer net eis Realitéit. Dofir ass déi Zuel esou spektakulär héich; d'Zuel vu Riichteren zu Lëtzebuerg par rapport zu anere Länner. Do gëtt awer ignoréiert, dass all Dag 180.000 Leit iwwert d'Grenz kommen, déi jo och iergendwou Affären op de Geriichter generéieren, och wa se net hei wunnen. Déi dauchen an där Rechnung do net op.

An et gëtt och an där Rechnung do net berücksichtegt, wéi grouss den Impakt vun de Geriichtsaffären ass, déi generéiert ginn duerch Societéiten. Och do si mer wäit iwwerproportional präsent, plus d'Frontalieren. A wann een dat géif berücksichtegen an net nëmmen eng Per-capita-Rechnung géif maachen, da wär bei eis och de Ratio vun de Riichtere par rapport zu der Populatioun wesentlech méi déif. An nawell si mer déi Séierst.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Merci fir déi Richtegstellung. Ech mengen, ech wollt Iech als Justizminister u sech schonn e Pleséier maache mat deene gudden Zuelen. Ech weess och, dass mer Rekrutementsproblemer hu mat der Magistratur.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Ech wollt Iech hëllefen, dass Der Iech an Ären Notten erëmfannt.

(Hilarité)

Mme Simone Beissel *(DP).*- Jo, neen, et ass gutt, mä de toute façon mat de Rekrutementsproblemer geet et jo elo besser. A wa mer méi Magistrate kréien, kréie mer dat hin.

Ech gesinn, dass d'Zäit mer fortleeft. Ech wollt awer nach ee Wuert soen, wou ech d'Regierung wierklech wollt...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ee Wuert!

Mme Simone Beissel *(DP).*- ...felicitéieren. Dat ass, dass se de Sozialdialog erëm eng Kéier ugekuerbelt huet, nodeem wou d'Tripartite 2012 praktesch explodéiert ass. Dir wësst, d'Demokratesch Partei ass enk mat dem Lëtzebuerger Modell verbonnen, well eise liberale Minister Gaston Thorn huet d'Tripartite 1977 an d'Liewe geruff. An dofir sinn ech frou, dass e liberale Minister elo erëm eng Kéier den Dialogue social ugekënnegt huet.

Ech kéint nach véier Stonne schwätzen, mä mir huelen dat da spéider no. Ech soen Iech villmools Merci. Ech mengen, mir schaffe virun, fir dass mer eise Stat modern, effikass an transparent halen, am Interessi vun eise Bierger, am Interessi vun eisem Land.

Villmools Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Beissel. An den nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, Dir Häre Vertrieder vun der Regierung, mir hate gëschter déi Ried vum Här Statsminister héieren. An ech mengen, wann een et sech dann e bësse verdéift, da freet ee sech: Wat ass dat fir eng Ried? Ass dat elo de Versuch vun engem Regierungschef, de Bilan ze maachen no véier Joer Regierungszäit? Ass et de Versuch, sech e bësse virzebereeden op e Wahlkampf? Ass et eng Analys vun deem, wat seng Regierung elo gemaach huet? Ass et eng Visioun fir Lëtzebuerg?

Et wor eigentlech näischt dovunner. Et wor e bëssen e platten, muss ech soen, Resumé. E bëssen: „Hei hu mer do, an engem anere Rayon hu mer dës Iddi oder dat nach wëlles." Mä et wor eng Ried ouni Envergure. An et wor heiansdo souguer eng Verwiesselung. Et wor net d'Ried, déi e Statsminister soll halen an engem Parlament, mä et wor eng Ried bal wéi op engem Parteikongress.

Et ass zum Beispill net normal, datt e Lëtzebuerger Statsminister heihinnerkënnt an een eenzegen auslännesche Statschef kritiséiert, näämlech dee vun eisem Haaptalliéierten: dee vun den USA. Dat kann ee maachen op engem Parteikongress. Et ass awer net d'Aufgab vun engem Lëtzebuerger Statsminister hei am Parlament. Mir hunn esou vill aner Statscheffen op der Welt, leider, déi eng Kritik géife verdéngen. Fir ausgerechent dee vun eisem Haaptalliéierten erauszesichen, ass sécher net dee richtege Wee!

Erstaunlech an dëser Ried... Eigentlech deen erstaunlechste Punkt an där ganzer Ried wor ganz zum Schluss, wou den Här Statsminister seet, déi Equipp do, déi hie leet, déi wär net

ideologesch. An ech wëll dofir a menger Ried dorobber äntwerten. Ech wëll Iech weisen, wéi ideologesch dës Regierung ass, datt se eigentlech näischt anescht ass wéi ideologesch an eng Politik opgrond vun Iddie mécht, déi aus engem Lager kommen an dacks net am Interessi vum Land a vun eise Bierger sinn.

Déi eenzeg kuerz Referenz, déi de Statsminister gemaach huet op Lëtzebuerg als Land, op seng Existenz wor e kuerze Verweis op de Vertrag vu London vun 1867. Mä feiere mer deen? Wat mécht d'Regierung? Wat mécht d'Land, fir dat ze kommemoréieren? An ech stellen déi Fro ganz bewosst, net nëmmen am Kontext vum Brexit, wou eng Geleeënheet gewiescht wär, op eis Verbindunge mam Vereenegte Kinnekräich hinzeweisen, op eng historesch an eng bleiwend Verantwortung vum Vereenegte Kinnekräich fir Lëtzebuerg a fir Europa, mä och well mer jo Erfahrungen hu mat där Manéier, wéi dës Regierung mat eiser Geschicht ëmgeet.

Mir hate keng Feier fir 200 Joer Wiener Vertrag. Do hate mer näischt. Mir haten eng relativ kuerz Feier fir den 175. Joresdag vun der Trennung vun eisem Land, vun der Spléckung 1839, en anere Londoner Vertrag, wou d'Rieden deemools haaptsächlech derfir benotzt goufen, fir Reklamm ze maache fir d'Auslännerwahlrecht a fir eis eng reduktionistesch Visioun vun der Lëtzebuerger Geschicht ze imposéieren, fir esou ze maachen, als hätt Lëtzebuerg, eis Lëtzebuerger Kultur, eis Geschicht 1839 ugefaangen a mir missten Abstraktioun maache vun enger laanger Geschicht, déi bis an d'Mëttelalter zréckreecht.

Eng Approche, déi a kengem anere Land vun der Welt esou existéiert, déi et net a Frankräich gëtt, net an Däitschland, néierens, well jiddweree referéiert sech och op seng wäit Wuerzelen. A mir hei sollten dann dorobber léieren ze verzichten.

Dat ass keng Approche, déi mir deelen. Mir soen: Dës Regierung huet e gestéiert Verhältnis zu eisem Land an zu eiser Natioun! Et ass och net vun ongeféier, datt déi Ried, déi den Här Statsminister hei hält, heescht: „D'Situatioun vum Land". Mir ginn op dat zréck a mir hu guer keng Komplexer, fir ze soen: Mir schwätzen iwwer eng Ried zur Lag vun der Natioun. Nach virun e puer Joer ass deen Ausdrock och hei am Haus ganz normal gebraucht ginn. An et ass och esou, wéi mer déi Ried sollte verstoen.

Wann et dëser Regierung no gaange wär - an et ass dee schwäerzeste Punkt an der Bilanz vun dëser Regierung, dee Referendum 2015, Gott sei Dank e schrecklechen Echec fir dës Regierung! -, da wär haut kee Parlament méi do... also, haut schonn nach, mä an abseebarer Zäit géif et kee Parlament méi vun der Lëtzebuerger Natioun ginn, kee Parlament méi, wou d'Lëtzebuerger als Natioun kéinten e politesche Wëlle fir hir Zukunft formuléieren.

D'Madamm Loschetter huet gëschter eng Ried hei gehalen, wou se dat erëm a Fro gestallt huet, d'Resultat vum Referendum. déi gréng soen: „Jo, ma d'Auslänner schafe jo eise Räichtum." A si huet do Iwwerleeungen ugestallt, „et kéint een net akzeptéieren, datt si net kéinte mat decidéieren". An da froen ech mech: Sinn dann déi gréng esou demokratesch, datt se d'Resultat vum Referendum akzeptéieren oder net?

A wat wëllen eis Kolleege vun der CSV? Wéi stellen déi sech an Zukunft dat Verhältnis zu den Auslänner hei am Land vir? Ech liese mat Erstaunen, muss ech soen, datt d'CSV sech virstellt, de Conseil national pour étrangers an direkter Wahl vun den Auslänner hei am Land wielen ze loossen.

No deem Konzept hätte mer also e Parlament vun den Auslänner hei am Land an e Parlament vun de Lëtzebuerger hei am Land. Amplaz d'Land ze eenegen, amplaz ze integréieren, géife mer zwee Parlamenter hei hunn. Mir géifen dividéieren, wou mer sollen zesummeféieren. Dat wär d'Resultat vun der Politik, déi d'CSV eis hei proposéiert. Dat ass kee Wee, deen ech als iergendwéi fruchtbar ka gesinn.

Mir mussen och soen, datt dës Politik vun dëser Regierung eigentlech e Krich ass op ville Fronten.

E Krich géint d'Relioun: Den Här Minister Kersch ass do spezialiséiert, mä och den Här Minister Meisch mam Reliounsunterrecht; d'Kierchefabricken.

E Krich géint eis Traditiounen. Mir haten dach laang um Nationalfeierdag den Te Deum, eng Zeremonie, déi an der Eenheet, an der Harmonie verlaf ass. A mir hunn elo eng Zivillfeier agefouert, an där mer vu Joer zu Joer méi gesinn, op där Zivillfeier vum Nationalfeierdag, datt déi Rieden, déi gehale ginn, ëmmer manner ze dinn hu mat dem offizielle Gebuertsdag vun eisem Grand-Duc an ëmmer méi politiséiert ginn, fir d'politesch Absichte vun dëser Gambia-Koalitioun ze justifiéieren an ze verkafen. Dofir ass den Nationalfeierdag net do! Et ass eng Verletzung vun der Dignitéit a vun der Absicht vun där Zeremonie!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech fannen et affrontéiert, fir dem Grand-Duc esou eppes ze ënnerstellen!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dës Regierung, sot Dir, Här Bettel, wär net ideologesch. Dir sot an Ärer Ried, dës Regierung wär net ideologesch. A kengem Domän weist sech Är Ideologie méi wéi an Ärem Kampf géint d'Famill! An dës Regierung huet just a konsequent een eenzege Familljemodell verdeedegt. Een eenzegen! Deen anere bewosst a konsequent benodeelegt.

D'Madamm Bofferding huet gesot, et wär ni e richtege Choix ginn. Mir als ADR hu säit Joren hei an der Chamber e Familljemodell proposéiert, fir wierklech e materielle Choix ze erméigleche fir d'Familljen, fir et de Mammen oder de Pappen, déi dat wëllen, och kënnen ze erméiglechen, a materieller Sécherheet doheem ze bleiwen a sech ëm hir Kanner ze këmmeren. Mir bleiwe bei eisem Modell a mir hoffen, datt mer e geschwënn och hei kënnen ëmsetzen.

(Interruption)

A wa mer iwwer Famill schwätzen: Den Här Bodry, d'Madamm Beissel an anerer maache Reklamm fir déi nei Constitutioun, eis Verfassung, déi jo soll esou gutt sinn an déi mer onbedéngt brauchen. Déi Verfassung, déi eis hei soll verkaaft ginn, ass géint d'Famill! An där aktueller Verfassung - an där aktueller - am Artikel 11, do schwätze mer nach vun dem Droit naturel de la famille. Mir gesinn d'Famill als en Dréier vu Rechter, als eng Entitéit, eng Institutioun an der Gesellschaft, déi hir Rechter huet.

An där neier Verfassung, déi eis hei soll verkaaft ginn, gëtt et en Artikel 38, wou d'Famill net méi mat Rechter ugeféiert ass. Par contre steet dran, de Stat muss drop oppassen, datt jiddwereen d'Recht huet, eng Famill ze grënnen. Abee, wie seet jiddwereen, dee seet och: egal wien.

An do musse mer awer wierklech oppassen, wou mer higinn, well mir maache mat där doter Politik, datt mer jiddwerengem verfassungsméisseg d'Recht solle ginn, eng Famill ze grënnen, d'Dier wäit op, fir d'Kanner nach ze kommerzialiséieren, e Recht op d'Kand anzeféieren, constitutionnel fir egal wien, fir jiddwereen. A mir féieren dobäi näischt anescht a wéi eng weider Kommerzialiséierung vum Kand! D'Kand gëtt zur Handelswuer. D'Kand huet net méi seng eege Rechter, mä et gëtt zum Objet vun deenen Erwuessenen, déi aus hiren Interessen eraus ebe gär Usproch op e Kand erhiewen. Och dat ass net eise Wee!

Da steet nach hannendrun: Mä de Stat agéiert am iwwergeuerdneten Interessi vum Kand. Dat ass eng Farce, well wann een am éischten Abschnitt dat eent seet an am zweete säi Contraire, dann ass dat Zweet just e Feigenblat, fir eng Politik ze verstoppen.

An dann, d'CSV wëllt sech hei als Familljepartei profiléieren. Da verstinn ech awer och munches net. An dëst Parlament, ënnert der Leedung vun der grénger Partei, ass amgaangen, eng Legislatioun auszeschafen iwwer JPA a PMA. Dat versteet net jiddwereen: d'Procréation médicalement assistée; respektiv d'JPA ass d'Leihmutterschaft, dat heescht, datt eng Mamm gelount gëtt, fir e Kand auszedroen.

Dat ass eppes, wat an där ganzer ziviliséierter Gesellschaft, an där ganzer ziviliséierter Welt veruerteelt gëtt, well et ass: d'Ausbeutung vun der Fra als Gebärmaschinn. Et ass eng Erofsetzung vum Wäert vun der Fra a vun hirem Kierper a vun hirer Autonomie.

An et ass déi gréng Partei, déi hei jorelaang nëmme vun de Rechter vun der Fra schwätzt,...

(Brouhaha)

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Ech hoffen, datt Der da bei der Prostitutioun déi nämlecht Astellung hutt!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- ...déi elo op dee Wee geet, fir hei am Parlament eng Legislatioun duerchzesetzen oder auszeschaffen, déi ebe just d'JPA iwwer Ëmweeër wëllt legaliséieren.

(Brouhaha)

Iwwer Ëmweeër! Hei am Land soll se verbuede bleiwen, mä et geet duer, datt een an d'Ausland geet an dann zréckgeet, an da soll alles an der Rei sinn.

(Interruptions diverses)

Dat ass eng Realitéit.

(Interruptions)

An iwwert d'PMA an deemselwechten... Iwwert d'PMA ass hei am Gesetz, erëm ënner Leedung vun der grénger Partei, e Projet an der Ausschafung, dee souguer, mat der Hëllef vun der CSV - mat der Hëllef vun der CSV, déi sech hei wëllt als Familljepartei profiléieren! -, Weesekanner virsätzlech erméiglecht iwwer eng Procréation médicalement assistée. Wou mer also higinn an am Viraus virsätzlech a bewosst de Papp aus der Biografie vun engem Kand eraushuelen, well vu virera soll e Weesekand gemaach ginn. Ass dat eng Politik mat Moral?

Den Här Roth huet hei gesot, den Avortement oder allgemeng, dat wär eng Fro vum Gewëssen, dat wär keng politesch Fro. Dat kann een declinéieren, dat kann een ausbreeden op esou vill politesch Froen. Neen! Et ass eng elementar Aufgab vum Stat, eng elementar politesch Fro fir all Gesellschaft, fir de Schutz vun deene Schwaachen an der Gesellschaft anzestoen! Well déi Staark, déi brauche kee Schutz, déi kucken no sech selwer.

Mä et ass wéi eng Gesellschaft ëmgeet mat deene Schwaachen, mat deenen Ongebuerenen, mat deene Kranken, mat deenen eelere Leit, déi an Nout sinn, et ass dat, wat eis moralesch Qualitéit als Gesellschaft qualifizéiert! An et kann een net soen: „Et ass alles eng individuell Entscheedung." Well mir kommen dann an en Dschungel vu Gefiller eran, déi mer hei elo weider net wëllen ausféieren oder qualifizéieren.

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Mir hunn hei eng Situatioun. A loosst mech dat ofschléisse mat enger méi grondsätzlecher Iwwerleeung zu deem, wat hei am Ableck geschitt.

Wann een als Gesellschaft wëssenschaftlech Mëttelen an d'Hand kritt, domadder kann een d'Liewe verbesseren. Et kann een awer och Wëssenschaft méssbrauchen. Et kann ee Wëssenschaft huelen a se ouni Moral asetzen, fir politesch Ziler oder elektoral Ziler ze erreechen.

An ech verweisen hei - an dat ass mer ëmmer erëm opgefall an där Koalitioun - op eng exzellent Analys vun enger brittescher Schrëftstellerin, d'Mary Shelley. Et ass d'Auteurin vum Frankenstein. De Frankenstein ass u sech kee Grujelroman. Et ass eng intelligent Analys iwwert déi Manéier, wéi d'Mënschheet ëmgeet mat enger Wëssenschaft, déi se net méi beherrscht. Dat ass eigentlech déi Grondfro.

An eng Wëssenschaft, déi een hélt, déi engem onheemlech Mëttele gëtt an et huet een déi moralesch Dimensioun net méi dran, dat ass dee Frankenstein-Zeenario. An déi Gambia-Koalitioun, déi mer elo hunn, a mat Hëllef vun der CSV, dat ass eng Frankenstein-Koalitioun an deem, wat hei gemaach gëtt fir déi Gesetzgebung an der Prokreatioun an an der Leihmutterschaft.

A mir wäerten eis als ADR och dergéint wieren, well Moral, de Mënsch, deen huet eng Dignitéit. A mir wäerten déi Dignitéit vum Mënsch verdeedegen. Fir eis ass de Mënsch keng Handelswuer!

An datselwecht gëllt, wa mer elo iwwert d'Fleeg oder aner Secteure schwätzen. Mir halen et fir ganz wichteg, datt dee kranke Mënsch net an eng Situatioun kënnt, wou d'Euthanasie herno dee Wee ass, dee soll hëllefen, seng Angscht virun engem schwéieren Doud ze erspueren. An dofir hätte mer gär, wa mer en neit Fleegegesetz kréien, datt mer och kloer Kritäre kréien, wéi eng Qualitéit, wéi eng Kritären, wéi vill Leit sech mussen ëm déi Leit këmmeren, datt se wierklech wëssen, datt se versuergt ginn. An och hei musse mer oppassen, datt de Commerce an deem Beräich net zulaaschte geet vun deene Schwächsten.

Ech wëll nach e puer Wuert iwwert d'Schoul soen, well vill Zäit hunn ech leider net méi.

Mä d'Schoul: D'Schoul ass, wéi den Här Delles et (veuillez lire: Wat den Här Delles iwwert d'Schoul) gesot huet, dat war eng Kapitulatioun vun dëser Regierung, eng Kapitulatioun viru gesellschaftleche Faiten, well si verzicht op zwou Grondastellungen, déi eng Regierung muss hunn. Si muss éischtens wëllen integréieren. Hei ass den Integratiounswëllen net méi do. Mir gi just hin, wann dës Regierung recht kritt, a mir droen enger Pluralitéit vu Situatiounen ëmmer méi Rechnung, mä d'Gesellschaftszil vun der Integratioun, vum Zesummeféieren, dat ass net méi ze héiere vun dëser Regierung.

An dat Zweet ass, datt all Qualitéitskritäre fort sinn. D'Schoul soll sech un all Méigleches upassen, awer nëmmen näischt méi verlaangen, och net vun de Schüler. Ech soen Iech, well hei ass jo vill vu Populismus geschwat ginn, wat déi schlëmmste Form vu Populismus ass, déi mer am Ableck am Land hunn. An et ass net d'ADR oder eng aner Partei vun der Oppositioun, déi se bedreift, et ass dës Regierung! Déi schlëmmste Form vu Populismus, déi een am Ableck huet, dat ass, fir all deenen Dausende vu jonke Leit, déi all Joer eis Schoule verloossen - ëmmer méi an ëmmer méi gi mer an déi Richtung -, Diplomer ze ginn, déi net méi dee Wäert hunn, dee se um Aarbechtsmaart brauchen, mat deene se net méi op Universitéiten ugeholl ginn, wou se am Statsexamen net méi kënnen déi Resultater kréien, déi awer de Stat brauch a si selwer, fir kënnen eng Carrière opzebauen.

Et ass einfach den Nivellement vers le bas - elo dat neiste Beispill, d'Erofsetze vum Premièresexamen -, deen zu enger Situatioun féiert, wou herno déi einfach Leit, déi sech keng deier Privatschoule kënne leeschten, an enger Situatioun sinn, wou se duerch e Schoulsystem ginn, dee se net méi qualifizéiert fir eng Carrière am Liewen. An doduerch hu se e sozialen Nodeel. Eisen traditionelle Schoulsystem war e sozial gerechte System, e gudde System, well en all Mënsch, egal wéi seng finanziell Situatioun war, op engem gudden Niveau qualifizéiert huet. An et ass ausgerechent eng lénks Regierung, déi dat elo wëllt opginn, an et ass ausgerechent eis Partei als méi konservativ Partei, déi dat wëllt a muss redresséieren, soubal se eng Geleeënheet kritt.

Dir schwätzt vu politescher Bildung. Dir schwätzt vu politescher Bildung an Dir felicitéiert Iech derfir. Mir soen: „Dat ass eng politesch Indoktrinatioun!" Wann een da kuckt, wat de Schüler do soll presentéiert ginn, da gëtt hei alt erëm eng Kéier d'Schoul méssbraucht, fir dëse Schüler verschidden inhaltlech lénk Vuen iwwert d'Welt ze presentéieren.

Dir sot: „D'Kanner solle Kanner bleiwen." Ma firwat maacht Der dann eng fréi Sexualiséierung scho vun der Crèche un? Loosst se Kanner bleiwen!

Dir sot vun der Informatiksektioun, den Här Meisch huet dat gëschter hei gesot, d'Informatiksektioun an de Schoule wier esou wichteg an esou gutt. Jo! Mä et ass dach nëmmen en Instrument! An ass et dach net méi wichteg, datt d'Schüler, wa se kënne mat engem Instrument ëmgoen, emol fir d'Éischt déi Wëssensbasis hunn, dat Versteesdemech vun der Gesellschaft an der Déift vun de Problemer hunn, fir en Instrument kënnen ze benotzen? Mir kënnen net ëmmer nei Instrumenter schafen. Et ass awer wichteg, datt emol d'Bildungsbasis, d'Wëssensbasis vun de Schoulen op en Niveau erëm bruecht gëtt, deen et erlaabt, eis zukünfteg Generatiounen als eclairéiert Bierger un dës Gesellschaft erunzeféieren.

Eis Schoule sinn an engem Bildungsmisär, an dat hu mer zënter dem kompetenzorientéierten Unterrecht, zënter der Kompensatioun.

(Interruption par la présidence)

A wa mer eis Kanner wëllen erëm kompetitiv maachen, och géintiwwer der Konkurrenz aus dem Ausland, se fir den Aarbechtsmaart qualifizéieren, da musse mir dat réckgängeg maachen, wat an der Vergaangenheet u Feeler an deem Beräich geschitt ass.

Mir hunn ëmmer méi Verhalensopfällegkeeten an de Schoulen. Vill Leit vum Léierpersonal sinn um Enn mat hiren Nerven. Mir mussen als Gesellschaft dorobber reagéieren an net einfach de Kapp an de Sand stiechen a soen: „D'Schoul muss sech upassen." Dat geet net duer, fir dësem Land eng Zukunft an dësem Beräich ze ginn.

An ech halen op, Här President, well ech gesinn, datt meng Zäit ofgelaf ass.

(Brouhaha)

Loosst mech nach ee Saz soen, zum Bedauere vun dësem Sall, gesinn ech. Mä dës Regierung huet nach eppes anescht matbruecht an der Schoulpolitik: e systematescht Mësstraue géint d'Elteren. Dir hutt vun Ufank un, genausou wéi an anere Beräicher, probéiert, den Eltere Stéck fir Stéck d'Autoritéit iwwer hir Kanner ewechzehuelen, mat enger Arroganz, wou Der sot: „De Stat huet d'Qualitéitskritären a senge Strukturen, dee weess besser, wéi d'Kanner sollen erzu ginn, wéi se sollen opgekläert gi wéi d'Elteren."

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Kartheiser, dat war elo scho méi wéi ee Saz.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Majo neen, dat ware lauter Kommaen, Här President.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Är Zäit ass ofgelaf, ech hunn Iech annerhallef Minutt, zwou...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Den Här Roth huet fënnef Minutten iwwerzunn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ma deen huet eng Motioun presentéiert.

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Da schwätzt en herno net méi…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Zu där net, e kann awer nach zu dräi anere schwätzen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Gutt. Da maachen ech nëmmen nach zwee Kommata.

(Interruption)

An dat, wat ech Iech wollt soen, ass, datt dës Regierung mat där Attitüd géintiwwer den Elteren eigentlech op eng Educatiounspolitik zréckgeet, wéi se an der DDR bestanen huet. An dee Stat ass gescheitert an Är Politik wäert genausou scheiteren!

Ech soen Iech Merci.

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

Une voix.- Dat ass total falsch, wat Der sot!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat si mer um Enn vum Debat ukomm an d'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Statsminister, fir ze äntwerten.

Prises de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech soen Iech Merci fir déi heiansdo flott a konstruktiv Debatt, déi mer haten. D'Propositioune sinn vun nëtzlech, déi ee selbstverständlech sollt diskutéieren, bis zur Feststellung gaangen, dass ee mat Bounen Zalot, mat Bananne Smoothie a mat Brout Pain perdu ka maache vun der CSV. D'Leit hu sech gefreet, d'Debaten matzelauschteren, wou se och en toute transparence matkritt hunn, wéi deen een oder deen aneren d'Lag vun der Natioun och hei zu Lëtzebuerg gesäit.

Ech ginn net méi an den Detail vun Zuelen an, wéi de Chômage ass, wéi d'Finanzsituatioun ass, well, an ech hunn et schonn déi lescht Deeg gesot, d'Zuele fir sech schwätzen. Verschidde Leit hu gemengt, mir géifen eis ze vill op d'Schëller klappen. Ech hunn a menger Ried express net gesot, mir géifen eis op d'Schëller klappen, mä Avise vun Aussesteeënden zitéiert, vun internationale Gremien, vun Agencen, vu Kommissiounen, vun internationale Leit, déi bei eis kucke komm sinn an eis soen, dass eis Statsfinanzen an der Rei sinn.

Dat heescht, hei ass keng Regierung, déi selwer seet: „Mir si super an et ass alles super." Mä mir gesinn, dass déi Moossnamen, déi mer virun dräi Joer geholl hunn, néideg waren an och hir Friichten droen, a wéinst deem Resultat, wéi et haut ass, kann ee just soen, dass mer haut besser dosti wéi virun dräi Joer.

Et ass de Reproche gemaach ginn, mir géifen nëmme positiv Messagë ginn. Ech mengen, déi, déi jo d'Méiglechkeet haten, eng Kéier meng Ried hei nozelauschteren an den Dag virdru jo eng Kéier doheem ze liesen, misste jo awer kloer verstanen hunn, dass ech au contraire an dëser Ried dès le départ gesot hunn, dass verschidde Leit, enger Rëtsch vu Leit villes geet, awer och verschidde Saachen net ginn an dass ech net probéiert hunn, Saache schéinzemolen am Transport, wann ech souguer vun Immobilitéit schwätzen. Ech hunn net probéiert, ze soen, dass alles an der Rei wier an deem engen oder anere Sujet. Neen, ech hunn op d'Problemer higewisen, och an der Logementspolitik. Ech hunn au contraire probéiert, e Bild ze molen esou, wéi d'Zuelen et matginn (veuillez lire: erëmginn). A wann ee vu Suerge schwätzt: Jo, et hunn och eng Rei vu Leit Froen, Suergen, déi se sech maachen. An den internationale Kontext ass een, deen och Suerge mécht.

Ech hunn e Samschdeg elo nach e Conseil européen zu Bréissel, fir iwwert de Brexit (veuillez lire: ze schwätzen), wéi mer do eis Positioun als 27 EU-Länner wëlle vereinbaren. Jo, et si Leit, déi Froen hunn, wéi et weidergeet mam amerikanesche President, wéi et weidergeet an der Türkei, wéi et weidergeet a Russland. Dat si berechtegt Froen. Mä do kann awer kee vun eis verlaangen, dass mir als Lëtzebuerger Regierung Iech kënne soen, wat do d'Positioun vun deem engen a vun deem aneren ass. Mä mir wäerte mat eisen Diplomaten, mat eisem Ausseminister an de Regierungsmemberen och nach eng Kéier - zum Beispill de Wirtschaftsminister, dee selwer an d'Türkei war - dat prôméieren, wat mer ëmmer gemaach hunn, dat heescht, net nëmmen iwwert d'Leit ze schwätzen, mä mat de Leit ze schwätzen an net nëmmen een iwwert deen aneren ze diskutéieren.

Mir hunn Zuelen, an ech hunn et virdru scho gesot, déi positiv waren. Mir kréie bal de Reproche gemaach, dass mer keng Austeritéitspolitik wëlle maachen. Mir kréie bal de Reproche gemaach, dass mer net wéilte méi spueren, wéi iwwerhaapt néideg ass. Ech muss Iech froen: Wou géife se dann déi Milliard - an ech mengen, et ass e puermol hei d'Fro gestallt ginn -, vun där déi gréisst Oppositiounspartei hei mengt, dass ee se misst spueren, spueren? Ech waarden elo nach op en Début de commencement vun iergendenger Informatioun, fir eis matzedeelen, wou se dat da géife maachen.

Mir gesinn, dass et datselwecht ass, wat elo iwwert d'Pensioune gesot ginn ass. An ech muss Iech éierlech soen, Här President, ech si mat där Rentemauer, mengen ech, grouss ginn, well ech mengen, ech héiere schonn drësseg Joer, dass déi Rentemauer an deenen nächste Méint oder a maximum deenen nächste fënnef Joer op eis duerkënnt!

Mir hunn eng Etüd, déi gemaach ginn ass. Mir waarden do op Avisen. A selbstverständlech wäerte mer, wann all d'Avisen do sinn - an de Minister Schneider verstoppt sech do net hannert den Avisen -, och eis Positioun hunn (veuillez lire: presentéieren). Mä kommt, mir waarden emol of, bis d'Avisen do sinn, fir kënnen och zesummen driwwer ze diskutéieren! Mä et sollt een ophalen, esou ze maachen, wéi wann dat Gespenst vun där Rentemauer all Joer nees dat Thema wär, wat elo géif kommen.

An ech hu viru Kuerzem nach en Interview héieren, ech brauch d'Persoun elo net ze zitéieren, mä dee war drësseg Joer al, deen Interview. An deen huet kloer gesot - an dës Regierung ass net responsabel -: „Déi Rentemauer ass maximal a fënnef Joer do." Dat si 25 Joer hier! Mir sinn eis eens, d'Leit ginn ëmmer méi al, et si Froen do a mir si selbstverständlech als Regierung och bereet, eis Verantwortung ze iwwerhuelen.

Mä wa mer vu Pensioun, wa mer vun Zukunft schwätzen, muss ech soen, Här President, dass ech vun Oppositiounssäit wierklech eppes vermësst hunn. Dat ass am Fong deen héijen Invest, deen dës Regierung mécht, awer ze soulevéieren. Well wann ee vun Zukunft schwätzt, dann ass déi gréisste Mauer, déi ee kann hunn - an déi ass verstoppt -, d'Investissementer an d'Zukunft. Well wann ee vu Scholde schwätzt, an dës Regierung huet esou en héijen Invest wéi nach ni gemaach, dann ass eng verstoppte Schold déi vun den Infrastrukturen. Et gi Länner, déi haut um Pabeier ganz gutt dostinn, mä déi awer eng verstoppte Schold hunn, well se an den Infrastrukturen esou e Retard hunn, dass, wa se déi muer misste maachen, op eng Kéier de Budget guer net méi esou gutt géif ausgesinn.

Jo, mir hu keng Politik vun der Austeritéit gemaach. Jo, mir hunn eng Steierreform gemaach. Mir hunn eng Steierreform gemaach, déi mer gären hätten, déi geziilt de Bierger méi Suen am Portefeuille léisst. An haut huet de Bierger méi Suen a sengem Portefeuille, wéi dat virun dräi Joer de Fall war. Dat ass dat, wat international Agencen eis soen. Et soll een d'Consommatioun relancéieren an et soll een evitéieren, wann ee sech et erlabe kann, eng Austeritéitspolitik ze maachen. Dat huet dës Regierung gemaach.

An de Bierger ass deen, deen de grand Bénéficiaire ass vun dëser Steierreform. An esou, wéi de Finanzminister et gëschter gesot huet, jo, mir hätte kënne soen, fir dass elo d'Zuele besser ausgesinn, maache mer keng Steierreform. Mä mir hu gemengt, dass et wichteg wier, eng geziilten, cibléiert Steierreform ze maachen, fir deenen, déi et och am néidegsten hunn, kënnen entgéintzekommen.

Ech hunn d'Beispill geholl vun den Infrastrukturen: Schoulen, Schinnen, Spideeler. Dat sinn alles Saachen, do kéint ee soen: „Mir maachen dat spéider." Wann ech zum Beispill den Transport kucken, dozou ass gesot ginn, dass hei net villes gelaf wier. Mä ech mengen, d'Dynamik, déi an dëser Regierung am Transport geschitt ass, wann ech déi vergläiche mat deenen zéng Joer virdrun, da ka jiddweree sech säin eegene Bilan maachen.

An ech géif Iech froen, Här President, dass mer nach virun der grousser Vakanz en Débat de consultation organiséiert kriten iwwert deen dote Punkt. D'Regierung freet Iech deen, dass mer kënnen hei an der Chamber iwwert déi Transportléisungen, déi deen een oder deen anere virzeschloen huet, ëffentlech diskutéieren, fir ze weisen, wat deen een oder deen aneren dozou ze soen huet.

Mir hunn eis net ze verstoppe wéinst deem, wat mer gemaach hunn. A mir sollen den Istzoustand maache (veuillez lire: analyséiere) vun deem, wou mer dru sinn. A mir sollen dann eben och déi Perspektiven an deem dote Beräich kënnen diskutéieren.

D'selwecht fir d'Landesplanung, Här President. Ech froen och nach en zweeten Débat de consultation vun der Regierung hei iwwert d'Landesplanung, fir dass mer kënne vun de Parteien, déi jo soen, dass se esou vill Positiounen, esou vill Léisunge fir dëst Land hunn, och emol eng Kéier héieren, wat dës Léisungen da solle sinn.

Mir hu vu Gesellschaftspolitik geschwat. Fir verschidde Leit war et eng Revolutioun. Fir eis, muss ech soen, Här President, war et eng néideg Evolutioun. Et si verschidde Sujeten, déi ech net wollt abordéieren, mä well verschidde Riedner se awer abordéiert hunn, kommen ech awer net derlaanscht.

Den Avortementstext war fir mech eng vun den éischte Prioritéiten. Mir hunn an engem Land gelieft, Här President, wou eng Fra déi schwéierst Decisioun, déi se an hirem Liewen ze huelen huet, eng vun deene schwéiersten Decisiounen, firwat se ofdreiwe wollt, virun eng friem Persoun huet mussen erkläre goen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Et huet keen - keen! - enger Fra ze soen, wat se ze maachen huet an esou enger Situatioun. An ech sinn houfreg, dass dës Regierung bei esou enger Fraude et direkt fäerdegbruecht huet, dat doten ewechzehuelen. An dat wier mat enger CSV net méiglech gewiescht.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Genau esou ass et!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Et ass gesot ginn, ech hätt mech an de Kierchefroen net agemëscht. Dat ass net wouer! Als Premier an als Kultusminister hunn ech een Uspriechpartner. Dat ass net d'CSV, dat ass de Bëschof. An ech hu mam Bëschof en Accord fonnt a mir halen eis un deen Accord.

Mir hunn diskutéiert, also an den… Wann ech mer dee leschte Block kann huelen, vun deem mer diskutéiert hunn, do ass och elo zum Beispill en Text vum Geheimdéngscht komm. Mir hunn eis alleguerten engagéiert, dass mer géifen no engem Joer e Bilan zéien iwwert de Geheimdéngscht. An deen ass elo am Oktober. An, ech mengen, doweinst sollt een elo net scho virgräifen, andeems ee seet, dass mer d'Texter elo géifen änneren, esou wéi et och an der Motioun vum Här Roth virgesinn ass, mä et sollt een einfach no deem Joer dat och zesummen diskutéieren.

De Logement ass nees wéi ëmmer en Dauerbrenner. Ech si frou, wa mer et fäerdegbrénge, am Logement och zesumme konstruktiv ze sinn. An ech muss Iech soen, dass hei de Logementsminister pertinemment weess: Ech schaffe mat all Partei all Dag op deem doten Dossier. Op de Gemenge si Schäfferéit vun alle Fuerwen an d'Gemenge sinn eis Partner an der Logementspolitik. Et ass net deen ee géint deen aneren.

Mä wann een hei jo vun Zuele schwätzt a wann ee seet, et misst een d'Etüde richteg zitéieren an d'Zuele richteg zitéieren, wëll ech mech awer och hei bei där Präisetüd, déi vum Observatoire de l'habitat gemaach ginn ass, net limitéieren op dat, wat den Haaptspriecher a Fraktiounschef vun der gréisster Oppositiounspartei hei an dësem Haus gesot huet. En huet näämlech gesot, an zwar op eng zimlech erféiert Aart a Weis - erschreckt -, dass d'Immobiliepräisser 7% geklomme wieren. 7% geklommen! En huet déi puer Zeilen do gelies, mä en huet awer déi aner drësseg Säite vun der Etüd net gelies, déi näämlech soen, dass tëschent 1984 an 1992 déi Präisser an der Moyenne ëm 7,4% an d'Luucht gaange sinn. Dat heescht, iwwert déi 7%, déi en esou erschreckt hunn.

(Brouhaha)

A vun 1998 bis 2007 war et eng Hausse vu 6,9%. Da kommt, mir kucken d'Zuelen och ganz! Ech si ganz domat averstanen, dass 6,9% och ze vill ass, mä wat wier, wa mer déi Mesuren net geholl hätten, déi mer geholl hunn?

Et ass vu Mietbrems geschwat ginn. Mir hunn eng nei Mietbrems am Fong kritt an deene Steiermesuren, dass d'Loyere vun eidel stoenden Haiser oder Wunnenge kënnen zu 50% erofgesat ginn, wann dee Proprietär se engem konventionéierte Partner zur Verfügung stellt. Dat féiert dozou, dass och a gewëssene Fäll Loyere vu ronn zéng Euro de m² gefrot gi sinn. An dat si Wunnengen duerch d'ganzt Land. Dat ass net zu Ëlwen oder iergendzwousch am Norden, am Osten oder am Westen, och an der Stad fanne mer ewell esou Präisser.

A wat fir mech och wichteg ass, dat ass nees eng Kéier de Rappell ze maache vun deenen Ustensilen, déi et awer ginn. Et gëtt am Moment eng Taxe spécifique op onbebautem Bauland respektiv op onbewunnte Wunnengen. Et gëtt de Remembrement, et gëtt d'Obligation de construire, et gëtt d'Virkafsrecht op onbebauten Terrainen, et gëtt Gemengen, déi vun héije finanziellen Hëllefe vu bis zu 75% vum Wunnengsbauminister profitéiere kënnen, deen dat bäileet fir Projete fir de Locatif. Et gëtt e Steiervirdeel fir d'Proprietären, wa se hiren Terrain un d'Gemeng verkafen, andeems se op der Plus-value keng Steiere bezuelen.

Den Impôt foncier B6 kann elo schonn ugepasst gi fir onbebauten Terrainen. Hei ass gëschter och vum CSV-Spriecher vun Expropriatioun geschwat ginn. Ech muss Iech éierlech gesot soen, dass d'Expropriatioun net déi Léisung ass, déi ech preconiséieren, dass ee sollt au contraire mat Taxen, mat aner Méiglechkeete fueren. Ech weess, dass et och vun anere Riedner hei gesot ginn ass, mä ech war awer e bëssen iwwerrascht, Här President, muss ech Iech awer soen, dass esou eng Propositioun och vun der CSV komm ass.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech wier méi iwwerrascht gewiescht, wa se vu menger eegener Majoritéit komm wier, esou wéi se gëschter an engem ganz aneren Toun wéi bei mir komm ass.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Jo, ech héieren,…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Da misst Der vläicht och Stellung dozou huelen.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- …ech zitéiere just. Et ass och en Artikel am „Paperjam", Här President, wou den Här Wiseler datselwecht seet, dass si fir d'Expropriatioun sinn. Ech soe just,…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dir musst awer de ganze Kader vu mengen Aussoe soen, éier Der dat do elo einfach esou behaapt.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- …dass d'Expropriatioun hei wierklech net d'Léisung ass an au contraire (veuillez lire: sollte mer) d'Leit incitéieren, dat och ze maachen.

Här President, ech wollt och soen, an den Här Gramegna an den Här Schneider intervenéieren och duerno, dass mer eis och sollten iwwert d'Zuele freeën, déi mer iwwert d'Kreatioun vun Aarbechtsplazen hunn. Hei ass gesot ginn: „Jo, mä d'Zuelen insgesamt, wann ee kuckt, wéi vill Chômeure mer haut hunn, sinn awer vläicht ze diskutéieren." Eis Populatioun ass stänneg gewuess, stänneg gewuess! A wa mer e Chômagetaux hunn, deen, an deen zielt ee par rapport zu enger Populatioun, erofgeet, da sollte mer eis alleguerten driwwer freeën. An dat, wëll ech awer och soen, ass och duerch d'Aktivitéit, d'Energie an den Devouement vun der Equipp ronderëm d'Direktesch an der ADEM, déi wierklech do eng Aarbecht mécht, wou se Partner gi si vum Patronat, vun deene Leit, déi Leit astellen, a wou et fäerdegbruecht ginn ass, eng Vertrauensrelatioun opzebauen tëschent deene wichtegen Akteuren.

Et huet och e Riedner, Här President, vun der CSV gesot, dës Regierung géif ze vill an d'Zukunftstechnologien investéieren. Ma ech si frou, dass dës Regierung an d'Zukunftstechnologien investéiert an net,…

(Brouhaha)

…an net a Vergaangenheetstechnologien, wéi een dat da kéint vun hirer Säit verstoen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir hu gesot, Dir sollt Iech och ëm d'PMEe bekëmmeren. Dat ass dat, wat mir gesot hunn.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dat Wuert Zukunftssecteur an Zukunftstechnologien ass gëschter hei zitéiert ginn. Liest de Verbatim, da kënnt Der dat liesen!

(Brouhaha)

Et ass…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift! Wann Der dem Här Statsminister eng Fro…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir hätte gär präzis Aussoen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann Der dem Här Statsminister wëllt eng Fro stellen, da stellt se!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här Mosar, wëllt Der mer d'Fro stellen, ob Dir et waart?

(Hilarité)

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här Statsminister, wann Der esou Behaaptungen opstellt, da sot eis konkret, nennt Ross und Reiter: Wien huet esou eppes an der CSV gesot?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dir, gëschter Owend!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Majo, dann hutt Der eng Onwourecht gesot, ech hunn dat do zu kengem Moment gesot. Ech hu contrairement zu deem, wat Der behaapt, gesot, mir stéingen hannert dem Projet vum Här Schneider, mä mir géifen eis eng ganz Rei vu Froe stellen, juristescher Aart, finanztechne-

scher Aart um Niveau vun der Responsabilitéit. An ier déi Froen, déi vun enger extremer Wichtegkeet sinn, Här Statsminister, an ech huelen un, datt se lech gradesou wichteg si wéi eis,...

Une voix.- Neen, mä dat ass ganz komplizéiert.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- ...datt nëmmen dann d'CSV bereet ass, op dee Wee ze goen (veuillez lire: net beäntwert sinn, ass d'CSV net bereet, op dee Wee ze goen). Duerfir, wann ech gelift, haalt op, hei permanent Behaaptungen an d'Welt ze setzen, déi net richteg sinn!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, ech hat Gott sei Dank déi gutt Iddi, gëschter opzeschreiwen, wat den Här Mosar gesot huet.

(Brouhaha)

An den Här Mosar sot gëschter, dass dës Regierung sech awer op d'Zukunftstechnologien an d'Zukunftssecteure géif baséieren, an dat wier net garantéiert, dat wier net sécher, a patati a patata. Ech soen lech nach eng Kéier, ech hu léiwer eng Regierung,...

(Exclamations)

...ech hu léiwer eng Regierung,...

(Brouhaha)

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Wow, wéi präzis!

Une voix.- Den Här Wiseler huet et dach och hei gesot; den Här Wiseler huet dach déi Froen och hei gestallt. Maacht dach elo net, wéi wann et net esou gewiescht wier!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, also...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, den Här Wolter ass jo ganz konstruktiv haut an e géif sech nach gären aschreiwen.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wa mer alleguer zesumme schwätzen a wa mer alleguer Echo spillen, dann ass dat net ganz schéin unzekucken.

Ech wëll Iech drop opmierksam maachen, dass Chamber-TV fonctionnéiert.

(Hilarité et brouhaha)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ma ech sinn, Här President, frou,...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

...ech si frou, Här President, ech si frou,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech hu kee Problem dermat, dass ënnerbrach gëtt, mä da wann ech gelift net alleguer mateneen, well soss versti mer kee Wuert.

Une voix.- Mir schwätzen eis elo of!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, nach eng Kéier, wéi gesot, am Verbatim kann een dat méi kloer liesen.

An deemselwechte Kontext muss ech awer soen, soss kréien ech elo nees vläicht de Reproche gemaach, ech hätt iergendeppes falsch verstanen, et gëtt vun deem enge gesot: „Dir musst kucken, esou vill Betriber wéi méiglech op Lëtzebuerg ze kréien", a vun deem anere gëtt gesot: „Wann awer ze vill Awunner kommen, dann ass et awer komplizéiert." Ech hu wierklech drop insistéiert, Här President: Dës Regierung hätt gäre Qualitéit an net Quantitéit. Mir brauche keng Betriber hei zu Lëtzebuerg ze hunn, déi méi polluéieren, déi keng Aarbechtsplaze schafen, déi mer hei kënne besetzen, déi och nach keng Steieren hei bezuelen. Mir hätte gäre Qualitéit a keng Quantitéit.

A wa vun engem Riedner och vun donkele Wolleke geschwat ginn ass, da muss ech Iech soen, déi gréissten donkel Wollek - well et ass och geschwat ginn, dass deen een oder aneren der regelméisseg begéint -, déi de Finanzminister an ech an déi meescht Regierungsmemberen am Ausland begéinen, heescht LuxLeaks. Déi heescht LuxLeaks! Do kréie mer awer all Kéiers, wann et ëm d'Lëtzebuerger Finanzplaz geet, gesot: „Wéi ass et da mat LuxLeaks?!" Ech muss Iech soen, Här President, ech si frou, dass mer vun all deene groen a schwaarze Lëschten erofgeholl gi sinn. An dat kënnt net vun näischt.

A wa mer elo fir „compliant" erklärt gi sinn, och vun der OCDE, dann ass dat och, well dës Regierung d'Efforte gemaach huet, déi néideg waren.

Et sinn nach e puer Punkten, op déi ech wollt agoen, Här President. Een dovun ass deen, deen och kloer gefrot ginn ass, well et geet jo och ëm d'Liewensqualitéit vun de Leit zu Lëtzebuerg, an do si mer der Meenung, dass eng Agrikultur tëschent Bio oder net Bio ophale soll, do Krich ze hunn (veuillez lire: dass de Krich tëschent Bio- an net Bioagrikultur ophale soll). Mir sinn der Meenung, dass een dat eent an dat anert brauch, mä mir gesinn awer och, dass de Marché ëmmer méi no Bioproduite rifft an dass ëmmer méi Bioproduite gefrot ginn.

Ech gesinn och regelméisseg Leit, déi hei zu Lëtzebuerg Produite verkafen, Supermachéen, an déi mer soen, dass se et net fäerdegbréngen, hei zu Lëtzebuerg selwer d'Demande vu Bioproduite kënnen ze deckelen. An déi Bioprimm fir déi deelweis Ëmstellung ass och eng vun de sougenannte Mesure-agri-environnementallen. An dowéinster hunn ech, Här President, fir der Madamm Hansen da präzis ze soen, well déi an der Zäit op fënnef oder op siwe Joer limitéiert sinn, och deen dote Punkt ginn. An dowéinster ass dat doten och applikabel. An de But ass, d'Leit ze iwwerzeegen - well ob een 100% oder net 100% Bio ass, ass e perséinleche Choix -, dass een et da fäerdegbréngt, deelweis kënnen op Bio ëmzestellen, fir déi Primmen dann och wärend deene Jore kënnen ze kréien, an dann eben de Bilan ze maachen an déi nei Primme kënne frësch unzefroen, wann nach ee Projet an déi dote Richtung géif goen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Statsminister, erlaabt Der eng Zwëschebemierkung vun der Madamm Hansen?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Jo, selbstverständlech.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Villmools Merci, Här President. Ech hunn eng Fro, well gëschter huet den Här Bettel mer gesot, datt déi zäitlech Begrenzung u sech eng EU-Virschrëft wier. D'Madamm Loschetter huet och gesot, ech soll meng Texter liesen. Ech hu se dann och nach eemol duerchgelies an ech hunn éischtens emol en Text fonnt, wou „Bio Lëtzebuerg" selwer seet, d'Deelëmstellunge si grondsätzlech méiglech. Et steet näischt vun enger zäitlecher Begrenzung dran. An der EU-Veruerdnung, déi u sech an der Broschür vun den Agrarëmweltprimmen dran ass - mä dee Règlement grand-ducal ass nach net do, dat heescht, do konnt ech net nokucken, do gëtt op eng EU-Veruerdnung verwisen -, do hunn ech och nogekuckt. Dat ass d'EU-Veruerdnung 834/2007 den Artikel 11, dee seet, et ass méiglech, fir op däitlech getrennte Produktiounseenheeten ëmzestellen. Dat heescht, ouni datt een dee ganze Betrib muss ëmstellen. Och do ass keng zäitlech Begrenzung dran.

Dat heescht, ech géif mengen, datt déi Ausso, datt déi zäitlech Begrenzung wierklech eng EU-Virschrëft ass, esou net stëmmt. Et ass op Landesniveau, wou d'Bioprimmen decidéiert ginn, wou ee ka soen, déi decidéiere mer elo fir een Agrargesetz, fir ee PDR, déi ginn duerno net méi verlängert. Mä dat ass eng national Decisioun an dat ass keng EU-Decisioun.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Okay. Wéi gesot, am Moment si se limitéiert op fënnef an op siwe Joer, wann et agri-environnemental Mesurë sinn. Mir sinn der Meenung, dass mir sollen d'Moyene fannen, an ech mengen, do wäert jiddwereen heibanne sech jo dann och eens sinn, dass een dem Bauer soll Initiateure ginn am Fong (veuillez lire: fir dem Bauer Initiateuren ze ginn am Fong), fir eng Deelëmstellung kënnen ze maachen, fir kënnen ze kucken, ob e wierklech dee Produit da mat dëser Deelëmstellung och besser verkafe kann. An ech freeë mech, dass Der déi Diskussiounen an der Agrarkommissioun da mam Här Etgen kënnt weiderféieren.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wëllt Der se dann zäitlech begrenzen oder net?

(Brouhaha)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President,...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wëllt Der se dann zäitlech begrenzen oder net?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- ...et sinn am Moment fënnef bis siwe Joer virgesinn. Ech probéieren, Iech nach eng Kéier ze erklären, wat d'Texter virgesinn. An déi Texter sinn am Moment déi, déi priméieren, an do hale mer eis och drun.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Awer national an net EU.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, wann Der erlaabt, géif ech zum Schluss kommen, well wéi gesot den Här Gramegna an den Här Schneider och nach d'Wuert ergräifen. Ech gesi just, dass et muss iergendwéi verschidde Leit heibannen nervös maachen.

(Brouhaha)

A wann ee kuckt, a wann ee kuckt...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat sot Der zwar gutt!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ganz nervös!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- A wann ee kuckt, Här President,...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Schwätzt nach e bëssen!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ech mierken, Här President, dass verschidde Leit heibanne sech ugesprach fillen, wann ech soen, dass se, wa se eng Lektür vun Zuele maachen, net objektiv sinn. Wann ech heibanne ka soen, dass et eis zu Lëtzebuerg, a mir sollten et alleguerte jo awer wëssen, gutt geet, an dass mir als Regierung alles wëlle maachen, fir dass et deem, deem et haut manner gutt geet, muer besser ka goen. Mir wëlle keen duerch de Filet fale loossen, mir wëllen au contraire deem Schwächsten haut den Trampolin ginn, fir muer besser ze sprangen. Dass et verschidde Leit stéiert an dass mer bal de Reproche gemaach kréien, dass den internationale Kontext an déi Mesuren, déi mer geholl hunn, déi richteg waren, fannen ech schued.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wéi ech unhuelen, géif als Nächsten de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna schwätzen. Ass dat esou? Merci. Här Gramegna, Dir hutt d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, léif Kolleegen aus der Regierung, Dir Dammen an Dir Häre, ech géif gären ufänke mat enger positiver Nott, déi ech aus dem Debat zéien, an dat ass, dass mer en fait dat Wuert „Angscht" net méi héieren hu par rapport zum leschte Joer. Dat ass beroue-gend.

An et gëtt jo och objektiv Grënn, firwat dat de Fall ass, dass mer dat Wuert net méi vill héieren hunn oder bal net héieren hunn. An ech wëll elo hei kengem ze no trieden. Ech mengen, dass et ëmmer schwéier ass, fir d'Zukunft ze plangen oder ze erkennen. Gott sei Dank ass alles e bësse besser gaangen, wéi mer geduecht haten op ville Pläng, um politeschen, um internationalen a verschiddene Saachen an och an der Wirtschaft.

Et ass gesot ginn, gëschter hei op der rietser Säit, dass mir nëmmen eng Strategie hätten, an zwar d'Strategie vum Wuesstum. An dat wär eng Katastroph. Et ass natierlech paradoxal, dass een dat Wuert „Wuesstum" op eemol esou negativ charakteriséiert. Duerch déi vill Reesen an an der EU den Eurogroup, wou ech all Mount dohinnerginn, kann ech Iech soen: All europäescht Land seent sech no Wuesstum!

Ech kennen Italien particulièrement gutt. Do gëtt et säit 17 Joer kee Wuesstum. Kee Wuesstum op 17 Joer! All Italiener, deen Der frot - awer all! -, déi soen Iech: „Dat ass esou dramatesch, well keng Croissance méi do ass, dass kee méi wëllt do investéieren, dass kee Geschäft méi wëllt opmaachen, well keng Confiance méi do ass." An ëmgekéiert, zu Lëtzebuerg hu mer däers alles in Hülle und Fülle. A wat maache mir? Mir soen: „Dat ass schlecht." Oder Verschiddener soen: „Dat ass schlecht." Wann ech gelift, ganz e bësse Mooss, wann een iwwert de Wuesstum schwätzt!

Eis Strategie ass net de Wuesstum absolutt; de Premierminister huet dat a senger Ried ganz gutt gesot. Wuesstum bréngt natierlech gutt ekonomesch Resultater, bréngt de Chômage erof. Dat ass alles ganz gutt. An de Chômage, deen erofgeet, ass jo eppes, wou mer eis jo all driwwer freeën. Mä eis Wuesstumsstrategie ass eng vun der Qualitéit. A wann ee seet Qualitéit, da seet een Invest. Dofir, dass mer déi Investissementer héich halen, dat ass en iwwergeuerdnet Zil, fir sécherzestellen, dass mer fit si fir d'Zukunft.

Mir hunn e Wuesstum säit dräi Joer vun ongeféier 4%. Och dat renouéiert mat eppes, wat mer gewinnt ware virun der Weltwirtschaftskris. Mä all Mënsch hat gemengt an hat eis gesot, och d'international Organisatiounen, dat géif ni méi erëmkommen. Déi Zäite wären dout. Gott sei Dank war dat falsch. Mä fir dee Qualitéitswuesstum do ze sécheren, musse mer weider ganz héich investéieren. Dat ass de Schlëssel.

Wann e Land 4% Wuesstum huet, kann een dorauser zéien, dass dat Land kompetitiv ass? Ech mengen, do kann ee ganz einfach drop äntwerten: jo! E Land, wat 4% all Joer wiisst, ass kompetitiv. An doriwwer kënne mer eis natierlech och alleguerte freeën.

An ech muss soen, deen Deel vun der Debatt iwwert d'Kompetitivitéit, dee méi am Kader vun der Ried zu der Lag vun der Natioun gëschter hei gemaach ginn ass, huet awer natierlech och en Impakt drop, wéi een de Pacte de stabilité et de croissance gesäit. Déi Debatt huet mech e bësse verblüfft, well, wéi den Deputéierte Mosar doriwwer geschwat huet, hunn ech ee Moment geduecht, e géif net iwwer Lëtzebuerg schwätzen, well ech hunn eist Land a senger Deskriptioun einfach net erëmerkannt.

Jo, eist Land ass kompetitiv fir seng Wirtschaft en général. An ech sinn iwwerzeegt, dass de Minister Etienne Schneider och nach dorop zréckkënnt. An ech muss soen, mir schaffe jo super zesummen, allen zwee. Mir maachen d'Promotioun zesummen „la main dans la main" a complementaire a mir hunn och super Resultater dozou.

Ech wëll e puer Wuert iwwert d'Kompetitivitéit vum Finanzsecteur soen, och well vu Verschiddenen, net ganz villen, a Fro gestallt ginn ass, ob mer da wierklech nach esou e Finanzsecteur bräichten. Ech hunn och do geduecht, ech géif mengen Oueren net kënne gleewen. De Finanzsecteur stellt 25% vun eisem Räichtum duer. De Finanzsecteur ass dee gréisste Contributeur zu eise Recetten. De Finanzsecteur ass 11% vun den Emploien. Dat si 45.000 Leit. An déi Ziffer ass stabel; d'Tendance liicht erop. Ech mengen, dat schwätzt fir sech.

Si mir dann nach ëmmer attraktiv als Finanzsecteur? Ma éischtens, déi Ziffere weise jo, dass mer am Emploi nach ëmmer e bësse wuessen.

Wat ass an der Pipeline? Mir hunn additionell chineesesch Banken, déi wëllen op Lëtzebuerg kommen. Déi hunn hir Demande an der CSSF deponéiert. Mir hu Schwäizer Banken, déi schonn hei sinn, déi Lëtzebuerg erausgesicht hunn als Headquarter fir den EU-Marché, fir de Marché unique, déi ganz grouss Investissementer amgaange sinn ze maachen, fir alleguerten hir Datae vu Lëtzebuerg aus ze geréieren. Mir hunn also Saachen an der Pipeline.

De Kontext Brexit gëtt eis eng ganz flott Demonstratioun, fir ze kucken, ob Lëtzebuerg attraktiv ass oder net. An do hu mer jo schonn e konkret Beispill: Déi gréissten Assurance vun der Welt AIG huet schonn annoncéiert, dass se sech géif zu Lëtzebuerg nidderloossen.

Haut, ech hu virun enger Stonn op Twitter gesinn - dat ass eng utile Saach, Twitter, jo -, dass FM Global aus Amerika och Lëtzebuerg erausgesicht huet, en zweeten Assureur. An ech kann Iech soen: Et sinn der och do nach anerer an der Pipeline.

Am Asset Management huet schonn M&G, dat ass de verlängerten Aarm vu Prudential, virun e puer Méint annoncéiert, dass se sech op Lëtzebuerg géifen installéieren; si, déi nach guer net hei sinn.

An am Secteur FinTech hu mer der och an der Pipeline mat 50 Kandidaten, déi wëllen an eisem Luxembourg House of FinTech Plaz fannen.

Mir rouen eis net op de Lorbeeren aus. Den Nicolas Mackel an Luxembourg for Finance maachen eng super Aarbecht. Mir hunn, den Nicolas Mackel an ech, am leschte Joer méi wéi 100 Banke besicht, am Kontext Brexit an en dehors vun deem Kontext, well mer nach weider wëllen attraktiv sinn an Akteuren heihinnerzéien. Ech gesinn awer eng Kontradiktioun zwëschent deenen, déi eis soen, mir missten do nach méi maachen, an déi awer an engems soen, dass mer ze séier wuessen.

Mir kënnen net dat eent an dat anert wëllen. Wëlle mer dat eent? Oder wëlle mer dat anert? Mir sinn do kohärent. Mir wëlle weider attraktiv bleiwen a mir sinn et.

A wéi de Premierminister ganz richteg gesot huet, mir wären haut net méi esou attraktiv, wa mer net déi Transparenzpolitik agefouert hätte virun dräi Joer an eisen Image poléiert hätten. Eisen Image ass amgaangen, gutt ze ginn, mä mir hunn nach ganz vill ze schaffen, fir d'Vergaangenheetsbewältegung fäerdegzebréngen.

D'Diversifikatioun vun der Place financière souwéi d'Diversifikatioun vun der ganzer Ekonomie ass och nach ëmmer eng Prioritéit. An och do hu mer eppes Opweises. Och do hunn ech d'Duerstellung wierklech net equilibréiert fonnt. Mir hunn en neit Instrument am Fongegeschäft geschaaft: Reserved Alternative Investment Fund. Mir waren dat Land 2014, wat als alleréischt Virtual Currencies, Bitcoins, Monnaie-virtuellen autoriséiert huet; keng einfach Decisioun, mä mir hunn et gemaach. Dat huet d'CSSF gemaach a ganz gutt gemaach.

Mir sinn an den Top 3 vun den Investissements alternatifs an Europa. Mir sinn an der Green Economy, also an all deenen Domäner, déi mat den Développements durables ze dinn hunn, Nummer 1 an der Welt a verschiddene Saachen. Eis Bourse ass Nummer 1 am Listing vun deene Green Bonds, wéi se genannt ginn. Mir hunn zesumme mat der Madamm Dieschbourg, Minister vum Environnement, en Accord gemaach mat der BEI, fir eng Plattform ze maachen, déi prioritär gréng Projeten ën-

nerstëtzt op de Modell vum EFSI, dem European Fund for Strategic Investments, vun der EU vum Juncker-Plang.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Ech hunn a menger Ried gesot, dass mer mam Fonds monétaire international eng strategesch Partnerschaft ugekuerbelt hunn, soudass e grousse Fong vun zwou Milliarden heihinnerkënnt. Et ass also net richteg, ze soen, dass mer net amgaange sinn, dës Finanzplaz ze diversifiéieren. An dat, wat mer grad am Beräich vun der Green Economy maachen, ass jo 100%eg en ligne mat deem, wat de Rifkin-Rapport recommandéiert.

Leschtens géif ech gäre soen, fir déi, déi eis Finanzplaz hei am Land net gären hunn, dat ass och hiert gutt Recht, wär ech awer frou, wa géif unerkannt ginn, wat an deene leschte Joren un Ännerunge gemaach gi sinn, fir eise Ruff ze verbesseren. An ech erënneren drun, dass de Commissaire, deen zoustänneg ass fir d'Fiskalitéit zu Bréissel, de Pierre Moscovici, an engem Interview hei zu Lëtzebuerg virun e puer Méint gesot huet, op eng Fro vun engem Journalist, dee seet: „Wat haalt Der da vu Lëtzebuerg als Paradis fiscal, wéi déi sech behuelen an Europa?" Deen éischte Saz, deen de Pierre Moscovici gesot huet: «Le Luxembourg n'est pas un paradis fiscal.» Ech hoffen, dass Der alleguerten deen Artikel gesinn hutt. Wann Der en net gesinn hutt, ech muss soen, dat war eng grouss Satisfaktioun, net fir mech a fir d'Regierung, mä fir eist Land.

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Ech wëll just e puer Saachen zu den Ziffere soen. De Premierminister huet déi meescht Punkte scho gemaach.

Zum Objectif à moyen terme, fir de Solde structurel auszerechnen. Et ass net d'Lëtzebuerger Regierung, déi eng Initiativ geholl huet, fir dee Sold erofzesetzen; et ass d'Kommissioun. An et ass am Reglement vun der Kommissioun virgesinn, dass dee Solde structurel an deen Objectif à moyen terme all dräi Joer muss nei gerechent ginn, an net erstaunlecherweis, wann eis Rentemauer no riets réckelt, dat heescht wa se méi wäit ewech geet. Jo, da gesäit alles finanziell besser aus an da geet de Solde structurel erof. Dat ass eben esou.

An an zwee an engem hallwe Joer gëtt erëm en neie Calcul gemaach an da gesi mer jo, wat do geschitt. An dorauser e Politikum ze maache fir eppes, wat reng faktuell ass, schéngt mer net korrekt. A mir hunn als Regierung gesot, mir wäerten alles drusetzen, fir iwwert de Minimum vun haut - minus 0,5% - ze sinn. A mir maachen dat och op der ganzer Period.

Den Triple-A. Och do ass e bësse versicht ginn - ech hunn dat och net ganz konstruktiv fonnt - ze soen: „Den Triple-A ass eng Selbstverständlechkeet, wann ee Croissance huet." Neen, den Triple-A ass wierklech keng Selbstverständlechkeet! A mir Lëtzebuerg, tëschent Juli 2012 a Februar 2014, waren nach ëmmer Triple-A, mä mat enger Tendance négative. A vu Februar 2014 u si mer erëm Triple-A mat Tendance stable, wat de Maximum ass.

Do gesäit een, dass déi Schwankunge méiglech sinn. Do brauch een net laang ronderëm de Bräi ze schwätzen. Mir hunn deen Triple-A mat enger stabeler Tendance. Dat ass super an dat ass en Zeeche vu Kredibilitéit op de Marchéen a Kredibilitéit vun eisem Land.

En général vläicht e Saz am Kontext vum Pacte de stabilité et de croissance. Wa mer zréckkucken op déi dräi lescht Joren, dann hunn ech ganz oft gesot kritt vun der Oppositioun, dass déi Zifferen, déi mer op den Dësch leeën, net richteg sinn, net kredibel sinn. An elo sinn et jo schonn dräi Joer, wou mer a posteriori kënne gesinn, dass déi Ziffere richteg waren, dass se vläicht heiansdo e bësse virsiichteg waren an dass mer besser ofgeschloss hu wéi virgesinn.

An da leschtens, zu deem Punkt vun der Kredibilitéit vun den Zifferen: D'Europäesch Kommissioun huet eng Responsabilitéit fir Lëtzebuerg, esou wéi fir déi aner 18 Länner aus der Eurozon, fir eise Pacte de stabilité et de croissance an eise Budget ze bewäerten. Dir wäert jo net mengen... Et wäert jo net een heibanne mengen, dass een an der Kommissioun oder zu Bréissel géif Lëtzebuerg - zwësche Guillemeten - oder engem anere Land „Kaddoe maachen", wa se Doutten hätten iwwert déi Zifferen, déi mer dohinnerschécken. Dofir kommt, mir halen deen Disput iwwert d'Zifferen, deen absolutt onproduktiv ass, op der Säit!

Zur Dette. Ech muss nach eng Kéier rappeléieren, dass dës Regierung gesot huet, dass se wéilt ënner 30% par rapport zu eisem Räichtum bleiwen an der Dette. An dat si mer op der ganzer Period. Mir bleiwe souguer ënner 23%. An dat ass manner wéi dat, wat 2013 de Fall war.

Mir hu keen Engagement par rapport zu eis selwer a mir hu keen Engagement par rapport zur Oppositioun a par rapport zum Lëtzebuerger Vollek geholl en termes absolus. Dat hu mer ni gemaach, well et och sënnlos ass, an absolutten Termen ze schwätzen. Eist Liewen, eis Ekonomie wiisst jo déi ganzen Zäit. Dat kann ee jo net statesch kucken. An dofir sinn alleguerten déi Kritäre vun der Kommissioun jo och a Prozentsätz ausgedréckt. Et ass jo de bon sens même, dass dat esou ass.

Tëschent 2014 an 2016 par rapport zur Note au formateur vum Hierscht 2013 hu mir 4,5 Milliarden op dräi Joer gespuert. 4,5 Milliarden! Dat ass Geld! An dofir brauche mir...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Par rapport zur Nott vum Formateur, wat nu wierklech an enger anerer Finanzsituatioun, an enger anerer Wirtschaftssituatioun hir Aussiichte waren,...

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Dat ass richteg.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...déi einfach eng... Dat ass also net gespuert par rapport zu enger Nott vum Formateur, sérieusement.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Jo, mä mir kënnen och kucke par rapport zum Pacte de stabilité et de croissance, deen am Abrëll vun der Regierung erageschéckt ginn ass. Do ass d'Ziffer e bësse méi kleng, mä dat sinn nach ëmmer Milliarden. An Dir hutt recht, dass dat eng Period war, wou...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- An enger Prévision économique, déi total anescht war sengerzäit.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Jo, déi anescht war. Mä n'empêche, n'empêche. Mir hunn dat awer fäerdegbruecht. An dann: Et waren awer net nëmmen d'Prévision-économiquen, Här Wiseler, déi hei um Spill stinn. Et war och eng aner Saach: vum Commerce électronique. Et ass gutt, dass Der elo intervenéiert sidd. Elo hat ech dat bal vergiess.

(Hilarité)

Jo, dat war ganz gutt.

Commerce électronique. Ech ginn net an den Detail. Ech hu gesot: 2017 feelen eis doduerch, dass déi Gesetzgebung geännert huet an dass mir beim Commerce électronique déi Recettë vun der TVA net kënnen halen... Doduerch ass eis 2017 eng Milliard verluer gaangen. Dass dat géif geschéien, wousste mer säit 2007 oder 2008. Mir haten... Also Dir hat, déi fréier Regierung, hat gutt verhandelt. Se hat et nääm-lech fäerdegbruecht, en Delai vu sechs, siwe Joer auszehandelen, ier dat Damoklesschwäert do gefall ass.

A wat huet déi viregt Regierung gemaach, obwuel bekannt war, wéini dat Damoklesschwäert, déi Guillotine géif kommen? Ma näischt! An dann, muss ech soen, de Reproche gemaach ze kréien, mir géifen a Saache vu Pensiounen elo net direkt agéieren, woubäi d'Damoklesschwäert oder d'Guillotine ëmmer méi wäit réckelt, ass awer dann net ganz kredibel.

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Ech mengen, dass eis Statsfinanzen effektiv gutt sinn a gesond sinn. An dofir hu mer d'Steierreform gemaach an dofir investéiere mer ganz héich.

Nach just ee Wuert e bëssen iwwert d'Konsequenze vun eiser Politik vum Invest, deen héich ass, a vun deem Geld, wat mer de Leit zréckginn iwwert d'Steierreform, an och den Entreprisen. Et gëtt iwwregens net genuch gesot, dass mer de generelle Steiersaz vun den Entreprisë vun 21% op 19% dëst Joer gesat hunn, an d'nächst Joer op 18%. Leider schéngen d'Entreprisen an hirer Kommunikatioun esou schwaach ze sinn, dass se dat ni erzielen.

Mä eng Reduktioun vun 21% op 18% ass eng Reduktioun vu 15% vun de Steieren! 15% sinn d'Steiere fir d'Entreprisen erofgaangen! Bei wivill Leit... Also déi kleg Verdénger, déi hunn eng Reduktioun vun de Steiere kritt, déi ass méi wéi 15%. Dofir hu mer dat och gemaach, de Crédit d'impôt pour salariés. Mä wivill Leit hunn da 15% Reduktioun vu Steiere gehat à la fin? Net vill! Ech hunn awer vill Leit héieren, Privatleit, déi sech gefreet hunn. Leider, bei den Entreprisë schéngt dat eng Selbstverständlechkeet ze sinn, wann ee mat de Steieren erofgeet. Dat ass awer schued.

Mä wat ech wëll soen, ass Folgendes: Eis Politik vum Invest an eis Politik vu Kafkraaft stäerke bréngt mat sech, dass mir natierlech de Wirtschaftszyklus ënnerstëtzen. Esou huet de Keynes dat bewisen; esou huet de Schumpeter dat a senger Théorie de l'innovation och scho virdru gesot. Mir sinn Tenant vun deenen, vum Schumpeter a vum Keynes; net vum Malthus. De Malthus, deen huet ëmmer nëmme schwaarzgesinn. Deen huet previséiert, dass mer ëmmer géife méi aarm ginn, well ëmmer méi Leit op der Äerd wären.

Une voix.- Där sëtzen der awer och hei, Här Gramegna!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- An de Malthus huet sech dramatesch geiert. Firwat? Well en net mat der Innovatioun gerechent hat.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Jo, Här Mosar. Dir wollt eng Fro stellen. Un den Här Gramegna?

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Jo, un den Här Finanzminister. Ech mengen, e kann och vun der Plaz drop äntwerten.

Fir d'Alleréischt Merci dem Här Finanzminister fir seng ganz vill Äntwerten. Ech hunn allerdéngs nach zwou Froen, déi ech och am Kader vu menger Interventioun gestallt hat, déi net beäntwert gi sinn. An déi wollt ech awer nach eng Kéier stellen, Madamm Presidentin. An do awer vläicht nach eng Kéier ganz kuerz e Rappell vun deem, wat ech gesot hunn, well ech mengen, datt de Finanzminister mer do net ganz richteg nogelauschtert hat.

An et geet hei u sech ëm de Volet vum Bankesecteur, wou ech ausgefouert hunn, datt dat mer géif e bësselche Suerge maachen, well zwou gréisser Banken hir Dieren hei zougemaach hunn, ganz fort ginn, eenzel aner Banken en Deel vu Servicer an d'Ausland transféréieren, och laut Zuelen, déi gëschter nach genannt gi sinn, 350 Aarbechtsplazen op der Bankeplaz ofgebaut gi sinn. Do hunn ech gefrot, wat fir eng nei - nei! - Banken an der Pipeline stinn.

Ech hunn awer direkt präziséiert, mir wéisste jo, datt et e grousse Succès wär, wat déi chineesesch Banke betrëfft. Ech hunn dat begréisst. Ech hu gesot, dat wär eng ganz gutt Saach. An ech hunn dunn de Minister gefrot: Wat fir eng nei Banke sinn am Moment an der Pipeline, elo?

An ech wollt just resuméieren, wat Der gesot hutt. Da kënnt Der mer soen, ob ech dat richteg verstanen hunn. Ech hu verstanen, datt just eng Schwäizer Bank, déi awer schonn hei ass, zum Deel nei Servicer hei transferéiert. Ech zéien awer och aus där Äntwert eraus, datt keng zousätzlech nei Bank am Moment eng Demande bei der CSSF unhänglech hätt. Dat ass déi éischt Fro.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An dann déi zweet Fro, déi ech och net beäntwert kritt hunn, Här President, dat ass déi, déi och dem Kolleeg Gilles Roth a mir ganz vill Suerge mécht, iwwert d'SOPARFIen, wou ech gefrot hunn, ob dat richteg wär, datt e puer Honnert SOPARFIen an de leschte Méint liquidéiert gi wären. Do wär ech also frou, wann de Minister eis eng kloer Äntwert géif drop ginn an eis eventuell dann och kéint soen, ob de Finanzministère am Moment amgaangen ass ze kucken, wat déi déiwer Ursaachen dovunner sinn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Finanzminister!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Jo, Här President, zur éischter Fro. Ech mengen, ech hat relativ komplett geäntwert. Vun neie Banke sinn nei chineesesch Banken an der Pipeline.

(Interruption)

Majo, dat ass net eng Selbstverständlechkeet, et ass wichteg, dass een dat seet.

(Interruption)

Jo. An da sinn eng Rëtsch Banken am Kontext Brexit, déi schonn hei sinn, déi consideréieren am Kontext Brexit, zu Lëtzebuerg sech vill méi staark anzesetzen. Ech kann awer natierlech net méi driwwer soen, d'autant plus dass bei verschiddenen d'Decisiounen nach net definitiv sinn a bei verschiddener souguer gesot gëtt, dass dat net däerf gesot ginn. Ech mengen, dat musst Der verstoen. Mä ech sinn och, wat d'Banken ubelaangt, zouversiichtlech, dass mer am Kontext Brexit op jidde Fall Verstäerkungen, wann net och neier wäerte kréien.

Zur Problematik SOPARFI: E puer Honnert SOPARFIen, dat kléngt, wéi wann dat immens vill wier. Mä Dir wësst jo, dass mer Zénggdausende SOPARFIen zu Lëtzebuerg hunn. Do kann ech net all honnert oder all eenzel SOPARFI verfollegen. Ech wäert awer meng Servicer froen, dat méi am Detail ze kucken. An ech sinn och, wéi Dir, interesséiert ze wëssen, wann et en Trend gëtt, fir ze verstoen, wou deen hierkënnt.

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Domat wär den Tour um Wirtschaftsminister, dem Här Etienne Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Ech muss als Alleréischt hei feststellen oder Iech matdeelen, dass ech gëschter awer extrem verwonnert war ze héieren, wéi d'Oppositioun an hei am Spezialen den Här Gibéryen an den Här Wiseler, wéi si et fäerdegbréngen, andeem se permanent probéieren, Prozenter an absolutt Zuelen ze vermëschen, bis se dann dohinner kommen, dass se kënnen d'Finanz- an d'Wirtschaftssituatioun vum Land schlechtrieden.

Dat wonnert mech, wéi een dat fäerdegbréngt. Mä de Mark Twain huet schonn eng Kéier gesot: „Et muss een d'Fakte gutt kennen, fir se duerno kënnen ze verdréien." Dofir ginn ech dovun aus, dass Der wësst, dass d'Situatioun besser ass, wéi Dir dat gëschter hei virgestallt an duergestallt hutt.

Ech verstinn natierlech, dass et fir eng Oppositioun schwéier ass, en Aveu ze maachen, dass dës Regierung, déi 2013 mat schlechte Resultater ugefaangen huet, mat schlechte Finanzen ugefaangen huet, mat enger quasi inexistenter Croissance ugefaangen huet, dass et natierlech schwéier ass, en Aveu ze maachen, dass d'Regierung awer - awer - verschidde Saachen...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- No enger vun deene schwéierste Krisenzäiten, déi mer an Europa an deene leschte Jore kannt hunn! Ech hunn ëmmer gär, datt een d'Situatioun komplett gesäit.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- ...awer verschidde Saache muss richteg gemaach hunn, fir haut bei enger Croissance vun tëschent 4 a 5% a bei engem Chômage vu 6% a gläich ënner 6% ze landen. Also musse mer net alles falsch gemaach hunn.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ah, ech ginn dovun aus, dass den...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Selbstverständlech wär ech dee Leschten, deen Iech keng Fro géif stelle loossen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech wollt Iech just froen, Här Schneider, wien an der leschter Regierung Wirtschaftsminister war.

(Hilarité générale)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Dat war ee formidabelen, dat war ee formidabele Kärel, e formidabele Kärel,...

(Hilarité générale)

...deem säin Numm mer am Moment net afält. Mä ech kann Iech awer soen, dass e gutt war. Pardon, et waren zwee formidabel Kärelen.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dee gëtt och all Joer besser.

(Hilarité générale)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Et waren zwee formidabel Kärelen.

Mä fir awer, an de Finanzminister ass virdrun drop agaangen, un engem ganz klore Beispill wierklech ze weisen, wéi malsain awer déi Diskussioun ass, dat huet den Här Wiseler ganz gutt gewisen, andeem e wierklech gëschter géint bessert Wësse behaapt huet, dass d'Regierung hiren Objectif à moyen terme vu plus 0,5% op minus 0,5% korrigéiert huet, fir méi Sputt ze kréien, wou Der ganz genee wësst, dass et den Här Juncker a seng Kommissioun ass, déi deen Objectif à moyen terme festleeën, an net d'Lëtzebuerger Regierung. An et ass och…

Här Wiseler, selbstverständlech!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här Schneider, Dir wësst gradesou gutt wéi ech, datt eng ganz Rei Länner, wou en Objectif à moyen terme anescht vun der Kommissioun gerechent ass, deen Objectif à moyen terme net ugeholl hunn, mä sech en anere gesat hu wéi dee Minimalobjectif, deen d'Kommissioun akzeptéiert huet. Dir hutt de Minimalobjectif akzeptéiert, contrairement zu anere Regierungen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Mir hunn dat nach ëmmer esou gemaach, Här Wiseler. Mir hunn dat nach ëmmer esou gemaach.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat war och nach ni en Objectif, deen am Minus louch.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Jo, mä, lauschtert emol, just well dat Iech

da besser arrangéiert, solle mir dat esou maachen. Ass dat esou?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech mengen, datt et e politesche Feeler ass, fir et ze maachen, jo.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Majo, mä wann Der d'Zuelen an den Ausbléck vum Här Gramegna gesitt, da gesitt Der, dass mer iwwert d'Zäit am Positive bleiwen. Dofir verstinn ech Är Opreegung net.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech gesi bei den Zuelen, datt se op minus 0,1% déi nächst Jore wäerte sinn.

(Interruption)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir wësst, dass mer zum Enn vun der Legislaturperiod op positiv Zuele kommen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat sinn net meng Zuelen, dat sinn Är Zuelen.

(Interruption)

Zum Enn vun der Legislatur, an där nächster Legislaturperiod gitt Der erop. Mä ech hu gëschter erkläert och, firwat Der kënnt eropgoen, well do eng ganz Rei Investissementer an deenen Zuelen nach net dra sinn, well eng ganz Rei Depensen, déi wahrscheinlech noutwendeg sinn, einfach net an deenen Zuele vum nächste Joer derbäigerechent sinn. Ech géif och...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir gitt mer e gutt Stéchwuert, Här Wiseler, fir lech op eppes aneres opmierksam ze maachen.

(Interruption par M. Claude Wiseler)

Dir hutt gëschter behaapt oder gesot oder gefuerdert, d'Regierung misst d'Zukunft preparéieren. Dir hutt awer och gefuerdert, deen Defizit am Zentralstat vun enger Milliard, deen dierft net sinn. Dat heescht, Dir fuerdert op där enger Säit, dass mer all Joer - all Joer - eng Milliard manner ausginn, ouni an engem Saz ze soen, wou mer déi solle spuere goen. An Dir sot, mir sollen d'Zukunft preparéieren! Mä mat wat dann?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Stabill Statsfinanze sinn och en Deel vun der Zukunftsvirbereedung.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Gelift? Gelift?

(Interruption)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Statsfinanzen am Zentralstat sinn och en Deel vun Zukunftswäerter.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dat heescht, d'CSV plädéiert derfir, net méi ze investéieren, well den Här Gramegna huet lech...

(Brouhaha général et interruption)

Jo, mä…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et ass e wéineg lächerlech. Dat do gleewen lech d'Leit dobaussen net. Dat gleeft keen lech!

(Interruptions)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- De deux choses l'une. De deux choses l'une! Entweder mir investéieren...

(Interruptions diverses)

Dat do ass lamentabel! Da sot eis et!

Entweder mir investéieren oder mir spueren. Mä mir kënnen net d'Sue spueren a se ausginn. Dat geet net, sorry!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et hänkt ëmmer dovun of, wat Dir investéieren nennt.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dat geet leider net. An ech soen lech, an dat ass nach en Argument, firwat mer richtegleien: Dës Regierung investéiert 4% vun hirem PIB an nei Infrastrukturen, ebe just fir d'Zukunft ze preparéieren, a fir dat ze investéieren, bezilt se 80% vun all deenen Investitioune cash an 20% dovu gi geléint a fir soss guer näischt. An Dir wësst ganz genee, dass dat esou ass. Mä Dir wëllt et net wouerhunn, well et net dierf wouer sinn.

Mir preparéieren d'Zukunft awer net nëmmen iwwer Investissementer. Mir preparéiere se och, andeem mer eis an deenen Zäiten, wou et elo gutt geet, Gedanke maachen, wéi mer eise Wirtschaftsmodell ëmbauen op en nohaltege Wirtschaftsmodell. Dofir hu mer jo déi Rifkin-Studie gemaach, fir ze kucken: Wat sinn d'Alternativen zum aktuelle Wirtschaftsmodell, deen och op fossille Brennstoffer baséiert, deen drop baséiert, ëmmer méi Aarbechtsplazen ze schafen?

Alles dat hu mer jo mat 300 Experten elo wärend zwee Joer diskutéiert! A mir diskutéieren et nach weider! Do geet et jo just drëm ze kucken: Wat soll dann deen neie Wirtschaftsmodell vu Lëtzebuerg sinn, dee méi nohalteg ass an deen net alleguerten déi Nodeeler mat sech bréngt, déi och deen heiten huet? An ech mengen, den Trafic ass ee vun deenen, déi de Leit am meeschte Suerge maachen.

An dann och d'Madamm Hansen, déi gëschter da behaapt, oder se huet an hirem Interview am „Background" behaapt, Rifkin, do wier iwwerhaapt näischt fir den Norden dran. Ech wëll lech just soen, et sinn x Mesuren am Rifkin fir den urbane Raum. Dir hutt gëschter och d'Fro...

(Interruption)

Fir deländleche Raum.

Dir hutt gëschter och d'Fro hei opgeworf, ob d'Regierung iergende Plang hätt, wat den Ausbau vun den erneierbaren Energien ugeet. Mä dat ass e Plang, deen heescht Plan national en matière d'énergies renouvelables, dee gëtt et scho längst, deen ass d'ailleurs, an dat muss ech der viregter Regierung zegutthalen,...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- ...vu mir proposéiert ginn an der viregter Regierung,…

(Interruptions)

…vum Wirtschaftsminister aus der leschter Regierung an ass also mat de Stëmme vun der...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Rifkin war jo awer eréischt duerno.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- ...mat de Stëmme vun der CSV ugeholl ginn. Dofir wär et awer…

(Interruption)

…dofir wär et awer unzehuele gewiescht, dass d'Madamm Hansen wéinstens wéisst, dass et esou eppes gëtt. Entweder si huet weder de Rifkin gelies nach dee Plan national, oder et ass alt erëm eng Kéier mauvaise Volonté, fir d'Regierung schlecht duerzestellen.

Une voix.- Oh! Dat kritt Der selwer am beschten hin.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Mä dat mécht eis awer näischt aus. Mir sinn dat gewinnt.

Une voix.- Dir hutt lech dru gewinnt.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Jo, jo, jo, zemools mat lech.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, erlaabt Der eng Fro?

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Jo, jo, alles! Alles!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll just nach eemol soen, datt déi do Zuelen esou am Rifkin-Rapport stinn. An ech hunn einfach konkret Froe gestallt, ob d'Regierung wëllt an déi Richtung goe respektiv wéi vill Wandmillen an esou viru se wëllt opriichten, ob sech do vläicht eppes geännert hätt, nodeems déi nei Erkenntnisser vum Rifkin do sinn.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Mir hu Plattformen agesat, nodeem de Rifkin-Rapport fäerdeggestallt ginn ass. An deene Plattforme ginn déi verschidde Sujeten diskutéiert, dont deen doten. Mä bis op Weideres gëtt et e Plang, dee vun der Regierung mat Ärer Stëmm - neen, Dir waart deemools nach net dran, ech muss lech a Schutz huelen - ugeholl ginn ass. An dee gëllt och bis op Weideres.

Ech kommen zu engem anere Sujet, dee mer gëschter jo och hei undiskutéiert hunn, an och haut ass en nach eng Kéier ugeklongen, nääm-lech dee vun de Pensiounen. Gëschter huet den Här Wiseler gesot, dass mer, oder dass hien, dass d'CSV d'Pensioune wëllt modifizéieren, reforméieren, et cetera.

Haut de Moien hunn ech dem Här Spautz nogelauschtert, dee war awer schonn erëm vill méi flou an immens vag an deem, wat e gesot huet zu de Pensiounen. Da wëll ech awer och den Här Spautz hei zitéieren. Ech hunn hei e Blat a menger Boîte gehat, wou den Här Spautz seet: „Wir wollen, dass die Bürgerinnen und Bürger wissen, wo sie mit uns dran sind."

Or, ech kann lech soen, ech weess et net! Elo hu mer hei Stonnen a Stonnen diskutéiert an ech weess net, wou Der hiwëllt mat de Pensiounen. Allerdéngs hunn ech mer d'Méi gemaach, eng Kéier nozelauschteren, wat den Här Wiseler, wéi e Spëtzekandidat ginn ass, an engem „Riicht eraus" um „100,7" zu de Pensioune gesot huet do, well deemools war en nach vill méi couragéiert.

Ech huelen un, dass den Här Spautz en entretemps e bëssen zréckgepaff huet. Mä deemools huet e kloer gesot, dass et kloer eng Reform wäert gi vum Pensiounssystem, dass hien derfir plädéiert an dass déi Reform och mat Sécherheet am CSV-Wahlprogramm wäert stoen an dass déi Reform soll bestoen aus engem Mix vun dräi Mesuren - an ech zitéieren lech se: enger Hausse vun de Cotisatiounen, enger Hausse vum Pensiounsalter an enger Kierzung vun de Renteleeschtungen.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir hutt dee Courage entre-temps verluer, well ech hunn lech gëschter dräimol gefrot: Da sot eis emol konkret, wat dat dann elo heescht!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech hunn lech gëschter...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Wann ech Är Reform… Dir hutt de Courage verluer. Dat verstinn ech. Dir kommt ëmmer méi no bei d'Wahlen. Mä Dir hutt jo versprach, et an de Wahlprogramm ze schreiwen. Ech kann lech just soen: Mat dëser Regierung kënnt dat net a Fro. Mir ginn net un de Leit hir Renten. An ech kann lech och soen als LSAP-Member: Et kënnt mat Sécherheet och net an den LSAP-Wahlprogramm, och wann et dann an Ärem sollt stoen. Mä ech zweifelen ëmmer méi drun, no deem, wat Der gëschter gesot hutt, an och wat den Här Spautz haut de Moie gesot huet.

Dir wëllt mer eng Fro stellen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här Schneider, ech wëll lech just soen, datt ee vläicht an där Diskussioun e wéineg méi seriö muss si wéi Dir elo hei. Dir sot einfach Neen,...

(Interruption)

...an Dir wësst ganz genau, datt laangfristeg eng Reform eng absolutt Noutwendegkeet ass. Ech proposéieren hei, datt eng Diskussioun,…

(Interruption)

…datt eng Reform fir d'Laangfristegkeet vun eise Pensiounen eng Noutwendegkeet - eng Noutwendegkeet - ass. Mir wëssen dat alleguer heibannen.

Ech plädéieren, datt mer déi Diskussioun kënnen op eng korrekt Aart a Weis féieren. Am Interview, deen Der zitéiert hutt, do ass gesot ginn, datt mer eng Rei Méiglechkeeten hunn, iwwert déi kënnen diskutéiert ginn. Et ginn där do, et ginn nach eng Rei anerer. Mä zum Schluss musse mer et awer fäerdegbréngen, e gemeinsame Pensiounssystem ze hunn, wou mer de Leit kënne garantéieren, datt e laangfristeg duerhält, datt e standfest ass an datt se och nach an zéng, zwanzeg oder drësseg Joer hir Pensioune kréien. Dat ass dat, wat mer soen. Dozou stinn ech. An ech fannen, dat gehéiert zu enger responsabeler Politik. Elo kann een dozou Nee soen, wann een dat wëllt. Mir mengen, datt een där Realitéit och muss an d'A kucken, fir weiderzekommen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Wiseler, Dir hutt an Ärem Interview gesot, et géif e Mix ginn aus deenen dräi Saachen, déi ech lech opgezielt hunn: Hausse vun de Cotisatiounen, Hausse vum Pensiounsalter an Erofsetze vun de Pensiounsleeschtungen. Dat ass dat, wat Dir gesot hutt. An Dir hutt souguer gesot, dat géife ganz tough, ganz tough Diskussioune mat de Sozialpartner ginn.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech hu gesot: Dat sinn eng Rei Méiglechkeeten, déi mer hunn. Et ginn och nach eng Rei aner Méiglechkeeten.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Mä Dir hutt eis se net genannt, Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et muss een iwwer all Méiglechkeeten diskutéieren, fir ze kucken, wéi een dee System do hikritt, Här Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Wiseler, ech probéieren...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An ech wéilt och, datt déi Diskussioun kéint korrekt gefouert ginn.

(Interruptions)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Wiseler, ech probéieren hei zënter zwee Deeg, mat lech an Ärer Fraktioun ebe just iwwert déi Mesuren ze schwätzen. Mä Dir sot eis ni, wéi eng et sinn. Dat ass dee ganze Problem.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dir sot eis, wann Der wëllt mat eis driwwer schwätzen, datt mat lech strictement näischt a Fro kënnt. Da fänkt den Dialog schonn direkt un.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Maja, ech soen lech ganz kloer: Loosst d'Fangeren ewech vun de Renten a vun de Pensiounen!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Sou, an duerfir soll ech da mat lech diskutéieren driwwer!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Well genee dofir hu mer jo dee Wuesstum. D'Leit stelle sech jo ëmmer d'Fro: Firwat brauche mir dee Wuesstum? A soen dann: Maja, mir hunn deen...

Dir kritt direkt erëm d'Wuert. Dir wësst, dass ech net fäerten, fir lech d'Wuert ze ginn.

(Hilarité)

Also ech ginn lech et iwwerhaapt net, mä de President, fir dem President et ze erlaben, mir eng Fro ze stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ma ech hunn deem Spill e bëssen nogekuckt.

(Hilarité)

Mä ech sinn awer frou, dass Der elo selwer agesitt, dass Der besser hutt,...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech hunn et gemierkt, ech hunn et gemierkt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ... wann Der mir dat iwwerloosst, well soss si mer herno nach an zwou Stonnen an deem Dialog.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech hunn dat och léiwer, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech géif och elo mengen, deen Nächsten, deen d'Wuert gefrot huet, vu dass Der jo jiddwerengem…

Ah jo, mä elo maachen ech dat, wat eigentlech meng Missioun ass, elo ginn ech dem Här...

(Interruptions diverses)

Une voix.- De Minister schwätzt!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech wollt dat, wann Der mer dee Gedanken nach erlaabt…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Selbstverständlech. An da kritt den Här Gibéryen d'Wuert an dann den Här Wiseler.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dobausse reegen d'Leit sech op oder Dir spillt och, Verschiddener vun der Oppositioun zumindest spillen dat Spill a soen: „Mir brauchen dee Wuesstum net. Kuckt emol all déi Nodeeler, déi mer duerch de Wuesstum hunn!" An da geet ëmmer rieds vum Trafic, vun der Ëmweltverschmotzung, et cetera, et cetera, wat jo och alles net falsch ass.

Mä et muss een awer och emol eng Kéier soen: Wat hu mer dann duerch de Wuesstum? Mä et ass ebe just duerch dee Wuesstum, wou mer eis kënnen erlaben, déi héchste Pensiounen ze hunn an der ganzer Europäescher Unioun. Et ass ebe just duerch dee Wuesstum, dee mer hunn, dass mer eng Duerchschnëttspensioun zu Lëtzebuerg hu vun iwwer 2.600 Euro. Et ass just duerch dee Wuesstum, wou mir eng Mindestpensioun hu vu 1.770 Euro, woubäi Däitschland dat emol guer net kennt. Déi hunn dat net. Eisen Nopeschlänner hir Pensioune si wäit méi niddreg wéi eis. Firwat kënnt dat dann?

Eis si jo net méi héich, well mir méi schéi Leit sinn! Eis si méi héich, well mer et fäerdegbréngen, Wuesstum ze generéieren!

Ech géif och dem Här Baum an dem Här Gibéryen, déi jo och gëschter hei eng Ried géint d'Croissance gehalen hunn - beim Här Baum ass et souguer ëm ee Prix vis-à-vis vun der Finanzplaz a vum Kapital gaangen -, ech géif hinnen emol eng Kéier roden, eng Studierees ze maachen, eng Studierees! Dir kënnt zesumme fueren, Dir sidd jo zu fënnef, Dir kënnt lech an een Auto setzen.

(Hilarité)

Da fuert Der eng Kéier op Mont-Saint-Martin. Dat läit hannert Rodange, dat ass net ganz wäit. Da gitt Der do d'Spidol kucken an da gesitt Der, wéi e Service e Bierger kritt an engem Land, wou kee Wuesstum méi ass.

An den Här Gramegna huet Italien…

(Interruption)

Den Här Gramegna huet Italien genannt mat 16 Joer ouni Wuesstum. Ech weess net, wéi vill Joer Frankräich kee Wuesstum huet. Mä gitt op Mont-Saint-Martin d'Spidol kucken, da wësst Der, wéi ee Service e Bierger kritt!

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Do maache se en IRM an dräi Wochen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- A wann Der nach e bësse Bensinn hutt, well Der hutt jo zu Lëtzebuerg getankt, da fuert e bësse méi wäit nach bis a Louthrengen, da gesitt Der eng ganz Regioun, déi säit 15 Joer kee Wuesstum méi huet! An da kuckt Der, wéi d'Leit do wunnen! An da kuckt Der, wéi d'Stroossen do ausgesinn a wéi d'Trottoiren do ausgesinn, wéi d'Schoulen do ausgesinn an d'ëffentlech Infrastrukturen ausgesinn!

Une voix.- A wat se wielen!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- A wat se wielen! An da gesitt Der, firwat…

(Brouhaha général)

An da gesitt Der, firwat de Wuesstum gutt ass!

De Wuesstum, Dir Dammen an Dir Hären, huet Nodeeler. Mir wëssen dat. Mä dofir schaffe mer jo drun, ze investéieren an den ëffentlechen Transport. Keng Regierung virun där hei huet esou vill an den ëffentlechen Transport investéiert wéi déi hei.

Une voix.- Très bien!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dofir baue mer d'Stroossennetz aus. Dofir schwätzt de Premierminister dovun, dass mer Aktivitéitszone méi no un d'Grenze kréien, fir déi Frontalieren net mussen onnéideg duerch d'Land ze féieren. Dofir schwätze mer vun neie Modeller vun Tëleetravail. Dofir schwätze mer vu Rifkin, fir eben en nohaltege Wuesstum ze hunn, fir d'Économie circulaire anzeféieren, fir d'Économie partagée auszebreeden hei am Land.

Dir Dammen an Dir Hären, Wuesstum ass mat Sécherheet net alles. Mä ouni Wuesstum ass alles näischt. An da veraarme mer als Land a mir veraarmen als Bierger. An dat wëlle mer net. An dozou steet déi heite Koalitioun, dass mer dee Wuesstum brauchen, mä dass mer e wëllen esou guidéieren, dass en esou mann wéi méiglech Nodeeler fir d'Biergerinnen an d'Bierger hei am Land huet.

A vläicht ee leschte Saz dozou, da ginn ech Iech direkt d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen! Neen!

(Hilarité)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ah neen, pardon, da ginn ech Iech d'Wuert zréck, Här President.

Ee leschte Saz. Et gëtt kee Kleesche méi, Här Spautz. An et kënnt kee Kleeschen de 6. Dezember bei den Här Gramegna mat engem Scheck vun 23 Milliarden a seet: „Sou, hei sinn deng Suen, déi s de brauchs, fir d'nächst Joer d'Land um Fonctionnéieren ze halen." Dat gëtt et net. An duerfir wäerte mir weider duerch d'Welt rennen, fir Betriber unzeéien, fir de Wuesstum hei zu Lëtzebuerg ze assuréieren a virun allem fir de Wuelstand hei zu Lëtzebuerg ze assuréieren.

Voilà, elo ginn ech Iech d'Wuert zréck, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Här Minister. An ech ginn et da weider un den Här Gaston Gibéryen…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ...an duerno den Här Claude Wiseler an den Här Marc Baum. An da géif ech mengen, dass mer dem Minister d'Geleeënheet emol ginn, fir zum Schluss ze kommen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- En ass fäerdeg!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Neen!

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President.

Ech wëll elo déi ganz Diskussioun iwwert de Wuesstum hei net méi erëm ufänken. Ech hat virun zwee Joer eng Interpellatioun gemaach, wou mer iwwert de qualitative Wuesstum geschwat hunn.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Jo!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An ënnert deem qualitativen… Et ass also net, datt mir géint de Wuesstum sinn; ech wéilt dat hei kloer soen. Mä mir schwätze vun engem qualitative Wuesstum, wou mer och kënne Gelder geréieren a wou mer vläicht net déi Dausende vun Aarbechtsplaze musse schafen, déi mer am Ableck schafen, mat all deene Konsequenzen, déi se kréien.

An et ass elo dacks vun der Regierung gesot ginn, se géif an déi Richtung schaffen, mä da kann ech awer net gläichzäiteg als Regierung higoen a soen: „Mir si frou, wa mer dëst Joer 15.000 Aarbechtsplaze schafen." Da schafe se net dee qualitative Wuesstum, iwwert dee mer diskutéiert hunn. Dat just elo, well Der nach eng Interventioun gemaach hutt, ier ech d'Fro gestallt hunn.

Wat ech wollt froen oder soen, dat ass mat der Erhéijung. Dir hutt gesot, mat der heiter Regierung géif et keng Erhéijung vum Pensiounsalter an och keng Kierzungen. Dat kann ech mat zwou Hänn ënnerschreiwen. Dat wëlle mir och net.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dat ass jo gutt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mä ech wéilt just drun erënneren, datt mer an der leschter Legislaturperiod awer eng Pensiounsreform gestëmmt hunn. An an där Pensiounsreform - an duerfir war eng breet Zoustëmmung, mir hunn et och matgestëmmt - hu mer de Pensiounsalter awer géhéicht. A mir hunn och Moossnamen dragesat, jee nodeem wéi d'Reserve sech entwéckelen, Automatisme souguer dragesat, wou och d'Pensiounen, zum Beispill den 13. Mount, d'Allocation de fin d'année, wou déi gestrach gëtt!

Also et soll een elo net heihinnerkommen a soen: „Mat eis Sozialiste gëtt et dat net", well an der leschter Legislaturperiod hu mer e Gesetz gestëmmt, wat souwuel de Pensiounsalter gehuewen huet wéi och Moossnamen agesat huet, datt, deemno wéi d'Pensiounsreserve sech entwéckelen, och Kierzunge kënne méiglech sinn.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Gibéryen,…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mat eiser Zoustëmmung!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Gibéryen, Dir hutt jo vollkomme recht. Mä dofir soe mir jo: Mir hunn déi Reform gemaach 2012, an déi Reform, déi adaptéiert sech jo automatesch. Déi Reform - an de Romain Schneider, deen huet et virdrun och gesot -, déi Reform, déi weist jo, dass et Resultater ginn. Déi weist jo, dass d'Rentemauer sech weider verréckelt. An déi weist, dass eise Pensiounssystem sech automatesch adaptéiert op d'Situatioun.

An dofir soe mir, dass mer dergéint sinn, fir d'Leeschtunge fir d'Rentnerinnen an d'Rentner erofzesetzen. Et ass genee dat. Vun dohier hu mer eis iwwerhaapt net falsch verstanen oder sinn op deem Punkt zumindest net op enger anerer Linn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Den Här Schneider seet a senger Reflexioun, wat ech jo och logesch kann novollzéien, datt, well mer dee Wuesstum hunn a well mer dee Wuesstum brauchen, mer och duerno all déi Reflexiounen iwwer eis Pensiounssystemer kënne vergiessen, well de Wuesstum kompenséiert eis jo a gëtt eis keng Obligatioun, fir drunzegoen.

Wann dat esou wär - wann dat esou wär! -, kéint ech dat verstoen, kéint ech och domat d'accord sinn! Mä Är eegen Zuele weisen, datt et bei engem Wuesstum, esou wéi Dir en an deenen héijen Zeenarioen och elo virgesinn hutt, mat 1,1 Millioune Leit op 2060, an all där Croissance, déi dat au fur et à mesure vun de Jore bedeit, awer an de Reserven, déi een am Pensiounssystem huet, net duergeet, och wann een d'Croissance huet, och wann een déi do Croissance huet, fir iwwert déi nächst Jore mëttel- a laangfristeg de System performant ze halen.

2023 oder 2025, ech weess et net, wäert de System an deem Sënn kippen, datt da manner Recetten do si wéi Ausgaben. 2035 si mer op der Limitt vun 1,5 an 2000 eppes an déi 40 sinn dann d'Keesen eidel. Elo kann ee soen: Dat ass schrecklech wäit ewech, dat brauch eis net ze concernéieren! Dat do sinn Zuele mat deem ganz héije Wuesstum, wéi Der et virgesitt. Déi stellen eis awer eng Rei Froen.

A mir soen: Dat do musse mer kucken, dat do musse mer analyséieren an do musse mer Solutioune fannen. A mir soen hannendrun: Et ass besser, mir fannen déi Solutiounen elo, wéi wa mer an zéng Joer eréischt duerno kucken, well elo hu mer Méiglechkeeten, well et eise Pensiounssystemer gutt geet, fir se esou ze gestalten, datt d'Leit, déi haut a Pensioun sinn, datt déi kee Problem hunn, datt hinnen näischt geschitt.

Ech fannen, datt dat eng räsonabel Aart a Weis ass, fir et unzegoen. An ech plädéieren nach eng Kéier derfir, déi Diskussioun do seriö ze féieren.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Wiseler, Dir sot - ech hunn Iech just zitéiert -, Dir sot, Är dräi Mesurë wären d'Cotisatioun erop, de Rentenalter erop an d'Pensiounsleeschtungen erof.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dann hunn ech Iech elo erkläert, wat mäi ganze Gedanken ass.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dir wësst, an ech hunn et virdru gesot, an den Här Gibéryen huet et d'ailleurs och gesot, dass et eng Rentereform gëtt vun 2012, déi sech adaptéiert un d'Situatioun. A mir gesinn de Moment, dass een do punktuell Adaptatioune mécht, dat ass evident. Och dat huet de Romain Schneider gesot. Mä déi dräi Punkten, déi Dir an d'Feld gefouert hutt, déi komme fir eis net a Fro.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech géif da gär mat Iech eng Diskussioun iwwert déi ganz Situatioun do féieren, datt mer déi...

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dat, wat ech zwee Deeg probéieren.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...en long et en large…

Jo, mä mir féieren déi net an engem État de la nation. Da féiere mer se uerdentlech zesummen an deene Gremien, an deene Kommissiounen, déi dofir do sinn,…

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ganz gär!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- …well hei am Plenum geet dat wierklech net.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Da schécken ech Iech awer deen anere Schneider.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- De Problem ass vill ze vill seriö, fir driwwer ze polemiséieren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. De Moment, wou de Minister Schneider drénkt, géif ech gär dem ugesprachene Sozialminister d'Wuert fir eng kleng, eng kuerz Reaktioun ginn.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Voilà, ech wollt effektiv dem Här Minister Schneider Zäit ginn, eng Schlupp ze drénken, datt en e bësse Force kritt, fir déi lescht Froen ze beäntwerten. Mä ech mengen, kuerz eng Kéier e puer Reaktiounen op dat, wat hei gesot gouf.

Ech mengen, dat ass eigentlech och eis Suerg, effektiv och no deenen Zäiten, déi Der genannt hutt, souwuel den Här Wiseler wéi och den Här Schneider wéi och den Här Gibéryen, datt mer eis doriwwer Suerge maachen. An dofir hu mer jo och dee Bilan, vun deem eigentlech geduecht war, dee mer sollten eréischt ee Joer méi spéit maachen, als Regierung no vir gezunn, fir Zäit ze kréien, an engem Aarbechtsgrupp, an dat maache mer tëschent deenen eenzelne Ministèren awer och mat alle Chambre-professionnellen, fir eis Gedanken ze maachen doriwwer, wat d'Solutioune kënne sinn.

An dësem Joer, 2017 (veuillez lire: Enn 2017), wäerten d'Aarbechte vun dësem Aarbechtsgrupp ofgeschloss sinn, an déi Resultater, déi dann dobäi erauskommen, déi wäerte mer diskutéieren, an da wäerte mer zesummen, wéi ech et richteg fannen, och déi néideg Solutioune fannen. An ech mengen, dat ass eben dat, fir ze weisen, datt d'Regierung sech domadder auserneegesat huet an datt se effektiv no enger Reform vun 2012 och weess, datt an Zukunft dee Pensiounssystem och iwwer 2040 muss garantéiert sinn.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech soen dem Här Romain Schneider villmools Merci fir déi Aussoen. Ech soen em just: Plangt, wann ech gelift, d'Oppositioun mat an, well et ass e laangfristege Problem, an déi do Diskussioun!

Ech soen Iech villmools Merci fir déi do Ausso, well se weist, datt den Diskussiounsbedarf do ass op deem Sujet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da géif ech nach dem ugesprachene Marc Baum d'Wuert ginn. An dann… Jo, gutt, fuert emol duer!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Ma Merci, Här President. Den Ugesprachenen hélt och d'Wuert, well ech feststellen, datt d'Nolauschteren anscheinend net zu deene grousse Qualitéite vum Här Schneider gehéiert, wann e seet, datt ech gëschter gesot hätt, datt mir géint de Wuesstum wieren. Ech hunn de Contraire gesot. Ech hu festgestallt, datt hei zu Lëtzebuerg dat Band, dee Lien tëschent Wuesstum a Wuelstand amgaangen ass, ze zerräisse respektiv schonn zerrass ass. Wann et esou ass, datt ee Rekordwuesstumszuele schreift a gläichzäiteg d'Aarbechtslosegkeet net signifikativ erofgeet, bedeit dat, datt ee sech vun engem Modell vu Vollbeschäftegung distanzéiert huet.

An ech fannen dat ganz, ganz bedenklech. An dat stellt deen dote Wuesstumsmodell, fir deen Dir antrëtt, a mengen Aen a Fro. An net méi hunn ech gesot. Well natierlech brauche mer Wuesstum. Just deen dote Wuesstum, deen eesäiteg vun engem, virun allem vun engem eenzegen Akteur kënnt, dee bréngt eis an Ofhängegkeeten, an et féiert net dozou, datt mer de soziale Fortschrëtt domadder weidergedriwwe kréien. Näischt aneres hunn ech gesot.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här Baum, ech froe mech awer elo, a wéi engem Land dass Dir lieft! Wéi dës Regierung ugefaangen huet, war de Chômage bei 7,4%, en ass elo bei 6% an e geet d'nächst Joer nach erof ënner 6%. Ass dat dann net soziale Fortschrëtt?

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- An Dir sot, duerno 2019 geet en erëm an d'Luucht an 2020 geet en an d'Luucht an 2021. Dat steet am Programme de stabilité. Dat sinn d'Prognosen op deem dote Wuesstumsmodell, deen Dir presentéiert. Dat sinn d'Statistiken, dat sinn d'Zuelen, d'Prognose vum Chômage hei am Land no Ärem Wuesstumsmodell. Also klappt eppes un Ärem Wuesstumsmodell net!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech wëll Iech just…

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- 3,5% wéi den Här Juncker Aarbechtsminister war.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Jo, well ech déi Ziffere jo gutt auswenneg kennen…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also! Also!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Pardon!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, éischtens emol den Här Baum freet sech och an Zukunft d'Wuert, wann en et gär hätt. An den Här Finanzminister huet sech et ganz fei gefrot a kritt et och.

(Brouhaha général)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. De Grond, firwat de Chômage 2020 an 2021 eropgeet, ass, well de Wuesstum an deenen zwee Joer erofgeet, mathematesch, well e Lien natierlech besteet zwëschent dem Taux de chômage an dem Taux de croissance.

Ech soen dofir net, dass den Taux de croissance, deen do virgesinn ass vum Statec fir 2020 an 2021, richteg ass. Fir mech sinn d'Statistiken hautdesdaags mat der Imprevisioun, mat der Onsécherheet, déi mer an der Welt hunn, si Statistiken, déi iwwer zwee Joer ewechginn, héchst, héchst douteux. Mä et muss een der maachen. Mir mussen de Plan pluriannuel maachen. Dofir ass dat relativ mechanesch, dass dann de Chômage erëm eropgeet. Dat heescht, dat beweist genau dat, wat d'Regierung seet: Fir de Chômage erofzekréien, brauche mer en héije Wuesstum.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Klingt komisch, ist aber so.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, elo hutt Dir d'Wuert.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här President, et war nach ee leschte Punkt, deen d'CSV mech gefrot huet. Dat ass dee ganze Beräich „space resources".

Ech kann Iech elo ganz gären alles am Detail erklären, mä ech weess, dass ech de 4. Mee an der Wirtschaftskommissiounssitzung sinn, fir Iech all déi Detailer ze ginn. An ech weess och, dass Der nach e laange Programm haut hutt. Duerfir musst Dir elo decidéieren, ob ech Iech dat elo erzielen oder an der Kommissioun.

(Brouhaha)

Plusieurs voix.- An der Kommissioun!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Okay, dann huelen ech dat esou un a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir soen och Merci. Ah, Parole après ministre, ginn ech dovun aus, Här Wolter. Ass dat esou?

M. Michel Wolter *(CSV).*- Jo, Här President, ech froen d'Parole après ministre, well d'Madamm Loschetter der Meenung war, dass, wann ech eppes ze soen hätt, da sollt ech op d'Tribün kommen. Dat maachen ech,…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Da sinn ech frou!

M. Michel Wolter *(CSV).*- …fir ze soen,...

(Hilarité et interruption)

...dass, och no den Aussoen nees vum Här Schneider, et eng grondsätzlech Differenz gëtt an der Aart a Weis, wéi mer de Budgetsequiliber gesinn, tëschent der Majoritéit an der Oppositioun. An déi Aart a Weis, fir alt nees esou ze maachen, dass, wann ee mat där Aart a Weis, wéi d'Regierung et gesäit, (veuillez lire: net averstanen ass), een dann eigentlech näischt verstanen hätt oder géint verschidden Aspekter vun der Politik eppes hätt, déi ass ze reng. Déi ass op deem do Punkt ze reng, esou wéi se bei de Pensiounen elo an där leschter hallwer Stonn ze reng war.

Et geet net ëmmer nëmmen duer, fir e Problem vun 100% op 5% ze reduzéieren an dann ze mengen, deen anere missten ze provozéieren,

fir dass een doduerch recht an der Diskussioun kritt.

Dir maacht esou, wéi wann, wann een aner Vuen huet an der Aart e Weis, wéi een e Budget an den Equiliber ze kréien huet, ee géint d'Investissementspolitik wier vun der Regierung.

Ech wëll emol kloer an däitlech soen, dass d'Investissementspolitik zu Lëtzebuerg net op der Mëscht vun dëser Regierung gewuess ass! Et ass eng permanent Erausfuerderung vun allen - vun allen! - Regierungen, säit ech Politik maachen, hei zu Lëtzebuerg, fir mat enger héijer Investitiounsquot d'Moderniséierung vun eisem Land virunzedreiwen.

An et ass net, Här Schneider, eréischt säit Dir Wirtschaftsminister sidd, dass sech Politiker hei zu Lëtzebuerg ëm d'Moderniséierung vun dësem Land bekëmmeren.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Hunn ech dat da behaapt?

M. Michel Wolter *(CSV).*- Jo, Dir sidd amgaangen, dat eigentlech permanent an all Saz, deen Der hei sot, ënnerschwelleg ze behaapten.

Une voix.- Ooh!

M. Michel Wolter *(CSV).*- Et ass eng permanent Politik ëmmer gewiescht vun alle Politiker, och vun der CSV, déi de Finanzministère haten, fir mat enger héijer Investitiounsquot zu enger Moderniséierung vum Land bäizedroen.

Allerdéngs, wann een de Budget vum Stat huet, geet et net nëmmen duer, fir iwwert den Investissement ze kucken, mä et muss ee kucken, alleguerten d'Komponente vun engem Statsbudget am Equiliber ze behalen, fir ze kucken a fir ze gesinn a fir kënnen ze beuerteelen, ob déi Politik, déi ee mécht, an déi richteg Richtung geet. An et ass do, wou déi ganz grouss Differenz ass tëschent Iech an eis.

Eis Politik war, ass a wäert och an Zukunft déi sinn, dass, wann een a wirtschaftlech gudden Zäiten ass, wéi mer elo sinn, ech géif souguer behaapten, a wirtschaftlech exzellenten Zäiten, wéi mer se scho säit enger Dose Joren an dësem Land net méi kannt hunn, dass et dann d'Flicht ass vun enger Regierung, fir Suen op d'Säit ze leeën, fir dass net nëmmen dës Generatioun kann investéieren, fir dass och déi nächst Generatioun nach kann investéieren.

An dat hunn ënnert der CSV iwwregens d'LSAP an d'DP iwwer zwanzeg Joer ëmmer matgemaach: wa wirtschaftlech schlecht Zäite waren, gekuckt, dass een a wirtschaftlech gudden Zäite Suen op d'Säit geluecht huet, Fonge gespeist huet, déi net méi gespeist ginn, Fonge gespeist huet, fir dass een a schlechten Zäite Suen hat, fir Investissementspolitik kënnen ze maachen.

Dir sot: „Mir maachen a wonnerbaren Zäite 4% Wirtschaftswuesstum an investéieren 80% aus der Täsch an 20%, déi gi mer friemfinanzéieren." Et sinn Zäiten an dësem Land ginn, do sinn a gudden Zäite méi wéi 100% vun den Investissementer op d'Säit geluecht ginn. Et sinn 120 an et sinn 130 an et sinn 140% vun den Investissementer vun den nächste Joren op d'Säit geluecht ginn, fir dass nach 30 a 40% vun den Investissementer do wieren, wa véier oder fënnef Joer duerno de wirtschaftlechen Zyklus nees méi schlecht wier, an dass een dann nach déi Suen hätt, fir den Investissement ze maachen.

Ech kennen den Här Malthus och, Här Gramegna, dee 1700 an esou gewunnt a gelieft huet, also relativ wéineg mat där Aart a Weis eppes ze dinn hat, wéi sech d'Wirtschaft an och d'Finanzen haut entwéckelen.

Ech weess awer, dass eng keynesianesch Politik, wéi Dir se och elo nees eng Kéier ugeschwat hutt, à terme keng Solutioun ass fir de wirtschaftlechen Equiliber a fir de budgetären Equiliber vun engem Land. Et kann een iwwer Keynes, an dat hu mer no 2008 iwwer Jore gemaach, de l'accord de la Chambre 2009…

Et ass eng vun deene weidere Legenden, fir ze soen, d'CSV hätt 2013 e schlechte wirtschaftlechen a virun allem e budgetäre Kader hannerlooss. Dat war de l'accord à l'unanimité hei an der Chamber, souguer mat der Oppositioun ass dat festgeluecht ginn, datt mer a wirtschaftlech schlechten Zäiten, 2009 bis 2012, géifen eng antizyklesch Politik maachen - do hu mer Keynes gemaach -, fir ze kucken, iwwert den ëffentleche Maart eng Politik ze maache vun der Demande, fir ze kucken, an deen Equiliber ze kommen. Wëssend, dass mer awer och gesot hunn, no 2012, falls sech d'wirtschaftlech Situatioun net verbessert, an déi hat sech bis 2013 net verbessert, dass mer da missten ëmschwenken nees, fir am Equiliber ze bleiwen.

Dir hutt elo d'Chance, a gleeft mir et, ech si frou doriwwer…

(Hilarité générale)

Dir hutt d'Chance, neen, Dir hutt d'Chance, dass mer wirtschaftlech an engem Emfeld sinn, wou sech net den Zeenario vun 2011, 2012, 2013, 2014, 2015 weidergeschriwwen huet. Well ech froe mech, a wat fir enger Situatioun mer an eisem Land da wieren, wa se sech weidergeschriwwen hätt. Mir haten d'Chance, d'Chance, dat mag Äre Verdéngscht sinn, zum Deel, well all Regierung huet ëmmer e gewëssene Verdéngscht; dat huet awer och vill ze di mat enger europäescher an enger weltwirtschaftlecher Lag.

Mä d'Differenz, déi mer hunn, dat ass, dass mir der Meenung sinn an der Meenung bleiwen, dass en Deel vun deem, wat elo erwirtschaft gëtt, op d'Säit hätt misse geluecht gi fir déi nächst Generatioun. An Dir verdeelt alles an et bleift näischt méi rescht fir déi nächst Generatioun.

(Brouhaha général)

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Et ass richteg, wat Dir sot, Här Wolter. An dofir wëllt Der d'Steierreform net. An dofir wëllt Der och d'Renten erofsetzen. Do ënnerscheede mer eis, allerdéngs!

(Interruptions)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ech hätt gär dem Här Wolter eng Fro gestallt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- A wat fir engem Zeenario si mer?

(Brouhaha)

D'Madamm Loschetter wollt dem Här Wolter eng Fro stellen.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Dat ass vläicht net d'Prozedur.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat mengen ech och. Ech géif duerfir dem Minister d'Wuert ginn, fir drop ze reagéieren.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Also, ech wëll net méi op alles reagéieren. Ech mengen, et ass alles gesot. Ech wëll just dem Här Wolter an Erënnerung ruffen, wann e seet, dass d'Regierung a wirtschaftlech gudden Zäiten da misst Sue spueren, da wëll ech e just drun erënneren, dass a wirtschaftlech gudden Zäiten déi lescht Regierung och wosst, dass de Commerce électronique géif ewechfalen an dass dat d'Land géif all Joer 800 Milliounе kaschten, an nawell sinn eng Mammerent an aner Saachen decidéiert ginn, fir Sue weider auszeginn.

Also, wann Der esou vorausschauend ëmmer wëllt gewiescht sinn, da muss ech dat awer hei a Fro stellen, soen Iech awer och, dass mir selwer an där Koalitioun dra waren. Ech mengen, dat wësst Der.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Majo, mä mir maachen et jo och anescht. Mir investéieren d'Suen. Mir investéieren, an ech mengen, mir hunn elo de ganze Mëtten hei erkläert, dass mer d'Zukunft doduerch virbereeden, dass mer investéieren, fir eis nei Chancen ze gi fir d'Zukunft, an dass et näischt bréngt, einfach d'Infrastrukturen op deem Stand ze loossen, op deem se sinn. Domat kréie mer kee Fortschrëtt, domat kréie mer kee Wuesstum an Zukunft. A mir sinn nun emol als Regierung do, fir dat ze assuréieren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Mir sinn um Enn vun der Diskussioun ukomm.

Motions

Mir si saiséiert mat véier Motiounen, wou ech dem Auteur, dem Här Gilles Roth, géif d'Wuert ginn.

(Interruption)

Ech hunn Iech schonn d'Wuert ginn, Här Roth.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Dir wësst, dass ech déi Motiounen deposéiert hunn, well et einfach Elementer ware vun deene Prises de position, déi ech geholl hunn zu der Justiz an der Innenpolitik. Ech hunn Iech awer och matgedeelt, dass dat och war, fir eisem leschten ageschriwwene Riedner, dem Här Gloden, nach déi Zäit ze ginn.

D'Chambersreglement hutt Dir gelies; ech mengen, Är Lektür ass och richteg. Ech insistéieren net drop, dass déi sektoriell gebonne Motiounen elo haut hei zur Ofstëmmung kommen. Ech hu kee Problem domat, aus deene Grënn, déi ech Iech gesot hunn, dass déi Sujeten do an den zoustännege Kommissiounen traitéiert ginn,…

(Interruption par M. Alex Bodry)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir hutt also proposéiert, se alle véier…

M. Gilles Roth *(CSV).*- …mat Ausnam vun där, wou mer nach hikommen, iwwert d'gesetzlech Basis fir d'Polizeidatebanken, well dat ass en Deel och vun deem Projet iwwert de Memorandum of Understanding, wou mer herno nach driwwer schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay. Dat heescht, eng iwwerweist Der an deen aneren Debat a bei deenen aneren dräi ass Är Demande, fir se an d'Kommissioun ze iwwerweisen?

(La motion n°2 de M. Gilles Roth est renvoyée à la discussion sur les projets de loi n°6759 et n°6762, qui sont à l'ordre du jour de la séance publique en cours.)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Wuert huet de Premierminister.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, ech mengen, d'Chamber ass souverän, fir ze decidéieren, wéi se wëllt. Mä mir géife proposéieren, dass déi zweet Motioun, well déi och an der Kommissioun am Kader vum Projet de loi iwwert d'Transpositioun vun der Direktiv iwwert d'Data Protection soll traitéiert ginn, an d'Kommissioun sollt renvoyéiert ginn. A mir gesi keng Ursaach, firwat een déi dräi aner sollt an d'Kommissioun renvoyéieren. Da kéint een de Vott huelen, a mir géifen als Regierung suggeréieren, dergéint ze stëmmen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Reaktioune vun deene verschiddene Fraktiounen? Dat heescht, fir elo kloer ze gesinn…

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, vläicht als Argumentatioun, firwat ech dat elo soen:

Bei där éischter ass en Text am Moment ënnerwee iwwert d'ganz Preservatioun an de Patrimoine; dat hunn ech jo och schonn ugekënnegt.

Déi zweet, wéi gesot, an d'Kommissioun.

Déi drëtt, well mer gesot hunn, a mir sinn eis eens, dass e Bilan sollt gezu ginn.

An déi véiert, well selbstverständlech: Nul n'est censé ignorer la loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech wëll just elo emol d'Präzisioun hunn, wat d'Numerotatioun ugeet. Wat fir eng kënnt an den nächsten Debat?

Une voix.- Dat ass d'Nummer 2.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat ass d'Nummer 2. Dat ass d'Motioun 2. Gutt. Déi hu mer dann emol.

An dann déi aner Motioun, ass dat déi, déi de Premier och gemengt huet, déi an der Kommissioun? Gutt. Da stëmme mer of iwwert d'Motiounen 1, 3 a 4. Ass dat richteg?

Plusieurs voix.- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gutt, da géife mer bei der Motioun 1 ufänken.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss: 26-mol Jo, 31-mol Neen an 3 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun 1 ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 32 voix contre, 25 voix pour et 3 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Paul-Henri Meyers (par M. Claude Wiseler), M. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Cécile Hemmen), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: Mme Octavie Modert;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Vote sur la motion 3

Da géife mer zur Motioun 3 kommen. D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 25-mol Jo, 31-mol Neen, 3 Abstentiounen. D'Motioun 3 ass ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes (par Mme Diane Adehm), Marc Lies (par M. Marco Schank), Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), M. Paul-Henri Meyers (par M. Claude Wiseler), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen dann direkt zur Motioun 4 iwwergoen.

Vote sur la motion 4

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 25-mol Jo, 32-mol Neen, 2 Abstentiounen. Domat ass déi lescht Motioun och ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes (par M. Marco Schank), Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), M. Paul-Henri Meyers (par M. Claude Wiseler), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen zum État de la nation ukomm a mer géifen zu dem Rescht vun eisem Programm iwwergoen.

Als éischte Punkt hu mer de Projet de loi 7114 iwwert d'Identifikatioun vun de physesche Personne programméiert, Modèle de base. Fir de Rapporteur, den Här Cruchten, dréit den Här Claude Haagen de Rapport vir. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

3. 7114 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

M. Claude Haagen *(LSAP), en remplacement de M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Fir d'Éischt géif ech gären de Rapporteur, den Här Cruchten, entschëllegen. Deen ass fir d'Chamber zu Stroossbuerg.

Wéi scho gesot, bei dësem Projet de loi geet et ëm eng kleng awer wichteg Adaptatioun vum Gesetz iwwert d'Identifikatioun vun de physesche Persounen, déi den Artikel 25 vun deem Gesetz betrëfft. Dëse leet d'Modalitéite vun enger Referenzadress fest. Et sief drun erënnert, dass eng Inscriptioun am nationale Register vun de physesche Persounen net automatesch en Urecht op iergendwellech Sozialhëllefe gëtt. Ëmgedréit ass et awer och esou, dass eng Rei vu Sozialhëllefen als Konditioun hunn, dass ee säin Haaptwunnsëtz zu Lëtzebuerg huet.

De Register, deen am Gesetz vun 2013 virgesinn ass, sollt engersäits jiddwereen erfaassen, dee sech tatsächlech um Territoire vum Lëtzebuerger Land ophält.

Anerersäits wëlle mer awer verhënneren, dass Leit sech definitiv op Plaze kéinten installéieren an aschreiwen, déi net zu Wunnzwecker ausgewise sinn, wéi zum Beispill op Campingplazen oder a Weekendhaiser.

Fir eng Rei vu Situatioune gouf dunn e sougenannte Registre d'attente geschafen, wou ënner anerem déi Leit dropkommen, déi sech wëllen an enger Gemeng umellen a wou et nach net ganz kloer ass, ob se eng fest Wunnadress hunn, déi fir Wunnengszwecker ausgewisen ass.

Dës Opdeelung stellt awer ee Problem duer fir d'Leit, déi op der Strooss liewen, well se nun emol keng fest Wunnadress hunn an awer op Sozialhëllef ugewise sinn. Fir deem Problem Rechnung ze droen, gouf d'Méiglechkeet vun enger Referenzadress agefouert. Ënner bestëmmte Bedéngunge kënnen d'Sans-abrie sech bei enger agreéierter Hëllefsorganisatioun mellen, wou si eng Referenzadress kréien, mat där se am Registre principal kënnen ugemellt ginn. Dat gëllt fir Lëtzebuerger, déi weder zu Lëtzebuerg nach am Ausland ee feste Wunnsëtz hunn a sech hei am Land ophalen. Eng Referenzadress kënnen doriwwer eraus Leit kréien, déi am Prisong sinn.

Ee Recht op eng Referenzadress hunn awer och EU-Bierger, Bierger aus dem europäesche Wirtschaftsraum oder der Schwäiz, wa se virdru mindestens fënnef Joer zu Lëtzebuerg sozialverséchert waren. Déi zousätzlech Fënnefjoreskonditioun soll verhënneren, dass EU-Bierger, déi ni hei gelieft a geschafft hunn, einfach esou zu Lëtzebuerg kënne Sozialhëllef an Usproch huelen, well eis Hëllefen, an dat wësse mer alleguerten, méi generéis si wéi déi vun hirem Heemechtsland.

Här President, an der Praxis huet sech erausgestallt, dass ee Grupp vu Leit vergiess ginn ass, deen ebenfalls misst kënnen op eng Referenzadress zréckgräifen. Et handelt sech dobäi ëm Benefissären vum Asylstatut, als Ofkierzung DPI, déi nach keng eege Wunneng fonnt hunn. Soulaang d'Demandeure fir Asyl an der Prozedur sinn, dat heescht déi sougenannten DPIen, Demandeurs de protection internationale, ass hir Situatioun kloer: Si sinn um Registre d'attente ageschriwwen. Wann hir Prozedur awer ofgeschloss ass a si de Statut vun der Protection internationale unerkannt kréien, si si am Prinzip de Lëtzebuerger gläichgestallt, wat hir Rechter an hir Flichten ubelaangt.

Wa si awer zu deem Moment oft nach keng Aarbecht hunn a well se och an deem Moment gréisstendeels nach ëmmer keng eege Wunneng fonnt hunn, wunne si zum Deel weider a Strukture vum OLAI, also vum Office luxembourgeois de l'accueil et de l'integration, wou eigentlech déi Plazen net derfir virgesi sinn, well se soss och den Demandeurs de protection internationale eben déi néideg Plazen ewechhuelen.

Et gëtt eenzel Situatiounen, wou dee Foyer net als regulär Wunnadress kann deklaréiert ginn, wat de Benefissär vun der internationaler Protektioun an eng schwiereg Situatioun wäert bréngen. Hëllefe fir Demandeur-d'asillen, also déi normal Sozialhëllefen, déi d'Lëtzebuerger kréien, sinn, wéi Der alleguerte wësst, un eng fest Wunnadress gebonnen.

Nodeems mer eis där Problematik - an aus der aktueller Situatioun wësse mer, vu wat dass mer schwätzen - bewosst gi sinn, huet den Innenminister um Niveau vun der Regierung schnell reagéiert a mat dësem Projet de loi eng kleng Ergänzung vum Gesetz vun 2013 proposéiert, mat där dëse Problem ka geléist ginn.

De Statsrot hat a sengem Avis vum 7. Februar vun dësem Joer virgeschloen, éischter déi Gesetzer ze adaptéieren, an deene bestëmmte Sozialhëllefen un d'Aschreiwung am Registre principal gebonne ginn. An déiselwecht Richtung goung den Avis vum Syvicol vum 13. Februar. D'Kommissioun huet dëse Virschlag awer net ugeholl.

Och eng aner Suerg vum Syvicol schéngt eis net begrënnt, eis, an dësem Fall der Interieurskommissioun. De Syvicol huet ee Risiko vum Abus gesinn, wou Leit mam Flüchtlingsstatut sech awer fest op enger Campingplaz kéinten installéieren an op éiweg mat Hëllef vun enger Referenzadress do wunne géife bleiwen.

D'Referenzadress ass normalerweis beim OLAI, deen dofir säin Accord muss ginn. Par défaut ass et den Office social, deen d'Referenzadress wäert stellen. Et gëtt also duerchaus eng Kontroll, ëm wat fir eng Leit et sech handelt a wou se sech ophalen.

Mat dësem Projet de loi stelle mir Leit mam Flüchtlingsstatut de Lëtzebuerger ganz einfach gläich, net méi an net manner. Dofir géif ech lech ganz gären ëm Är Zoustëmmung bieden, fir dëse Projet de loi ze stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den Här Emile Eicher.

Discussion générale

M. Emile Eicher *(CSV).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt wëll ech dem Claude Haagen Merci soe fir de Rapport. En huet dat ganz gutt a Vertriedung vum Yves Cruchten gemaach.

Wéi gesot ass et an dësem Gesetzesprojet virgesinn, datt déi Persounen, déi de Statut vum Flüchtling unerkannt kruten, eng Rei Rechter hei zu Lëtzebuerg kënnen an Usproch huelen, wa se eng Referenzadress kréien an deem Fall, wou et net méiglech ass, fir se op de Registre principal anzedroen.

De Problem hautdesdaags ass deen, datt d'Benefissäre vun der Protection internationale, also déi Persounen, déi de Flüchtlingsstatut unerkannt kruten, ëmmer méi oft an hiren Opfangstrukturen hänke bleiwen, well si op dem fräie Maart keng aner Wunneng fannen.

D'Konsequenz dovunner ass, datt si sech net um Registre principal vun der Gemeng androe kënnen. Eng Rëtsch vun de Wunnstrukture fir d'Demandeurs de protection internationale näämlech leien net onbedéngt an de Zones d'habitation vun engem PAG. Deemno bleiwen déi Persounen um Registre d'attente vun der Gemeng hänken a kënnen net vun alle Sozialleeschtunge profitéieren, déi hinnen awer zoustinn, wéi zum Beispill de REVIS, de Revenu d'inclusion sociale.

Dëse Gesetzesprojet erlaabt et dëse Persounen an Zukunft, och wa si an enger Opfangstruktur wunne bleiwen, eng Referenzadress bei der jeeweileger Gemeng ze kréien, andeems si dann och vun alle Rechter profitéiere kënnen. Wa si dann hoffentlech séier déi Opfangstrukture verloosse kënnen, fale se natierlech ënnert déi normal Modalitéite wéi all Awunner a Lëtzebuerg och.

De Statsrot wéi de Syvicol haten an hiren Avisen drop higewisen, datt et besser wier, déi néideg Upassung an der Sozialgesetzgebung ze maachen, amplaz dëst iwwert den RNPP ze regelen.

D'CSV stëmmt dëse Projet trotzdeem mat, well et eng pragmatesch Reaktioun ass op en akute Problem, deen eng schnell Léisung brauch.

Den eigentleche Problem ass awer de Wunnengsmangel a besonnesch den akute Wunnengsmangel am soziale Wunnengsbau. Wéi soll en unerkannte Flüchtling eng Wunneng zu Lëtzebuerg fannen, wa schonn enorm vill Residenten - an et ass de Moien x-mol gesot ginn - op de Waardelëschte stinn an drop waarden, ënnerdaach ze kommen?

Dofir ruffen ech nach emol d'Gemengen zesumme mam Stat op, fir méi proaktiv a Sozialwunnengen ze investéieren. Nëmmen esou kënne mir souwuel den unerkannte Flüchtlinge wéi och deene Schwaachsten an eiser Gesellschaft schnell an effikass hëllefen, eng dezent Wunneng ze fannen an domadder och e grousse Schrëtt fir e bessert Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Eicher. Dann huet d'Wuert den Här Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP).*- Jo, ech maachen et ganz kuerz, Här President. Ech géif dem Claude Haagen Merci soen, deen da stellvertriedend fir de Rapporteur Yves Cruchten hei de Rapport gemaach huet. An ech géif den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei heimat ginn. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Traversini huet d'Wuert.

M. Roberto Traversini *(déi gréng).*- Jo, Merci, Här President. Mir, eis gréng Fraktioun, ginn och den Accord.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Gast Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech ka mech menge Virriedner uschléissen an och den Accord vun eis bréngen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An dann huet de Minister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Merci, Här President. Ech wollt der Chamber Merci soen, dass mer dëse Projet esou séier konnten evakuéieren. Et geet hei wierklech just drëms, fir deene Leit, déi de Flüchtlingsstatut unerkannt kritt hunn, déi nämlecht Rechter zouzegestoen, wéi eis auslännesch Matbierger se hei zu Lëtzebuerg souwisou schonn hunn a selbstverständlech och d'Lëtzebuerger.

An et kënnt net ganz oft vir, dass ech dat hei an dëser Chamber ka soen, mä all Wuert, wat de Vertrieder vun der CSV-Fraktioun gesot huet, esou wéi en et och gesot huet, kéint ech esou ënnerschreiwen! An ech soen him Merci fir deen Opruff, deen en och gemaach huet vis-à-vis vun de Gemengen. Mir brauchen d'Gemengen, wa mer de grousse Problem vun der Wunnengsnout zu Lëtzebuerg wëlle léisen a speziell och de Problem vun der Wunnengsnout vun de Flüchtlingen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister.

Ech ginn dann dovun aus, dass mer kënnen ofstëmmen iwwert de Projet de loi 7114.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7114 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 57-mol Jo, keng Abstentiounen a keen Neen. Domat ass de Projet 7114 eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers (par M. Marc Spautz), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Cécile Hemmen), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 6943 betreffend d'Commercialiséierung vu Medikamenter respektiv d'Delivrance vu Medikamenter un de Public. D'Wuert huet d'Madamm Rapportrice Cécile Hemmen. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgehalen.

4. 6943 - Projet de loi modifiant

1. la loi modifiée du 4 août 1975 concernant la fabrication et l'importation des médicaments et

2. la loi modifiée du 25 novembre 1975 concernant la délivrance au public des médicaments

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Egalité des chances et des Sports

Mme Cécile Hemmen *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, dat Gesetz, wat ech lech hei presentéieren, baséiert eigentlech op zwee Gesetzer vun 1975, wou et zum engen ëm d'Fabrikatioun an d'Importatioun vun de Medikamenter geet an zum aneren ëm d'Aushännegen, also d'Delivrance vun de Medikamenter.

Et gëtt deemno d'Méiglechkeet elo hei zu Lëtzebuerg gebueden, fir de Verkaf iwwer Internet ze erlabe fir Medikamenter, déi net verschreiwungsflichteg sinn. A mir kréien och eng legal Basis fir e reglementäre Kader, wat d'Qualitéit an och d'Sécherheet ubelaangt, wann d'Medikamenter verblistert ginn, also preparéiert, opgedeelt, konditionéiert oder ëmkonditionéiert.

De Projet ass am Februar 2016 an der Chamber deposéiert ginn. An zum Avant-projet koum schonn am Juli 2015 en Avis vum Collège médical, dee sech haaptsächlech op de Code de déontologie berifft vun den Apdikter vun 2011, och am Zesummenhang mat der Vente à distance vun de Medikamenter.

De Statsrot huet e puer Reformulatiounen am Text gefuerdert an huet och eng Opposition formelle ausgedréckt, well d'Lëscht vun de Medikamenter, déi d'Veterinäre stockéieren dierfen, an engem Arrêté ministériel an net an engem Règlement ministériel däerf festgehale ginn. D'Santéskommissioun huet sech a ronn fënnef Sëtzunge mat dësem Projet de loi beschäftegt. An de 4. Abrëll ass de Rapport elo ugeholl ginn.

Am éischte Volet vun eisem Gesetz geet et dorëms, fir endlech eng Base légale ze schafe vun engem reglementaresche Kader, wat d'Qualitéit an och d'Sécherheet ugeet, déi d'Apdikter an hirer Officine oder an der Spidolsapdikt ze respektéieren hu bei der Preparatioun, der Opdeelung, dem Conditionnement respektiv dem Ëmverpake vu Medikamenter.

Dës Prozeduren, déi bestinn dodran, dass iwwer e pharmazeuteschen Akt, deen aus enger oder e puer Manipulatioune ka bestoen, Medikamenter aus hirer originaler Packung erausgeholl ginn an aneschters konditionéiert ginn, respektiv dass och d'Beschréftung, den Étiquetage geännert an nei adaptéiert gëtt.

Et si Medikamenter, déi fest sinn, also sous forme galénique orale sèche, wéi zum Beispill Pëllen, Kapselen, Gelullen, Granuléen oder Pudder. An den agreéierten Apdikter brauch keng weider Autorisatioun fir dës sougenannte Fabrikatioun, well et e Bestanddeel ass vu senge legalen Tâchen. Den ieweschte Contrôle ënnerläit awer ganz kloer dem Gesondheetsminister.

Fir de Fall, wou d'Medikamenter sollte beschiedegt gi wärend dem Verblisterungsprozess, ass et den Apdikter, deen awer heifir d'Responsabilitéit muss droen.

D'Prinzipien, no deenen d'Aarbechte gemaach ginn, sinn an engem Manuel de bonnes pratiques festgehalen, dee vum Apdikter ausgeschafft gëtt an och vun der Direction de la santé muss guttgeheescht ginn. Heiranner gëtt zum Beispill och definéiert, wien den Apdikter ass, deen d'Verantwortung dréit, respektiv wien den Ersatzapdikter ass. Duerfir ass d'Prezisioun am Gesetz och wichteg, dass et net noutgedrongen den Apdikter-Proprietaire oder -Gerant ass, deen d'Verblisterunge ka virhuelen, mä eigentlech all agreéierten Apdikter, deen an der Officine schafft.

Wichteg ass och nach ze wëssen, dass dee ganze gesetzleche Volet vun der Verblisterung sech souwuel op verschreiwungsflichteg wéi op fräi verkeeflech Medikamenter applizéiert.

Medikamenter dierfen iwwregens net direkt importéiert ginn. Si mussen iwwert de Grossist erakommen an dee selwer muss och e sougenannte Pharmacien responsable agestallt hunn.

Déi verblistert Medikamenter kënnen eigentlech och nëmmen aus der Apdikt eraus verdeelt ginn, ausser am Fall, wou se fir Patiente geduecht sinn, déi an Zentren, Foyeren oder awer och soss Servicer, wou eeler Leit ënnerbruecht sinn, an och Organismen, déi an de Gesetzer vum September respektiv Dezember 1998 definéiert sinn als sozial, familial oder awer therapeutesch Strukturen.

Déi fäerdeg verblistert Medikamenter ginn an engem zouene Pli duerch eng delegéiert Persoun, déi ënnert der Responsabilitéit vum agreéierten Apdikter schafft, un déi jeeweileg Strukturen ausgeliwwert.

Wat elo de Verkaf iwwer Internet ugeet, sou huet eng europäesch Direktiv schonn definéiert, wéi déi Ausnam eigentlech soll gehandhabt ginn, déi et erméiglecht, fir iwwert den traditionelle Verkaf iwwert d'Téik vun den etabléierten Apdikten eraus d'Medikamenter, déi elo net verschreiwungsflichteg sinn, online kënnen ze verkafen.

Internetverkaf entsprécht hautdesdaags dem neie Kafverhale vum Client, deen zum enge vläicht den ekonomeschen Avantage, eng gewëssen Diskretioun oder awer och ganz einfach de Confort vun der Liwwerung à domicile sicht. Wichteg ass et awer, dass dem Client zougeséchert gëtt, dass all Sécherheetsmoossname getraff sinn, dass dat gefrotent Medikament qualitativ total reglementéiert ass an dass kee Risiko besteet, fir eng gefälschten oder eng illegal Wuer ze kafen.

Och muss de Client wëssen, dass en et mat engem legale Site ze dinn huet. An duerfir huet dat Gesetz déi néideg Virkéierunge getraff, wat d'Identifikatioun vun der Apdikt mat engem harmoniséierte Logo ugeet. All Apdikt, déi den Internetverkaf wëllt ubidden, muss dem Santésministère dëst matdeelen. A sollt et keng Beanstandung gi bannent engem Mount, da kann de concernéierten Apdikter mat senger Aktivitéit ufänken. Och huet de Minister eng Lëscht mat sämtlechen Apdikten, déi den Internetverkaf ubidden.

Wat alles um Internetsite selwer muss stoen, ass iwwer e Règlement grand-ducal definéiert an och den eenheetleche Logo fir d'Europäesch Unioun, deen op der éischter Säit, der sougenannter Page d'accueil soll sinn. Et handelt sech hei ëm e Piktogramm mat engem wäisse Kräiz a véier grénge Sträife mam Fändel vun deem europäesche Land, wou d'Apdikt etabléiert ass, an en Text, dee seet, dass een hei soll drop klicken, fir d'Legalitéit vum Site ze iwwerpréiwen. Vun hei aus gëtt de Client dann op d'Lëscht vun all deenen Apdikten dirigéiert, déi konform sinn zu de gesetzleche Bestëmmungen, fir déi erlaabte Medikamenter ze verkafen.

Dee berüümten einfache Klick geet allerdéngs net duer, fir op Internet seng Medikatioun unzefroen. De Client gëtt schonn en bonne et due forme iwwer e perséinlechen Account enregistréiert an d'Informatioune wäerten no an no aktualiséiert ginn. E groussherzoglecht Reglement definéiert d'Donnéeën, déi a Fro kommen. Nieft dem Numm, dem Virnumm, der Matricule ginn och d'Durée, den Historique an och soss d'Modalitéite vun der Liwwerung agedroen. Dëst soll ënner anerem dozou déngen, fir a Kontakt mam Client ze kommen a fir him Recommandatiounen zu de bestallte Medikamenter ze ginn, sou zum Beispill am Fall vun Allergien oder awer och soss Interaktioune mat anere Medikamenter, déi hien als Patient nach anhëlt.

Bleift awer och nach ervirzehiewen, dass den Apdikter responsabel ass, wat den Traitement vun de perséinlechen Donnéeën ugeet, an dass e gehalen ass, d'Regele vun der Protection des données à caractère personnel ze respektéieren, an dat laut dem Gesetz vum 2. August 2002.

De Client selwer huet Accès op säi privaten Account a ka sech och jiddwer Moment vun dësem Account ofmellen. Déi perséinlech Date bleiwen nach anonymiséiert iwwer eng Period vun zwee Joer am System, an dat weinst der Inspektioun vun den Apdikten, déi an engem Zweejoresrhythmus gemaach gëtt.

D'Preparatioun vun de Commandë kann nëmmen ënner Opsiicht vum Apdikter gemaach ginn a senger etabléierter Apdikt respektiv an enger Annex, déi vun der Direktioun vun der Santé och agreéiert ass a wou och just d'Personal vun der Apdikt zougelooss ass.

Wat d'Prozedur vun der Kontroll ubelaangt, sou sinn all dës Detailer an engem Règlement grand-ducal festgehalen. Och wann e Member vun der Kommissioun gemengt huet, dass mer hei zu Lëtzebuerg an noer Zukunft méi a méi mat der Demande wäerte konfrontéiert ginn, fir och Medikamenter, déi verschriwwe musse ginn, iwwer Internet unzebidden, sou limitéiert dëst Gesetz sech op den Internetverkaf vu Medikamenter, déi net verschreiwungsflichteg sinn.

Wichteg ass an deem Kontext och nach ze präziséieren, dass dës national Gesetzgebung mat sech bréngt, dass d'Lëtzebuerger Clienten och keng verschreiwungsflichteg Medikamenter deemno weder op engem Lëtzebuerger Site nach op engem auslänneschen Internetsite däerfe kafen.

An domat soen ech Iech e grousse Merci fir Ären Interessi an d'Opmierksamkeet a ginn natierlech och heimat den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Rapportrice. D'Wuert huet dann elo den éischte Riedner, den Här Jean-Marie Halsdorf, deen eppes vu Medikamenter kennt.

Discussion générale

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, der Rapportrice fir d'Éischt Merci fir hiren effektive Rapport, dee ganz am Detail war. Duerfir brauch ech och net drop anzegoen.

Ech wollt awer e puer Remarquë maachen.

Déi éischt Remarque, déi betrëfft dann deen ee Volet vum Gesetz, deen deen ass eben, dass Medikamenter iwwer Internet kënnen erworbe gi vun de Biergerinnen a Bierger. Do begréisse mer, dass d'Regierung op de Wee gaangen ass, fir effektiv nëmmen déi recettefräi Medikamenter zum Internetverkaf fräi ze maachen. Mir sinn der Meenung, dass, wann een déi Rezeptmedikamenter och kéint iwwer Internet kréien, dat géif verschidde Risike mat sech bréngen, notamment wat déi sougenannte Compliance ugeet.

Compliance ass e Begréff, dee soll erklären, dass, wann e Bierger oder e Patient Medikamenter hélt, en och dat richtegt Medikament hélt an dass en dat richteg anhélt. An dat ass nëmme méiglech, wann dat iwwer eng Apdikt geschitt, well do den Apdikter de Garant ass, dass en de Patient richteg beréit, dat an der Komplementaritéit - an der Komplementaritéit - mam Dokter. Well e Medikament ass nun emol keng Spillsaach! An duerfir fanne mer déi Decisioun, déi politesch Decisioun, fir dat esou ze regelen, richteg.

Quant à la forme, wéi dat elo ofgeséchert ass, déi ganz Prozeduren iwwer Internet, do wëll ech net an den Detail agoen. Dat ass esou am Gesetz.

Dat Eenzegt, wat ech mer do géif wënschen, dat wär, dass dee Règlement grand-ducal, deen dëse Volet betrëfft, oder déi zwee Règlement-grand-ducallen, dass déi gläich sollte kommen. Well d'Ministesch hat och gesot am Kader vun de Chambersaarbechten, mer géife souguer d'Règlement-grand-ducalle virleie kréien, dass mer kéinte kucken, wéi dat Gesetz da sollt fonctionnéieren. Wéi gesot, et ass am Interêt vun der Saach, wann dat géif schnellstens kommen.

Da kommen ech zum zweete Volet vum Gesetz, dat ass dann dee vun där sougenannter Blisteriséierung, oder anescht kann een et ausdrécken, dass d'Medikamenter, déi an enger Verpackung sinn, eenzel verpaakt ginn an dann nominativ mat engem Numm drop. Dat ass och am Sënn vun der Compliance an och am Sënn vun der Sécherheet vum Patient.

De Patient kritt hei eng Plus-value, well e kritt da Medikamenter, vun deenen en am Fong geholl weess, déi si fir hien an net fir en aneren. A wann en eent hélt, da weess en, dass en et geholl huet, soudass do keng Dommheete geschéien - loosse mer dat emol esou soen. Oder de Risiko, dass et schifgeet, dee gëtt vill méi kleng gesat. Et ass also wierklech eng Plus-value fir de Bierger, fir den Apdikter, fir jiddwereen. An duerfir kann een dat nëmme begréissen.

Et ass nun emol esou, dass am Fong geholl, et war eng Base légale do, Madamm Rapportrice, u sech fir an der Apdikt kënnen d'Medikamenter ze preparéieren, opzedeelen an esou weider, mä et war keng do, wann een déiselwecht Medikamenter notamment an Altersheimer gëtt oder a Strukture gëtt, wa se aus der Apdikt erausginn. An dat Gesetz hei bréngt am Fong geholl eng Base légale, dass, wa Medikamenter d'Apdikt verloossen, se dann och eng Garantie hunn, dass dat dann an engem legislative Kader sech beweegt. Dat ass dee groussen Ënnerscheed zu virdrun.

An et ass wichteg, et ass een Ënnerscheed zwësche manueller an industrieller Blisteriséierung! An do war am Ufank de Gesetzestext, dee mer virleien haten, net ganz kloer. Mir hu jo a fënnef Sitzungen doriwwer diskutéiert a mir hunn elo en Text, dee gutt ass, a mir wäerten deen Text och stëmmen, well en an déi richteg Richtung geet.

Wéi gesot, déi manuel Blisteriséierung, dat ass den Apdikter a senger Apdikt, an déi professionell oder déi industriell, nennen ech se nach éischter, déi soll an Zukunft an enger sougenannter, an engem Centre, an engem richtegen Zentrum fir d'ganzt Land gemaach ginn. D'Apdikter setze sech zesummen, se maachen eng Kooperativ an do ginn dann déi Verblisterunge gemaach. An déi kritt een an allen Apdikte vum Land, soudass een herno an Zukunft kann effektiv de Patienten hir Medikamenter gi mat hirem Numm drop, wat eng grouss, wierklech eng grouss Plus-value ass!

Dat kascht natierlech och eppes, Madamm Minister. Duerfir, mengen ech, sollt Der Iech emol duerch de Kapp goe loossen, ob een net misst en Tariff maachen, well dat jo Méiausgabe gëtt fir den Apdikter. Et musse Leit agestallt ginn. Wann en Center kënnt, do ginn et Aarbechtsplazen, déi bäikommen. Also ech mengen, do misst een an där Richtung denken a kucken, ob een do net géif e Moyen fanne fir déi Zäit an dat Personal, dass een déi iergendwéi géif remuneréieren op iergendeng Aart a Weis.

Et gëtt eng besser Prise en charge vum Patient. An do wëll ech gären eng Klammer opmaachen, och zum Beispill wa mer am Kontext Apdikte schwätzen: d'Garden. D'Garden ass och en Element vun der Apdikteschaarbecht, an déi geschitt jo de Moment an engem Kader och 24 Stonnen op 24, wou en Apdikter do ass. An do misst een och iwwerleeën, ob een net och do sollt dat méi professionaliséieren, och vläicht eng Konventioun maachen, wéi et se haut scho gëtt mat den Dokteren a mat de Maison-médicallen, dass och d'Apdikter d'Méiglechkeet kréien, sech do besser ze organiséieren.

Sou, summa summarum wëll ech soen, ee Gesetz, wat mer wäerte stëmmen. Mir hätten natierlech nach gutt fonnt an e Wonsch gehat, wann effektiv déi ganz Veterinärsmedikamenter och iergendwéi en neie Kader kritt hätten. Dat soll an Zukunft kommen.

Mir hätten et och gutt fonnt, wann en nationale Code fir Medikamenter vläicht kéint och legislativ kadréiert ginn, respektiv de Code de déontologie och legislativ ugepaakt ginn oder op d'mannst an Ugréff geholl ginn. Dat hätte mer eis gewënscht. Ech huelen un, dass dat och an der nächster Zäit wäert gemaach ginn.

D'CSV wäert dëse Projet de loi stëmmen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Halsdorf. Dann huet d'Wuert den Här Edy Mertens, deen och eppes vu Medikamenter kennt.

M. Edy Mertens *(DP)*.- Merci, Här President. Vläicht net esou vill wéi den Här Halsdorf. Den Här Halsdorf huet awer praktesch alles gesot, wat et dozou ze soe gëtt.

Ech wëll der Rapportrice virop emol villmools Merci soe fir deen exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport zu dësem Gesetz. An ech erlabe mer als Medezinner vläicht e puer Saachen dozou ze soen.

Dir Dammen an Dir Hären, an der Medezinn, do gëtt et esou e schéint Spréchwuert, dat seet „a pill for every ill, and an ill from every pill".

(Hilarité)

An ech mengen, dat Spréchwuert, dat kéint een heiansdo uwennen, wann een an der Praxis aktiv ass. Do wësst Der jo, datt ganz vill Leit erakommen an d'Praxis mat esou engem Bobbo, wou se da soen: „Stellt Iech vir, elo huet d'Kand dann och nach de Schnapp! An dofir kann et net an d'Schoul goen." Ech äntweren ëmmer drop: „Et soll an d'Schoul goen! Et soll am Schwammunterrecht dann de Kapp eng Kéier ënner Waasser halen, dann ass de Schnapp fort." Well bis haut gëtt et nach kee Medikament géint de Schnapp. Sou einfach ass dat!

Mä d'Leit setzen dann awer immens grouss Hoffnung eben an all déi Pillercher, an all déi Zousazstoffen an déi Ernärungsergänzungsstoffen a wéi et heescht. Ech kann Iech soen: Dir kënnt op all Kongress goen, op all Uni vun dëser Welt, egal wou op der Welt, do gitt Der gewuer vu grousse Spezialisten, datt et dat iwwerhaapt net misst ginn. De Mënsch bräicht dat iwwerhaapt net.

(Interruption)

Also dofir, et ass awer tatsächlech wouer. Mä mir sinn awer esou als Mënschen!

Ech mengen, mir wëssen dat och, wann ech elo… Ech hat déi Deeg nach gelies iwwer eist Häerz. Well mer wëssen, mir hunn en Häerz, dat schléit 80.000-mol den Dag ongeféier, 80.000-mol den Dag! An dann ass dat och nach zimlech arrogant, wann een d'Häerz géif froen: „Wat sinn ech der da schëlleg, wat häss de gär?" Da géif dat soen: „Ma hal emol endlech mat deem topesche Fëmmen op, schneit mer de Sauerstoff net of!" An et géif soen: „Ma du kanns mech dräimol an der Woch zwanzeg Minutten op d'Palm dreiwen - op d'Palm dreiwen! -, datt ech mat 150 ka schloen, da sinn ech der ewell dankbar, méi brauch ech net."

Also all dat Gepëllches an dat Gedréppches an dat Getéis, dat ass jo dat Schlëmmst, wat et gëtt!

(Hilarité générale)

Wann Der gesitt an den Apdikten…

(Hilarite générale)

Neen, an den Apdikten, do sti jo déi ganz Regaler voll mat Téie fir alles: Téien, wann de Pilz um lénksen Zéiwennol ass, um rietsen Zéiwennol, …

(Hilarité générale)

… fir den Duerchfall, géint den Duerchfall, fir d'Depressioun, géint eng Depressioun, well da kritt een eng, wann et näischt hëlleft. Also mir haten ëmmer en Dokter zu Cliärref, deen net méi do ass, deen dout ass, mä e Mann mat grousser Erfahrung, Hausdokter a Chirurg, deen huet ëmmer gesot, et hat eng Fra e gefrot: „Wat fir en Téi ass dann dee beschten?" Du sot en ëmmer: „Ma ech hunn eng gutt Iddi: Looss e ganz gutt zéien an da schëtts de en direkt an de Lavabo!"

(Hilarité générale)

Dir Dammen an Dir Hären, egal ob batter Pëllen oder séiss Pëllen,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dat gëtt eng Klo!

M. Edy Mertens *(DP)*.- ob se verschreiwungsflichteg sinn oder net, all Medikament huet awer seng Indikatiounen a Kontraindikatiounen, op déi ee muss oppassen an déi sech da vu Persoun zu Persoun ënnerscheeden. Dat soll ee bei dësem Projet de loi awer ëmmer am Hinterstübchen hunn!

Ech hat a menger Praxis ewell dacks Patienten, do hunn ech mech wierklech gefrot: Ma ass e wierklech krank oder ass en net krank vun deem, wat e geschléckt huet? Iwwermedikatioun ass ewell wierklech wesentlech méi laang och op de Kongresser e groussen Thema an der Medezinn, genausou wéi selwer gemixte Medikamenter, Cocktailer vu Patienten; ee Problem, deen natierlech riskéiert, duerch d'Opmaache vum Marché vergréissert ze ginn.

Här President, mat dësem Gesetzesprojet ännere mer haaptsächlech d'Gesetz vun 1975 a schafe fir d'Apdikten d'Méiglechkeet, Medikamenter online ze verkafen. Mir hunn et dës Woch ewell dacks héieren: D'Digitalisatioun, Internet an alles, wat drunhänkt, bitt immens Chancë fir eist Land a fir eise Commerce. D'Fro, ob mir dat och elo hei am Land ubidden, ass also keng vun derfir oder dergéint, mä villméi ënner wéi enge Konditiounen. D'Vente vu Marchandisen ass näämlech dacks een zweeschneidegt Schwäert. Dacks huet een zwar um Internet e risegt, risegt Angebot, et kann ee méi Saache matenee vergläichen a ka sech esoumat déi beschten Affären eraussichen.

Leider sinn awer grad am Internet och ganz vill Onéierlecher ënnerwee! D'Produite sinn dacks gefälscht, d'Produiten, déi ugebuede ginn, entspriechen net deem, wat de Patient - an dësem Fall jo de Patient - sech dovun erwaart.

Une voix.- Très bien!

M. Edy Mertens *(DP)*.- Wann dat ebe bei Medikamenter geschitt, ass dat ëmsou vill méi gefëierlech! Souwuel ënner- wéi och iwwerdoséiert Produite kënne bannent kuerzer Zäit e grousse Schued uriichten. A wann ee bedenkt, datt an Europa ronn d'Halschent vun de Medikamenter, déi op dubiéisen Onlinesitten ugebuede ginn, solle Fälschunge sinn, da versteet een, wéi wichteg et ass, kloer Qualitéitskontrolle festzeleeën!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kontroll, Transparenz a kloer Regele spillen also hei eng ganz grouss Roll. D'Direktiv, op déi sech dëse Projet bezitt, huet ewell munch Virgabe ginn, un déi sech d'Memberlänner mussen halen, fir den illegale Flux vu Medikamenter ze ënnerbannen. Mir fannen dat als DP natierlech gutt an och immens wichteg.

Eng Autorisatioun vum Ministère, kloer Informatiounen iwwert de Produit, de Versand aus den Apdikten, d'Qualitéitskontroll duerch en Apdikter, dee jo de Fachmann ass, wéi den Här Halsdorf et richteg och gesot huet, sinn nëmmen e puer vun deene verschiddene Konditiounen, déi et an Zukunft de Patienten erlaben, mat rouegem Gewëssen an eisen Apdikten hir net verschreiwungsflichteg Medikamenter online ze kafen.

Aner Länner sinn ewell vläicht e bësselche méi wäit gaangen, bidden online méi Medikamenter mat manner Oplagen un. Ech fannen awer, d'Regierung huet hei mat dësem Projet de loi a Saachen Onlineverkaf de richtege Kompromëss fonnt tëschent op där enger Säit de Marché opmaachen an op där anerer Säit dës Ouverture strikt zum Wuel vum Patient ze reglementéieren ebe mat Fachleit.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei, eh Fraktioun. Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ma Merci och dem…

M. Edy Mertens *(DP)*.- Ech kann Iech awer och nach eng Geschicht erzielen.

(Hilarité générale et interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dat kënnt Der beim nächste Projet maachen. Voilà.

(Interruption)

An dann… Jo, Dir vertriet da wahrscheinlech d'Patienten.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Ech wollt elo grad soen.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Madamm Lorsché huet d'Wuert.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Merci, Här President. Jo, ech sinn net Dokter an och net Apdiktesch, mä gehéieren zu der Kategorie vun de Patienten, déi awer heizou och eppes wéilte soen.

Dir wësst, Akafe vu Wueren iwwer Internet ass ganz populär an et huet och vill Virdeeler: De Präisvergläich ass einfach, d'Geschäft ass ëmmer op, d'Wuere ginn heemgeliwwert an et ass och keng gréisser Gefor domat verbonnen, jiddefalls keng Gefor fir d'Gesondheet vum Mënsch. Well mir wëssen: Un engem schlechte Buch, wat ee vun Amazon geliwwert kritt, ass nach kee gestuerwen.

Anescht ass et awer bei de Medikamenter a bei de chemesche Substanzen, déi iwwer Internet geliwwert ginn. Hei spillt d'Gesondheet natierlech eng zentral Roll, mä se geréit séier a Gefor, ganz einfach, well et ëmmer méi perfid Methode gëtt, fir verfälscht oder carrement verseucht Medikamenter, Wierkstoffer an Hormoner iwwer Internet ze verbreeden. Laut der Weltgesondheetsorganisatioun stellen déi illegal Substanzen 10% vum pharmazeutesche Marché weltwäit duer, mat allen negative Konsequenzen, déi dat op de Mënsch huet.

Fir d'Bevëlkerung besser ze schützen an ze verhënneren, datt eng Persoun souzesoe per Mausklick e gefälscht Medikament heemgeliwwert kritt, brauche mir net nëmmen eng besser Opklärung vun der Bevëlkerung, mä och eng besser Kooperatioun um internationalen Niveau. Mir brauchen och e strenge Kader, fir d'Vente en ligne ze regelen an ze kontrolléieren. An et ass dee Kader, dee mat dësem Projet de loi geschafe gëtt.

Duerfir och e grousse Merci der Madamm Hemmen, déi d'Detailer vun dësem Projet dann och hei duergeluecht huet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat mir besonnesch begréissen, ass, wéi d'Virgänger och, meng Virriedner och, datt nëmme rezeptfräi Medikamenter kënnen iwwer Internet bestallt ginn, esou wéi dat och a Frankräich, der Belsch, Italien, Éisträich a Spuenien de Fall ass.

Mir ënnerstëtzen dës restriktiv, et kann ee scho bal soe konservativ Approche a si frou, datt d'verschreiwungsflichteg Medikamenter zu Lëtzebuerg weiderhin an den Apdikte musse verkaaft ginn, ganz einfach, well et bei deene Medikamenter oft ëm Liewen an Doud geet. Medikamenter si keng Spillsaach, den Här Mertens huet et gesot. An och wa mir d'Vente en ligne vu rezeptfräie Medikamenter heimat guttheeschen an domat eng EU-Direktiv ëmsetzen, da gesi mir doran net méi wéi eng Noutléisung fir gewësse Fäll, beispillsweis am Fall vun Immobilitéit vun engem Patient, mä net d'Regel.

Mir sinn nääмlech der Meenung, datt de Kontakt vum Patient zum Apdikter enorm wichteg ass an och d'Dräiecksverhältnis tëschent dem Dokter, dem Apdikter an dem Patient, an datt dat Dräiecksverhältnis net däerf zerstéiert ginn, egal ob et sech ëm de Kaf vu verschreiwungsflichtegen oder rezeptfräie Medikamenter handelt. Ech erënneren un de Code de déontologie vun den Apdikter, wou drasteet, datt den Apdikter sech ëm d'Wuel an ëm d'Gesondheet vun de Patienten ze këmmeren huet, e Vertrauensverhältnis zu de Patiente muss opbauen, Patiente muss déif gräifend beroden, och ganzheetlech beroden an och op Iwwermedikamentatioun opmierksam maachen.

En anonymt Internetportal kann dës wäertvoll Missioune vum Apdikter net ersetzen. An duerfir muss den Apdikter ebe seng Roll weiderhin erfëllen. A wie mengt, e kënnt um Kaf vun Internetsubstanze Geld spueren, dee verléiert op der Gesondheet.

Ech kommen dann zum zweete Volet, Här President, an zwar zu deem vun der Verblisterung vun de Medikamenter, déi et am Fong zu Lëtzebuerg scho méi laang gëtt, mä ouni legal Basis bei der Verdeelung.

Mat dësem Projet de loi schafe mir dës Basis, wat eng gutt Saach ass. Dee gréisste Virdeel läit fir eis doran, datt de Medikamentemanagement, wéi et an der Fachsprooch och genannt gëtt, d'Ausgabe fir d'Medikamenter generell erofsetzt, an zwar doduerch, datt nach just déi Medikamenter un d'Patiente verdeelt ginn, déi och reell consomméiert ginn an net einfach um Nuetsdësch leie bleiwen.

Parallell dozou hëlleft d'Verblisterung och, géint de Gaspillage vu Medikamenter virzegoen an ze verhënneren, datt kiloweis Medikamenter an der SuperDrecksKëscht landen. A schlussendlech geet et och ëm d'Sécherheet vum Patient.

E leschte Punkt dann nach, deen ech wéilt opwerfen, ass dee vum Finanzement respektiv dem Tariff, dee fir d'Verblisterung bezuelt sollt ginn. Och den Här Halsdorf huet dee Punkt schonn ugeschnidden. Et weess een, datt d'Verblisterung mat vill Aarbecht, vill Zäitopwand, mä och mat Personal- a Materialkäschte verbonnen ass.

Duerfir wéilt ech froen, ob et scho konkret Piste ginn, Madamm Minister, wéi déi Aarbecht soll remuneréiert ginn, quitte datt déi Fro och de Minister vun der Sécurité sociale betrëfft. Jiddefalls wier et net am Sënn vun der Santé publique, wann d'Patienten derfir missten opkommen oder wann d'Haiser déi Käschten un d'Patiente géife weidertransferéieren. An et ass och schlecht virstellbar, datt d'Apdikter dës Méikäschten eleng op hiren eegene Schëllere wëllen droen.

Wichteg ass d'Fro vum Tariff och am Fall, wou eng Rei méi kleng Apdikte sech zu enger Form Kooperativ zesummendinn an d'Verblisterung vun hire Medikamenter un eng agreéiert méi grouss Officine delegéieren. Hei stellt sech och d'Fro, wéi de Finanzement vun esou enger Auslagerung soll ausgesinn. Mir wiere frou, Madamm Minister, wann Der eis e puer Erklärunge kéint dozou ginn, wann et der scho ginn.

An da soen ech Iech scho Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun an der Hoffnung, net ze vill iwwerzunn ze hunn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Lorsché. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. No deene kompetenten an exzellenten Ausféierunge vun der Rapportrice, dem Kolleeg Apdikter, dem Kolleeg Dokter an der Kolleegin Patientin ass ganz, ganz wéineg ze soen. Mir stëmmen deem Projet hei zou.

D'Leit solle sech einfach bewosst sinn, datt och netverschreiwungsflichteg Medikamenter kënnen déidlech sinn. Paracetamol ass an Däitschland, hu se an enger Studie festgestallt, déi zweetheefegst Ursaach vu Vergëftungen. An dat kann zum Doud féieren oder muss eng Liewertransplantatioun mat sech féieren. Et muss een dat einfach wëssen, och um Internet. Déi Berodung, déi fënnt vläicht och net ëmmer an den Apdikten esou statt, wéi se misst stattfannen, egal wou an Europa. Dat do ass eent vun de Medikamenter, wat mer an anere Länner kënnen a Supermarchée praktesch kafen. Et muss een einfach op déi Gefor opmierksam maachen.

Fir de Rescht bréngen ech den Accord vun der ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An dann huet d'Madamm Minister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.*- Merci, Här President. Deen exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport vun der Madamm Hemmen an hirer Eegeschaft als Presidentin vun der Kommissioun an och déi pertinent Interventioune vun allen Intervenanten haut erlabe mer et, ganz kuerz ze sinn.

Et ass mer awer wichteg, hei nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass et eis a mengen Ae gelongen ass, fir souwuel am Beräich vun der Qualitéit an der Sécherheet vun de Medikamenter wéi och an der Versuergung vun de Patiente wéi och an der Berücksichtegung vun de Besoine vum Terrain déi richteg Brécken ze schloen. An dat ass am Zesummenhang mat der Medikamentesécherheet e ganz wichtegen Imperativ.

Dir hutt et och vläicht gemierkt un den Interventiounen, déi elo just hei waren, dass dat heite Gesetz praktesch an enger concertéierter Approche vun allen, déi an der Gesondheetskommissioun matgeschafft hunn, zustane komm ass. An deen, wéi et sech ukënnegt, breede Konsens ass och an esou enger delikater Matière, wéi et hei vu jiddwerengem ervirgestrach ginn ass, besonnesch wichteg. Well effektiv d'Feele vun enger Regelung an deenen zwee Beräicher, déi hei reglementéiert ginn, also souwuel den Internetverkaf wéi och d'Verblisterung géif nääмlech ganz kloer eng Gefor fir d'Sécherheet vum Patient an eng Onsécherheet fir d'Responsabilitéit vum Apdikter um Terrain heeschen. A béid Elementer leien eis natierlech um Häerz.

Et ass hei richteg gesot ginn: Den Internetkaf ass vläicht ëmmer behaft mat enger Suerg, mat Bedenken, wat d'Sécherheet ubelaangt, mä et ass nun awer eben ee Kafverhale vun der Popularisation, wat am Trend läit. An dat kënne mer och net ofbremsen. An dofir ass et besonnesch wichteg, dass mer hei all Sekuritéitsmesurë respektéieren a virun allem och all Dateschutzobligatiounen, déi dorunner hänken, mat ganz héijen Oplagen hei an d'Gesetz integréieren. An dat läit mer besonnesch um Häerz.

An et ass och hei ganz richteg gesot ginn: „Et ass gutt, dass mer hei eng virsiichteg Approche hunn a mam Hannergedanke vum Schutz vun der Santé publique dee Wee ginn, deen och eis Nopeschlänner gaange sinn, fir nëmmen den Internetverkaf vu Medikamenter ze autoriséieren, déi net verschreiwungsflichteg sinn." Ech mengen, dat ass e Virsiichtsrigel, deen an esou engem delikate Beräich wéi de Medikamenter déi richteg Virgoensweis bedeit.

Well auslännesch Apdikten, an dat kënnt nach derbäi an dofir wëll ech dat och ënnersträichen, déi Medikamenter op Lëtzebuerg verkafe wëllen, mussen och elo déi Qualitéits- a Sécherheetsstandarde vu Lëtzebuerg respektéieren a si kënnen och nëmmen netverschreiwungsflichteg Medikamenter op Lëtzebuerg schécken, och wann de Pays d'origine vun der Apdikt de Verkaf vu verschreiwungsflichtege Medikamenter eventuell zouléisst. Dat ass vläicht och eng wichteg Ajoute, déi hei ze maachen ass.

An da vläicht just eng Äntwert op déi Froen, déi e puer vun de Kolleegen hei gestallt hunn. Effektiv, wa mer vun der Verblisterung schwätzen, wou de Rôle vun den Apdikten nëmme positiv hei kann ënnerstrach ginn, da wësse mer, dass dat an deene Strukturen, wou virun allem vill eeler Leit betreit ginn, eng wäertvoll zousätzlech Zäit fir d'Prise en charge an d'Soine vun deene Persoune bedeit. An deem musse mer dann natierlech och Rechnung droen, well dës Zäit kann eng méi individuell a méi intensiv Fleeg vun de Patiente bedeiten. An do musse mer, wéi ech dat mat mengem Kolleeg Sozialminister och scho mat den Apdikter beschwat hunn, eng Bilanzéierung maache vun deem Zousazopwand a vun deem Engagement, deen d'Apdikter hei op sech huelen, fir dat ze maachen, an dann och kucken, deem Rechnung ze droen an eng Kompensatiounsméiglechkeet virzegesinn, déi natierlech d'un commun accord mam Sozialminister muss zustane kommen.

Mä déi Pourparlersen, déi si schonn, ier mer op de Wee vun deem Gesetz gaange sinn, mat den Apdikter beschwat ginn. Si waren och hei agebonnen, fir dëst Gesetz ze maachen. An ech sinn absolutt zouverlässlech (veuillez lire: zouversiichtlech), dass mer hei och mat guddem Mënscheverstand eng Formule fannen, déi den Terrain arrangéiert, mä wou mer awer mam Hannergedanke vun enger pragmatescher Léisung zugonschte vum Patient, vum Demandeur vu Medikamenter déi richteg Virgeeënsweis wäerte fannen.

Ech wollt nach eng Kéier alle Membere vun der Kommissioun Merci soen an ech freeë mech, wa mer hei eng breet Zoustëmmung fir dëst wichtegt Gesetz kréien. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Minister. An da wäre mer prett, fir iwwert de Projet de loi 6943 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6943 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

60-mol Jo, Unanimitéit. De Projet de loi 6943 ass ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes (par M. Marco Schank), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers (par M. Marc Spautz), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Marc Angel), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (oar M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Da géife mer zu deem nächste Punkt iwwergoen. Dat ass d'Question élargie Nummer 23 vum Här Roy Reding, betreffend d'Honorairë vun den Affekoten.

5. Question élargie n°23 de M. Roy Reding relative aux honoraires des avocats

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Et ass jo nach net ze spéit haut no där laanger Sëtzung, fir déi spannend Fro hei unzegoen. D'Affekotenhonorairë sinn an der Praxis en Hindernis fir e fairen a gerechten Accès vun de Bierger op d'Justiz. Hei zu Lëtzebuerg, contrairement zu anere Länner, déi ronderëm eis leien, muss effektiv ëmmer all Partei säin Affekot bezuelen, egal, ob se e Prozess gewënnt oder verléiert.

De Riichter kann - dat ass en Artikel vum Code de procédure -, muss awer net, eng vun de Parteien zu enger Indemnité de procédure veruerteelen. Dat ass e Bäitrag zu deenen Affekotekäschten. Fakt ass, an der Praxis, datt esou eng Indemnité de procédure seele gesprach gëtt. Et gëtt oft keng gesprach a Fäll, wou een et net kann novollzéien. Wann eng gesprach gëtt, kann een oft net novollzéien, firwat dee Betrag an net een anere Betrag. A virun allem geet déi Indemnité de procédure an der Praxis, esouzesoen, ni duer, fir déi Affekotekäschten ze decken.

Et muss een einfach emol kucken, wéi vill Zäitopwand mat esou Prozedure verbonnen ass. Ech denken u ganz banal alldeeglech Affären: De Masuttshändler, dee seng Facture muss akloen, deen op d'Friddensgeriicht muss goen, dee sech muss zweemol deplacéieren, deen zweemol zwou oder dräi Stonnen do verbréngt, oder eben en Affekot dohinner schéckt, deen dat fir e mécht, net bezuelte Loyeren, oncontestéiert Affären, wou een dann awer, wéi gesot, entweder seng Zäit oder seng Sue verléiert.

Haut ginn d'Affekotenhonorairen zu Lëtzebuerg no véier Kritäre berechent: Dat eent ass den Zäitopwand, dat anert ass d'Renommee vum Affekot, dat Drëtt ass d'Resultat an dat Véiert ass d'Fortune vum Client, déi matgerechent gëtt. An dat ass genau d'Ursaach, genau dee komplexe System do ass d'Ursaach, firwat datt dee System vun där Indemnité de procédure agefouert ginn ass, déi einfach engem Riichter discrétionnairement, ech soen arbitrairement, erlaabt, fir eng Indemnité de procédure ze spriechen oder net.

Elo ass et awer esou an der Praxis, wann de Conseil de l'ordre vum Barreau Honorairen taxéiert, baséiert e sech ëmmer méi oft reng op déi Zäit, déi e mat engem Dossier verbruecht huet, also reng op d'Stonnen, déi geschafft gi sinn. Et kann ee sech also froen, ob et net méi richteg wier, en Tariff anzeféieren, genau wéi och aneren Independanten hir Prestatiounen tarifféiert sinn, notamment den Dokteren hir, an ze soen: Mir maache wéi an Däitschland eng Aart Gebührenordnung, déi zum engen eventuell e Fix virgesäit fir gewësse Prozeduren, zum anere laut Sträitwäert d'Honorairen (veuillez lire: festleet), déi kënne verrechent ginn. Dat géif eis erlaben, de Code de procédure dohigeeënd ze änneren, datt ee seet: Ma, et gëtt net méi eng arbitraire Indemnité de procédure, mä et gëtt eng Regel, datt eng Partei, déi e Prozess verléiert, muss där anerer Partei, där obsiegender Partei hir Affekotekäschte bezuelen.

Wat wier d'Konsequenz? Ma fir d'Éischt emol hätte mer eng grouss Entlaaschtung a mengen Ae vun der Justiz, well ganz vill farfelu Prozesser net méi géife gefouert ginn, wann ee misst fäerten, et misst ee fir d'Honorairë vun deem anere sengem Affekot opkommen, besonnesch an deene Fäll, wou deen, deen usicht, eng Assistance judiciaire huet, dat heescht, den Affekot selwer vum Stat gestallt kritt, also selwer kee Risiko huet, seng eegen Affekotenhonorairë mussen ze bezuelen.

Zweetens géif de Stat Sue recuperéieren, nääмlech genau an deenen dote Fäll, wou de Stat den Affekot bezilt iwwert d'Assistance judiciaire, kréich e jo dann, wann déi Partei gewënnt, iwwert déi Gebührenordnung do déi

Honorairen zréck, anstatt datt se géifen zulaaschte vum Steierzueler bleiwen. An et dividéiert een och Fäll vun Abusen, déi bekannt si bei der Assistance judiciaire, wou verschidden Affekote fir recurant Prozedure Risenzommen an der Vergaangenheet factureiert hunn. Do si Fäll bekannt, wou Zéngdausende vun Euroen de Mount fir recurant Prozedure wéi zum Beispill Refugiésrecourse factureiert goufen.

Virun allem awer, an et ass dat, wat wichteg ass, géif den Accès op d'Justiz an eisen Ae méi gerecht a méi fair ginn, grad och fir déi Leit, déi grad just ze vill verdéngen, fir eng Assistance judiciaire kënnen ze kréien, déi awer musse ganz staark bludden, wa se en Affekot no der heiteger Politik vun der Fixatioun vun den Honorairen engagéieren. Et ass dozou, wou mer wollten als ADR dem Justizminister seng Meenung a seng Gefiller héieren.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Reding. An d'Wuert huet den Här Justizminister.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Den Här Reding huet a senger mëndlecher Introduktioun wéi och a senger schréftlecher Demande d'Behaaptung opgestallt, dass d'Affekotekäschten en général de fräien a gerechten Zougang zu der Justiz géife behënneren. An Dir schwätzt dobäi vun engem Obstacle majeur. Dozou ass awer ze bemierken, wann dat an där Absolutheet richteg wier, dann dierft een de Leit iwwerhaapt keng Affekotekäschte factureieren. Da misst am Fong de Stat déi Käschten ëmmer iwwerhuelen.

Ech mengen net, dass mer an deem System do wëlle sinn, well zu Lëtzebuerg all déi Leit, déi sech en Affekot kënne leeschten, deen och sollte bezuelen. Et ass net dem Stat seng Aufgab, jiddwerengem all Fraisen ze rembourséieren, déi e géif anticipéiert opbréngen, fir op d'Geriicht ze goen, soudass déi Leit, déi sech en Affekot kënne leeschten, dat och sollte grondsätzlech op hirer eegener Täsch maachen (veuillez lire: grondsätzlech aus hirer eegener Täsch bezuelen).

Mir hu jo och keng aner Fraise fir den Accès op d'Justiz, a mir hu jo och op där anerer Säit, op deem aneren extrem de System vun der Assistance judiciaire, fir déi Leit, déi sech tatsächlech den Affekot net kënne leeschten. Do muss selbstverständlech de Stat asprangen, an e mécht dat och zu Lëtzebuerg. An déi Fraisen, déi do all Joers engagéiert sinn, déi si jo net geréng. Dat ass wierklech en zolitte Käschtepunkt, mä en ass a mengen Aen absolutt justifiéiert fir déi Leit, déi domadder den Zougang zu der Justiz jo doduerch garantéiert kréien, dass se net finanziell dorunner scheiteren.

Da schwätze mer iwwer - ech hätt elo bal gesot, deen intermediairen Deel vu Leit – déi - dat sinn déi, déi den Här Reding uschwätzt -, déi hire Prozess gewannen an d'Affekotekäschten droen, bei deenen et awer vläicht richteg wier, dass se déi net bräichten ze droen oder nëmmen zum Deel bräichten ze droen.

An d'Fro ass, wéi een dat am beschten erreecht. Et ass jo net esou, dass mer op deem Punkt hei zu Lëtzebuerg bei null wieren. Mir hunn e System, dee funktionéiert, an den Här Reding huet selwer drop verwisen, dass de Riichter kann eng Indemnité de procédure spriechen, Dir sot: „de façon arbitraire", dat weisen ech zréck. De Riichter ass an dëser Matière net méi an net manner arbitraire wéi soss iwwerall, wou en eng Decisioun muss huelen. E mécht dat en son âme et conscience als Professionellen an opgrond vun den Texter souwéi de Fakte vum Dossier, déi e bei senger Decisiounsfindung guidéieren.

Et ass natierlech esou, dass eng Partei, déi eng Indemnité de procédure wëllt, dat och muss kënnen „pièces à l'appui" begrënnen. A wann dat natierlech net de Fall ass, da kann och de Riichter keng Indemnité de procédure spriechen. Et ass och en Deel vum Affekot senger Aarbecht, fir dat ze maachen. Et kënnt och derbäi, dass een och kann en Deel vun där Indemnité de procédure, déi een zougesprach kritt, a wann een de Prozess gewonnen huet, dass een och en Deel vun deenen Affekotekäschte weider ka viru Geriicht duerno akloen.

Den Här Reding erwäänt dann och nach schlussendlech de System vun der Taxatioun, wéi mer en zu Lëtzebuerg kennen. An dat ass effektiv hei de Fall. Et kann een, wann ee fënnt, dass den Affekot eng exzessiv Rechnung ausgestallt huet, dat contestéiere virum Conseil de l'ordre vum Barreau, deen dann och kann an engem Avis eng Taxatioun proposéieren. An dat gëtt dann och an aller Regel poursuivéiert.

Mir hunn also e System, deen op verschiddene Prinzipien an Elementer baséiert an deen a mengen Aen net schlecht funktionéiert. Déi Kritären, déi do bei der Taxatioun ugewannt ginn, sinn och net nëmmen deen een, deen Der an Ärer schréftlecher Demande erwäänt hat, mä et gëtt der och méi, zum Deel hutt Der se haut och an Ärer mëndlecher Interventioun erwäänt. Dozou gehéieren niewent der Ancienneteit awer och eng Rei méi seriö Kritären, wéi de Sträitwäert vun der Affär, de Schwieregkeetsgrad, d'Resultat vum Prozess, och dat ass en Element, wat den Affekot muss guidéieren, an natierlech och déi finanziell Situatioun vum Client, esou wéi den Artikel 38 vum Gesetz iwwert den Affekoteberuff vun 1991 dat virgesäit. Dat gëtt also trotzdeem mat villen Elementer an Nuancen encadréiert.

Bon, Dir verweist dann op dat, wat et am Ausland ronderëm eis zum Deel gëtt. Ech war scho virun zwee Joer eng Kéier drop agaangen. Deemools gouf et eng Petitioun hei an der Chamber, déi datselwecht proposéiert hat wéi den Här Reding haut. Déi hat deemools nëmmen 23 Ënnerschréfte kritt, dat ware se net all. Mä a menger schréftlecher Reaktioun hat ech och deemools schonn eng Rei Elementer souligniéiert.

Wann Der vun Däitschland schwätzt, dann ass dozou ze soen, dass et och an Däitschland keen offizielle Barème gëtt, wou all d'Prestatioune vum Affekot geregelt wieren an op deen ee sech kéint beruffen, fir Affekotekäschten zréckzefuerderen. An Däitschland gëtt et wuel e gesetzleche Kader fir d'Affekotekäschten, hiert Rechtsanwaltsvergütungsgesetz. An deem Gesetz gëtt awer virun allem fir verschidden Akte vum Affekot e Minimaltariff festgeluecht, net e Maximaltariff. Well dat kéint een aus deem, wat Dir sot, eraushéieren an da géif een dat flott fannen, well da wéist een ëmmer, wou ee maximal géif landen. Dat ass net de Fall. Dat Gesetz regelt an der Haaptsaach de Minimaltariff, deen ee ka fir Prestatioune fuerderen. A wat d'Festleeë vun den Affekotekäschten ugeet, esou ass och an Däitschland den Affekot fräi, ze froen, wat e fir richteg fënnt, well et jo och do e fräien a liberale Beruff ass.

Däitschland gëtt also do net déi Assurancen, déi ee vläicht konnt eraushéieren oder och vläicht falsch verstoen - well Dir hutt jo net de Contraire behaapt - aus deem, wat Der gesot hutt. Et gëtt wuel e Barème an Däitschland, mä dee spillt effektiv just fir de Client, dee gären Affekotekäschte vun der Géigepartei zréck hätt, an e fixéiert do par contre e Maximum, deen net däerf iwwerschratt ginnfir dat, wat een däerf zréckfroen. Do gëtt et also och eng Limitt, och dat ass an Däitschland plafonéiert, wat bei eis net de Fall ass. Bei eis kann de Riichter do mat méi Fräiheet, der Situatioun vum Justiciabel ugepasst, eng Decisioun huelen. Mir hu méi Flexibilitéit wéi an Däitschland a mir hu kee Plaffong no uewen.

Deen eenzege Maximaltariff, deen an Däitschland gesetzlech geregelt ass, ass dee vum éischten Entretien mam Affekot. Do däerf een net méi wéi 190 Euro froen. Dat ass an Däitschland tatsächlech geregelt, mä et ass deen eenzegen, wou dat doten de Fall ass.

Et ass net ugeduecht, fir hei zu Lëtzebuerg op deen dote Wee ze goen, well ech mengen, dass eise System, wéi en elo besteet, net esou schlecht funktionéiert an ee genuch Méiglechkeeten huet, fir dogéint Recoursen ze maachen, ob dat beim Barreau ass oder bei aneren Instanzen. An ech mengen, dass dat Garantië genuch ka bidden.

Et dierf ee jo net och aus den Ae verléieren, dass den Affekot e fräie Beruff ausüübt an all Festleeung vun den Tariffer duerch de Legislateur natierlech och ëmmer schwiereg ass aus enger Perspektiv vun der libre prestation des services, well den Ënnerscheed zum Beispill zu den Dokteren, deen Dir jo erwäänt hutt, ass, dass d'Dokteren vun der ëffentlecher Hand remuneréiert ginn. Do gëtt et eng Nomenklatur an déi gi vun der ëffentlecher Hand remuneréiert. Hei si mer am Fall, wou zwou Parteie matenee streiden an do muss och jiddweree seng eege Verantwortung assuméieren. Dofir mengen ech, ass dee Verglach mat den Dokteren, wat d'Fixatioun vun den Tariffer betrëfft, net pertinent.

Déi Iddi, dass déi Partei, déi e Prozess verléiert, soll d'Integralitéit vum Géigner sengen Affekotekäschten iwwerhuelen, ass jo och net wierklech nei an et ass och elo schonn esou, dass dat via den Artikel 240 vum Nouveau Code de procédure civile méiglech ass, iwwregens och am Administratif. A wéi gesot, ech mengen net, dass dee System arbitraire ass, a mengen, dass en och keen Obstakel duerstellt fir de fräien Zougang zu der Justiz.

Et kënnt derbäi, dass een Är Argumentatioun och kann ëmdréien, wann Der sot: „Majo, wann ee fäert, dass ee seng Fraisen net erëmkritt, da wier dat fir deen en Omen, fir sech net an enger Affär ze engagéieren", ben, ech mengen, dass et ëmgedréit genausou richteg ass, wann ee seet, wann een elo am Zweifel wär, et mengt een zwar, et géif ee richteg leien, mä et weess ee jo awer net, wéi de Prozess ausgeet, well dat awer vu méi Elementer ofhänkt, an een da muss fäerten, nieft sengen eegene Prozesskäschten och an all de Fäll déi vun der Géigepartei mussen ze droen, dann ass dat fir Leit, déi do eng finanziell Erwägung matmaachen, mengen ech, mindestens potenziell genausou dissuasiv wéi dat anert.

Dofir, mengen ech, ass dat Argument a béide Richtunge genausou richteg, wéi et falsch ass, an et ass sécher keen Argument, wat nëmmen Är Thees géif ënnermaueren. An aus all deenen dote Grënn, mengen ech, dass de System, deen haut dem Riichter et iwwerléisst, deen Deel vun den Affekotekäschten, deen, wéi den Text et seet: „Lorsqu'il paraît inéquitable de laisser à la charge d'une partie" festzeleeën, zu Lëtzebuerg net brauch fundamental ze änneren. Déi Beispiller, déi et am Ausland gëtt, ronderëm eis, déi hu Systemer, déi net honnert Prozent iwwerzeegend sinn, déi och hir Schwächten a Lacunnen hunn. An ech mengen net, dass mer dofir zu Lëtzebuerg eise System op deem dote Punkt missten änneren.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Dann huet den Här Reding nach d'Geleeënheet, fir eng Kéier nozehaken.

M. Roy Reding *(ADR).*- Just ganz kuerz. Ech mengen, ech huelen Akt dovun, datt de Minister net drun denkt, an iergendeng Reformrichtung ze goen, fir datt déi Partei, déi e Prozess gewënnt, kann hir Affekotekäschte recuperéieren. Mir sinn en désaccord op dem faktesche Punkt vum Artikel 240, wat fir eng Indemnité-de-procédurë gesprach ginn. Do wier et da vläicht emol eng Iddi, fir en Audit ze maache vun den Uerteeler, da gesitt Der selwer, wéi inequitabel dat gehandhabt gëtt, wéi Leit, déi zum Beispill eng Masuttsrechnung akloen, also e ganz klore Prozess, keng Indemnité de procédure kréien, an aner Justiciabelen, wou zum Beispill den Dierwiechter just e Feeler gemaach huet mat enger Zoustellung, zu dausend Euro Indemnité de procédure veruerteelt ginn. Ech kéint Iech elo hei wärend enger Stonn Beispiller opzielen. Ech mengen, do wier wierklech, wéi a ganz ville Saachen, en Audit qualitatif vun der Justiz néideg.

Et geet net duer, fir sech ëmmer nëmmen hanner Prinzipien ze verstoppen an ze soen: „Ma, do hu mer en onofhängege Gremium, deen do eppes fixéiert." Et muss een och kënnen hannerfroen, wat do decidéiert gëtt. An dat ass an der Praxis fir ganz vill Leit hei am Land en Hindernis zum fräien Accès op d'Justiz.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Ech diskutéieren, Här Reding, net mat Iech elo eenzel Geriichtsdecisiounen, well da misst een de ganze Fall kucken an all d'Elementer dovunner, da géif een dat vläicht och anescht kënne kommentéieren.

Dat gesot, mengen ech, eise System grondsätzlech - an Dir gitt elo Beispiller, déi ganz disparat sinn - ass eben esou opgestallt, dass en dem Riichter, ënner anerem, och en fonction vun der Situation économique vun där Persoun, déi de Prozess verluer huet, déi Appreciatioun iwwerléisst, fir kënnen eppes Nuancéiertes ze maachen, wat och reell ass am Kader vun engem Prozess a wat ebe justement dofir de Leit d'Méiglechkeet net ewechhëlt, op d'Geriicht ze goen, well se do awer iergendwou och eng Garantie hunn, dass et eng reell Decisioun ass, déi hirer perséinlecher ekonomescher Situatioun ka Rechnung droen. Dass dann natierlech ganz ënnerschiddlech Appreciatiounen dobäi erauskomme vun enger Affär op déi aner, ass keng onlogesch Saach, vu dass déi Leit, déi engem Prozess involvéiert sinn, notamment vläicht deen ekonomesch Schwaachen, och net kënnen zu enger Indemnitéit an enger méi grousser Héicht condamnéiert ginn.

Dofir de Fait, dass et ganz ënnerschiddlech Decisioune gëtt, berout dorop, dass de Riichter d'Méiglechkeet huet, dat unzepassen un d'Situatioun vun de Leit. An ech mengen nach ëmmer, dass dat net falsch ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat hu mer déi erweidert Fro evakuéiert a mir géifen zu deenen nächste Projeten iwwergoen, d'Projete 6759 a 6762, wou d'Madamm Rapporteur scho prett ass a wou et ëm en Accord mat den USA iwwert den Echange vun Informatiounen a Saachen Terrorismus a grouss Kriminalitéit geet. Madamm Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

6. 6759 - Projet de loi portant approbation du «Memorandum of Understanding between the Government of the Grand-Duchy of Luxembourg and the United States of America for the exchange of terrorism screening information», signé à Luxembourg le 20 juin 2012

6762 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement des États-Unis d'Amérique aux fins du renforcement de la coopération en matière de prévention et de lutte contre le crime grave, signé à Luxembourg le 3 février 2012

Rapport de la Commission juridique

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.*- Jo, Merci, Här President. Déi zwee Projeten hänken och allen zwee ganz enk zesummen, dofir presentéieren ech se och zesummen. Se ginn herno allerdéngs eenzel ofgestëmmt. Déi zwee Projete sinn am Januar 2015 vun eisem Justizminister Braz deposéiert ginn.

Ëm wat geet et an deene Projeten? An deem éischte Projet 6759 geet et drëm, fir de Raster kloer ze setzen, deen dat Ofkommes, dat mer mat den Amerikaner ënnerschriwwen hunn - an zwar ënnerschriwwen hunn am Juni 2012, also vun der viregter Regierung -, an de Kader vun eiser Justiz a vun eisen Obligatioune setzt.

Déi zwee Ofkommessen, déi mer mat Amerika hei virleien hunn, déi ginn eigentlech zréck op Reaktiounen, woen ech bal ze soen, vum 11. September 2001, wou duerno decidéiert ginn ass, fir effektiv e bësse méi streng virzegoen an och den Echange vun Informatioune méi effektiv a méi séier kënnen ze maachen.

Mir missten haut déi Projeten och stëmmen, well dorunner ass eigentlech och de Fait gekoppelt, datt mir als Lëtzebuerger Residenten, als Lëtzebuerger net mussen e Visa ufroen, wa mer wëllen an Amerika, an d'Vereenegt State fléien, eriwwergoen. An dofir hei dann och dëse Projet de loi.

De Memorandum of Understanding ass u sech eng Gebrauchsanweisung, wou festgehale ginn ass, wéi d'Prozeduren oflafen, souwuel an Amerika wéi och hei zu Lëtzebuerg. Et ass e bilateraalt Ofkommes, dat iwwregens mat allen EU-Memberstate gemaach ginn ass. An doranner ass dann eben och fixéiert, no wéi enge Procedéen déi Informatioune solle lafen, well eben den Droit an iwwerhaapt déi Trennung tëschent Police a Justiz an Amerika anerer si wéi hei.

Hei ass et esou, an dofir huet och de Minister drop gehalen, fir e Projet de loi draus ze maachen, datt mer fir d'Informatiounen, déi kënnen op Ufro am Kader vun deem Memorandum eriwwer an Amerika goen, do Point-de-contacten hei festgehalen hunn - zu Lëtzebuerg sinn d'Point-de-contacte bei der Police judiciaire -, an all Informatioun, déi dann eriwwergeet, nodeems se ugefrot ginn ass, muss och ëmmer d'Autorisation préalable vum Procureur général d'État hunn.

De Procureur général d'État kann och Donnéeën, déi ugefrot gi sinn an déi sollte weidergeleet ginn, refuséieren, wann déi Donnéeën oder d'Transmissioun vun den Donnéeën eng Atteinte à la souveraineté ka sinn oder wann et eng Atteinte à la sécurité fir eist Land ass, à l'ordre public ou à des intérêts essentiels similaires du Grand-Duché de Luxembourg, awer och, wann d'Transmissioun Donnéeë sinn, déi mat Loi-militairen (veuillez lire: ze dinn hunn) oder déi eben net eng Infraction de droit commun sinn oder wa se eng Infraction politique sinn oder och, wann dat, wat ugefrot ass, iwwert dat, wat am Memorandum festgehale ginn ass, weider ewech geet.

Den zweete Projet de loi betrëfft effektiv en Accord contre le crime grave. Dat ass, wéi gesot, och en Accord tëschent de Vereenegte Staten a Lëtzebuerg. En ass ënnerschriwwe ginn den 3. Februar 2012, also och vun der viregter Regierung. An do geet et och ëm ee méi effikassen a méi séieren Austausch vun Donnéeën a méi präzis d'Recherche an d'Comparaison automatisée d'empruntes digitales oder vum Profil ADN, an et kënnen awer och Échanges d'informations à titre personnel oder non personnel à des fins de prévention du terrorisme par les moyens traditionnels et de façon non automatisée geschéien.

Deen Austausch vun Informatiounen, wéi e beschriwwen ass am Projet de loi 6762, dee gëtt et schonn tëschent Lëtzebuerg an deenen aneren EU-Memberstaten, an dat scho säit 2006. Dat ass also e bilateralen Austausch, dee mer och elo no deeneselwechte Prinzipien erweide-

ren op d'Vereenegt Staten. Och do zielen déiselwecht Restriktiounen oder deeselwechten Encadrement, datt all Autorisatioun eng Autorisation préalable vum Procureur général d'État muss hunn.

Dir wäert a mengem schréftleche Rapport och all d'Avise fannen, déi dozou gemaach gi sinn, souwéi d'Amendements gouvernementaux, wéi den Avis vum Statsrot, an dann och all Kéiers den Avis complémentaire vum Statsrot.

Eng Saach wëll ech awer hei nach ënnersträichen. Dat ass, datt mer och den Avis vun der Mënscherechtskommissioun a vun der Dateschutzkommissioun kritt haten an datt mer doduerch, datt mer entre-temps, dat heescht tëschent deem Moment, wou de Projet de loi deposéiert ginn ass, an do, wou mer am Fong geholl de Rapport ugeholl hunn, en „Umbrella Agreement" ënnerschriwwen hu mat de Vereenegte Staten. Ech ginn dorobber net an. Dat fannt Der och alles an den Explikatiounen.

Mä deen „Umbrella Agreement" am Fong geholl séchert all Dateschutzdonnée, déi muss geséchert ginn, net nëmme wat eis Gesetzer ubelaangt, net nëmmen och wat d'bilateral Accorden ubelaangt, mä den „Umbrella Agreement" geet wäit doriwwer eraus a gëtt also all Sécherheet, déi mer brauchen, wat den Dateschutz ubelaangt, a fënnt dann och den Accord positif oder d'Zoustëmmung vun der Dateschutzkommissioun a vun der Mënscherechtskommissioun.

An doduerch, datt mer deen „Umbrella Agreement" hunn, deen iwwregens den 1. Februar 2017 a Kraaft getrueden ass, kënne mer dee richtegen Equiliber fannen, engersäits tëschent enger méi effikasser a séierer Informatioun vun Donnéeën, wann et ëm Terrorismus geet, an anerersäits dem Dateschutz, dee mer awer hei och nach ëmmer wëlle ganz héichhalen. An dofir kann ech Iech zum Schluss och nach soen, datt déi gréng Fraktioun och wäert kënnen déi zwee Projet-de-loie stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Rapporteur. An den éischte Riedner ass den Här Gilles Roth fir d'CSV.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech soen der Rapportrice, der Madamm Loschetter, Merci fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, de Stat huet - an all Rechtsstat - d'Sécherheet vun de Leit ze garantéieren. A wann d'Forme vun der Kriminalitéit, a besonnesch déi vun der Schwéierkriminalitéit, an den Terrorismus zielt do derzou, nei Formen unhuelen, da muss och de Stat sech déi Mëttele ginn, fir dass d'Police an d'Justiz déi Forme vu Kriminalitéit kënne bekämpfen. An dozou zielt och d'Kooperatioun mat anere Partnerstaten.

Duerfir steet d'CSV och ganz kloer zum Prinzip vun dësen zwou Konventiounen. Mir fannen et och an der Rei, dass déi Informatiounen, déi ausgetosch ginn op Basis von deenen zwee Instrumenter zwësche Lëtzebuerg an Amerika, déi Polizeidate beinhalten grad wéi Justizdaten, nëmme kënnen ausgetosch ginn ënnert dem ausdrécklechen Accord vun dem Procureur général. Et ass dat, wat nogebessert ginn ass an dësem Gesetzesprojet.

D'Madamm Loschetter huet d'Portée vun deenen zwee Accorden erkläert. Si ass just op eppes - an dat bedaueren ech, an dat ass och d'Ursaach, firwat dass d'CSV sech beim Rapport enthalen huet, well de Rapport déi Prezisiounen och net beinhalt - net agaangen, näämlech dee juristesche Problem, deen awer besteet an der Aart a Weis, wéi déi zwee Accorden an der Chamber traitéiert ginn.

An et brauch een do net laang ronderëm de Bräi ze schwätzen. Et muss ee just d'Konklusioune vun der Justizkommissioun aus der Chamber vum 18. November 2015 kucken, déi Folgendes festhalen: «L'Accord sous examen, ensemble avec ses annexes, dont le document contenant les procédures de mise en œuvre qui en fait partie intégrante, doit être formellement approuvé par la Chambre des Députés. La publication, qui doit porter sur l'ensemble des dispositions formelles de l'Accord, en est une condition légale préalable.» Wéi gesot, dat ass de formelle Procès-verbal vun der Chamberskommissioun vun der Justizkommissioun.

Mir hunn also hei e Memorandum of Understanding, deen deen Échange d'informations virgesäit. An dee Memorandum of Understanding gesäit nach en zweeten Accord vir. En Accord, deen awer net public ass. An et ass eis gesot gi vum Justizminister, et ass op Nofro bei den Amerikaner - well dat war näämlech d'Demande vun der Justizkommissioun -, dass d'Amerikaner net d'accord sinn, fir dass deen Accord public gëtt.

Soudass mer eigentlech zu Lëtzebuerg an enger Situatioun sinn, wou mer en Accord hunn, deen direkt oder indirekt d'Rechter vun de Bierger betrëfft, deen awer net déi formell Prozedur vun engem Traité am Sënn vun der Wiener Konventioun iwwert d'Traitéen duerchleeft, dass deen nämlech muss duerch d'Chamber goen, public sinn, fir dass en d'Rechter vun de Bierger ka corroboréieren. Dat ass dee konkrete Punkt, wou de Problem ass, deen d'CSV och opgeworf huet.

Elo ass de Punkt: Wéi komme mer doriwwer eraus? D'Madamm Loschetter huet gesot, deen Accord oder déi zwee Accorde sinn ënnert der viregter Regierung ënnerschriwwe ginn. Dat ass richteg, mä déi rechtlech Ëmsetzung vun deenen Accorden obleit der jëtzeger Regierung mat deem besonnesche Problem, op deen ech hei opmierksam gemaach hunn.

Mir verstinn och, an d'Madamm Loschetter huet dat ënnerstrach, dass hei d'Amerikaner e sougenannt Visa-Waiver-System domat verbannen, soudass ënner Ëmstänn d'Amerikaner kéinte soen: „Majo, mir loossen d'Lëtzebuerger oder d'Leit aus deem Stat net méi areesen ouni Visa." Et ass natierlech keen, deen dat wëllt.

Vu dass hei, loosse mer soen, déi zwee Projete sech beweegt hunn zwëschent deenen zwou Legislaturperioden, stëmmt d'CSV sécherlech net géint deen Accord. Mir hunn eis bei deem Rapport enthalen. Mir géifen dat och elo maachen, et sief, dass de Justizminister seet oder dass e sech engagéiert am Numm vun der Regierung, dass déi Polizeidatebanken, op déi ech virdrun an der Ried iwwert d'Lag vun der Natioun higewisen hunn, endlech a kuerzfristeg och op enger zolitter legaler Basis wäerte fundéieren.

Ech mengen, mir sollen do net laang ronderëm de Bräi schwätzen. Souwuel d'Chamber wéi och d'Autorité de surveillance vum Artikel 17, déi am Dateschutzgesetz virgesinn ass, hunn dorobber opmierksam gemaach, dass bei eis zu Lëtzebuerg d'Polizeidatebanken net op enger adequater rechtlecher Basis foussen an dass een dat muss séier behiewen.

Wa mer also Polizeidaten echangéiere mat auslännesche Memberstaten, mengen ech, da wier et gutt, wann d'Chamber och géif drop pochen, dass déi Polizeidaten, esou wéi se traitéiert ginn, esou wéi se stockéiert ginn a wéi se och d'Rechter vun de Bierger betreffen, dass se och an deem Sënn op enger rechtlecher Basis foussen.

An deem Sënn war dat och de Sënn an Zweck vun där Motioun, déi mer an deem viregten Debat deposéiert hunn. An ob mer dëse Projet de loi matstëmmen oder ob mer eis dann enthalen, dat hänkt vun der Äntwert vun dem Justizminister a vun den Engagementer vun der Regierung op deem Punkt of.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Roth. An als Nächsten huet den Här Berger d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Jo, Merci, Här President. Ech wëll och der Rapportrice Merci soe fir hir Rapporten. Bei deenen zwee Accorden hei, do geet et jo ëm den Informatiounsaustausch, haaptsächlech am Kader vun Terrorismusbekämpfung, am Kader vun dem Kampf géint Schwéierverbriechen. An et ass och scho gesot gi vun der Rapportrice, datt och hei eng Rei Obligatioune sinn, déi d'Amerikaner froen, fir datt och weiderhin d'Lëtzebuerger kënnen ouni Visa an d'Vereenegt Staten areesen. Bon, wéi gesot, d'Géigeleeschtung dofir ass awer, datt een hei an engem gewëssene Mooss Informatiounsaustausch da mat den Amerikaner, mat den USA organiséiert.

Ech wëll einfach soen: Vum Prinzip hier begréisse mir, datt deen Informatiounsaustausch ass, well et gesäit ee jo och an der Terrorismusbekämpfung besonnesch, datt d'Kooperatioun an och den Informatiounsaustausch e preventive Charakter kënnen hunn an datt doduerjer och an deene leschte Méint oder Joren déi eng oder aner Aktioune konnte verhënnert ginn.

Mir wëssen awer och, datt et hei ëm dat Sensibelt geet vun de perséinlechen Date vun de Biergerinnen a Bierger an datt een also och do trotzdeem muss kucken, ofweien: Wat fir eng Informatioune gëtt ee weider? Wéi gëtt ee se weider? U wie gëtt ee se weider? Einfach fir ze soen, datt och fir eis egal wéi och bei der Terrorismusbekämpfung d'Protection des données personnelles ëmmer wichteg bleift.

Et ass och scho gesot ginn: Mir hu jo och elo en Accord gemaach respektiv dee sougenannten „Umbrella Agreement" zwëschent der Europäeschen Unioun an den USA, wou also ganz héich Standarden an deem Austausch vun den Donnéeë garantéiert sinn, fir eis ze berouegen.

Vläicht just nach eng Remarque, opgrond och vun deem, wat de Virspriecher respektiv de Spriecher vun der CSV, de Gilles Roth, gesot huet, wou ech elo och net esou richteg eraushéieren hunn, wat dann definitiv hir Meenung ass. Si maachen dat nach ofhängeg vun där enger oder anerer Informatioun.

Et kann ee just soen oder et konnt ee just do feststellen, an dat war jo och am „Lëtzebuerger Wort" de 7. Abrëll elo dëst Joer - et ass schued, datt de Paul-Henri Meyers net do ass vläicht, well deen hätt och déi eng oder aner Remarque gemaach -, datt een d'Impressioun hat, datt do net onbedéngt déiselwecht Appreciatioun vun deem ganzen Dossier ass, wou eigentlech éischter de Paul-Henri Meyers seet, well och schonn do de Gilles Roth op eng Rei Problemer opmierksam gemaach hat, ech zitéieren einfach, datt dat sech éischter als en „Sturm im Wasserglas" géif erausstellen, datt eigentlech de Paul-Henri Meyers och gesot huet, datt do den Zousazprotokoll, eigentlech souwuel den Accord wéi de Memorandum, datt déi ëffentlech sinn, an datt eigentlech deen Zousazprotokoll och an der Kommissioun presentéiert gi wär, datt souwuel d'Kommissioun wéi awer och de Statsrot gesot hunn, datt dat net d'Rechter vun de Bierger tangéiert.

Mä wann ech dat richteg verstinn, ass dat elo net méi de Problem. Elo ass et en anere Problem. Da ginn ech dovunner aus, datt dann de Justizminister nach eng Kéier dorobber wäert agoen.

Wéi gesot: Mir als Demokratesch Partei, als Fraktioun vun der Demokratescher Partei sinn awer iwwerzeegt, datt hei héich Standarde sinn, och am Sënn vun der Protektioun vun den Donnéeë vun de Leit an datt mir also eisen Accord kënnen zu deenen zwee Projete ginn.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, ech mengen, Dir hutt den Här Roth direkt ugeschwat. Ech géif em d'Wuert direkt gi fir eng Prezisioun.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wier frou, wann de Paul-Henri Meyers hei wier, well dann hätt en dem Här Berger eigentlech dat gesot, wat en och schonns an der Justizkommissioun gesot huet, nämlech: „Et gi keng Geheimverträg." «Un membre du groupe politique CSV renvoie à l'article 37, alinéa 3 de la Constitution qui dispose que les traités secrets sont abolis.»

(Interruption par M. Eugène Berger)

Neen, neen, neen. An da liese mer dat, wat och an der Déngen zréckbehale ginn ass: «L'Accord sous examen, ensemble avec ses annexes, dont le document contenant les procédures de mise en œuvre (…)» - an dat, wat net der Chamber haut pour approbation virgeluecht ass -...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Dat hunn ech gesot, Här Roth…

M. Gilles Roth *(CSV)*.- ...«(…) qui en fait partie intégrante, doit être formellement approuvé par la Chambre des Députés.» An d'Chambre des Députés, dat ass net eng Asiicht vun engem Dokument, wat een herno erëm ofgëtt, wat just d'Membere vun der Justizkommissioun hunn. Kommt, mir sollen elo net weider driwwer diskutéieren! Mä Dir wësst ganz genee, wou de Schong dréckt. An op deem Punkt do dréckt en.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. An elo huet den Här Alex Bodry d'Wuert, bei deem ech mech entschëllegen, well ech hat en e bësse recaléiert, zu Onrecht.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Merci. Dat ass net schlëmm. Jo, et ass net schlëmm. Ech ka mech jo hei nach an d'Diskussioun amëschen, fir dann och e puer Pefferkärecher hei bäizeleeën zu deem dote Volet vun der Diskussioun.

Fir d'Éischt wëll ech soen, dass mer et och hei mat zwee Accorden ze dinn hunn, déi als Ursaach Nine-Eleven hunn, déi awer och weisen, wann Amerika gären eppes hätt, wéi Amerika sech kann duerchsetzen. Mir hu jo schonn an engem aneren Domän gesinn, dass wann d'USA Drock maachen, se duerchaus kënne liicht esou Accorde kréien, méi liicht op jidde Fall, wéi all aner Länner op dësem Planéit. An hei ass e Beispill dovunner.

Elo menge mir awer och als LSAP-Fraktioun, dass et Sënn mécht, fir esou en Accord hei ofzeschléissen, quitte dass mer déi al Diskussiounen nach wäerten erëm féieren. Ech denken, wann d'Vertrieder vun déi Lénk erauskommen, da wäerte mer déi laang Diskussioun hunn: Wat ass Terrorismus? Wat sinn déi Infraktiounen, déi drënner falen?

Mä mir falen hei op all déi prinzipiell Debatten zréck, déi mer schonn an deem Zesummenhang iwwert déi lescht Joren hei zu Lëtzebuerg gefouert hunn. Nach hu mer elo eng national Legislatioun an deem dote Beräich. Mir hunn europäesch Texter an deem dote Beräich. An hei kënnt also e bilateralen Text mat derbäi, deen an äänlecher Form jo och an anere Länner elo guttgeheescht ginn ass mat Amerika, well d'Amerikaner do natierlech direkt och d'Méiglechkeet vu Visafräiheet un d'Zoustëmmung vun deem Accord hei gekoppelt hunn.

Mir sinn der Meenung, dass opgrond vun deenen Avisen, déi erakomm sinn, opgrond vun deenen Amendementen, déi d'Regierung proposéiert huet, déi mer an der Kommissioun diskutéiert hunn, dass deen Text u sech als Text an der Rei ass. Ech fannen et och sécherlech gutt, dass op där enger Säit kloergestallt ass, dass am Prinzip all d'Informatioune wäerten zentraliséiert weidergereecht ginn, nodeem kontrolléiert ginn ass, ob mer an den Hypotheese vun deem heiten Accord dra sinn, dass also iwwert de Procureur général dat Ganzt gemaach gëtt, an net, wéi dat am Ufank virgesi war, dass dat soll iwwert déi eenzel Justizinstanze ka geschéien.

Et ass, mengen ech, eng gutt Saach, dass mer och eng eenheetlech Interpretatioun dann och vun den Texter kréien iwwer eng Stell. Dat vereinfacht och, mengen ech, deen Informatiounsfloss, deen duerchaus ka vu béidsäitegem Notze sinn: fir d'USA wéi och fir déi Lëtzebuerger Säit.

Op där anerer Säit ass et, mengen ech, och positiv, dass mer eng Rei berechtegt Kriticken oder Ängschten, déi ee konnt formuléieren, wat den Dateschutz ugeet, elo mat deem „Umbrella Agreement", wat d'EU ofgeschloss huet, mat Amerika ofgedeckt hunn, an deen elo schonn zënter dem 1. Februar 2017 hei och a Kraaft ass. Soudass mer also do och eng juristesch zousätzlech Ofsécherung kritt hunn, déi och dann hei spillt bei deem heiten Accord respektiv dem Memorandum of Understanding, déi mer haut wäerte guttheeschen.

D'LSAP-Fraktioun wäert déi zwee Texter hei stëmmen. Ech wëll awer och e puer Wuert soen zu där Diskussioun, déi vun CSV-Säit elo erëm eng Kéier hei opgeworf ginn ass, déi eis och eng Zäitche beschäftegt huet an der Commission juridique, mä net nëmmen an der Commission juridique. Mir haten och an der Conférence des Présidents rieds iwwert déi dote Fro.

An du hu mer jo och - dat huet den Här Roth elo net gesot - en Avis gefrot gehat beim Ausseministère, dee jo och komm ass. An deen huet esou vill Wäert wéi eng Diskussioun, déi mer an der Commission juridique hei hunn. D'Commission juridique ass jo kee Geriicht, wat e Recht sprécht. Dat si mir alleguerten! Dat sinn déi 13 Membere vun der Chamber, déi Member vun deem Gremium sinn. An déi Diskussioun, déi ass jo weidergaangen.

Hei ass elo zitéiert gi vun engem Procès-verbal, wou ech awer weess, dass duerno awer nach aner Diskussioune gefouert gi sinn. Notamment ass duerno och deen Avis vun den zoustännege Stelle vun dem Ministère des Affaires étrangères komm, deen awer, mengen ech, richtegläit, andeem e seet, dass Accord politique net Accord politique ass, an dass u sech, wat selbstverständlech muss engem Parlament virleien, wou e Parlament muss driwwer ofstëmmen, dat ass, wann et sech ëm en normativen Text handelt.

Wann et also en Text ass, deen Norme festleet, ass et normal, dass deen nëmme kann a Kraaft trieden, wann en och vum Parlament guttgeheescht ass. Wann et awer nëmmen eng reng technesch Fro ass oder eng politesch Absichtserklärung ass... Nach viru Kuerzem huet d'Regierung - ech gesinn, et ass och eng Question parlementaire, mengen ech, do eragaangen - mat Portugal eng Rei vu politeschen Accorde gemaach, wéi et där politesch Accorden am Beräich vun der Arméi - wéi laang schonn? - mat der Belsch gëtt, déi ni duerch e Parlament gaange sinn, wou mer einfach politesch eng Absichtserklärung maachen, ze kooperéieren an eenzelne Beräicher, wou dat awer u sech keng aklobar Rechter sinn, déi eng aner Säit kéint elo viru Geriicht geltend maachen, respektiv Norme sinn, déi ee festleet, wou Drëttpersoune sech missten drun halen. Wann et alles dat net ass, mengen ech, da si mer hei am Beräich vum méi Politeschen oder vum Technneschen, Administrativen, wou et net néideg ass, dass e Parlament zoustëmmt.

A wann ech kucken, ëm wat et hei geet, well et ass jo keen absolutt Geheimnis, dass awer och deen Text eis ee Moment bekannt war an d'Regierung eis och nach eng Kéier affirméiert huet, dass si och d'Interpretatioun huet, dass dat heiten u sech keen normativen Text ass, dee muss duerch d'Parlament goen, mengen ech, dass fir mech déi dote Fro geléist ass. Sou-

dass ech also mengen, dass een do duerchaus ka berouegt den Accord stëmmen, ouni dass ee muss nach aner Texter hei formal guttheeschen, well déi vum Inhalt hier net brauchen d'Sanktioun vum Parlament ze hunn.

Wat ech just net esou richteg verstanen hu bei der Interventioun vum Här Roth, dat war: D'CSV huet dat dote kritiséiert an dann awer eng Konditioun zur Ofstëmmung gestallt, déi eigentlech mat deem doten näischt ze dinn huet. Do wär ech vläicht frou, wann een do kéint dee Gedankegang méi kloer gemaach kréien, wéisou en d'Fro vun engem Netguttheesche vun engem Deel vun deem Accord duerch d'Parlament opwërft, an e seet jo: „Wa mer elo déi néideg Assurancë kréien, dass d'Regierung d'Efforte mécht, fir dat Reglement bei der Police ze kréien, wat d'Datebanken ugeet, un deem schonn zënter zwanzeg Joer gedoktert gëtt, da si mer d'accord, deen heiten Text ze stëmmen." Ech hunn dee Lien net richteg verstanen.

(Interruption par la présidence)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Ech äntwerte kuerz dodrobber. Mä, Här Bodry, ech hunn dat virdrun och gesot: Dat, wat jo hei echangéiert gëtt, dat si jo Donnéeën, déi entweder d'Police oder d'Justiz huet. A wann et Polizeidonnéeë sinn, déi echangéiert ginn, da sollte mer, mengen ech, wéinstens emol zu Lëtzebuerg kucken, dass déi Donnéeën, déi eventuell da vu Bierger echangéiert ginn, zumindest op enger zolitter juristescher Basis kollektéiert goufen. Et ass dat, wat ech domadder wollt soen.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann huet den Här Roy Reding elo d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Jo, Merci, Här President. Also mir als ADR wäerten d'Approbatioun ginn zu deenen zwee Accorden. Ech ginn dem Här Bodry absolutt recht, et geet hei ëm eng technesch Annex zu engem Traité, deen net muss der Ratifikatioun ënnerleien. Genau datselwecht hu mer an anere Fäll. Dat kënne militäresch Traitée sinn, wou Donnéeën dra sinn, déi net fir de Public bestëmmt sinn. Hei geet et ëm Adressen, ëm Kontaktpunkten, et ass eng technesch Annex.

Par contre, wou ech em net recht ginn, dat ass d'Iwwerinterpretatioun, ab wéini en Traité normativ ass an ab wéini et just eng politesch Absichtserklärung ass. Mir sinn der Meenung, all Traité, egal wéi en heescht, och wann e Memorandum heescht, ass der Ratifikatioun ënnerworf, soubal wéi Obligatiounen agaange ginn. Dat eent ass eng Absichtserklärung oder technescht Ofkommes, do ginn ech lech recht. Mä soubal wéi wierklech bannend Engagementer agaange ginn, muss dat dem Parlament soumettéiert ginn. An dat ass haut net ëmmer de Fall.

Ech erënneren do notamment un d'Programmes indicatifs de coopération zum Beispill, wou mer Engagementer aginn, an déi haut net der Ratifikatioun ënnerleien. An do, denken ech, leie mer falsch par rapport zu eiser Verfassung.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Reding. An als leschte Riedner huet den Här Marc Baum d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Jo, Merci, Här President. Mir hunn zwee Problemer mat deenen zwee Accorden hei, sur la forme et sur le fond. Sur la forme, den Här Bodry huet et ugeschwat: Et gëtt en Annextext, e sougenannten Zousazprotokoll iwwert d'„implementing procedures" vun deeen doten Accorden, vun deem den Här Bodry seet, dat wier net normativ, wou eng länger Diskussioun war an der Justizkommissioun. An ech sinn net Member, ech gehéieren net zu deenen 13 Membere vun der Justizkommissioun. Deen Text läit mir net vir. Ech hunn och keen Zougang dozou, well ech eben net Member vun där Kommissioun sinn. An domat ass et fir mech faktesch onméiglech als Deputéierten, den Zougang zu deem Text, deen eigentlech implizitt mat an deenen Accorden dran ass, ze kréien. Dat ass dat Eent.

Dat Zweet ass sur le fond. Effektiv, den Här Bodry huet et och ugeschwat, et bleift déi éiweg Problematik ronderëm de Begréff Terrorismus, deen net konkret Infraktioune viséiert, mä einfach nëmmen e Seuil vu maximum engem Joer. Alles, wat iwwer e Joer punissabel ass, kann zu deem Begréff gehéieren. Dat kënne ganz villsäiteg Faiten, Fait-de-sociétéen oder Infraktioune sinn. A mir mengen, datt et grad an dësen Zäiten, wou een och vläicht op amerikanescher Säit gesäit, datt e President mat ganz komeschen Zorte vun Dekreten zumindest probéiert, d'Arees vu Leit ze verhënneren, ëmsou méi gefäierlech ass, esou Accorde wéi deem heiten einfach esou seng Zoustëmmung ze ginn. An dat wäerte mir net maachen a stëmmen och dergéint.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet de Justizminister, den Här Félix Braz.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Et ass schonn drop verwise ginn: No den Attentater vum 11. September 2001 hunn d'USA hire Visa-Waiver-Programm iwwerschaft an hunn nei Konditioune festgeluecht fir Leit, déi an d'USA wëlle reesen. Lëtzebuerg als Memberstat vun der Europäescher Unioun ass an deem Programm mat dran an et war dofir an et ass dofir och wichteg, dass Lëtzebuerg déi néideg Efforte mécht, fir och an Zukunft an deem Visa-Waiver-Programm kënnen dranzebleiwen.

Dat Zweet ass, dass mer eng verbessert Kooperatioun mat den USA doduerch ustriewen fir den Informatiounsaustausch, net nëmmen an der Lutte géint den Terrorissem, mä vill méi oft a vill méi am Beräich vun der Lutte géint aner Forme vu schwéierer Kriminalitéit, wat wäert wesentlech méi oft do de Fall sinn.

Am Ufank sollt och en Accord gemaach ginn - dat, wat ech perséinlech och vill léiwer gehat hätt - tëschent der EU an den USA als Ganzt an net (veuillez lire: an et war net geplangt), dass mer op de Wee gi vu bilateralen Accorden. Mir hunn dat zum Beispill zënter 2003 am Beräich vun Entraide judiciaire pénale tëschent der Europäescher Unioun an den USA. An dat wär och definitiv dee bessere Wee gewiescht. Bon!

Et ass esou, dass am polizeileche Beräich vum Informatiounsaustausch awer d'Regimmer an den eenzelne Memberlänner ganz ënnerschiddlech sinn, ganz verschidde sinn an dass et dofir grouss Schwieregkeete gouf, op ee gemeinsamen Nenner bannent den EU-Länner ze kommen en vue vun där Negociatioun mat den USA an dass dofir schlussendlech déi Pist fale gelooss ginn ass an dass d'USA mat den eenzelnen EU-Länner deen doten Accord ofgeschloss huet. Woubäi Lëtzebuerg, wann eis Informatioune stëmmen, dat lescht Land elo ass, wat deen Accord do ëmsetzt. Mir hunn eis net ze vill presséiert, fir deen Accord do ze realiséieren.

Déi zwee Texter sinn, et ass scho gesot ginn, vum François Biltgen negociéiert a fir Lëtzebuerg och ënnerschriwwe ginn. Dozou gehéiert och, dass d'„implementing procedures" net solle public gemaach ginn. Ech kommen nach herno eng Kéier dozou. Do huet de François Biltgen am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung a vum Lëtzebuerger Land säi Wuert ginn, dass dat net géif public gemaach ginn. Dat kann ee kritiséieren, mä ech mengen, et steet der heiteger Regierung gutt zu Gesiicht, wa se d'Kontinuitéit tëschent Regierungen assuréiert, och op Texter, déi si net selwer negociéiert huet, an och wa Saachen dra sinn, déi ee vläicht, well een net all d'Informatiounen huet, ka kritiséieren. Op jidde Fall sti mir zum Här Biltgen sengen Texter, wéi e se negociéiert huet.

Mir wäerten also haut de Mëtten zwee Projet-de-loien zur Ofstëmmung bréngen. Deen éischten, de sougenannte Memorandum of Understanding, erlaabt et, dass tëschent Lëtzebuerg an den USA Informatiounen ausgetosch ginn iwwer Leit, déi an enger Enquête géint terroristesch Infraktiounen implizéiert sinn. Op béide Säite gëtt et dofir eng sougenannte Kontaktstell, déi designéiert gëtt. Op Lëtzebuerger Säit ass dat natierlech am Prinzip d'Police judiciaire, op der amerikanescher Säit de sougenannten Terrorist Screening Center, eng spezifesch US-Antiterrorismusagence.

Wichteg ass awer, an deem Kontext ze ënnersträichen, dass vu Lëtzebuerger Säit aus nëmme kënnen Informatiounen ausgetosch ginn, wann de Procureur général d'État et erlaabt. Et ass och am Artikel 3 vum Projet de loi esou virgesinn. An et schéngt mir relativ evident, dass de Procureur général an dësem Kontext déi entscheedend Roll soll iwwerhuelen, well hien et och ass, dee bei der Konventioun iwwert d'Entraide judiciaire an der Extraditioun haut, a leschter Instanz, decidéiert, ob Rechtshëllef accordéiert gëtt oder net, respektiv ob eng Persoun un en anere Stat ausgeliwwert gëtt oder net.

Wichteg ass och nach ze wëssen, dass d'Fro, wéini eng Persoun als Terrorismusverdächtege gëllt, net vum Memorandum selwer decidéiert gëtt, mä nom jeeweilegen nationale Recht. Zu Lëtzebuerg also, wa mir d'Demande ze beäntwerten hunn, gëtt dat no Lëtzebuerger Recht beäntwert an net no amerikaneschem Recht. Ëmgedréit, wa Lëtzebuerg eng Demande géif maachen un d'Adress vun den USA, da géifen eis d'Amerikaner eis Demande beäntwerten no de Regele vum amerikanesche Recht an net vum Lëtzebuerger Recht. Mir iwwerhuelen also iwwert dësen Ëmwee hei keng Elementer vum amerikanesche Recht an eis Prozeduren. Et bleift d'Lëtzebuerger Recht.

Ee Punkt, deen dann och virdrun hei scho fir Diskussioune gesuergt huet, dat ass dee vun de sougenannten „implementing procedures". Fir hei all Damp aus dem Sall erauszehuelen: Et ass ganz kloer, haut kommen hei déi zwee Projet-de-loien zum Vott, den Accord an de Memorandum of Understanding. D'„implementing procedures" ginn haut net dem Vott vun der Chamber ënnerluecht. Do ass iwwerhaapt keng Diskussioun. D'Diskussioune si gefouert ginn an d'Konklusioune sinn och geholl ginn. Et kommen nëmmen zwou Saachen zum Vott: den eigentleche Memorandum an den eigentlechen Accord. Dat anert huet also net de Charakter vun engem Vott vun der Chamber.

Déi „implementing procedures" hätt een och duerchaus kënnen elo eréischt mat den USA negociéieren. Et hätt ee kënnen en Accord maachen an e Memorandum of Understanding, wéi dat ganz oft ass bei Gesetzestexter, a soubal déi hei an och op där anerer Säit gestëmmt wieren, hätt ee sech dann zesummegesat, fir ze soen: „Okay, a wéi setze mer dat elo konkret ëm? Wéi ee Service mécht dat bei Iech? Wéi heescht déi Persoun? Wat ass deem seng Tëlefonsnummer? Wat ass seng E-Mail-Adress?" Dat ass de Géigestand vun deem Dokument. Méi steet do net dran. Méi steet an deem Dokument basically net dran. A wa mer dat dann duerno verhandelt hätte mat der amerikanescher Säit, dann hätte mer hei am Land net eng eenzeg Sekonn doriwwer geschwat. Et ass eng ganz normal Geschicht, dat hu mer och an aneren Texter scho gemaach. An de Contenu ass net méi. Ech hunn trotzdeem - trotzdeem! - an der Commission juridique, obwuel de François Biltgen der amerikanescher Säit d'Zouso gemaach hat, dass dat géif e rengt Regierungsdokument bleiwen, dat Dokument verdeelt. All Member vun der Commission juridique huet deen Text am Grapp.

Ech verstinn den Här Baum, deen net Member ass. Wann Der awer méi oft komm wiert fir d'Debatt vun deem Projet, ech hätt absolutt kee Problem gehat, dass Dir och do wéi all déi aner e Bléck dierft drop geheien. Do steet iwwerhaapt näischt dran, vun deem ech mengen, dass et eng speziell Geheimhaltung misst hunn. Mä dat ass esou ofgemaach ginn, an dat, wat drasteet, ass wierklech net problematesch. Mä d'Dokument ass der Kommissioun bekannt.

Ech hunn och der CNPD dat Dokument geschéckt. An d'CNPD huet eis och en Avis doriwwer geschriwwen. An déi Froen, déi se soulevéiert hunn, sinn all am „Umbrella Agreement" beäntwert ginn. Ech hunn och mam Statsrot doriwwer geschwat. An de Statsrot war der Meenung, wann en Text keng Obligation-juridiquë schaaft, da brauch och de Statsrot keen Avis doriwwer ze schreiwen. De Statsrot mécht Avisen zu Texter mat normativem Charakter, déi Obligation-juridiquë generéieren. Dat ass hei net de Fall. Da brauch de Statsrot deen Text emol net ze kréien, fir en Avis ze schreiwen.

Ech hoffen, dass domadder all Damp aus dem Sall eraus ass, well soss huet een d'Impressioun, do stéinge Saachen dran. Och déi Argumentatioun, déi do gemaach ginn ass iwwert den Artikel 37 vun eiser Verfassung, iwwer: „Les traités secrets sont abolis."

Dir hutt dat hei erwäänt, Här Roth, Äre Fraktiounskolleeg, den Här Meyers huet Iech dat beäntwert. Dat hei erfëllt ni de près, ni de loin de Charakter vun engem Traité. Dat hei betréfft deen Artikel net, well et ass keen Traité secret. Et ass en techneschen Attendum, esou wéi dat permanent gemaach gëtt. Den Här Meyers huet selwer an der Kommissioun d'Beispill genannt aus där Zäit, wou hie sech nach méi am Land och mat de Froe vun de Pensiounen ofginn huet, dass do och tëschent de Verwaltungen Accorden dann ofgeschloss ginn, wéi een iwwert d'Grenz eraus am Renteberäich Exekutioune vun der nationaler Legislatioun mécht, well do ganz oft Leit an zwee oder souguer dräi Länner Rechter erworben hunn. Dat ass dofir keen Traité secret.

Dofir kommt, mir halen op hei, ech weess net wat, an de Raum ze setzen, wéi wann hei géifen héich brisant Saache geschéien. Dat ass absolutt net de Fall. An da sollte mer dat och dofir net esou duerstellen. Dat heite fält net drënner. Mir haten et och beim Renegade-Gesetz genau d'selwecht gemaach. An ech mengen och, dass dat kee Problem ass.

Mir hunn also hei als Regierung probéiert, maximal Transparenz gëllen ze loosse vis-à-vis vun der Chamber, vis-à-vis vun der CNPD, vis-à-vis vum Statsrot. Dofir de grâce, maacht eis do keng Ënnerstellungen!

Wat den Accord selwer betréfft, do geet et, wéi gesot, ëm den Austausch, och vun ADN-Profiller a vu Fangerofdréck. Do gëtt et e System, deen iwwer Computer funktionéiert mat „hit/no-hit", dat heescht, wann eng Demande kënnt, da fënnt déi Demande tëschent Computere statt. A wann déi hei net bekannt ass, da seet de Computer: „Dat kenne mer net!" Sollt de Computer dat kennen, dann ass de System net méi an den Hänn vun de Computeren, mä da geet et och hei erëm eng Kéier eriwwer bei déi zoustänneg Plazen. Dat ass dann de Procureur général d'État, deen dann och do erëm eng Kéier muss den Accord ginn, fir dass dat dote kann ausgetosch ginn. Et ass also e System, wou mer weiderhin och eng Kontroll maache vun deem, wat ausgetosch gëtt. An zum Beispill, wann zu Lëtzebuerg e Schwéierverbriche géif stattfannen, wou mer DNA-Spuere oder Fangerofdréck fannen, da schécke mer dat haut un alleguerten eis Partner an der Europäescher Unioun an an Zukunft och un d'USA, déi mer genau d'selwecht behandelen, wéi all eis Partner bannent der Europäescher Unioun, net anescht.

Dat, wat mer elo mat Amerika ufänken, gëtt et an der Europäescher Unioun schonn zënter enger Rei Joren an dat fënnt all Mënsch komplett normal, wéi dat do organiséiert ass, zu Recht. Hei huele mer si just mat an deen dote Circuit eran an ëmgedréit och. Et kéint also e Verbriechen zu Lëtzebuerg begaange gi vun engem amerikanesche Bierger, deem mer kéinte mat dësem Instrument op d'Spuer kommen, well an Amerika an enger Datebank deem seng DNA-Spueren oder Fangerofdréck wieren. Dat hëlleft hei och, Verbriechen opzeklären. Et ass also keng Einbahn, wou mir elo géifen den Amerikaner Donnéeë vu Lëtzebuerger Bierger oder Residentë ginn. Dat ass absolutt net de Fall. An dat soll een och dofir net esou duerstellen.

A wat déi generell Regele vum Dateschutz betreffen, Här President, wëll ech och kloer soen, wat den Alex Bodry scho gesot huet: Mir sinn zënter dem 1. Februar ënnert dem Schutz vum „Umbrella Agreement". Dat ass en Accord tëschent den USA an der Europäescher Unioun, wou et ëm eng relativ vast Approche zum Thema Dateschutz geet. Dat ass e ganz gudden Accord. Deen ass am Europaparlament vun all de Fraktioune vu lénks bis riets guttgeheescht ginn an deen erlaabt, dass mer hei eng wesentlech besser Situatioun elo hunn, wéi mer duerch eist nationaalt Dateschutzgesetz vun 2002 hätten. Dofir mengen ech, kënne mer haut roueg dësem Text zoustëmmen. Hei geschitt rechtsstaatlech näischt, wat net honnert Prozent en ligne wier mat eiser Verfassung an eise Gesetzer. An dofir wier ech frou, wa mer deen Text kéinte stëmmen, och d'Kolleege vun der CSV.

Zu der Motioun, soll ech dat direkt maachen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, maacht et direkt.

Motion

[La motion n°2 de M. Gilles Roth fut déposée en début de séance publique dans le cadre du débat sur la politique générale sur l'état de la nation ainsi que sur le programme de stabilité et de croissance (PSC) et sur le programme national de réforme (PNR) et renvoyée à la discussion sur les projets de loi n°6759 et n°6762.]

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Jo, just zu der Motioun. Den Här Bodry huet komplett recht, dat eent huet mat deem aneren direkt näischt ze dinn. Dat ass keng spezifesch Fro aus deem heite Gesetz.

Dir wësst awer, Här Roth, dass mer an deenen nächste Méint scho wäerten e Projet de loi deposéieren, well mer jo den europäeschen Dateschutzpaquet mussen zu Lëtzebuerg och ëmsetzen. D'Reglement, kloer, mä besonnesch d'Direktiv, déi mussen alle béid bis Enn Mee 2018 en vigueur sinn. Dee Projet wäert also relativ séier kommen an do wäerte mer genau déi dote Problematik, déi Dir an Ärer Motioun opwerft, diskutéieren.

D'Gesetz vun 2002 verlaangt no engem Reglement, mä bei der Ëmsetzung vun der Direktiv, do geet et jo nëmmen ëm Donnée-policièren a -judiciairen. Et si jo genau déi, déi Dir viséiert. Bei där Transpositioun vun der Direktiv kann et duerchaus sinn, dass Saachen, déi mer haut vläicht an e Reglement géife schreiwen, duerno am Gesetz wäerte stoen, bei der Transpositioun.

Dofir mengen ech, huet et elo net méi vill Sënn, an den nächste Méint nach onbedéngt dat Reglement, dat zënter 2002 fälleg ass, ze schreiwen. Mä mir sollten déi do Diskussioun féieren am Kader vum Gesetz iwwert d'Transpositioun vun der Direktiv. Wann Der domat d'accord sidd, dass mer Är Motioun dohinner verweisen an déi Diskussioun, da wier ech ganz frou, wa mer haut eestëmmeg dat heite kéinten unhuelen, mis à part den Här Baum.

Merci.

M. Gilles Roth *(CSV).-* Dat ass kee Problem, Här Minister.

(La motion 2 est renvoyée à la Commission juridique.)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Den Här Roth signaliséiert, dass dat okay ass. An da kéinte mer fir d'Éischt zum Vott iwwert de Projet 6759 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6759 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

57-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 6759 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Aly Kaes (par M. Marco Schank), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers (par M. Claude Wiseler), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Roger Negri), Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Cécile Hemmen), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen dann zum Vott iwwert de Projet 6762 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6762 et dispense du second vote constitutionnel

An och do ass d'Ofstëmmung elo amgaangen. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo gläich eriwwer.

58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass och de Projet 6762 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes (par M. Marco Schank), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers (par M. Claude Wiseler), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Cécile Hemmen), Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Franz Fayot), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum)

An och do froen ech, ob d'Dispens vum zweete Vott an der Rei ass.

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen, de Projet de loi 7083, en EU-Reglement am Beräich vun de Bankesaisien op Konten. Dann huet den honorabele Rapporteur, den Här Franz Fayot, d'Wuert.

7. 7083 - Projet de loi relatif à la mise en application du Règlement (UE) n°655/2014 du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 portant création d'une procédure d'ordonnance européenne de saisie conservatoire des comptes bancaires, destinée à faciliter le recouvrement transfrontière de créances en matière civile et commerciale, modifiant le Nouveau Code de procédure civile et la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

Rapport de la Commission juridique

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Här Minister, dëse Gesetzesprojet ass no der consacréierter Formel en techneschen awer wichtege Projet. En adaptéiert eisen Nouveau Code de procédure civile, fir d'Emsetzung vun engem europäesche Reglement an eist Recht ze erméiglechen. Et ass dëst d'EU-Reglement mat der Nummer 655/2014 vum 15. Mee 2014.

Dëst Reglement gesäit eng uniform europäesch Saisiesprozedur op Bankkonte vun Debiteure vir a schaaft also eng Prozedur, wou Gläubeger wëlle vermeiden, dass Avoire vun hiren Debiteure verschwannen, bis d'Prozedur zu Enn ass. Dëst Reglement ass eng vun de Mesuren, déi am Programme de Stockholm virgesi sinn. Dat ass e Programm vun 2009, deen de Conseil européen verabschit huet a wou en déi Europäesch Kommissioun gefrot huet, fir verschidde Mesures provisoires virzegesinn, y compris Mesures conservatoires, fir eben ze vermeiden, dass Aktive verschwannen am Kader vun der Exekutioun vu Creancen, a wou en eben och da freet, dass d'Exekutioun vu Justizdecisiounen amelioréiert gëtt en rapport mat Bankkonten an den Avoire vun Debiteuren.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Wéi Der wësst, muss een en europäescht Reglement net formell an nationaalt Recht ëmsetzen. Dat ass direkt applikabel. An dëst Reglement ass och ab dem 18. Januar 2017 vun dësem Joer a Kraaft. An duerfir ass et urgent, dass mer dëse Projet de loi haut adaptéieren. Dëst Reglement ass applikabel an der ganzer Europäescher Unioun mat der Exceptioun vu Groussbritannien an och Dänemark. Et huet also och dat Gutt u sech, dass een am Brexit net muss en Exit vun dësem Reglement hei negociéieren. Dat mécht de Brexit e ganz, ganz wéineg méi einfach.

Mir mussen awer eis Zivillprozedur adaptéieren, fir dass dëst Reglement ka Wierkung hunn. Duerfir féiere mer an eist Recht en neien Artikel 685-5 an den Nouveau Code de procédure civile an, fir d'automatesch Unerkennung vun Ordonnances européennes de saisie conservatoire ze encadréieren an och d'Recoursë géint esou Ordonnancen, wann d'Prozedur da bis contradictoire ass.

Wat déi parlamentaresch Prozedur ugeet, do hu mer hei ganz schnell geschafft. De Gilles Roth huet elo d'éineschters a senger Ried zum État de la nation de Wonsch geäussert, dass mer solle schnell Direktiven am Beräich vun der Justiz ëmsetzen. Hei ass keng Direktiv, et ass e Reglement, mä mir sinn awer nawell hei ganz schnell. Dee Projet de loi ass deposéiert ginn de 27. Oktober 2016. De Statsrot huet säin éischten Avis den 13. Dezember 2016 ofginn. Dunn huet d'Regierung nach Amendemente gemaach zum Projet Enn Februar dëst Joer. Déi geriichtlech Autoritéiten hunn och eng Partie Avisen ofginn, déi och gréisstendeels befollegt gi sinn an den Amendements gouvernementaux, soudass dëse Projet konnt presentéiert gi bei der Commission juridique den 22. Mäerz.

De Rapport ass de 5. Abrëll adoptéiert ginn a mir sinn also haut da mat dësem Projet am Plenum. Dat ass schnell an ech mengen, dat ass och gutt, dass mer hei an dëser Matière esou schnell geschafft hunn.

Wourëms geet et bei dësem Projet?

Majo, et geet ëm, wéi gesot, eng Schafung vun enger „Procédure d'ordonnance européenne de saisie conservatoire des comptes bancaires". Hei ass et esou, dass, wann en EU-Bierger eng Creance huet op en aneren EU-Bierger - dat ass ëmmer eng Situation transfrontalière - a wou Avoiren op engem Bankkonto sinn, en an engem anere Land an der EU déi ka saiséiere loossen, fir ze garantéieren, dass déi Suen eben net verschwannen. E kann dat maachen op all Niveau vun der Prozedur, dat heescht souwuel virun, wärend oder nodeem e Jugement au fond virläit, dat dann dem Gläubeger en Titre exécutoire gëtt.

Dëst Reglement wennt sech u bei Scholden am zivillen a kommerzielle Beräich. Et ass also e weidert europäescht Instrument, fir d'Effikassitéit am Recouvrement vu Creancen a fir d'Sécherheet ebe vu Kapitalfluxen an deem europäeschen integréierte Marché ze garantéieren.

Dir wësst, dass all Land äänlech Dispositiounen huet. Mir hunn och bei eis eng Saisie conservatoire, déi ganz äänlech fonctionnéiert wéi elo déi Saisie européenne, déi mer haut hei dann elo bei eis aféieren. Mä wann ee bis elo wollt eng Saisie maachen an engem anere Land, dann huet een dat misse maachen opgrond vun engem Titre exécutoire an am Kader vun den europäeschen Texter, notamment dem Règlement Bruxelles I bis, wou een dann huet fir d'Éischt missen eng Reconnaissance vun deem Titre kréien. Dat war och ëmmer - an ech weess dat och aus der Praxis - komplizéiert, well et huet ee missen, wann een eng Saisie am Ausland gemaach huet, all Kéiers bei en aneren Affekot goen. En auslänneschen Affekot ass all Kéiers eng liicht aner Prozedur. Dat heescht, dat ass mat ville Käschte verbonnen a mat enger gewëssener Lourdeur also, fir esou eng Saisie ze maachen.

Also ass dat heite wierklech en Instrument, wat et elo considérablement méi einfach mécht, fir esou Saisien ze maachen, transfrontière an engem aneren europäesche Land. Et kann een dat opgrond vun engem einfache Formulaire elo ufroen an dann eng Ordonnance kréien an dann zimlech einfach an anere Länner Bankkonte saiséieren. Déi national Prozedure bleiwen natierlech parallell bestoen.

Madamm Presidentin, just ganz kuerz, ech géif just gär ganz kuerz agoen op déi verschidde Konditiounen, déi ee muss erfëllen, fir déi europäesch Prozedur hei kënnen ze beusprochen.

Éischtens muss et sech, wéi gesot, ëm eng zivill oder kommerziell Creance handelen. Creancen aus Ierfschaften, Rechter, déi aus Régimes matrimoniaux, dat heescht Bestietnisregimmen, a Régimes patrimoniaux kommen, Rechter aus Faillitten, vu Sozialversécherung an aus dem Arbitrage sinn ausgeschloss aus dësem Reglement.

Zweetens muss et sech ëm e Litige transfrontalier handelen. Wat heescht dat? Ma dat heescht, dass entweder de Kont muss an engem anere Memberstat si wéi deen, wou d'Demande gemaach gouf, oder deen, wou de Creancier domiciliéiert ass. Reng national Creancë sinn also weider just vun der nationaler Prozedur viséiert.

Da muss et drëttens eng sougenannten „apparence certaine" vun der Creance ginn. Dat heescht, all Kéiers wa keen Titre exécutoire virläit, dat heescht, wann ee kee Jugement huet, muss ee beweisen, dass et op d'mannst offensichtlech oder dass et op d'mannst en apparence e seriöe Rechtsusproch gëtt.

Da muss, véiertens, eng gewëssen Urgenz virleien. Dat heescht, et muss e Risiko do sinn, dass déi Avoiren, déi ee gär saiséiert, drop an dru sinn ze verschwannen.

A leschtens dierf och keng parallell Demande virleie virun anere Geriichter en rapport mat där Creance.

Madamm Presidentin, ech wëll elo hei net an ze vill technesch Detailer vum Gesetz agoen, wëll awer ervirhiewen, an dat ass wichteg, dass an dëser europäescher Prozedur, gradesou wéi an eiser nationaler Saisiesprozedur, déi elementar Rechter vun all de Parteie garantéiert bleiwen. D'Gesetz suergt derfir, dass et net zu Abuse komme kann an dass souguer, ier eng Prozedur kann an d'Weeër geleet ginn, eng Rei Konditioune mussen erfëllt sinn.

Wéi gesot, an dat hunn ech schonn erwäänt, wien d'Saisie freet, muss beweisen, dass eng Schold besteet an dass déi Saisie noutwendeg ass. An dann huet deen, dee vun där Saisie betraff ass, natierlech och d'Recht, e Recours ze maache géint déi Ordonnance de saisie, déi dann aus engem anere Stat, aus engem anere Memberstat kënnt.

Et ass awer esou, dass, wéi dat bei Saisien üüblech ass, och bei eis, an enger éischter Phas déi Prozedur unilateral ass. Dat heescht, dass de Scholdner näischt dovunner weess, wat üüblech ass an ouni wat eng Saisie net kéint richteg fonctionnéieren.

Wat d'Kompetenz ratione valoris ugeet, esou hu mer einfach déi aktuell national Prozedur kopéiert, dat heescht, dass Scholden ënner 10.000 Euro ënnert d'Kompetenz vum Juge de paix falen, déi driwwer vum President vum Tribunal d'arrondissement traitéiert ginn. D'Riichter hu fënnef Deeg, fir ze tranchéieren am Fall, wou et en Titre exécutoire gëtt vun enger anerer Autorité judiciaire, soss muss bannent zéng Deeg eng Decisioun geholl ginn. An de Creancier huet dann 30 Deeg Zäit, fir Appell ze maachen.

Här President... Madamm Presidentin, pardon - den Här President ass dohannen, sorry -, zwee Punkten nach ganz schnell, fir op eis Aarbechten an der Kommissioun anzegoen. Et ass esou, dass, wann de Creancier Detailer huet vun der Bank, wann en d'Kontosnummer kennt, dann ass et zimlech einfach, dann ass et einfach an eisen nationale Prozeduren...

Madamm Presidentin, ech weess, dass ech iwwer meng Zäit sinn. Kann ech Zäit beusproche vu menger Fraktioun, fir fäerdeg ze maachen?

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Jo, Här Fayot, erkläert dat, well et ass esou schwéier,...

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.-* Jo, d'accord.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* ...well soss hunn d'Leit Schwieregkeeten ze verstoen, an et ass ganz wichteg. Ech ginn Iech Zäit.

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.-* Et ass effektiv e Punkt...

(Interruption)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Okay, Här Fayot, et ass un Iech!

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.-* Et ass effektiv e Punkt, deen net onwichteg ass, dat heescht, wann de Creancier - an dat wëssen d'Confrèren hei am Raum -, wann een als Creancier Detailer huet vum Bankkonto, wann ee weess, wou en Debiteur säi Konto huet, dann ass et einfach, eng Saisie ze maachen. Da geet een do dohinner an da kritt een eng Déclaration affirmative gemaach vun der Bank an da weess een, dass eppes do ass.

Wann een dat net weess, da muss een u sech eng „fishing expedition" maachen. Da mécht ee Saisië bei all den Haaptbanke vun der Plaz an et hofft een, dass een iergendeng trëfft. D'Confrèrë wëssen och, Dir wësst vläicht och alleguerten, dass et schwiereg ass wéinst dem Secret bancaire, fir Déclaration-affirmativen ze kréie bei de Banken. Déi di sech ëmmer schwéier domat.

Dëst Reglement awer mécht et do méi einfach, well et gesäit vir, dass d'Creance, an dat ass am Artikel 14 Paragraf 1, do seet et: «que le créancier [qui] a des raisons de croire que le débiteur détient un ou plusieurs comptes auprès d'une banque dans un État membre déterminé,» - wann e guer näischt kennt - «mais qu'il ne connaît pas le nom ou/ni l'adresse de la banque, ni le code IBAN», et cetera, dat heescht, wann e keng Informatiounen huet, kann en nawell higoen an dann déi Autoritéit, an dësem Fall d'CSSF, déi mat där Saisie da befaasst ass oder mat der Collecte d'informations, opfuerderen, fir un déi Informatiounen do ze kommen. Dat ass en Avantage, deen national Creancieren net hunn. An hei bei eise Saisien, do kann een effektiv eng gewëssen Discrimination à rebours dra gesinn.

E leschte Punkt, dee mer och diskutéiert hunn an der Kommissioun a wou ech och a mengem Rapport eng liicht kritesch Observatioun dozou verfaasst hunn, dat ass de Fait, dass mer hei d'CSSF mat där Missioun mandatéieren, fir eben d'Kollekt vun deenen Informatiounen ze maache bei de Banken a fir déi och weiderzeginn un d'Autoritéit, déi se gefrot huet. An deem initiale Projet de loi war et esou, dass d'CSSF responsabel war fir d'Kollekt, mä dass mer dem Parquet général d'Missioun ginn hate fir d'Weiderleedung vun den Informatiounen. Dat ass awer op eng Opposition formelle vum Statsrot getraff, dee fonnt huet, dass d'europäescht Reglement dat net géif hierginn. Du si mer op en Dispositif iwwergaangen, wou eben elo d'CSSF souwuel d'Kollekt vun den Informatioune mécht wéi och d'Weidergab vun deeneselwechten Informatiounen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et kann een der Meenung sinn, dass dat net der CSSF hir Käraufgab ass. D'CSSF ass eng Autorité de surveillance prudentielle. Mir ginn hir hei duerch eng Ofännerung vun hirer Loi organique dës nei Missioun, déi am Beräich vun enger Procédure judiciaire ass. Bon, dat ass eng vun dräi méiglechen Optioune gewiescht,

woubäi keng entièrement satisfaisant ass. Et muss een, mengen ech, just drop oppassen, dass de Mode de financement vun dëser Missioun esou gestalt gëtt, dass der CSSF hir Independenz vis-à-vis vum Ministère des Finances net beréiert gëtt an net menacéiert gëtt.

Ech mengen, dat wär e wichtege Punkt, op dee mer hei missten oppassen, dass, egal wéi mer dat hei finanzéieren - well do muss wahrscheinlech elo een agestallt gi bei der CSSF, dat huet e gewëssene Käschtepunkt, fir déi Missioun do ze assuréieren -, mer dat esou maachen, dass d'CSSF weider ka wierklech hir staark Independenz par rapport zu der Regierung bewahren.

Voilà! Dat gesot géif ech dann hei ophalen. Ech géif natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. An den éischte Riedner ass den Här Gloden.

(Concertation interne)

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).*- Här President, Merci fir d'Wuert. Ech soe fir d'Éischt dem Rapporteur Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. Dëse Projet ass e konkret Beispill, datt Europa Avantagë fir seng Bierger matbréngt. An ech mengen, an enger Zäit wéi dëser ass dat net onwichteg ze ënnersträichen.

Dëse Projet de loi schreift sech am Fong an déiselwecht Perspektiv a wéi zum Beispill d'Reglement vum 12. Dezember 2006 iwwert d'europäesch Procédure d'injonction de payer. De But ass, d'Prozeduren ze vereinfachen, datt e Creancier am Kader vun engem Litige transfrontalier méi einfach u seng Sue ka kommen. Huet e Creancier Suen ze kréien, oder e mengt, en hätt Suen ze kréie vun enger Drëttpersoun, mä e fäert, datt d'Sue fort sinn, bis d'Affär um Fong toiséiert ass, kann en eng Saisie maachen. Hei ass elo datselwecht op europäeschem Niveau, dat heescht, wann et ee Litige transfrontalier gëtt en matière civile oder commerciale.

De Rapporteur ass op d'Detailer agaangen. Ech wëll déi elo net hei nach eng Kéier rappeléieren. Ech wéilt awer vläicht e konkret Beispill ginn.

Zum Beispill, een, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt an deen eng Creance bis zu 10.000 Euro en matière civile oder commerciale vis-à-vis vun enger Drëttpersoun huet, déi an Däitschland géif wunnen an déi och do e Konto huet, mécht eng Requête heiheem bei der Justice de paix a freet dann eng Saisie conservatoire européenne un. De Riichter gëtt eng Ordonnanz, déi dann zougestallt gëtt an Däitschland un déi relevant Autoritéit, fir eben do d'Suen um Konto ze saiséieren.

Een anere Wee erëm: Een, deen an Däitschland wunnt an eng Creance vis-à-vis vun enger Drëttpersoun huet, déi zu Lëtzebuerg wunnt, kann d'Prozedur an Däitschland declenchéieren, wann déi applikabel Kompetenzregelen dat do esou virgesinn. Huet een an Däitschland eng Ordonnanz, fir Sue bei enger Lëtzebuerger Bank ze saiséieren, da gëtt dës Ordonnanz un d'CSSF geschéckt, déi dann déi betraffe Persoun informéiert, op wat fir enger Bank den Debiteur, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt, d'Suen huet.

De Rapporteur ass op déi Diskussioun agaangen, wien da soll als Autoritéit zoustänneg sinn. Ech wëll dat elo zu dëser spéider Stonn net nach eng Kéier widderhuelen, wëll awer eng Kéier kuerz ënnersträichen, datt am Fong den Auslänner, deen hei dann zu Lëtzebuerg wëllt Suen op engem Kont saiséieren, e Virdeel huet par rapport zu engem Litige purement national, well d'Kolleegen heibannen, déi dann emol musse Saisië fir Clientë maachen, wëssen, datt dat awer eng „mer à boire" ass. Da muss een eng zéng, fofzéng Banken uschreiwen, well ee jo net weess, wou de Creancier forcement säi Bankkonto huet. An hei am Kader vun engem Litige transfrontalier kritt am Fong de Creancier vun der CSSF eng Hëllefstellung, déi de Creancier an engem Litige purement national net kritt.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Gloden. D'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, déi gréng Fraktioun wäert dëse Projet de loi selbstverständlech och matstëmmen. An erlaabt mer awer, och dem Franz Fayot Merci ze soen, datt e sech dëses Projet ugeholl huet, well et ass e Projet, deen extrem technesch ass. An hie war mat Sécherheet dee Richtegen derfir, fir sech där Saach unzehuelen.

Duerfir Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Reding huet d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Jo, Merci, Här President. Ech sinn extrem frou, datt de Rapporteur Franz Fayot an d'Verlängerung gaangen ass. Wéi esou oft ass et an der Verlängerung, wou et wierklech spannend ginn ass, well et ass näämlech de Knackpunkt. Hei gëtt net iergendwelchen auslännesche Creancieren eng Hëllefstellung geleescht, wéi de Kolleeg Gloden seet, hei gëtt ganz einfach d'Lëtzebuerger Bankgeheimnis ausgehiewelt. Dee Moment, wou ech e Lëtzebuerger Creancier sinn, muss ech, wéi de Franz Fayot richteg sot, entweder d'Bank kennen oder eng „fishing expedition" maachen. Sinn ech awer elo en auslännesche Creancier, da wenden ech mech un d'CSSF, an déi seet mer dann, wou mäin Debiteur Konten huet.

Dat ass fir eis absolutt inakzeptabel! Dat ass e Reglement, deem mir als ADR zu kengem Moment zougestëmmt hätten. Et ass eng kloer Diskriminatioun vun de Lëtzebuerger. Et ass en Aushiewele vun eisem Bankgeheimnis. An och déi Déclaration affirmative, dat ass dat, wann d'Saisie bis validéiert ass, datt ee gewuer gëtt: Sinn dann elo wierklech Suen do? Dat ass zu Lëtzebuerg, wéi de Franz Fayot (veuillez lire: de Léon Gloden) ganz richteg sot, eng „mer à boire". Ganz oft muss een et souguer usichen an d'Déclaration affirmative.

Hei muss d'Bank bannent dräi Deeg deklaréieren, ob Suen do sinn oder net. Et ass eng klipp a kloer Diskriminatioun vun de Lëtzebuerger Creancieren. An duerfir stëmme mir géint dësen Text.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Berger huet d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Ech wäert och ganz kuerz sinn. Effektiv ass et eng technesch komplex Matière, déi de Rapporteur awer hei exzellent exposéiert huet. Et gesäit een, datt en eppes vun där Matière versteet. Duerfir wéilt ech em och Merci soen, souwuel fir säi mëndleche wéi fir säi schréftleche Rapport. A mir bleift dann och nach just, den Accord vu menger Fraktioun hei anzebréngen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci gesot. Keng weider Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall. Dann huet de Justizminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Ech hunn deem, wat de Franz Fayot geschriwwen a gesot huet, och näischt bäizefügen. Den Här Gloden huet och nach eng Rei utile, méi praktesch Ergänzunge gemaach. Merci fir de mëndlechen a schréftleche Bericht. Ech mengen, um Fong ass domat och alles gesot.

Ech wëll awer mat engem Wuert reagéieren op dat, wat den Här Reding gesot huet. Dir schwätzt vu Lëtzebuerger. De Pass spillt an dëser Diskussioun keng Roll. Hei ass e Reglement, dat gëllt fir sämtlech EU-Länner. Dat applizéiert sech op all déi Leit, déi hei wunnen, ob déi e Lëtzebuerger Pass hunn oder kee Lëtzebuerger Pass hunn. Hei ass de Kritär vum Resident, dee gëllt.

Zweet Remarque: Heivunner profitéieren och Lëtzebuerger Residenten, wa si selwer e Problem hu mat engem, deen an Däitschland, der Belsch oder a Frankräich ass. Hei gi mir net just eppes, hei kréien och déi Leit, déi hei wunnen, wann eng Lëtzebuerger Firma am Ausland schafft...

(Interruption par M. Roy Reding)

Jo, mä dat ass jo awer dat, wat... Mir hätte jo och vill méi Liichtegkeet mat dëse Reglementer, wa mer d'Bankgeheimnis net hätten. Mä d'Bankgeheimnis bleift awer zu Lëtzebuerg bestoen. Et gëllt just net an deenen transfrontalièrë Relatiounen. Mä dat, wat mer ginn, kréie mer och, well all Lëtzebuerger Firma oder Handwierksbetrieb, deen an der Belsch oder a Frankräich oder an Däitschland schafft, an do e Mauvais payeur huet, wäert opgrond och vun dësem europäesche Reglement an Zukunft och besser u seng Sue kommen. Dat ass also och eppes, wat ganz villen Handwierksbetriber wäert hëllefen, déi sech iwwert d'Grenz eraus kënnen exportéieren, fir dass och déi un hir Sue kommen. Dat soll een dann awer och vläicht fairerweis komplett duerstellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci fir déi Prezisiounen.

An da géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7083 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7083 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Prokuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

57-mol Jo, 3-mol Neen. Dat heescht, de Projet 7083 ass mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Aly Kaes (par M. Marco Schank), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Roger Negri), Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Marc Angel), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. André Bauler), Alexander Krieps (par M. Gilles Baum), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par Mme Josée Lorschée), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Gutt. Dann ass dat och esou decidéiert.

A mir géifen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour kommen. Dat ass de Projet de loi 7087. An ëm wat et geet, seet eis direkt d'Rapportrice, d'Madamm Viviane Loschetter. Dir hutt d'Wuert.

8. 7087 - Projet de loi portant adaptation de plusieurs dispositions du Code de procédure pénale

Rapport de la Commission juridique

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.*- Jo, Merci, Här President. Dëse Projet de loi ass am November 2016 deposéiert ginn. Et ass e Projet de loi, deen am Ufank geheescht huet „portant adaptation de plusieurs dispositions du Code d'instruction criminelle"; deen elo heescht „Code de procédure pénale", an dee fréier geheescht huet „Code d'instruction criminelle".

Mir hunn dësen Titel vun deem Code am Februar 2017 geännert, wéi mer d'ABC-Gesetz hei an der Chamber gestëmmt hunn. Dat ass och d'Ursaach, firwat mer och elo eréischt mat dësem Projet de loi an d'Chamber kommen.

An am Fong geholl, dee Projet de loi, deen huet siwe kleng Adaptatioune vun deem Code de procédure pénale an ee Redressement vun enger Erreur matérielle. Et si kleng Saachen, déi et awer trotzdeem a sech hunn. Ech géif Iech gäre froen, fir all déi Avisen a mengem schréftleche Rapport nozeliesen, wann dat nach net geschitt ass. An ech géif Iech gäre just kuerz enumeréieren, wat dann déi Ännerungen oder déi Adaptatiounen duerstellen.

Éischtens kann de Procureur d'État sur autorisation... Also, wann de Procureur d'État seng Erlaabnis gëtt, kann een neierdéngs dann och elo d'Transmissioun vu Procès-verballen, vun Dokumenter iwwer Documents numériques sécurisés weiderginn. Déi Documents numériques sécurisés hunn dann och eng Valeur juridique.

Den zweete Punkt ass eigentlech e ganz wichtege Punkt. Neierdéngs wäert een och kënnen de Renvoi vun enger Affär vun engem Tribunal d'arrondissement bei en aneren Tribunal d'arrondissement eriwwerginn.

Drëtte Punkt; och e wichtege Punkt an e bësse méi en aktuelle Punkt. Mir féieren eigentlech de Juge unique a fir déi Infraktiounen, déi eigentlech mat de Sanctions automatisées vun de Radare vun deem Gesetz - den Artikel 12 vum Gesetz vum 25. Juli 2015 -, an dat ebe fir déi Stauen, déi Encombrementer, déi bei den Audienzen do sinn, wann eben dann eng Composition collégiale do ass. An Zukunft wäert dann e Juge unique dat kënnen iwwert d'Bün bréngen.

Véierte Punkt, dat ass de Port de menottes à l'audience. Dat gëtt kloer an deem neien Text elo zréckbehalen. An an Zukunft wäert et esou sinn, datt och eng Persoun, déi nach net inculpéiert ass, déi op d'Geriicht gefouert gëtt, do muss untrieden, datt se net méi muss oder net muss mat Menotten dohinner gefouert ginn an och do mat Menottë sëtzen, ausser et géif eng spezifesch Ursaach dofir ginn, déi dann och misst argumentéiert a gerechtfertegt sinn.

Fënnefte Punkt - dat gehéiert och zu der Moderniséierung vun der Justiz -: d'Suppression vum Courrier simple, well deen double Emploi eigentlech weiderhi keng Plus-value bréngt an trotzdeem eppes kascht. Also gëtt deen ewechgelooss.

Sechste Punkt. Dat ass eng Extensioun, datt ee kann „recourir à la procédure de l'ordonnance pénale (...), et ce dans l'hypothèse où les dégâts matériels causés ne sont pas encore réglés".

Dat heescht, déi Adaptatioun, déi erméiglecht dann och, fir den Tribunal ze dechargéieren a senger kollegialer Zesummesetzung.

Siwente Punkt... Dat war de siwente Punkt, pardon.

An da kënnt de Redressement vun enger Erreur matérielle, näämlech enger Réhabilitation de droit, wéi een dat am Droit nennt, iwwert den Delai, wärenddeem een net däerf erëm condamnéiert ginn. An dat ass näämlech deen, datt „le délai (...) peut uniquement commencer à courir à partir du jour de l'expiration de la peine...", dat heescht, wann d'Strof fäerdeg ofgesat ass, „...ou de la prescription accomplie".

Voilà, dat gesot, wéi gesot, eng Rutsch Adaptatiounen, déi awer wichteg Konsequenzen hunn, virun allem fir eng méi human Justiz. An net nëmmen, mä och aus deem Grond, wäert déi gréng Fraktioun sécherlech och dëse Projet matstëmmen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Rapporteur. Dann huet den Här Gilles Roth d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President. Ech soen och der Rapportrice Merci fir hire schréftlechen a mëndleche Bericht. D'CSV wäert dat hei matstëmmen. Ech wëll just awer op ee Problem, deen de Maître Gloden mer och signaléiert...

(Interruption)

Jo, Neen. Dat ass de Problem vun där sougenannter „Lettre simple". Wann ech richteg informéiert sinn, ass dat grad, wann d'Leit hir Protokolle kréie vun de Radaren. Déi kréie se jo de Moment nëmmen duerch Lettre recommandée. Dat heescht, wann ech...

(Interruption)

Jo, jo, mä wann ech mat engem Radar geblëtzt ginn, da ginn ech op d'Post an ech huelen da mäi Recommandé do of, dass ech ze schnell gefuer sinn. Wann ech gutt informéiert sinn, ass et eng Demande, fir zousätzlech zu där Lettre recommandée de Leit dat och duerch Courrier simple heemzeschécken.

(Interruption)

Jo.

(Interruption)

D'Associatioun vun de Huissiers de justice, déi seet och an deem Kontext hei, dass, wann ech eng Convocatioun fir op en Tribunal kréien, de Recommandé, dee bleift, dee muss ech also siche goen, mä d'Lettre simple, déi gëtt ofgeschaaft. An de Problem ass jo deen, wann d'Leit de Recommandé net siche ginn, da si se de facto net touchéiert. An ech wollt op dee Problem hiweisen. Ech ginn dervun aus, dass deen am Justizministère zesumme mat de Justizautoritéiten och gepréift ginn ass an dass de Justizminister och dozou Stellung hëlt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Roth. Dann huet den Här Bodry d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, Här President, och eis Fraktioun wäert deen heiten Text stëmmen. Ech soen der Madamm Rapportrice Merci fir hiren ausféierleche Rapport.

Et ass en Text, an deem e gemeinsame Punkt doranner besteet, dass sech alles ëm Ofännerungen handelt vum Code de procédure pénale, mä natierlech sinn et verschidde Sujeten, déi eigentlech behandelt ginn, déi awer an déi richteg Richtung ginn, an zwar an déi vun enger Vereinfachung vun de Prozeduren, a Richtung och vun enger Beschleunegung vun de

Prozeduren, wat, mengen ech, och zu enger moderner Justiz gehéiert.

Dat geet vun der Regelung fir d'territorial Kompetenze vum Untersuchungsriichter bis effektiv hin zu dem Zoustellungsmodus oder der Ausweidung vum System vun de Juge-uniquen. Dat ass gutt.

Ech ka mech erënneren, wat dee leschte Punkt ugeet oder deen zweetleschte Punkt ugeet, dee vun den Notificatioune vun den Decisiounen, dass et net allze laang hier war, ech ka mech nach drun erënneren, dass mer hei déi Ännerung agefouert haten, dass bei Zoustellungen och misst eng Lettre simple derbäikommen. Well ech weess, et war fréier nëmmen de Recommandé, well mer gesot hunn: „Dann ass wéinstens eng gewësse Garantie ginn. Se ginn e meeschtens net sichen." Et ass eng gewësse Garantie, dass d'Leit en awer zumindest kréien.

Elo schéngt jo awer déi Iddi, déi mer séngerzäit haten, vläicht net an der Praxis revolutionär gutt Effete gehat ze hunn. An ech denken, dass déi Leit, déi mat där Matière do ze dinn hunn, éischter zur Konklusioun kommen, dass den administrativen Opwand, dee muss gemaach ginn doduerjer, dass och nach en einfache Bréif zougestallt gëtt, eigentlech méi grouss ass, wéi déi Effeten, déi d'Regelung, vun där mer gemengt hunn, dass se gutt wär, elo bruecht huet, soudass se elo proposéieren, fir dat doten erëm ofzeschafen.

Also, ech akzeptéieren dat. Ech kann dat net iwwerpréiwen, mä ech denken, dass déi Demande jo dann net vum Himmel gefall ass an dass déi Leit, déi dagdeeglech mat deenen doten ze dinn hunn, eigentlech zur Konklusioun komm sinn, dass et net vill bréngt, zemools... Dat liesen ech hei an der Motivatioun och no, well si soen: „Dat bréngt eis bei der Preuve, ob mer d'Leit touchéiert hunn, bei enger Konvokatioun zum Beispill, net weider." Well d'Preuve bréngt eleng de Fait, dass d'Leit de Recommandé siche gaange sinn an de Beweis do ass, dass se e wierklech siche gaange sinn. Dann ass d'Preuve do, dass de Beschëllegte wierklech och erreecht ginn ass.

Mat enger Lettre simple huet zwar de Beschëllegten eng Informatioun kritt, wann en d'Boîte opgemaach huet an d'Adress gestëmmt huet, mä par contre ass et awer net kloer. Wann en dann net kënnt, weess d'Geriicht awer net méi, ob et ka soen, dass en erreecht ginn ass vun der Konvokatioun, oder och net.

An dat erkläert wahrscheinlech, dass si soen: „Dat hei ass kee Moyen de preuve fir eis, deen eis iergendwéi weiderbréngt." An duerfir si mir der Meenung, dass ee sollt deen dote System ofschafen. Ech denken, dass dat e bëssen d'Motivatioun ass, déi hei hannendrustécht, an déi kann een och akzeptéieren. Duerfr gesi mir eigentlech keng Schwieregkeeten, fir deen heiten Text ze stëmmen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bodry. An dann huet d'Madamm Beissel d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och der Madamm Loschetter Merci fir hire Rapport. Wéi virdrun hei ugeklongen ass: Et sinn eng ganz Serie vu Punkten, déi hei solle reforméiert ginn.

Just ee Wuert nach zu där Zoustellungsgeschicht. Ech mengen, mir sinn alleguerten an der Praxis mat deene Saache betraff gewiescht. Et ass ëmmer eng minimal Konditioun gewiescht wéinst der Sécurité juridique, an notamment wéinst der Date certaine, dass et huet mussen iwwer Recommandé gemaach ginn. Well et ass kee Riichter, deen am Prinzip eng Affär an den Deliberé geholl huet, wann net eppes duerch Recommandé zougestallt ginn ass, well en net sécher war, dass déi Partie, déi citéiert oder convoquéiert war, wierklech eng Méiglechkeet hat, fir dat ze kréien a fir sech kënnen ze verteidegen.

Dat sinn u sech d'elementar Regele vum Rechtssystem a vun der Defense. An duerfir war dat esou streng.

Et ass awer entre-temps och erauskomm, an duerfir ass och dee ganze System vun de Lettres simples komm: Et sinn e ganze Koup Débiteurs de mauvaise foi oder Leit, déi där Konvokatiounen en série kréien, déi gi systematesch, wann en Ziedel an der Boîte läit, se net méi sichen! Si hunn awer erausfonnt mat psychologeschen Etüden, vu dass de Mënsch dauernd virwëtzeg ass, dass se sech dann awer op eemol verroden hunn an der Sitzung a ganz genau woussten, wat an der Konvokatioun stoung, well iergendwéi bewisen ass, dass de Mënsch dann awer all seng Bréiwer opmécht. An da ware se informéiert, och wa se offiziell d'Recommandéen net kritt hunn.

An dat huet sech eigentlech u sech als Begleiterscheinung vun de Recommandéen elo agebiergert. Dat heescht, reng rechtlech, mengen ech, misst de Ministère kucken: De Recommandé muss op alle Fall bleiwen. Dat ass eng Saach vun der Sécurité juridique vun der Date certaine.

A bei deem anere kann ee kucken, wann effektiv eng Monsterserien do vu Bréiwer mussen erausgoe mat där Radarsgeschicht, hunn ech prinzipiell, soulaang wéi de Recommandé derbäi ass - bon, Lettre simple oder net -, domat hunn ech keng Etat-d'âmen, an, ech mengen, meng Fraktioun och net. Mir wäerten dat doten de toute façon stëmmen. Et misst ee vläicht kucken um Ministère, wéi d'Erfahrungswäerter sinn. An dat sinn och esou Saachen, do kann een nach ëmmer nobesseren.

Jiddefalls emol Merci fir de Moment.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Beissel. Ech mengen, et si keng weider Wuertmeldungen do. Dann huet de Justizminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Ech wëll als Éischt der Madamm Loschetter Merci soe fir hire Rapport, och fir dee Rapport vu virdrun, fir deen ech hir nach net Merci gesot hat. Awer och Merci all deenen, déi un dësem Projet de loi matgeschafft hunn. Do ware jo och nach Experte mat derbäi an der Kommissioun, notamment de viregte Procureur général d'État, deen eis bei dësen Aarbechten hei begleet huet.

Dat heiten ass ee vun deene Projeten, déi net ganz vill ëffentlech Beuechtung wäerte kréien. Et ass wéi oft an der Commission juridique, dass do Saache gemaach ginn, déi vu ganz gudder Qualitéit sinn an déi dann net an der ëffentlecher Duerstellung déi Plaz kréien, déi se eigentlech géife verdéngen. Dat ass eben esou. Domat gi mer jo och alleguerten eens.

De Projet ass och schwéier ze resuméieren, well e betrëfft eben eng ganz Rei vu Mesuren, déi méi breet opgestallt sinn. Et ass à la fois eng Kéier eng Moderniséierung. Wann zum Beispill Dokumenter an digitaler Form déiselwecht Valeur légale sollen hunn, ass dat definitiv eng Moderniséierung. Et huet awer och mat praktesche Iwwerleeungen ze dinn, wéi zum Beispill der Lettre simple, déi ofgeschaaft gëtt, awer och méi prinzipiell Iwwerleeunge wéi déi Fro vun den Handschellen an der Sëtzung.

Dat ass eng Fro, déi ass scho laang diskutéiert ginn. Et ass och bemängelt ginn, dass do déi Leit, déi do sëtzen, an aller Regel, wann et Prevenuë sinn, an Handschelle mussen do sëtzen. Et ass an Zukunft anescht. De Prinzip an och d'Rechtssécherheet ginn elo méi grouss. De Prinzip gëtt kloer. Et huet een do ze sëtzen ouni Handschellen, ausser de Riichter hätt e Grond, fir dat ze maachen. An dann däerf en dat och esou verfügen. An et huet awer och organisatoresch Elementer, wéi de Fait, dass mer wëlle bei de Verkéiersverstousser éischter an Zukunft op de Wee vum Juge unique goen.

Duerfir ass dat heiten, mengen ech, e ganz wichtege Projet, deen e groussen Impakt och huet, och wann e sech schwéier resuméieren an erkläre léisst fir eng Persoun, déi net am Alldag domadder schafft.

Wat déi Lettre simple betrëfft: Ech mengen, den Alex Bodry an d'Madamm Beissel hunn alles gesot. Déi Lettre simple huet eigentlech an der Praxis kee reellen Impakt gehat. Well déi Leit, déi de mauvaise foi waren, déi esou eng Lettre simple en plus vum Recommandé an hirer Boîte erëmfonnt hunn, déi hu ganz oft gesot: „Ma da ginn ech de Recommandé net sichen." Soudass déi Lettre simple en fait keng legal Wierkung hat.

Dat Eenzegt, wat wierklech funktionéiert, dat ass de Recommandésbréif. Da mussen d'Prozeduren eben duerno lafen, wéi mer se kennen, ob déi Persoun de Recommandésbréif da siche geet bei der éischte Kéier oder net. Mä Fakt ass: D'Lettre simple huet d'Leit informéiert, si hunn dat gelies, an dann hu se ganz oft decidéiert: „Ah, wann dat esou ass, da ginn ech déi Lettre recommandée guer net ofhuelen."

Si huet also, ausser datt se administrativen Opwand produzéiert huet, ausser dass se Fraise produzéiert huet, an de Prozedure bei deenen, déi de mauvaise foi waren, en fait guer keen Impakt a guer kee Wäert gehat. Duerfir menge mer, dass een dat soll ofschafen. Dat ass och d'Meenung vun all de Praticienen, déi heirobber geschafft hunn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Roth huet d'Wuert fir eng Präzisioun.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, ech eterniséiere mech net. Ech wëll just soen, am Kontext vun de Protokoller, déi ee kritt bei de Radaren, dass mengen Informatiounen no do just den ëmgedréite Wee gemaach gëtt, näämlech dass do de Recommandé ofgeschaaft gëtt an ersat gëtt…

(Interruption)

Jo dach! Do sinn d'Kolleegen aus der - wat ass et? - zoustänneger Kommissioun vun der Mobilitéit, Développement durable, déi nécke mat hire Käpp, déi confirméieren dat, dass eigentlech de Stat do den ëmgedréite Wee geet. Dat heescht, do kréien d'Leit net méi… Si kréie just... Wann een e Recommandé kritt, da kritt ee jo just den Avis de passage.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.*- Et ass jo dat, wat mer hei änneren. Par rapport zu deene Saache mat de Radaren ass...

M. Gilles Roth *(CSV).*- Neen, neen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.*- Majo dach!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Neen. D'Zoustellung, wann Dir ze schnell gefuer sidd, duerch e Radar geblëtzt gitt, da kritt Der bis elo en Avis de passage oder kritt Der e Recommandé. An dat soll ofgeschaaft ginn, an dat gëtt ersat duerch eng Lettre simple. Dat heescht, hei geet d'Regierung fir déi eng Prozedur just eigentlech den ëmgedréite Wee wéi fir déi aner.

Mä soit, et ass elo diskutéiert. Mer stëmmen driwwer of. An da muss d'Zukunft weisen, wat an der Praxis dee beschte Punkt ass.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Här Roth?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, Här Justizminister.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Do gëtt et e Projet de loi, dee gëtt do diskutéiert mat all deenen doten Erwägungen. Mä et gëtt effektiv fir dee spezifesche Fall, vu de Volumen, deen do ukënnt, eng spezifesch Prozedur fir dee spezifesche Fall am Moment an der Chamber diskutéiert.

An et ass iwwerhaapt keng gelunge Situatioun, wann ee fir verschidde Situatioune verschidde Prozeduren huet. Déi heite mécht aus deene Grënn, déi scho genannt gi sinn, Sënn, dass mer déi Lettre simple an der Regel ofschafen. Wat d'Prozedure betrëfft vun den Délits de vitesse, dat diskutéiere mer am Kader vun deem Projet de loi. An et ass eng spezifesch Prozedur fir e spezifesche Problem. An dat kann ee ganz gutt auserneenhalen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7087 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

57-mol Jo vu 57. Unanimitéit!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Marcel Oberweis), Mmes Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt), Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes (par M. Marco Schank), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers (par M. Claude Wiseler), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Alex Bodry), Tess Burton, MM. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. Claude Lamberty), Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorschée), Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze froen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun eisen Aarbechte fir dës Woch ukomm. Rendez-vous am Prinzip an der Woch vum 9. bis den 11. Mee.

Merci. E schéine Weekend an e konstruktiven 1. Mee!

(Fin de la séance publique à 18.36 heures)

- **L'actualité parlementaire sur www.chd.lu**
- **Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.**
- **La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.**
- **L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.**
- **Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur www.chd.lu.**
- **De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.**

d'Chamber online op

www.chd.lu

SÉANCE 36

MARDI,
9 MAI 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Communications
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. Débat de consultation sur l'évolution des médias et la qualité de la presse
- *Exposé: M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias*
- *Débat: Mme Diane Adehm (dépôt de deux motions), M. Eugène Berger, M. Yves Cruchten, M. Claude Adam, M. Roy Reding (interventions de M. Eugène Berger), M. David Wagner*
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. Roy Reding*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias*
- *Parole après ministre: M. David Wagner (réponse de M. le Ministre Xavier Bettel), Mme Diane Adehm (réponse de M. le Ministre Xavier Bettel), M. Fernand Kartheiser (réponse de M. le Ministre Xavier Bettel et intervention de M. Gast Gibéryen)*
- *Motions: Mme Diane Adehm, M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*
- *Vote sur la motion 2 (rejetée)*

5. 7052 - Projet de loi portant modification de la loi du 27 février 2011 sur les réseaux et les services de communication électroniques
- *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace: M. Eugène Berger*
- *Discussion générale: Mme Diane Adehm, Mme Tess Burton, M. Claude Adam*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.

(Début de la séance publique à 14.34 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtten haut um Europadag, deem Dag, wou de Robert Schuman am Joer 1950 seng Deklaratioun ofginn huet, mat där dat europäescht Abenteuer ugefaangen huet. Ech maachen also haut um Europadag eis Sëtzung offiziell op a froen de Premier- a Statsminister, ob e Matdeelungen ze maachen huet.

(Négation)

Neen, d'Matdeelunge kommen herno. Merci.

2. Communications

Ech hunn da folgend Kommunikatiounen - och do si mer dru gewinnt - un d'Chamber ze maachen. D'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerte gouf hei deponéiert. D'Lëscht vun den neie Projeten an deenen, déi säit der leschter Sëtzung vum Rôle gestrach gi sinn, ass un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite gaangen. An d'Lëscht vun de Petitiounen, déi zënter der leschter Sëtzung deponéiert goufen, ass un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 9 mai 2017

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***7124** - Projet de loi instituant un recours contre les décisions de sanctions administratives communales et portant modification: 1) de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif; 2) de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives*

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 21.03.2017

***7127** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil*

Dépôt: M. Marc Hansen, Ministre du Logement, le 25.04.2017

***7128** - Projet de loi portant*

1. transposition des dispositions de la directive (UE) 2015/849 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2015 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme, modifiant le règlement (UE) n°648/2012 du Parlement européen et du Conseil et abrogeant la directive 2005/60/CE du Parlement européen et du Conseil et la directive 2006/70/CE de la Commission ayant trait aux obligations professionnelles en matière de lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme et aux pouvoirs des autorités de contrôle;

2. mise en œuvre du règlement (UE) 2015/ 847 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2015 sur les informations accompagnant les transferts de fonds et abrogeant le règlement (CE) n°1781/2006;

3. modification de:

a) la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat;

b) la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice;

c) la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

d) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

e) la loi modifiée du 10 juin 1999 portant organisation de la profession d'expert-comptable;

f) la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme;

g) la loi modifiée du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement;

h) la loi du 21 décembre 2012 relative à l'activité de Family Office;

i) la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances;

j) la loi du 23 juillet 2016 relative à la profession de l'audit

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 26.04.2017

***7129** - Projet de loi portant ratification de la Convention n°169 de l'Organisation internationale du travail relative aux peuples indigènes et tribaux*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 03.05.2017

***7130** - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement de la Convention relative à l'aviation civile internationale [article 50, alinéa a)], signé à Montréal le 6 octobre 2016*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 05.05.2017

***7131** - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement de la Convention relative à l'aviation civile internationale [article 56], signé à Montréal le 6 octobre 2016*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 05.05.2017

***7132** - Projet de loi ayant pour objet l'organisation de l'Université du Luxembourg*

Dépôt: M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche, le 08.05.2017

***7133** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques*

Dépôt: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'Etat, le 08.05.2017

Le projet de loi suivant a été retiré du rôle des affaires de la Chambre des Députés:

***6283** - Projet de loi:*

- modifiant la loi du 12 août 2003 portant création de l'Université du Luxembourg;

- modifiant le Code de la sécurité sociale;

- modifiant la loi modifiée du 25 juillet 2002 portant création d'un établissement public pour la réalisation des équipements de l'État sur le site de Belval-Ouest

Dépôt: M. François Biltgen, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, le 17.05.2011

Retrait: M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche

3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

***790** - Demande de pétition publique: Réforme sur l'âge légal pour la rentrée à l'enseignement fondamental*

Dépôt: Mme Francesca Ganino, le 01.03.2017

***791** - Demande de pétition publique: Support par l'État en matière de formation continue pour les chauffeurs professionnels pour le transport de personnes*

Dépôt: M. Gilles Wenner, le 12.03.2017

***792** - Demande de pétition publique: Non à la Turquie en CE*

Dépôt: M. Alain Lorang, le 13.03.2017

***793** - Demande de pétition publique: Adapter le formulaire de la déclaration d'impôts aux données apportées par le contribuable*

Dépôt: M. Rolando Chou Rivero, le 15.03.2017

***794** - Demande de pétition publique: Taux d'imposition sur la deuxième et la troisième carte d'impôt pour les couples salariés et pensionnés avec ou sans enfants percevant de faibles revenus*

Dépôt: Mme Béatrice Denis, le 22.03.2017

***795** - Demande de pétition publique: Stadt Luxemburg Nord Umgehungsstraße A1 zur A6 bauen*

Dépôt: M. Gérard Philipp, le 27.03.2017

***796** - Demande de pétition publique: Subventionierung der PKW Sicherheits- und Fahrerassistenz-Systeme*

Dépôt: M. Gérard Philipp, le 27.03.2017

***797** - Demande de pétition publique: Caméra pour tous les policiers*

Dépôt: M. Damien Szerszinski, le 30.03.2017

***798** - Demande de pétition publique: Gazon de Merl (Parc de Merl)*

Dépôt: M. Fabio Condorelli, le 06.04.2017

***799** - Demande de pétition publique: Promenade en toute sécurité*

Dépôt: M. Jérémy Masson, le 08.04.2017

***800** - Demande de pétition publique: Demande de révision de la Loi du 26 juillet 1980 concernant l'avance et le recouvrement de pensions alimentaires par le Fonds national de solidarité*

Dépôt: Mme Karin Langumier, le 12.04.2017

***801** - Demande de pétition publique: Interdiction de plan social lorsque la société fait de larges bénéfices*

Dépôt: M. Franck Duvot, le 17.04.2017

***802** - Demande de pétition publique: Pour la reconnaissance effective du vote blanc aux élections législatives*

Dépôt: M. Edouard Kayser, le 21.04.2017

***803** - Demande de pétition publique: Présence d'un psychologue dans les maisons de retraite pour le soutien des aidants et accompagnants des personnes atteintes par la maladie d'Alzheimer*

Dépôt: M. Marcel Lalmant, le 24.04.2017

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Ech kommen dann zum Ordre du jour, wou zwou Ännerunge vun der Presidentekonferenz proposéiert gi vis-à-vis vun deem Ordre du jour, dee mir urspréinglech proposéiert haten. Déi punktuell Ännerung vun der Verfassung gëtt op e spéideren Datum vertaagt, well de Rapporteur vun der Gripp gepaakt ginn ass an de Mëtten net kann derbäi sinn. Duerfir wäerte mer de Mëtte mat der Konsultatiounsdebatt iwwert d'Medien ufänken. An et ass och proposéiert ginn, fir um Schluss vun der Sëtzung nach de Projet de loi 7052 ze evakuéieren, dee fir den nächsten Donneschdeg virgesi war. Et handelt sech heibäi ëm e Projet, deen nom Modell 0 diskutéiert gëtt.

Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Ech géif dann d'Wuert un de Premierminister fir d'Stellungnam vun der Regierung zu der haiteger Konsultatiounsdebatt iwwert d'Lëtzebuerger Medielandschaft ginn. Den Här Statsminister huet d'Wuert.

4. Débat de consultation sur l'évolution des médias et la qualité de la presse

Exposé

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre...

Et fonctionnéiert jo alles?

Une voix.- Jo. Bis elo nach. Séier, séier!

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.*- Okay.

(Brouhaha)

Ech hunn...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech hunn näischt héieren, Här Statsminister.

(Hilarité)

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.*- Ech hunn déi lescht Deeg vill gelies, Här President, gelauschtert, gesinn iwwert den Debat, dee mer haut de Mëtteg hei an dësem Haus féieren. All méiglech Akteuren aus der Mediewelt, Editeuren, Journalisten hu sech zu Wuert gemellt, fir de gewënschten Oflaf vun dësem Échange vun haut de Mëtteg hei virauszesoen oder virauszeschreiwen, wéi dat sollt sinn oder wéi dat misst sinn.

Villes vun deem, wat ech gelies hunn an och vill vun de Kommentaren aus dem Secteur respektiv och vu politeschen Akteuren, dat, wat proposéiert gëtt, deelen ech voll a ganz an ech wëll och e puer Punkten de Mëtten hei uschwätzen.

Eppes ass just ganz kloer an evident an ech wëll dat och hei soen: Hei geet et net just ëm Blabla, wat eis haut hei beschäftegt! De Secteur vun de Medien a vun der Press huet déi lescht Joren enorm changéiert. D'Konditiounen, d'Erausfuerderung, de Public, déi technesch Moyenen an dat allgemengt wirtschaftlecht Émfeld sinn haut komplett anescht wéi viru fënnef Joer. An deemools war et scho komplett anescht wéi déi fënnef Joer virdrun. Déi digital Evolutioun ass am Mediesecteur eng richteg an eng tatsächlech Revolutioun. Déi meescht Beruffer an de Medien an och besonnesch de Beruff vum Journalist hu sech an de leschte Jore fundamental verännert, sou wéi och d'Medie selwer, den Émgang mat Medien an de Pu-

blic sech hautdesdaags komplett verännert hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, e puer méi generell Remarquen ze maachen, fir de Kader ze definéieren, an deem mer eis haut bewegen. Déi meescht vun eis kënne sech kaum nach virstellen, en Dag ouni Internet ze verbréngen, och heibannen. Déi meescht vun eis kënne sech awer nach gutt drun erënneren, wéi se moies op de Bréifdréier gewaart hunn, dass deen d'Zeitung laanschtbruecht huet, fir dann ze wëssen, wat geschitt ass, fir gewuer ze ginn, wat zu Lëtzebuerg, wat an hirer Stad, an hirem Duerf oder och an der Welt geschitt ass. Et war normal, dass ee moies, mëttes an/oder owes de Radio ugemaach huet an do d'Noriichten nogelauschtert huet, dass ee wärend dem Iessen net geschwat huet, wann de Radio amgaange war, well ee selwer an d'Elteren d'Neiegkeete gelauschtert hunn. Et huet een am Fong missen drop waarden, dass een den Accès op e Medium hat, fir Informatiounen ze kréien.

Dat ass haut net méi de Fall. Mir sinn et net gewinnt ze waarden, a mir waarden och net. Mir hunn den Internet an do gëtt net gewaart, mä do gëtt gegoogelt, do gëtt gefacebooked an do gëtt getwittert. Wat heescht dat fir déi klassesch Medie wéi d'Radioen, wéi d'Zeitungen oder wéi d'Televisioun? Si existéiere weider an dat och mat Succès. Et gëtt keen drameteschen Abroch vun der Zuel vun de Lecteuren, vun den Auditeuren oder vun de Spectateure vun de klassesche Medien.

Wann een e Bléck op Lëtzebuerg werft a sech och d'Evolutioun am Fong vun de Resultater vun der Etüd Plurimedia an de leschte Joren ukuckt, gesäit ee Folgendes: Et si wuel ëmmer méi Leit, déi all Dag hir Informatiounen op d'Internetsäite vun den Haaptakteuren an eiser Presselandschaft siche ginn. An den Undeel vu Consommateure vu Radio an Tëlee hélt och of, awer net deementspriechend, wéi den Internet zouhélt, bäi Wäitem net.

Fir e puer Zuelen ze nennen: Eng Zeitung wéi d'„Lëtzebuerger Wort" gëtt haut laut Etüd Plurimedia all Dag vun 32% vun der Bevëlkerung gelies. Wann een den E-Paper derbäizielt, sinn et der 35%. Virun zéng Joer waren et nach iwwer 46%. Beim „Tageblatt" ass dat am selwechten Zäitraum vun iwwer 15% op ongeféier 10% zréckgaangen. Bei RTL ass et eng Hausse vu ronn 25% op ronn 30%. A beim Radio ass et an deem Zäitraum zu engem Recul vun iwwer 46% op ronn 37% Ecoute komm.

Wann een den Zougréff op déi divers Internetmedien awer géif bei de klassesche Medien derbäizielen, stellt een awer fest, dass d'Consommatioun vun der Informatioun, déi e journalisteschen Inhalt traitéiert huet, däitlech an iwwerproportional an d'Luucht gaangen ass. D'Internetsäite vun deeneselwechte Medie goufen d'lescht Joer zesummen zum Beispill zu Lëtzebuerg vun 246.800 Leit consultéiert. Dat, wat zu Lëtzebuerg vu Journaliste verschafft, geschriwwen a geschwat gëtt, gëtt haut esou vill suivéiert wéi ni virdrun. Dat heescht, déi éischt Zuele sinn déi vun der klassescher Mediewelt, esou wéi mir se gëschter kannt hunn, an haut mat deenen Zuele gesi mer, dass au contraire méi Leit un d'Informatioun kommen, wéi dat nach virdrun iwwert de klassesche Wee de Fall war.

Et gëtt awer och eng kloer Weiderentwécklung. Et ginn zentral Changementer an de leschte Joren op zwee Niveauen. De Contenu an d'Aart a Weis vun der Presentatioun vum Contenu op de klassesche Medien huet changéiert. Och de Finanzement vun de klassesche Medien ass an de leschte Jore méi schwiereg ginn, well de Consommateur vill Informatioune an och presuméiert Informatiounen - ech kommen duerno dorop zréck - gratis zur Verfügung huet an doduerch och méi schwéier ze iwwerzeegen ass, wann e gesot kritt: „Fir dësen Artikel komplett ze liesen oder fir dës Informatioun ze kréien, muss de och eppes bezuelen."

De Changement um Niveau vum Contenu ass deen, dass déi klassesch Medien ëmmer manner den Atout hunn, d'Leit mat enger brutaler Informatioun ze versuergen. Fir et einfach auszedrécken: Wann de Bréifdréier moies kënnt, da weess meeschtens deen, deen d'Zeitung liest, schonn d'Nouvellen, well e se den Owend virdrun iergendwou gelies hat oder matgedeelt kritt, matkritt, getwittert, gefacebooked, gegoogelt huet, mä iergendwéi scho wousst, ëm wat et géif goen. An dat heescht, de Lieser weess schonn am Fong, wat den Dag virdrun oder owes virdru geschitt ass. An dat gëllt och fir den Nolauschterer um Radio, deen net bis 9 Auer waarde muss, fir ze wëssen, wat um 8.30 Auer geschitt ass oder um 7 Auer, well en et schonn an deenen nächste fënnef Minutten duerch eng „push news", wéi een dat esou schéin haut nennt, matgedeelt kritt huet an dunn direkt weider op e Site kucke gaangen ass, wann e méi Informatiounen och sicht.

D'Editeure sinn also encouragéiert an, wann ech mer dat erlabe kann, quasi forcéiert, eng Plus-value ze offréieren, a si maachen dat och. D'Valeur an d'Wichtegkeet vun enger Analys vun Hannergrondinformatiounen an och vu Commentairen huet zougeholl. Et ass dat, wat déi klassesch Medie méi ze bidden hu wéi den „push message" um Handy. Dat ass de Changement, deen evident an och novollzéibar ass.

Deen zweeten Ënnerscheed, dee besonnesch d'Editeuren an de leschte Joren ze spiere kruten, ass deen, dass de Marché sech effektiv dramatesch verännert huet. Ech hat nach gëschter e Grupp vun Editeure bei mir am Büro, déi mer gezielt hunn, dass virun e puer Joren nach Supermarchéskette bei si froe komm sinn: „Hei wann ech gelift, wann ech gelift, kuckt, dass dës Annonce nach mat dëse Publicitéite muer an der Zeitung ass! Et ass ganz wichteg fir eise Supermarché." Déi Zäiten, déi Situatioune gëtt et och net méi, dat ass haut eriwwer. De Marché ass haart erkämpft an ëmkämpft an d'Annonceuren hu méi Weeër, fir de Client ze erreechen a sinn am Fong manner ofhängeg vun de klassesche Medien, wéi dat d'Realitéit war virun e puer Joren.

Et gëtt dernieft eng weider Evolutioun, déi net just d'Medien an d'Press, mä eis Gesellschaft insgesamt betrëfft. D'Schoul, d'Aarbecht, d'Kultur, d'Zesummeliewen, d'Ekonomie an och d'Politik goufen an de leschte Joren enorm bestëmmt duerch déi Digitaliséierung. Et huet sech net nëmmen e bësse verännert, mä et huet sech bal alles verännert. Den Alldag ass anescht wéi virun zéng oder zwanzeg Joer. Eist Verhalen ass anescht an eis Perceptioun huet sech och grondleeënd verännert.

Dat betrëfft, wéi gesot, villes, wann net alles, wat mir am Dag erliewen, an et betrëfft eben och eisen Ëmgang mat den Informatiounen. Duerch eng méi globaliséiert Welt an duerch déi gläichzäiteg Digitaliséierung ass d'Welt enorm zesummegeréckelt an d'Ofleef hunn u Vitesse gewonnen. Wann haut iergendwou an der Welt eppes Schlëmmes geschitt, hu mer déi Informatioun ganz no bei eis. A mir hu se och ganz direkt no bei eis, esou no an esou séier, dass d'Distanzen am Fong verschwannen tëschent der Noriicht an der Plaz, wou se stattfënnt, an der Perceptioun vum Bierger, dee se liest. Alles ass wichteg, alles betrëfft eis iergendwou an iergendwéi.

Dëst Ëmfeld an déi Entwécklung an de leschte Jore muss ee kloer präsent hunn, wann ee sech mat de Medien zu Lëtzebuerg, mat der Qualitéit a mam Kader beschäftegt, an deem mir eis haut bewegen. Déi nei Méiglechkeeten, déi d'Digitaliséierung mat sech bréngt, sinn eng Chance a gläichzäiteg awer och eng riseg Erausfuerderung.

Op där enger Säit ass d'Betätegungsfeld vun de Medien an d'Luucht gaangen an d'Méiglechkeeten, fir d'Leit ze erreechen, hu sech och multiplizéiert. En Zeitungsverlag ass haut net méi eleng op Pabeier an Drockfaarf ugewisen, esou wéi e Radio net forcement op Frequenzen an eng Tëlee net méi exklusiv op e stateschen Apparat an der Stuff vum Public cible ugewisen ass. Dat ass duerchaus positiv an ech mengen, dass haut och praktesch all déi professionell Akteuren an der Lëtzebuerger Presselandschaft grouss Efforte gemaach hunn a maachen, fir sech ze adaptéieren an déi technesch Méiglechkeeten och auszeschëpfen, déi et haut gëtt. Dat war de Computer, deen doheem ass, dat war dunn de Laptop, dat war dunn den iPad, den iPhone an ass haut scho bei verschiddene Leit souguer d'Auer, déi hinnen d'Informatioune matdeelen.

Op där anerer Säit gëtt et awer och eng nei Konkurrenz, déi ëmmer nees an ëmmer méi fir Kappzerbrieches an de Redaktioune suergt. De Bierger ass haut net méi just Consommateur vun Informatioun, mä ganz oft ass en och selwer Produzent, en ass Diffuseur, en ass selwer deen, deen eppes ëffentlech bréngt, eppes diffuséiert, deen eng nei Roll am Fong huet als Bierger. Mir kennen alleguerte Beispiller, wou eng Story, eng Nouvelle, eppes, wat geschitt ass, den Tour op de soziale Reseaue mécht a ganz séier ka ronderëmgoen a ganz rapid och e breede Public kann erreechen, laang ier et vun de klassesche Medien iwwerhaapt identifizéiert konnt ginn.

Mir kennen dernieft och de Phenomeen vun der Blogosphär, wat a villen Domänen eng grouss Beräicherung ass an och de politeschen Debat fërdert. Gläichzäiteg verschwannen awer dacks d'Grenzen tëschent Journalismus, tëschent Fiktioun an tëschent Realitéit an och propagandistesche Contenuen.

Dee Sujet, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, verdéngt et, dass ee sech méi genee domadder beschäftegt an och iwwerleet, wou eventuell d'Gefore leien a wéi mer dat an de Grëff kréien.

Et ass kee Blabla, Här President, wa mir, déi Responsabel fir d'Zukunft vun onsem Land, eis all mat der Fro beschäftegen, wéi mer assuréieren, dass d'Bierger hei zu Lëtzebuerg net nëmmen Accès hunn op eng breet an och eng professionell Press, mä och, dass mer kënnen assuréieren, dass d'Leit den Ënnerscheed ze maache wëssen tëschent professioneller Berichterstattung, Informatioun an Analys, an allem, wat et ebe soss nach esou ronderëm gëtt. D'Regierung huet e kloert Zil an en Haaptdefi: Mir musse kënne garantéieren, dass déi professionell Press an onsem Land staark bleift a souguer gestäerkt gëtt, fir de Pluralismus ze garantéieren an domadder am Fong och e Grondpilier vun eiser Demokratie kënnen ze erhalen.

Zu Lëtzebuerg gëtt nëmmen doduerch, dass de Stat seng Verantwortung iwwerhélt an och Support financier gëtt, fir Meenungsvillfalt och kënnen ze garantéieren, dës Villfalt garantéiert. D'Promotioun vun der geschriwwener Press, déi sougenannt „aide à la presse", de Service public fir de Radio an d'Tëlee si keng „nice to have", esou wéi verschidde Leit dat probéieren ze soen. An et ass och keng Optioun, mä et ass eng Noutwendegkeet! An et huet näischt mat der Gréisst vun engem Land ze dinn!

D'Regierung huet sech kloer an däitlech hannert de System gestallt an en och erweidert duerch d'Aféiere vun enger zousätzlecher Ënnerstëtzung fir déi professionell Press och um Internet. Mir wëllen déi Pressehëllef net nëmmen erhalen, mä de System och weider reforméieren an adaptéieren, soudass en och deenen neien Erausfuerderunge gerecht gëtt. Mir schaffen un enger Reform, déi als Zil huet, fir déi klassesch Pressehëllef an d'Aide à la presse en ligne zesummenzefëieren.

Haut läit de Montant, deen de Stat all Joer direkt un d'Editeure vun den Dages- a Wochenzeitungen bezuelt, bei iwwer 7,4 Milliounen Euro. Mir hunn am Budget fir dëst Joer zousätzlech 450.000 Euro virgesinn, fir d'Onlinepress och kënnen ze ënnerstëtzen. Donieft existéiert eng indirekt Hëllef bei der Distributioun vun den Zeitungen, déi sech op ronn 14 Millioune pro Joer chiffréiert, soudass ee ka soen, dass ee vun insgesamt ronn 22 Milliounen Euro kann ausgoen, déi mir all Joer an den Zeitungsmarché investéieren.

Dernieft gëllt fir déi geschriwwe Press och e reduzéierten TVAs-Taux vun 3%. Dat hëlleft, de Präis vun de Presseprodukter niddreg an also och accessibel ze halen. Dësen Taux ass awer de Moment nach net op den digitale Presseprodukter applikabel, well déi europäesch Legislatioun dat net vereinfacht an net erlaabt. D'Regierung huet sech awer och konsequent fir eng Gläichstellung agesat, fir dass dat geännert gëtt. Wahrscheinlech am Summer dëst Joer gëtt och eng Direktiv adoptéiert, an där déi Gläichstellung festgehale gëtt. Ech engagéiere mech och hei, Här President, dass den Taux vun 3% agefouert gëtt, soubal dat europäescht Recht eis dat erlaabt, a méiglecherweis schonn 2018.

De Radio 100,7 huet aktuell eng Konventioun, déi hinne Moyene vu ronn sechs Milliounen Euro pro Joer gëtt. A vum Joer 2021 un hu mer der CLT-UFA eng annuell Garantie ginn iwwer maximal zéng Milliounen Euro pro Joer fir eng Mission de service public och op der Tëlee. De Stat investéiert also insgesamt ab 2021 ronn 38 Milliounen Euro d'Joer an déi professionell Berichterstattung. Et si gutt investéiert Suen a mir sti ganz kloer derzou, dass een dee Montant net soll reduzéieren.

Eppes ass awer geneesou kloer, an dat ass eng vun den Haaptaufgaben, déi eis déi nächst Jore beschäftege wäert: Mir mussen derfir suergen, dass d'Bierger vun dësem Land, dass d'Consommateure vun dëser professioneller Press och kloer erkennen, dass et sech ëm eng qualitativ héichwäerteg Berichterstattung handelt. Den Ënnerscheed tëschent deem, wat deontologesche Kritären ënnersteet an u Konditioune gebonnen ass, an deem, wat fräi an onreguléiert verbreet gëtt, muss erkennbar sinn.

Mir wëllen eng national Strategie lancéiere fir d'Medieverständnis an och fir d'Stäerkte vun der professioneller Press. Mir als Politik op där enger Säit an d'Editeuren an d'Medienhaiser op där anerer Säit hunn d'Aufgab, derfir ze suergen, dass d'Leit zu Lëtzebuerg kënnen aschätzen, wéi engen Informatiounen een och ka vertrauen. Net alles, wat publizéiert gëtt, an net alles, wat een an engem Zeitungsbuttek fënnt, hält deontologesche Kritäre stand.

Ech hat den éischten Echange mam Conseil de presse a mat den Editeuren iwwer esou en Aktiounsplang, wou een op deene verschiddenen Niveaue kann agéieren, justement fir d'Medieverständnis, besonnesch bei deene Jonken, och ze verbesseren. Et existéieren eng Rei Iddien, fir notamment an de Schoulen eng gewësse Medienerzéiung an de Vierdergrond ze stellen. Mä et soll an et dierf ee sech net eleng op d'Schoul an och net eleng op déi Jonk konzentréieren. Mir wëllen d'Société civile matabannen, mir wëllen d'Gewerkschaften, d'ONGen, d'Federatiounen an och d'Fuerscher an dësem Domän mat de Medienhaiser gemeinsam dru schaffe loossen, dass de Stellewäert vun der professioneller Press och an d'Luucht geet. Ech wëll mech als Medieminister, mä och als Premier an den nächste Woche mat deene verschiddenen Akteuren zesummesetzen an esou un engem Aktiounsplang schaffen, fir deen och hei kënnen der Chamber ze presentéieren.

Mir wëllen dernieft d'Qualitéit an d'Pluralitéit net nëmme weider garantéieren, mä och ausbauen an dobäi och bis erofgoe bei déi méi regional a méi lokal Medien, déi och eng wichteg Roll hunn. Vum nächste Joer u soll et duerfir och eng nei, zousätzlech finanziell Ënnerstëtzung gi fir déi Akteuren, déi op regionalem an op lokalem Niveau de Bierger informéieren an dobäi och professionelle Kritäre gerecht ginn. Mir hunn Akteuren hei am Land wéi notamment de Radio ARA hei am Zentrum oder Nordliicht TV am Norde vum Land, déi net vu grousse Mediegruppe gestäipt ginn an awer zënter Joren eis Medien- a Kulturlandschaft och beräicheren. Hir Aarbecht ass wichteg a si gëtt och vum Bierger unerkannt a valoriséiert.

Den Engagement, deen op lokalem Niveau dacks op fräiwëlleger Basis geleescht gëtt, wëlle mir méi staark ënnerstëtzen. Mir wëlle se och finanziell ënnerstëtzen, woubäi de Schwéierpunkt op déi kulturell a sozial Beräicherung geluecht soll ginn.

Eng deementspriechend Initiativ soll och an den nächste Woche finaliséiert ginn a vum nächste Joer u schonns gëllen. De gesetzleche Kader vun den audiovisuelle Medien ass 1991 an dëser Chamber gestëmmt ginn, du ware mer nach an engem analogen Zäitalter. An dat Gesetz muss elo och entstëbst ginn an endlech un den digitalen Zäitalter ugepasst ginn. Virun allem mussen d'Prozedure vereinfacht ginn, fir dass d'Liberté d'expression sech an de Medie méi einfach entfale kann an och déi Saachen iwwert d'Egalitéit garantéiert ginn. Et ass net, well et dann net an de Printmedien ass, dass zum Beispill eng Liberté d'expression anescht ers misst behandelt ginn an der Onlinepress.

An dat misst och heeschen, dass een net onbedéngt muss eng Erlaabnis vun der Regierung hunn, fir Radio an Televisioun ze offréieren, wat bei der geschriwwener Press schonn ëmmer de Fall war. Och op EU-Niveau gëtt de Moment iwwert d'Upassung vu Legislatioune fir grenziwwerschreidend Medie verhandelt. Mir setzen eis derfir an, dass vu Lëtzebuerg aus och an der Zukunft Radios- an Tëleesprogrammer a ganz Europa verdeelt kënne ginn.

Op europäeschem Niveau gëtt den Ament och nach iwwer eppes aneschters diskutéiert, nämlech den Ëmgang mat de soziale Reseauen an och d'Verantwortung vun deene Konzerner, déi hannert deene soziale Reseaue stinn. Si droen eng Verantwortung, déi den Ament nach net richteg gefaasst an erfaasst ass. Et stelle sech fir eis zwou Froen: Déi éischt ass déi vun enger Zort Responsabilité éditoriale: Muss deen, deen eng Plattform zur Dispositioun stellt, net och en An drop hunn, wat op senger Plattform geschitt? Et kann net sinn, wann ech diffuséieren, dass et mer egal ass, wat diffuséiert gëtt!

An déi zweet Fro ass déi vun den Algorithmen: Awéiwäit hélt e Provider vun engem Réseau social en Afloss op d'Meenungsbildung doduerjer? Dat sinn och Froen, déi ee sech muss stellen! Dass een dem Utilisateur am Fong carrement bal virun d'Nues setzt, wat den Algorithmus mengt, dass en ze interesséieren hätt. Dir wësst, dass, wann Der elo op Google eng Recherche maache gitt, ob eis Aerd net awer eng Scheif wier, dann hutt Der duerno op Facebook Säiten, déi sech affichéieren, wou Leit sech äusseren, dass se iwwerzeegt sinn, dass déi Ausserierdesch am Nevada an der Wüüst liewen an dass d'Amerikaner zum Beispill och d'Landung um Mound an engem Studio enregistréiert hunn.

Ganz vill Leit stelle sech och d'Fro net iwwert d'Daten, déi se iwwerhaapt ginn! Mir reegen eis jo op: Een, deen haut op Booking eppes kucke geet an awer net bestellt, wonnert sech, dass en duerno deeglaang Promotioune geschéckt kritt, dass d'Präisser nach ni esou bëlleg ware grad fir déi Period, wou e wëllt goen! A wann e säi Facebook opmécht, dass eng Säit dosteet mat deenen Hotellen a mat den Ausflich, déi e kann op där Plaz, wou e grad gekuckt huet op Booking, maachen! Déi Fro muss ee sech och eng Kéier, wann een iwwert d'ganz sozial Medie wëllt schwätzen, stellen, wat mat all deenen Informatioune geschitt.

Dat heescht, mir sinn der Meenung, dass een esou eng Diskussioun op europäeschem Ni-

veau muss féieren, wéi mer an Zukunft mat soziale Reseaue justement ëmginn a wou d'Verantwortung läit, fir ze verhënneren, Här President, dass d'Grenzen tëschent Wourecht a Ligen, tëschent Realitéiten a Fiktioun weider verschwannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo net op Fake News agoen - Dir hutt jo elo gesinn, wéi a Frankräich elo nach probéiert ginn ass, deen een oder deen anere Kandidat ze destabiliséieren -, mä dat ass awer och e Sujet, deen ee misst eng Kéier kënnen an der Mediekommissioun diskutéieren, wat dat do awer och fir en Impakt huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer als Konklusioun mat deene Wierder opzehalen, mat deenen Dir ugefaangen hutt, Här President. Haut ass Europadag, wou mer eis un d'Valeure vun der Europäescher Unioun erënneren. Zu deene Valeure gehéiert ganz sécher och d'Meenungs- an d'Pressefräiheet.

Et gëtt Länner, um Bord awer vun der Europäescher Unioun, wou déi Pressefräiheet net eng Selbstverständlechkeet ass an eng Rëtsch vu Journaliste mat Prisongsstrofen ze rechnen hunn, wa se dat schreiwen, wat hir Conscience professionnelle hinne seet, dass se solle schreiwen, a souguer an dem Prisong landen oder zougemaach ginn! Dat gëtt et a verschiddene Länner.

Et gëtt och an europäesche Länner Journalisten, déi all Dag musse kämpfen, fir iwwerhaapt hir Aarbecht kënnen auszeüben. Mir sollen ni vergiessen, dass et fir eis an och fir déi aner wichteg ass, dass mer déi Fräiheeten an déi europäesch Valeure weider verteidegen an och d'Meenungsvillfalt stäerken. Dat soll eis gemeinsam Motivatioun vun eis alleguerten heibannen och sinn!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Premier- a Medieminister. Als éischt ageschriwwe Riednerin huet d'Madamm Diane Adehm fir d'CSV d'Wuert.

Débat

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, net ëmsoss ginn d'Medien oft als de véierte Pouvoir hei am Land benannt. Schliisslech stoung jo eppes an der Zeitung! Ob dës awer eng seriö Zeitung oder eng manner seriö Zeitung war, dat gëtt oft vergiess ze soen. An deem Sënn hat den Jim Morrison scho recht, wéi hie gesot huet: „Whoever controls the media, controls the mind."

Här President, dës Debatt iwwert d'Medien ass vun der Regierung an der Suite vun der Affär RTL/Lunghi ugefrot ginn. D'Mediendebatt vun haut soll awer méi wäit goen. Eng éischt Nott koum vum Medieminister am Mäerz an eng zweet Nott koum dann dunn de leschten Donneschdeg den Owend. An dëser zweeter Nott ëmräisst d'Regierung vill méi genee, wat si sech vum Debat vun haut erwaart.

Als CSV bedauere mir, dass net am Virfeld an der zoustänneger Chamberskommissioun iwwert dës Debatt geschwat ginn ass. Hei hätt ee kënnen an aller Rou kucken, wéi d'Medien am Ausland fonctionnéieren. Mir hätte kënnen d'gesetzlech Grondlage kucken, mir hätte kënnen de Finanzéierungsmodell kucken a mir hätten eventuell kënnen als Kommissioun eng eenheetlech Propos maachen. Leider war dat awer net esou vun der Regierung gewollt, mam Resultat, dass haut dann all Partei hei hir eegen Zëppche presentéiert an dat wuel wëssend, dass een hei net alles ofdecke kann.

Här President, haaptsächlech an de leschten Deeg war d'Debatt vun haut e grousst Thema an der geschriwwener Press. Dat wonnert och keen heibannen, well et geet jo ëm d'Press selwer. A wéi soen d'Fransousen esou schéin: «On n'est jamais mieux servi que par soi-même.»

Dobäi ass et haaptsächlech ëm d'Finanzéierung vun der Press gaangen. Ier ech awer op dëse Punkt aginn, sinn ech der Meenung, dass ee sech fir d'Éischt emol soll kloer Kritäre ginn, wat soll finanzéiert ginn an op wéi enger Basis soll finanzéiert ginn.

Duerfir géif ech a menger Ried de Mëtteg och fënnef grouss Punkten uschwätzen: Den éischte wier d'Mission de service public an tant que telle; en zweete Punkt wier, wéi eng Medien da solle finanzéiert ginn; als drëtt Kapitel stellt sech d'Fro vun der Form vum Journalismus; e véierte Punkt ass d'Roll vum Konsument an de Medien, an da géif ech ofschléissen, wéi ee sech eventuell kéint en neie Finanzéierungsmodell vun de Medie virstellen.

Här President, ech fänken u mat der Mission de service public, an erlaabt mer, hei e klenge Réckbléck ze maachen.

Am Joer 1929 gouf dat éischt Gesetz iwwert den Audiovisuel gestëmmt. E privaten Operateur huet d'Recht kritt, fir Programmer ze senden an duerfir an der Konterpartie Missiounen am Interessi vum Land ze assuréieren. Bis haut huet sech dorunner näischt geännert, och net an deem neie Konzessiounsvertrag. RTL huet eng Rei vu Missions de service public an dës sinn Informatiounen, och fir aner Communautéiten, déi hei am Land wunnen, Emissiounen iwwer Kultur, Sport an Erzéiung, Emissiounen iwwer exzeptionell Evenementer, déi am Interessi vun eise Matbierger sinn, d'Diffusioun vu Communiquéen an Informatiounen, déi mat der Sécherheet vun eise Matbierger zesummenhänken, an an de Wahlperiode politesch Emissiounen a Campagnë vun de jeeweilege Parteien. Zu dësem Modell, dee bal honnert Joer al ass, sti mir als CSV. Mir hunn dëse Modell ëmmer ënnerstëtzt. A grad dëse Modell huet erlaabt, dass d'CLT an RTL zu engem Global Player gi sinn.

Am Joer 1991, am Kader vum Gesetz vum 27. Juni 1991 iwwert d'elektronesch Medien, ass de soziokulturelle Radio geschaaft ginn. Hien huet ënner anerem als Missioun: «promouvoir la vie culturelle, favoriser la création artistique, contribuer à la communication sociale, y compris la vie interculturelle et la coopération transfrontalière, participer à l'information libre et pluraliste et fournir un large accès à l'antenne aux organisations sociales et culturelles du pays.»

Evidenterweis gëtt et am Beräich vun der geschriwwener Press kee Service de mission public, wat awer net bedeit, dass et keng Spillregele gëtt, fir ëffentlech Hëllefen ze kréien. Am Gesetz vum 3. August 1998 iwwert d'Promotion de la presse écrite gi Kritäre festgehalen, no deenen d'geschriwwe Press finanziell Hëllefe kritt. D'Medienhaiser mussen ënner anerem national an international Informatioune bréngen aus der Politik, der Wirtschaft, dem sozialen an dem kulturelle Beräich a si mussen eng Mindestunzuel u professionelle Journalisten hunn. Wann de Stat Hëllefe fir Medie virgesäit oder hinnen d'Notze vu Frequenzen erlaabt, gëtt et ëmmer Spillregele respektiv eng Géigeleeschtung fir de Stat.

Den zweete Punkt vun haut: Wéi eng Medie solle finanzéiert ginn?

Hei musse mir, wéi gesot, den Ënnerscheed maachen tëschent der geschriwwener Press an den audiovisuelle Medien. Nei ass och d'Fro vun der Onlinepress, déi och an Zukunft soll ënnerstëtzt ginn. Als CSV begréisse mir, dass d'Onlinepress ënnerstëtzt gëtt. Domadder komme mir mat eiser staatlecher Hëllef enger Entwécklung no, déi et an der Realitéit scho vill méi laang gëtt.

Dat heescht awer net, dass mir d'accord si mam Règlement du Gouvernement en conseil vum 13. Januar 2017. Mir begréissen de Prinzip, awer net d'Ausféierungsbestëmmungen. An eisen Ae wier et sënnvoll gewiescht, wann ee vun der Geleeënheet profitéiert hätt, fir déi ganz Pressehëllef op de Leescht ze huelen an an engem eenzegen Text ze regelen. Duerfir proposéieren ech och eng Motioun, fir eng gemeinsam legal Basis fir d'Pressehëllef ze schafen, egal ob dat fir déi gedréckte Press ass oder fir d'Onlinepress.

Wann ech gelift, Här President.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- que la promotion de la diversité de la presse d'opinion constitue un pilier fondamental d'un État démocratique et qu'il convient d'y veiller continuellement;

- que les médias contribuent non seulement à la formation d'opinions mais jouent également un rôle important dans l'intégration et la cohésion sociale;

- qu'il est important qu'un État démocratique offre les moyens adéquats pour que la pluralité de la presse soit garantie;

- la loi du 3 août 1998 sur la promotion de la presse écrite telle qu'elle a été modifiée;

- les critères qu'un organe de presse écrite doit remplir afin d'entrer dans le bénéfice d'une aide financière de l'État tels que définis par les articles 1 & 2 de ladite loi;

- l'apparition de nouvelles formes médiatiques et l'évolution des supports de communication au cours des dernières années;

- le règlement du Gouvernement en conseil du 13 janvier 2017 concernant l'introduction d'un régime de promotion transitoire de la presse en ligne;

- les critères qu'un organe de presse en ligne doit remplir afin d'entrer dans le bénéfice d'une aide financière de l'État tels que définis par les articles 1 & 2 dudit règlement;

- qu'il n'y a pas de cohérence entre les dispositions de la presse écrite et de la presse en ligne;

invite le Gouvernement

- à intégrer, pour davantage de cohérence et de clarté, les différents régimes d'aide à la presse et les critères y relatifs dans un cadre légal général.

(s.) Diane Adehm.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Mir hätten eis och méi Kohärenz gewënscht. Ech stellen hei e puer Froen an de Raum: Muss een all Aktivitéitsberäicher ofdecken, fir eng Hëllef ze kréien? Kënnen och Presseproduite mat enger Periodicitéit vu méi wéi enger Woch dorënnerfalen, zum Beispill déi, déi all Mount erauskommen? Wéi ass et mat de Sproochen? Firwat kritt d'Onlinepress eng Hëllef a si muss net déiselwecht sproochlech Kritären erfëlle wéi déi gedréckte Press? Kann de Medieminister eis vläicht erklären, firwat de sproochleche Kritär net an der finanzieller Hëllef fir d'Onlinepress virgesinn ass? Kann zum Beispill eng Zeitung, déi op Portugisesch geschriwwen ass, an Zukunft och vun der Onlinepressehëllef profitéieren?

Fir eis si ganz besonnesch zwee Kritäre wichteg, an zwar dee vum professionelle Journalismus an dass nëmme richteg Zeitunge mat generellen Informatiounen Ënnerstëtzung fannen. Ech erkläre mech: Fir eis si richteg Zeitungen déi, wéi et och am Gesetz steet, déi sech aus der Vente finanzéieren an déi net zu méi wéi der Halschent aus Annoncë bestinn.

Niewent RTL an dem soziokulturelle Radio gëtt et och nach aner audiovisuell Medien hei am Land. Sollen déi och méi ënnerstëtzt ginn? Mir sinn hei net am Domän vun der Pressehëllef. Mir sinn awer der Meenung, dass punktuell a fir bestëmmte Projeten, déi zum Beispill e kulturellen, en educativen oder e regionale Méiwäert hunn, déi aner Medie kéinten ënnert d'Äerm gegraff kréien. Mir begréissen och, dass de Premier virdru gesot huet, dass e géif eng Léisung fanne fir Nordliicht TV an deem heiten Zesummenhang.

Ech präziséieren, dass dat mat der Pressehëllef awer näischt ze dinn huet. Fir eis soll ee sech hei reng op de Projet konzentréieren. Ofschléissend zu dësem Punkt wéilt ech nach soen, dass fir d'CSV eng Pressehëllef oder eng punktuell Ënnerstëtzung nëmme fir Medien a Fro kënnt, déi d'Grondrechter vun eiser Demokratie respektéieren.

Da kommen ech op den drëtte Punkt, d'Fro vun der Form vum Journalismus.

Här President, et ass net un der Politik ze definéieren, wat fir e Journalismus dass si gären hätt! D'Politik muss d'Rumm setzen, fir dass d'Meenungsfräiheet an de Pluralismus garantéiert sinn. Dëst sinn d'Grondlage vun der Demokratie. Wann d'Politiker de Journalisten Zensuren ausstellen, da si mir an engem anere System.

Perséinlech fannen ech héichwäertegen, qualitative Journalismus gutt. Dëse Journalismus kënnt awer net vun näischt. Duerfir brauche mir fir d'Alleréischt gutt ausgebilte Journalisten. Dës mussen net alleguerte Journalismus studéiert hunn op enger Universitéit. Gutt Journaliste bréngen oft d'Basiswësse mat aus fréiere Beruffserfahrungen, dat hinnen hëlleft, sech mat ëmmer méi komplexe Sujeten auserneenzesetzen. Dës Sujete ginn dann och richteg analyséiert an den Artikel gëtt esou geschriwwen oder de Film gëtt esou gemaach, dass e säin Zilpublikum erreecht. Mä, et ass nach kee Meeschter vum Himmel gefall!

Zu Lëtzebuerg maachen d'Journalisten e Stage vun zwee Joer, ier si hir Pressekaart kréien. Wärend dëser Zäit musse si och obligatoresch Coursë maachen iwwer eis Institutiounen, de Code de déontologie, d'Droits d'auteur an den Droit de la presse. Dës Coursë gi vum Conseil de presse organiséiert an och ofgehalen. An de Conseil de presse huet dat iwwregens och a senge gesetzlech verankerte Missioune stoen. De Gremium soll seng Roll als Autoregulateur voll spillen, fir dass d'Qualitéit garantéiert gëtt. Et ass dowéinst wichteg, de Conseil de presse bei all senge Beméiungen am Beräich vu Formatioun a Weiderbildung vun de Journalisten ze ënnerstëtzen.

De Conseil de presse muss, wéi gesot, autonom schaffen. An dat gëllt och fir de Code de déontologie, dee sech d'Journaliste selwer ginn. Erlaabt mer, ee Moment op dëse Code de déontologie anzegoen.

D'Bestëmmunge kommen aus dem Joer 2006 a si vum Conseil de presse an enger Séance plénière ugeholl ginn. Mat dësem Code verflichte sech d'Journalisten, eng ganz Rei vu Regelen anzehalen, zum Beispill d'Veracitéit vun den Noriichten nozepréiwen, an dozou gehéiert och d'Présomption d'innocence oder d'Exactitude vun deem, wat geschriwwe gëtt, ze respektéieren oder och ganz allgemeng de Respekt vun de fundamentale Rechter vun der Persoun.

Hält jiddweree sech un dee Code, dierft et kaum Problemer ginn. Et kann ee sech natierlech d'Fro stellen, ob de Code de déontologie ugepasst ass oder net, haaptsächlech an der digitaler Welt, an där mir haut liewen. Mä et ass un der Professioun selwer, fir eis dat ze soen.

Iwwregens gëllt och fir all Journalist d'Gesetz; ech mengen domadder d'Zivillrecht an d'Strofrecht. Dëst bedéngt e verantwortlecht Handelen.

Här President, e weidere Punkt, deen et derwäert ass, driwwer nozedenken, ass d'Kreatioun vun enger Lëtzebuerger Presseagence. An der Schwäiz gëtt et zum Beispill esou eng onofhängeg „Schweizerische Depeschenagentur". Dat ass eng national Presseagence, déi Informatioune fir d'ganz Schwäiz ubitt an dëst direkt an dräi Sproochen. D'Informatioune gi vu Journalisten opbereet a betreffe Politik, Wirtschaft, Sport a Kultur. Dës Informatioune ginn dann un déi verschidde Presseorganer verkaaft.

De Chefredakter vun enger grousser Lëtzebuerger Dageszeitung huet och an engem Analyse- und Meinungsartikel vum leschte Samschdeg dëst Thema ugeschnidden. Hei ass awer d'Press selwer gefuerdert, fir iwwer esou eng Agence nozedenken.

Wat ass d'Roll vum Konsument vun de Medien? Dat nächst Kapitel.

Här President, de Konsument vun de Medien huet am digitalen Zäitalter geännert. Fréier haten d'Leit en Abonnement op eng oder méi Dageszeitungen an hunn dës och gelies. Sonndes mëttes gouf nom Iessen de Fernseh ugemaach an et gouf „Hei Elei Kuck Elei" gekuckt.

Haut kucken déi Jonk...

(Interruptions diverses)

Voilà! Haut kucken awer déi Jonk oder Jonkbliwwen hiren Handy oder Tablet a liesen dorobber, wat an der Welt lass ass. Dëst si beschtefalls Noriichten, awer meeschtens sinn et nëmmen Iwwerschréften, well et muss jo séier goen a verschidden Internetsitte gi gekuckt. Do dernieft informéieren d'Leit sech och iwwert déi sozial Medie wéi Facebook oder Twitter. De Konsument muss sech bewosst sinn, dass hien do souwuel Konsument wéi och Produzent ass. D'Spillregele vun den „traditionellen" Medie gëllen hei net.

An den Ëmgang mat dëse Medie setzt eng Erzéiung an de soziale Medie viraus, notamment bei deene Jonken, mä net nëmmen. Aus deem Grond si mir der Meenung, dass de Familljeministère an den Educatiounsministère sollen eng gemeinsam Strategie ausschaffen, fir d'„Digitaalt Léieren" vun de Kanner scho ganz fréi unzefänken.

Aktuell huet de Radio ARA eng Konventioun mam Familljeministère an Educatiounsministère fir de Projet „Graffiti". Duerch dëse Projet ginn déi Jonk geziilt un d'Medien erugefouert. Et wier wënschenswäert, wann esou Projete kéinten ausgedeent ginn, well nëmmen duerch esou Projeten oder wéi dee vum Uelzechtkanal léieren déi Jonk, wéi audiovisuell Medie fonctionnéieren.

Mä net nëmme Kanner mussen den Ëmgang mat de Medie léieren. Och mir Erwuessener sinn alleguerte betraff, well mir sinn net mat den neie Medie grouss ginn. Mir hunn déi oft eréischt wärend eiser berufflecher Carrière kennegeléiert. Mä grad am Zäitalter vu Fake News ass et wichteg, dass och mir Erwuessener eis dermadder auserneesetzen an den Informatiounsfloss, deem mir ausgesat sinn, kritesch analyséieren. Mir brauchen e kohärente Plang vu Medienerzéiung, dee bei deene Klengen ufänkt an deen déi Erwuessen och matabënnt.

An an deem Sënn wéilt ech dann och eng zweet Motioun haut de Mëtteg deposéieren.

Motion 2

La Chambre des Députés,

considérant

- que l'utilisation des nouvelles technologies d'information et de communication fait aujourd'hui partie intégrante de la vie sociale, culturelle et politique;

- que les nouveaux médias ont influencé considérablement le mode de consommation de ces derniers;

- les risques liés à cette consommation accrue des nouveaux médias, notamment des médias sociaux;

- qu'il est plus que jamais important de nos jours que notamment les plus jeunes générations apprennent à utiliser les médias de manière intelligente et responsable;

- que les utilisateurs des médias sociaux peuvent à la fois être consommateurs et producteurs d'informations;

invite le Gouvernement

- à revoir de manière régulière l'éducation aux médias au niveau de l'école dans le sens d'une révision adaptée aux évolutions et aux dangers constatés sur le terrain;

- à élaborer une stratégie globale afin d'asseoir l'éducation à une utilisation responsable des médias qui s'adresse tant aux enfants, et ce dès le plus jeune âge, qu'aux adultes, et non seulement dans la formation initiale et continue des professionnels du secteur éducatif et socio-éducatif, et de promouvoir leur vigilance par rapport aux contenus des médias, afin de leur permettre d'affiner leur jugement.

(s.) Diane Adehm.

Här President, bei der geschriwwener Press, an haaptsächlech bei der Dagespress gëtt et gratis Internetsitten, awer och Artikelen, déi een nëmme géint Bezuelung liese kann. D'Pabeierversioun ass ze bezuelen. Mä wat si mir als Konsument bereet ze bezuelen? An enger Zäit vun „Geiz-ist-geil"-Mentalitéit a wou alles gratis ass, muss ee sech als Konsument och heiansdo op de gudden ale Sproch zréckbesënnen: „Deemno Geld, deemno Wuer." Jo, och mir alleguerten als Konsument hunn eng Verantwortung a kënnen net verlaangen, dass mer héichwäerteg Noriichten an Hannergrondinformatiounen zum Nulltariff kréien! Als Konsument musse mir bereet sinn, fir qualitativ héichwäertege Journalismus erëm ze bezuelen.

Op auslännesche Sitte gëtt et Beispiller, wou ee mat e puer Klicke kann en Artikel kafe fir e puer Cent, ouni all Kéiers mussen d'Kreditkaart auszepaken an all d'Donnéeën anzeginn. Mä och d'Medienhaiser si gefrot, fir en einfache Bezuelsystem op d'Been ze setzen. Firwat solle si sech net zesummendinn an e gemeinsame Logiciel fir Lëtzebuerg entwéckele loossen? Et kéint ee sech och virstellen, dass d'Medienhaiser gemeinsam Dossieren zu verschiddenen Themen zesummesetzen, déi de Konsument dann en bloc keeft, ouni musse bei jiddwerengem eenzel Artikelen zu engem bestëmmten Thema ze kafen. Och Artikele vun auslännesche Medienhaiser kéinten an dësen thematesche Dossieren dra sinn.

Här President, da kéim ech op de leschte Punkt: Wéi kéint en neie Finanzéierungsmodell vun de Medien ausgesinn?

Meng Fraktioun, déi steet fir e generelle Kader, deen d'Onofhängegkeet vun de Medie garantéiert. Nëmmen esou ka séchergestallt ginn, dass d'Meenungsfräiheet an enger Demokratie respektéiert gëtt. D'Medie solle garantéieren, dass jiddweree ka seng Meenung virbréngen an och verdeedegen. D'Medie sollen Analyse maachen an d'Informatioun op eng villfälteg Aart a Weis verschaffen. D'Medie sollen zur ëffentlecher Debatt bäidroen an dëst op alle Pläng, sief et politescher Natur, sozialer, wirtschaftlecher oder kultureller Natur. Dëst soll zur ëffentlecher Meenungsbildung bäidroen, déi an all Gesellschaft stattfënnt.

D'Medie spillen eng wichteg Roll an den Decisiounen, déi vun enger Gesellschaft geholl ginn, an dëst op alle Pläng. D'Medien iwwerhuelen och an der Integratioun eng wichteg Roll. Si bréngen eng Gesellschaft zesummen, déi sech ëmmer erëm verännert. Wa mir wëlle Medien hunn, déi eng qualitativ gutt Aarbecht maache kënnen, soll a muss de Stat dat ënnerstëtzen. Mir sinn der Meenung, dass souwuel déi traditionell gedréckte Press wéi och d'Onlinepress sollen ënnerstëtzt ginn. Si sollen och eng gemeinsam legal Basis kréien. Mir hätte gäre bei der staatlecher Hëllef en eenzege kohärenten Text.

Als CSV-Fraktioun si mir der Meenung, dass, wéi bis elo virgesinn am Gesetz vum 3. August 1998 iwwert d'Promotion de la presse écrite, de Stat soll weiderhin d'Press finanziell ënnerstëtzen op der Basis vun enger Part fondamentale an enger Part proportionnelle. Dës finanziell Hëllef soll och weider u verschidde Konditioune gebonne ginn.

Mir hunn eng Rei vu Froen opgeworf, wat d'Kritäre betrëfft. Mir bräichten eng fundamental Debatt iwwert déi Kritären, vun deenen ech virdru geschwat hunn. Fir Onlinemedien ass et zum Beispill schwéier, eng Säitenzuel ze definéieren, fir d'Part proportionnelle auszerechnen. Hei misst en neie quantitative Kritär fonnt ginn. Déi aktuell Hëllef fir d'Ausdroe vun der geschriwwener Press soll weiderhi bestoe bleiwen. De superreduzéierten TVA-Taux vun 3% soll och weiderhi bestoe bleiwen.

Ech géif och nach drun erënneren, dass nieft dëse Virdeeler och d'Recettë vun den ëffentlechen Ausschreiwungen der Press zeguttkommen. Mir kënnen eis als CSV och virstellen, geziilt Start-uppen ze ënnerstëtzen, déi am Medieberäich aktiv sinn an hei zum Beispill nei Plattformen entwéckelen, och am Beräich vun der Archivéierung oder grad am Beräich Big Data, wou ee kann nei an innovativ Solutiounen entwéckelen.

Mir sinn och der Meenung, dass vill méi verstäerkt misst eng Bestandsopnam vun der Press hei am Land gemaach ginn. Wa mir eng ëffentlech Debatt wëlle féieren iwwert d'Hëllef, d'Pressehëllef hei am Land, sinn dës Donnéeën an eisen Aen absolutt noutwendeg.

Wat d'Finanzéierung vun den audiovisuelle Medien ugeet, do soll ee punktuell, wann e Méiwäert do ass, e Projet subventionéieren, wéi ech dat scho virdrun ugeschnidden hunn. Mir brauche Regelen an Hëllefen, déi den Zougang vu méiglechst ville Leit zu héichwäertege qualitative Medien erlaben.

Ofschléisse wéilt ech mam Romain Hilgert sengem Artikel vum „Tageblatt" vun der leschter Woch, deen eigentlech zum Schluss déi richteg Fro stellt. Hie freet, ob d'demokratesch Revolutioun vun der Press op en Enn geet. Kréie mer eng Spléckung vun engersäits enger gratis Press, déi fir déi breet Majoritéit ass, a kréie mir anerersäits eng deier Press, déi kritesch an informativ ass, mä enger Minoritéit virbehalen ass, déi bereet ass, derfir ze bezuelen? D'Zukunft wäert eis weisen, wéi e Wee dass mir ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Adehm. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

M. Eugène Berger *(DP).*- „Mat Schlagzeilen eruewert ee Lieser, mat Informatioune behält ee se." Här President, dëst ass en Zitat vum englesche Journalist an Editeur Alfred Harmsworth. Wien e vläicht net kennt: Den Alfred Harmsworth war de Grënner vum „Daily Mail" a fir vill Leit ass hien eigentlech och de Matbegrënner vum Boulevardjournalismus. Hien huet et also selwer vläicht net ëmmer esou genau mat de Fakte gehalen. Mä ech mengen dach, datt dat en Zitat ass, dat och haut an de Kader vun dëser Debatt hei erapasst.

Här President, mir liewen an enger Zäit, déi vu rasanten technologeschen Entwécklunge gepräägt gëtt. Am Joer 1922, wéi dunn den Alfred Harmsworth gestuerwen ass, gouf et nach keng ëffentlech Televisiounsiwwerdroung, kee Chamber TV, kaum, wéineg Radiosemissiounen, keng sozial Medien. An deemools waren d'Noriichten oder och d'Schlagzeilen awer eng Zäit ënnerwee, bis datt se bei de Leit ukomm sinn. Si sinn och bei manner Leit ukomm. Et waren och deemools net esou vill Leit, déi vläicht d'Zeitung gelies hunn, och Zäit haten, d'Zeitung kënnen ze liesen.

Haut ass dat ganz anescht. Haut mécht den Internet et méiglech, datt Millioune Leit innerhalb vun e puer Sekonnen Inhalter vermëttelt kréien an d'Leit déi dann och nach kënne weiderverdeelen. A wann et vläicht d'Schlagzeilen am fréien 20. Jorhonnert waren, déi d'Medien deemools verännert hunn, haaptsächlech déi gedréckten Zeitungen, sou kann een awer soen, datt haut den Internet eigentlech d'Medielandschaft revolutionéiert huet, net nëmmen d'Medielandschaft, ech géif soen eigentlech déi ganz Kommunikatiounsgesellschaft, déi mer mëttlerweil sinn, mä awer och duerfir ëmsou méi d'Medielandschaft.

A wat jo eben och ee wichtegen Ënnerscheed ass zu deemools: Haut ass et wierklech d'Vitesse, déi den Ënnerscheed mécht zu deemools. Haut ass et d'Schnellegkeet vum Internet, déi et eben och mécht, datt ee sech oft keng Zäit, oder datt den Internet selwer, déi Medie sech keng Zäit huelen, fir Inhalter dann och ze verdéiwen.

Déi rasant Entwécklung vum Internet huet d'Medielandschaft radikal verännert an déi klassesch Printpress an och de Radio, och d'Televisioun hu sech missen dorunner adaptéieren. Dat ass net ëmmer evident gewiescht. Déi Entwécklung ass relativ schnell gaangen, mä praktesch all déi - géif ech soen - bekannt „klassesch" Medien hu sech haut en zweet Standbeen - mëttlerweil ass et ganz oft dat éischt Standbeen - zougeluecht mat Onlinepräsenz.

Et gëtt natierlech och nach vill Leit, déi déi klassesch Printmedie liesen. Ech gehéieren do derzou, datt ech dat eigentlech och nach ëmmer léiwer hunn, och wann een e Buch liest. Ech hunn och haut iergendwou op de soziale Medie gelies, datt och de Chamberspresident eigentlech nach léiwer géif moies Pabeier am Grapp hunn. Sécherlech, dat ass de Fall.

Mä dernieft hunn d'Leit, och wa se dat gären hunn, awer dee Reflex, fir eben awer dernieft och ëmmer nach parallell praktesch op Onlineinformatiounen, -medien, sozial Medien zréckzegräifen. An et kann een einfach feststellen, och wann et weiderhin déi Printmedie gëtt, déi och nach weider vill an de Grapp geholl ginn, gelies ginn, datt awer bei ville klassesche Medienhaiser d'Onlineversioun mëttlerweil vill méi Succès huet. Dat kann ee jo och un de Klicken erkennen, datt ee gesäit, datt do vill méi Leit dat consultéiere wéi d'Printmedien.

Dat huet och sécherlech positiv Aspekter, déi Online-instantané-Versiounen, well een do wierklech e séieren, en onkomplizéierten Accès zu Noriichten huet, 24 Stonnen op 24. Et muss een net moies waarden, bis datt de Bréifdréier laanscht ass. Siwen Deeg op siwen huet een eng Berichterstattung. Et huet ee live Kommentaren, et kann ee Biller eraschécken a vläicht huet een och iergendwéini eng Fonctioun, wou ee souguer kann d'Gerëcher vläicht matkréien.

Et kommen awer och nei Elementer eran an d'Spill an d'Medielandschaft, déi ee virdrun net esou gewinnt war. Ech nenne se emol: De Consommateur, dee fréier eigentlech éischter passiv war, och emol eng Kéier, wann e sech ganz vill opgereegt huet, de Pabeier an d'Hand geholl huet an dann e Lieserbréif geschriwwen huet; mä haut sinn déi Consommateuren eigentlech Akteure ginn, déi och kënne praktesch instantanément reagéieren. Si kënnen eigentlech och dann an d'Medien agräifen, selwer News produzéieren, zum Beispill op Twitter oder op Facebook, awer eben och bei Kommentaren, déi se online maachen, wa se iergendwou dann och seriö Artikelen oder Noriichten um Internet liesen.

An dat sinn eng Rei Entwécklungen, déi awer och Problemer opwerfen an eiser haiteger Gesellschaft, well et ass eben esou, datt déi Schnellegkeet vun de sozialen Netzwierker an och déi Dynamik, déi do entstanen ass, einfach ganz wéineg oder keng Plaz méi loosse fir de Faktencheck. Do geet et dann éischter drëms, fir Sensatiounen ze kreéieren, mä net onbedéngt, fir d'Wourecht ze vermëttelen. An dat ass awer natierlech och eppes, mat deem sech déi klassesch Medie mussen ausenanersetzen, well déi sozial Medie wierklech eng ganz seriö Konkurrenz gi si fir de Consommateur, deen dat och schnell eigentlech praktesch verbraucht.

De Premier huet virdrun och schonn dorobber higewisen. An dat heescht och, datt do eng Rei Elementer oder eng Rei nei Saachen opkomm sinn, mat deene mer eis musse seriö ausenanersetzen. Dat ass zum Beispill déi ganz Geschicht vun de Fake News. Dat ass eppes vu falschen Informatiounen - fréier hätt een et vläicht Rumeure genannt -, déi da ganz schnell, dausendfach oder milliounefach ënnert d'Leit bruecht ginn, op den Netzwierker gedeelt ginn, a wou Leit herno dann och wierklech gleewen, datt dat esou ass. Soudatt dat also awer eppes ass, wat och heiansdo benotzt gëtt, fir aner Leit ze diskreditéieren, fir hinnen ze schueden.

An dat ass e Problem, mat deem mer eis wierklech musse seriö ausenanersetzen, well dat eigentlech och am Endeffekt kann, ech géif soen, praktesch demokratesch Prozesser a Fro stellen! Prozesser vu Wahle kënne manipuléiert ginn, carrement Wahle kënne praktesch manipuléiert ginn, wéi mer dat jo och usazweis gesinn hunn an den USA an och rezent elo a Frankräich bei de Wahlen, wou och nach kuerz virum leschte Sonnden da Fake News - waren et Fake News oder net?, mä dat war schwiereg, déi reell Fakten ze iwwerpréiwen - an d'Welt gesat gi sinn, déi schnell gedeelt gi sinn an déi natierlech kënnen eng Influenz hunn dann op de Wieler an der Kabinn. Dat sinn also wierklech Saachen, déi gi praktesch bis an d'Demokratien eran, déi do un d'Wackele kënne kommen.

A mir wësse jo och, déi Fake News, dat gëtt jo praktesch industriell, kéint ee soen, och heiansdo an d'Welt gesat, produzéiert, mat deenen Algorithmen, déi da kucken, déi gesinn, wann een eppes uklickt, wann een dat een-, zweemol uklickt, datt een dann duerch déi Algorithme bei all deene Plattformen ëmmer déi Contenue kritt, déi an déi Kategorie passen. Et ass och scho virdru vum Premier ganz flott illustréiert ginn.

Mä wou musse mer do usetzen? Ech mengen, do musse mer natierlech och usetze bei deene Plattforme wéi Facebook, wéi Twitter, fir datt déi méi an d'Responsabilitéit geholl ginn. Ech mengen, et dierf net sinn, datt d'sozial Medien eigentlech da Komplize gi vu Leit, vu Gruppen, déi wëlle Fake News verdeelen. Et ass do sécherlech net einfach, fir déi richteg Handhab ze fannen, fir kënnen zum Beispill direkt anzegräifen, legislativ anzegräifen, fir eppes ze verbidden. Do ass et jo dann och ganz schnell esou, wann ee géif bei esou Plattformen, wann ee keng aner Handhab hätt, einfach soen: „Mir verbidden et!", datt een do jo awer dann och géif eng komplett Zensur duerchféieren. Dat wëllt een net. Mä ech mengen, do muss een einfach kucken, déi grouss Plattformen an d'Flicht ze huelen, fir datt si selwer besser Kontrollmechanismen installéieren.

Mir haten dat jo och schonn. Mir hunn dat gesinn ënner anerem an Däitschland. Et kann ee sech erënneren un déi Diskussioun, déi mer do haten - virun, ech mengen, et si mëttlerweil zwee Joer hier -, fir awer do och vun der Politik hier Drock ze maachen op déi Plattformen, fir datt si selwer do besser Kontrollmechanismen installéieren.

Datselwecht gëllt och fir déi sougenannten Haasskommentaren, där een der och ëmmer méi fënnt, leider och hei zu Lëtzebuerg. A mir haten an deene leschte Méint, géif ech soen, schonn e puermol dann awer och Fäll, déi bis virun d'Geriichter komm sinn, glécklecherweis. Ech mengen, net méi spéit wéi virun enger oder zwou Woche war nach esou eng Affär um Geriicht, wou Leit zu Mord u Flüchtlingen opgeruff haten oder op d'mannst dat verherrlecht haten. Hei kann ee soen, do hu mir awer hei zu Lëtzebuerg eng relativ kloer Gesetzgebung. Mir hunn do eng Rei Moyenen, Instanzen, Kontrollgremien, déi da fonctionnéieren an déi och an deene leschte Méint do gutt fonctionnéiert hunn.

An ech muss och soen, datt och bei den - ech soen elo emol - Printmedien, déi och online sinn, awer d'Kontrollmechanisme gutt fonctionnéieren. Et kann ee jo bei deene meeschten Onlineversioune vun den Zeitungen och relativ schnell, praktesch op der Sekonn e Kommentar dann hannerloossen als Lieser. An do ass et awer an de Redaktioune geméinlech esou, datt do awer déi Saachen, déi wierklech ze wäit ginn, déi mat Haass ze dinn hunn an esou weider, datt déi do guer net publizéiert ginn. Dat ass sécherlech scho ganz gutt, wéi dat hei fonctionnéiert.

Bon, et geet awer net duer, nëmmen de Problem vun de Fake News oder den Haasskommentaren ze kontrolléieren, et muss een och do präventiv wierken. Wann ech soen „präventiv wierken", dat heescht virun allem a mengen Aen, datt een den Esprit critique zu de soziale Medien an zu de Medien insgesamt - hei schléissen ech awer all d'Medie mat an -, datt een deen Esprit critique muss férderen. An do soll een natierlech bei deene Jonken ufänken. Do musse mer nach méi Efforte maachen an de Schoule fir déi sougenannt „kritesch Medienerzéiung". Dat kann an engem Cours gemaach gi wéi „Vie et Société", dat kann zum Beispill am Sproochenunterrecht gemaach ginn, wou dat systematesch säin Agank ka fannen.

Et kéint een och iwwer eng speziell Optioun „Medien" oder „kritesch Medienerzéiung" - oder wéi een et da wëllt nennen - nodenke bei der Reform vum Lycée. Ech mengen einfach, datt et hei drëms geet, datt d'Enseignanten deene Jonke solle vermëttelen, wéi ee kritesch mat de Medien ëmgeet, wéi ee kritesch mat Informatiounen ëmgeet, ob dat Printmedie sinn oder ob dat Onlinemedie sinn, ob dat Fake News sinn an esou weider.

An do gëtt et och flott Beispiller. Elo ganz rezent hate se zum Beispill am Lycée Aline Mayrisch e Projet gemaach iwwert den Trump an och e bësse seng Aart a Weis, wéi e mat de Medien ëmgeet. An do hate se du selwer, déi, déi an deem Grupp dee Projet gemaach hunn, esou eng Fake News lancéiert, wou ënner anerem da gesot ginn ass, datt elo an Zukunft missten all d'Handyen am Ufank moies an eng Black Box geluecht ginn an dann herno zum Schluss, um véier Auer oder wann d'Schoul eriwwer ass, géife se dann eben erausgeholl ginn.

An do huet ee gesinn, dat war esou eng Fake News, déi awer iwwer all méiglech Kanäl wéi e Laffeier sech verbreet huet. Herno an der Proffekonferenz ass scho kontrovers diskutéiert ginn: „Et ass eng Sauerei!", oder hei oder do, oder: „Dat ass gutt!" An herno hu se dunn och awer kloer gesot: „Hei, dat do war eng Fake News, et ass keen Déngen, et ass elo net eppes, wat reell decidéiert ginn ass vun der Direktioun." Dëst nëmmen als Beispill, wéi awer dann natierlech d'Schüler och do flott kënnen op eng praktesch Aart a Weis erugefouert ginn, fir kritesch mat Medien oder mat Noriichten ëmzegoen.

Dat ass awer och scho fréier - vläicht méi punktuell - gewiescht, dat huet heiansdo vun de Proffen ofgehaangen. Ech ka mech erënneren, wéi ech am Lycée war, am LGL, hat ech e Proff - ech kann och roueg den Numm nennen, well dat soll een och ervirsträichen, ech mengen, den Här ass mëttlerweil an der Pensioun -, den Här Mergen, Franséischproff, dat war op Troi-

sième, deen hat am Franséischcours gesot: „Voilà, elo huelt der eng Noriicht dës Woch an da liest der dat an dräi franséischen Zeitungen!“, ech mengen, et war „Figaro“, „Libération“ an „Le Monde“. Éischtens huet een dann emol eng Kéier franséisch Zeitunge gelies, dann huet ee sech eng spezifesch Noriicht, déi an deenen dräi Zeitunge war, erausgeholl an da verglach. An do konnt een och ganz gutt dann herno gesinn, datt awer och eng soi-disant objektiv Noriicht verschiddentlech, vläicht och wéinst der politescher Ausriichtung oder wéinst dem Journalist, dee se geschriwwen huet, aneschters duergestallt ginn ass.

Ech kéint och drun erënneren, wann een am Däitschunterrecht „Die verlorene Ehre der Katharina Blum“ gelies huet, ech mengen, och dat war eppes, wou een awer da sech Gedanke gemaach huet iwwert dat, wat an de Medie steet, an datt een dat net einfach soll esou hinhuelen.

Mediebildung, kritesch Medienerzéiung soll sech net nëmmen op déi Jonk beschränken. Ech mengen, och bei den Erwuessene soll een do upaken. Et kéint ee sech do och vläicht virstellen, datt een am Zentrum fir politesch Bildung do esou Elementer kéint materabréngen.

Här President, jo, och déi richteg Journalisten, déi schaffen emol mat méi räissereschen Iwwerschréften, fir d'Lieser iwwerhaapt haut nach beweegt ze kréien, hire Contenu ze liese. Mä den Ënnerscheed bei deenen Artikelen ass, datt no der Iwwerschréft awer da geméinlech e Contenu kënnt, en Inhalt kënnt mat Fakten, eventuell och emol mat enger Meenung, wou awer da kloer ze identifizéieren ass, datt et eng Meenung ass. An dat ass dat, wat awer haut och nach weiderhin e gudde Journalismus ausmécht, d'Qualitéitskritären, déi dat maachen am Géigesaz zu all deene schnellen Noriichten op de soziale Medien. An et ass och dat, wat ee muss weiderhin hei héichhalen an och weiderhin ënnerstëtzen.

Et ass jo och esou, datt d'Journalisten hei zu Lëtzebuerg insgesamt do eng gutt Aarbecht maachen. Et war emol e klengen Ausrutscher, ech mengen, ech wëll net méi weider drop agoen - dat war vläicht och e bëssen den Ausléiser vun dëser Debatt -, mä an deem Kontext och nach vläicht eng Kéier un den Deontologiekodex, deen d'Press sech selwer operluecht huet, erënneren an dorun, datt also och hei eng Rei Kontrollmechanisme fonctionnéieren.

An hei wëll ech och dat widderhuelen, wat scho meng Virriednerin oder och déi zwee Virriedner gesot hunn: Journaliste spillen eng immens wichteg Roll an der Demokratie. Et ass ee vläicht als Politiker net ëmmer begeeschtert iwwert dat eent oder dat anert, wat een dann emol liest, wat een héiert, wat an de Mikro geschwat gëtt, mä ech mengen, et muss een awer déi Aarbecht vun de Journaliste respektéieren.

Si spillen eng wichteg Roll. Si stellen den Equiliber hier. A well jo och eng Pluralitéit hei zu Lëtzebuerg an der Medielandschaft ass, erméigleche si et dann de Leit dobaussen, sech hir eege Meenung ze bilden. An et muss een einfach déi Offer behalen, datt d'Leit eng Pluralitéit vun Zeitungen hunn, wou se da kënnen iwwerall e bëssen eraliese goen, fir sech dann hir eege Meenung ze bilden.

Duerfir ass et jo och evident, op alle Fall wat de Contenu ubelaangt, datt do de Stat, datt d'Politik sech guer net doran anzemëschen huet, och wann engem, wéi gesot, vläicht heiansdo den Inhalt net ëmmer esou gefält. D'Medien oder d'Zeitungen, d'Journalisten, dat ass eng Aart véierte Pouvoir. An dee kann och nëmmen erhale bleiwen, wann do d'Politik sech net amëscht.

Dat ass awer net ëmmer - et muss een och soen, hei zu Lëtzebuerg fonctionnéiert dat gutt - eng Selbstverständlechkeet, och souguer an deene sougenannte westleche Länner. Wann ee kuckt, wat awer déi eng oder aner Derapagen emol ware beim neien amerikanesche President, dann ass dat net ëmmer ideal. An anere Länner gi Journalisten agespaart - ech denken do un d'Tierkei -, déi dann ëm hiert Liewe musse fäerten. Och dat dierft et wierklech net ginn an et muss ee kucken, op allen Ebenen do dergéint unzekämpfen!

Ech mengen, fir eis ass d'Pluralitéit an d'Onofhängegkeet vun de Medien, besonnesch an där verännerter Kommunikatiounsgesellschaft, méi wéi jee wichteg. An duerfir muss se och an deem Sënn ënnerstëtzt ginn. D'Onofhängegkeet an d'Pluralitéit vun der Press huet e Präis, jo, besonnesch an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg, mä mir mussen eis einfach bewosst sinn, ech mengen, besonnesch an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg, datt mer eng grouss Chance hunn, hei zu Lëtzebuerg esou vill Zeitungen ze hunn, esou vill ënnerschiddlech Ausriichtungen, Meenungen ze hunn.

Dat ass eigentlech eppes, wou awer Leit aus villen anere Länner, déi emol hei op Lëtzebuerg kommen, heiansdo erstaunt sinn, wann ee mat hinne schwätzt: „Dir sidd esou e klengt Land“, an da gesi se do am Kiosk, oder doheem huet ee jo dann... Mir anerer, mir hunn alt jo méi Zeitungen. Da sinn d'Leit ëmmer erstaunt, datt een do dräi, véier, fënnef lëtzebuergesch Zeitungen leien huet. Mä ech mengen, dat ass wierklech eppes, wat wichteg ass. An natierlech wësse mer och - mir wëllen d'Zeitungen alleguerten also fir d'Pluralitéit -, datt awer och déi Pluralitéit besteet, well mer hei zu Lëtzebuerg e System vun der Pressehëllef hunn, dee gutt fonctionnéiert.

Et ass vläicht net eng Particularitéit vu Lëtzebuerg. Ech hunn eng Kéier kuerz nogekuckt. Ech mengen, dat war och an engem Dossier, dee mer geschéckt kruten, datt et nach a verschiddenen anere Länner gewësse Forme vun Ënnerstëtzunge gëtt. Mä et ass trotzdeem schonn eng kleng Particularitéit vu Lëtzebuerg, déi aus de 70er Jore vum leschte Jorhonnert staamt. Ech mengen, ënnert dem liberale Premier Gaston Thorn ass dat deemools agefouert ginn.

Mä haut ass dat einfach net méi ewechzedenken. An dat gëtt och vu kengem a Fro gestallt. Ech géif op alle Fall mengen, och wann elo déi nächst Riedner kommen, datt sécherlech keen dat wäert a Fro stellen. Och de Premier war a sengen Aussoe ganz kloer, datt dat net de Fall ass, au contraire, datt een dat wäert an Zukunft nach eventuell an déi eng oder aner Richtung ausbauen.

Einfach fir et awer och mat e puer Zifferen hei ze illustréieren: 2017 ass en Total vu 7,4 Millioune fir Pressehëllef am Budget virgesinn, fir eben d'Onofhängegkeet an d'Villfalt vun der Press ze garantéieren. An, wann ech awer - ech hunn dat virdrun och scho versicht ze soen - déi nei Medielandschaft misst mat engem Charakterzuch beschreiwen, da géif ech soen: permanent Verännerung oder konstant Verännerung. Dat ass dat, wat se charakteriséiert.

Duerfir muss eigentlech och dann déi, ech soen „Ënnerstëtzungspolitik“, déi mer maachen, méi flexibel ginn. Wat haut nach vläicht richteg ass, ass muer scho vläicht net ganz iwwerlieft, mä awer, datt da muer nei Elementer do sinn, déi een och muss consideréieren. Heiansdo geet et ze schnell oder et brauch een eng gewëssen Zäit, fir sech dorunner ze adaptéieren.

De Jean-Lou Siweck hat och rezent an engem Artikel gesot, dat war zwar am „Paperjam“, wou en da seet: «Or, chaque fois que de nouveaux médias apparaissent,...», e mengt domadder och all déi nei Elementer vun de soziale Medien, «…il faut un certain temps pour comprendre et assimiler ces nouveautés.» Jo, mir musse just oppassen, datt mer net ze vill schnell iwwerrullt ginn.

Mir mussen also flexibel bleiwen, ëmmer kucken, eis do dann ze adaptéieren. A grad duerfir gi jo och elo 2017 déi éischte Kéier separat Hëllefe fir Onlineredaktiounen ausbezuelt, well dat eben eng nei Erscheinung ass, déi awer eng gewëssen Importenz huet, déi een och wëllt ënnerstëtzen, well se och, wa se sënnvoll vun den Zeitunge benotzt gëtt, fir d'Pluralitéit gutt ass.

An déi reng Onlineoffere kënnen also elo dëst Joer maximal 100.000 Euro am Joer vum Stat kréien. Et gëtt awer och e puer Konditiounen. Et musse reng Informatiounsoffere sinn, déi d'Dagesaktualitéit couvréieren. Et dierfen elo net zum Beispill Reklamme sinn. Et musse mindestens zwee Journalisten do schaffen, déi exklusiv online schreiwen. Et dierf een och net einfach Artikelen aus de Printmedien iwwerhuelen. Den Droit de réponse muss garantéiert sinn. Voilà! Also, et gëllen do och déiselwecht Qualitéitsusprécher wéi bei dem Print.

An déi Flexibilitéit, vun där ech grad geschwat hunn, dat war awer och en Hannergedanke vun deem, wéi mer elo virun net allze laanger Zäit de Konzessiounsvertrag mat CLT-UFA, mat RTL verlängert hunn. Do hu mer et net méi op zéng Joer gemaach, mä nach just op dräi Joer, fir ebe kënnen ze kucken, wéi dat Ganzt evoluéiert.

De Moment ass et jo nach esou, datt do keng Vermëschung dierf sinn zwëschen dem Audiovisuellen an dem Online. Et muss ee kucken, wéi dat sech elo an der Praxis bewäert, ob do awer herno vläicht méi vermëscht gëtt. De Moment ass eng strikt Trennung. Voilà, et muss een einfach an dräi Joer e Bilan maachen a kucken, ob eventuell a Fonctioun dovunner dann Hëllefen adaptéiert ginn, aneschters modelléiert ginn.

Well ech da bei CLT war a bei RTL war, nach vläicht, Här President, ganz schnell e puer Wuert zu den audiovisuelle Medien. Ech hu scho gesot: Virun e puer Wochen hu mer hei de Konzessiounsvertrag guttgeheescht. Et muss ee soen, RTL ass jo keng ëffentlech-rechtlech Tëlee am klassesche Sënn. Et gëtt awer trotzdeem garantéiert, datt zu Lëtzebuerg e qualitativ héichwäertege Fernsehsprogramm ass, wou d'politesch, kulturell a sportlech Dagesaktualitéit couvréiert gëtt. Dernieft hu mer de Radio 100,7. Dat, kéint een eigentlech soen, ass zu 100%, oder 100,7%, en ëffentlech-rechtleche Radiosender, dee komplett onofhängeg vu wirtschaftlechen Interessen iwwert d'Aktualitéit zu Lëtzebuerg berichte kann.

An ech mengen, do hu mer zwou staatlech finanziell Interventiounen, fir et emol esou ze nennen, déi richteg a wichteg sinn, wou jiddweree seng Roll ka spillen. Et soll eis awer net drun hënneren, datt een awer kann iwwerleeën, wéi een am Audiovisuellen nach fir méi Pluralitéit suerge kann. Ech muss awer soen, datt ech elo net konkret do eng kloer Propositioun hei um Dësch leien hunn. Mä egal wéi, ech mengen, och do muss ee sech bewosst sinn, datt do nach wäerten Evolutioune kommen, mat Netflix, Amazon Prime an esou weider. Et wäert nach just eng Fro vun der Zäit sinn, bis datt och an Tëlee a Radio vläicht esou Onlinecontenuen Iwwerhand huelen, op alle Fall méi Importenz unhuelen.

Voilà! Här President, déi puer Remarquë gemaach. Ech hunn net all Aspekter vun deem, wat ee kann zu der Mediendiskussioun soen, hei behandelt. Ech muss och soen, datt awer och hei net elo geduecht war... Well et war bei menger Virriednerin vläicht e bësse bedauert ginn, datt mer dat an der Kommissioun net méi diskutéiert hunn.

Ech hat et emol esou verstanen - meng Fraktioun hat et esou verstanen -, datt et en Débat de consultation wär, net en Débat d'orientation. Dat heescht, datt dat eigentlech hei fir d'Éischt, ier mer da vläicht an der Kommissioun duerno all déi Saachen opschaffen, eng Consultatioun ass, wou déi eenzel Fraktioune sollen hir Iddien, hir Punkten erabréngen, déi se vläicht méi wëllen diskutéieren an Zukunft, an datt dann de Prozess natierlech weidergeet.

Ech mengen also sécherlech, datt dat hei sécher keen Ofschloss ass, mä datt dat en Ufank oder e Weiderféieren ass vun enger Debatt iwwert d'Medien, d'Medieférderung an all déi aner Aspekter, déi ech och virdrun ugeschwat hunn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Berger. An d'Wuert huet elo den Här Yves Cruchten fir d'LSAP. Här Cruchten.

M. Yves Cruchten *(LSAP).*- Merci, Här President. Anescht wéi de Medieminister wäert ech awer op de Phenomeen vun de Fake News agoen, an zwar laang a breet, well ech dat vun enger iwwergeuerdneter Wichtegkeet empfannen. Wie bis elo gemengt huet, de Phenomeen vun dëse Fake News, zu deem een och dee schéine Begréff „Alternative Facts“ ziele kann, wier haaptsächlech op Amerika limitéiert, a wie gemengt huet, Europa géif zumindest an där Form dovunner verschount bleiwen, deem sief geroden, den Debat vun der leschter Woch a Frankräich tëscht dem Marine Le Pen an dem Emanuel Macron nozekucken.

D'Kandidatin vum Front National huet do e Freedefeier vu Fake News repsektiv alternative Fakten ofgeschoss. Seriö Medie si kaum nokomm, fir all déi falsch Behaaptungen opzeziele respektiv se mat de richtege Fakten ze widderleeën. An elo kéint een doriwwer laachen, well et surreal a grotesk war, wéi déi rietsextrem Politikerin ouni mat der Wimper ze zucken ëmmer erëm Saache behaapt huet, grad wéi se hir an de Krom gepasst hunn.

Dat huet hir glécklecherweis näischt genotzt, mä déi eng oder déi aner Kéier huet si Tatsaache verdréit, Geschichten erfonnt, also de facto gelunn. Fake News oder Alternative Facts sinn näämlech näischt aneschters: Fake News sinn, op gutt Lëtzebuergesch gesot, näischt aneschters wéi Ligen!

Fake News si keng falsch Informatiounen, déi dowéinst falsch wieren, well den Auteur sech net richteg informéiert huet oder well den Auteur net richteg recherchéiert huet oder ganz naiv eppes behaapt, vun deem en eigentlech keng Anung huet. Neen, Fake News sinn Informatiounen, déi bewosst a ganz geziilt agesat ginn, fir e bestëmmten Zweck ze erfëllen. An den allermeeschte Fäll hunn dës Fake News eng negativ Konnotatioun an déngen derzou, eng Persoun, eng Associatioun, eng Iddi oder e Grupp vu Mënschen zu Onrecht oder iwwerdriwwe schlecht duerzestellen.

Fake News respektiv d'Auteure vu Fake News verfollegen nëmmen een Zweck, an dat ass d'Manipulatioun vun der ëffentlecher Meenung. An deem Sënn sinn d'Fake News zwar keen neie Phenomeen. Fake News, also bewosst gestreete Falschinformatiounen, sinn et quasi schonn ëmmer ginn, virun allem an de Beräicher, déi mir gutt kennen, déi vun de Medien an déi vun der Politik. Nei ass awer, dass duerch den Internet an déi sozial Medien d'Vitesse, mat deene se verbreet kënne ginn, a virun allem och d'Zuel vun de Leit, déi se erreeche kënnen, méi wéi exponentiell an d'Luucht geet.

Derbäi kënnt, dass eng Fake News, wa se eng Kéier bis am Internet ënnerwee ass, net méi ka gestoppt ginn. An all Erklärung, all Richtegstellung, dee sougenannten „debunking“, ass duerno ganz schwéier an erreecht quasi an alle Fäll ëmmer nëmmen eng begrenzten Zuel vu Leit. E gudden Deel vun deem Bulli, mat deem gehäit gouf, bleift deemno hänken.

Fake News sinn dann och méi wéi en harmlose Witz. Fake News an Alternative Facts sinn eng Gefor fir eis Demokratie, virun allem, wa se systematesch an am grousse Stil agesat ginn, zum Beispill, wéi mer elo just héieren hu vum Här Berger, fir d'Beaflosse bei de Wahlen an Amerika oder och nach zulescht a Frankräich.

Awer och de soziale Fridde kann direkt menacéiert ginn. Zum Beispill kënne Falschmeldungen iwwer Flüchtlingen an hir vermeintlech kriminell Akte séier derzou féieren, dass déi souwisou scho fragill Stëmmung kippt vis-à-vis vun u sech onschëllege Leit, mat der Konsequenz, dass Haass a Gewalt generéiert ginn an d'direkt Sécherheet an de soziale Fridde vun enger Gesellschaft menacéiert sinn.

Fake News mussen dofir mat alle Mëttelen ënnerbonne ginn, respektiv et muss alles drugesat ginn, fir de kritesche Geescht bei de Bierger ze förderen a se ze animéieren, ëmmer erëm Fakten ze kontrolléieren a Quellen ze iwwerpréiwen. Einfach ass dëst net. Däers si mer eis, mengen ech, heibannen alleguer bewosst.

Ee Beräich, wou ee preventiv a gläichzäiteg proaktiv usetze kann a muss, an dat gouf och scho gesot, ass d'Educatioun. Déi Jonk, eis Kanner, mussen an der Schoul dee richtegen Émgang mat Medien - Stéchwuert „Medienerzéiung“ - geléiert ginn. Wéi an alle Beräicher musse si speziell am Émgang mat de Medien zu responsabelen a kritesche Bierger erzu ginn. Dofir si mir als LSAP der Meenung, dass d'Ausschaffen an d'Aféiere vu geziilter a systematescher Medienerzéiung an eise Schoule eng vun de bildungspolitesche Prioritéite muss sinn.

Et gouf ënner anerem och vum Medieminister ugeschwat, dass e sougenannte Referenzkader iwwert d'Medienerzéiung an d'Mediebildung säit 2010 virläit. Och gëtt et verschidde Projeten, fir d'Kanner un den Émgang mat der digitaler Technik an den Émgang mat net nëmmen digitale Medien erunzeféieren. Aner Projete gëtt et ënnert der Form vu Weiderbildungscourse fir Enseignanten, iwwert d'Notze vu moderne Medien am Unterrecht an esou weider.

Allerdéngs, och wa se ze begréisse sinn, sinn dës Projete vereenzelt Aktiounen oder Initiativen. Eng breet a konsistent Medienerzéiung gëtt et den Ablack zu Lëtzebuerg awer net. De Premier huet virdrun en entspriechenden Aktiounsplang an Aussiicht gestallt, an dat begréisse mir als LSAP ausdrécklech.

E grousse Bäitrag kënnt also sécherlech der Schoul zou. Mä d'Roll vun den Eltere soll an däerf hei awer net vergiess ginn. Schliisslech si si déi éischt Uspriechpartner fir d'Kanner an och déi éischt Responsabel fir dësen hir Erzéiung. Eltere musse Virbild an Ënnerstëtzung fir hir Kanner sinn, och am Émgang mat Medien. Fir dëser Aufgab kënne gerecht ze ginn, ass et wichteg, dass och si, wann néideg, an dësem Beräich Hëllef an Informatioun kënne kréien. Dëst gëtt et zum Deel schonn. An ech denken do un d'Initiativ BEE SECURE vun de Ministèrë fir Wirtschaft, Famill a Bildung, wou Elteren Hëllef fannen a sech informéiere kënnen, zum Beispill a Saache Jugendschutz.

Well de Sujet awer komplex ass an domadder d'Froe vun Eltere wäit iwwert dee Beräich eraus kënne goen, musse mer d'Elteren anstänneg informéieren a si beim Encadrement vun hire Kanner am Kontext vun de Medie verstäerkt ënnerstëtzen. De Medie kënnt eng zentral Roll zou am Kampf géint d'Fake News, an domat och eng zentral Roll fir de korrekte Fonctionnement vun eiser Demokratie, fir de gesellschaftlechen Zesummenhalt an och fir de soziale Fridden.

D'gesellschaftlech Positioun, den Émgang vun enger Regierung, vun der Politik mat senge Medien, seet deemno vill aus iwwert den Zoustand vun engem Land oder engem Stat. E Bléck an d'Welt vun haut geet duer, fir dat ze erkennen. D'Roll vun de Medien an all demokrateschem Stat soll an éischter Instanz eng méiglechst allgemeng Informatioun vu méiglechst alle Bierger sinn. D'Aufgab vun de Me-

dien ass et, no professionellen an deontologesche Kritären eng Hierarchiséierung, deemno eng Selektioun vun den Informatiounen ze maachen an déi dann ze erklären an ze kommentéieren.

D'Medie stellen am Idealfall eng Orientéierungshëllef fir d'Bierger duer, déi sech esou iwwert de Wee vum Fernseh, vum Radio, vun den Zeitungen oder och vum Internet besser am Dschungel vun Informatiounen erëmfannen, fir sech dann eng eege Meenung kënnen ze maachen.

Dëst setzt awer verschidde Konditioune viraus, un éischter Stell d'Pressefräiheet. D'Medie musse kënne fräi an onofhängeg hir Aarbecht maachen. D'Medie solle méiglechst villfälteg sinn, fir dass den interesséierte Bierger sech aus verschiddene Quelle kann informéieren. A virun allem mussen d'Medien hir Aarbecht professionell, also entspriechend enger Rei vun techneschen an och deontologesch feste Kritäre maachen, also eng méiglechst héichwäerteg Informatioun liwweren.

All dës Kritären, d'Onofhängegkeet vun de Medien, de Mediepluralismus an d'Qualitéit vun der Informatioun, mussen an engem Debat iwwer eng Mediestrategie beliicht ginn, diskutéiert an och kritesch hannerfrot ginn. D'Onofhängegkeet, de Pluralismus an d'Qualitéit si bei de Medien och a vläicht virun allem zu Lëtzebuerg net vuneneen ze trennen. De Premier huet et a senger Interventioun schonn duergeluecht an erklärt, dofir wëll ech op dëser Plaz net méi vill am Detail dorop agoen.

D'Medielandschaft, national wéi international, huet sech an de leschte Jore staark verännert. Dës Veränneru ng - Stéchwuert „digital Revolutioun" - wäert nach a ganz rasant weidergoen. D'Bierger musse sech dorobber astellen. Déi Professionell aus deem Beräich musse sech dorobber astellen. An eis Roll als Volleksvertrieder, als Politiker ass et, de gesetzleche Kader ze setzen an de Wandel ze begleeden an am Sënn vun der Allgemengheet och ze ënnerstëtzen.

Här President, den zoustännege Medieminister huet bei senger Interventioun iwwert d'Erneierung vum Konzessiounsvertrag tëscht dem Lëtzebuerger Stat an der CLT-UFA d'Wichtegkeet vum Mediepluralismus hei am Land ënnerstrach an de Wëlle vun dëser Regierung betount, déi néideg Ënnerstëtzung ze ginn, fir dëse Mediepluralismus ze garantéieren an ze erhalen. E ganz praktesche Beweis, fir dëse Wëllen ze dokumentéieren, ass d'Aféiere per Reglement den 13. Januar vun engem Régime de promotion transitoire fir d'Onlinepress.

Selbstverständlech sinn och mir als LSAP fir de Mediepluralismus mat all deene positiven Auswierkungen, déi dësen op d'Politik an op d'gesellschaftlecht Zesummeliewen huet. Allerdéngs erlaben ech mer bei dëser Geleeënheet, déi eng oder aner Fro ze stellen:

Wat versti mir, wat versteet d'Regierung ënner Mediepluralismus? Heescht dat, eng méiglechst grouss Zuel u Medien ze hunn? Eng Zuel, déi beschtefalls no uewen op ass? Wann deem esou ass: Riskéiere mer am Extremfall net, dass mer iergendwann d'Qualitéit um Altor vum Pluralismus géifen afferen? Oder anescht gefrot: Wivill Medie verdréit eist Land? Wier manner heiansdo vläicht net méi?

Ech froen dëst ganz bewosst e bësse provokativ, an ech muss och zouginn, dass ech selwer och keng fäerdeg Äntwert dorop hunn, mä ech sinn awer der Meenung, dass een an deenen nächste Méint am Kader vun enger Gesamtstrategie op d'mannst probéiere muss, eng Äntwert op dës Fro ze fannen, well vun dëser Äntwert hänkt jo och d'Ausriichtung vun der zukünfteger Pressehëllef of.

An dës Hëllef soll Ënnerstëtzung sinn an net zu enger Zersplitterung vun der Medielandschaft féieren, woumat mir bei engem wichtegen Thema wieren, wéi een och aus de ganz ville Presseberichter am Virfeld vun dësem Debat konnt erausliesen. Iwwregens, net vill Debatte genéissen am Virfeld an de Medien esou eng ausféierlech Couverture wéi dës.

Une voix.- Dat ass richteg.

M. Yves Cruchten *(LSAP)*.- Här President, den Debat vun haut soll keen Debat nëmmen iwwert d'Pressehëllef sinn. Laanscht dat Thema kënnt een awer net. Mir alleguerte wëllen eng esou qualitativ an héichwäerteg Medielandschaft wéi nëmme méiglech. A Qualitéit huet och bei de Medien nun emol hire Präis; woubäi ech elo mir hei net wäert umoossen, fir prezis festzeleeën, wat Qualitéit ass a wat net.

An engem Land mat der Gréisst respektiv mat der Awunnerzuel vu Lëtzebuerg kënnt dann derbäi, dass d'Méiglechkeeten extrem begrenzt sinn, fir eleng iwwert de Verkaf vu sengem Produit de Gros vun de Käschten ze decken. Oder, fir et anescht ze soen: Eleng aus ekonomescher Siicht, ouni staatlech Ënnerstëtzung wier de Mediepluralismus, wéi mer en haut kennen, net oprechtzëerhalen.

Eng éischt Fro, déi sech da stellt, ass déi, ob déi haiteg staatlech Ënnerstëtzung vun der Form hier ugepasst ass, fir de kuerz- a mëttelfristege gesellschaftlechen, techneschen an och wirtschaftlechen Entwécklungen ze begéinen. Mir als LSAP mengen net. Mir leie mat dëser Meenung wuel op enger Linn mat der Regierung, déi soss dësen Debat wuel och net gefrot hätt, a wuel och op enger Linn, op d'mannst bis heihin, mat deene meeschte Medieresponsabelen.

Vun der Pressehëllef - ech schwätzen deemno vun der Hëllef fir déi geschriwwe Press -, déi 2015 ronn 7,5 Milliounen Euro ausgemaach huet, profitéieren haut eng zéng Titelen. Dës Pressehëllef gouf an de 70er Jore vum vergaangene Jorhonnert aus politeschen a wirtschaftlechen Iwwerleeungen eraus agefouert.

Nieft der direkter Pressehëllef profitéieren déi meescht Printproduiten awer och vun enger sougenannter „indirekter Pressehëllef". Zu dëser zielen déi speziell Posttariffer fir d'Zoustellung vun Zeitungen a Magazinnen, mä awer och d'Recetten duerch d'Publikatioun vun ëffentlechen Avisen an offizielle Mediecampagnen.

Et ass kee Geheimnis, dass dës leschtgenannten Akommesquell eng ganz wichteg fir vill Printmedien ass. Fir déi meescht vun dëse Produiten, vläicht souguer fir se alleguer, ass déi staatlech Hëllef iwwerliewenswichteg. Elo kann ee souwuel d'Héicht wéi och de Berechnungsmodus vun dësen Hëllefen a Fro stellen.

D'Madamm Adehm huet virdrun eng Neiregelung vun der Pressehëllef an Aussiicht gestallt. An ech war och ganz gespaant, Iech bis zum Schluss nozelauschteren. Allerdéngs hutt Der kaum Virschléi gemaach an Dir hutt Iech drop beschränkt, déi Hëllefen opzezielen, déi et haut scho gëtt.

Dat ass, Madamm Adehm, keng Kritik, well ech war genau op deemselwechte Wee wéi Dir, bis gëschter. Ech hu mer och alleguerten déi gutt Rotschléi, déi mir Deputéiert an de leschten Deeg alleguerte vun de Medien a vun de Medievertrieder kritt hunn, ugelauschtert. An all déi koume jo natierlech ëmmer aus der Perspektiv an aus der Vue vun deem Eenzelnen.

Allerdéngs, fannen ech, si mir Deputéiert net outilléiert, fir haut eng definitiv Äntwert op déi dote Froen ze ginn. Et feelen eis einfach verlässlech Zuelen a virun allem och d'Repercussiounen, déi et huet, wann een un där enger oder un där anerer Schrauf dréie geet. Et wier dofir ubruecht, dass d'Regierung eng komplett an detailléiert Etüd maache léisst iwwert déi eenzel Hëllefen, wat se bedéngen a wat se bréngen.

(Interruption)

Ech soen dem Minister dat herno nach eng Kéier. Dat ass kee Problem.

An ech schécke viraus, dass mir als LSAP och bereet sinn, iwwert de Gesamtbetrag fir déi geschriwwe Press ze diskutéieren, well mir fannen et vu grousser Wichtegkeet, dass et och an Zukunft nach ganz a komplett Zeitunge gëtt, egal ob op Pabeier oder digital.

Eng Zeitung vermëttelt méi wéi e spezifesche Blog zu engem bestëmmten Thema. Si gëtt et Gesamtbild vun der Aktualitéit. Eng Zeitung mécht och net nëmme Berichterstattung, mä schafft Informatiounen op zu ganz villfältegen Themen. Si mécht eng Analys a si férdert den Debat. Si dréit zur Gesamtkultur vun eiser Gesellschaft bäi an esou och zu eiser nationaler Identitéit. Si ass och déi bescht Äntwert op d'Fro vum Premierminister iwwert d'Algorithmen, déi hie virdru gestallt huet.

Jee no Konklusioune vun dëser Etüd misst da vläicht och d'Gesamtenveloppe fir déi geschriwwe Press eng Kéier direkt am Verhältnis zu den Hëllefe fir déi audiovisuell Medie gekuckt ginn. Ech mengen hei konkret RTL a virun allem deen neie Konzessiounsvertrag, deen d'Regierung mat der CLT ofgeschloss huet.

Ech wëll elo hei net de Montant vun 10 Milliounen diskutéieren, deen d'Regierung bereet ass ze iwwerhuelen, fir en eventuellen Defizit ze decken. Ech wëll och net meng eenzel Remarquë widderhuelen, déi ech bei der Presentatioun vum Vertrag op dëser Plaz scho gemaach hunn. Ech wëll awer drop hiweisen, dass mir hei vun der gesamter Pressehëllef ronn e Véierel eleng un een eenzegen, wann och - dat musse mer wëssen - käschtenintensive Medium ginn.

Natierlech mécht RTL Télee e qualitativ gudde Programm an och eng seriö Berichterstattung. Dat freet eis, an dat muss eis och eppes wäert sinn. Et geet mir awer hei just nach eng Kéier ëm dee prinzipielle Punkt, dass RTL - an dësem Fall schwätze mer vun der Télee - engem héich profitabele Konzern gehéiert.

Dëse Konzern wäert, egal wéi, ëmmer un éischter Plaz wirtschaftlech Interessen hunn. Dat ass och normal. Sécherlech huet d'Regierung mat der CLT-UFA e Konzessiounsvertrag ofgeschloss a sécherlech wäert RTL deen no beschtem Wëssen a Gewëssen erfëllen, an awer wäert RTL, ëffentlechen Optrag hin oder hier, ëmmer de kommerzielle Volet an de Vierdergrond stellen.

An deem Sënn wëll ech op dëser Plaz nach eng Kéier ënnersträichen, dass mir et bedaueren, dass dësen Debat iwwert d'Medie stattfënnt, nodeems deen neie Konzessiounsvertrag schonn ofgeschloss gouf.

Dofir nach eng Kéier mäin Appell: D'Zäit bis 2023, dat Joer, wou deen ugeschwatene Konzessiounsvertrag ofleeft, muss onbedéngt genotzt ginn, fir eng méi breet Diskussioun ze féieren. An an dëser Diskussioun muss fir eis als LSAP och d'Fro no engem ëffentlech-rechtleche Fernsehsender op den Ordre du jour kommen, genee wéi d'Fro muss beäntwert ginn iwwert d'Roll an d'Missioun vum ëffentlech-rechtleche Radiosender.

Dozou gehéiert och d'Fro, ob dëse Radio haut d'Moyenen huet, fir senger Roll gerecht ze ginn. Dat kann ee kucken am Verhältnis zu anere Medien hei am Land oder nach am Verhältnis zu de Budgete vu vergläichbare Radioen am europäeschen Ausland.

Dës Fro, genee wéi d'Fro no enger ëffentlech-rechtlecher Télee, ass sécherlech eng budgetär Fro. An och wann et net 1:1 op Lëtzebuerg ze iwwerdroen ass, weist eis awer d'Beispill vun Island, dass een och mat enger - ech soen emol - bescheidener Enveloppe villes ka maachen. D'Fro vun ëffentlech-rechtleche Medien ass dofir haaptsächlech eng Fro vu politeschem Wëllen. Virun allem awer ass et eng Fro, déi een net einfach sollt mat vagen Indikatiounen iwwert d'Käschten ecartéieren.

Zum Schluss bleift dann nach de Medium Internet. Der Regierung hire Virstouss, eng éischte Kéier Onlinemedien ze ënnerstëtzen an esou hir Existenz respektiv hir Wichtegkeet ze ënnersträichen, begréisse mir als LSAP ausdrécklech. Wichteg ervirzeträichen ass an dësem Kontext, dass et sech ëm eng Promotion transitoire handelt, dass also eng zukünfteg Ënnerstëtzung anescht ausgesäit respektiv anescht ausgesi muss. Déi festgeluecht Konditioune géifen näämlech, wann ee verschiddenen Akteuren nolauschtert, virun allem opgrond vum néidegen eegene finanziellen Apport, och erëm déi Medienhaiser vun enger gewëssener Gréisst bevirdeelegen.

Bedauerlech ass awer virun allem dee Punkt, dass déi nei Ënnerstëtzung d'Internetmedie lassgeléist vun allen anere Medie betruecht. Dat an Zäiten, wou vill Medien, och hei zu Lëtzebuerg, hir Redaktiounen esou opgestallt hunn, dass se crossmedial, also fir verschidde Supporten, zum Beispill Zeitung an Internet oder Radio an Internet, kënne schaffen. Deem gëtt mat der neier Regelung net Rechnung gedroen an dat kéint verschidde Medien elo erëm dozou bréngen, fir op d'mannst deelweis hir Strategie respektiv hir nei Aarbechtsmethode réckgängeg ze maachen.

Wa mir vum Internet schwätzen, da musse mer och e puer Wuert iwwert den Internetsite vun RTL verléieren. Hei misst gekläert ginn, wat d'Kontributioun vun der Télee ass respektiv wat fir Recettë si hei erauszéien.

Eiser Opfaassung no kann näämlech net ausgeschloss ginn, dass duerch d'staatlech Ënnerstëtzung fir d'Télee net och indirekt den Internetsite mat subventionéiert gëtt, zemools an Zäiten, wou déi klassesch Téleesprogrammer haut anescht consomméiert gi wéi fréier. An d'Madamm Adehm hat et virdru schonn erwäänt: Haut sëtzt net méi déi ganz Famill um Punkt zwou Auer sonndes mëttes an der Stuff virum Fernseh a kuckt den „Heielei". Haut ginn d'Noriichte gekuckt à la demande, zu deem Ament, wou de Spectateur dat wëllt. An dat geschitt natierlech um Internet iwwer Handy, Tablet oder PC.

D'Mediekonvergenz bréngt mat sech, dass sech haut verschidde Medien, déi soss aus der Siicht vum Support näischt mateneen ze dinn haten, elo um Internet géintiwwerstinn. Si stinn do an enger neier Konkurrenz een zu deem aneren, virun allem op deem haart ëmstriddene Marché vun der Publicitéit. Am Secteur gëtt gefaart, dass mir riskéieren, mat der Ënnerstëtzung fir RTL Télé an deemno indirekt och rtl.lu aner Medien an domadder och eis Medielandschaft staark ze schiedegen. Zemools wou rtl.lu och net en exklusiven Informatiounssite ass, mä éischter, géif ech soen, e Site, bei deem och Entertainment ganz groussgeschriwwe gëtt.

Ech erlabe mer hei, un de sougenannten „Media Pluralism Monitor" aus dem Joer 2015 vun der Uni Florenz ze erënneren, dee Lëtzebuerg eng schlecht Zensur ausgestallt huet, ënner anerem opgrond vu Schwaachpunkten am Konkurrenzrecht, méi speziell, well et kaum Regele fir de Mediesecteur gëtt. Wa mir elo an den nächste Méint iwwer eng Mediestrategie diskutéieren, da solle mer och am A behalen, dass et nieft de kommerziellen an ëffentleche Senderen, nieft de grousse Medienhaiser och nach vill kleng Zeitungen, Radiosenderen oder regional Téleesemissioune gëtt. Och si droen, wann net onbedéngt zur renger Informatioun bäi, dofir awer zum gesellschaftleche Liewen an zu eiser Kultur.

Am Resumé kann ee festhalen, dass eng breet opgestallte Presselandschaft, déi een och qualitativ nohalteg wëllt ofsécheren an opstellen, Efforten op enger ganzer Rei Pläng viraussetzt. Zentral Elementer mussen an den Ae vun der LSAP dobäi eng breet opgestallten a konsistent Medienerzéiung an eng zilgeriicht, effizient, transparent a passend staatlech Pressehëllef sinn.

Wichteg wier och bei allen Diskussiounen ëm d'Medien, d'Fro vun de Sproochen net ausser Uecht ze loossen. Bei allem Pluralismus muss séchergestallt ginn, dass och sproochlech méiglechst vill Bierger am Land d'Méiglechkeet kréien, sech gutt ze informéieren, well dorëms geet et jo schliisslech!

A last but not least wëll ech en Appell un eis als Politiker riichten, fir vläicht heiansdo zweemol ze iwwerleeën, ier mer eng Noriicht oder eng Meenung digital an d'Welt schécken, well allze séier huet een do d'Grenze vum Populismus - an ech wëll net soe vun de Fake News - iwwerschratt.

An de Medien, virun allem den Internetmedie wëll ech soen, dass d'Vitesse an d'Zuel vun de Klicken net alles sinn. Heirun hänkt dann och d'Fro, déi fir eis als LSAP och muss thematiséiert ginn: Missten d'Administrateure vun Internetsitten hei zu Lëtzebuerg net méi streng géint onseriö a populistesch Commentairë virgoen? Respektiv missten d'Commentairen am Netz net mat vollem a richtegem Numm veröffentlecht ginn?

Une voix.- Très bien!

M. Yves Cruchten *(LSAP)*.- Och dat géif sécherlech zu engem Méi u Qualitéit féieren a vläicht och zu manner Haass, manner Beschass a manner Erniddregung bäidroen.

De Lomperang, och nach den „Stillchen" genannt, gouf zu Lëtzebuerg Enn vum 19. Jorhonnert ofgeschaaft. Loosst eis net en neien digitale Pranger schafen!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Cruchten. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Medielandschaft huet geännert. Den Afloss an d'Wichtegkeet vun de Medien huet allerdéngs net ofgeholl, mä am Géigendeel éischter zougeholl. E rezent gutt Beispill fir déi Veränneruнge war d'Ried zur Lag vun der Natioun vun eisem Premier de 25. Abrëll, reportéiert op de 26. Abrëll. De Mann mat deem wichtegsten Amt hei am Land - eventuell no Ärem, Här Chamberspresident - wollt seng wichtegst Ried vum Joer halen an dee Mann huet dat awer net gemaach, well eng Pann eng live Iwwerdroung onméiglech gemaach hat! Wat virun 10, 20 Joer ondenkbar war, war an eisen Aen awer déi eenzeg richteg Decisioun.

Esou wichteg Momenter wéi d'Ried zur Lag vun der Natioun mussen haut live iwwerdroe ginn, musse live vun der Press ofgedeckt ginn, musse live vun de Bierger a Biergerinnen, déi dat wëllen, suivéiert kënne ginn. Et geet net méi duer, muer an der Zeitung ze liesen, wat haut geschitt!

Et ass gutt, datt mer déi wichteg Debatt iwwert d'Entwécklung an d'Qualitéit vun der Press haut féieren. Merci eisem Premier fir déi Initiativ, fir en Débat de consultation hei ze féieren! Merci senge Servicer fir déi puer Dokumenter, déi mer gemaach kritt hunn. Merci awer och deene ville Vertrieder vu ganz ville Lëtzebuerger Presseorganer, déi sech am Virfeld vun dëser Debatt zu Wuert gemellt hunn. Et war fir eis eng Beräicherung, fir hir Gedanken ze liesen, souwuel doriwwer, wéi den aktuelle System vun der Pressehëllef entstanen ass, wéi och d'Duerstellung vun den aktuelle Problemer, déi verschidde Presseorganer haut hunn, wéi och konkret Proposen, wat an Zukunft anescht, besser ka gemaach ginn.

Här President, d'Meenungs- a Pressefräiheet stinn am Artikel 24 vun eiser Verfassung. Selbstverständlech bleift dat och de Fall, wa mer

dann eng Kéier sollten eis Verfassungsreform zu engem glécklechen Enn féieren. Da gëtt et den Artikel 23. De Wording ännert liicht, mä um Inhalt ännert näischt. Et ass gutt, datt dat esou ass. An dat stellt keen a Fro.

Op där anerer Säit muss sech och d'Press un d'Gesetz halen; och an engem fräie Land ass d'Fräiheet vun der Press net absolutt. De Fait, datt d'Presse- a Meenungsfräiheet an enger Verfassung stinn, ass wichteg, mä dat eleng geet net duer! Och an der Verfassung vun der Tierkei steet - hei ass et den Artikel 28 -, datt d'Press fräi ass an net zensuréiert ka ginn. An dobäi gehéiert d'Tierkei zu deene Länner mat deene meeschten inhaftéierte Journaliste weltwäit! Nom Putschversuch vum Juli 2016 sinn iwwer honnert Journaliste verhaft ginn, 150 Medien zougemaach ginn, méi wéi 700 Presseausweiser annulléiert ginn. Kritesch Journaliste stinn an deem Land ënner Generalverdacht an déi wéineg onofhängeg Medien, déi nach bliwwe sinn, schaffen ënner stänneger Angscht.

Et ass mer wichteg drop hinzeweisen, datt d'Journalisten e gefäierleche Beruff ausüben an datt och an net autoritär geféierte Staten oder Diktaturen d'Medie vun der Zensur verfollegt ginn. Och an demokratesche Länner sti Journalisten ëmmer méi ënner Drock. A Länner wéi den USA, Polen, deelweis och Groussbritannien drécke sech Spëtzepolitiker ongenéiert negativ an offälleg der fräier Press géintiwwer aus.

Zu Lëtzebuerg ass dat glécklecherweis anescht. Och wann eis Journalisten nach ëmmer op e Gesetz iwwert den Zougang zu Informatioune waarden, wat hinne Satisfaktioun gëtt, mengen ech awer kënnen ze soen, datt d'Relatiounen tëschent Press a Politik gutt sinn.

Et gëtt och eng laang Rei vun Interventiounen duerch de Stat op eis Presselandschaft. An ech mengen, si si schonn alleguerten hei ernimmt ginn: De Monopol vum RTL Group op Radiosfrequenze bis 1991; d'Pressehëllef vun 1976 un déi geschriwwe Press, déi ënner anerem derzou gefouert huet, datt et haut nach déiselwecht véier Dageszeitunge gëtt, déi et du scho gi sinn. Zënter 1991 gëtt et en ëffentleche Radio. Zënter 2001 gëtt et eng Chamber TV. Zënter 2017 gëtt et eng Hëllef fir Onlinejournalismus. An ab 2021 gëtt et eng direkt staatlech Subventionéierung vun engem privaten nationale Fernsehsender, deem seng Monopolstellung domat nach méi gefestegt gëtt.

Mir hunn zu Lëtzebuerg eng zimlech speziell Relatioun tëschent Politik a Journalismus, tëschent Politiker a Journalisten. Et kënnt oft vir, datt Journalisten an d'Politik wiesselen. Mir fannen der souwuel op der Regierungsbänk wéi ënner eisen Deputéiertekolleegen. An et gëtt och ëmmer erëm Politiker, déi sech journalistesch betätegen.

Schonn 2004 hat sech déi Lëtzebuerger Journalistin Anne Elsen, déi am Ausland schafft, an enger Publikatioun mat dem Phenomeen vun der Interdependenz oder der „Interpenetratioun" vu Press a Politik zu Lëtzebuerg beschäftegt. Esou eng Interdependenz ass net ganz ongeféierlech. Och déi fräi Press brauch finanziell Hëllef duerch de Stat, déi also duerch d'Politik decidéiert gëtt. D'Pressefräiheet brauch awer och Onofhängegkeet vun der Politik. Dat heescht, d'Politik däerf keen Afloss kréien op de redaktionellen Inhalt.

Am Moment fërdere mer déi verschidde Presseorganer ënnerschiddlech, jee nodeem, ob se Informatiounen op Pabeier, iwwert de Radio, d'Tëlee oder den Internet verbreeden. Dat huet Vir- an Nodeeler.

Déi geschriwwe Press oder d'Pabeierpress: Mat den Hëllefe sinn eigentlech déi Ziler, déi viséiert waren, erreecht ginn. Déi klassesch Zeitungen an Zäitschréfte sinn eis erhale bliwwen. Déi eng an déi aner nei Zeitung, Zäitschréft huet et och gepackt, sech nei um Maart ze etabléieren. Natierlech kann ee kritiséieren, datt 75% vun der Pressehëllef fir dës Press un déi zwee grouss Editiounshaiser Saint-Paul an Editpress ginn. Anerersäits, wéi grouss sinn dann dës grouss Lëtzebuerger Editiounshaiser op engem globaliséierte Marché? An anerersäits huet och eng „woxx", déi aner Wochenzeitung, sech um Marché etabléiert, och wann et bestëmmt net einfach war an ass. An anerersäits gëtt et och dank Pressehëllef eng „Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek".

Well awer elo duerch déi sougenannt sozial Medien nach eng Kéier en nohaltegen Abroch vun de Recettë souwuel duerch d'Publicitéit wéi och duerch d'Aboen usteet, ass d'Zukunft vun der aktueller Villfalt um Zeitungsmaart net garantéiert.

Wat d'Radioslandschaft ugeet, esou hu sech an eisen Aen d'Hoffnungen, déi mat der Liberaliséierung vun 1991 entstane sinn, net ganz erfëllt. Am Gesetz vun 1991 war op eng Pressehëllef fir de Radio verzicht ginn. Et war een dervun ausgaangen, datt d'Liberaliséierung an en - wéi een deemools gemengt hat - onendlech grousse Kuch vu Gelder aus der Werbung et scho géife maachen.

De fréiere gréngen Deputéierte Robert Garcia huet an engem flotten Artikel, deen 2014 am Magazinn „Ons Stad" publizéiert gouf, d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Radioszeen beschriwwen a koum zur Konklusioun, datt een haut net ka vun enger richteger Radiosvillfalt schwätzen.

De kathouleschen DNR-Sender huet den 31. Mäerz 2014 seng Sendungen agestallt. Den Eldoradio ass no bei de CLT-Group geréckelt. Gutt, datt et dem 100,7 haut besser geet wéi jee virdrun. Den 100,7 weist eis och, datt Qualitéit eben hire Präis huet. Gutt, datt och de Radio ARA bis haut iwwerlieft huet. Mir sinn der Meenung, datt och musse Weeër gesicht a fonnt ginn, wéi en net kommerzielle Radio kann ënnerstëtzt ginn a wéi een och engem associative Radio, oder vläicht nach besser engem associative Mediendéngscht kann eng Perspektiv bidden.

Am Beräich vum Radio huet sech och gewisen, wéi wichteg en onofhängege Regulateur ass! D'ALIA hat engem franséische Radiossender vu Saint-Paul a CLT kee Feu vert ginn, a mir mengen, zu Recht. Déi technesch Entwécklung wäert et mat sech bréngen, datt d'Crossmedia-Strategien och an der Lëtzebuerger Medielandschaft eng ëmmer méi grouss Bedeitung wäerte kréien. Ech kommen nach eng Kéier dorobber zréck. Et gëtt Entwécklungen, wou een deen zukünftegen Impakt haut nëmme schwéier aschätze kann. E Beispill sinn d'Entwécklungen, wat d'Radiosfrequenzen ubelaangt.

Zanter der Mëtt 90er Jore gëtt et nieft de klassesche Laang-, Mëttel- a Kuerzwellefrequenze jo och Entwécklungen am DAB- (Digital Audio Broadcasting) an am DAB+-Beräich. Dës Entwécklunge sinn elo amgaangen, sech op d'Radioslandschaft a verschiddene Länner auszewierken. Norwegen ass Virreider, Groussbritannien an d'Schwäiz zéien no. Et ass schwéier virauszesoen, ob déi Techniken e Succès wäerten hunn. Sécher ass allerdéngs, datt, wann esou e Wiessel kënnt - an déi technesch Viraussetzungen, déi domadder zesummenhänken -, datt déi finanziell Contraintë brénge fir kleng Radiossenderen a fir Radios communautaires, déi bal net ze iwwerwanne sinn.

Wat d'Televisioun ugeet, kann ee jo nëmme feststellen, datt den RTL-Monopol praktesch intakt ass. Jo, et gëtt Nordliicht TV an e puer regional Senderen, mä et gëtt just eng Chaîne, déi regelméisseg an all Dag Noriichte sent, an et gëtt just eng Chaîne, déi elo och eng Unerkennung fir eng Mission publique kritt huet a sech déi Missioun mat ronn zéng Milliounen d'Joer ab 2021 bezuele léisst. Mir hunn eisen Accord zu dëser Regelung ginn an och betount, datt dat eng Regelung fir dräi Joer ass, déi relativ transparent ass a fir Planungssécherheet suergt. Deen Arrangement kann awer net déi allerleschte Konklusioun an der Mediendebatt bleiwen. An do deelen ech och d'Aussoe vum Här Cruchten.

Ass Lëtzebuerg ze kleng fir méi wéi eng Tëleeschaîne? Ass dat esou?

Engersäits hate mer jo déi spannend Aventure vun Tango TV, duerno TTV, wou probéiert ginn ass, en zweete Lëtzebuerger Fernsehsender, deen och d'Groussregioun matabezunn hätt, niewent RTL ze installéieren. Déi Aventure ass an engem finanziellen Debakel zu Enn gaangen. No fënnef Joer ass festgestallt ginn, datt dës Tëleessocietéit ni rentabel geschafft hat a mat engem Defizit vun 18 Milliounen Euro ass de Betrib agestallt ginn. Ob dat allerdéngs de Bewäis ass, datt eise Marché ze kleng ass fir eng zweet privat Tëleeschaîne? Dat ass schwéier soen, well bis elo huet nach keen de Contraire bewisen.

Wa mer awer a vergläichbar Länner kucke ginn, da misst dat net onbedéngt eng noutwendeg Konsequenz sinn. An Island an op Malta, zwee europäesche Länner mat manner Awunner wéi Lëtzebuerg a mat engem anere Medienhistorique wéi eisem, ass d'Villfalt am Beräich Tëlee méi grouss wéi bei eis. déi gréng sinn der Meenung, datt mer den Dram vun enger ëffentlech-rechtlecher Tëlee eng Kéier sollten duerchrechnen. Mir kënnen eis virstellen, datt et Synergië gëtt, fir en ëffentlech-rechtleche Radiossender an en ëffentlech-rechtlechen Tëleessender ze realiséieren a mat Succès funktionéieren ze loossen.

Här President, déi lescht Mesure, déi eis Regierung ergraff huet, fir der Press ze hëllefen, ass e Règlement gouvernemental vum Januar 2017, fir d'Onlinepress ze ënnerstëtzen. Déi meescht Player um Pressemaart hu sech selwer en Onlinedéngscht ginn an dat bis viru Kuerzem ganz ouni staatlech Hëllef. Well mer der Meenung sinn, datt och d'Onlinepress eng wichteg Missioun huet an och hei d'Qualitéit hire Präis huet, begréisse mer déi Mesure, sinn awer och frou, datt et e Régime transitoire ass. Mir ënnerstëtzen hei Redaktiounsequippe vu minimal zwee Leit, wat eng Rei Froen opwerft. Den Inhalt muss sech däitlech vun deem vun der geschriwwener Press ënnerscheeden, wat mer verstinn - mir wëlle jo net deeselwechten Text zweemol subventionéieren -, wat awer och liicht onsënneg ass, well mer eigentlech domat Synergien, déi noleien, ausschléissen.

Souwäit dann elo d'Ausenanersetzung mat den aktuellen Aiden, wéi se elo bestinn. Natierlech kann een déi besteeënd Hëllefe kritiséieren oder a Fro stellen.

Déi éischt Fro, déi ee sech och muss stellen: Brauche mer och an Zukunft eng Pressehëllef?

D'Medie funktionéieren och no wirtschaftlechen Interessien. Och e Presseorgan muss sech froen: Wéi kréien ech mäi Produit am beschte verkaaft? Wivill Gewënn maachen ech? Wie bezilt, fir bei mir kënne Reklamm ze maachen? Wéi kréien ech meng Clientèle fideliséiert? Qualitéitsjournalismus léisst sech net eleng duerch Publicitéit an Abonnementer finanzéieren. Liberaliséierung eleng féiert éischter zu enger Konzentratioun vu wéinege Produiten a wéinegen Hänn wéi zu enger Medievillfalt. Well qualitativ gudde Journalismus, Onofhängegkeet a Villfalt vun der Press wichteg si fir en demokratesche Stat, brauche mer och an Zukunft hei am Land eng staatlech Pressehëllef. Iwwert de Montant musse mer dann zesummen diskutéieren.

Wéi zukunftsfäeg ass eisen aktuelle Modell vun der Pressehëllef?

Ass d'Vue vu getrennte Redaktioune fir verschidde Medien, déi mer dann alleguer jee no hirem spezifesche Fonctionnement - Pabeier, Radio, Tëlee, online -subventionéieren, zukunftsfäeg? Mir mengen éischter net. An d'Debatt huet jo och gewisen de Mëtteg, datt mer net déi Eenzeg sinn, déi dorunner zweifelen. Mir mengen, datt mer et ëmmer méi mat crossmediale Redaktiounen ze di kréien. Subventiounen, déi sech um Präis vum Pabeier an un der Säitenzuel orientéieren, hunn den Avantage, datt se transparent sinn a sech net an de redaktionellen Inhalt amëschen, zwee Kritären, déi och an Zukunft onersetzlech sinn.

D'Entwécklung a Richtung crossmedial Redaktiounen, also Redaktiounen, déi méi Kanäl bedéngen, déi gëtt et haut schonn, souwuel bei RTL wéi bei den Zeitungen. A mir mengen, datt et an déi Richtung weidergeet. Dat heescht dann och, datt mer méi grouss Redaktioune kréien a manner kleng Redaktiounen. Domat wieren dann awer och déi kleng Editiounshaiser par rapport zu deene grousse benodeelegt. An dat ass eppes, wat mir eigentlech net wëllen. Also werfe mer do eng Rei Froen op. D'Äntwerten, déi hu mer och, wéi all meng Virriedner, net parat an der Täsch, kënne mer net direkt mat op den Dësch leeën. Mä ech mengen, et ass schonn emol wichteg, wa mer déi richteg Froe stellen.

Den Här Jean-Lou Siweck vum „Wort" stellt d'Fro vun enger nationaler Presseagentur. D'Madamm Adehm huet se nach eng Kéier hei och opgeworf. Dat ass eng interessant a wichteg Fro, déi awer un éischter Stell mat den Editeuren a Journaliste sollt diskutéiert ginn.

Brauche mer eng ëffentlech-rechtlech Tëlee?

Déi traditionell Medie stinn a Konkurrenz zu de soziale Medien, op déi ech nach wäert ze schwätze kommen. Besonnesch zënter der Pegida-Bewegung schléit den traditionelle Medien och e gewëssent Mësstrauen entgéint. Bei hire Veranstaltunge gouf de Begréff „Lügenpresse" an d'Welt gesat. Dobäi gëtt et Studien, déi soen, datt haut méi Leit de Medie vertraue wéi virun zéng Joer! A bei eisen däitschen Nopere sinn et virun allem déi ëffentlech-rechtlech Tëlees- a Radiosstatiounen, deenen allgemeng méi en héicht Vertrauen entgéintbruecht gëtt.

Eis Medielandschaft ass eng aner wéi déi an Däitschland. Fir eis ass eng ëffentlech-rechtlech Tëlee net eng Noutwendegkeet, mä en interessante Projet, deen et verdéngt, datt mer eis domat beschäftegen. An domadder sinn ech därselwechter Meenung wéi den Här Cruchten.

Medien a Méisproochegkeet, dat ass en Aspekt, dee mer am Kader vun dëser Debatt net kënnen ausdiskutéieren. Et ass mer awer wichteg, et wéinstens eng Kéier ze ernimmen.

An der Konventioun mam RTL Radio heescht et am Kader vum Service public, d'Sendunge missten haaptsächlech a Lëtzebuerger Sprooch sinn a si misste sech un e méiglechst breede Public vu Residentë riichten. Dat gëtt e Spagat: Mir wëllen d'Lëtzebuerger Sprooch förderen, mir mussen awer och d'Populatioun vum Lëtzebuerger Land informéieren. RTL Télé huet mat enger Kuerzfaassung op Franséisch op déi aktuell Sproochesituatioun reagéiert. Eis Chamber bréngt et fäerdeg, e puer ganz wichteg Debatte synchron an d'Gebäerdesprooch ze iwwersetzen. Mä mir bréngen et awer net fäerdeg, däitsch oder franséisch Ënnertitele bei esou Debatten anzeblenden.

An da kommen ech zu mengem leschte Punkt, deen da leider e bësse kuerz geréit: Wéi musse mer mat de soziale Medien ëmgoen?

Déi sozial Medie veränneren de Mediekonsum op eng spektakulär Aart a Weis. D'Algorithmen déngen der Profittmaximéierung a wierke sech op d'Inhalter aus, déi de Usere gewise ginn. Wat eng Persoun sech méi laang op engem Site ophält, wat et fir d'Plattform méi lukrativ ass. De Surfer soll sech wuelfillen an duerfir gëtt hie prioritär mat Inhalter versuergt, déi sengen eegenen nostinn. Esou entstinn Informatiounsblosen, Echoraim, wou dem User och déi krommsten, déi verwonnerlechsten Aussoe bestätegt a geliked ginn.

Jo, et ass vu ville gesot ginn: D'Medienerzéiung ass eng wichteg, transversal Aufgab vun der Schoul! Mä ech wëll awer drun erënneren, datt déi Leit, déi wéinst rassisteschen Äusserungen op Facebook viru Geriicht stoungen hei zu Lëtzebuerg, keng Jugendlech waren an och keng jonk Erwuessener. Et ass also net, fir alles un d'Schoul ze delegéieren! Mir wëlle keng staatlech Filteren. Jiddweree ka sech abréngen, andeems e falsch Behaaptungen net duerchgoe léisst a richtegstellt. Haass ass keng Meenung. Jiddwer Bierger a Biergerin soll Haassmessagë signaliséieren.

A schlussendlech kënne mer Facebook, Twitter a Konsorten och net komplett deresponsabiliséieren. Si musse schnell reagéieren, wat illegal Inhalter op hire Reseaue betrëfft.

An ech soen dem Här President Merci fir seng Gedold, déi e mat mer hat. Et gëtt nach vill iwwert d'sozial Medien ze soen, mä dat wier dann eng Debatt fir sech. Merci fir Är Opmierksamkeet an Är Gedold, Här President!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och, Här Adam. Ech ginn de Merci vun Iech un d'Kolleegen op deenen anere Bänke weider, déi net dozwëschegefunkt hunn. Mä ech mengen, dat gëllt och fir aner Kolleegen, wa se mëtten an engem Developpement sinn an net ze vill iwwerzéien.

Dat gesot, huet d'Wuert elo den Här Roy Reding fir d'ADR.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Et si Wierder gefall wéi Digitaliséierung, Deontologie - Themeberäicher, déi wichteg sinn an op déi ech wäert zréckkommen. Mä, de Kärpunkt ass d'Geld! D'Geld ass den «nerf de la guerre». An och am Virfeld vun dëser Debatt ass doriwwer am meeschte geschriwwen a kommentéiert ginn.

Et gouf oft gesot am Virfeld: „D'Pressehëllef steet fir Meenungspluralismus." Erlaabt mer, deem ze widderspriechen! D'Pressehëllef steet fir Status quo vum aktuelle Pressepluralismus, an dat ass eng Parteipress. Et geet net drëm, e wierkleche Pluralismus ze schützen oder ze preservéieren, wéi den Här Statsminister et gesot huet, «préserver la pluralité», mä et geet drëm, de Status quo ofzesécheren.

Et ass kee Geheimnis, datt ganz vill Produkter hei am Land - „Journal", d'„Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek", „woxx" an esou weider - net liewensfäeg wieren ouni Steiergelder. D'LSAP warnt hei virun Zersplitterung. Dat versteet een, wann ee weess, datt Editpress mat „Tageblatt", „Quotidien", „Revue" an „Jeudi" ëmmerhi fir 2017 3,6 Millioune kasséiert! Dat si 50% vun der gesamter Pressehëllef fir Printmedien! A well eis Press largement eng Parteipress ass, gëtt et nieft dësen transparente 7,5 Millioune fir d'Printmedien nach ganz vill méi oder manner verstoppte Subventiounen.

An da fänke mer emol un, eis mat der eegener Nues ze huelen hei am Haus. Eist Chamberblietche gëtt nëmmen nach iwwer Dageszeitunge verdeelt. Dat ass eng indirekt Subventionéierung vun deenen Dageszeitungen. Net méi all Bierger kritt et. Een, deen net op eng Dageszeitung abonnéiert ass, kritt et net! An do ass eben d'Fro: Ass et net un eis als Chamber, ass et net eis Flicht, all Bierger déi Informatioun zoukommen ze loossen, an net nëmmen deenen, déi op eng Parteidageszeitung abonnéiert sinn?

Déiselwecht indirekt Subventioun gëtt et duerch d'Publikatioun, déi obligatoresch Publikatioun vu Soumissiounen duerch de Stat, duerch d'Gemengen, duerch Établissements publics. Déi nächst ass d'Publication judiciaire: all Faillitten, Liquidatiounen, Zwangssteeën, Immobiliesteeën, déi an der Dagespress publizéiert ginn.

Eis konkret Propositiounen heizou si folgend: Éischtens, wat d'Chamberblat ugeet, si mir der Meenung, datt et nees un all Haushalt sollt verdeelt ginn, onofhängeg vun Dageszeitungen.

Déi zweet wier, datt en Amtsblat geschaaft gëtt, sief et a Print- oder Digitalform - dorëmmer geet et net -, wou all éffentlech a judiciaire Publikatiounen dra sinn. Et ass net verbueden, et an der Dagespress ze publizéieren, mä dat soll net méi obligatoresch sinn.

An da sot den Här Berger: „Ech ka mer net virstellen, datt hei ee fundamental géint d'Pressehëllef ass." Ech denken, e Liberale muss grondsätzlech, aus senger Grondphilosophie hier dergéint sinn, datt de Steierzueler Privatbetriber ënnerstëtzt. Firwat soll ech als Steierzueler zum Beispill der KP hiert Parteiblat matfinanzéieren?

Aus deemselwechte Grond si mer och net fir éffentlech Medien oder Statsmedien, well och déi garantéiere keng Meenungsvillfalt. Am Konträr! Et ass och keng staatlech Aufgab. Mir kommen dozou.

Wa mer dann awer Pressehëllef hunn, da si mir do derfir nëmmen ënner gewëssene Konditiounen:

Déi éischt Konditioun ass, datt mer eis net däerfen zefridde gi mam Status quo vun der aktueller Situatioun. Anstatt also ze soen: „Mir wëlle keng Zersplitterung", musse mer soen: „Mir wëlle méi Villfalt." An da mussen déi Kritären, fir kënnen an de Genoss vu Pressehëllef ze kommen, méi erliichtert ginn.

Ech mengen, mir erënneren eis alleguerten drun, wat fir eng grouss Schwieregkeeten eis gréng Kolleege mat „woxx" haten, fir dat opzebauen. Et muss ee wärend engem Joer fënnef Journaliste beschäftegen. Duerno goufe se nach an d'Längt gezu mat hirem Agrement a si kruten natierlech d'Pressehëllef och net retroaktiv. Dat ass eppes, wat extrem schwiereg ass, esou en Organ opzebauen!

Dat Zweet ass, datt d'Kritäre musse ganz kloer geännert ginn. Ech mengen, och do misste mer d'accord sinn, datt et net méi ka sinn, datt een d'Pressehëllef als Pabeierhändler kritt, datt also d'Zentimetere gemooss ginn an datt doduerch d'Zeitunge säiteweis Agence-France-Presse-, DPA- an esou weider -Meldunge publizéieren, just fir hir Pressehëllef eropzesetzen.

An dann drëttens, an dat ass dat Entscheedendst, si mir fir eng staatlech Subventioun nëmmen dann, wann e wierkleche Meenungspluralismus garantéiert gëtt. Dat heescht, datt an deene subventionéierte Medien dann och en Espace ass, wou de Parteien hir Communiquéë publizéiert ginn. Net onkommentéiert, et däerf roueg eng Ligne journalistique ginn! D'Journaliste sollen dat kommentéieren, mä si sollen et awer och publizéieren an net doutschweigen.

E ganz einfacht Beispill ass eis Positioun zur RTL-Subventioun, RTL Télé Lëtzebuerg. Do gouf weder an der Onlineversioun nach um Radio nach op der Tëlee vun deem betraffenen Institut och nëmmen ee Wuert doriwwer bericht. Souwäit zum Meenungspluralismus!

Ouni also wëlle Sekonnen ze zielen an ouni journalistesch Fräiheeten iergendwéi ze hannerfroen, muss et zu enger iergendwéi ausgewogener Berichterstattung kommen an zur Méiglechkeet, datt all Courant sech kann ausdrécken, och Couranten, déi net iwwer eng eege Parteipress verfügen.

Wéi sech heiansdo hanner enger Ligne journalistique verstoppt gëtt, gesäit ee bei RTL ganz gutt mat der „Carte Blanche". Do kann e Psycholog an enger „Carte Blanche" iwwer eis hierfalen, da soe se: „Mir hunn dorobber keen Afloss. Dat ass deem seng Meenung." E Journalist kann et maachen, an da gëtt gesot: „Ma dat ass eis Ligne journalistique." An eng „Carte Blanche" - ech hunn elo keng Statistik derzou, ech kann et net beweisen, mä et ass keng Fake News! -, eng „Carte Blanche" gëtt emol net an engem Prozent vun de Fäll un iergende Mënsch verginn, deen op enger Skala vun null bis zéng och nëmmen ee Millimeter méi riets ass wéi d'Fënnef.

D'Lag vun der Natioun ass en anert Beispill. D'Regierung hat wärend zwee Deeg de ganze Podium fir sech. Dem Här Bettel seng Ried gouf live iwwerdroen, duerno dem Pierre Gramegna seng. An owes konnt de Gast Gibéryen op RTL 15 Sekonnen derzou schwätzen. Dat ass net Meenungspluralismus! Dat ass ganz einfach eng Partei ofgekanzelt! An dat gëllt net nëmme fir eis, dat gëllt och fir d'gesamt Oppositioun, wann ee kuckt, wivill Zäit deem gewidmet gouf, wat d'Oppositioun zur Deklaratioun ze soen hat.

En anert Beispill ass déi Table ronde, déi dann owes organiséiert gouf op der Tëlee, mat allen nationale Jugendorganisatioune vun deenen am Parlament vertruedene Parteien ausser eiser - ausser eiser! Et ass dann op eise Protest hin, wou RTL zréckgeruddert ass, wat mer begréissen. Mä do gesäit een, wéi mat Meenungsvillfalt ëmgaange gëtt.

Ech wëll och eppes Positives soen. Ech fannen et ganz gutt, wann och Pressehëllef un Onlinemedie geet. Domadder si mer ganz d'accord. Dat ass eng gutt Saach. Firwat sollen nëmmen d'Printmedien ënnerstëtzt ginn?

Wat mer och ganz positiv fannen, ass de Volet vun der Deontologie. D'Diane Adehm huet ganz richteg gesot: „Et gëtt zurzäit schonn hei am Land eng ganz Rei vu Moyenen, wéi ee sech ka wiere géint falsch Aussoen an der Press." Penal, Zivill, Droit de réponse a schlussendlech Plainte beim Conseil de presse. Mir mussen awer kucken, wat a Wierklechkeet geschitt!

Eng Plainte pénale zum Beispill, wa behaapt gëtt, bei engem Deputéierte wier eng Perquisitioun gewiescht, well e wier mêléiert an d'Affär Miltgen, Fonds du logement, déi gëtt klasséiert! Déi gëtt net poursuivéiert. Um Zivill kréie Leit, deenen hir Éier an den Dreck gezu gouf, 2.000 Euro Schuedensersaz.

En Droit de réponse, e rezent Beispill: D'„Lëtzebuerger Wort" publizéiert en Droit de réponse op en Artikel am „Quotidien" a widderhëlt dann dräi Wochen drop genau deeselwechten Artikel vum „Quotidien" nach eng Kéier! Plainte beim Conseil de presse. Ech weess net, wéini deen éischten Arrêt gesprach ginn ass; dat muss ongeféier zéng Joer hier sinn. Et gouf der entre-temps ganz genau 38, dat heescht, ganz, ganz wéineg. An et muss ee sech d'Fro stellen: firwat?

Et gëtt jo e Code de déontologie a genau par analogie zu deem, wat jo och geschitt bei den Affekoten oder bei den Architekten oder bei den Ingenieuren oder bei de Medezinner, sollt de Conseil de presse seng Aufgab do eescht huelen an och wierklech Sanktioune verhänken oder verhänke kënnen, souwuel géint Journaliste wéi géint Blieder, déi klipp a kloer géint de Code de déontologie verstoussen.

Da goung rieds iwwer Meenungsfräiheet an Zensur, Fake News an esou weider. D'Diane Adehm sot ganz richteg: „Whoever controls the media, controls the mind." Et muss een einfach oppassen, datt een net op eemol alles Fake News nennt, wat eng Meenung duerstellt, déi engem net gefält. Et ass richteg, datt Opruff zum Haass penal poursuivéiert gëtt. Genausou falsch ass et awer och, jiddwereen ze poursuivéieren, just well en eng Meenung vertrëtt, déi net mainstream ass!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Dat ass e ganz wichtegen Debat, dee mer hei an der Chamber féiere mussen an dee mer och wäerte féieren: de Schutz vun der Meenungsfräiheet. An ech freeë mech op deen Debat, dee vun eisem Kolleeg Fernand Kartheiser ugestouss gouf.

An, Här President, ech bleiwen ënner menger Zäit. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Exzellent! Den Här Berger huet souguer de Portabel vergiess.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Schell war iwwregens net fir Iech.

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo?

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Ech wollt net de Riedner ënnerbriechen; mä well e mech awer zitéiert huet, wéi e gefrot huet, wéi et kéint sinn, datt e Liberalen hei derfir wier, fir staatlech Gelder ze benotzen, fir d'Pressevillfalt ze ënnerstëtzen: Mä ebe grad, well déi Liberal fir d'Pressevillfalt sinn! An eben och duerfir si mir weiderhin derfir, datt mer d'Press hei zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen, jiddwereen, fir datt net „la loi du plus fort" gëllt, mä datt och déi Kleng eng Chance hunn. Voilà. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).*- Ech notéieren, datt den Här Berger also d'accord ass, datt d'Kritäre geännert ginn, datt mer net bei engem Status quo vu renger Parteipress bleiwen. A fir de Rescht hunn ech vun enger Grondphilosophie vum Liberalismus geschwat, datt staatlech Gelder - an dat sinn ëmmer Steiergelder!; mir schwätzen ëmmer vun „staatleche Gelder", et sinn „Steiergelder"! - net sollten a privat Betriber fléissen.

(Interruption par Mme Simone Beissel)

M. Eugène Berger *(DP).*- Déi Liberal si fir Pressevillfalt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An d'Wuert huet elo den Här David Wagner fir déi Lénk.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Absolutt. Merci, Här President. Ech si seele mam Här Berger, oder net oft mam Här Berger averstanen, mä dës Kéier kann ech och mam Här Berger averstane sinn.

(Interruptions)

Et freet mech e bëssen: Ech mengen, haut an der Debatt ass d'„woxx" am meeschten ernimmt ginn, wat net ëmmer de Fall ass, an dat freet mech, well ech do e schéinen Deel vu mengem Liewe konnt verbréngen.

Ech mengen, dofir ass mir déi Debatt jo och e bësse wichteg. Et ass schwéier, iwwert d'Qualitéit vun der Press oder vun de Medien ze diskutéieren, wann een dat wéilt op eng gewëssen Aart a Weis wëssenschaftlech aschätzen. Et gëtt natierlech Kritären, Kritäre wéi d'Richtegkeet vu Fakten, virausgesat, datt een och nach duerno déi Fakten an engem gewëssenen Zesummenhang an an enger gewëssener Relatioun muss kënnen interpretéieren. An do gëtt et jo och verschidden Aart a Weisen, fir déi ze interpretéieren.

Et ass ëmmer déi grouss Diskussioun am Journalismus: d'Diskussioun vun der Neutralitéit, d'Diskussioun vun der Objektivitéit. D'Objektivitéit, wann een ebe vu Fakten an hirer Interaktioun mateneen diskutéiert. An duerno natierlech och d'Neutralitéit, dat heescht d'Interpretatioun. An dat fänkt schonn mat der Hierarchiséierung vu gewëssenen Evenementer un: Wat fënnt ee richteg? Wat fënnt ee manner wichteg oder erwänenswäert? An esou weider an esou virun.

Och wa Fakte kënnen enger gewëssener Objektivitéit ënnerleien, kann een awer net dovunner ausgoen, datt e Journalist onbedéngt enger Neutralitéit misst ënnerleien. Ech mengen, prinzipiell ass Neutralitéit jo eppes, wat... E Journalist ass e Mënsch a kann an deem Sënn och net neutral sinn. Hie schwieft jo net iergendwéi am Äther, hien huet jo och gewëssen Iwwerzeegungen, en ass an engem gewëssene Kontext gebuer ginn, e muss Saachen analyséieren. Ech mengen, dat ass eng aner Saach.

An ech mengen, dat ass jo och net onbedéngt de gréissere Problem. De Problem ass jo oft d'bonne Foi. Dat ass dat, wat wichteg ass, d'Éierlechkeet, déi wichteg ass. An ech mengen och, datt de Lectorat meeschtens domadder kann ëmgoen. Ech mengen, wann een d'„Wort" keeft, da weess een, datt ee mat enger Zeitung konfrontéiert ass, déi éischter „on va dire" chrëschtdemokratesch gepräägt ass, wärend d'„Tageblatt" éischter sozialdemokratesch gepräägt ass an esou weider an esou virun. An da weess de Lieser jo och plus ou moins, a wat fir eng Richtung d'Analys geet, an en erwënscht sech dat wahrscheinlech och.

De Lieser erwënscht sech awer net onbedéngt eng komplett - souguer wann e vläicht mat der Grondausriichtung averstanen ass -, eng komplett biaiséiert Approche. Ech mengen, dat kritt een ëmmer mat. Ech hunn dat och als Journalist deemno wéi - well et ass jo kee perfekt - heiansdo vläicht e bësse schnell analyséiert a kommentéiert. An och Lieser, trei Lieser hunn heiansdo gesot: „Hei, du muss e bëssen oppassen!" Ech mengen, et muss een och op d'Intelligenz setze vum Lectorat, déi net wierklech ze ënnerschätzen ass.

Ech mengen, wat awer wichteg ass, wat de Stat muss maachen a wat de Legislateur muss maachen - an dofir si mer do -, dat ass, op kee Fall anzesprangen, fir iergendwéi eng Aart vu redaktionellem Afloss ze huelen. Mä de Legislateur an de Stat, déi mussen derfir suergen, datt engersäits d'Onofhängegkeet garantéiert gëtt an anerersäits de Meenungspluralismus garantéiert gëtt.

De Meenungspluralismus wuelverstanen ass net onbedéngt gläichzesetze mat der Pluralitéit vun de Presseorganer! Et kann een immens vill Presseorganer hunn a wéineg Meenungspluralismus hunn, an ëmgedréit. Et kann een och béides hunn, wat natierlech u sech wënschenswäert ass.

Ech mengen, ech géif och do virdru warnen, wann een iwwert déi Saach diskutéiert vun de Fake News, wat jo souwisou och „Newspeak" ass an esou weider. Den Här Cruchten huet et jo och scho gesot: Fake News, dat ass jo och en anert Wuert fir Ligen. Ech mengen, dorop muss een och oppassen, well och qualitative Journalismus ka jo och deemno wéi, bewosst oder onbewosst, eng Informatioun net onbedéngt esou matdeelen oder anescht oder falsch interpretéieren oder wat och ëmmer; et ass jo och e bëssen eng subjektiv Saach.

An dat huet jo awer och e bëssen ze di mat den Aarbechtskonditioune vun der Press a mat den Aarbechtskonditioune vun de Journalisten! Wann e Journalist muss iwwer een, zwee, bis dräi Themen den Dag, iwwer verschidden Theme berichten - schnell! -, wann en och nach gesot kritt, e misst den Éischte sinn: Virausgesat dee Journalist ass keen Universalgenie - an Universalgenië gëtt et néierens! -, da muss een domadder rechnen, datt herno och d'Qualitéit prekär gëtt. An d'Prekaritéit vun der Qualitéit am Journalismus huet eppes ze di mat der Prekaritéit vun den Aarbechtskonditioune am Journalismus.

Dofir muss de Stat asprangen, fir d'Onofhängegkeet vis-à-vis vun den éffentlechen Institutioune natierlech, mä och vis-à-vis vun den ekonomeschen, de Wirtschaftsinteressen ze garantéieren. Dat däerf een net ënnerschätzen. Déi zwou Saache si genausou perniziös déi eng wéi déi aner. An dat huet och mat Pressehëllef ze dinn a mat Aarbechtskonditioune innerhalb vun de Redaktiounen.

Wann een iwwer Pressehëllef schwätzt - et soll een natierlech net Print- an Online-, méi al oder méi nei Medie géinteneen ausspillen, a souwisou hu se nach ëmmer eng komplementär Funktioun -, mengen ech, soll een och net an déi Richtung goen, fir ze soen, de Kuch misst ee plafonéieren an opdeelen. Ech mengen, et muss een einfach vun der Perspektiv ausgoen, datt haaptsächlech d'Pressehëllef derfir wäert suergen, datt de Meenungspluralismus gewäerleescht bleift. An dat heescht natierlech och, datt méi marginal Medie vläicht, datt Medien, déi sech net vum selwen droen - an dat si bal all Medien u sech oder ganz vill Medien, déi sech net vum selwe kënnen droen -, mä zemools déi, déi nach méi Schwieregkeeten hunn, well se och manner Annonceure fannen, well se och vläicht e bësse méi marginal oder minoritär Tendenzen duerstellen, datt déi och musse gefërdert ginn, well et ass eng Form vu Service public.

Ech mengen, et geet jo net nëmmen ëm d'Journalisten. Eng qualitativ Press ass jo net just eng Fro, déi d'Journalisten interesséiert. Et ass eng Fro, déi d'ganz Bevëlkerung interesséiert, well mir leiden all dorënner, wa mer kee Meenungspluralismus hunn. An dofir muss een dovunner ausgoen, datt u sech Journalismus relativ inkompatibel ass oder schwéier ze realiséieren ass, wann e just de Kritäre vum Marché misst entspriechen, wéi esou vill aner Saachen och an der Gesellschaft, déi jo och engem Service public entspriechen, wéi d'Educatioun, wéi d'Santé an esou weider an esou virun.

Ech mengen, et muss een och iwwert de Problem diskutéieren, deen och d'Konzentratioun vun de Medien an enger oder an e puer Hänn duerstellt. Zu Lëtzebuerg ass dat net esou richteg de Fall, mä et ass net auszeschléissen, datt et an déi Richtung geet. An anere Länner ass et ganz staark de Fall. A Frankräich oder an Däitschland weess een, datt immens vill Titelen an e puer Hänn sinn. Dat heescht, do kann een erëm Pluralitéit hunn, mä kee Meenungspluralismus, oder e ganz frelatéierte Meenungspluralismus.

An ech mengen, mir mussen och eng Gesetzgebung hunn, déi derfir suergt - an dat ass elo ganz wichteg -, datt d'Journaliste kënnen hir Aarbecht maachen. An do muss ech awer soen: Do maachen ech mer hei zu Lëtzebuerg ganz vill Suergen! Mir hunn do wierklech Problemer!

Éischtens, wann een dee Projet de loi kuckt, deen nach ëmmer do virläit, wat den Accès un Informatiounen ugeet, mat den Ausnamelëschten, déi dodra virgesi sinn, mat arbiträren Decisiounsrechter vun der Administratioun, mat Delaien, déi de Journalisten d'Aarbecht ganz schwéier maachen, mat Recoursméiglechkeeten, déi och d'Journaliste wäerten decouragéieren, wa se wëlle kloen, well se net direkt eng Informatioun kréien; ech mengen, do hu mer wierklech e richtege Problem!

An um 100,7 huet de Generalsekretär vum Europäesche Journalisteverbond gesot, datt Lëtzebuerg do wierklech ganz hannendran ass. An en huet och dee Gesetzesprojet do ganz staark kritiséiert!

Datselwecht huet e jo och gemaach mat der sougenannter „Circulaire Bettel". Här President, ech mengen, ech ruffen hei de Medieminister op, déi Circulaire einfach zréckzehuelen. Wéi huet den Här Gutiérrez gesot: Déi „Circulaire Bettel", dat wier en „souci de cadenasser l'information". E war selwer ganz erstaunt, datt esou eppes hei zu Lëtzebuerg ka gesi ginn.

Ech mengen, mir schwätzen elo hei iwwer ganz konkret Saachen, iwwert d'Legislatioun hei zu Lëtzebuerg, dat heescht dat, wat en cours ass, an dat, wat scho geschitt ass. An do däerfe mer eis wierklech franchement net bretzen! Wat och d'Reform vum Service informa-

tion et presse ugeet, deen eng Aart Plattform gëtt fir d'Communicantë vun der Regierung, do huet ee wierklech den Androck a Wierklechkeet que le Gouvernement file un mauvais coton, wat d'Pressefräiheet ugeet.

Et war vläicht net ganz gutt virdrun, mä vill besser gëtt et elo net! Mir hunn nach ëmmer kee spezifescht Gesetz fir Journalisten. Ech mengen, esou eppes brauche mer. An dann hu mer och nach ëmmer kee gutt Gesetz iwwert d'Whistleblower. Den Här Braz schwätzt ëmmer dovunner. Et ass nach näischt komm. Ech mengen, och d'Europäesch Kommissioun sot, et wier eng Violation grave, de Procès Perrin, an der Geschicht vu LuxLeaks.

An ech mengen, schlussendlech muss een och nach iwwert de Service public - ech hunn natierlech keng Zäit méi -, iwwert d'Notioun vum Service public diskutéieren. De Problem ass deen, datt mer wierklech hei..., d'Regierung huet e Problem mat der Notioun vum Service public. Mir musse wierklech kloer definéieren, wat dat ass!

Et gëtt scho Medien, déi eng Mission de service public erfëllen, wéi de Radio Ara zum Beispill, communautaire Medien. Et gouf gesot: „Déi kréien iergendeng Hëllef." Mä ech mengen, dat, wat déi verschidde Medie maachen, wéi zum Beispill d'Société civile matabannen, d'Communautéite matabannen, d'Diversitéit vun der Gesellschaft mat betruechten an och Éducatioun maachen, datt een dat an d'Notioun och vum Service public matabënnt an datt een dorunner och ekonomesch Ënnerstëtzung drubënnt.

An ech mengen och duerno schlussendlech: Mir brauchen och eng ëffentlech-rechtlech Tëlee hei zu Lëtzebuerg. Et misst een och vläicht Chamber TV ausbauen. Dat wier och interessant. Mä et ass net normal: Et gëtt ëmmer geschwat, datt ee Pluralitéit brauch an allem, Kompetitioun an esou weider an esou virun, mä mir hunn hei eng Monopolstellung! Ganz onofhängeg vun der Qualitéit vum Fernseh, dorëms geet et net. Et ass einfach ongesond, eng Monopolstellung ze hunn an der Medielandschaft. An dat hu mer, op jidde Fall, wat den nationale Sender ugeet.

D'lescht Kéier hat den Här Bettel gesot, mir hätte méi wéi een, well mir géife jo och franséisch oder däitsch Tëlee kucken. Mä déi berichten awer net iwwer Lëtzebuerg, an et sinn och keng Lëtzebuerger Journalisten, déi dra schaffen. Ech mengen, ech sinn awer frou, datt vill aner Virriedner an déi Richtung gaange sinn. An ech hoffen an ech mengen, datt mer iergendeng Kéier deen „Dram", wéi gesot gouf, wäerten erfëllen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wagner.

An dann eng Duerchso an eegener Saach, just ganz kuerz: De Kolleeg Reding huet gesot, dass déi Leit, déi keng Zeitung hätten, d'Chamberblietchen net kéinte kréien. Dat ass net de Fall. Mir hunn eng Regelung an et sinn eng ganz Rei vu Kolleegen, notamment och de Premier, déi sech kënnen drun erënneren, dass mer dat deemools agefouert hunn, fir et flächendeckend ze maachen. Et sinn och eng zirka 150 Stéit, déi dovu profitéieren. Déi, déi et dann net sollte wëssen, déi wëssen et dann elo.

An ech wëll och nach eng Kéier insistéieren, dass, wat d'Retransmissioun ugeet vun deene verschiddenen Interventiounen, ob dat d'Regierung oder Deputéierter waren, dass alleguer déi, déi hei geschwat hunn, direkt an d'selwecht iwwerdroe gi sinn.

Dir hat wahrscheinlech zwou Saache matenee verwiesselt: RTL a Chamber TV. Op Chamber TV ass hei d'Regierung voll iwwerdroe ginn an och déi Deputéiert, déi geschwat hunn.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo also, Chamber TV war absolutt net en cause. Wat d'Chamberblietchen ugeet, huelen ech Akt, datt een dat ka bestellen. Da misst ee vläicht emol de Leit soen, wat fir eng Prozedur datt dat ass. Mä dat ännert näischt un eiser Fuerderung, datt d'office d'Chamberblat nees an all Haushalt soll kommen, onofhängeg vun iergendenger Press.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Bon, dont acte. Wat Chamber TV ugeet, ech mengen, mir hate bei der Diskussioun, wéi eisen Toun ausgefall ass, driwwer diskutéiert, ob et déi richteg oder déi falsch Decisioun war, fir ze ënnerbriechen. Ech wëll nach eng Kéier soen: Liest nach vläicht eng Kéier d'Verfassung no! D'Verfassung seet, dass d'Chambersëtzunge public sinn, a public ass haut eppes aneschters wéi virun 100 Joer. Dozou gehéiert vläicht d'Villfalt vun den Iwwerdrounge respektiv vun de Berichterstattungen.

Dat gesot, huet elo den Här Premier- a Medieminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias*.- Merci, Här Chamberspresident. Ech wëll Iech och soen, dass deemools déi Decisioun, déi geholl ginn ass, virun allem wéinst Pabeierverschwendung geholl ginn ass, zweetens, fir dass d'Leit och méi cibléiert géife mat der Press dat matgedeelt kréien, dat heescht, wa se d'Zeitung liesen, dass se dat och dann nach derbäi hunn. An ech mengen, dass deen, dee et wëllt liesen, et selbstverständlech och gratis, sauf erreur de ma part, wann ech mech gutt erënnere kann, vun der Chamber gestallt kritt.

Mä et wor elo net de But vun eiser Diskussioun vun haut. Ech wëll de Riedner Merci soe fir déi konstruktiv Debatten, och déi konstruktiv Virschléi, déi hei gemaach gi si vu ville Säiten.

Fir just iwwert d'Hëllefen e puer Sätz ze soen. Déi Suen, déi Hëllef, dat ass net d'Paien, déi bezuelt ginn! Dat ass fir d'Villfalt vun der Meenungsfräiheet! An dass eben... An hei gëtt gesot, e wier e Lien vläicht, dass een éischter lénksorientéiert ass oder rietsorientéiert ass. Ma ech si frou, dass mer an dësem Land en Artikel kënne liesen, deen duerch verschidde Leit gekuckt gëtt: eng Kéier vun enger Perspektiv éischter vun engem, deen de gauche ass, an eng Kéier vun enger Perspektiv, déi vläicht de droite ass! Mä dat ass d'Villfalt! An net, dass mer eng Zeitung hunn, wou mer just mengen, dass dat, wat se seet, dann ëmmer dat Richtegt ass. An dofir ass d'Pluralitéit vun der Press eppes, fir dat mir wëlle kämpfen an dat mer och sollen hunn.

Bei der Tëleeschaîne sinn ech frou och iwwert déi Decisioun, déi mer jo awer hei geholl hunn, fir dee Konzessiounsvertrag vun 2021 un dann ze verlängeren. Et ass wichteg, dass mer hei zu Lëtzebuerg och eng Tëleeschaîne hunn. A mir hunn et analyséiere gelooss! Mir hu gekuckt, wat déi verschidde Méiglechkeete sinn: d'Erfahrung, d'Potenzial, d'Technik, d'Material, d'Diffusiounsméiglechkeeten.

An dunn ass d'Konklusioun komm, dass déi Vertrauensrelatioun, déi mer och hu mam Grupp vun der CLT, an och déi Experienz, déi se hunn, a wéi do och geschafft gëtt, mat deene Regelen... An ech wëll nach eng Kéier erënneren un dat, wat mer hei diskutéiert hunn: déi intern Regelen, déi se sech souguer selwer ginn hunn, an déi Deontologie interne, déi se sech fixéiert hunn, plus nach eng Kéier deen Aarbechtsgrupp, deen do ass, fir ze kucken, ob de Konzessiounsvertrag à la lettre oder applizéiert gëtt. An et ass net, wéi wann do einfach e Blankoscheck géif gemaach ginn.

Hei ass och vun anere Länner geschwat ginn. Ech bleiwen als Medieminister, Här President, der Meenung, dass ee keng Redevance soll schafen. An deene meeschte Länner, wou et e puer ëffentlech Sendere ginn, also Televisioune ginn, bezuelen d'Leit Zommen, déi souguer bis 130 Euro oder iwwer 130 Euro ginn, zum Beispill a Frankräich, déi d'Leit d'Joer musse bezuelen, fir kënnen eng ëffentlech Tëlee ze hunn.

Ech mengen, dass et net opportun wier, fir elo nach de Leit ze soen: „Elo bezuelt Der och nach eng Steier, 10 Euro de Mount, fir nach kënnen eng zousätzlech Televisioun ze hunn." Wou mer jo schonn - an ech erënneren nach eng Kéier un deen Debat, dee mer schonn hei haten - awer eng Villfalt vu Programmer hunn, déi een awer wierklech ka kucken, déi awer zu Lëtzebuerg och do sinn.

Et ass iwwert d'„Circulaire Bettel" geschwat ginn. Ech mengen, hei si verschidde Saachen net verstane ginn. Hei gëtt gesot, dass am Fong e Journalist sech misst un de Presseattaché wenden: „Esou gëtt den Här zitéiert." Ech wëll awer just drun erënneren, dass d'„Circulaire Bettel" dat net virgesäit! D'„Circulaire Bettel" - et ass zwar komesch, déi elo musse selwer ze zitéieren, mä soe mer alt „déi Circulaire, déi do erauskomm ass" - seet am Fong, dass de Beamten - de Beamten! - dem Presseattaché all Informatioun muss ginn, fir dass deen dem Journalist och kann äntweren. An der Zäit war de Prinzip: Et kënnt keng Informatioun eraus ouni Erlaabnis vum Minister! Duerch déi Circulaire ass dat elo ëmgedréit ginn, dat heescht, dass au contraire de Journalist soll un Informatioune kommen, mä dass et awer och eng Ulafstell gëtt, wou een als Beamte muss - ech insistéieren: net kann, mä muss! - all Informatiounen och ginn.

Déi aner Punkten, déi och hei zitéiert gi sinn, iwwert d'Schoul an och fir... - ech kann net all meng Riede schonn am Viraus ginn, an ech weess, dass déi Motioune jo am Viraus virbereet ginn -, fir d'Madamm Adehm: Déi zwou Stéck, déi si superfetatoire! Ech hunn déi zwou Saachen a menger Ried och annoncéiert. Dat heescht, dass ech eng Kéier dee Punkt a souguer méi wäit ginn, Här President, wéi just mech wëllen op d'Schoul ze limitéieren. Ech hu jo gesot, mir sollen och d'Société civile, mir sollen d'ONGen, mir sollen d'Gewerkschaften an d'Uni Lëtzebuerg matabannen an dee Prozess. An dowéinst ass se fir mech superfetatoire, well mer datselwecht och wëlle maachen.

Datselwecht zielt och - well ech hunn och ugekënnegt, dass mer wëllen en neien Text maachen - fir déi ganz finanziell Hëllefen an d'Aide à la presse. Dofir si se fir mech superfetatoire. Ech weess net, ob d'CSV se wëllt hei ofstëmme loossen oder net, mä mir hunn eis engagéiert, ier ech geschwat hunn, dass mer dat doten och wéilte maachen. Dowéinst sinn dat oppen Dieren, déi hei ageschloe ginn.

(Brouhaha)

An dann, last but not least, Här President, géif ech awer wierklech proposéieren, well ech mengen, dass et awer wichteg ass: Haut ass en Débat de „consultation"! Haut war et fir eis wichteg als Regierung, dass mer en Echange konnten hu mat den Deputéierten iwwert d'Situatioun, wéi se am Moment ass. An ech mierken, dass jo awer keen d'Aarbecht vun der Press a Fro stellt. An dass keen a Fro stellt, dass déi nei Pressehëllef fir elektronesch Medien och wichteg ass, also d'Onlinepress et cetera an et cetera.

Ech mengen, dass et net onwichteg wier, dass ech Kontakt ophuele mat der Presidentin vun der Medien- a Kommunikatiounskommissioun, fir dass mer och kucken, wéi mer eben iwwert déi verschidde Punkten, déi mer elo kënnen hunn, vläicht den Debat kënne verdéiwen, awer och an der Kommissioun, fir dass een do och mat deem engen oder deem anere kann zesummekommen, fir ze kucken, wéi mer eben déi Verbesserungen, déi hei och soulevéiert gi sinn, kënne maachen.

Mä, wéi gesot, ech wëll Merci soe fir déi konstruktiv Debatten. An ech sinn houfreg, als Medieminister kënnen an engem Land ze liewen, wou d'Press fräi ass, wou d'Press ënnerstëtzt gëtt a wou mir net der Press ze soen hunn, wat se ze schreiwen huet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Wagner, Dir wëllt Parole après ministre?

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Jo!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Okay.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Ech wollt dann op déi Saach vun der „Circulaire Bettel" - tëschent Guillemeten - zréckkommen.

Dat illustréiert jo genau de Problem: Mir brauchen zu Lëtzebuerg eng speziell Gesetzgebung fir den Informatiounszougang fir d'Bierger, an awer och eng fir d'Journalisten! Well dat Gekniwwels do mat där Circulaire! Dir musst Iech awer e bëssen d'Fro stellen, firwat esou vill Journalisten u sech unanimement quasi soen: „Dat doten ass äusserst problematesch!". Well et war net ëmmer einfach, fir un Informatiounen ze kommen zu Lëtzebuerg. Lëtzebuerg ass do wierklech an der Prehistoire! Dat ass net onbedéngt Âre Feeler, mä de Problem ass: Fir iergendeng Kéier an der Géigewaart unzekommen, wéi aner Länner och, brauche mer e speziellt Gesetz, wat regelt, wéi d'Journalisten un d'Informatioune kommen.

Zurzäit hu mer e Projet de loi, deen net an déi gutt Richtung geet, well immens vill Exceptioune virgesi sinn. Ech hoffen, datt mer dat nach wäerte kënnen änneren, well de Presserot ass jo och schonn net ganz zefridden. Mä dovunner ofgesi muss een nach d'Rechter vun de Journaliste sécheren an da parallell och déi Circulaire weiderhin, mengen ech, ofschafen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Den Här Medieminister huet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias*.- Ech verstinn hei d'Suergen an ech mengen, mir hu jo en Text, do ass den Avis vum Statsrot jo och komm; dat wäert dee sinn, deen Der och zitéiert hutt.

Ech wëll awer och just soen, dass mer awer verschidde Punkten hunn, wéi de Respect de la vie privée, wéi zum Beispill och de Secret fiscal an déi Saachen, de Secret défense, et si verschidde Matièren, wou mer mussen am Interêt vum Land handelen. An hei geet et net drëm, dass mer Saache wëlle verstoppen. Hei geet et just drëm, dass et Saache sinn, wou een net Informatioune „kann" ginn! Et ass net, well ee se net wëllt ginn, mä well ee se net ka ginn. An déi Lëscht ass keng exhaustive Lëscht. Et ass wierklech eng Lëscht, déi limitativ ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Jo, d'Madamm Adehm wëllt nach eppes soen.

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Ech hunn hei eng Fro un de Medieminister: Ech hat d'Fro gestallt, firwat dass de Sproochekritär net am Règlement du Gouvernement en conseil drasteet fir d'Onlinepressehëllef.

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias*.- Well mer der Meenung sinn, dass de Projet sech muss finanzéiere kënnen. Et steet am Text, dat ass de Kritär, dass e sech muss finanzéiere kënnen.

Dat heescht, mir kënnen net 100% vun enger Onlinepress ënnerstëtzen, gleeft mer et, wa muer iergendeng Zeitung, Onlinemedien, mat deenen Obligatiounen, déi se hunn du point de vue Journalisten, du point de vue Informatiounen et cetera an et cetera, kaum Chancen huet, fir op Griichesch oder op iergendeng aner Sprooch hei eng Chance ze hunn. A mir wollten awer och net deen een oder deen aneren ausschléissen! Mir liewen an engem Land, wou mer awer och Communautéiten hunn, wou mer der Meenung sinn, dass se och solle gefuerdert ginn, eis national Sproochen ze léieren, mä awer och d'Recht hunn op Informatioun.

Mä, wéi gesot, dofir muss schonn eng gewëssen Zuel vu Populatioun hei sinn, fir dass se iwwerhaapt gedroe ka ginn. Dowéinst, kleng isoléiert Sproochen, déi wierklech wéineg hei zu Lëtzebuerg vertruede sinn, wäerte ganz wéineg Chance hunn, fir sech och kënne finanziell drobar ze maachen, mat Pub, déi se da sollte kréien, mat Journalisten, déi se da kéinten astellen.

An de Kritär vun der Sprooch soll fir eis net ausschléissen an där doter Fro. Et war eng laang Diskussioun! Deen een ass der Meenung, et sollt ee just déi national Sproochen hunn (veuillez lire: ënnerstëtzen), déi mer hei hunn. Ech sinn och zum Beispill der Meenung, dass een, deen eng Onlineplattform mécht - dat kann ech hei soen - op Portugisesch, deen eng Communautéit huet, déi hei zu Lëtzebuerg präsent ass an deen eng transparent - no deenen Obligatiounen, déi mer hunn - regulär Informatioun mat Journaliste mécht, och soll kënne mat senger Onlinepräsenz als Journalist unerkannt ginn. Et sinn ëmmer déi, déi hannendrustinn, déi de Kritär erfëlle vum Journalist an dann och déi Deontologie ze respektéieren hunn an och de Contenu ze kontrolléieren hunn. An eis portugisesch Matbierger solle gradesou gutt informéiert ginn iwwert dat, wat hei zu Lëtzebuerg lass ass, wéi déi aner!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Mir sinn dann…

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Et wier fir Parole après ministre.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Selbstverständlech!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wollt elo net op d'Debatt iwwert d'Medien zréckkommen, mä ech wëll awer eng Bemierkung maachen: Ech mengen, datt den Här Statsminister a senger Funktioun och ugehalen ass, sech un d'Gesetzer ze halen. An dozou gehéiert och d'Sproochegesetz vun 1984. D'Sproochegesetz vun 1984 seet, datt mer „eng" Nationalsprooch hei am Land hunn, dat ass Lëtzebuergesch, an datt mer do derniewent selbstverständlech dräi Amtssproochen hunn: Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch. Et ass mir bis haut net bekannt gewiescht an ech huelen och un, datt d'Regierung net der Meenung ass, datt mer hei am Land elo méi Nationalsproochen hunn, wéi nëmmen d'Lëtzebuerger Sprooch.

Ech soen Iech Merci.

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias*.- Här President,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här...

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias*.- …ça se passe de commentaire! Lëtzebuerg ass e Land, wou dräi Sproochen offiziell oder administrativ oder national Sprooche sinn. Mir hunn awer och eng Realitéit. Hei geet et drëms, fir Informatioun un d'Leit weiderzeginn! Hei geet et net drëm, eng Sprooch unerkannt ze kréien oder net.

(Interruption)

Mir hunn national Sproochen, mir hunn offiziell Sproochen,…

(Interruption)

…an dës Regierung huet net wëlles, déi opzemaachen! Mä den Droit à l'information ass fir mech en Droit universel an net en Droit sélectif!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dräi offizieller an eng Nationalsprooch!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech mengen, et ass genee dat…

(Brouhaha)

Ech mengen, et ass genee dat, wat gemengt war: Mir hunn eng Nationalsprooch a mir hunn dräi administrativ Sproochen, do si mer eis ausnamsweis alleguer eens.

Si mer um Enn vum Debat ukomm? D'Fro stellt sech: Wat geschitt mat de Motiounen? Wie wëllt zu de Motioune Stellung huelen?

Motions

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Also ech hat den Inhalt vun de Motioune jo erkläert gehat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo.

Mme Diane Adehm *(CSV).*- De Medieminister huet elo just gesot, dass d'Regierung souwisou wëlles huet, déi dote Saachen ze maachen. Da sinn ech der Meenung, dass d'Majoritéit se och roueg matstëmme kéint!

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.*- Här President, ech géif verstoen, wann d'Madamm Adehm eppes géif froen, wat ech net annoncéiert hunn. Mä wann ech all Kéiers, nodeem ech eng Ried gemaach hunn, da vun den Deputéierte Motioune kréien, fir Saachen ze fuerderen, déi ech selwer gefrot hunn, dann… Ech verstinn, meng Ried ass dës Kéier net 24 Stonnen am Viraus ausgedeelt ginn. Ech wier awer frou, wa mer haut kéinten dat, wat de Minister selwer ukënnegt, dann och respektéieren an der Regierung awer d'Initiativ loossen, amplaz elo hei wierklech just politescht Spill wëllen ze maachen, fir duerno ze soen, dass hei eng aner Partei Initiativen hëlt!

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha et interruptions)

Une autre voix.- Renvoi!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ginn et keng zousätzlech Stellungnamen zu de Motiounen?

D'Regierung huet Stellung geholl. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen, vu dass keng aner Propos virläit.

Vote sur la motion 1

Da géif ech de Vott lancéieren. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

D'Motioun 1 krut 28 Jo-Stëmmen, bei 32 Nee-Stëmmen. Si ass also net ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Marcel Oberweis), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Tess Burton), Mmes Taina Bofferding (par Mme Claudia Dall'Agnol), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

A mir géifen dann zum Vott iwwert déi nächst Motioun, d'Motioun 2, iwwergoen.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An och déi hei Ofstëmmung ass elo eriwwer.

D'Motioun 2 krut 25 Jo-Stëmmen, bei 35 Nee-Stëmmen an ass also och net ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Tess Burton), Mmes Taina Bofferding (par Mme Claudia Dall'Agnol), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7052, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert déi elektronesch Kommunikatioun. An de Rapporteur, den Här Eugène Berger, huet d'Wuert.

5. 7052 - Projet de loi portant modification de la loi du 27 février 2011 sur les réseaux et les services de communication électroniques

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Och Merci, datt mer dann dee Projet haut kënnen evakuéieren, well dat den Donneschde wéinst verschiddenen Ursaache soss net méiglech gewiescht wär an dann no hannen hätt misse geréckelt ginn.

Ech géif kuerz de Kontext vun dësem Projet de loi 7052 an engem Saz soen: d'Lutte géint den Terrorismus an d'Kriminalitéit. Mir hunn effektiv an deene ganzen Ustrengungen am Kader vun der Lutte géint d'Kriminalitéit an den Terrorismus e Problem, ech géif soen, vun Transparenz an Effizienz, ënner anerem wann ee versicht, Verdächteger ze retracéieren oder wann een och wëllt kucken, fir zum Beispill Verdächteger kënne festzehuelen. Dat, well ee feststellt, datt awer nach zum Deel, ebe well et anonym Prepaidkaarte ginn, och am Beräich vum Terrorismus mat Handy kommunizéiert gëtt, well eben da mat deene Prepaidkaarten d'Anonymitéit méiglech ass.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

A ganz konkret war et esou, datt no den Attentater den 13. November 2015 zu Paräis och déi lëtzebuergesch Operateuren - dat ass och am Ausland schonn zum Deel de Fall gewiescht - akzeptéiert hunn, proposéiert hunn, fir keng anonym Prepaid-SIM-Kaarte méi un d'Clienten ze verkafen. Dëst war u sech op fräiwëlleger Basis, si hunn et awer alleguerte gemaach. Mä mat dësem Gesetz schafe mer dann och elo déi legal Basis, fir datt all Besëtzer vun enger Prepaidkaart sech muss identifizéiere kënnen. Ech mengen, op där enger Säit gëtt dat bei deenen neie Keefer dann elo direkt gemaach, bei besteeënde Kaarte muss dat nogeholl ginn, soss ginn d'SIM-Kaarten no engem gewëssenen Delai desaktivéiert.

Bon, wat steet an deem Projet de loi? Dat ass kee ganz grousse Projet de loi. Ech mengen, et ass och relativ kloer, wat do geschriwwen ass: Zum engen definéiere mer och, wat de Service après paiement ass. Da leeë mer fest, wéi eng Donneeën en Operateur muss ebe beim Kaf oder Verkaf vun esou enger SIM-Kaart froen. Dat sinn den Numm, Virnumm, wou ee wunnt, also d'Adress, d'Nummer vun der Identitéitskaart, de Gebuertsdatum an och, wou ee gebuer ass, an da gewéinlech och nach an der Praxis eng Kopie vun der Carte d'identité, wann dat méiglech ass.

Et ass awer och méiglech, an dat hate mer och an der Kommissioun diskutéiert, bei Demandeurs de protection internationale - bedéngt doduerjer, well mer där jo och eng Rei hei am Land hunn -, datt déi also och esou eng Attestatioun virleeë kënnen, well déi jo awer och wëllen am Alldag emol kënnen telefonéieren, Kontakt ophuele mat hire Familljen an heiansdo Schwieregkeeten hunn, fir e komplett Abonnement ze hunn, mä eng Prepaidkaart dann awer kënnen huelen.

Et ass och méiglech, esou eng Demande iwwer Internet respektiv d'Dokumenter iwwer Internet ze produzéieren. Da muss een déi natierlech ascannen an iwwermëttelen.

En anere Punkt ass deen: Vun deem Dag un, wou d'Prepaidkaart dann ofgelaf ass, wou se desaktivéiert gëtt, muss den Operateur déi Donnéeën nach dräi Joer halen. Ech mengen, dësen Delai ass virun allem och geduecht eben am Kader, wann nach géif eventuell eng Enquête oder eng Procédure judiciaire kommen. No deem Delai vun dräi Joer muss den Operateur awer dann all d'Donnéeën direkt läschen. Dat ass och konform dann zu engem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff vun 2014.

Dann nach zum Schluss, fir ze soen, salopp formuléiert: Wie kontrolléiert dat, oder wie ka Sanktiounen ausschwätzen? Ma mat dësem Projet de loi gi mer, wéi dat hei, géif ech scho bal soen, Usus ass, dem ILR, dem Institut luxembourgeois de régulation, explizitt de Pouvoir de sanction, och konform zum europäesche Reglement iwwert den oppenen Internet vun 2015.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Voilà, ech mengen, dat sinn déi Haaptakzenter. Weider Detailer kënnt Der dann natierlech am schréftleche Rapport noliesen.

An ech géif an engems, Här President, dann den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi hei abréngen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Berger. Éischt Riednerin ass d'Madamm Adehm.

Discussion générale

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Ech soen dem Här Berger villmools Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport a ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

(Brouhaha et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Da wier et un der Madamm Burton.

Mme Tess Burton *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll dann och dem Rapporteur Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, den Eugène Berger ass op all Detailer agaangen. Erlaabt mer vläicht, nach just ze ënnersträichen, dass et fir eis als LSAP wichteg ass, dass mer eng fräi a privat Kommunikatioun hunn, dass et awer kee Recht op Anonymitéit gëtt, virun allem net dann, wa se mëssbraucht gëtt, fir terroristesch Attacken duerchzeféieren.

Ech mengen, mir als Politiker hunn d'Flicht, de gesetzleche Kader ze schafen, fir d'Sécherheet vun eise Bierger ze garantéieren. An domadder ginn ech dann och d'Zoustëmmung vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann huet den Här Adam d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ginn et soss nach Wuertmeldungen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Dann huet den Här Stats- a Medieminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.*- Merci, Här President. Wéi gesot, fir eis ass et wichteg, dass deen Text gestëmmt gëtt. Dee gëtt gestëmmt, musst Der wëssen, an engem Kontext, wou och d'Informatioun komm ass, dass mer zu Lëtzebuerg 200.000 - 200.000! - Prepaidkaarten haten, de Gros anonym. 200.000 Prepaidkaarten!

Mir sinn elo ongeféier bei 10.000 Prepaidkaarten, déi alleguerten identifizéiert gi sinn. Et si verschidden Acteur-publicken, wéi d'Post, déi hunn et direkt gemaach a per SMS deem engen an deem anere geschriwwen: „Dir hutt den Delai bis dann an dann, soss kritt Der Äre Kontrakt annulléiert, Äre Kontrakt ass da fäerdeg." Anerer, privat Operateuren, waarden eben op eng Base légale, fir dem Client dat och kënnen ze imposéieren.

Fir eis ass et einfach wichteg, dass dat dote geschitt. Ab Januar 2016 ass awer keng anonym Prepaidkaart méi erausgaangen. Elo ginn dann eben nach déi lescht, wann dat hei de Fall ass, dann eben och regulariséiert.

Ech si frou, wa mer deen doten Text stëmmen. Ech hu keng Loscht, dass Lëtzebuerger Prepaidkaarten duerno eng Porte d'ouverture sinn, fir Kommunikatiounen ze maachen, wou een duerno keng Anung huet, wien et ass, vu wou e kënnt, mä just weess, dass en eng Prepaidkaart vu Lëtzebuerg huet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Premierminister. Da géif ech zum Vott iwwert de Projet de loi 7052 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7052 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Mir schléissen d'Sëtzung mat Unanimitéit of: De Projet de loi 7052 ass mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding (par M. Georges Engel), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel , Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci.

An dann, wann Der just nach eng Sekonn hutt, ech wollt Iech nach eng gutt Nouvelle matdeelen. D'Nouvelle ass elo just gefall, dass de Bob Jungels de rosaen Trikot am Giro d'Italia huet.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech mengen, och an Ärem Numm kann ech soen: „Felicitatiounen!" An d'Sëtzung ass eriwwer. Den nächste Rendez-vous ass muer um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 17.17 heures)

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter

SÉANCE 37

MERCREDI,
10 MAI 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Heure de questions au Gouvernement

Question n°260 du 5 mai 2017 de M. Gusty Graas relative à l'année blanche, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

- *M. Gusty Graas - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs*

Question n°261 du 10 mai 2017 de M. Laurent Zeimet relative à l'engagement financier concernant la candidature de la ville d'Esch-sur-Alzette comme «Capitale européenne de la culture 2022», adressée à M. le Ministre de la Culture

- *M. Laurent Zeimet - M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture*

Question n°262 du 9 mai 2017 de M. Roger Negri relative au bilan de 2016 sur les accidents routiers, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Roger Negri - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°263 du 10 mai 2017 de M. Gast Gibéryen relative à la suppression de la ligne ferroviaire 66a entre Luxembourg et Dudelange, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Gast Gibéryen - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°264 du 9 mai 2017 de Mme Josée Lorsché relative à l'organisation future de l'Administration de la navigation aérienne et aux modifications structurelles au niveau des services de l'Aéroport de Luxembourg, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *Mme Josée Lorsché - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°265 du 10 mai 2017 de M. Marc Spautz relative au recrutement d'agents régionaux d'inclusion sociale par les offices sociaux, adressée à Mme le Ministre de la Famille et de l'Intégration

- *M. Marc Spautz - Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration*

Question n°266 du 9 mai 2017 de M. Max Hahn relative au recrutement de cinquante pompiers professionnels, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

- *M. Max Hahn - M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*

Question n°267 du 10 mai 2017 de Mme Martine Hansen relative à l'impact de la sécheresse sur les exploitations horticoles et spécialement les exploitations maraîchères, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

- *Mme Martine Hansen - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*

Question n°268 du 10 mai 2017 de Mme Taina Bofferding relative au délai de versement de l'aide financière pour études supérieures par le CEDIES, adressée à M. le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

- *Mme Taina Bofferding - M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*

Question n°269 du 10 mai 2017 de M. Gilles Roth relative au régime des options sur actions accordées par l'employeur à ses salariés, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

- *M. Gilles Roth - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*

3. Question élargie n°24 de M. Fernand Kartheiser relative au Musée de la police grand-ducale

- *M. Fernand Kartheiser - M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure*

4. Interpellation de M. Félix Eischen au sujet des petites et moyennes entreprises (PME) et de la politique à mener dans ce domaine

- *Exposé: M. Félix Eischen (dépôt de quatre motions)*
- *Débat: Mme Françoise Hetto-Gaasch, Mme Tess Burton, Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia (interventions de M. Félix Eischen), M. Roy Reding, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie (interventions de M. Aly Kaes et M. le Ministre Dan Kersch)*
- *Motions: M. Félix Eischen, Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*
- *Votes sur les motions 1 à 4 (rejetées)*

5. 7035 - Projet de loi portant fusion des communes de Mompach et de Rosport

- *Rapport de la Commission des Affaires intérieures: Mme Tess Burton*
- *Discussion générale: M. Marc Lies, M. Gilles Baum, M. Henri Kox, M. Gast Gibéryen*
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. André Bauler*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. François Bausch, M. Fernand Etgen, M. Dan Kersch, Mme Corinne Cahen, Mme Carole Dieschbourg et M. Marc Hansen, Ministres; Mme Francine Closener et M. Guy Arendt, Secrétaires d'État.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gudde Mëtteg! Ech maachen heimat d'Sëtzung op an hu keen Zeeche gesinn, dass d'Regierung wëllt eng Matdeelung maachen.

Da kënne mer direkt zu eisem normalen Ordre du jour iwwergoen. Dir wësst, dass haut de Mëtten eng Froestonn un d'Regierung virgesinn ass. Dir wësst och, wéi de System fonctionnéiert: Den Deputéierten huet zwou Minutten Zäit, fir d'Fro ze stellen, an de Regierungsmember huet véier Minutten, fir ze äntwerten. Vu dass mer zéng Froen hunn, géif ech Iech bieden, Iech ganz strikt un d'Riedezäit ze halen, well soss déi eng oder déi aner Fro der Zäit géif zum Affer falen.

Dat gesot, wësst Der jo, dass ofwiesselnd eng Fro vun der Majoritéit an eng vun der Oppositioun kënnt. An déi éischt Fro kënnt vum Här Gusty Graas an dréit ëm e „wäisst Joer". Wat sech hannert där „année blanche" verstoppt, wäert eis den Här Graas elo direkt soen.

2. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°260 du 5 mai 2017 de M. Gusty Graas relative à l'année blanche, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

M. Gusty Graas *(DP).*- Richteg, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Häre, ech mengen, et ass en oppent Geheimnis, datt et eiser Landwirtschaft net zum Allerbeschten de Moment geet. Et ass en neie Problem och derbäikomm, dat si virun allem och déi Konditioune vum Wieder, déi et de Moment der Landwirtschaft alles aneres wéi liicht maachen. Ech renvoyéieren och op d'Problemer, déi am Wäibau bestinn.

Duerfir ass et gutt, datt d'Regierung eng ganz Rei Moossnamen hëlt a scho geholl huet, fir d'Landwirtschaft beschtméiglech ze ënnerstëtzen, ënner anerem d'Iddi vun der Année blanche. Dat heescht, do kënnen d'Baueren e Moratoire op hirem Prêt kréien zwësche sechs Méint an engem Joer. Dat heescht, dat sinn awer Prêten, déi musse produktiounsbezu sinn, an de Stat iwwerhëlt dann an där Period, wéi gesot, d'Fraise vun den Zënse respektiv dann natierlech och d'Fraise vun de Banken, dat bis zu engem Maximum vu 15.000 Euro pro Betrib.

An deem Sënn wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister da véier Froe stellen:

Éischtens, wéi vill Betriber hu bis haut esou eng Demande gestallt? A kann de Minister eis vläicht och Detailer ginn, wat fir eng Betriber dat genee sinn?

Zweetens vläicht och nach e puer Informatiounen, wat déi genee Prozedur ubelaangt. Ech géif soen, et ass jo net onwichteg, datt een och de Baueren dobaussen nach eng Kéier erkläert, wéi ee sech muss uleeën, fir an de Genoss vun där Subventioun ze kommen.

Dann: Wéi eng Zomm vun Zënse gouf am Duerchschnëtt pro Betrib bis elo ugefrot?

An dann nach eng lescht Fro ass: Kann een zu dësem Zäitpunkt schonn ofschätzen, wéi eng Gesamtzomm datt de Stat fir déi Année blanche do ausbezilt?

Ech soen Iech Merci fir d'Äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Graas. An d'Wuert huet elo direkt de Landwirtschaftsminister Fernand Etgen.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Merci villmools, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Année blanche war eng néideg Mesure, déi ech d'lescht Joer geholl hat, well d'Mëllechbetriber an d'Schwéngsbetriber besonnesch betraff ware vun der Kris op de Mäert. Dës Kris huet bewierkt, datt et wesentlech u Liquiditéit an de Betriber feelt, och elo nach. Duerfir hu mir d'Année blanche an d'Liewe geruff, déi de Bauere genau op deem Punkt soll hëllefen. D'Année blanche erméiglecht et dëse Betriber vum Juli 2017 un, de Remboursement vun hire produktiounsbezunnene Prête fir maximal zwielef Méint auszesetzen. Dobäi ginn d'Zënsen an d'Bankfraise vum Stat iwwerholl fir maximal 15.000 Euro pro Joer pro Betrib.

Duerch dëst Instrument stinn dann de Betriber, ofhängeg natierlech vun der Envergure vun hire Prêten, insgesamt bis zu ronn 60.000 Euro méi Liquiditéiten zur Verfügung. Ech wëll och betounen, dass dës Aide, zumindest an dëser Form, eemoleg an der EU ass.

Datt et batter néideg war, fir dës Decisioun ze huelen, gesäit een dorunner, datt 164 vu 750 eligibele Betriber fir dës Mesure eng Demande gestallt hunn. Dovu sinn de Gros Mëllechbetriber: 148, de Rescht si Schwéngsbetriber. Déi meescht hunn de Moratoire fir zwielef Méint gemaach, verschiddener awer och fir méi e kuerzen Zäitraum: sechs, aacht, néng, eelef Méint.

Wéi geet et elo weider? Elo ginn am SER déi eenzel Dossieren iwwerpréift a bis spéitstens den 30. Juni kréie souwuel d'Bauere wéi d'Banke Bescheed gesot, datt den Dossier an der Rei ass. Ech ginn awer net dovunner aus, datt mer gréisser Komplikatiounen an deenen Dossieren hunn, soudatt dës Analys éischter wäert fäerdeg sinn an d'Betriber nach éischter eng Réckmeldung kréien. Duerno kann zum Enn vum Moratoire, also 2018, bezuelt ginn.

Déi definitiv Zomm vu Suen, déi de Landwirtschaftsministère engagéiere wäert, ass jo eréischt gewosst, wann d'Période de moratoire ofgelaf ass an de reelle Montant un Zënsen ugefall ass. Mä op der Basis vun den Demanden, déi erakomm sinn, wäert de Gesamtmontant iwwer annerhallef Millioun Euro sinn. Dat ass, wéi Der gesitt, eng substanziell Hëllef fir de Mëllech- a Schwéngssecteur. D'Aide wier deemno am Duerchschnëtt pro Demande ronn 9.500 Euro pro Betrib Zënsen a Bankfraisen.

Ausbezuelt gëtt, sou sinn och d'Betriber informéiert ginn, no dem Enn vum jeeweilege Moratoire, andeems mer vun de Banken de Certificat de fin de moratoire kréien, deen iwwert d'reell ugefallen Zënse renseignéiert. Dat ass also ofhängeg vun der Lafzäit vum Moratoire a vun dem entspriechenden Zënstaux. Déi éischt Ausbezuelung wäert dann tëschent Januar a Mäerz 2018 sinn, dëst un déi Baueren, déi fir sechs Méint hir Prêten ausgesat hunn.

Wéi gesot, ech sinn iwwerzeegt, datt dës Mesure wäert de Baueren hëllefen an dëse schwieregen Zäiten an datt hinnen domat ënnert d'Äerm gegraff ka ginn. Dëse Betriber ass et och elo méiglech, mat dëser zousätzlecher Liquiditéit, déi se duerch dës Mesure kruten, Loft an hire Betrib ze kréien, fir sech kënne vun der Kris ze erhuelen.

Eis Mäert ginn ëmmer méi volatill, dat wäert sech och an Zukunft net änneren. Dir gesitt awer, datt dës Regierung net einfach dës Evolutioun als e Fait accompli hinhëlt, mä probéiert, de Betriber nei Instrumenter zur Verfügung ze stellen, déi et hinnen erméiglechen, sech dëse Maartschwankungen unzepassen.

An deem Sënn wollt ech och nach eng kéier d'Ännerungen am Kader vun der Steiergesetzgebung ernimmen, déi et de Baueren elo besser erméiglecht, d'Akommesschwankungen zwëschen deenen eenzelne Jore steierlech auszegläichen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Landwirtschaftsminister. Dat war eng Punktlandung.

Da kënnt déi nächst Fro vum Här Laurent Zeimet an dréit sech ronderëm de finanziellen Engagement vum Stat am Zesummenhang mat der Kandidatur vun Esch, stellvertriedend fir d'Südregioun, fir de Statut vun der Europäescher Kulturhaaptstad 2022. Här Zeimet, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°261 du 10 mai 2017 de M. Laurent Zeimet relative à l'engagement financier concernant la candidature de la ville d'Esch-sur-Alzette comme «Capitale européenne de la culture 2022», adressée à M. le Ministre de la Culture

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Här President an Här Ambassadeur fir d'Kulturhaaptstad Esch 2022. Effektiv, Esch - a mat der Ënnerstëtzung vun de Südgemengen - huet d'Kandidatur gestallt, fir am Joer 2022 Europäesch Kulturhaaptstad ze ginn. Dat ass a wär eng Chance fir eis Regioun, fir d'Südregioun, awer doriwwer eraus natierlech och fir d'Land, fir nei kulturell Impulser ze ginn an och fir d'Zesummeliewen an der Regioun an am Land ze stäerken.

Déi Kandidatur, déi geet elo am Hierscht an eng decisiv Phas an et war e bëssen Nervositéit opkomm, well bis viru Kuerzem nach kee kloert, fermt Engagement vun der Regierung schréftlech virlouch, wéi d'Regierung déi Kandidatur wéilt finanziell och ënnerstëtzen.

Wann awer elo mäi Kenntnisstand richteg ass, ass dat fermt Engagement entre-temps do a soll plafonéiert gi bei 40 Milliounen Euro. Mir wäre frou, wann d'Regierung och d'Chamber kéint elo informéieren iwwert dat Engagement, wat se bereet ass anzegoen, bezéiungsweis wa se dat och kéint confirméieren.

Da wär nach eng Fro, wéi dat sech verhält par rapport zum Engagement vun der Regierung beim Kulturjoer 2007. Ass et méi, ass et manner, ass et méi oder wéineger d'selwecht?

Da wéilt ech och nach froen, wéi d'Regierung d'Koordinatioun vum Projet an der Zukunft gesäit. Wëllt d'Regierung sech selwer do méi

abréngen? Wëllt se de Lead iwwerhuelen? Oder soll de Lead bei Esch a bei de Partnergemenge bleiwe fir d'Organisatioun vun Esch 2022?

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Zeimet. An d'Wuert huet elo direkt de Statssekretär am Kulturministère, den Här Guy Arendt.

M. Guy Arendt, *Secrétaire d'État à la Culture.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn erstaunt ze héieren, den Engagement vun der Regierung wär net ganz kloer gewiescht! E war vläicht net schréftlech, louch e vläicht net do, mä en ass vun Ufank u gesot ginn. D'Stad Esch ass näämlech den 22. Februar 2016 an eng Entrevue komm am Ministère, fir ebe justement d'Kandidatur unzekënnegen. An direkt huet de Minister gesot: „Ma mir participéieren zu deemselwechte Mooss, wéi mer 2007 bei der Stad Lëtzebuerg participéiert hunn, dat heescht mat 67% vum Gesamtbudget." Dat war vun Ufank u ganz kloer gesot ginn an et ass ëmmer respektéiert ginn.

67% vum Gesamtbudget, dat ass an der Sitzung vum Regierungsrot vum 26. Februar 2016 confirméiert ginn, mat engem Plafonnement, wéi gesot, vu 40 Milliounen. De previsionnelle Budget, dee mer virgestallt kruten, dat waren der 62. Déi Zomm, déi 40 Millioune ginn ab dem Joer 2018 op verschidde Joren opgedeelt, fir dann an de Budget eranzekommen. Fir 2018 ass och schonn am Projet de budget en Artikel virgesinn, fir eben déi Zomm kënnen an de Budget eranzesetzen, natierlech dat ënnert der Konditioun, dass, an et ass och ugeklongen, am Hierscht tatsächlech d'Stad Esch mat de Partnergemengen den Titre vun der Kulturhaaptstad kréien.

Dat ass Mëtt November 2017, wou de Jury dann definitiv op den Dossier, deen de Moment amgaangen ass preparéiert ze ginn, seng Decisioun wäert huelen. A wann déi Decisioun bis geholl ass, dass d'Stad Esch, wéi gesot mat de Partnergemengen, den Titel kritt, da mécht natierlech de Ministère direkt eng Konventioun mat der Asbl, déi do gegrënnt ginn ass.

Ech kann och nach derbäiflécken, dass mer 2016 scho via Subsid 65.000 Euro iwwerwisen hunn, an dëst Joer och scho 25.000 Euro, fir eben der Associatioun ze erméiglechen, uerdentlech ze funktionéieren. Dat gëtt natierlech alles herno verrechent.

Fir 2018 am Projet de budget hu mer 10 Milloune virgesinn. Et muss een natierlech och wëssen, dass dat finanziellt Engagement, wat mir hei agaange si fir d'Kulturhaaptstad Esch, dat gréisst Engagement ass, wat eng aner Stad jeemools geholl huet. Also mir hunn esou wierklech e groussen Invest do gemaach. Mir rechnen natierlech och domadder, dass de Rescht vun där Zomm, déi nach iwwreg bleift, déi 32% oder 33%, dass déi mussen natierlech vun der Stad Esch, vun de Partnergemengen an natierlech och vu Sponsore gesicht ginn.

Et stëmmt, dass mir den 2. Mee dann definitiv schréftlech confirméiert hunn an enger Lettre d'intention, dass mer do wëllen esou vill wéi méiglech d'Stad Esch ënnerstëtzen. Mir ënnerstëtzen d'Gemeng och vun Ufank u mat engem Suivi, dee mer regelméisseg maachen. An net méi spéit wéi den 1. Juni, an e puer Wochen, also a 14 Deeg, dräi Wochen, gesi mer nach eng Kéier déi Responsabel vun der Stad Esch, fir kënnen en Austausch ze maachen, a mer wäerten dann och deen Dossier, dee se sollen ofginn, och mat hinnen zesumme finaliséieren. An da si mer gespaant, ob den Titel hinne gestatt gëtt oder net.

Mä ech mengen, et wär, wéi den Här Zeimet gesot huet, exzellent fir d'Lëtzebuerger, fir Esch, fir de Süden a fir d'Lëtzebuerger Land. Duerfir maache mer alles, dass dat klappt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Statssekretär. Déi nächst Fro kënnt vum Här Roger Negri, riicht sech un den Nohaltegkeetsminister an dréit ronderëm de Bilan 2016 iwwert d'Verkéiersaccidenter. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°262 du 9 mai 2017 de M. Roger Negri relative au bilan de 2016 sur les accidents routiers, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President. D'lescht Joer gouf et op eise Stroossen 32 Doudeger, véier manner wéi 2015, an och nach ëmmer vill Blesséierter. En héijen Undeel dovun hunn nach ëmmer d'Vitess an den Alkohol an oft déi zwee zesummen. An der Nohaltegkeetskommissioun sot eis de Minister, dass déi kloer erwise Suiciden an dee Bilan net mat erafléissen. De Minister kann eis dat vläicht herno hei confirméieren.

Aacht Foussgänger hunn d'lescht Joer den Doud um Foussgängersträife fonnt an och ëmmer méi Vëlosfuerer sinn an Accidenter implizéiert. Dat sinn déi zwee vulnerabelst Verkéiersteilnehmer, déi mer besonnesch schütze mussen.

Als LSAP ënnerstëtze mir d'„Vision Zéro" voll a ganz. Heizou wollt ech de Minister froen, ob en eis nach e puer Haaptakzenter dovunner fir d'Zukunft kann ernimmen, wéi d'Aktioun „Keen Handy op der Strooss", déi mer absolutt begréissen.

Eng lescht Fro geet iwwert déi automatesch Radaren. Elo kann een dovunner halen, wat ee wëllt. Ech si jiddefalls dovun iwwerzeegt, dass se no engem Joer hiert Zil erreecht hunn, näämlech dass op de besonnesch geféierleche Plazen op de Landstroossen net méi esou séier gerannt gëtt.

Déi Fro, déi ech dem Minister stelle wollt, ass, ob et à terme net och Sënn maache géif, innerorts op besonnesch sensibele Plaze wéi bei Schoulen, wou et jo ëm d'Sécherheet vun eise Kanner geet, och fix Radaren opzestellen, sief et fir 50, respektiv an 30er Zonen automatesch d'Vitess kontrolléieren ze loossen am Sënn vu manner Accidenter.

Fir déi, déi elo vläicht erféieren, sief gesot, dass dëst an der Belsch op ville Plaze gängeg Praxis ass, an a Frankräich zu Calais ginn et elo Radars de passage piéton, wou kontrolléiert gëtt, ob den Autofuerer net stoe bliwwen ass respektiv de Foussgänger sech engagéiert huet op d'Strooss, ouni ze kucken. Iwwregens ass dat Ganzt entwéckelt gi vun enger Start-up vu jonke Leit vu Lyon.

Ech géif dem Här Minister am Viraus Merci soe fir seng Äntwert. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Negri. An d'Wuert huet direkt den Här Nohaltegkeetsminister, de François Bausch.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech soen dem Här Negri Merci fir déi Froen. Vläicht nach eng Kéier zréck zu den Zuelen: Mir hunn 2016 eng staark Verbesserung gemaach an eisem Bilan vun de Stroossenaccidenter. Et muss ee kucken, datt mer insgesamt staark erofgaange si bei de schwéier Blesséierten, ëm 22%, dat ass eng wesentlech Reduktioun, a bei den Doudegen ëm 11%. Och do, mir sinn elo bei den Doudegen op deem Joer zréck, wou mer eng Kéier dat bescht Joer haten, dat war 2010. Do ware mer schonn eng Kéier do ukomm.

Dat heescht, mir hunn et fäerdegbruecht an deene leschte puer Joer - wou Der jo wësst, datt mäin éischte Bilan, deen ech hu misse maachen, do ware mer bei 45 Doudegen! -, datt mer wierklech ganz staark zréckgaange sinn entre-temps. Dat heescht, datt déi Mesurë gräifen an och d'Radare gräifen. Et muss ee scho soen, wéi et ass.

Well virun allem, wann Der d'Statistike kuckt, wat d'Ursaache ware vun den Accidenter... Et sinn der nach ëmmer vill ze vill! Ech mengen, mir sollen eis elo net hei mengen, dat wär elo tipptopp. Au contraire, et sinn der nach ëmmer vill ze vill. Mä virun allem bei den Ursaachen ass d'Vitess bei den Accidents mortels vu 45% op 35% erofgaangen, also 10% manner ass d'Vitess d'Ursaach gewiescht, a bei den Accidents graves - schwéier Blesséierter - e bësse manner, mä ëmmerhin och do vu 37% op 33%. An dat confirméiert och dat, wat d'Police mer seet, déi allgemeng Observatiounen, déi se mécht, wa se heiansdo preventiv einfach Moossunge mécht, wou se seet, datt d'Vitesse wierklech ufänken erofzegoen. An dat ass ganz kloer de Fall.

Dat Zweet, och bei enger anerer Ursaach, dem Alkohol, wou jo vun der Police ganz vill Kontrolle gemaach ginn, do ass bei den Accidents mortels d'Ursaach, datt den Alkohol d'Ursaach war, vun 30% op 14% erofgaangen, bei den Accidents graves vun 19% op 17%. Also och do eng staark Reduktioun generell.

Also dee ganzen Aktiounsprogramm, dee mer elo zënter zwee Joer maachen, wéi gesot, wou d'Radaren och e wichtegen Deel dovunner sinn, dat fänkt un ze gräifen. A mir sinn elo amgaangen dëst Joer, zwee Schwéiergewiichter ze leeën: Dat eent ass den Handy, d'Notze vum Handy am Verkéier, wou elo eng grouss Campagne leeft. An dat Zweet ass de Foussgänger an iwwerhaapt d'Verkéierssécherheet innerhalb vun de Stied, wou ech amgaange sinn, en Tour ze maachen duerch d'ganzt Land.

Do geet et mer drëms, och d'Gemengen ze sensibiliséieren, datt mer, wa mer gär méi Verkéierssécherheet hätten an den Uertschaften, musse verstoen, datt mer mussen eis Stroossen an den Uertschaften anescht designen. Dat heescht wierklech ze kucken, datt eng Strooss, wou soll mat 50 gefuer ginn, net engem Automobilist d'Gefill gëtt, wéi wann e kéint mat 100 drop fueren, dat heescht, datt d'Strooss poulriicht ass an esou weider an esou fort. Dat heescht, datt e ganze Koup Mesurë getraff solle ginn, wou d'Gemengen natierlech och musse mathëllefen innerhalb vun den Uertschaften.

Well mir haten d'lescht Joer, an dat ass e bëssen d'Tragik Et huet sech, wéi gesot, insgesamt bei der Vitess verbessert, mä wa mer net de Pech gehat hätten d'lescht Joer, bei de Foussgänger eropzegoen - also innerorts si mer eropgaange mat schwéier Blesséierten an Doudegen -, dann hätte mer e super Bilan gehat d'lescht Joer, ëmmer am Verhältnis, wéi gesot, zu deene Jore virdrun. An duerfir wëlle mer wierklech elo do usetzen, well do ganz vill Potenzial ass, fir nach Besserungen ze kréien duerch ganz villfälteg Mesuren innerhalb vun den Uertschaften.

Zu Äre Froe mat de Radaren innerhalb vun enger Zon 30, engem fixen: Dir musst awer och wëssen, datt mer eréischt zënter dem August d'lescht Joer déi sechs mobill Radaren am Asaz hunn. An do huet d'Police elo e System, dat heescht si wanderen. All Regioun huet jo een e bësse ronderëm, en fonction dovunner, wou se och gesot kréien, gemellt kréie vun de Buergermeeschteren, vun de Leit, wou ze vill séier gefuer gëtt, dat heescht, och virun allem innerhalb vun den Uertschaften. An déi (veuillez lire: déi Plazen) ginn och kontrolléiert.

Dat heescht, déi mobill Radare ginn agesat, ob et 30 oder 50 ass, dat ass egal. Ech weess dat vun deem Programm, dee se hunn, datt se dat systematesch maachen. An duerfir mäi Rotschlag nach ëmmer u jiddwereen: Haalt Iech un d'Vitess! A virun allem an den Uertschaften ass et esou essenziell, datt sech un d'Vitesse gehale gëtt a kee Kilometer driwwer gefuer gëtt, well de Bremswee an de Siichtwee an d'Chance ze hunn, e Kand oder eng eeler Persoun ze entdecken, déi vläicht onvirsiichtegerweis an d'Strooss ginn, déi ass extrem vill besser a grouss, jee nodeem, wat fir eng Vitess dass ech fueren. Do kënnt et op all Kilometer, deen ech ze séier fueren, un!

A wéi gesot, duerfir ass d'Sensibilisatioun an déi Richtung am Laf vun dësem Joer.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Nohaltegkeetsminister. Déi nächst Fro kënnt vum Här Gast Gibéryen an dréit ronderëm d'Ofschafung vun enger Rei vun Direktverbindungen tëschent Wuelmereng, Diddeleng an der Stad an ëmgekéiert.

- Question n°263 du 10 mai 2017 de M. Gast Gibéryen relative à la suppression de la ligne ferroviaire 66a entre Luxembourg et Dudelange, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Dir sot et, et handelt sech hei ëm eng Ofschafung vun enger direkter Zuchverbindung tëschent Wuelmereng a Lëtzebuerg respektiv Rëmeleng a Lëtzebuerg. De Kolleeg Gusty Graas huet de 16. Mäerz dëst Joer schonn eng deementspriechend parlamentaresch Fro gestallt, wou en déi Problematik opgeworf huet, wou en och gefrot huet, ob dat esou wier.

De Minister huet a senger Äntwert gesot, datt opgrond vun enger Iwwerlaaschtung vun der Zuchstreck tëschent Beetebuerg a Lëtzebuerg respektiv der Gare hei an der Stad sech Gedanke gemaach wiere ginn, wéi een dogéint kéint virgoen, an datt mat Hëllef vun engem Schwäizer Expertebüro eng Recommandatioun komm wier, fir dann eben op där Streck déi direkt Zuchverbindunge vu Wuelmereng an d'Stad respektiv Rëmeleng an d'Stad ze supprimëieren. Déi sollen ersat ginn duerch zwou Navetten, vun deenen déi eng vu Wuelmereng op Beetebuerg geet an déi aner vu Rëmeleng op Näerzeng.

Déi Äntwert op d'Fro vum Kolleeg Gusty Graas beäntwert eng ganz Rei vu Froen, mä et ass net ganz kloer, ob déi Decisioun definitiv ass. Et gëtt geschwat vun enger Recommandatioun vum Schwäizer Büro. Et soll en neie Fahrplan am Joer 2018 erauskommen. Et freet sech, ob dat eng definitiv Decisioun wier an ob een net kéint awer déi Decisioun, wann et eng wier, och nach eng Kéier iwwerdenken, well et ass näämlech hei déi eenzeg direkt Zuchverbindung, déi et vu Wuelmereng an d'Stad gëtt, dat heescht also och automatesch vun Diddeleng an d'Stad.

A wann dat net méi de Fall wier, da missten am Fong och all déi Diddelenger Leit zu Beetebuerg ëmklammen, wat dann als Konsequenzen hätt, datt dat méi laang géif daueren. Et ass och net einfach, do ëmzeklammen: Et muss een duerch e Souterrain goen a fir behënnert Leit ass et ganz schwéier, fir do ëmzeklammen. Duerfir, wat géif dat dann un zousätzlecher Zäit bedeiten? A wéi vill Leit wiere vun där dote Moossnam betraff?

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An et ass erëm um Nohaltegkeetsminister.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Och dem Här Gibéryen Merci fir déi Fro. Dee Schwäizer Büro, dee fir d'CFL de Reseau iwwerschafft huet, iwwer e Joer gekuckt huet, deen huet dat gemaach um Hannergrond, datt d'Eisebunn an deene leschten zwee Joer an iwwert d'Joer gekuckt an hirer Pünktlechkeet ënner 90% gefall ass. Ënner 90% fir eng Eisebunnsgesellschaft, dat ass net akzeptabel. En Zuch soll am beschte jo 100%eg pünktlech sinn. Mä ënner 90% Verspéidungen (veuillez lire: Mä iwwer 10% Verspéidungen), dat ass wierklech dramatesch vill.

An do gëtt et eng Rei Ursaachen. Déi éischt Ursaach, also éischtens ass emol ze soen, dee Schwäizer Büro, ech mengen, Dir wësst, déi bescht Eisebunn hutt Der an der Schwäiz an d'Schwäizer si wierklech déi, déi déi décksten Experte sinn, wann et ëm Eisebunnsfroe geet. Duerfir huet d'CFL och ganz bewosst op e Schwäizer Büro zréckgegraff.

Dat Zweet ass, Dir musst wëssen, datt d'Eisebunn déi lescht véier Joer en Zouwuess hat vu 50% u Reesender, dat heescht eng Croissance vu 6% ongefëier d'Joer an déi geet och nach weider. Dat ass jo eng gutt Noriicht natierlech, datt d'Leit ëmmer méi den Zuch huelen. De Problem ass awer, datt de Reseau selwer en Investitiounsréckstand huet, ech géif soe vu 15 bis 20 Joer. An dat ass d'Realitéit, mat där mer konfrontéiert sinn!

Dës Regierung huet e giganteschen Investitiounsprogramm arrêtéiert an ass amgaangen, en ëmzesetzen. Mir investéieren a fënnef Joer ronn zwou Milliarden Euro an den Eisebunnsreseau. D'Verduebelung vun der Beetebuerger Streck, den Ausbau vun der Gare Lëtzebuerg, dat war virgesinn eréischt no 2024 ze maachen. Ech hunn dat siwe Joer virgezunn! Deen éischte Quai ass fir 2020, da soll dee fäerdeg sinn.

Den Ausbau vun der Beetebuerger Streck, dat hunn ech gesot, mä doriwwer eraus sinn och eng ganz Rei nei Garen, déi mer decidéiert hunn. D'Eisebunn huet och vu mir de Feu vert kritt, fir 2019 massiv Zuchmaterial zousätzlech ze bestellen, eng nei, eng europäesch Ausschreiwung ze maachen. Mir kréien dëst Joer op Decisioun vun dëser Regierung eelef nei Automotricen, där KISSen, zousätzlech geliwwert. Déi sollen agesat ginn elo wärend der nächster Zäit, fir Renforten ze maachen. Dat ass d'Realitéit.

A wat erauskomm ass, dat ass en neie Fahrplan. Dee wäert am Dezember kommen. An deen neie Fahrplan wäert, géif ech soen, grosso modo wesentlech Verbesserunge bréngen. Mir wäerten deen och..., e gëtt definitiv arrêtéiert, fir op Är Fro direkt ze äntwerten, Enn Juni - et ass nach net alles definitiv - an da wäert en och virgestallt ginn. An dee soll den 10. Dezember a Kraaft trieden. An natierlech, wann een e Fahrplan iwwerschafft, gëtt et provisoresch, intermediaire, zum Beispill fir d'Diddelenger Linn, liicht Verschlechterungen, ganz kloer, an dat sinn d'direkt Linnen.

Et ass awer net esou, datt se all ofgeschaaft ginn. Zum Beispill moies, et ass gekuckt ginn, et ass eng Zielung gemaach ginn: Wou sinn déi meeschte Leit dran, déi wierklech och duerchfueren an d'Stad? An deen Zuch, deen elo bestoe bleift, dat ass dee just viru siwen Auer. Do waren déi meeschte Leit dran, iwwer 200, déi direkt an d'Stad weidergefuer sinn. Dee bleift bestoen an dee gëtt souguer massiv verstäerkt. Dat heescht, dee gëtt vergréissert, fir datt méi Leit kënnen op dee goen direkt. An et war geduecht, dee vun Dudelange-Usine fueren ze loossen. Mä mir hunn awer elo entre-temps zum Beispill schonn decidéiert, deen awer vu Volmerange fueren ze loossen. Dat heescht, da bleift och do moies een direkte bestoe fir de Beruffsverkéier, ëm deen et geet.

Deen zweeten direkten Zuch moies, deen ofgeschaaft gëtt, do dréit et sech ëm 140 Leit, déi duerchgefuer wären. Mä wéi gesot, deen éischte gëtt verstäerkt; do hu mer da vill méi Plaz drop. An zu Beetebuerg ginn d'Korrespondenzen och ugepasst. Dat heescht, datt d'Leit méi Zäit hunn, fir op d'Zich eriwwerzegoen. Haut hu se, mengen ech, knapp fënnef Minutten, soudatt se dann aacht Minutten disponibel hunn, fir eriwwerzegoen.

A wat mer och nach amgaang sinn ze kucken, dat ass, ob mer net zousätzlech nei Busverbindungen aféiere vun Diddeleng op Näerzeng, well et do vill méi einfach ass, op en Zuch

ëmzeklammen, do souwisou eng ganz gutt Verbindung ass, wou ee keng Zäit verléiert, an et brauch een net erofzegoen an eropzegoen. Dat kucke mer an dat ass och zimlech secher, datt mer dat wäerte maachen.

An da kucke mer och nach, ob mer net Expressbuslinnen aféiere vun Diddeleng an d'Stad. Mir hunn de Moment eng Buslinn, déi wäert elo an engem Mount verlängert ginn. Déi geet haut nëmme bis op Beetebuerg, dat heescht iwwert d'Kockelscheier op Beetebuerg, déi soll op Diddeleng verlängert ginn an da wäerte moies ee bis zwee Bussen direkt dann agesat ginn a Richtung Stad.

Dat heescht, et ginn eng ganz Rei Saache gekuckt. Mä de Grondproblem ass deen, datt mer an enger Transitiounsphas vun dräi, véier Joer sinn d'nächst Joer op der Eisebunn, wou enorm vill investéiert gëtt, wou enorm vill sech wäert verbesseren. A mir musse kucken, mat där Phas eens ze ginn an awer kënnen e Fahrplan ze presentéieren, dee stabill ass, wou d'Leit sech kënnen drop verloossen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Minister. Da komme mer un d'Fro N°264. Déi kënnt vun der Madamm Josée Lorsché, riicht sech erëm un den Nohaltegkeetsminister an dréit sech ronderëm déi zukünfteg Organisatioun vun der Administration de la navigation aérienne. D'Madamm Lorsché huet d'Wuert.

- Question n°264 du 9 mai 2017 de Mme Josée Lorsché relative à l'organisation future de l'Administration de la navigation aérienne et aux modifications structurelles au niveau des services de l'Aéroport de Luxembourg, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Ganz richteg, Här President. Här Minister, meng Fro bezitt sech effektiv op déi zukünfteg Organisatioun vun der Administration de la navigation aérienne, der ANA, a méi speziell op déi rezent Virwërf, déi souwuel d'Personalvertriedung, d'RPAA, wéi och d'Fluchlotsevereenegung, déi sougenannt „Guilde luxembourgeoise des contrôleurs de la circulation aérienne" an deem Kontext géint Iech erhuewen hunn.

Et ass bekannt, an engem oppene Bréif un d'Regierung hunn déi zwou Organisatiounen Iech de leschte Méindeg virgehäit, Dir wéilt d'Exploitatioun vum Fluchhafe komplett op déi staatlech Bedreiwergesellschaft lux-Airport iwwerdroen, woumat d'ANA déi Missioun géif verléieren. D'Personalvertriedung behaapt och, datt Dir d'Conciliatiounsprozedur, déi am Kontext vun der Reform an d'Wee geleet gi war, „usurpéiert" hätt, wéi si dat ausdrécken, amplaz datt Dir weiderhi mam Personal hätt wëlle verhandelen.

Meng Froen un Iech, Här Minister, sinn an deem Kontext folgend:

- Wéi stitt Dir zu deene ganze Virwërf, déi déi zwou Organisatiounen an hirem Schreiwes géint Iech formuléiert hunn?

- Ass d'Angscht vum Personal effektiv berechtegt, datt Dir aus der Fluchhafeverwaltung en Établissement public wëllt maachen an datt d'Déngschter vun der ANA lues a lues privatiséiert ginn?

- Dann awer och: Kënnt fir Iech iergendeng Form vu Privatiséierung vun der ANA a Fro oder net?

Mir wäre frou, wa mer dorop eng Äntwert géife kréien. Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Lorsché. An ech schwätzen e bësse méi lues, fir datt den Här Nohaltegkeetsminister erëm eng Kéier eropkomme kann. Voilà! An Dir sidd elo hei an Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Merci och der Madamm Lorsché fir déi Froen.

Ech äntwerte fir d'Éischt ganz kloer zu deenen zwou leschte Froen.

Éischtens, huet de Minister oder d'Regierung wëlles, d'ANA ze privatiséieren? Neen!

Zweet Fro: Huet de Minister wëlles, aus der ANA en Établissement public ze maachen? Neen! D'ANA bleift eng staatlech Verwaltung, déi zu 100% dem Ministère ënnersteet, mengem Ministère als Ministère de tutelle, déi zu 100% vum Stat soll finanzéiert ginn. A well ech gären hätt, datt dat esou bleift an datt déi Beamten, déi do schaffen, an där wichteger Fonctioun bleiwen, déi se droen, fir zur Fluchsécherheet bäizedroen, datt d'Fliger sécher starten a lande kënnen, grad dowéinst maache mer dat, wat ech gemaach hunn, näämlech datt mer gekuckt hunn, datt mer de Fluchhafen esou opdeelen, datt de Stat och an Zukunft kann ouni Problem zu 100% déi Verwaltung an hire Käraufgabe finanzéieren. Dat heescht, datt mer net a Konflikt gerode mat europäeschen oder internationale Regelen, déi e bësse méi komplizéiert sinn.

Dem Minister seng Roll ass et, fir derfir ze suergen, datt de Fluchhafen ekonomesch fonctionnéiert, datt eng Konnektivitéit garantéiert ass, datt e sécher ass an datt jiddweree seng Fonctiounen a seng Aufgabe ka wouerhuelen um Fluchhafen, wéi dat sech gehéiert. Dem Minister seng Aufgab ass et net, fir leider musse jiddwerengem vu moies bis owes ëmmer recht ze ginn, deen all méiglech partikular Fuerderungen huet. Dat ass eng aner Diskussioun.

An et ass och net richteg, datt de Minister mat kengem wollt diskutéieren, Här President. An ech wëll och duerfir hei um Chambersbüro dräi Dokumenter deposéieren, déi ech am Kader vun der Conciliatioun ofginn hunn.

Dat Éischt ass e Gesamtargumentaire, wou mer heizou Stellung geholl hunn. D'Deputéierte kënnen dat selbstverständlech kréien.

(M. François Bausch dépose une documentation.)

Dat Zweet ass eng Propos, déi ech gemaach hu konkret, wou ech der ANA, also dem Personalvertrieder, schrëftlech garantéiert hunn, datt se, genau wéi se haut eng staatlech Verwaltung sinn, dat och wäerte bleiwen, mat all hire statutaresche Rechter, mat hire Fonctiounen, déi se haut hunn. Dat ass dat zweet Dokument, Här President.

(M. François Bausch dépose une deuxième documentation.)

An dat Drëtt ass, wou ech hinne garantéiert hunn, datt dat, wat mer hei maachen, grad eben de Finanzement vun där wichteger Statsverwaltung, ofgeséchert ass.

(M. François Bausch dépose une troisième documentation.)

An duerfir wëll ech dat och hei hannerleeën, just fir ze beweisen, datt de Minister seng Hausaufgabe gemaach huet a selbstverständlech éischtens dialogéiert huet an och schrëftlech Propose gemaach huet, iwwert déi leider awer keng Bereetschaft méi war, fir doriwwer herno ze schwätzen. Well net de Minister huet d'Non-conciliatioun ugefrot, mä déi aner Säit. Ech hätt wëllen doriwwer diskutéieren. Do war awer leider kee Wëllen do.

Firwat ass et esou wichteg, datt mer dee Schrëtt gemaach hunn, fir datt mer den Exploitant de l'aérodrome - wat ass den Exploitant de l'aérodrome? - eriwwergedroen hunn op lux-Airport? lux-Airport, wat iwwregens eng 100%eg staatlech Gesellschaft ass. Déi gehéiert zu 100% dem Stat. Den l'Exploitant de l'aérodrome, dat ass laut der internationaler Bestëmmung déi Instanz, déi mir der EASA, dat heescht dem internationalen Organismus, dee fir d'Sécherheet op de Fluchhäfen zoustänneg ass, musse mellen als deejéinegen, dee fir de Gesamtfluchhafe responsabel ass, dat heescht, deen am Fong just d'Responsabilitéit dréit herno fir de Gesamtfluchhafen.

Dann ass awer esou, datt et do eng ganz Rei Ënnerregele gëtt, déi natierlech och da mat Regele vun der Europäescher Unioun ze dinn hunn. Déi beleeën zum Beispill, datt den Exploitant de l'aérodrome jo och eng kommerziell Fonctioun huet. Well do geet et jo drëms, fir datt d'Fligere landen a starten. Do geet et ëm d'Passagéier. Dat ass eng kommerziell Fonctioun. D'Fluchhäfen an Europa, an der Welt, déi sti kommerziell a Konkurrenz ënnereneen.

A wa mir natierlech elo gesot hätten: „Mir loossen oder mir ginn der ANA déi Fonctioun", dann hätte mer misse bei der ANA, déi huet mussen déi ganz Responsabilitéiten iwwerhuelen, immens oppassen, wéi mer alles do finanzéieren, well mer dat natierlech zu Bréissel mussen notifizéieren. An da wär gesot ginn: „Jo, dat do geet net. Dir kënnt net déi dote Saache staatlech subventionéieren." Dat sinn am Fong staatlech Subventionnementer. Dat geet aus kommerzielle Regelen net.

An dowéinst ass et esou wichteg, datt mer ebe lux-Airport d'Responsabilitéit heivunner ginn hunn, wat awer an der Fonctioun um Fluchhafen tëschent deenen eenzelnen Entitéite guer näischt ännert, fir datt mer eben déi dote propper Trennung kréien. An da soen ech: Dat ass am Interêt vun där Administratioun! Et ass am Interêt vun der ANA, datt si sech konzentréieren op hir Käraufgaben, wat ass d'Fluchsécherung, wierklech als ANSP kënnen ze schaffen, an datt mer kënnen deementspriechend si 100%eg iwwert de staatleche Budget weider finanzéieren.

Also dat heescht, dee Schrëtt, deen d'Regierung hei mécht, déi propper Trennung, déi mer hei maachen, dat ass am Fong am Interêt vun deenen Aarbechtsplazen. An et gi keng Aarbechtsplazen doduerjer verluer, au contraire. Si ginn doduerjer ofgeséchert. A virun allem gëtt och déi staatlech Administratioun do ofgeséchert.

Dem Minister, Här President, an domadder schléissen ech of, seng Diere waren ni zou. Se sinn och haut net zou, se stinn ëmmer op. Et sinn anerer, déi de Verhandlungsdësch verlooss hunn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ech mengen, de Minister huet haut säi Marathon hanneru sech. Mä fir d'nächste Kéier: Wann ech gelift e bësse méi genee op d'Auer kucken! Dat gesot, riicht sech déi nächst Fro vum Här Spautz un d'Familljeministesch an dréit ronderëm d'Astelle vu regionalen Agente fir déi sozial Inklusioun. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°265 du 10 mai 2017 de M. Marc Spautz relative au recrutement d'agents régionaux d'inclusion sociale par les offices sociaux, adressée à Mme le Ministre de la Famille et de l'Intégration

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här President, ech wollt d'Fro un d'Madamm Familljeminister stellen. D'Madamm Familljeminister huet Bréiwer erausgeschéckt un d'Office-sociallen hei zu Lëtzebuerg, dass se sech solle mat der Commissaire du Gouvernement vum SNAS a Verbindung setzen, betreffend d'Personal an den Office-sociallen, wou déi sollen iwwerholl ginn, wat jo och eppes ass, wat am Projet de loi iwwert de REVIS drasteet.

Ech sinn e bëssen iwwerrascht iwwert dat Ganzt, well normalerweis üüblech ass, dass een net schonn iwwer e Gesetz diskutéiere geet, wou d'Madamm Minister seet: „Ech schwätzen net mat der Chamber driwwer an der Kommissioun, bis den Avis vum Statsrot virläit", mä dass d'Madamm Minister awer elo schonn amgaangen ass, d'Office-sociallen driwwer ze informéieren, wéi dat soll goen, dass dat Personal soll iwwerholl ginn an den Office-socialle vun de Regiounen oder vun de Gemengen, deemno wat fir ee Statut et huet. D'autant plus, well jo e Gesetzesprojet virläit, wou och d'Regierung en Engagement ageholl huet, fir Personal ze iwwerhuelen, wou elo de Statsrot eng Opposition formelle an esou engem Projet gemaach huet.

Dofir wollt ech d'Fro stellen, firwat elo schonn, ier d'Gesetz gestëmmt ass, ier an der Chamberskommissioun eng Kéier doriwwer geschwat ginn ass, elo schonn d'Office-sociallen opgefuerdert ginn, déi Saachen ëmzesetzen, déi an engem Projet de loi stinn a wou bis elo nach keng Base légale do ass.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Spautz. An d'Wuert huet d'Madamm Familljeminister, d'Madamm Corinne Cahen.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Villmools Merci, Här President. Et ass effektiv onüüblech, eng Fro ze stellen an enger Froestonn iwwer e Gesetzesprojet, deen ënnerwee ass. An et ass och net richteg, dass mer net schonn an der Chamberskommissioun driwwer geschwat hätten, well ech war natierlech, esou wéi ech dat och versprach hat a wéi ech dat systematesch maachen, dat Gesetz scho virstelle komm an d'Chamberskommissioun, éier dass et iwwerhaapt bei de Statsrot gaangen ass. Mir waarden awer am Moment effektiv op den Avis vum Statsrot.

Ech géif awer gären trotzdeem op déi Fro äntwerten. Et ass näämlech esou, dass e Gesetz op där enger Säit natierlech ënnerwee ass, op där anerer Säit muss een och déi ganz Organisatioun hannendru maachen. A mir maachen dat zesumme mat de Leit um Terrain. Mir maachen dat net iwwert d'Käpp ewech. Mir si gewinnt, mat de Leit zesummenzeschaffen. An duerfir gesi mer déi och regelméisseg. Mir hunn och dat Gesetz hei net an engem zouene Büro geschriwwen. Mir hunn dat mat eisen Akteuren um Terrain geschriwwen, mat all den Associatiounen, mat all de Partner, déi um Terrain schaffen, fir d'Leit eben ze begleeden, eng sozial Aarbecht ze maachen oder eng aner Aarbecht.

D'Personal, dat bis elo net an de SRASen ass, wäert eben d'Konditioune behalen, wéi si se am Moment hunn. Et ass menger Meenung no extrem wichteg, dass den Office social an d'SRASen, wéi se am Moment existéieren, méi no beienee réckelen. A mir gesinn dat och an der Praxis.

Ech wëll just eng Kéier soen: Hei erfanne mer d'Rad net nei, mä et gëtt schonn Office-sociallen, wou dat formidabel gutt fonctionnéiert, deels schonn zanter 20 Joer. Ech wëll Iech se awer och eng Kéier soen: Dat ass zu Esch, zu Déifferdeng, zu Diddeleng, zu Beetebuerg, zu Péiteng an an der Nordstad. An do hu mer gesinn, dass et wierklech Sënn mécht, well et dacks genau déi nämlecht Clientë sinn, souwuel beim Office social wéi och ebe beim SRAS.

Dat wëlle mer eben elo generaliséieren. Mir maachen dat, wéi gesot, an engem Dialog mat de Partner zesummen. Mir hunn e permanente Kontakt mat den Office-sociallen. D'Commissaire, hutt Der gesot, déi gesäit am Moment déi Office-sociallen. Ech hunn och net méi spéit wéi d'lescht Woch d'Entente vun den Office-socialle gesinn, well mer wëllen zesumme mat hinne kucken, wéi mer dat eben optimal organiséiere kënnen. Well et ass just mat den Akteuren um Terrain, wou een d'Saachen organiséiere kann, fir dass et och wierklech herno fir jiddweree gutt ass, souwuel fir déi Leit, déi musse bei en Office social oder bei e SRAS goen, wéi och fir d'Office-sociallen an d'SRASen, déi selwer um Terrain schaffen.

An duerfir wollt ech awer hei op déi Fro äntwerten, obwuel de Gesetzesprojet am Moment ënnerwee ass. Ech mengen, dat liicht och jiddwerengem an.

(Interruption par M. Marc Spautz)

Jo, mä mir si jo net amgaangen, e Gesetz ëmzesetzen, mir sinn amgaangen, d'Emsetzung ze plangen, fir dass et prett ass, fir wann d'Gesetz dann eng Kéier eventuell gestëmmt ass. Dat ass dat, wat mer am Moment maachen. Et ass awer dat Normaalst vun der Welt, dass ee sech virbereet. Ech mengen, dat soll een an all Hisiicht ëmmer maachen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Déi nächst Fro kënnt vum Här Max Hahn, riicht sech un den Innenminister an dréit ronderëm d'Astellung vu 50 Beruffspompjeeën.

- Question n°266 du 9 mai 2017 de M. Max Hahn relative au recrutement de cinquante pompiers professionnels, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

M. Max Hahn *(DP).*- Gutt! Merci, Här President. Ech mengen, d'Devise, déi gëllen Devise aus dem Rettungswiesen, dass et op all Sekonn ukënnt, dass all Sekonn Liewe ka retten, ech denken, déi ass Iech alleguerten heibanne bekannt. Dës Regierung verléiert keng Zäit, wann et drëms geet, d'Rettungswiesen och opzestellen, dass d'Rettungswiesen och de Leit dobaussen hëllefe kann.

Dofir wëll ech Iech meng Fro stellen, vläicht der Regierung, awer och der Stad Lëtzebuerg felicitéiere fir dee Choix, fir 50…

Plusieurs voix.- Aah!

M. Max Hahn *(DP).*- ...haaptberufflech, also Beruffspompjeeën anzestellen. Ech denken, dat ass eppes an der Unzuel, wat mer bis haut nach net kannt hunn, fir der esou vill gläichzäiteg anzestellen. Dofir Felicitatioun.

Et stelle sech awer eng ganz Rei Froen. An déi géif ech da gären un den Innenminister Dan Kersch stellen.

Bon, zum engen, 50 nei Leit ze fannen, do wäert sécherlech eng Rekrutéierungscampagne gestart ginn. Do kann den Innenminister eis vläicht e Wuert derzou soen. Mech géif och interesséieren, ab wéini déi Leit dann agestallt solle ginn. Wéi gëtt dat Ganzt ausgeschriwwen? Ginn déi 50 Leit zesummen ausgeschriwwen? Oder gëtt dat an engem Phasage gemaach? Wat sinn d'Astellungskonditiounen? Sinn dat déi, déi mer bis haut kannt hunn? Oder wéi gesäit et haaptsächlech och aus fir d'Astellung vun Netlëtzebuerger? Wou ginn déi 50 Leit forméiert? Ginn déi bei der Stad Lëtzebuerg op der Areler Strooss forméiert?

An déi 50 Leit, déi solle jo herno am CGDIS agestallt ginn, also am Corps grand-ducal d'incendie et de secours, an - Der wësst et heibannen -, deen et nach net gëtt. Mech géif just interesséieren: Vu wiem gi se dann an där Tëscheperiod agestallt? Ass dat d'Stad Lëtzebuerg? Ass dat d'Verwaltung vum Rettungswiesen?

Dann déi allerlescht Fro. Mëttelfristeg soll de CGDIS jo 600 bis 800 haaptberufflech Akteuren hunn. An do ass einfach meng Fro, fir vläicht vum Minister seng Aschätzung ze kréien allgemeng, wat hien iwwert d'Potenzial denkt, wat mer dobaussen hunn, fir Leit fir deen dote Beruff ze motivéieren, wa mer wëssen, dass mer an äänleche Servicer wéi der Police oder och der Arméi, Problemer hunn, Leit ze fannen.

Dëst gesot, soen ech Iech scho Merci fir d'Äntwerten. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An d'Wuert huet den Innenminister, den Här Dan Kersch, deen och schonn hei ass.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Merci, Här President. Effektiv ass et esou, dass ech d'Zouso vun der Regierung hunn, fir dëst Joer 50 nei Leit bei der ASS ze rekrutéieren als Agent professionnel.

Ech wëll och soen, dass dat natierlech, wat d'Zuel ugeet, eng exceptionnel Mesure ass. An déi exceptionnel Mesure hu mer och a Consultatioun mat der Stad Lëtzebuerg, esou wéi et virdrun hei ugeklongen ass, natierlech dann och geholl.

D'Campagne fir dat Ganzt soll nach virun der grousser Vakanz starten. Si soll sech also haaptsächlech och un déi nei Schoulofgänger riichten. A fir d'Leit anzestellen, rechne mer dermat, dass mer dat nach dëst Joer wäerte fäerdegbréngen, am Oktober respektiv November.

D'Ausbildung soll, esou wéi dat och schonn an der jéngster Vergaangenheet geschitt ass, zesumme vun der ASS mat de Beruffspompjeeë gemaach ginn. Ech mengen, et ass esou, dass mer fir déi operativ Agenten, déi mer bei der ASS haten, respektiv och fir déi nei Beruffspompjeeën, schonns Synergië fonnt haten, an zwar an deem Sënn, dass d'ASS fir alleguerten déi Leit, sief et vun der ASS, sief et vun de Beruffspompjeeën, dee sougenanntene wäisse Beräich, also dee vum Infirmiersberäich, iwwerholl hunn. An d'Beruffspompjeeën hu fir eis Agent-professionnellen, souwéi och fir hir Agent-professionnellen, dee roude Beräich, also dee vun de Pompjeeën, iwwerholl.

Ech mengen, dass déi Synergien an der Vergaangenheet extrem gutt geklappt hunn. Mäi Merci geet och un alleguer d'Akteuren, déi do drun deelgeholl hunn. Leider war et oft esou, dass vill Leit, déi am operative Beräich aktiv waren, déi am Ambulancedéngscht waren, déi bei der ASS ugestallt waren, leider net alleguerten déi Formatiounen haten, déi u sech wënschenswäert waren. Mir hunn et awer fäerdegbruecht, an enger kierzester Zäit alleguerten déi Leit op dee Stand ze bréngen, dee mir als Minimum ugesinn, fir kënnen dobaussen och mat de Leit ze schaffen.

Ech wëll och e grousse Merci soen un déi Leit, déi an deem Beräich do aktiv waren. Wéi gesot: 50 Leit, déi iwwert den Numerus clausus 2017 elo sollen am operative Beräich agestallt ginn, dat gëtt eng grouss Erausfuerderung fir all eis Servicer, fir eis Ausbildungscapacitéiten, déi hei, mengen ech, awer un hir Limitte kommen. An duerfir ass et och wichteg, dass mer op déi Synergien tëschent engersäits der ASS, wat mir ubidden, an anerersäits de Beruffspompjeeën, wat si ubidden, kënnen zréckgräifen.

Ech wëll vläicht an deem Kader dann awer och nach eng Kéier rappeléieren, dass net nëmmen 2017 50 Leit agestallt ginn, mä dass mer och schonn 2016 20 Leit agestallt hu fir den operative Beräich, also Agent-professionnellen, an och 2015 12 Leit, genausou wéi 2014.

Doriwwer eraus hu mer awer, mengen ech, d'Zäit genotzt, fir an deene vergaangene Joren net nëmme Leit am operative Beräich anzestellen, mä a Virbereedunge vum CGDIS och probéiert, eis esou opzestellen, dass, wann de CGDIS dann 2018 sollt operationell sinn, dass deen, mengen ech, kann direkt mat där Basis ufänken, déi mer brauchen, datt dat ka räsonabel fonctionnéieren. Duerfir sinn 2015 een Ingénieur informatique, zwee Ingenieuren am ICT-Beräich agestallt ginn, een Technicien informatique, dräi Operateuren um 112, een Ekonomist, an een administrative Redakter, 2016 iwwert den Numerus clausus: ee Responsabele fir d'Gestioun vun de Ressource-humainen, ee Kontabel, zwee Chef-de-zonen, ee Coordinateur agent professionnel an zwee Operateuren am 112.

An da fir 2017, ausserhalb vun deene 50 Agent-professionnellen, och do wëlle mer eis, mengen ech, ganz gutt opstellen, fir dass de CGDIS déi Basis kritt, déi mer gären hätten. Et sinn zwee Posten als Dokter ausgeschriwwen, een Apdikter, een Instructeur secours en personne, een Instructeur incendie-sauvetage, sechs Technicien-informatiquen, een A2-Posten an der Informatik, ee Gestion informatique géographique, ee Service communication, ee Responsabelen am Volontariat, een Employé comptable, an annerhallwe Posten am administrative Beräich.

Dir gesitt also: Mir si gutt virbereet, fir dass de CGDIS e ganz gudde Start ka kréien.

Merci villmools.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Innenminister.

Mir kommen dann zu där nächster Fro. Si kënnt vun der Madamm Martine Hansen, riicht sech un d'Ëmweltministesch an dréit ëm den Impakt vun der Dréchent op d'Gäertnereien. Ech wëll just an deem Zesummenhang drop hiweisen, dass gëschter respektiv virgëschter eng Fro erakomm ass vun de Kolleegen Hahn a Graas. Ech hätt perséinlech kee Problem, wann déi hannendrugehaange géife ginn, wann d'Madamm Minister wëllt iwwert déi méi allgemeng Problematik äntwerten. Soss gëtt se schréftlech beäntwert.

(Interruption)

Léiwer schréftlech?

(Interruption)

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Jo, mir maachen dat esou.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay. Dann huet d'Madamm Hansen direkt d'Wuert.

- Question n°267 du 10 mai 2017 de Mme Martine Hansen relative à l'impact de la sécheresse sur les exploitations horticoles et spécialement les exploitations maraîchères, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Gaardebaufederatioun huet sech zu Wuert gemellt mat der Iwwerschréft: „Hëllef, mir brauche Waasser!" Ouni Waasser, ouni netze kréie respektiv behale mer hei zu Lëtzebuerg kee Geméisbau. Dat schéngt kloer.

Froen, déi sech vill Betribsleeder opgrond vun der Dréchent stellen, si folgend: Entweder si netzen, bezuelen deiert Waasser, behalen hir Kulturen, mä verdéngen näischt. Oder: Si netzen net, loossen d'Kulture futtigoen a verdéngen och näischt. A leider stelle sech dës Froen elo schonns am drëtte Joer hannereneen. Dat geet un d'Substanz.

D'Méiglechkeeten, fir d'Grondwaasser ze notzen, si staark begrenzt. D'Méiglechkeeten, fir vum Uewerflächewaasser ze profitéieren, sinn ebenfalls begrenzt. Wann d'Reservoiren dann opgebraucht sinn, da bleift ganz dacks just nach - ech soen et elo emol - d'Krunnewaasser.

An dëst Waasser ass vu Gemeng zu Gemeng ënnerschiddlech deier, wat net onbedéngt positiv fir d'Konkurrenzfäegkeet vun dëse Betriber ass. Esou schwankt de Präis ganz dacks tëschent engem an 1,5 Euro; schonn e groussen Ënnerscheed. Dat kann awer eropgoe bis zu 3,30 Euro de Meter Kibb, wat ech gëschter nach confirméiert krut. Dat sinn u sech inakzeptabel Ënnerscheeder.

Als CSV hate mer e Virschlag gemaach, fir dëse Problem ze léisen, ouni d'Gemengen iwwerméisseg ze belaaschten. Do wär e bësse Solidaritéit gefrot gewiescht. D'Madamm Ëmweltministesch war awer hei dergéint.

Duerfir da meng véier Froen un d'Madamm Dieschbourg:

Éischtens, wat sot Der zum Virworf vun der Gaardebaufederatioun, Dir géift d'Produzenten a puncto Waasserversuergung wuertwiertlech am Reen, dee jo a Realitéit leider net do ass, stoeloossen?

Zweetens, sidd Der Iech der Problematik am Geméisbau bewosst?

Drëttens, wëllt d'Madamm Minister derfir suergen, datt eis Geméisgäertner eng Sécherheet kréien, esou wéi si dat froen, datt si op bezuelbart Waasser kënnen zréckgräifen, an dëst ouni ze vill administrativen Opwand?

An dann déi lescht Fro: Wa jo, wéi wëllt si dat maachen?

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Hansen. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Merci, Här President. Villmools Merci och der Madamm Hansen fir déi Froen, well, ech mengen, hei wërft se e Problem op, deen eis alleguerten interesséiert, an zwar de Problem vun enger Landwirtschaft, déi u sech ënnert dem Klimawandel an den Auswierkungen dovunner leit. Well mir beobachten an deene leschte Joren zusehends, an dëst Joer ass dat extreemst zanter 1947, dass mer ëmmer méi Dréchent kréien, och an de Wanterméint, dann, wou eigentlech eist Drénkwaasserreservoire sech sollten opfëllen.

Et ass esou, dass mer dësen Abrëll grad emol 3,9 Millimeter Reen haten, wat en neie Minimalwäert duerstellt. An duerfir ass dat, an domat beäntwerten ech Iech Är éischt Fro, eng Suerg, déi mer deelen.

Déi Suerg muss een awer strategesch ugoen an net nëmme just iwwer eng Diskussioun iwwer e Präis. Déi Suerg do muss een… An ech mengen, dass de ganze Waasserberäich, sief et d'Drénkwaasser, sief et awer och d'Preventioun vum Héichwaasser, déi jo um Klimawandel mat drun hänkt, Haaptelementer vun enger Strategie sinn am Beräich vun der Adaptatiounsstrategie oder Bildung vun der Resilienz hei zu Lëtzebuerg, wat wäert verdéift thematiséiert ginn, well et gëllt hei geziilt - an do brauche mer d'Gemenge mat am Boot -, Spuerstrategien auszebilden, ze designen, zesumme mat de Gemengen, wéi mer zum Beispill och an der Landwirtschaft esou effizient wéi méiglech déi wäertvoll Ressource Waasser notzen a wéi mer eis Drénkwaasserinfrastrukture wëllen nohalteg gestalten.

Duerfir hu mer jo och Mesuren am neie Waassergesetz virgesinn, wou mer grad an dem Beräich vun der Drénkwaasserversuergung, deen eis alleguerten eppes ugeet, net nëmme just d'Landwirtschaft, hikomme sollen. Mam Adaptatiounsplang wäert dat also och vill méi generell thematiséiert ginn.

Da wëll ech awer drop hiweisen, dass, wa mer vum Waasserpräis schwätzen, dass mer am Kader vum Waassergesetz jo och nach eng Gemengenautonomie hunn, déi spillt, wann et ëm de Waasserpräis geet. A mir schwätze vun engem käschtendeckende Waasserpräis.

An dann ass et awer haut schonn esou, dass d'Gemengen d'Méiglechkeet hunn, dräi Secteuren ze definéieren, wou och e landwirtschaftlechen dran ass, deen haut schonn e wesentlech méi gënschtege Präis huet, well mer wëssen, dass d'Landwirtschaft vill Waasser verbraucht. Do sinn also Méiglechkeeten. An déi Méiglechkeete gi jo och, an Dir wësst et, well Der sidd an der Kommissioun, wou mer driwwer geschwat hunn, am Kader vum neie Waassergesetz nach eng Kéier ausgeweit op en nächste Beräich.

Dat heescht, et gëllt hei net, Polemik ze maachen. Et gëllt, déi Suergen eescht ze huelen. Et gëllt, zesumme Strategien ze entwéckelen, fir Waasser ze spueren, effizient anzesetzen, dat zesumme mat der Landwirtschaft. An da gëllt et natierlech och fir déi Gemengeresponsabel, d'Waasserpräisser ze applizéieren an der Landwirtschaft, déi den drëtte Präis huet, och deen entspriechende Präis ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Minister. Eis nächst Fro kënnt vun der Madamm Taina Bofferding, riicht sech un den Héichschoulminister an dréit ronderëm d'Delaie beim Ausbezuele vun de Studiebäihëllefen. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°268 du 10 mai 2017 de Mme Taina Bofferding relative au délai de versement de l'aide financière pour études supérieures par le CEDIES, adressée à M. le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Jo, Merci, Här President. Dir hutt et richteg gesot: Ech géif gäre wëssen, ob et aktuell Problemer gi beim Ausbezuele vun der Studentebourse. D'Studente berichten, dass et am Moment zimlech laang géif daueren, bis se hir Studentebourse iwwerwise kréien. Kierzlech gouf och an engem Artikel an der Zeitung drop opmierksam gemaach.

Nun ass gewosst, dass eng Rëtsch Studenten hir Demande op de leschte Stëppel eraginn, mä soulaang si sech, mengen ech, awer un en Délai halen, dierft dat kee gréissere Problem duerstellen. Virun allem erklärt et awer net, datt et anscheinend a verschiddene Fäll bis zu engem hallwe Joer kann daueren, bis si d'Bourse iwwerwise kréien.

Dofir meng Froen un de Minister:

Éischtens, sinn Iech Retarde beim Ausbezuele vun de Studenteboursse bekannt?

Zweetens, wa jo, wësst Der, wat d'Ursaache sinn?

Drëttens, wéi laang dauert et iwwerhaapt am Duerchschnëtt, bis e Student seng Bourse iwwerwise kritt?

A véiertens, ass de CEDIES gutt opgestallt oder brauch dee vläicht nach zousätzlech Moyenen oder zousätzlech Aarbechtskräften, fir, ech mengen, et sinn ongeféier 30.000 Dossieren am Joer ze traitéieren?

E weidere Problem, dee sech awer nach stellt, ass bei de Frontalierskanner an der Belsch. Den Delai, fir hir Demande eranzeginn, ass den 30. Abrëll ofgelaf. Allerdéngs huet Enn Abrëll eng Gewerkschaft drop opmierksam gemaach, dass eng Partie Studenten déi erfuerderlech Attestatioune vun hiren Administratiounen net mat Zäiten ausgehännegt kritt hunn. Rieds ass vun Demanden, déi virum 31. Oktober an der Belsch awer schonn agereecht goufen.

Dofir meng nächst Fro nach un de Minister, ob och dëst bekannt ass. Besteet dee Problem nach weiderhin, wuel wëssend, dass hei de Problem bei de belschen Administratioune läit an net bei eis? Mä trotzdeem besteet vläicht d'Méiglechkeet, dass de CEDIES hei kéint nach eng zousätzlech Frist, also eng Verlängerungsfrist aféieren.

Dëst gesot, soen ech Iech elo scho Merci fir Är Äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Bofferding. An d'Wuert huet den Héichschoulminister, den Här Marc Hansen.

M. Marc Hansen, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Deputéiert Merci soe fir déi dote Fro. An ech kann direkt dorobber äntwerten, dass et keng Retarde gëtt. Et gëtt awer eng Explikatioun fir do, wou et déi eng oder aner Ausbezuelungsdelaie gëtt.

Et goufen am Wantersemester 29.000 Dossieren. Am August, fir dat eng Kéier ze soen, d'lescht Joer goufen et der 2.086, am September 5.667, am Oktober 7.000. An dann, well et Schluss November ausleeft, am November kënnt natierlech dann dee ganze Pak vun 13.694.

Et kann ee soen, dass déi, déi am August erareechen, dass déi bannent siwen Deeg beschafft sinn. Dat geet och nach esou weider bis an den Oktober.

An dann, wat Dir, mengen ech, als Informatioun hutt, dat ass, dass op deenen doten Dossieren… Se sinn alleguerte vum CEDIES beschafft, just sinn der nach ronn 2.500 net komplett. Dat heescht, déi si vun eis gekuckt ginn, awer do feele Pièce vun de Studenten. An da gëtt dat natierlech bei de Studenten nogefrot, an da waarde mir natierlech op déi Piècen, bis se erakommen.

Mä déi 28.500, déi erakoumen am Wanter, sinn alleguerten eng éischte Kéier vun eis beschafft. Et gëtt natierlech dann eng Kéier nogefrot, an da waarde mir eben drop, dass eppes erakënnt. An ier natierlech den Dossier komplett ass, kann en net ofgeschloss ginn. Dat ass, mengen ech, plazeweis fir deen een oder aneren de Problem.

Ech kann Iech awer och nach soen, dass ronn 1.800 Dossiere refuséiert goufen, an déi aner eben alleguerte positiv ofgeschloss sinn, ausser déi, wou nach Dossiere feelen.

Et kann een och ee Wuert soen, well Der dat och ugeschwat hutt, vun deenen, déi beschafft, ofgeschloss a bezuelt sinn. D'Residenten, d'Lëtzebuerger, déi sinn alleguerte bezuelt. Do ass iwwerhaapt keng Diskussioun. Déi sinn och an deenen Delaien, wéi ech elo gesot hunn, iwwerwise ginn.

Déi Delaien hutt Der gefrot. Ech sot et: Am August dauert dat e puer Deeg, bis dat bezuelt ass. Et muss een natierlech soen, zum Schluss, am November, dat dauert dann zwësche sechs an aacht Wochen, bis dat beschafft ass, wat awer, mengen ech, och normal ass. An do ass et ëmmer erëm den Opruff un d'Studenten, dass se dat natierlech esou fréi wéi méiglech eraginn.

Dann hutt Der eng Fro gestallt, wat elo d'Summersemester ugeet, well Dir hutt den 30.4. ernimmt, wann ech dat richteg gesinn. Dat ass den Datum, bis dohin hu mussen d'Dokumenter dobanne si fir d'Summersemester. Déi sinn natierlech dëser Deeg elo eréischt amgaangen, beschafft ze ginn.

Mä do sinn awer och Leit, déi hunn dat och schonn erëm den 10. Januar agereecht, well se do alleguerten erëm d'Saachen zesummenhaten. Mä do kommen der natierlech och erëm op dem Schlussspurt, déi dann eréischt bei eis deposéiert ginn. Un deene gëtt geschafft. Wann déi net komplett sinn, an, ech mengen, dat war dee Communiqué, deen Der ugeschwat hutt, do ass gesot ginn: „Ma do sinn der, déi hunn den 30. ofginn, mä si hunn nach net all d'Dokumenter derbäi", da ginn déi eben en Dossier of, deen net komplett ass. An dann, wa mer eng Kéier bei Dossiere kommen, froe mir do erëm eng Kéier d'Piècen no. An da mussen déi natierlech eng Kéier geliwwert ginn.

Mä mir mussen awer och net aus dem Kapp verléieren, dass mer Delaien an eisen Texter stoen hunn. Déi ziele fir jiddwereen. Wann d'Residentë sech drun halen, an dat ass de Fall, da mussen och déi aner sech drun halen. Wann do intern Problemer an der Belsch sinn, dann ass dat natierlech de Constat, an do kënne mir natierlech net ëmmer derfir, wann déi Delaien op där Säit problematesch sinn, mä, an dorop musse mer awer och oppassen, et sinn awer och vill Belsch, well et si jo déi, déi Der uschwätzt, déi hunn déi Dokumenter och schonn eraginn. Déi hunn all d'Dokumenter

zesummen. Dat heescht, da si se jo net an der Impossibilitéit, fir se ze kréien, well mir hunn och e ganze Koup u belschen Dossieren, déi awer ofgeschloss sinn a kënne ginn, well déi Piècen do sinn.

An da muss een natierlech och oppassen, dass een dann net deen ee Belsch par rapport zu deem aneren dann op eemol géif anescht behandelen, well do kommen der mat den Dokumenter, anerer kommen net mat den Dokumenter. Dat ass natierlech eng Problematik, déi eis bewosst ass, mä mir hunn awer och hei am Land Delaien, déi mer ze respektéieren hunn. D'Dossieren, wéi gesot, sinn awer all beschafft, mä et feelt meeschtens un der Pièce da vun där anerer Säit.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Mir kommen dann zur leschter Fro am Rumm vun der Froestonn. Déi kënnt vum Gilles Roth an dréit ëm de Steierregimm vun den Optiounen op Aktie fir Salariéen.

- Question n°269 du 10 mai 2017 de M. Gilles Roth relative au régime des options sur actions accordées par l'employeur à ses salariés, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Statsminister, de Wirtschaftsminister, deen huet de Samschdeg um Radio 100,7 an der Emissioun „Riicht eraus" ugekënnegt, nieft senger Ausso, dass hien och wëllt Premier ginn, nach 2017 eng Reform respektiv en Ajustement, wéi e sot, a Saache „stock-options" virzehuelen; dëst no Gespréicher mam Här Finanzminister. Duerno huet hien zouginn, dass mat dëser Mesure vu verschiddene Säite Schindluder gedriwwer gi wier. Gläichzäiteg huet hien awer och betount, datt déi intern Etüd iwwert d'„stock-options" am Finanzministère nach e puer Méint Zäit bräicht.

Mir begréissen eigentlech dëse Sënneswandel bei der Regierung, stellen eis an domadder och Iech awer gläichzäiteg e puer Froen:

D'Regierung kann also och der Chamber haut, an net just der Press, confirméieren, datt et zu enger Reform bei den „stock-options" 2017 komme wäert. Wéi wäert dësen „ajustement", wéi de Wirtschaftsminister dat genannt huet, da konkret an der Praxis ausgesinn? Anescht gefrot: Wat ënnerhëlt d'Regierung, fir deen och elo vun dem Wirtschaftsminister diagnostizéierten „Schindluder" ze ënnerbannen?

Drëtt Fro doriwwer eraus: Wéi kann de Wirtschaftsminister dat awer elo schonns soen, obschonns dem Finanzminister seng Etüd nach net ofgeschloss ass? Anescht gefrot: De Wirtschaftsminister, dee confirméiert also och haut schonns d'Diagnos vun dem „Schindluder", an op Basis vu wat fir engem Zuelematerial?

Véiertens a last but not least: Firwat hunn dann d'Regierungsparteien an d'Regierung selwer, wann dat esou kloer schéngt ze sinn, net déi entspriechend CSV-Motioun matgedroen, déi mer bei der Steierreform als CSV presentéiert haten an déi mir deemools och virgeluecht hunn?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Roth. An de Premier- a Statsminister huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, ech soe Merci fir déi Fro, déi ech gestallt kritt hunn, och wann de Finanzminister normalerweis jo responsabel ass fir den Dossier, an deem hei jo dann déi Fro provozéiert ginn ass duerch eng Ausso vum Vizepremier de Samschdeg um Radio.

Also e puer Saachen, an déi éischt Saach ass: Ech sinn e bëssen iwwerrascht iwwert d'Positioun vun der CSV, well dës Majoritéit huet déi lescht Méint gesot, an dès le départ, mir géifen déi Abusen, déi mat „stock-options" geschitt sinn, wëlle stoppen! Dat hu mer gesot. Dofir hu mer och eng Etüd gemaach.

Mir hu bei deene leschten Diskussiounen, déi mer haten, wou op eng Kéier... An ech wëll drun erënneren, dass awer déi „stock-options" 2002 vun engem Finanzminister Luc Frieden vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei introduzéiert gi sinn, dass 2013 e Finanzminister Luc Frieden den 9., 8. Februar geäntwert huet op eng Fro, dass et keng Statistike gi sinn - keng Statistiken! -, et ass néierens kollektéiert ginn, wéi vill, wat, wou bei „stock-options" geschitt ass. Dat heescht, vun 2002 bis 2013 huet et déi Partei, déi sech haut elo esou opreegt, dass et d'„stock-options" hei zu Lëtzebuerg ginn, awer selwer wärend eelef Joer emol kee Piipcheswuert interesséiert, wéi vill, wat a wien dovunner géif profitéieren! Soudass dann eben dës Majoritéit decidéiert huet, dass et tatsächlech bei den „stock-options" Abuse gi sinn, déi mir net méi géifen akzeptéieren.

Mir wëllen awer och kee Pilotage à vue maachen, andeem mer och wëssen, dass et „stock-options" an enger ganzer Rëtsch vu Länner ginn, a kucken awer, wann der hei sinn, dass déi och dat erfëllen, firwat se geplangt gi sinn, an net méi do sinn, fir just Steiervermeidung ze maachen.

Dofir hu mir, dës Majoritéit, Här President - et j'insiste, dës Majoritéit! -, gefrot, fir Etüden ze kréien. Mir krute matgedeelt, dass et der 617 am Joer 2016 gi sinn. Mir sinn amgaangen, elo d'Etüden ze maachen eben, wien, wou, wéi dat geschitt ass. An ech ka mech engagéieren, Här President, dass de Finanzminister wäert an den Diskussioune vum Budget Enn des Joers Propositioune maache fir eng Reform vun den „stock-options" mat Previsibilitéit, fir dass d'Leit wëssen haut, wéi et muer ausgesäit, awer net, wéi hei vu verschidde Leit bal gefrot gëtt, dass d'Leit solle scho muer wëssen, wat gëschter geschitt ass. Dat geet net!

Dowéinst ass et wichteg, dass d'Leit Previsibilitéit hunn an dass se... - ech hu mech elo just geiert mat mengem Futur a mat mengem Präsent, mä Dir wësst, wat ech mengen! -, dat heescht, dass et wichteg ass, dass d'Leit wëssen, wéi d'Zukunft ausgesäit an net am Fong viru Fait-accomplie gesat ginn. Abuse ginn erausgeholl, dat ass keng Neiegkeet. An dat, wat de Vizepremier um Radio de Samschdeg gesot huet, ass totalement konform mat der Positioun, déi de Premier, de Finanzminister an all déi aner Kolleegen aus der Regierung a souguer d'Fraktiounscheffen déi lescht Méint hei gesot hunn.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Premierminister. Domat si mer um Enn vun eiser Froestonn ukomm an ech géif proposéieren, dass mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwerginn. Dat ass déi erweidert Fro vum Deputéierte Fernand Kartheiser iwwert de Musée vun der Police grand-ducale. An den Auteur weess, en huet fënnef Minutten Zäit, an d'Regierung huet zéng Minutten Zäit, fir drop ze äntwerten.

3. Question élargie n°24 de M. Fernand Kartheiser relative au Musée de la police grand-ducale

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken deenen Häre Bauler a Lies hei Merci soen, déi sech schonn an der Vergaangenheet och fir de Policemusée iwwert de Wee vu Questions parlementaires interesséiert hunn.

Net jiddweree kennt dee Musée um Verluerekascht. Et geet awer hei net nëmmen ëm e Gebai. Et geet ëm eng Haltung vun der Regierung, ëm e Respekt géintiwwer den Administratioune vun der Gendarmerie fréier an der Police. Et geet ëm de Respekt vun de Leit, déi an deene Corpsen déngen an och dacks hiert Liewe fir d'Allgemengheet, also fir jiddweree vun eis, riskéieren.

E Policemusée grënnen, ënnerhalen, ënnerstëtze wär also eiser Meenung no jiddefalls eng Aufgab fir de Stat, eng selbstverständlech Aufgab fir de Stat. Mä d'Realitéit ass eng ganz aner. De Policemusée ass keng staatlech Institutioun, keng offiziell Institutioun. Et gëtt do vill Defiziter am Funktionement, an dat ass net nëmmen, géif ech soen, e Feeler vun dëser Regierung, mä och scho vu Regierunge virdrun, déi sech dorëmmer net vill gekëmmert hunn. An ech wëll all deenen, déi sech benevoll asetze fir dee Policemusée, e ganz häerzleche Merci soen! Si leeschten eng fantastesch Aarbecht, fir d'Erënnerung un d'Methoden, un d'Aarbecht vun deene Polizisten a Gendaarmen aus der Vergaangenheet lieweg ze halen.

Et ass fir eis och ganz wichteg, fir ze ënnerstréichen, datt dee Musée och eng Erënnerungsfunktioun ënnerhält an deem Sënn, datt och do d'Fotoen hänke vun deenen, déi am Déngscht gestuerwe sinn. An alleng dat schonn ënnerstréicht, wéi wichteg et wär, datt de Stat sech selwer géif ëm déi Aufgabe këmmeren an de Policemusée och wierdeg behandelen. Well dat, wat am Ableck geschitt, ass eigentlech onwierdeg. De Musée kritt keng nennenswäert staatlech Ënnerstëtzung. E kritt weder e Subsid vum Kulturministère iwwert dee Wee vun dem Reseau Musées de Luxembourg nach iwwert d'Stad Lëtzebuerg, déi der Meenung ass, dat wär eng Associatioun, déi weder lokal wär - et ass ëmmerhin um Verluerekascht -, nach géif se sech un d'Awunner vun der Stad Lëtzebuerg adresséieren. Och dat schéngt eis eng Gedankekonstruktioun ze sinn, déi schwéier nozevollzéien ass.

Et gëtt och kee pädagogescht Konzept. Et kéint ee jo dovun ausgoen, datt dës Regierung, déi jo selwer e Rekrutementsproblem huet bei der Police a bei der Arméi, géif e pädagogescht Konzept ausschaffen, fir méi systematesch Schoulklassen dohinnerzebréngen, fir deene Jonke méi d'Policeaarbecht ze erklären, méi no ze bréngen, net nëmmen aus Bildungsgrënn, mä eben och, fir de Rekrutement eventuell ze erliichteren. Esou e pädagogescht Konzept gëtt et och net.

An dann heescht et elo, d'Gebai wär baufälleg. Gutt, et gëtt Avisen, déi dat vläicht ënnerstréichen. Et gëtt awer och Avisen, déi de Contraire soen. Ech selwer war mer et ukucken. Ech hunn net den Androck, datt do iergendeng Situatioun wär, déi net sanéierungsfäeg wär, ganz am Géigendeel. Et gëtt Kommissioune wéi d'Commission des sites et monuments, déi et sech och ugekuckt huet, an déi eestëmmeg zur Konklusioun komm ass, datt d'Erhale vum Gebai wënschenswäert ass.

Et muss ee wëssen, de Policemusée ass en architektonesch, historesch wäertvollt Gebai. Et ass dat eenzegt Gebai aus de 50er Joren - 1954 fir genee ze sinn - an deem Stil, wat eis erhalen ass. Et huet en Zougang zu de Kasematten, an, wat vläicht och derwäert ass, fir ze soen: Am leschte Krich, 1944, hu sech do Leit refugiéiert, fir sech viru Bombardementer ze schützen a sinn do gestuerwen duerch Bombardementer. A wann een da gesäit, wat och am Ausland ass, da sinn dat Plazen, wou Leit gestuerwe sinn, wou Bombardementer waren, wou net méi drop gebaut gëtt, wou e Monument gemaach gëtt, eng Erënnerungsplack, mä awer och wou do eng Kultur vun enger Würdegung vun där Vergaangenheet awer existéiert.

De Stater PAG, deen elo gestëmmt ginn ass, huet dat Gebai net klasséiert. An et muss ee sech och do froe firwat. Et ass eng wäertvoll Plaz vum Terrain hier. Deeler vun de Gendarmeriekasären, déi an där Géigend leien, si klasséiert ginn. Dat do ass net klasséiert ginn. A wann ee weess eben ëm déi architektonesch Geschicht vun deem Gebai, muss ee sech froe firwat.

Fir eis als ADR ass de Policemusée op jidde Fall wichteg. Et ass eng wichteg Funktioun, un d'Geschicht vun deenen Administratioune Gendarmerie a Police ëmmer ze erënneren. Fir eis ass et eng Unerkennung wäert fir déi Leit, déi sech benevoll engagéieren. An et ass, wat dat Gebai ugeet, an eisen Aen och derwäert, et ze erhalen.

Elo ass natierlech d'Fro: Wéi eng Optiounen huet de Policemusée? Wéi eng Optioun faasst d'Regierung an d'A, fir dem Policemusée eng Zukunft ze ginn?

Am Ableck schéngt et esou ze sinn, wann een déi verschidden Echoen héiert, datt vun der Regierungssäit iwwerhaapt kee Konzept do ass, fir dem Policemusée eng Zukunft ze assuréieren, weder wat dat Gebai ugeet, nach d'Institutioun.

Mä et gëtt fir eis zwou Grondoptiounen, op jiddefalls als ADR:

Entweder mir behalen dee Musée op där Plaz, mir ginn em e Statut a mir ënnerstëtzen e vum Stat, fir datt e seng Funktioun kann op eng wierdeg an effikass Manéier weider ausfëllen. Oder et geet een hin an et mécht een en op eng ganz aner Plaz an et mécht een dee Musée méi grouss, fir och aner Sécherheetsdéngschter an d'Post mat anzeschléissen, wéi och zum Beispill d'Pompjeeën, d'Protection civile, d'Douane an d'Fligerei, déi alleguer och ganz flott Exponater hunn, an et mécht een e grousse Musée, deen och deen Ableck kéint wierklech als Tourismusmagnéit wierken.

Op jidde Fall, et schéngt eis selbstverständlech ze sinn, datt d'Regierung muss e Konzept, e glafwierdegt Konzept fir e Policemusée presentéieren, an dofir dës Fro un d'Regierung.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An den zoustännege Minister, den Här Etienne Schneider, huet d'Wuert.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Voilà. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op déi Fro vum honorabelen Deputéierten Här Kartheiser kann ech natierlech ganz kloer äntwerten, dass d'Geschicht vun der Police an der Gendarmerie natierlech wichteg ass fir dëst Land an och interessant ass an ee se och soll weider vermëttelen un déi kommend Generatiounen, mä net nëmmen déi vun der Police a vun der Gendarmerie, och déi vun aneren ëffentleche Servicer, de Service de secours an de Pompjeeën, Dir hutt et och virdrun ugeschwat.

Duefir si mer och der Meenung als Regierung, mä net nëmmen aus deem Grond, ech kommen awer nach op aner Grënn zréck, dass et wichteg ass, een integréierte Musée fir se alleguerten ze bauen an eis déi Moyenen ze ginn, fir e Musée ze bauen, deen e Konzept huet, deen e pädagogescht Konzept huet, Dir hutt dat och ugeschwat, deen op där enger Säit attraktiv muss sinn, fir Leit kënnen unzezéien, fir och wierklech d'Leit ze begeeschteren, dohin ze goen. Duerfir brauch een e museaalt Konzept an e pädagogescht Konzept. Et soll awer och educativ si fir déi jonk Leit, fir Schoulklassen unzezéien, fir jonk Leit eventuell iwwert deen dote Wee och méi no un déi dote Beruffer alleguerten erunzeféieren. Well mir hunn an all deenen dote Beruffer jo och Problemer mam Rekrutement. Duerfir mengen ech, dass et och aus deem dote Grond wichteg wier, dat doten ze maachen.

An da kënnt awer nach en drëtte Volet derbäi, dat ass den Tourismus. Dat do kann eng ganz interessant Attraktioun sinn am Kader vun eisem Developpement vun den touristesche Konzepter hei zu Lëtzebuerg.

Wa mir dat do wëlle realiséieren, da brauche mer eng attraktiv an eng funktionell Infrastruktur. An dat ass déi Infrastruktur, vun där Dir elo schwätzt, wou de Policemusée dran ass, nun emol definitiv net, aus deem einfache Grond, well se ni als dat ausgeluecht ginn ass. Ech mengen, do ass aus engem Provisoire e Provisoire ginn, dee leider vill ze laang ugehalen huet. An duerfir mengen ech, dass mer eis mussen zesummesetzen - a mir hunn dat d'ailleurs och ugefaangen -, fir e Konzept fir esou e Musée auszeschaffen.

Duerfir hate mer den 2. Mee eng éischt Reunioun tëschent dem Ministère de la Sécurité intérieure, dem Ministère de l'Intérieur selwer, dem MDDI, de Vertrieder vun der Asbl vum Policemusée an och de Vertrieder vun der Pompjeesfederatioun, fir ze kucken, ob ee sech da kann eens ginn, fir zesummen eppes ze maachen, zesummen e Konzept auszeschaffen. A mir ass gesot ginn, dass déi Reunioun awer positiv verlaf ass. An de 15. Mee kommen déiselwecht Leit nach eng Kéier zesummen, fir dann ebe gegebenenfalls eng Positioun festzeleeën, wou mer hiwëllen.

Ech mengen och, dass den Accès, d'Accessibilitéit vum Site wichteg ass. An déi ass hei definitiv net ginn. Wann ee wierklech wëllt e Konzept hunn, dat Leit unzitt, dann ass dat do definitiv keng gutt Situatioun.

Ech wëll an deem heite Kontext och de Benevollen e grousse Merci soen, déi sech wierklech déi Méi maachen, fir déi Erënnerung do oprechtzëerhalen an duerfir wëlle mer och wierklech drop halen, fir mat deenen aktuelle Benevollen deen dote Projet an Zukunft auszebauen.

Et si schonn zwou Question-parlementairen an deemselwechte Kontext gestallt ginn, duerfir ginn ech net méi drop an. Ech wëll just eent soen: D'Gebai ass effektiv net placéiert, net als denkmalwürdeg klasséiert ginn. Et ass och esou, dass den MDDI eng Analys gemaach huet iwwert d'Struktur vum Gebai an iwwert d'Renovatioun, déi néideg wier, déi leider och zu deem negativen Avis kënnt, dass d'Gebai einfach u sengem Liewensenn ass an dass et vill ze deier gëtt, fir dat doten ze renovéieren. Derbäi kënnt, dass mer jo op där anerer Säit nach en anere Sujet hunn, nämlech dee vu Logementer, an dass et eventuell méi Sënn géif maachen, op där doter Plaz, déi wierklech zentral an der Stad läit, ze probéieren, Logementer hinzekréien an da wierklech, wéi gesot, op enger anerer Plaz, déi méi accessibel ass, en integréiert Konzept fir e komplett neie Musée, deen och wierklech der Zäit vun haut ugepasst ass an och ebe museal esou kann opgeschafft ginn, wéi dat muss sinn, fir e modernen, flotten an interessante Musée kënnen ze bauen.

Voilà. Dat gesot, hoffen ech, dass ech op all Är Froe geäntwert hunn. Merci villmools.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Minister fir déi bannenzeg Sécherheet. Huet de Froesteller keng zousätzlech Fro méi ze formuléieren?

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Ech soen och dem Här Minister Merci fir eng komplett Äntwert, an där e jo op déi Aspekter all agaangen ass. An ech wëll dat ausdrécklech ënnerstréichen, datt ech dat net a Fro gestallt hunn. Et ass just eng eenzeg Fro, déi fir mech wichteg ass elo am Ableck, dat ass, datt mer déi Diskussiounen, déi och elo ugefaangen hunn, déi ech och begréissen, net au „calendes grecques", näischt géint Griichenland oder soss iergendwéi eppes an deem Zesummenhang, mä datt mer dat elo net verschieben, bis et net méi aktuell ass.

Dat heescht, ech wier scho frou, wann den Här Minister eis kéint Assurancë ginn, datt en d'Chamber awer regelméisseg informéiert iw-

wert de Progrès an deem doten Dossier, fir datt mer och gesinn, datt e Suivi ass an datt et virugeet.

Merci.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Jo, Merci, Här President, nach eng Kéier fir d'Wuert. Also et ass ganz kloer esou, dass d'Regierung, an ech hunn Iech déi verschidde Ministèren opgezielt: den Intérieur, den MDDI, den MSI, also de Ministère de la Sécurité intérieure an natierlech och den Tourismus, dass mer alleguerten hei un engem Strang zéien, well mer alleguerten der Meenung sinn, dass et wichteg an interessant wier fir d'Land, aus deene verschiddene Perspektive gekuckt, fir esou e Musée ze maachen. An eis Intentioun ass et, dass mer eis awer an dëser Legislatur nach op d'Konzept kënnen eenegen an dass mer da kënnen esou schnell wéi méiglech ufänke mat der Realiséierung vun esou engem Musée.

Mä wichteg ass et elo emol, dass mer eis mat de Benevollen zesummen eenegen, wéi dat soll ausgesinn, wou mer dat wëlle maachen, an dann déi Decisiounen huelen an dann ebe probéieren, esou schnell wéi méiglech domadder lasszefueren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Domat hu mer och déi hei erweidert Fro evakuéiert an ech géif dann zum nächste Punkt iwwergoen. Den Interpellateur, den Här Félix Eischen, ass scho prett, fir seng Propositiounen a Fuerderungen iwwert déi kleng a mëttel Entreprisen hei ze formuléieren.

4. Interpellation de M. Félix Eischen au sujet des petites et moyennes entreprises (PME) et de la politique à mener dans ce domaine

Exposé

M. Félix Eischen *(CSV), interpellateur.*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vu menger Partei sinn ech ganz frou, sinn ech wierklech frou, hei op dëser Plaz kënnen d'Wuert ze ergräifen, fir iwwer e Secteur ze interpelléieren, dee ganz sécher eng vun de Schlagodere vun eisem Land ass, vun eiser Ekonomie ass.

Ech schwätze vum Mëttelstand. Wat versti mer ënner Mëttelstand? Dat si virun allem emol d'Leit aus der Mëtt, aus eiser Mëtt, eng zolidd Mass, déi net ze vill no riets oder lénks ausschléit an d'Réckgrat vun der Gesellschaft ass, d'Garantie vum Zesummenhalt net zulescht an och vum soziale Fridden.

Et ass aus dëser Gesellschaft eraus, wou sech d'Attraktivitéit vum Lëtzebuerger Land gebilt huet, assuréiert vu schaffende Leit mat engem oppenen, innovativen a kreative Geescht.

Iwwer 30.000 Betriber hei zu Lëtzebuerg falen ënnert d'Bezeechnung PME, dovunner der iwwer 7.000 am Handwierk. 87% ass de Part vun de PMEen an der Lëtzebuerger Ekonomie, an dat sinn ëm déi 200.000 Aarbechtsplazen. Déi Lëtzebuerger Ekonomie gëtt och zu engem Fënneftel vum Handwierk gedroen, wou iwwer 70.000 Leit schaffen. Vu Schlagoder ze schwätzen, ass also definitiv net iwwerdriwwen.

Enttäuscht, Dir Dammen an Dir Hären, enttäuscht kann a muss ee sinn, dass am Premier senger Ried zur Lag vun der Natioun séier wéineg iwwert de Mëttelstand rieds goung. D'Wuert Handwierk oder Artisanat ass guer net dra virkomm an dat ass schued.

Well mir an dëser Interpellatioun iwwert den Istzoustand vun dem Mëttelstand wëlle schwätzen, ass dat heiten als kleng Illustratioun, wann Der erlaabt, och d'Geschicht vun dem Här X a senger Madamm Y. Si sinn allen zwee Patron an der drëtter Generatioun vun engem Schräinerbetrib. Si schaffen allen zwee vu moies bis owes. Am Atelier schaffen 13 Leit, dat ass d'Moyenne hei zu Lëtzebuerg, den Här X och, also de Patron selwer och. D'Sprooch, déi hei haaptsächlech geschwat gëtt, ass Franséisch an den X kënnt och e bësse mam Portugiseschen derduerch. D'Madamm Y huet de Büro ënner sech a mécht zesumme mat enger weiderer Persoun d'Kontabilitéit. X an Y hunn zwee Kanner: Dat eelst ass op der Uni, mécht Droit, dee Jéngste grad op Deuxième, weess awer nach net, wat en herno soll maachen.

Dëse Betrib steet also fir Dausenden anerer, déi sech gradesou wéi dësen och derduerchschloen, wëssend, dass et ëmmer méi schwéier ass, sech géint déi globaliséiert Konkurrenz ze behaapten. D'Erausfuerderunge sinn immens, net nëmmen direkt um Terrain, an der direkter Noperschaft, mä och haut ëmmer méi online um Netz. De Client ass haut en aneren. De Client huet haut aner Uspréch.

Deslescht, ech kommen erëm zréck bei eist Beispill, koum dann de Bouf bei de Papp a sot, dass hien eng aner Präsenz um Netz mat sengem Betrib misst hunn, wëllt soen, via Internet kéint schaffen a verkafen, via déi sougenannten Digitaliséierung misst eng aner an eng nei Clientèle gesicht an och fonnt ginn.

Den X huet awer 53 Joer a freet sech, ob en iwwerhaapt nach soll investéieren a freet sech och, wou en eventuell e Repreneur soll fannen, well et gesäit awer net esou aus, wéi wann de Jéngsten dat wéilt maachen. Hie mécht sech also seng Gedanken.

Firwat, Dir Dammen an Dir Hären, hunn ech elo dëst Beispill geholl? Ma dat, wat den X an den Y an hirem klenge Schräinerbetrib erliewen, ass Alldag fir Honnerten aner Betriber: Bäcker, Garagisten, Hoteliéren, kleng Industriebetriber an esou weider. Si schafen awer all Joer iwwer 12.000 nei Aarbechtsplazen. Wat sinn also elo déi konkret Erausfuerderungen, iwwert déi mer haut dann hei och wëlle schwätzen an iwwert déi ech dankbar sinn, duerfen ze schwätzen?

Eise Modell huet dat schonn zum Deel resuméiert: Dausende Leit schaffen am Secteur, bréngen hiren Apport zum PIB. Et ass also eppes, wat op zolitte Féiss steet. Fakt ass awer: Ze wéineg Leit an och ze wéineg Lëtzebuerger interesséiere sech duerfir. An eisem Betrib vu virdru gëtt scho laang kee Lëtzebuergesch méi geschwat. 85% vun den nei kreéierte Plaze gi vun Netlëtzebuerger besat. Dräi Véierel vun de Créateurs d'entreprises sinn Auslänner.

Firwat geet de Lëtzebuerger elo net méi an déi Ausbildung? Domadder wëll ech elo net soen - a verstitt mech net falsch! -, dass ee muss Lëtzebuergesch schwätzen, fir eng gutt Aarbecht ze maachen, beileiwen net, mä mir riskéieren awer, Rëss an eis Gesellschaft ze kréien, tëschent deenen, déi d'Plus-value schafen, an deenen, déi d'Land verwalten. Ech wëll dat elo e bësse simplistesch hei esou soen.

Firwat dëst? Firwat ass d'Situatioun esou? Well et nach ëmmer eng Onéier ass, sech d'Hänn knaschteg ze maachen? Well den Image vun engem technesche Beruff net dee beschten ass? Well nach ëmmer net genuch geziilt vu Klengem un dohinner orientéiert gëtt, wou dann herno och Leit um Maart gebraucht ginn? Et ass ganz sécher, Dir Dammen an Dir Hären, e gesellschaftleche Problem.

Mir stellen awer och fest, am Small Business Act fir Europa steet geschriwwen, ech zitéieren: «(...) le Luxembourg manque toujours d'une culture de l'entrepreneuriat.» De Plan d'action PME klasséiert de Grand-Duché op der 14. Plaz ënner 28 EU-Länner, wat den Entrepreneursgeescht ugeet. Et ass also nach e bësse Loft no uewen, fir et emol salopp ze soen.

Mir stelle weider fest: Den Ament sinn ze wéineg Leit an der praktescher Ausbildung ënnerwee. Et feelt un Ingenieuren, Techniker, Mathematiker, Informatiker an natierlech dann herno och u gutt ausgebilten Handwierker.

An deem Leschtgenannten, erlaabt mer, dass ech déi Klammer och opmaachen, feelt et och u jonke Fraen, déi an dës Richtung wëlle goen. Dat muss analyséiert ginn. Ass d'Ausbildung net flott an attraktiv genuch? D'Méisproochegkeet, do si mer eis ganz dacks och heibannen eens, ass gutt. Dat ass sécher en Attrait fir de Lëtzebuerger Site, mä et däerf keng Barrière sinn. Duerfir musse mer eise Sproochenunterrecht reforméieren. Zu Lëtzebuerg scheiteren d'Leit un der Sprooch. Do komme Leit duerch d'Sproochen net einfach esou an eng technesch Ausbildung eran. Déi Leit feelen dem Marché an da gi mer se an d'Ausland rekrutéieren, an déi schwätze just hir Mammesprooch, an dat kann et jo awer net sinn.

Da behale mer d'Leit, an dat ass och e Constat, deen ee maache muss, net laang genuch an de Beruffer dran, souguer och no enger fäerdeger Ausbildung, souguer wa se da bis am Beruff schaffen. Et kann net sinn, an dat ass och hei schonn e puermol gesot ginn, wann iwwer esou Sujete rieds goung, dass dee jonke Mënsch, deen Talenter am Manuellen huet, just am Kapp huet, eng Plaz bei der Gemeng oder beim Stat ze kréien. Bei allem Respekt fir jiddwereen, deen do schafft, den ëffentleche Secteur brauch exzellent Leit an huet déi en général och. Mä och am Privatsecteur brauche mer exzellent Leit, an do hu mer der ganz einfach net genuch.

Mir froen, jonk Leit méi fréi mat der Aarbechtswelt a Kontakt ze bréngen, Schüler, Proffen a virun allem och emol Elteren un een Dësch ze kréien. D'Reform vun der Meeschterprüfung ass iwwerfälleg, mir ënnerstëtzen déi Beméiungen, déi do ënnerwee sinn. Mir sinn eis, mengen ech, heibannen eens, dass d'Motivatioun fréi muss ugoen an dass d'Handwierk net nëmmen de leschten Auswee däerf sinn. Duerfir ass eng fréi Motivatioun onëmgänglech.

Mir froen des Weideren eng Approche positive, an dat ass déi, déi eis hei weiderbréngt, an net d'Orientation par échec. Muer stëmme mer d'Gesetz vun der Maison de l'orientation a mir hoffen, dass hei op dësem Punkt op d'mannst eng Deelremedur ka geschafe ginn. De Pakt PRO Artisanat mat de véier Achsen, wou eng dovun d'Image de marque ass mat ënner anerem Hands Up an Hello Future, ass sécher begréissenswäert.

D'Formation continue an d'Formation des adultes ruffen och zum Deel no Reformen. Dacks sinn et jo jonk Erwuessener, déi iwwert d'Reconversioun erëm zréck zum Beispill an en Handwierksberuff kommen. An dacks sinn dës Leit och extrem motivéiert. Mir froen, dës Formatioun méi attraktiv ze maachen, well ech mengen, et kann net sinn, wann dee mat 25, 26 Joer seet: „Hei, ech ginn erëm zréck an eng aner Richtung", oder „Ech wëll eppes aneres léieren, ech hunn awer Motivatioun," dass dee sech da mat engem vu 16, 17 Joer muss an d'Schoulbänk sëtzen.

An duerfir géif ech dann, Här President, eng éischt Motioun deposéieren am Numm vu menger Partei, wou mir op d'Wichtegkeet vun der praxisorientéierter Formatioun wëlle Wäert leeën. Wann ech gelift!

Motion 1

«Formation et reconversion professionnelle»

La Chambre des Députés,

- considérant que l'éducation et la formation, à la fois des jeunes et des adultes, relèvent d'une importance capitale dans un pays dont les ressources naturelles principales sont les compétences intellectuelles, techniques et manuelles de sa population;

- considérant qu'il est d'une importance cruciale pour un pays d'investir dans son «capital humain» et de se doter du cadre légal ainsi que des structures et des infrastructures nécessaires pour permettre à l'éducation et à la formation de répondre au triple défi de la compétitivité, de l'intégration sociale et de la cohésion sociale;

- considérant que le paysage de la formation ainsi que les attentes et carrières des jeunes et adultes sont en train de connaître des bouleversements profonds et que des changements de carrière tout au long de la vie deviennent de plus en plus fréquents;

- considérant que toute personne a le droit, tout au long de la vie, de développer ses connaissances et compétences, d'améliorer sa qualification professionnelle et de se réorienter au vu de ses besoins personnels ou du changement de son environnement économique, technologique et social;

- considérant qu'il y a actuellement de nombreuses campagnes de promotion et de valorisation de l'artisanat, telles que «L'Artisanat, les mains de demain» ou «Hands Up»;

- notant qu'il y a un vrai effort de repositionner l'artisanat à sa juste valeur, de révéler la richesse et la diversité de ses métiers et de démontrer qu'il regorge de domaines innovants, techniques, précis et pointus;

- considérant qu'il y a de nombreuses personnes intéressées, ayant déjà atteint un certain âge, avec le désir de se réorienter vers un métier de l'artisanat;

- considérant que d'autres pays tels que la France ou l'Allemagne disposent, contrairement au Luxembourg, d'une multitude d'offres adaptées aux formations envisagées et aux situations personnelles des personnes envisageant une telle reconversion professionnelle,

invite le Gouvernement

à étudier la mise en place d'un système de formation adapté aux besoins des personnes avec un projet de reconversion professionnelle vers un métier de l'artisanat.

(s.) Félix Eischen, Diane Adehm, Léon Gloden, Françoise Hetto-Gaasch, Laurent Mosar.

Ech kommen dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei d'Reprisen, well eise Patron X aus dem Beispill vu virdrun denkt jo haart driwwer no mat sengen 53 Joer. Wa mir also d'Situatioun géife verbesseren, also méi an d'Ausbildung vun de Ressourcë géife stiechen a gutt ausgebilte Leit hätten, da kréiche mer och de Problem vun de Reprisen am Prinzip besser an de Grëff, wëllt soen, da wiere méi Leit mat Entrepreneursgeescht do. An den nächste Joren, dat muss ee wëssen, soll een och ënnersträichen, siche ronn 3.000 Handwierksbetriber mat ronn 47.000 Salariéen e Repreneur. 3.000 Betriber! Dat weist déi immens Erausfuerderung fir den Iwwergang selwer an awer och fir de Repreneur.

De Mëttelstand huet e grousse Problem bei den Transmissioune bis dato. Dat geet bei der Motivatioun an der Formatioun un, wéi elo grad gesot, an et hält awer och bei der Finanzéierung op. Mir stelle fest: Et ginn net genuch potenziell Repreneuren, et gëtt gezéckt.

D'CSV hat am Dezember d'lescht Joer eng Motioun presentéiert, an där mir gefrot hunn, de Régime fiscal vun de Reprisen ze analyséieren an eventuell steierlech Avantagen oder Ureizer en place ze setzen. Dës Motioun war ugeholl ginn, an et wier elo gutt ze wëssen, wou déi Aarbechten dru sinn. Am Pakt PRO Artisanat elo am Mäerz gouf gesot: «(…) les partenaires étudient des mesures législatives (...).» Kann een, dat ass meng Fro, Madamm Statssekretärin, do scho konkret haut eppes soen? Ech géif mech do op eng Äntwert freeën.

D'Reprisë ginn dann Hand an Hand mam Finanzement, dat schéngt evident ze sinn. All Betrib muss mat der Zäit goen, soss riskéiert en, matzäiten zouzegoen. Dat kascht. Ech schwätze vum Invest, a fir den Erausfuerderungen entgéintzekommen, ass et iwwerliewenswichteg, u Geld an dacks och u frëscht Geld ze kommen.

Ee Wuert an deem Kontext iwwert d'SNCI. 2015 huet d'SNCI 100 Milliounen an de Grapp geholl. Dovunner waren iwwer 80 Milliounen Direktparticipatiounen an den Entreprisen. Et muss ee sech d'Fro stellen: Wou bleiwen d'Kreditter un dat klassescht Handwierk? Mir sinn der Meenung, dass d'SNCI bei der Finanzéierung eng méi aktiv Roll kéint a misst spillen. Si ka schonn haut bis 75% vun den Investissementer bei den Entreprisen, Handwierk, Commerce, Horeca, et cetera matfinanzéieren. An der Praxis gesi mer awer eng Tendenz ewech vun de Prêten un den traditionelle Mëttelstand hin zu Direktparticipatiounen a sougenannten IT-Boîten.

Dat ass interessant, dat wëlle mer och elo net hei verwerfen, mä am Rapport annuel vun der SNCI steet och geschriwwen, dass an de leschte Jore fënnef bis néng Milliounen u Crédits d'équipements vergi goufe fir d'Création d'entreprise u jeune Artisanen zum Beispill. An ugangs der 2000er Jore waren et awer tëschent 20 an 29 Milliounen d'Joer.

Wéi ass dat méiglech? An ech wéilt och do nofroen, wat d'Grënn heifir sinn. Et ass sécher, ech hunn dat och elo grad gesot, ze begréissen, dass d'SNCI am IT-Beräich eng Roll wëllt spillen, mä eng wéineg manner restriktiv Politik beim Prêt fir de jonken Handwierker wier awer och net vu Muttwëll. Dat kéint op jidde Fall d'Lecture vun dëser Analys sinn. Et ass op jidde Fall d'Missioun als staatleche Betrib, hei méi Risiko ze droen.

Am Kontext vun der Finanzéierung, Här President, géif ech da gären eng zweet Motioun presentéieren, an zwar geet et ëm de Finanzement vun den Entreprisen. De Finanzement vun den Entreprisen, dat si jo am Prinzip d'Prête bei der Bank respektiv d'Hëllef vum Stat oder och dann nach privat (veuillez lire: vum Stat oder vu privater Säit). Wat eis awer feelt, wat eis feelt, dat gesäit een am Verglach mam Ausland, mat den typeschen Entrepreneursläner, an ech zitéieren do ënner anerem England an och d'USA, dat ass d'Tatsaach, dass hei manner Privatleit mat a Betriber investéieren. Et feelt an deem Suivi un Erfahrung an och un engem Netzwierk. Dat hu mer och schonn an der Kompetitivitéitsdebatt hei am Dezember gesot. An d'Regierung huet deemools eise Constat u sech gedeelt. Dozou och eng Motioun, wou mir an deem Kontext froen, fir hei iwwer steierlech Ureizer nozedenken. Wann ech gelift.

Motion 2

«Capital-risque»

La Chambre des Députés,

- considérant que les petites et moyennes entreprises (PME) sont des acteurs clés de notre économie;

- considérant que les PME représentent 99,8% de toutes les entreprises et 69,73% des emplois en Europe;

- soulignant que l'artisanat représente le «premier employeur» au Luxembourg, occupant actuellement environ 90.000 salariés dans plus de 7.000 entreprises;

- considérant que l'accès au financement pour les PME, notamment auprès des banques, peut s'avérer difficile, voire impossible;

- soulignant à titre d'exemple qu'à travers les dix dernières années, un tiers des PME dans l'Union européenne n'a pas reçu l'aide financière sollicitée auprès des banques et nécessaire pour financer leur développement;

- considérant que le capital-risque joue un rôle particulier et grandissant dans le processus d'innovation et de développement économique des PME en tant qu'investissement de long terme;

- considérant que les États-Unis et le Royaume-Uni sont reconnus comme des pays d'innovation avec une forte culture entrepreneuriale et une multitude de moyens de financement;

- notant que le rôle du capital-risque est bien plus faible en Europe continentale que dans les pays anglo-saxons alors qu'il s'agit d'un facteur important pour le développement économique et l'innovation, en apportant de l'expérience, de la compétence et des réseaux professionnels;

- notant que l'incitation publique en faveur du capital-risque dans les pays anglo-saxons est favorable avec des mesures telles que le Small Business Act aux États-Unis ou le Seed Enterprise Investment Scheme au Royaume-Uni, un système de défiscalisation qui permet à l'investisseur de récupérer 50% de son investissement dans une start-up en réduction d'impôts, plaçant Londres comme capitale européenne des créateurs d'entreprise;

- soulignant que le secteur du capital-risque au Luxembourg connaît des difficultés à lever des fonds alors qu'il constitue un enjeu fondamental pour favoriser la compétitivité des PME et l'apparition de jeunes entreprises innovantes, qui seront la croissance du Luxembourg,

invite le Gouvernement

à étudier la mise en place d'incitations fiscales en faveur des investisseurs privés de capital-risque afin de créer petit à petit une nouvelle culture de l'investissement et de transformer le Luxembourg en pays à fort esprit d'entreprise.

(s.) Félix Eischen, Diane Adehm, Léon Gloden, Françoise Hetto-Gaasch, Laurent Mosar.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

M. Félix Eischen *(CSV), interpellateur.*- Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der neier Steierreform ass de Steiersaz fir déi kleng Betriber mat manner wéi 25.000 Euro Benefiss vu 17% op 15% erofgesat ginn. Okay!

Elo kann ee sech awer d'Fro stellen: Wéi wäit mécht dat der Kaz e Bockel? Ech géif gäre wëssen, wéi wäit dass dës Mesure dobausse gräift, well et jo och nach ganz vill aner PME-Betriber ginn, déi iwwert deem Seuil vum Benefiss leien.

Eppes aneres ganz Wichteges wëll ech awer och hei ernimmen: An der weiderer Diskussioun ronderëm de liewenswichtegen Invest an de Betriber stelle mer fest, dass déi ugeduechte Steierimmunisatioun op engem gewëssene Kapital, also op der Reserv, déi jo op d'Säit geluecht gëtt, fir spéider dann ze investéieren, kee Sujet méi bei dëser Regierung ze si schéngt. Et ass op jidde Fall näischt méi driwwer gesot ginn an et kann a muss ee sech hei froen, firwat.

D'Beruffskummeren an d'UEL froen dat ganz kloer. De Finanzminister ass awer net méi dorobber zréckkomm. Och hei wéilt ech eng Motioun deposéieren, déi dës Immunisatioun kloer erëmfreet. Wann ech gelift, Här President.

Motion 3

«Réserve immunisée d'impôt pour investissement»

La Chambre des Députés,

- considérant qu'une entreprise doit pouvoir se repositionner, de façon continue, par rapport à la concurrence et s'assurer de ce que ses installations, son personnel et ses infrastructures en général permettent d'atteindre cet objectif, d'où la nécessité de réaliser régulièrement des investissements de remplacement;

- considérant qu'en même temps, les entreprises doivent, à tout moment, être en mesure de répondre aux besoins exprimés par leurs clients et prévoir en temps utile, la nécessité de procéder à des investissements d'extension;

- considérant que l'accès des PME artisanales, commerciales et industrielles aux marchés de capitaux est plus difficile que pour les entreprises de taille plus importante;

- considérant que les PME sont handicapées dans leur pourvoi en capitaux propres par rapport aux entreprises de taille importante, ce qui rend le financement de leurs investissements plus difficile d'autant plus que l'autofinancement de leurs investissements est entravé par le fait que leurs besoins en investissements ne sont pas continus dans le temps, mais se font par à-coups;

- considérant que l'introduction d'une réserve immunisée pour investissement est un moyen efficace d'éliminer ou de réduire les handicaps inhérents au financement des PME et de permettre une certaine constance dans leurs investissements;

- notant que l'atout d'une telle réserve réside dans le fait qu'elle augmente la part des fonds propres de l'entreprise, et que, par conséquent, elle permet une amélioration de la liquidité et facilite le financement externe des investissements futurs;

- considérant que les investissements sont à considérer comme le moteur de toute économie dynamique et déterminent d'une façon directe l'évolution macro-économique;

- considérant que la réalisation des investissements engendre des charges financières très importantes et qu'il incombe dès lors au pouvoir public de créer l'environnement propice au développement des entreprises;

- considérant que le programme gouvernemental statue que «[l]e Gouvernement veillera à soutenir des investissements permettant un développement et une croissance économiques durables, notamment par le biais d'une réserve immunisée pour investissement pour les PME»,

invite le Gouvernement

à introduire le régime d'une réserve immunisée pour investissement pour les PME afin de stimuler l'autofinancement, c'est-à-dire le financement des investissements par les bénéfices mis en réserve,

à prévoir des critères précis afin d'éviter d'éventuels abus, tels que la définition des investissements éligibles, un pourcentage et un plafonnement annuel éligible du bénéfice, un délai de réalisation et un mécanisme de report de l'imposition, toujours dans le but final de promouvoir le développement et la croissance économiques durables des PME.

(s.) Félix Eischen, Diane Adehm, Léon Gloden, Françoise Hetto-Gaasch, Laurent Mosar.

Ech kéim da bei d'Digitaliséierung. D'Digitaliséierung ass dat Schlagwuert an de leschte Wochen a Méint, an de leschte Joren och. A mir mussen de Constat maachen: Mir hänken hei zu Lëtzebuerg hannendran, Dir Dammen an Dir Hären!

Ech kommen op eist Beispill vum Betrib mat eisem X do zréck. Do koum jo de Bouf bei säi Papp an huet gesot: „Du muss mat denge Produiten online goen, eventuell op d'Mooss produzéieren an dann eraus an d'Welt verschécken." Eng vun de ville gudden Iddien, déi haut gefrot sinn.

Wann natierlech elo de Patron a seng Madamm vu moies bis owes am Rad sinn, mam Kapp am Guidon, feelt hinne vläicht ze dacks d'Rou, fir sech Gedanken ze maachen a sech frësch ze orientéieren. Mir sinn eis awer eens, d'Digitaliséierung ass d'Zukunft, bréngt grouss Chancen, enorm Erausfuerderungen, freet och no ausgebilte Leit, an do mécht sech och de Krees erëm zou zu deem, wat ech virdru gesot hunn, biergt awer och d'Gefor, ganz kloer den Zuch ze verpassen, wann hei net reagéiert gëtt.

Fakt ass haut: De Grand-Duché hänkt am europäesche Peloton vun der Digitaliséierung nach ëmmer ze wäit hannendran. Et gëtt villes ugeduecht, d'Plattform Digital Lëtzebuerg (veuillez lire: Digital Luxembourg), et cetera agéieren op villen Niveauen. Och am Pakt PRO Artisanat ass driwwer geschwat ginn. Mir stellen awer fest, dass d'Leit um Terrain ganz kloer reklaméieren, fir ënner anerem en Itineraire ze kréie vun deem, wat en place ass, fir dass se sech och kënnen erëmfannen. Et feelt hei un enger ganz klorer Koordinatioun. A mir froen dann och, fir de Betriber den Accès méi einfach ze maachen, eng richteg Cellule Digitalisation.

D'lescht Woch huet d'Madamm Statssekretärin dëst och ugekënnegt. Maacht et Madamm! Dréckt drop! Maacht et! Mir ënnerstëtzen lech dobäi. Opgrond vu Besoinen an Erfahrungen, nationalen an internationalen Tendenze muss déi Zentralstell effektiv kommen. Et ass eng Referenz, aus där eis Betriber um Terrain kënne begleet ginn a wat ganz wichteg ass: Déi Begleedung um Terrain muss och qualitativ héichwäerteg sinn a ginn. Et kann net sinn, dass einfach een do an de Betrib kënnt an dann dem X, deen dat schonn 30 Joer mécht, seet, wéi en dat op eemol esou soll maachen, well soss ass deen erëm méi séier dobaussen, wéi en dobanne war. Also och déi Begleedung ass vu ganz héijem qualitativem Niveau oder soll op jidde Fall vun héijem qualitativem Niveau sinn.

D'Digitalisation freet a bréngt nei Forme vun Aarbecht, vu Beruffer, vu Marchéen. Hei muss ee sech da froen, ob d'Gesetzgebung a Froe vun Aarbechtsrecht, Sécurité sociale, Fiskalitéit vum Droit d'établissement an och vun den Assurancen net och frësch misst ugepasst ginn.

Ee Wuert iwwert d'Start-uppen, wann Der erlaabt. An der Lescht héiert ee ganz vill, dass de Grand-Duché e ganz favorabelen Terrain fir nei Start-uppe wier. Start-uppe si wichteg fir eis Diversification économique. Mir verkafen eis och dobaussen als solch, als esou eng Plattform hei zu Lëtzebuerg.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Dat ass gutt, mä an enger internationaler Statistik oder an engem internationale Ranking war deslescht ze liesen, dass vun den dausend wichtegste Start-uppen op der Welt elo keng Lëtzebuerger derbäi ass. Also do kann a muss nach dru geschafft ginn, mengen ech emol.

Ech wollt bei dëser Geleeënheet awer froen, wéi dynamesch dee ganze Start-up-Mouvement dann ass a wéi vill Emploien hei generéiert ginn.

Da kënnt een an dësen Deeg och ganz schwéier laanscht den Space Mining, de Space Mining, iwwert dee mer net schrecklech vill wëssen. De Minister huet eis wuel seng Visiounen déi lescht Woch an der Kommissioun gesot. Mir komme jo och muer an der Kommissiounssitzung nach eng Kéier drop zréck. Vill méi kann ee jo och nach net driwwer zielen, well et leeft jo nach net. An déi Space-Mining-Saach soll jo an éischter Phas emol hei am Land ëm déi 60, 70 nei Aarbechtsplaze kreéieren. Dat ass gutt, dat ass ze begréissen. Et ass en hallwe Prozent vun deem, wat all Joer am Mëttelstand un Aarbechtsplaze kreéiert gëtt. Nach eng Kéier, déi 60, 70 Aarbechtsplaze si gutt, mä kommt, mir konzentréieren eis bei allem Hipp (veuillez lire: Hype), deen den Ament e bëssen ze héieren ass dobausse ronderëm all Start-up, ronderëm nei ICT, wat wierklech wichteg ass a wat ech hei wierklech net, net, net wëll denigréieren, op de klassesche Betrib, op de klassesche Secteur. Dee freet och no méi Lobby. Dee freet no méi Lobby, a kommt, mir konzentréieren eis op déi Honnerten an Dausende Betriber, déi do sinn an déi, wéi gesot, iwwer 10.000, 12.000 Aarbechtsplazen d'Joer schafen!

Dat ass kee Reproche. Dat ass einfach en Opruff fir de klassesche Secteur, dee ganz einfach virun immensen Erausfuerderunge steet. Et geet drëm, all dës Akteuren e bësse méi an d'Fënster ze stellen, woubäi, wann een iwwer Space Mining schwätzt, een awer och do eventuell kéint d'Fro opwerfen, ob et à la longue net kéint oder misst och ugeduecht ginn, fir hei op der Äerd eng intelligent Recyclingspolitik am Kader vun der Économie circulaire unzekierpen, fir dat emol am Kontext vum Circulaire ze soen, eppes fir d'Kreeslafwirtschaft global ze maache mat seltenen Äerdmetaller an esou weider, amplaz fir deiert Geld a mat schrecklech vill Energie eppes dobaussen am Weltall op Asteroiden oprafen ze goen.

D'ailleurs hunn ech mer d'Fro gestallt, ech weess net, ech sinn elo kee Spezialist, mä ech hu mer d'Fro gestallt: Wann ech do esou e Kran hunn, an ech schécken deen dann elo an de Weltall, da muss ech dee jo op en Asteroid placéieren. Deen Asteroid hänkt jo awer net einfach do, dee flitt mat 20 Kilometer an der Sekonn. Wéi bréngen ech et fäerdeg, fir esou e Rover emol esou op den Asteroid dropzekréien? En ass jo da scho fort. A wéi schafft deen? A wéi bréngen ech et da fäerdeg, déi puer Gramm Seltene Erden herno erëm zréckzekréien?

Elo hunn ech wéini an engem Bericht vun der NASA gelies - de Marcel Oberweis, de Frënd Marcel, dee vill méi dovunner kennt wéi ech -, do stoung drageschriwwen: „100 Gramm kaschte 400 Milliounen Dollar." 100 Gramm, 400 Milliounen Dollar!

E Lancement vun enger Rakéit jummt wéi vill CO_2 an de Weltall? Wéi mir wéini an der Kommissioun driwwer geschwat hunn, hunn ech vun de grénge Kolleegen näischt héieren. Näischt! Économie circulaire näischt, CO_2 näischt, guer näischt, keen do, näischt driwwer rieds!

(Brouhaha)

E Weltkonzern, deen all Mënsch kennt, huet a senger Ausriichtung stoen, elo just nach Handye wëllen ze produzéiere mat Recyclingwuer.

Ech komme bei d'Emplacementer, Dir Dammen an Dir Hären, ech komme bei d'Emplacementer. Elo hätte mer gären, dass vill nei Betriber heihinner komme respektiv mir hätte gär, dass se hei bleiwen. Mir ënnerstëtze se och beim Ausbau. Elo wëllt awer keen e Betrib am Duerf, och scho guer keen, dee Knascht a Kaméidi mécht. D'Fro: Wou kënnen déi Betriber sech néierloossen? Ee Start-up mat engem PC geet jo nach. Déi Co-work-Büroe si jo och zum Deel vläicht eng Äntwert dodrop.

Mä dee klengen Industrieatelier, wou geet deen hin? E jonke Schräiner, dem X säi Bouf, wann en dann awer de Betrib wéilt iwwerhuelen, wou geet en hin? Eleng am Handwierk, Dir Dammen an Dir Hären, ginn et 149 Betriber, déi eng Plaz sichen, wou se kënnen higoen. Dat si ronn 100 Hektar! Déi sinn net do! Déi regional Zonen affichéiere knapp 5 Hektar. 5 Hektar! An Dir wësst, dass bei den nationalen Zonen e groussen Deel nach fir méiglech auslännesch Betriber reservéiert ass.

Et wier elo emol interessant, ze wëssen, wéi vill Hektar dat iwwerhaapt sinn, fir hei en Iwwerbléck ze kréien. Dee gëtt et net. Mir stelle fest, dass mer d'urgence Terraine fir de Mëttelstand a fir d'Handwierk brauchen an dass d'Madamm Closener, bei allem Respekt, dorëmmer hausséiere geet, fir et emol esou ze soen, bei d'Gemengen.

Mir stellen awer och fest, an da kommen ech erëm zréck bei déi gréng Kolleegen, dass déi d'Madamm Closener ausbremsen, dass op där enger Säit d'Ekonomie freet: „Mir hätte gär Terrainen, mir hätte gär den Ausbau vun de Zone-d'activitéen", an op där anerer Säit gi Steng an d'Féiss geluecht, wat mer enorm bedaueren. Mir constatéieren op jidde Fall, dass do verschidde Leit aus der Regierung net mateneen harmonéieren an dat ass schued, dat ass schued. Et gëtt e Besoin, fir et ze maachen an et gëtt net un engem Strang gezunn.

Ech kéint lech Beispiller nennen, ech wëll dat awer net maachen. Ech wëll och net ze vill iwwer meng Gemeng schwätzen, dat ass ganz kloer de Fait, dass dat do esou ass. Ech kéint och iwwer Fléiber schwätzen, ech soen dat ënnert der Kontroll...

Une voix.- Meng Heemecht!

M. Félix Eischen *(CSV), interpellateur.*- ... vun de Kolleegen aus dem Norden, do wou e Projet op Äis geluecht ginn ass vun dëser Regierung an do war schonn Aktivitéit drop. Do war schonn Aktivitéit drop! Dat wier och kee risegroussen Agréff an d'Natur ginn. Bon, et läit op Äis. Déi do Politik widdersprécht op jidde Fall deem, wat de Moment dobausse gefrot gëtt, Dir Dammen an Dir Hären.

Mir froen also, dass dem Handwierk méi Terrain reservéiert gëtt, spezifesch Léisungen och fir d'Konstruktiounsbranche. A wann een da vun dëse Betriber schwätzt, da sollt een och ënnersträichen - dat stoung ënner anerem och haut nach an der Zeitung, et ass gëschter gesot ginn -, dass grad och am Bau akut no neien Deponieplaze gesicht gëtt. A wann ee weess, dass de Bau d'Ekonomie zitt, da weess een och, wéi wichteg dass dat ass.

Mir froen, iwwer Restriktiounen nozedenken, déi bestinn, wat de Stockage an de Zone-d'activitéen ugeet. Et gëtt kee Kadaster, keen nationale Plang Zone d'activités. Wou sinn d'Plansectoriellen drun? Dat ass wichteg. A mir géifen och gäre wëssen, wat fir eng Stratégie globale dës Regierung do huet, wëssend awer och, dass een haut net ka wëssen, wat genee an zéng Joer gebraucht gëtt. Mä et wier awer emol net schlecht, ze wëssen, wat fir eng Disponibilitéiten de Moment um Lëtzebuerger Territoire wieren.

An dësem Kontext dann, Madamm Presidentin, eng véiert Motioun, wou mir ganz kloer déi do Revendicatioun nach eng Kéier schréftlech wëlle festhalen oder festgehalen hunn.

Motion 4

«Sites d'implantation»

La Chambre des Députés,

- considérant qu'un des freins majeurs à l'investissement dans l'artisanat consiste en la pénurie de sites d'implantation;

- soulignant que notamment pour les créateurs d'entreprises, l'acquisition ou la location d'ateliers ou de sites de production, à des conditions soutenables, constituent une barrière non négligeable;

- notant que ce même constat vaut pour les entreprises existantes qui souhaitent investir dans leurs infrastructures pour s'agrandir, adapter leur chaîne de production ou qui sont contraintes à délocaliser leur production;

- considérant que le plan sectoriel «zones d'activité», qui devrait définir à l'échelle nationale des surfaces supplémentaires de zones d'activité, n'a toujours pas été présenté;

- notant que la mise en vigueur du plan sectoriel ne résoudra pas immédiatement le problème de la pénurie de terrains en vue des procédures lentes et multiples;

- considérant que le Ministère de l'Économie, qui gère les zones d'activité nationales, garde en réserve d'importantes surfaces pour des entreprises industrielles souhaitant s'implanter au Luxembourg;

- notant qu'en l'absence de demande par des entreprises de l'étranger, une partie de ces terrains devrait être davantage mise à disposition de l'économie régionale et locale,

invite le Gouvernement

à mettre en place des zones d'activité accessibles aux PME artisanales,

à reclasser davantage de terrains situés dans les zones d'activité nationales pour les rendre accessibles aux entreprises artisanales.

(s.) Félix Eischen, Diane Adehm, Léon Gloden, Françoise Hetto-Gaasch, Laurent Mosar.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci.

M. Félix Eischen *(CSV), interpellateur.-* An dann dauert et wéinst den Oplagen, ech mengen, dat kann een och roueg an dësem Kontext nach eng Kéier hei soen, nach ëmmer vill ze vill laang. Mir regulariséieren eis dacks krank. An dat sinn dacks Reglementer oder meeschtens, déi dann hei net duerch d'Chamber ginn, wouvunner hei net geschwat gëtt. Fakt ass, dass wann s de eppes wëlls maachen, da bass de am Endeffekt no zwou SUPen, enger Fliedermaus an eventuell och nach enger réimescher Schierbel dräi bis véier Joer méi laang ënnerwee, an dat ass net gutt.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, ech hunn elo net méi allze vill Zäit rescht. Eng Rëtsch Sujete kéinten a missten nach ugeschwat ginn. D'Iwwerreglementéierung ass ugeschwat ginn. Zum Beispill vill Betriber am Horeca-Secteur kloe ganz kloer doriwwer.

D'Energie, wéi ass et mat der Energiesécherheet? Mir importéiere ganz vill Energie. Den Defizit vun der Balance commerciale ass 3,3% vum PIB. Dat ass wäit iwwert där vun der EU.

Mir kéinten iwwert d'Faillittegesetz schwätzen. E Betrib zum Beispill, deen nach Suen vun enger Faillite ze kréien huet, muss vill ze vill laang dorobber waarden, bis dass e seng Suen huet. Ech weess awer och, an dat weess d'Madamm Statssekretärin och, dass eng Ënnerkommissioun amgaangen ass, sech mat der Reform vum Faillittegesetz ze beschäftegen, an amgaangen ass, drun ze schaffen. Dofir wëll ech net weider dorop agoen. Et ass awer och wichteg, dass dës Reform endlech kënnt.

Ech kéint nach iwwert d'Organisatioun vun der Aarbechtszäit schwätzen, iwwert d'Schwaarzaarbecht. Op d'Simplification administrative ginn ech hei elo net méi an, och net méi op den Omnibus, dat hu mer virun e puer Méint hei gemaach. Omnibus ass gutt mat deem, wat um Dësch läit. Et geet eis awer net duer, dat hu mer gesot. An dofir musse mer dann och ofwaarden a mir si gespaant, wat dat neit, ugekënnegt Naturschutzgesetz an deem Punkt hiergëtt.

Fazit, Dir Dammen an Dir Hären, ganz kuerz: De Mëttelstand mat ënner anerem dem Handwierk huet d'Land zu deem gemaach, wat et ass. Déi ugeschwat industriell Revolutioun gräift iwwerall eran. Dat heite sollt just en Ustouss sinn, all dës Aktivitéiten, déi aus der Mëtt vun eisem Vollek kommen, net aus den Aen ze verléieren, hire Wäert ze respektéieren an d'Erausfuerderungen, déi sech dësem vitale Stéck Lëtzebuerg stellen, zesummen unzegoen.

Domadder dann och mäi waarmen Appell, dësen Exercice hei am Haus méi dacks ze maachen. Well net zulescht sinn d'PMEen och mat engem Wuesstum a wa méiglech och mat engem gescheite Wuesstum konfrontéiert. Mat 5% Wuesstum - mat 5% Wuesstum! - verduebele mer eis a 14 bis 15 Joer. Denkt drun, wat dat heescht! Also déi Betriber musse Wuesstum hunn, si mussen en op där enger Säit hunn, den Invest an de Betrib, an d'Ressourcen sinn awer och deen Challenge fir d'Zukunft.

An domadder soen ech Iech villmools Merci, dass Der mer esou gutt nogelauschtert hutt.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci dem Interpellant Félix Eischen. Als éischt ageschriwwe Riednerin hunn ech d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch. Madamm Gaasch, Dir hutt d'Wuert.

Débat

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, nach e puer Wuert just ergänzend zu deem, wat de Kolleeg Félix Eischen gesot huet. De Suivi vum Plan d'action, sou war et bei der Presentatioun vun der Madamm Statssekretärin gesot ginn, soll jo vum Haut comité PME begleet ginn. Iwwert d'Aarbechte vun dësem Haut comité ass awer bis haut nach net ganz vill gewosst an e konkreten Zwëschebilan iwwert d'Emsetzung vum Plang gëtt et bis haut och nach net.

Dee Plang, sou gouf gesot, sollt net staatlech sinn, mä a Fonctioun vun de Besoine vun de PMEen, also Horeca, Handwierk an Handel, evoluéieren. An deem Kontext, Madamm Statssekretärin, muss een awer leider feststellen, dass eise Wirtschaftsministère an engem Dossier, dee fir de Mëttelstand, am Besonneschen d'Handwierk, awer och fir Ingenieur- an Architektebetriber extrem wichteg ass, seng Chance verpasst huet, um europäeschen Niveau ze intervenéieren. Ech schwätze vum Paquet Services, deen déi Europäesch Kommissioun den 10. Januar dëst Joer lancéiert huet a wou elo schonn den nächste Mount op Malta soll en Accord fonnt ginn.

Bréissel huet do argumentéiert, dass den europäesche Bannemaart net géif esou fonctionnéieren, wéi e misst, wéinst nationale Reglementéierungen ënner anerem, awer net nëmmen, am Beräich vun de reglementéierte Beruffer an doduerch géif ganz vill Potenzial fir Wuesstum a Beschäftegung verluer goen. A wann ech gelift, aus där Ursaach sollen d'Länner dann elo all déi sougenannten Hürden ofbauen, fir harmoniséiert Zougangsméiglechkeete fir Déngschtleeschtungsbetriber ze schafen.

D'Kommissioun berifft sech dobäi op wirtschaftlech Untersuchungen a Prognose wéi zum Beispill déi vun der OECD. Mä leider ginn déi national Spezifissitéiten iwwerhaapt net berücksichtegt. D'OECD, déi kuckt zwar ganz genee déi verschidden Texter, awer si kuckt net, wéi d'Länner se applizéieren. An et ass einfach falsch ze behaapten, de Bannemaart géif net fonctionnéieren, well den Accès à la profession ze komplizéiert respektiv iwwerreglementéiert wier. Dat stëmmt näämlech fir Lëtzebuerg iwwerhaapt net an ech ginn Iech herno och e puer Beispiller.

Konkret bréngt dee Paquet Services näämlech mat sech, dass sämtlech Qualifikatiounsstandarden a wichteg Ufuerderungen, fir iwwerhaapt dierfen e Beruff auszeüben, no ënne wäerten ugepasst ginn. An domadder gëtt à terme de Meeschterbréif, dee jo awer fir Erfolleg a Qualitéit steet, a Fro gestallt. Mir sinn eis jo alleguer heibannen eens, géif ech emol mengen, dass mat enger seriöer Beruffsqualifikatioun och d'Qualitéit vu Produkter a Servicer a gläichzäiteg awer och an net manner wichteg de Verbraucherschutz séchergestallt sinn.

Lëtzebuerg fonctionnéiert nom Modell vun der dualer Beruffsausbildung, genee wéi Däitschland an Éisträich, béides Länner, wou d'Handwierk en héije Stellewäert huet a wou de Konsument ganz genee weess, dass en do kann op Qualitéit an der Ausféierung zielen. Et ass also e Modell, dee Succès huet.

Firwat solle mer dann elo higoen duerch dee Paquet Services an eisen Niveau no ënnen adaptéieren? Firwat solle grad déi niddregst Standarden harmoniséiert ginn? Firwat maache mer net just de Contraire a soen: „Ma deen Erfollegsmodell mat der dualer Ausbildung an dem Meeschterbréif, dee soll eigentlech nach op vill méi eng breet Basis gestallt ginn, fir dass all d'Länner den héchstméiglechen Niveau u Qualitéit kënnen offréieren." Mir brauche Mindestufuerderungen, soss ass och kee Konsumenteschutz am wuertwiertleche Sënn méiglech. Et kann net jiddwereen alles, wann en et net richteg geléiert huet!

Un déi Europäesch Kommissioun, awer och un d'Regierung kann ech nëmmen appeléieren, déi gesellschaftlech a wirtschaftlech Virdeeler vun engem u Qualifikatioun gebonnenen Accès à la profession unzëerkennen an dat net als e Wettbewerbsproblem ze gesinn. Déi grouss Zuel vun auslännesche Betriber, déi zu Lëtzebuerg temporär Servicer offréieren oder sech hei néierloossen, weisen näämlech ganz kloer, dass de Bannemaart hei bei eis ganz gutt fonctionnéiert.

Mir hunn zum Beispill hei am Land eng 3.500 etabléiert Baubetriber, lëtzebuergescher an auslännescher, an dobäi kommen der och nach all Joers eng ronn 6.000 als Prestataire de service aus dem Ausland heihinner schaffen. Wat wëlle mer da méi?

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, de Problem ass, dass Bréissel sech hei iwwer eng Hannerdierchen an eise Schoulsystem amëscht, an zwar an d'Formation professionnelle. An dat geet net! Well do hunn d'Nationalstate Kompetenz. Däitschland huet an deem Kontext och direkt reagéiert a Bréissel eng Subsidiaritéitsrüg erdeelt. D'Bundeskanzlerin héchstperséinlech huet sech fir d'Erhale vun héije Qualitéitsstandarden a fir déi dual Ausbildung am Handwierk staarkgemaach.

Eis Regierung huet sech zwar iwwert de Pakt PRO Artisanat fir de gesetzleche Kader vum Droit d'établissement engagéiert. Mä wisou hutt Der net an dësem prezise Fall reagéiert? Grad elo, wou Bréissel wëllt d'Ufuerderungen, fir en Handwierk kënnen auszeüben, erofsetzen, wou war do eise Minister? A Kalifornien? Oder a Japan? Sinn dës Problemer him eventuell ze vill buedemstänneg?

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, konkret bedeit dee Paquet Services, dee säit Januar um europäeschen Dësch läit, dass, éier e Land an Zukunft iergendeng Reglementatioun fir seng Entreprisen trëfft, et déi fir d'Alleréischt muss op Bréissel notifiéieren an da muss op gréng Luucht waarden.

E Land muss näämlech e sougenannten „test de proportionnalité" iwwer sech ergoen loossen, deen net dierf diskriminatoresch fir Betriber sinn, déi sech an engem Pays d'accueil wëllen etabléieren. Do stinn 21 Kritären dran an déi sinn och nach kumulativ. Wann dat a Kraaft trëtt, heescht dat, dass mir keen eenzegt Gesetz méi wäerten duerchkréien, wat de loin ou de près eisen Droit d'établissement wëllt weider reglementéieren. Mä esou e schaarfen Test de proportionnalité ass iwwerhaapt net noutwendeg. Duerch d'Direktiv „services" vun 2006, duerch d'Direktiv iwwert d'Unerkennung vun de Beruffsqualifikatioune vun 2005 an duerch d'Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff gëtt haut schonn d'Proportionalitéit vun nationale Reglementéierunge genuch iwwerpréift.

Des Weidere gëtt och nach eng Carte service agefouert, déi awer an deem Land erstallt gëtt, vu wou de Betrib hierkënnt. Do gëtt also decidéiert, ob de Betrib déi Kaart kritt oder net. An d'Zilland wäert do de facto ganz wéineg Afloss hunn, och wann d'Kommissioun de Géigendeel behaapt. D'Zilland, wou de Betrib sech da wëllt néierloossen oder just eng temporär Prestation de service wëllt maachen, kann do net méi ganz vill matentscheeden, mä muss au contraire bannent kierzester Zäit Bescheed ginn.

An do entsteet déi reell Gefor, dass de Prinzip vum Pays d'origine agefouert géif ginn. Dëst Land, wou de Betrib hierkënnt, géif da bescheinegen, dass e Service, deen no sengen Ufuerderunge geleescht ginn ass, an der ganzer EU dierf ugebuede ginn. Dat ass e Réckschratt par rapport zu haut, wou bei temporäre Prestations de service d'Zilland zumindest am Virfeld muss informéiert ginn an och iwwer eng elektronesch Plattform, den IMI, Informatioune kann am Pays d'origine nofroen. Den Austausch fonctionnéiert leider net iwwerall. Mä duerch d'Carte service entsteet awer d'Gefor, dass bewäerte Standarden a Virgabe vum Zilland carrement ënnerlaf ginn.

Fir d'Ingenieursbetriber géif dat zum Beispill mat sech bréngen, dass Entreprisen aus dem Ausland heihinnerkommen, déi net déiselwecht Konditiounen erfëlle musse wéi eis eege Betriber. Eis Betriber mussen zum Beispill beim OAI affiliéiert sinn. Si mussen hir Diplomer virweisen, éier se iwwerhaapt dierfe Pläng bei enger Gemeng oder beim Stat areechen. En Ingenieursbüro aus dem Ausland, deen heihinner wëllt eng occasionnell Prestation de service maache kommen, brauch just nozeweisen, dass hien a sengem Land dozou autoriséiert ass, e brauch eng TVAs-Nummer an e brauch eng Assurance.

Vill Leit stelle sech dofir déi berechtegt Fro, ob dat do alles net zu Qualitéits- an och zu Präisdumping wäert féieren. Anstatt ze versichen, Problemer ze léisen, déi et a villen europäesche Länner esou net gëtt, wier et ubruecht, sech mat deene richtege Problemer, déi et am europäesche Bannemaart fir Betriber gëtt, ze befaassen. Ech denken do zum Beispill u Regelungen an de Länner, déi den Accès zu Marchépublicken erschwéieren, schwiereg Prozedure vu Prequalifikatioun, an ech ginn Iech och do e Beispill.

Wat d'Prestations de service vun Architekten an Ingenieuren ubelaangt, sou ass et esou, dass bis zu 30% Architekten an Ingenieuren aus der Grenzregioun hei bei eis op Lëtzebuerg schaffe kommen. Dat sinn der immens vill par rapport zu anere Länner. Do sinn et héchstens emol 0,3%. Also fonctionnéiert eise Marché jo guer net esou schlecht.

Ëmgedréit ass et awer esou, dass, wa mir als Architekten oder Ingenieuren an d'Ausland wëlle schaffe goen, een zwar wuel de Marché kritt, mä wann een da wëllt bis schaffen, da muss een eng Adress am Ausland hunn an den Assureur freet och nach no engem lokale Partner.

Dat si reell Problemer vum europäesche Bannemaart! Dofir wier et vill besser, wann d'Regele vu virera kloer wieren, also nom System ex ante, an net dem ex post.

All dës Mesuren, déi ech elo opgezielt hunn, wäerten den Drock op d'Regierungen an d'Fräiberuffler erhéijen an hinnen d'Liewe sécher net méi einfach maachen: Drock sech mussen ze rechtfertegen an Drock mussen ze dereguléieren.

Voilà, dëst gesot, sinn ech gespaant, Madamm Statssekretärin, wat Dir dozou wëllt soen, ob Der dee Paquet Services gutt fannt, wéi Der Iech zu deem Paquet Services wëllt positionéieren, ob Der eventuell wëlles hutt och, wéi aner Länner dat gemaach hunn, Amendementen anzebréngen, éier mer hei mat eppes ze dinn hunn, wat eis ganz vill Suerge wäert maachen.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci der Madamm Hetto-Gaasch. Als nächst Riednerin hunn ech ageschriwwen: d'Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

Mme Tess Burton *(LSAP).-* Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Häre, als Éischt wéilt ech dem Interpellant Merci soe fir seng Initiativ, déi en hei lancéiert huet, fir iwwer eis PMEen hei am Plenum ze diskutéieren. Et ass näämlech grad e ganz gudde Moment, fir iwwer eis PMEen, eis kleng a mëttelstänneg Betriber, ze schwätzen, well grad de Moment e ganze Koup Initiative vun eiser Regierung geholl ginn, fir eis PMEen ze ënnerstëtzen.

Et handelt sech ëm Mesuren, déi gréisstendeels net iwwer Gesetz geregelt ginn an domat ouni dës Interpellatioun an dësem Plenum wahrscheinlech net zur Sprooch komm wieren. Dobäi sinn et eis PMEen, déi e ganz wichtegt Standbee vun eiser Ekonomie sinn. Eis PMEe spillen eng wichteg Roll, wat eise wirtschaftleche Wuesstum an d'Schafung vun Aarbechtsplaze betrëfft.

De Secteur vun deene klengen a mëttelstännesche Betriber zielt haut 32.000 Handwierksbetriber, Commercen, y compris den Horeca-Secteur, an och eng Rei liberal Beruffer a beschäftegt haut bis zu 210.000 Leit, dat heescht méi wéi 55% vun eisem ganzen Emploi hei zu Lëtzebuerg.

Duerfir ass et och esou wichteg fir eis Wirtschaft, dass mer d'Entrepreneuriat hei zu Lëtzebuerg promouvéieren, dat net nëmme mat Efforten, fir nei Investisseuren am Ausland ze fannen, déi op Lëtzebuerg wëlle kommen, mä gradesou och eise lokalen Entrepreneuriat, deen eigentlech nach méi wichteg ass fir eis lëtzebuergesch Wirtschaft. Et sinn näämlech grad déi kleng a mëttelgrouss Betriber, déi Aarbechtsplaze schafen a mat hirer Villfalt zur Diversifizéierung vun eiser Ekonomie bäidroen.

Dat ass awer keen Automatismus. PMEe musse sech permanent un en Ëmfeld upassen, wat evoluéiert. De Stat kann a muss si dobäi ënnerstëtzen. D'Regierung huet eng Rei Initiativen ergraff, déi genau dat maachen. Duerfir, a menger Ried wëll ech déi Punkten opgräifen, déi an der Interpellatioun opgelëscht gi sinn. Ech wëll awer net nëmme vun den Erausfuerderunge schwätzen, virun deenen d'PMEe stinn, mä och op déi verschidden Initiative vun der Regierung agoen, déi hinnen hëllefen, dës Erausfuerderungen ze meeschteren.

Fir eis als LSAP ass et wichteg, dass mer d'Entrepreneuriat hei zu Lëtzebuerg förderen, an dat aus gläich méi Grënn: Zum engen ass et wichteg, dass mir eis Wirtschaft weider diversifizéieren, dass mer nei Weeër sichen, fir eise Wuelstand ze erhalen, well duerch nei an innovativ Betriber schafe mer hei am Land neie Räichtum, wat eis Wirtschaft betrëfft.

Duerfir ass et wichteg, dass mer nei, innovativ Betriber hei zu Lëtzebuerg grënnen. Mä dat mussen net ëmmer Leit aus dem Ausland sinn, déi sech hei zu Lëtzebuerg néierloossen, fir hir Entreprise ze grënnen, mä dat kënnen och eis eege Leit sinn.

An och brauche mer Leit, déi hei bei eis am Land Entreprisen, déi existéieren, iwwerhuelen a weiderentwéckelen. Duerfir brauche mer Leit mat Courage, déi bereet sinn, sech voll ze engagéieren an e gewëssent Mooss u Risiko anzegoen an awer och d'Kompetenzen dofir hunn.

Fir dass mir Leit an d'Entrepreneuriat kënnen orientéieren, muss schonn an de Schoulen ugefaange ginn, hinnen dës Kompetenzen ze vermëttelen. Et si schonn eng ganz Rei Projeten, déi scho säit Joren an de Lycéeën d'Entrepreneuriat bei deene Jonke förderen. Mä den Educatiouns- an de Wirtschaftsministère hunn nach rezent an de leschte Méint eng nei Initiativ an deem Sënn lancéiert. Et geet hei ëm e Projet, deen den Entrepreneursgeescht an de Lycéeë fördere soll. Entrepreneurial Schools sollen entstoen, dat heescht Lycéeën, déi sech besonnesch op d'Entrepreneuriat konzentréieren. Hei si Kollaboratioune mat Lycéeën an d'Liewe geruff ginn, e véierte Lycée steet an de Startlächer fir dëse Projet.

Et geet drëm, dass d'Schüler sech fréi bewosst ginn, dass d'Schafe vun enger Entreprise eng berufflech Optioun ass, an dass se eng méi konkret Virstellung dovunner kréien, wat et bedeit, eng Entreprise opzebauen an ze geréieren. Si erwerben dobäi Kompetenzen, déi iwwerall an eiser Wirtschaft gebraucht ginn. Et geet also net nëmmen drëms, herno lauter Patronen ze forméieren, mä de Schüler déi Kompetenze vum Entrepreneuriat mat op de Wee ze ginn.

Iwwert dëse Projet eraus spillt d'Formatioun eng Schlësselroll fir d'Betriber. Ugefaange bei der Basisformatioun vun de Schüler iwwert d'Beruffsausbildung bis hin zur Weiderbildung vun Erwuessenen am Beruff muss et eng enk Ofstëmmung ginn zwëschen eisem Bildungs-

system an de Kompetenzen, déi an de Betriber gebraucht ginn.

Domat wär ech beim zweete Punkt vum Interpellant, deen d'Educatioun an d'Formation professionnelle initiale a continue betrëfft. All Betrib ass näämlech drop ugewisen, gutt qualifizéiert Personal ze hunn, well schlussendlech den Erfolleg vun engem Betrib och ofhängeg ass vu sengem Personal.

Duerfir ass et fir eis als LSAP wichteg, dass d'Aus- a Weiderbildung mat der Entwécklung vun de Betriber Schratt hält. Duerfir ass et un eiser Regierung ze suergen, dass d'Ausbildung dem technologesche Wandel nokënnt an d'Schoul net eng Welt fir sech ass, wäit fort vun de Realitéiten. Beruffsbiller verännere sech am Laf vun der Zäit an d'Ausbildung muss sech dorun upassen. Dat muss méiglechst schnell passéieren an duerfir brauch et e regelméissegen Echange zwëschen der Schoul an de Betriber.

Betriber brauchen awer och Mataarbechter, déi motivéiert sinn a sech asetzen, fir dass hire Betrib sech gutt entwéckele kann. Dat setzt viraus, dass Jonker richteg orientéiert ginn, dass se fréi verschidde Beruffer kenneléieren an hir Talenter an Interessen hiren Ausbildungswee bestëmmen.

Grad am Handwierk muss do nach méi Promotioun gemaach ginn, well vill Schüler d'Carrièreschancen an d'Entwécklungsméiglechkeeten do net kennen. Well eng Orientatioun par l'échec ass fir keen eng Beräicherung, net fir eis Gesellschaft, net fir eis Betriber a virun allem net fir de Schüler, deen herno an engem Beräich schaffe muss, deen awer guer net sengen Talenter entsprécht. Och ass et keng Beräicherung, wann déi Schüler mat Talent anescht orientéiert ginn an herno, wann et ze spéit ass, feststelle mussen, dass si am Handwierk wuel awer ganz glécklech gi wären.

Well d'Handwierk huet Potenzial fir jonk Leit a bitt Carrièresméiglechkeete vum Apprentissage iwwert d'Meeschterprüfung an d'Independance. Viraussetzung ass awer eng gutt initial Beruffsausbildung. Scho virum leschte Summer goufen eng Rei gesetzlech Ännerunge virgeholl, fir den Oflaf vun dësen Ausbildungen ze verbesseren. Nach weider Ännerunge sinn elo um Instanzewee. Ech wëll hei net am Detail dorop agoen, mä ech wéilt awer ënnerstreichen, dass et dobäi eng Zesummenaarbecht vum Educatiounsministère mat de Beruffskummeren, de Schouldirektiounen an de Léiergewerkschafte gëtt.

Besonnesch begréissenswäert ass a mengen Aen, dass e Stufemodell soll agefouert ginn, deen den Iwwergang zu deene verschiddenen Niveaue vun den Ausbildungen erlaabt. Wat nei ass, ass d'Schafung vun enger Cellule de développement circulaire (veuillez lire: curriculaire), déi d'Aufgab huet, d'Équipes curriculaires bei der Iwwerschaffung vun de Programmer ze ënnerstëtzen. De SCRIPT spillt do eng wichteg Roll, fir dës nei Cellule ze schafen. Am Mäerz sollt dës Cellule hir Aarbechten ophuelen a bis zum Enn vum Joer d'Halschent vun den Ausbildungsprogrammer iwwerschafft hunn. D'Joer drop sollen déi reschtlech Ausbildungsprogrammer dann iwwerschafft ginn.

D'Beruffsbildung hält awer net mat der Schoulzäit op. Wéi virdru schonn ugedeit, verännere sech d'Kompetenzen, déi an de Betriber gebraucht ginn, mat der Zäit, an et ass wichteg, dass déi Leit, déi schonn am Beruff sinn, den Uschloss un déi Entwécklungen net verpassen. E wichtege Bäitrag heizou leeschten déi sougenannt Kompetenzzentren, wou zum Beispill déi zwou Handwierksorganisatiounen am leschte Joer am Beräich vun der Formatioun eng bedeitend Kooperatioun agaange sinn. Et goufe Synergië geschaaft zwëschen der Chambre des Métiers, der Fédération des artisans an hire Centres de compétence. De Moment gëtt och, souvill ech weess, un engem Centre de compétence fir d'Digitalisatioun geschafft.

Mir begréissen duerfir, dass d'Regierung och op dee Wee geet, fir d'Entreprisen ze ënnerstëtzen, fir se fir d'Digitaliséierung fit ze maachen, an duerfir eng ganz Rei Moossname lancéiert a mat ënnerstëtzt.

Erwäne wéilt ech hei d'Initiativ Fit 4 Digital vu Luxinnovation. Dat ass eng konkret Moossnam, déi vum Wirtschaftsministère ënnerstëtzt gëtt an déi als Zil huet, deene klengen a mëttelstännesche Betriber ze hëllefen, kompetitiv ze bleiwen an déi haiteg ICT-Méiglechkeeten ze notzen. Zum Beispill solle mat ICT-Optimiséierungen oder -Upassungen d'Entreprisë méi einfach hir administrativ Aarbechten erleedege kënnen. Hir Clientë sollen online akafe souwéi och online bezuele kënnen. Och de Stockage duerch d'Digitaliséierung soll besser geréierbar ginn an doduerch soll eng besser Vue op d'Rentabilitéit vun der Entreprise entstoen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Eng weider Moossnam, wou d'Digitaliséierung eng wichteg Roll spillt, ass den Aktiounsplang fir d'PMEen. D'lescht Joer am Fréijoer huet de Wirtschaftsministère de 4. Aktiounsplang fir d'PMEe virgestallt, deen 32.000 Betriber aus Handwierk a Commerce zeguttkënnt an zesumme mat de Vertrieder vun deene Secteuren ausgeschafft gouf. Déi 99 Moossname vun deem Plang sinn zu engem gudden Deel schonn ëmgesat oder an der Ëmsetzung.

Dozou gehéiert ënner anerem de Pakt PRO Commerce, deen d'lescht Joer an d'Liewe geruff ginn ass, well grad den Eenzelhandel huet haut scho mam Impakt vun der Digitaliséierung ze kämpfen, well d'Kafverhale vun de Leit sech doduerch verännert huet. D'Zil ass et, eng national E-Commerce-Plattform opzebauen, op där all Commerçant seng perséinlech Onlinevitrinn kritt a wou de Client dann och verschidde Produiten direkt iwwer Internet ka kafen.

E weidere Schrëtt an déi Richtung ass de Pakt PRO Artisanat, dee soll dozou bäidroen, fir laangfristeg d'Aarbechtsplazen am Handwierk ze secheren, fir méi eng dynamesch Entwécklung vun de Betriber souwéi d'Kreatioun an d'Reprise vun den Entreprisen am Handwierk ze vereinfachen. An deem Ofkommes geet et zum engen drëms, den Image vum Handwierk opzewäerten, zum anere soll de System vun den Aiden a Garantië bei enger Reprise vun enger Entreprise verbessert ginn. An en anere Volet, deen am Pakt PRO Artisanat behandelt gëtt, ass dee vun der Digitaliséierung, well och d'Handwierk ass schonn haut a wäert och an Zukunft domat konfrontéiert sinn a ginn.

Et ass doriwwer eraus am Interessi vum Stat, dass eis Entreprisë sech net nëmmen u Veränerunge vu baussen upassen, mä dass si selwer den Ustouss fir Innovatioune ginn. Wa mer un d'Diskussiounen denken, déi mer am Zesummenhang mat der Rifkin-Etüd féieren, da brauche mer Entreprisen, déi eng Virreiderroll iwwerhuelen, déi innovativ sinn an de Risiko aginn, fir nei Weeër anzeschloen. Wann een d'Verännerunge virun Aen huet, déi eng Energiewend oder d'Digitaliséierung mat sech bréngen, da gëtt ee sech bewosst, dass et hei grad fir d'PMEen en immenst Potenzial fir nei Aktivitéite gëtt.

Grad an dëser Startphas brauchen awer Entreprisen Hëllef, an do gëtt et eng ganz Rei vun Initiative vun der Regierung, fir dat ze maachen. Zum Beispill eng wichteg Initiativ, fir d'zukünfteg Entrepreneuren ze ënnerstëtzen, ass d'House of Entrepreneurship, dat virun e puer Méint seng Dieren opgemaach huet. Dëst Haus ass eng gemeinsam Initiativ vun der Regierung, de Beruffskummeren, de staatleche Verwaltungen an dem Privatsecteur. Et ass eng Ulafstell fir aktuell an zukünfteg Entrepreneuren, fir all déi néideg Servicer, déi si fir de Lancement vun hirer Entreprise brauchen, op enger Plaz ze fannen.

Et soll awer och méi einfach ginn, eng Entreprise ze grënnen. Duerfir hu mer d'lescht Joer hei an der Chamber e Gesetz gestëmmt, dat d'Schafe vun enger Société à responsabilité limitée simplifiée erlaabt, eng vereinfacht Variant vun enger Sàrl-Gesellschaft, déi deenen zukünftegen Entrepreneure soll hëllefen, méi séier hir wirtschaftlech Aktivitéit opzehuelen.

Nieft deem legale Kader kann och déi intern Organisatioun mat doriwwer entscheeden, wéi innovativ a performant eng Entreprise ass. D'Betribskultur bestëmmt mat doriwwer, wéi attraktiv deen eenzelne Betrib fir gutt qualifizéiert Mataarbechter ass a wéi gutt d'Potenzial vun dëse Leit genotzt ka ginn. Etüde weisen, dass ënner anerem eng gewësse Balance vu männlechem a weiblechem Personal op allen Niveauen e positiven Impakt huet. A bestëmmte Beräicher ass et fir Betriber net ganz einfach, genuch gutt qualifizéiert Fraen ze fannen, déi dësen Equiliber hierstellen. A si di sech zum Deel och schwéier, d'Frae laangfristeg un hire Betrib ze bannen, soudass se spéider kënnen an eng Féierungspositioun kommen. An anere Länner ginn et scho Modeller a Pisten, wéi een dësen Trend ka stoppen an deem entgéintwierken.

Mir begréissen et duerfir als LSAP, dass elo eng Initiativ vum Wirtschaftsministère an dësem Beräich lancéiert ginn ass, an zwar déi nei Plattform equiliber.lu, déi vum Ministère finanzéiert gëtt. D'Plattform déngt dozou, dass all Associatioun, déi sech mat der Gender Equality beschäftegt, sech soll bedeelegen an Iddien an Denkustéiss ginn, wéi mir hei zu Lëtzebuerg d'Roll vun der Fra an der Beruffswelt kënne stäerken.

En anere Problem, mat deem besonnesch Leit ze kämpfen hunn, déi eng Entreprise grënnen, oder awer Entreprisen, déi sech weiderentwéckele wëllen, ass de Finanzement. Eng Betribsgrënnung oder Ëmstrukturéierung ass ëmmer mat engem finanzielle Risiko verbonnen an d'Banke sinn haut méi retizent an zécken oft, fir de Betriber d'Kreditter fir hir Investitiounen ze ginn. Aus Siicht vun de Banken ass dat novollzéibar. Ëmsou méi wichteg ass et, dass d'Regierung hir Responsabilitéit hëlt.

An dat mécht se och: Well net méi spéit wéi d'lescht Woch ass en neie Projet de loi vum Wirtschaftsminister deposéiert ginn, deen d'Entreprisë genau bei dësem Problem soll ënnerstëtzen. De Projet de loi, deen deposéiert ginn ass, soll d'Gesetz vun de staatlechen Hëllefe fir Entreprisë grad fir kleng a mëttelstännesch Betriber verbesseren. De Stat dréit dobäi en Deel vum Risiko, fir dass Betriber, déi investéieren, eng Chance kréien an ënnerstëtzt ginn.

Am Gesetzestext ginn dräi nei Moossname proposéiert: eng Hëllef fir Entreprisë mat groussem Entwécklungspotenzial, déi manner wéi sechs Joer al sinn an déi en interessante Businessplang opstellen. Da gëtt et och an Zukunft eng Hëllef am Beräich vun der Risikofinanzéierung. Do stinn d'Mutualitéite vun Handels- respektiv Beruffskummere bei Prête Bierg an am Fall vun enger Faillite wäert de Stat an Zukunft 80% vun der Perte iwwerhuelen. An dréttens kréien Entreprisen, déi Affer vun enger Naturkatastroph ginn, de Materialschued an Zukunft bis zu 100% vum Stat remboursëiert. Wat d'Form ubelaangt, ass nei, dass nieft Subsiden an Zënsguttschréften elo och Avancen ausbezuelt ginn.

Dat heescht, de Stat gëtt den Alliéierte vun enger Firma. De Partnerbetrib an de Ministère ënnerschreiwen zesummen eng Konventioun an déi leet fest, dass déi finanziell Hëllef muss remboursëiert ginn, wann de Projet en Erfolleg ass. Sou soll d'Réckgrat vun eiser Wirtschaft, also déi kleng a mëttelstännesch Betriber, gestäerkt ginn.

Dat aktuellt Gesetz iwwert de Regimm vun den Aiden ass e wichtegt Instrument, fir d'Kreatioun an d'Weiderentwécklung vun den Entreprisen ze encouragéieren. De Régime d'aide dréit och zur Stärkung vun der Kompetitivitéit vun eise PMEen um lëtzebuergesche Marché bäi. A mat dëser Stäerkt geléngt et eise PMEen och, sech Clientë méi wäit sichen ze goen, op den europäesche Marché an iwwert d'Grenze vun Europa eraus.

An niewent deene verschiddene Forme vu finanziellen Hëllefe goufen d'Entreprisen awer och net bei der Steierreform vergiess. Zumools déi kleng a mëttelstännesch Entreprisë profitéieren elo scho vun der Steierreform. Ech wëll do elo net am Detail drop agoen, mä ech wëll awer kuerz un déi Haaptelementer vun der Steierreform betreffend d'PMEen erënneren:

Decidéiert gouf e progressiivt Erofsetze vum IRC, vun der Kollektivitéitssteier, vun 21% op 19% an ab 2018 op 18%. Fir Start-uppen oder kleng Entreprisen ass den IRC op 15% erofgesat ginn, dëst wann hire jäerleche Revenu imposable net 25.000 Euro iwwerschreit. A Familljenierfschafte vun Entreprisen op déi nächst Generatioun gi wesentlech vereinfacht, andeem d'Plus-valuen op Terrainen oder Gebaier immuniséiert ginn. Fir landwirtschaftlech Betriber ass eng Verbesserung virgesinn, andeems si hir Investissementer steierlech verstäerkt ofsetze kënnen. An och ass am Allgemengen d'Bonification d'impôt fir d'Entreprisen am Beräich vun den Investissementer fir Innovatioun an d'Luucht gesat ginn.

Wat d'Zukunftschancë vun eise PMEen ugeet, sou ass d'Situatioun haut eng aner wéi virun zéng Joer. Lëtzebuerg ass amgaangen, sech zu enger Start-up-Natioun ze entwéckelen, déi och international wouergeholl gëtt. Dëst ass en Avantage fir eis Diversifikatioun vun eiser Ekonomie an dréit zum Wuelstand vun eisem Land bäi.

Virun zéng Joer gouf et just een Incubator hei zu Lëtzebuerg, den Technoport zu Esch, deen d'Start-uppen encadréiert huet, fir sech ze entwéckelen. Mä an deene leschte Jore sinn eng ganz Rei Privatinitiativen entstanen, wéi zum Beispill de Lux Future Lab, den nyuco, 1535° zu Déifferdeng oder och Initiative vu Paul Wurth oder vu Banken. An den Hannergrond fir dës Entwécklung si sécher eng Rei Aidë vum Stat, mä awer och d'Bewosstsinn vu ville Firmen, fir neit Wëssen ze schafen an enger Welt, déi sech ëmmer méi séier verännert a wou den technologesche Fortschrëtt net méi opzehalen ass.

Eis Regierung verfollegt scho säit Längerem dat Zil, aus Lëtzebuerg eng Start-up-Natioun ze maachen a schafft all Dag drun, fir dëse Start-up-Entreprisen den néidege Kader hei zu Lëtzebuerg ze bidden. Zum engen zielen do d'Subsiden derzou, déi de Ministère fir d'Start-uppen ausgezuelt, mä och grad d'Subsiden am Beräich vun der Recherche, fir esou e Lien zwëschen der Privatwirtschaft an der ëffentlecher Hand am Beräich vun der Recherche ze förderen.

D'Recherche & Innovatioun ass ee vun deene véier Beräicher, wou d'EU Hëllefe vum Stat zouléisst, an dat soll zu Lëtzebuerg verstäerkt genotzt ginn. An deem Sënn hu mer eréischt viru Kuerzem hei e Gesetz iwwert de Régime d'aide fir d'Recherche gestëmmt. Mat deem Gesetz sollen näämlech all d'Méiglechkeeten, déi den europäesche Kader hiergëtt, ausgeschëpft ginn, fir der Recherche, der Fuerschung an der Innovatioun finanziell Hëllefen zoukommen ze loossen a virun allem d'Ausgaben am Beräich vun der Fuerschung an der Entwécklung vun de private Betriber ze héijen.

Mat dësem Gesetz sollen och d'Betriber weiderhin encouragéiert ginn, fir souwuel an d'Entwécklung vun neie Servicer a Produiten, wéi och an d'verbessert Produktiounsmethoden ze investéieren. Weider soll och déi multisektoriell Spezialisatioun a verschiddene Beräicher initiéiert ginn.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, alles, wat ech elo opgezielt hunn, weist, dass d'Regierung op allen Niveauen Efforte mécht an zousätzlech Mëttel zur Verfügung stellt, fir dass eis kleng a mëttelstännesch Betriber sech kënne weiderentwéckelen. Och nei Betriber, déi entstinn, fannen en Ëmfeld vir, wou de Stat a seng Administratiounen enk mam Privatsecteur zesummeschaffen, fir hinnen déi beschtméiglech Startchancen ze ginn.

Als LSAP si mir dofir dervun iwwerzeegt, dass d'PMEen zu Lëtzebuerg gutt opgestallt sinn an déi néideg Ënnerstëtzung kréien, fir an enger Welt, déi sech verännert, innovativ a wettbewerbsfäeg Léisunge kënnen unzebidden.

An domadder soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Burton. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Joëlle Elvinger.

Mme Joëlle Elvinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wann ee vun de Lëtzebuerger Betriber schwätzt, ginn oft déiselwecht grouss Betriber an d'Vitrinn gestallt: deen, deen de Stol hierstellt; deen, deen d'Satellitten an de Weltall schéckt; deen, deen d'Pneue produzéiert; deen, dee mat de grousse Fligeren d'Fracht an d'ganz Welt flitt; ouni elo eis sëlleche Banken ze vergiessen.

Dëst sinn ouni Zweifel Success Stories aus der Lëtzebuerger Wirtschaft, mä eis Ekonomie besteet och aus 32.000 klengen a mëttelgrousse Betriber. Si all zesumme ginn 210.000 Leit hei zu Lëtzebuerg eng Aarbecht. Dat heescht, praktesch all Zweeten hei zu Lëtzebuerg schafft fir eng PME. Dës Betriber sinn d'Réckgrat vun eiser Ekonomie. An dofir ass et wichteg, dass et hinne gutt geet a mir hinnen e Kader setzen, an deem si an hir eegen Zukunft investéiere kënnen.

Et ass och momentan e gudde Moment, fir iwwert d'PMEen ze schwätzen, well et ass an der Lescht vill geschitt. D'lescht Woch gouf de Projet de loi zu den Hëllefe fir d'PMEe virgestallt, deen den 28. Abrëll vum Regierungsrot validéiert gouf. Domadder ginn nei Mesurë geschaaft, déi den Developpement vun de klengen a mëttelgroussen Entreprisë wäerte förderen, ob bei der Kreatioun, beim Ausbau oder bei der Ëmstellung.

Ënner anerem gëtt hei e besseren Encadrement vun den Entreprisë garantéiert. Zwou besteeënd Aidë wäerte fusionéiert ginn a véier nei Aidë wäerten derbäikommen. 89 Milliounen Euro sollen de PMEen esou fir den Zäitraum 2017 bis 2021 zur Verfügung stoen. Dat si 27% méi wéi fir d'Period vun 2012 bis 2016. Dës nei Mesurë beweisen, dass et der Regierung wichteg ass, dass et eise PMEe gutt geet an dass si sech weiderentwéckele kënnen.

Här President, wann ech awer elo d'Sujete kucken, déi an dëser Interpellatioun ugeschwat gi sinn, dann erënnert dat mech dach staark un de véierte Plan d'action national fir eis PMEen, deen d'Statssekretärin Francine Closener d'lescht Joer zesumme mam Michel Reckinger vun der Fédération des artisans, dem Fernand Ernster vun der CLC an dem François Koepp vun der Horesca, der Effentlechkeet virgestallt hunn.

An deem 30-säitegen Dokument ginn 99 konkret Mesurë proposéiert, fir eis PMEen ze ënnerstëtzen. An et gi souguer nach aner Domäner abordéiert, op déi den Här Eischen net a senger Interpellatioun agaangen ass, wéi zum Beispill d'Evolutioun vum Aarbechtsmaart. An an deem Kontext wëll ech just den Job-Pakt erwänen, an deem d'Patronat sech engagéiert huet, méi Chômeuren anzestellen, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn. A wann een d'Baisse vum Chômage kuckt, da kann ee kloer soen, dass dëse Pakt seng Friichten dréit.

Dann och nach d'Simplification administrative. An ech denken do un d'Omnibusgesetz an un

d'Initiativ „Einfach Lëtzebuerg", déi viru Kuerzem vun der Regierung virgestallt gouf.

An dann nieft den neien Technologien zu gudder Lescht och nach, wat een an dësem Aktiounsplang fënnt: E Kapitel mat Pisten, wéi een eise PMEen hëllefe kann, sech am noen an am wäiten Ausland ze installéieren an do Fouss ze faassen.

Här President, ech wäert elo net hei de véierte Plan d'action national fir eis PMEen nach eemol virstellen, mä ech wäert awer verschidde Mesuren a sechs Beräicher ervirsträichen, déi der Demokratescher Partei besonnesch um Häerz leien: näämlech d'Promotioun vum Entrepreneuriat, d'Bildung an d'Weiderbildung, de Finanzement, d'Digitalisatioun, d'Opportunitéite vum Artisanat an dann nach d'Recherche an d'Innovatioun.

Den Entrepreneuriat ze ënnerstëtzen, ass immens wichteg. Europäesch Statistike weisen, dass zu Lëtzebuerg den Interêt, fir selwer eppes an d'Hand ze huelen an Entrepreneur ze ginn, och besonnesch bei Jonken net immens héich ass. Wéi de Félix Eischen et scho sot, leie mir do just op der 14. Plaz vun den 28 EU-Länner. Et ass jo gewosst, dass d'Fonction publique zu Lëtzebuerg eng héich Pai an eng sécher Plaz offréiert an esou natierlech vill Leit unzitt. Dës Leit sinn dann natierlech net zur Verfügung, fir sech am Privatsecteur selbstständeg ze maachen.

Wien huet net schonn emol dovunner gedreemt, säin eegene Chef ze sinn, Dag fir Dag enger Aktivitéit nozegoen, déi ee passionéiert a fir déi ee gäre moies opsteet? Wann ee selwer eppes op d'Bee stellt, eppes, wat d'Leit interesséiert a wat herno vill Erfolleg huet, soudass ee muss ufänken anzestellen, da kann een houfreg dorobber sinn. Fir dëst Gefill un anerer weiderzevermëttelen, ginn et Initiative wéi d'Asbl Jonk Entrepreneuren, den „BusinessMentoring", „Un jour un patron", d'Mini-Entreprisen oder d'FUSE, déi sech alleguerten op de Fändel geschriwwen hunn, den Entrepreneuriat zu Lëtzebuerg ze stäerken.

Dass de Stat dës Initiativen deelweis finanziell ënnerstëtzt, ass wichteg, an dat soll och an Zukunft esou sinn. Och d'Initiativ „Hands Up" vun der Chambre des Métiers promouvéiert den Entrepreneuriat an d'Diversitéit um Handwierk, well e Schräiner, e Schlässer oder e Pâtissier ass och en Entrepreneur. Am Handwierk gëtt et bis zu 80 Metieren, Metieren, déi Zukunft hunn a wou dringend Leit gebraucht ginn.

Här President, et muss een och net onbedéngt seng eegen Entreprise grënnen. Et gëtt och d'Méiglechkeet, e bestoende Betrib ze iwwerhuelen. Et gëtt näämlech geschat, dass hei zu Lëtzebuerg an den nächsten zéng Joer 3.000 Betriber e Repreneur sichen. Heibäi geet et ëm 47.000 Aarbechtsplazen, déi um Spill stinn. An deem Kader ass et wichteg, dass ee proaktiv de Patrone vun dëse Betriber un d'Häerz leet, sech Gedanken ze maachen, wat si mat hirem Betrib wëlle maachen a wat mat hirem Betrib geschitt, wa si enges Daags an d'Pensioun ginn. Ech sinn och frou, dass mir mat der Steierreform agefouert hunn, dass, wann déi nächst Generatioun e Familljebetrib iwwerhëlt, dës net brauch d'Plus-value op den Immobilien ze bezuelen, soulaang wéi d'Aktivitéit vum Betrib do weidergefouert gëtt.

Och déi deier Loyerspräisser hei zu Lëtzebuerg sinn oft en Hindernis, fir sech selbstständeg ze maachen. Dofir begréissen ech d'Initiativ, dezentral Coworking-Plazen uechtert d'Land ze schafen, soudass ee fir manner Geld och eng Plaz fënnt, fir senger Aktivitéit nozegoen.

Här President, wann ee vu Bildung a Weiderbildung schwätze wëllt, kann een och net ignoréieren, dass Lëtzebuerg iwwerduerchschnëttlech vill Schoulofbriecher huet. An enger Zäit, wou et ëmmer méi wichteg ass, eng gutt Ausbildung ze hunn, kënne mir eis et net erlaben, dass esou vill Jonker eise Schoulsystem verloossen, ouni eppes an der Hand ze hunn. Dëst sinn éischtens emol Eenzelschicksaler, déi et gëllt ze verhënneren, an et sinn awer och Talenter, déi eisen Entreprisë laangfristeg feelen.

Duerfir sinn ech frou, dass den Educatiounsminister Claude Meisch och an dësem Beräich ugesat huet a verschidde Mesurë fir d'Bekämpfe vum Décrochage scolaire agefouert huet. Besonnesch an der Educatioun muss een näämlech déi rezent Entwécklungen ënnersträichen, déi all als Zil hunn, eiser heterogener Schülerschaft eng qualitativ Educatioun kënnen unzebidden, mam iwwergeuerdneten Zil, dass si herno eng Aarbecht fannen.

Mir mussen also de Schoulsystem un d'Schüler, awer och un d'Aarbechtswelt upassen. A genau dat geschitt am Moment. Ee Beispill heifir ass déi nei Sektioun I an de Lycéeën, déi ab der Rentrée 2017 agefouert gëtt. Informatiker ginn haut méi gesicht wéi jee, dat och a besonnesch an de PMEen. Dann ass et nëmme responsabel, dass d'Politik och esou Coursen ubitt, fir eis Jonker op den Aarbechtsmaart vu muer virzebereeden.

An deem Sënn ass et och ze begréissen, dass den Educatiounsminister méi Autonomie fir d'Lycéeën aféiere wäert, dat, fir eng méi divers Schouloffer ubidden ze kënnen. Op där enger Säit kënne sech d'Schüler esou op hir Stäerkte konzentréieren, op där anerer Säit gi si awer och op Beruffer virbereet, déi um aktuellen Aarbechtsmaart gesicht ginn.

Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler, fir esou méi geziilt d'Talenter vun de Schüler ze förderen. Mir brauchen näämlech Schoulen, esou ënnerschiddlech wéi d'Talenter vun eise Schüler. A wann ee vun Educatioun schwätzt, dann däerf een och d'Formation professionnelle net vergiessen.

Här President, ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, dass mir hei e schlecht Gesetz geierft hunn, mat deenen de betraffene Schüler net gehollef ass. Fir dës Schoulrentrée goufen dofir verschidde Mesurë getraff, déi de Schüler sollen d'Liewen erliichteren.

Fir d'DP muss an Zukunft d'Beruffsausbildung esou ausgeriicht ginn, dass, éischtens, d'Formatioune méi attraktiv ginn an, zweetens, dass d'Offer u qualifizéiertem Personal och duerno op d'Demande passt. An anere Wierder musse mer méi geziilt an deene Secteuren ausbilden, wou och duerno Debouchéen entstinn, an den Usprëch vum 21. Jorhonnert gerecht ginn.

Une voix.- Très bien!

Mme Joëlle Elvinger *(DP)*.- An deem Kontext ass et och immens wichteg, déi verschidde Formatiounen eng Kéier op de Leescht ze huelen an ze kucken, wéi eng Kompetenzen erfuerderlech sinn, fir an engem bestëmmte Beruff kënnen ze schaffen. An hei muss d'Qualitéit am Vierdergrond stoen, amplaz d'Quantitéit.

Leider ass et och oft esou, dass eng Léier, ob dat an enger handwierklecher, industrieller oder kommerzieller Filière ass, de Choix par défaut ass, well een eppes aneres net gepackt huet. Hei gi besonnesch vusäite vun der Handwierkerkummer vill Efforte gemaach, fir dës Formatioun méi attraktiv ze maachen, fir dass et och Schüler gëtt, déi geziilt esou eng Ausbildung maachen, well si Loscht dorobber hunn a wëllen en Handwierk ausüben.

An deem Sënn gëllt et och, den dualen Apprentissage vun dëser Filière méi attraktiv ze gestalten. Wat d'Léierplazen zu Lëtzebuerg ugeet, ass et ze bedaueren, dass d'Offer an d'Demande oft net openeen ofgestëmmt sinn. 2.200 Léierplaze ginn an der Moyenne d'Joer ugebueden. Tëschent 261 an 302 Jugendlecher hunn trotzdeem an deene leschte Jore keng Léierplaz krut, woubäi der 160 bis 304 an deemselwechten Zäitraum net besat goufen. An, Här President, hei gëllt et ganz kloer, nach Efforten ze maachen.

Ech sinn och der Meenung, dass een déi Jonk verstäerkt encouragéiere muss, nom CCP och nach en DAP ze decrochéieren. An e ganz wichtege Punkt fir eis PMEen ass och d'Weiderbildung. Mat Strukture wéi dem House of Training, dem IFSB an dem Centre de compétences génie technique a Parachèvement hu mir ewell Weiderbildungscoursen, déi sech spezifesch op d'Besoine vum Terrain ugepasst hunn.

Här President, de Finanzement, dat heescht genuch Kapital zur Verfügung ze hunn, ass elementar fir all Entreprise, besonnesch awer fir kleng Entreprisen. Dës Regierung hat sech dofir virgeholl, d'Aidë fir d'PMEen an d'Aidë fir d'Innovatioun an d'Recherche ze adaptéieren, fir dass méi Entreprisen, mä awer och méi PMEe vun dësen Aidë Gebrauch maache kënnen.

De Projet fir d'Adaptatioun vun den Aidë fir d'PMEen ass elo um Instanzewee. An d'Gesetz iwwert d'Aiden, fir d'Innovatioun an d'Recherche ze förderen, hu mir hei an der Chamber den 21. Mäerz vun dësem Joer gestëmmt. Wann et ëm d'Ënnerstëtzung vum Finanzement geet, muss ee sécherlech och nei alternativ Piste fir de Crowdfunding oder de Capital risque weider förderen. D'Kreatioun vum Seed Fund ass do sécherlech e gudden Ufank.

Déi verschidden Instrumenter, déi et am Kader vun de Garanties bancaires gëtt, missten och weider promouvéiert ginn. Vill Betriber wëssen näämlech net, dass et dës Instrumenter gëtt, an dofir soll d'SNCI jo och d'Banken un d'Existenz vum Fonds de garantie du crédit d'équipement erënneren. Dëse wéi och aner Instrumenter vun der SNCI ginn nach net genuch an Usproch geholl. Ech denken do un de Prêt indirect développement, de Prêt entreprises novatrices an och de Prêt direct (bäigesat) recherche, développement et innovation, dee sech grad un d'PMEe riicht.

Här President, ech kommen dann zu den Erausfuerderunge vun der Digitalisatioun. De Félix Eischen huet gemengt, zu Lëtzebuerg wiere mer hannendran, wann et ëm d'Digitalisatioun geet. Ech sinn der Meenung, dass Lëtzebuerg awer grad mat der Initiativ „Digital Lëtzebuerg" e Kader geschafen huet, deen et eis erlaabt, den Zuch a Saachen ICT net ze vepassen.

Une voix.- Très bien!

Mme Joëlle Elvinger *(DP)*.- A fir dass mir am Beräich vun den ICTe gutt opgestallt sinn, brauchen eis Entreprisen och gutt forméiert Informatiker. An domadder si mer erëm bei deem, wat ech virdrunner gesot hunn iwwert d'Efforten, déi de Claude Meisch an dësem Beräich fir eis Schoule gemaach huet.

De Jeremy Rifkin schwätzt vun enger Révolution industrielle. Am Kader vu sengem Rapport, deen hie mat de Vertrieder vun der Lëtzebuerger Ekonomie ausgeschafft huet, ginn och vill interessant Piste proposéiert, wou et elo drëms geet ze kucken, wéi eng een haut, muer oder iwwermuer kann ëmsetzen. Wat jiddefalls kloer ass, ass, dass de Stat, d'Bierger, mä genausou eis Entreprisë weiderhin den technologesche Fortschrëtt notze mussen, fir méi ressourcëschounend a méi energieeffizient ze bauen, ze liewen an ze schaffen. Dat kënnt net nëmmen der Natur zegutt, mä mir spueren doduerjer och nach Geld.

Duerch d'Digitalisatioun vum Commerce ass et och wichteg fir eis PMEen, dass si den Zuch vum Internet net verpassen. Besonnesch fir kleng Entreprisen ass et immens wichteg, eng Präsenz um Netz ze hunn, a wann et sënnvoll ass, hir Produiten oder Servicer och online ze bidden. D'Konsumente vun haut erwaarden dat näämlech. Hautdesdaags geet kee méi säi Schräiner oder Gäertner an d'Télefonsbuch sichen. Hien hëlt seng Entscheedung um Internet. An dofir gëllt et och fir kleng Entreprisen, e flotten an effikassen Optrëtt um Internet ze hunn, wou si séier ze fanne sinn. An ech denken do och un d'Search Engine Optimization.

Här President, wat d'Opportunitéiten am Handwierk ugeet, esou läit do de Schlëssel, wéi ech dat scho virdrunner gesot hunn, an der Ausbildung. Wa mir erreechen, dass déi Jonk sech bewosst derfir entscheeden, en Handwierk ze léieren, well se doranner e Beruff gesinn, deen hinne Freed mécht, dann hu mer de Problem scho bal geléist.

D'Handwierk muss erëm attraktiv ginn. Ech denken, dass d'Campagne „Hands Up" vun der Chambre des Métiers do de richtegen Usaz ass. Mir mussen einfach dovunner ewechkommen, dass d'Ausbildung zum Handwierker e Choix par défaut ass, mä dass dës Ausbildung gewollt gemaach gëtt.

Ech wëll an deem Kader awer och un de Pakt PRO Artisanat erënneren, deen och scho virdrun hei ugeschwat ginn ass an deen d'Regierung mat der Chambre des Métiers an der Fédération des artisans ofgeschloss huet. D'Haaptziler vun dësem Pakt sinn, d'Handwierk erëm méi attraktiv ze gestalten, de Problem vun der Transmission d'entreprise konkret unzegoen, an de Betriber ze hëllefen am Beräich vun der Digitalisatioun, Stéchwuert Artisanat 4.0.

Wann ee vun Opportunitéite fir d'Handwierk schwätzt, dann denken ech och un déi vun der Demokratescher Partei agefouert Klimabank. Duerch si wäert d'Albausanéierung en neien Opschwong erliewen, an d'Optragsbicher vun eise Betriber wäerte gutt gefëllt sinn. Well mir am Beräich energetescht Bauen a Sanéieren e Virreider an Europa sinn, kënnen eis Betriber an deem Beräich e groussen Know-how opbauen an hunn domadder e Virdeel par rapport zu Betriber aus der Groussregioun. D'Betriber kënnen awer och selwer vun der Klimabank profitéieren an och e Prêt à taux réduit ufroe fir Sanéierungen.

Här President, et ass gewosst, dass eis Betriber relativ wéineg an d'Recherche an an d'Innovatioun investéieren, och wann déi ëffentlech Hand jo weiderhin d'Investissementer op ganz héijem Niveau hält. Et ass och evident, dass d'Recherche an den Developpement vun haut de Gewënn vu muer ass, well fir eng héich Qualitéit u Produiten ze halen, mussen d'Betriber sech ëmmer weider entwéckelen, fir mat der staarker internationaler Konkurrenz mathalen ze kënnen.

Dofir ass et wichteg gewiescht, dass mir am Mäerz hei an der Chamber mat 58 Jo-Stëmmen dat neit Gesetz iwwert d'Aiden am Beräich vun der Innovatioun a Recherche gestëmmt hunn, well eng performant Recherche an eng stänneg Innovatioun si wesentlech an onverzichtbar, fir kënnen nei Produiten ze entwéckelen, fir seng Produktiounsmethoden ze verbesseren, fir d'Qualitéit, d'Eegeschafte vun engem Produit ze optimiséieren.

Här President, de Premier Xavier Bettel sot a senger Ried zur Lag vun der Natioun: „Lëtzebuerg ass eng Start-up-Nation, déi och international esou wouergeholl gëtt." D'Regierung huet vill Initiative geholl a weiderer wäerten nokommen. Dës wäerten net nëmmen deene Betriber zeguttkommen, déi mer wëllen heihinner kréien, mä och deenen, déi schonn hei zu Lëtzebuerg sinn.

Och d'Steierreform, an d'Madamm Burton huet et ugeschwat, setzt déi richteg Akzenter, fir d'Recherche an d'Innovatioun ze förderen. Gläich dräi verschidde Bonifications d'impôt pour investissement goufen eropgesat. Doduerjer stäerke mer weider d'Innovatiounspotenzial vun eise Betriber, wat och eiser gesamter Ekonomie zeguttkomme wäert.

D'Demokratesch Partei ass sech bewosst, dass déi kleng a mëttelgrouss Entreprisen hei am Land de Motor vun der Croissance an domadder och vum Wuelstand vun eisem Land sinn.

De 4. Aktiounsplang fir d'PMEen ass e gudden Usaz mat Pisten, wéi een de Kader verbessere kann, fir dass si sech weiderentwéckele kënnen. Dat neit Gesetz iwwert d'Aidë fir d'PMEen, wat elo um Instanzewee ass, deblockéiert déi néideg Fongen, fir eise PMEen ze hëllefen. Dat neit Gesetz iwwert d'Aidë fir d'Innovatioun erméiglecht ville PMEen, zu bessere Konditiounen un Hëllefen ze kommen.

Dir gesitt, et gëtt vill fir eis PMEe gemaach. Dat heescht awer net, dass mir net weider observéieren an evaluéiere mussen, well déi nei Technologien entwéckele sech rasant. An dofir muss d'Politik och stänneg nobesseren, fir sech un déi nei Donnéeën unzepassen. Dofir ass et wichteg, regelméisseg am Kontakt mat den Akteure vum Terrain ze sinn an dës Adaptatioun a konkret Mesuren ëmzewandelen. Dat ass dee richtege Wee.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Elvinger. Den nächste Redner ass den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, Merci un den honorabele Félix Eischen, deen dës Interpellatioun u sech ugestiwwelt huet oder deen eis hei als Optrag ginn huet, fir u sech iwwer e ganz wichtege Wirtschaftsfacteur hei zu Lëtzebuerg ze schwätzen.

E puer Froen, déi ech mer awer direkt do gestallt hunn, zemools wéi ech e bëssen d'Publireportage um RTL de Méindeg nogelauschtert hat, dat waren u sech dann emol folgend.

Huet d'CSV elo de Mëttelstand nei entdeckt? Et war eng Fro. Oder huet, anescht gesot, dës Regierung e vergiess? Setzt si just nach op Start-uppen an op ICT, well dat „hipp" ass, dixit Félix Eischen op RTL? Neen, ech si guer net der Meenung, dass dat de Fall ass.

Och ass do gesot ginn, de Mëttelstand, dat wäre Leit, déi immens vill schaffen. Dat ass och sécher richteg. Och wann dat d'Halschent vun eisen Aarbechtsplazen ass, da ginn ech awer och dervun aus, dass dat net esou gemengt war oder esou ze verstoe war, dass déi aner Halschent vun de Leit, déi hei schaffen, näischt géife schaffen.

Une voix.- Dir hutt eng gutt Fantasie, Här Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Neen, neen. Dat ass eng Suggestioun, déi mir do ebe komm ass, wéi ech dat gelauschtert hunn.

Une voix.- ...Suggestioun.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Ah ben! Brauche mir - eng aner Fro, déi sech mir dann ebe stellt -...

(Interruption)

Brauche mir fir eis Betriber, wéi et am Plang fir Lëtzebuerg vun der CSV geschriwwe steet, e Steierëmfeld mat engem Taux d'affichage vu 15%? Muss de Steiersystem vun de PMEen ëmgebaut ginn, fir dass d'Schlagoder vun eiser Ekonomie weider gesond bleift? Ech weess et net. Oder ass et net schonn esou, dass iwwert de Kader vun der Steierreform eng Partie Saachen an déi dote Richtung an d'Wee geleet gi sinn?

Eng aner Fro, mat där ech net ganz averstane sinn: Hu mir zu Lëtzebuerg en enormen Nohuelbedarf vis-à-vis vum Ausland am Beräich Digitaliséierung? Verléieren eis Betriber hei d'Schlappen? Feelt dëse Volet an eise Formatioune vun de Schüler? Och do, mengen ech, hunn d'Virriedner schonn eng Partie Initiative vun dëser Regierung genannt, déi weisen, dass deem net esou ass.

Wat ech elo extra fannen, bon, dat ass awer okay, dat ass, dass elo och hei gefuerdert gëtt,

dass déi Cellule „Digitalisation dans l'artisanat" soll geschafe ginn. Bon, elo ass et jo awer grad esou, dass den 10. Mäerz dëst Joer de Pakt PRO Artisanat ënnerschriwwe ginn ass, an zwar vun dräi Partenairen: dem Ministère de l'Économie, der Chambre des Métiers, der Fédération des artisans, a wou ënnert dem Punkt 3.4 ganz genau drasteet, dass dës Cellule elo geschafe gëtt. Bon, ech mengen, dann huet déi Opfuerderung u sech kee Bestand méi.

Den Orateur hat nach eng Iwwerleeung, déi ech och elo net ganz verstanen hunn. Déi ass da méi rezent vun elo grad, mat rechts, lénks, an der Mëtt, vum Mëttelstand. Ech hu se net verstanen. Soll dat elo eng Ausso si fir déi nächst Wahlen?

Ech mengen, eis PMEen hei zu Lëtzebuerg, déi si weder dat eent nach dat anert. Déi si ganz kreativ an déi gi mat den Entwécklunge vum Maart mat. An déi bleiwe virun allem net stoen.

Meng Interventioun: Et ass esou vast, dat Gebitt, datt ech dat just wëll op dräi Facteure festmaachen a virun allem just op d'Handwierk agoen. Et ass och scho gesot ginn: Dat si bal 7.000 Betriber an an déi 80.000 Leit, déi an deem Beräich schaffen. Eleng an der Constructioun sinn an déi 50.000 Leit, déi do schaffen, an duerfir ass d'Constructioun am Artisanat u sech ee wichtege Facteur, bréngt also vill Aarbechtsplazen.

Dräi Saachen, déi eiser Meenung no, der grénger Meenung no, eben d'Lëtzebuerger Handwierk brauch, dat sinn: éischtens, motivéiert jonk Leit mat gudder Qualifikatioun, well et feele ganz kloer - do huet mäi Virriedner sécherlech recht gehat - Fachaarbechter zu Lëtzebuerg. An duerfir musse mer och déi Plazen zu 48% mat Leit aus dem noen Ausland besetzen.

Dat Zweet: Déi Betriber brauchen en ekonomescht Ëmfeld, fir e Betrib kënnen ze grënnen, e Betrib kënne weiderzeféieren, ze entwéckele respektiv ze iwwerhuelen. An der Finanzwelt schwätze mer ëmmer vum Triple-A, an hei, géif ech soen, brauche mer den dräifache B: Berodung, Begleedung a Bäihëllefen. Déi si probat Mëttel, fir esou en Ëmfeld ze schafen.

An deen drëtte Punkt, deen ech wollt e bëssen ausféieren - ech kucken, ob dat mat der Zäit erausgeet -, dat ass: D'Betriber brauchen natierlech Plaz, fir sech ze entwéckelen. Do si schonn elo d'Zones d'activités économiques ugeschwat ginn. Do ass gesot ginn, an déi 140 Betriber sichen 100 Hektar zu Lëtzebuerg. An ech mengen, dass do déi sektoriell Leitpläng, déi an der Aarbecht sinn, eng Äntwert dorop wäerte ginn.

An ech fannen et och gutt a richteg, an et ass och Konsens an der Regierung, dass déi véier sektoriell Leitpläng matenee wäerten op den Instanzewee goen an net een onofhängeg vun deem aneren. Zu wat dat an der Vergaangenheet gefouert huet, fir punktuell ee Besoin ofzedecken, dat kenne mer alleguerten. Dat huet mat Mobilitéit oder mat Stau ze dinn. An duerfir mussen déi véier sektoriell Pläng mateneen evakuéiert ginn. An déi ginn eng Äntwert op déi dote Besoinen, och fir eis Handwierksbetriber.

Ech fänken nach eng Kéier u mat eise motivéierte jonke Leit, déi mer brauchen. D'Formation professionnelle ass hei scho ganz dacks schlecht duergestallt ginn.

Éischtens emol muss ee soen, dass déi Reform vun der Formation professionnelle op d'mannst e puer gutt Saache mat sech bruecht huet.

Dat Éischt ass, déi Programmer, Rahmenlehrpläng si komplett op de Leescht geholl ginn. D'Programmer si komplett nei opgestallt ginn. Zemools an der technescher Formatioun ass eng Mise à jour gemaach ginn. An do sinn déi Volete vun der Digitaliséierung absolutt dran erëmzefannen. Duerfir mengen ech, dass déi Suerg net berechtegt ass.

Dass awer elo net genuch Leit eng Reussite do maachen, dat ass eng aner Saach. An do ass jo och schonn nogesteiert ginn, wat d'Promotioun ugeet an der Formation professionnelle, wat e reale Problem mat sech bruecht huet. Dat wësst Der alleguerten. Déi Leit, déi awer erauskomm sinn aus där neier Formatioun, do hunn ech nach keng Patronen héieren, déi soten, dass déi Leit hiert Handwierk net géife kënnen, bien au contraire.

A wann een och kuckt, déi Leit, déi erauskommen, an do gëtt et jo och eng Dokumentatioun, déi ëmmer erëm erauskënnt, dat ass den „Transition École - Vie active". Wann ee kuckt, déi Leit, déi mat engem DAP, mat engem Diplôme de technicien erauskommen, da gesäit een, dass déi schnell um Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg Plaze fannen. An zwar sinn et déi, déi eng Gesellepréfung maachen, déi am schnellsten zu enger Aarbecht kommen an och déi am längsten an engem éischten Aarbechtskontrakt bleiwen. Och dat muss een no bausse publizéieren, an eise jonke Leit soen: „Gitt an déi dote Richtung eran, dann hutt Der eng geséchert Aarbechtsplaz an Dir fannt och sécherlech do Äre Liewensverdéngscht."

Dat Zweet, wat ech do wollt soen, ass: Natierlech ginn ech em recht, dass déi Orientation par échec absolutt net déi richteg ass, mä dass et eng Orientation par motivation muss ginn. D'Beruffsbild muss opgewäert ginn, dat ass kloer. Déi Initiativ, ënner anerem, mat verschiddene Partnere vum IFSB, déi Journée découverte ënnert dem Titel „Building Generation", wou jo och 600 Leit - d'Reportage war d'lescht Woch op den Antennen an an den Zeitungen -, wou 600 Schüler do matgemaach hunn, fir u sech d'Metieren oder d'Handwierk vun der Construction méi no bruecht ze kréien, wäert do schonn, mengen ech, seng Friichte laangfristeg droen.

Een anere Volet ass u sech d'Formation en entreprise. Do ass et dacks e Manktum un Apprentisplazen, wou och eng Kéier eis Betriber erëm mussen hir Verantwortung mat droen. Dat waren der 2015 - et ass ëmmer steigend, all déi lescht Joren - iwwer 1.700. Mä Dir wësst alleguerten, dass soss emol d'Léierbud, d'CFL, d'ARBED, an esou weider, och Ausbildunge gemaach hunn, an dat feelt. Do musse mer och eng betriblech Ausbildung nach eng Kéier ukierpen.

Dann ass et am Betrib selwer d'Transmission des connaissances. Ech mengen, eppes, wat ech wëll hei probéieren unzeschwätzen, dat ass, dass et soll spezifesch Programmer gi fir erfuere Leit an de Betriber, dass déi kënnen den Transfert vun hirem Wësse maachen op jonk Leit, déi an de Betrib erakommen. À voir, ob dat dann eben de System ass, wa Leit kuerz virun der Pensioun sinn, dass u sech do d'Betriber ënnert d'Äerm gegraff kréien, fir déi Leit fräizestellen, fir dass se kënne Formatioun am Betrib maachen.

Richteg ass natierlech och ganz kloer, dass mer zu Lëtzebuerg och am Handwierk héich Niveaue vu Formatioune brauchen. Dat sinn och Ekonomisten, fir u sech Entreprisen ze féieren, dat sinn och Informatiker an dat sinn och Ingenieuren. Déi ginn net nëmmen an der Industrie an an den Administratioune gebraucht.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Zum ekonomeschen Ëmfeld. Wat brauch een do, fir kënnen e Betrib ze grënnen, ze entwéckelen, ze iwwerhuelen? Dat sinn déi dräi „B"en, déi ech do sot. An do muss ech soen, dass de SICLER am Norden u sech ee ganz flotte Volet ugestouss huet: dat ass de Guichet unique PME fir d'Entreprisë säit 2004. Dat war déizäit e Pilotprojet zu Munzen, wou grad ebe sech dee Service conseil économique, juridique an technique gemaach gëtt, an och en Deel Formatioun fir d'Betriber. An dat bréngt eis do weider, sief et fir Leit, déi u sech e Betrib wëlle grënnen, sief et fir Leit, déi sech wëllen erweideren oder eben de Betrib wëllen iwwerhuelen.

Bei der Betribsgrënnung ass et sécherlech den Droit d'établissement, wou ee sech dat nach eng Kéier soll iwwerleeën, well et ka jo elo net sinn, dass Leit, och Lëtzebuerger Nationalitéiten oder och anerer, déi Erfahrung hunn aus dem Ausland, bei eis gerode kréien, de Betrib op de Grenzen opzemaachen an dann op Lëtzebuerg schaffen ze kommen. Ech mengen net, dass dat dee richtege Wee ass. Och wann ech déi ganz Mobilitéit am Hannerkapp hunn, dann, mengen ech, dass een do eng Kéier misst driwwer kucken. Well déi gréng si ganz sécherlech der Meenung, dass een d'Wunnen an d'Schaffen an d'Mobilitéit méi no muss beienee kréien. An dat doten ass net dee Vektor, deen dat vereinfacht.

D'Begleedung vu Start-uppen ass scho gesot ginn: privat Initiativen oder ënnerstëtzt Initiativen, Technoport, 1535°. Dee leschte 6zero1 fir d'Société d'impact sociétal, fir do Start-uppen ze begleeden, ass sécherlech do e wichtegen Ulafpartner, deen huet musse gegrënnt ginn an en place gesat ginn. A wichteg ass awer och ze soen: D'Neigrënnunge vu Betriber si ganz stabill, an no fënnef Joer fanne mer nach iwwer 50% vun deenen um Maart erëm. An d'Zuel vun de Mataarbechter, déi u sech an deene Betriber schaffen, ass an där Zäit och vun zwee op sechs eropgaangen, soudass dat ganz kloer ee positive Volet zu Lëtzebuerg ass.

Da muss een awer och soen: Déi Leit brauche Méiglechkeeten, fir kënnen ze schaffen. Déi kënne sech am Ufank net deier Loyere leeschten. Déi hunn och meeschtens net selwer d'Kapital, fir kënnen ze kafen, sief et och iwwert den Droit de superficie. Duerfir ass jo och ee Projet vun der Mutualité des PME ee ganz interessanten. Dat ass dee rezenten Handwierkerhaff zu Kehlen vun 2014, sief et awer och deen zu Mondorf vun 2006. Och am Kanton Réiden ass eng Pépinière d'entreprises schonn 2006 en place gesat ginn, fir a klengen Unitéiten u sech esou Betriber d'Méiglechkeet ze ginn, iwwer e Locatiounskontrakt vun dräi bis sechs Joer e Standbeen ze fannen, fir sech duerno awer da kënnen definitiv ze etabléieren.

Ganz kuerz: Betribsentwécklung oder Ausbau vu Betriber. Do hu mer ganz vill Familljebetriber, déi nach - zum Gléck - deelweis an eisen Dierfer sinn. Déi hunn natierlech dann Problemer. Do war virdrun d'Beispill vun engem Virriedner vun enger Schräinerei ugeschwat ginn, wou awer d'Oplage sécherlech anerer sinn, wéi virun 20 oder 30 Joer, sief et e Kommodo, sief et eben d'Emissioun vu Stëbs, vu Kaméidi.

An do ass et een Challenge, fir esou e Betrib erauszehuelen an eng Zone d'activité, well dee jo natierlech muss zäitgläich souwuel produzéieren, wéi u sech plangen, wéi u sech eben dann deen neie Betrib opbauen. Ganz dacks haften esou Betriber mat privatem Kapital, mat privaten Immobilien. An ech ech mengen, dass zum Deel d'Instrumenter vum SNCI net genuch bekannt sinn an och déi, déi u sech de Ministère de l'Économie an esou Fäll zur Verfügung stellen. An do, mengen ech, soll ee sécherlech eng Promotioun maachen, fir do anzewierken.

D'Reprise d'entreprise ass u sech een extrem wichtege Problem. En ass jo och nach eng Kéier gesot ginn. 3.000 Betriber an zéng Joer mat virun allem 47.000 Leit, déi sti virun esou engem Choix. An ech mengen, dat ass e reale Problem, deen huet ze di mat Kompetenz vu Leit, déi esou ee Betrib sollen iwwerhuelen, mat Kapital, mat awer och Firmestrukturen. An do, mengen ech, ass et sécherlech wichteg, dass een déi Plattform schaaft. An déi ass och ugeduecht am Pakt PRO Artisanat. Et ass ganz, ganz wichteg, dass do elo am Virfeld geschafft gëtt an dass déi Leit, déi Chef a Chef d'entreprise ab 50 Joer solle sinn, sensibiliséiert ginn, fir u sech un der Nofolleg ze schaffen. An dofir gëtt et och spezifesch Bäihëllefen an der Loi-cadre vun der Classe moyenne och am Budget 2017.

Bon, ech hat scho ganz kuerz gesot: Plaz, fir sech ze erweiteren. Ech ginn elo net méi grouss dorop an. Ech wëll just nach eng Kéier verdäitlechen, dass fir déi gréng déi véier Plan-sectorielle musse matenee kommen, well mer net méi onkoordinéiert wëlle wuessen, well dat op d'Liewensqualitéit vun de Leit geet.

An ech mengen, ee Punkt, deen elo scho machbar ass, dat ass, an de besteeënde Zones d'activités économiques am Kader vun den Initiative vun der Économie circulaire ze iwwerleeën, Aktivitéiten zesummenzeleeën, dat heescht gemeinsam Strukturen ze notzen an domat och manner Impakt um Buedem ze hunn an domat och u sech déi verfügbar Fläch fir d'Betriber ze erhéijen. An och do leeft e Pilotprojet vum SICLER, an zwar an der Économie circulaire. An och am Kanton Réiden gi se op dee Wee. An do gëtt et jo och Luxinnovation, „Fit 4 Circularity", deen u sech e ganze Programm opstellt, fir de Betriber ënnert d'Äerm ze gräifen.

Ech kommen zum Schluss, fir dass et eng Punktlandung gëtt. Am Handwierk ass et evident: Mir brauchen, wéi soss och, vill motivéiert jonk Leit an dëse ganz villfältege Beruffer. Mir mussen derfir suergen, dass se wëllen doranner eraklammen. Et ass e grousst Potenzial un Aarbechtsplazen do, u sécheren Aarbechtsplazen.

Mir brauchen och ganz vill a gutt motivéiert Leit, déi virun allem wëlle Verantwortung iwwerhuelen, wa se sollen e Betrib iwwerhuelen. D'Betribsiwwerhuelung ass ee vun den Challengen, deem sech d'Betriber elo mussen an den nächste Jore stellen. An duerfir ass et elo un deenen haitege Chefs a Chefs d'entreprise, fir dësen Transfert virzebereeden a mat op de Wee ze goen, well net ëmmer fënnt een an der Famill selwer een, deen dat iwwerhëlt, deen dat wëllt iwwerhuelen, deen dat kann iwwerhuelen.

déi gréng sinn der Meenung, dass ënner anerem mat der Steierreform a mam Pakt PRO Artisanat fir vill verschidde vun dëse Problematiken e gudde Grondstee geluecht ginn ass, fir de PMEen an dem Handwierk ënnert d'Äerm ze gräifen.

An zum Schluss nach eng Kéier: déi gréng si ganz kloer der Meenung, dass déi véier sektoriell Leitpläng zesumme mussen evakuéiert ginn - an déi wäerten och um Enn vum Joer evakuéiert ginn -, fir Wunnen, Schaffen, Mobilitéit ënner een Hutt ze kréien, am Respekt vu Mënsch an Natur, a fir eng gutt Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Anzia, wann Der ee Moment wëllt waarden. Ech gesinn hei, den Här Eischen wëllt lech eppes froen.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Ganz gär.

M. Félix Eischen *(CSV), interpellateur.*- Merci, Madamm Presidentin. Et ass elo keng Fro, et ass Fait personnel. Här Anzia, Dir hutt mech virdrun ugeschwat a gemengt, ech hätt do eppes an d'Welt gesat vun der Digitalisatioun. Ech wëll Iech just preziséieren, dass ech dat net erfonnt hunn. Ech war virun zwee Joer bei der Chambre des Métiers, wou auslännesch Betriber sech presentéiert hu mat hirer digitaler Ausriichtung. An dat war ganz interessant. An eng logesch Fro duerno war déi: Wou si mir hei zu Lëtzebuerg drun? An do krut ech gesot: „Do hu mir nach e wäite Wee ze maachen." A mir hate jo och am Virfeld vun dëser Debatt Leit aus de Chambere gesinn, Leit vum Secteur gesinn. Déi hu gesot: „Jo, mir hunn nach e grousse Wee ze maachen."

Ech hu just dat erëmginn, wat um Terrain lass ass. An ech wëll ausdrécklech begréissen an ausdrécklech dat nach eng Kéier soen, dass mer déi Efforte begréissen, déi gemaach sinn, déi och déck néideg sinn, fir an der Digitalisatioun virunzekommen.

An da wëll ech och nach eng Kéier preziséieren, dass ech scho guer net gesot hunn, dass déi Leit, déi net am Handwierk schaffen, net äerdeg sinn, net aktiv sinn an net kreativ sinn. Leet mer wann ech gelift keng Wierder an de Mond, déi ech hei net gesot hunn! Ech weisen dat ausdrécklech vu mir, Här Anzia!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Här Eischen - dont acte -, ech huele ganz gär op, dass Dir dat hei net gesot hutt. Dat do ass dat, wat ech de Méindeg..., an dat war jo elo keng Chambersried...

M. Félix Eischen *(CSV), interpellateur.*- Do hunn ech et och net gesot, Här Anzia.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift, keng Zwigespréicher!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Ech wollt just soen...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Elo ass et um Här Anzia, an dann à la limite kënnt Der dann... Wann ech gelift!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Ech wollt just erwideren, dass ech mech gefrot hunn, firwat spezifesch betount ginn ass, dass déi Leit an de PMEen an am Handwierk schaffen, vill schaffen.

M. Félix Eischen *(CSV), interpellateur.*- Ass dat da falsch?

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Neen, mä déi aner Leit, do ginn ech och dovun aus, dass déi och schaffen a vill schaffen. A méi wollt ech net soen.

(Brouhaha général)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gérard Anzia (*déi gréng).*- C'est tout. Merci.

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Sou, allez, e bësselche Rou am Sall, wann ech gelift! An elo kënnt den nächste Riedner, an dat ass den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Madamm Presidentin. D'Konklusioun vum Virriedner, op déi kommen ech och a menger Konklusioun zréck. Et geet ëm Liewensmodeller, déi ee géintiwwerstellt a wou een net soll déi eng géint déi aner ausspillen.

Dem Félix Eischen seng Constate sinn insgesamt alleguerte richteg: de Bäitrag vu klengen a mëttlere Betriber zum PIB, d'Suerge vu Repreneuren, Dausende vu Betriber, déi e Repreneur sichen. D'Léisunge si vläicht net onbedéngt ëmmer déi richteg. Et geet net nëmmen duer mat gesetzleche Reformen, mat Finanzementer, sief et privat oder iwwert d'SNCI, et geet net duer mat Terrainen. Effektiv ass dat e Problem. Ëmmer méi kleng Hale verschwannen an den Duerfkären, Scheiere ginn ofgerappt a kleng Betriber fanne keng Hale méi, fir a 50 m² hire Stockage ze maachen. Alles dat si ganz richteg Usätz, och der Françoise Hetto hiren Usaz vun der Erliichterung vum Accès zu de Marché-publicken.

Mä wat a Wierklechkeet Betriber, egal ob Handwierk oder Handel, Selbstständeger, Baueren a Wënzer, brauchen, ass fir d'Alleréischt emol Unerkennung a Respekt fir dat, wat se leeschten, fir sech, jo, mä net nëmme fir sech, och fir d'Gesellschaft: all déi Aarbechtsplazen, déi se schafen! A gëschter si jo d'Zuele bekannt ginn aus dem Handwierk, wou vun engem Rekord geschwat gëtt vun 90.000 Aarbechtsplazen. Insgesamt sinn et der jo nach vill méi, am Handel, an de Bauerebetriber an esou weider, bei de Selbstständegen. Fir déi Steieren, déi si

bezuelen, fir hire Bäitrag zum PIB! Wéi oft steet d'Regierung hei a seet stolz: „Mir hunn en Triple-A!" Ma mir hunn en Triple-A wéinst eisem PIB! An dee PIB gëtt absolutt maassgeebend matgedroen duerch kleng a mëttel Betriber, duerch Selbststänneger an esou weider.

Déi TVA, déi si gratis fir de Stat andreiwen, ënner hirem eegene Risiko, wann e Client se net bezilt, déi Lounsteier, déi se gratis andreiwe fir de Stat an an hirem eegene Risiko mussen ofginn, déi Leeschtung, déi se brénge fir de Stat, egal wéi kleng oder wéi grouss de Betrib ass! Kleng Betriber ginn oft iwwerschott mat bürokratesche Flichten. Eng däitsch Unternehmerin huet an engem Artikel, ech mengen, et war an der „Zeit", gesot, d'Nancy Nielsen: „Manchmal fühle ich mich mit einem Bein im Knast, weil ich merke, dass ich das gar nicht mehr alles überblicken kann. Ich bin Betriebswirt und nicht Rechtsanwalt und Steuerfachwirt."

„Selbst a ständeg" schaffen, wéi vill Weekender verbréngt e Selbststännegen doheem, fir Rechnungen ze schreiwen, a Rou, well en an der Woch zu där Rou net kënnt, well d'ADEM em nees eng Circulaire geschéckt huet, well de Statec nees eng Erhiewung mécht?

Wéi oft musse kleng Betriber d'TVA, déi se net kasséiert hunn, ofliwweren a kommen domat a Bedrängnes? Do wier eng wierklech Reform méiglech, datt mer géife soen: „Ma liwwert déi TVA of, déi Der effektiv kasséiert hutt!", anstatt datt mer Betriber an de Ruin dreiwen, just well ee Client net bezilt. Dat wier eng wierklech Reform, wa mer wëlle legislativ eng Reform maachen.

Wéi wëll ech ouni Sécherheet mäi Liewe gestalten? Mir schwätzen hei vu Repreneuren, vum „Wéi kënne mer Entrepreneuriat förderen?". Bedenkt dach emol, a wat fir engem Kontext déi Leit liewen, déi Betriber hunn, déi owes an d'Bett gi mat Suergen, mat Angscht, well se Contrainten zougestallt kruten, well se Kontrollen hu vu Steieren, vu Revisioun, vum Service antifraude vun der TVA, well se Stonne verbrénge mat esou Saachen, anstatt sech kënnen op hire Betrib ze konzentréieren!

Wéi schnell hunn ech e Reglement, e Gesetz - mir erloossen hei jo Gesetzer à la chaîne an an all Gesetz si strofrechtlech Dispositiounen dran -, wéi séier hunn ech eng Obligatioun iwwersinn! Wéi séier maachen ech mech strofbar mat eppes a mengem Betrib, well ech eng Regel net kannt hunn oder se falsch applizéiert hunn! Wéi villen administrative Schikanen - dat ass elo net eppes géint dëse Fonctionnaire oder déi Administratioun, mä insgesamt -, wéi villen administrative Schikane si kleng Betriber oft ausgesat?

D'Nancy seet an deem Artikel: „Alles, was ich mir wünsche, ist, dass wir den Unternehmer und den Selbstständigen nicht immer nur als reichen Fettsack", - Här Wagner, lauschtert roueg no!, „nicht immer nur als reichen Fettsack sehen, ...

(Brouhaha et hilarité)

... der auf Kosten seiner Mitarbeiter lebt und sich ein schönes Leben macht. Das trifft auf die wenigsten zu. Das trifft auf die wenigsten zu. Ich wünsche mir...", an da kommen ech zur Konklusioun, déi praktesch gezu ginn ass virdrun,...

(Interruption)

Majo, Dir musst mir guer net nolauschteren, gellt!

(Interruptions)

„Das trifft auf die wenigsten zu. Ich wünsche mir, dass unsere Arbeit", - Här Anzia! -, „dass unsere Arbeit, unsere Gesundheit und unsere Lebensqualität genauso wertgeschätzt werden, wie die von Arbeitnehmern." A méi ass et net: Dee Respekt, déi Wäertschätzung a praxisno Reforme fir kleng a mëttel Betriber, fir Selbststänneger, fir Baueren, fir Wënzer, an da si mer um richtege Wee!

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Reding. Als nächste Riedner ass ageschriwwen: den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Madamm Presidentin. No dëser Interventioun, wou den Tissu économique vu Lëtzebuerg jo duergestallt ginn ass, wéi wann déi 32.000 Entrepreneure just géifen doheem bibberen, zidderen an Angscht hunn an eigentlech just administrativ Contraintë géint d'Entrepreneuriat géife geschéien, kann ech soen als een, deen an enger Entrepreneursfamill grouss ginn ass, datt dat zu Lëtzebuerg net de Fall ass an och ni zu Lëtzebuerg de Fall war.

Une voix.- Très bien!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Madamm Presidentin, d'Madamm Statssekretärin Francine Closener huet virun enger knapper Woch, also e puer Deeg virun dëser Debatt iwwert d'PMEen oder vläicht och grad wéinst dëser Debatt iwwert d'PMEen, e puer nei Mesurë presentéiert en faveur vu ganz klengen, klengen a mëttleren Entreprisen. Ech ginn hei direkt ganz kuerz drop an, well déi Mesuren awer iergendwéi sënnbildlech duerfir sinn, wat mir un der Wirtschaftspolitik vun der Regierung kritiséieren.

Hei ginn alt nees eng Kéier iwwergräifend, quasi wéi mat der Strenz verschidden Hëllefen an Ureizer fir Betriber agefouert, ouni datt dobäi eng kohärent a kloer definéiert Strategie fir d'Steierung vun der ekonomescher Entwécklung ze erkenne wier. Dëse Constat drängt sech direkt op, wann een d'Reglement 651 vun der Europäescher Kommissioun kuckt, dat Reglement, wat déi eenzel staatlech Hëllefen, déi laut den EU-Traitéen erlaabt sinn, oplëscht an dat de legale Kader vun deem Gesetzesprojet schaaft.

Engersäits ass dat Reglement schonns 2014 a Kraaft getrueden an deen Text, deen d'Madamm Closener presentéiert huet, ass a groussen Deeler och e Copy-paste dovunner. Et ass also net esou, wéi wann d'Regierung hei immens schnell an innovativ gehandelt hätt.

Anerersäits, an dat ass méi interessant, bitt dëst Reglement awer eng ganz Panoplie vu vill méi interessanten Hëllefe fir kleng a mëttel Entreprisen, op déi d'Regierung hätt kënnen zréckgräifen, wa se eben net just mat der Strenz hätt wëllen driwwerfueren, mä zum Beispill Entreprisen hätt wëlle geziilt ënnerstëtzen, déi verschidde sozial an ekologesch Kritären erfëllen.

Madamm Presidentin, mir mengen, datt ee Problem vun dëser Debatt d'Kategorie vun de PMEen an d'Definitioun vun de PMEen ass, dat heescht: all déi Entreprisen, déi bis zu 250 Salariéen hunn. Dat ass immens vast, eng immens breet Kategorie vun Entreprisen an et sinn esou vill verschidde wirtschaftlech Akteuren, déi do drënnerfalen, datt eng méi geziilt Politik am Beräich vun de staatlechen Hëllefen doduerch immens schwéier gëtt. Well wéi wëllt eng Een-Euro-Gesellschaft mat engem eenzegen Associé-salarié sech mat enger Bauentreprise vun 230 Aarbechter vergläichen? Wat huet e Bistro mat enger Coiffeurschaîne ze dinn? A wéi kann eng Internet-Start-up och déiselwecht Besoinen hu wéi eng Quartiersepicerie oder eng Gäertnerei?

Hei duerch déi Kategorie gëtt awer ganz villes an een Dëppe gehäit an zesummen eraus kënnt an eisen Aen awer en éischter schwéier verdauleche Bräi. Dat gëtt nach méi däitlech, wann ee sech d'Zuelen ukuckt. Vun all deenen Entreprisen zu Lëtzebuerg, déi an net finanzielle Beräicher täteg sinn, entfalen 99,5% op PMEen. Déi 99,5% vun Entreprisë beschäftege méi wéi zwee Drëttel vun de Salariéen. Soumadder kommen dës Hëllefen, déi aktuell an an Zukunft Betriber an der Kategorie PME kënne bezuelt kréien, potenziell fir bal all bestoend Entreprise a Fro.

Aus deem Grond menge mir, datt een hei éischter fir sektoriell Léisungen hätt sollen optéieren, fir de reelle Besoine vun Entreprisen an engem bestëmmte Secteur besser kënne Rechnung ze droen, an déi gläichzäiteg och eng gewollten Diversifikatioun vum Tissu économique méi geziilt hätte kënne steieren. Dat kéint heeschen, datt verschidde Secteure méi Hëllefe kréie wéi anerer. Mä et kéint awer och bedeiten, datt d'Kritären, fir déi verschidden Hëllefen ze kréien, jee no Secteur evoluéieren, jee nodeem wéi e Secteur sech entwéckelt huet a wat déi zukünfteg Erausfuerderunge vun engem bestëmmte Wirtschaftszweig sinn, mä virun allem en vue vun der gesamtgesellschaftlecher Entwécklung an den ekonomesche Besoine vum Land, fir datt ebe justement d'Ekonomie de Mënschen déngt an net ëmgekéiert, wéi de Premierminister hei nach virun zwou Wochen de façon solennelle gesot huet.

Fir dat ze erreechen, bräichte mer awer eng méi cibléiert Approche an eng Wirtschaftspolitik, déi sech kloer Ziler setzt. Als Beispill, fir dëst ze illustréieren, kéint een zum Beispill d'Économie circulaire nennen, also e Konzept, wat d'Regierung zumindest virgestallt huet, mä dat bis op déi eng oder aner Initiativ bis elo op jidde Fall nach keng gréisser Friichte gedroen huet. An deem Kontext kéint een zum Beispill soen, datt fir industriell an eventuell och veraarbechtend Betriber de Ressourcëverbrauch an d'Produktioun oder d'Beschafung vu Matière première Kritäre sinn, déi e Betrib fir Hëllefe qualifizéiere kënnen oder eben och disqualifizéiere kënnen.

An engem anere Beräich wéi dem Horeca-Secteur, wou ganz vill Leit ënner prekären Aarbechtsbedéngunge schaffe mussen, kéint een d'Hëllefen dru bannen, wéi vill fest Aarbechtsplazen, also CDIen, e Betrib schaaft, an also domadder och deene Betriber bewosst entgéintkommen, déi hir sozial Verantwortung och wierklech iwwerhuelen.

Madamm Presidentin, wann een iwwert d'Entsteeungs- an d'Entwécklungspotenzial vu klenge Betriber diskutéiert an d'ekonomesch Entwécklung vum Land steiere wëllt, da muss een och iwwert de Kader vun dëser Debatt erauskucken an eng transversal Approche entwéckelen. An een Element dovunner, an dat hu mir ëmmer erëm gesot, ass d'Situatioun um Wunnengsmaart zu Lëtzebuerg, well och fir ganz vill Entreprisen sinn déi ganz héich Präisser vu Bauterrainen an Immobilien e massive Problem.

D'Locatiounskäschte vun engem klenge Geschäftslokal an engem Statkär oder och vu Bürosfläche si pro Meter carré nach méi héich wéi bei de Logementer an dat féiert natierlech dozou, datt ganz héich Ëmsätz erfuerdert sinn, fir déi Locatioun iwwerhaapt ze finanzéieren.

Heiduerch si verschidden Zorte vu Betriber, déi vläicht net déi riseg Ëmsätz kënnen erzilen, direkt disqualifizéiert. An da wiere mer erëm bei der sektorieller Ënnerstëtzung a méi geziilten Hëllefskritären. De Coût immobilier ass net fir all Betrib gläich problematesch. Verschidden Typpe vun Entreprisë brauche vläicht guer kee Geschäftslokal, anerer a ganz dacks déi, déi vill Personal astellen, brauchen awer eent. Un deem Beispill léisst sech erkennen, datt et an der Wirtschaftspolitik net duergeet, fir just um Niveau vum Ministère de l'Économie Mesuren ze ergräifen, mä datt immens vill verschidde Facteuren zugläich matspillen.

Hei missten dann och méi Ministèren zugläich involvéiert sinn, zum Beispill den Nohaltegkeets- an Infrastrukturministère, wann et zum Beispill ëm Raumplanung, Ressourcenekonomie oder Transportweeër geet, de Finanzministère, dee mat senger Steierpolitik, op déi ech nach eng Kéier zréckkomme wäert, de Kader setzt, deen driwwer matbestëmmt, wéi eng Zort vu Betriber hei entstinn an ob Konzentratiounen eventuell amgaang sinn ze entstoen, oder den Innenministère oder d'Gemengen, déi en Afloss drop hunn, wéi deier de Buedem ass a wéi eng Entreprisen d'Méiglechkeet hunn, sech op där enger oder op där anerer Plaz ze implantéieren.

An dann natierlech, an dat ass och hei schonn e puermol ugeklongen, misst een d'Debatt iwwert d'Schoul an d'Formation professionnelle féieren.

Wann een esou eng transversal Approche wierklech eescht géif huelen, da kéint eng Regierung op déi wirtschaftlech Entwécklung awierken a klengen a mëttlere Betriber entgéintkommen.

Et brauch een awer zu Lëtzebuerg net wäit sichen ze goen, fir ze gesinn, datt dat zu Lëtzebuerg awer net an deem Mooss geschitt. An da wiere mer bei der Steierpolitik. Well zu Lëtzebuerg ass déi näämlech virun allem en faveur vun décke Multinationalle konzipéiert, déi opgrond vun enger Panoplie vu Steieroptimiséierungsinstrumenter eigentlech lächerlech wéineg Steiere bezuele mussen an esou massiv Wettbewerbsvirdeeler par rapport zu deene méi klengen Entreprisen hunn, déi hir Steieren am Regelfall bezuelen.

Eng Konsequenz vun dëser Politik ass eng ëmmer méi staark Konzentratioun vu Betriber a verschiddene Beräicher, wou grouss Multinationallen hir Finanzkraaft notze kënnen, fir kleng, regional Konkurrenten ze schlécken, an esou mächteg Positiounen anhuele kënnen, déi deene klengen an neie Konkurrenten eventuell den Teppech ënnert dem Buedem (veuillez lire: de Féiss) ewechzéien.

De Conseil de la concurrence huet och viru Kuerzem drop opmierksam gemaach, datt et an enger ganzer Rëtsch Secteuren zu enorme Konzentratiounsprozesser amgaang ass ze féieren.

Madamm Presidentin, et sinn dann och dës multinational Entreprisen, déi zu Lëtzebuerg nieft de Betriber am Finanzdéngschtleeschtungsberäich Geschäftslokaler, Büroen a gudder Lag kënne bezuelen an all d'Konkurrenz am Keim erstécken. Et brauch ee sech duerfir just d'Groussgaass an der Stad oder d'Uelzechtstrooss zu Esch unzekucken, fir ze gesinn, datt déi kleng Geschäfter ëmmer méi verdrängt ginn zugonschte vu grousse Chaînen.

Madamm Presidentin, et feelt an eisen Aen zu Lëtzebuerg net un Entrepreneursgeescht, wéi dat e puermol virdrun ernimmt ginn ass. Bei 32.000 Entreprisen aus dem Beräich vu PMEe komme mer op en Taux vun 1 zu 18, also eng Entreprise pro 18 Awunner. An eisem Nopeschland Däitschland, wat a villen anere Beräicher esou dacks genannt gëtt als Virbild, ass deen Taux bei 1 zu 41.

Dat, wat mer bräichten zu Lëtzebuerg, dat ass eng voluntaristesch a cibléiert Wirtschaftspolitik, déi d'Jalonen esou setzt, datt mer eis eisen ekonomesche Wuesstum reappropriéiere kënnen, datt mer Wuesstum guidéiere kënnen duerch selektiv Hëllefen an datt mer de Wuesstum esou gestalte kënnen, datt en dem Land a virun allem senge Leit déngt.

Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Baum. Ech hunn elo keen aneren Deputéierte méi op der Lëscht ageschriwwen. Da géif ech elo der Regierung d'Wuert ginn, an domat eiser Statssekretärin, der Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- Villmools Merci. Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Häre Deputéiert, et ass kee méi frou wéi ech, dass mer d'Debatt haut hei féieren, dass mer haut d'Geleeënheet hunn, iwwert d'Politik zugonschte vun deene klengen a mëttelgrousse Betriber ze féieren (veuillez lire: schwätzen). An ech sinn och der Meenung, dass mer dat vill méi dacks sollte maachen, well et ass, mengen ech, wierklech en zentraalt Thema an eiser Wirtschaftspolitik. Also ech si gär bereet, esou eng Debatt méi oft ze féieren; dat emol virausgesat. Déi kleng an déi mëttelgrouss Betriber si schliisslech d'Basis, d'Fundament vun eiser Gesellschaft, vun eiser Ekonomie, an dat Fundament ass ganz zolidd.

An och wann et natierlech Defie ginn - do besteet jo guer keen Zweifel, dass et där ginn -, mä da steet awer gradesou wéineg an Zweifel, dass et dem Mëttelstand einfach emol ganz gutt geet, an zwar exzellent! A mir hunn et gëschter jo nach héieren: D'Chiffere vum Handwierk vun 2016, déi waren eigentlech seele besser. Nach ni sinn esou vill Aarbechtsplaze geschafe gi wéi d'lescht Joer, duebel esou vill wéi an der Moyenne vun deene leschten zéng Joer.

An dass et dem Handwierk esou gutt geet, dass d'Carneten esou struppevoll sinn, dat ass natierlech och op d'Investitiounspolitik vun der Regierung zréckzeféieren. Dat ass och gëschter ganz kloer esou gesot ginn. Et war an et ass richteg an néideg, fir an éffentlech Infrastrukturen ze investéieren duerch déi vill Moossnamen, déi d'Regierung geholl huet, fir d'Kafkraaft och ze stäerken, duerch d'Steierreform notamment. Doduerch sinn och d'Perspektive fir déi nächst Méint a Joren exzellent.

Mä kloer, de Mëttelstand huet Defien, d'Digitaliséierung virop, d'Fro vun der Finanzéierung natierlech vun de Projeten an och d'Fro vum nohaltege Wuesstum. Do muss een innovativ an onkomplizéiert Léisunge sichen. Eng proaktiv Approche ass néideg, fir de Betriber ze hëllefen, fir fit ze gi respektiv fit ze bleiwen.

An ech wëll Iech soen, well vläicht hutt Der et net matkritt: Genee dat maache mer intensiv a konsequent an zwar vun Ufank un, vum Ufank vun dëser Legislaturperiod un.

Déi éischt, déi ganz wichteg an iwwerfälleg Moossnam zugonschte vum Mëttelstand huet dës Regierung näämlech direkt vu virera geholl, näämlech scho bei der Regierungsbildung. Mir hunn endlech an engem Ministère zesummebruecht, wat zesummegehéiert: Ee Wirtschaftsministère fir alles, wat d'Betriber betrëfft, egal wéi grouss se sinn, egal aus wéi engem Secteur se kommen, natierlech ofgesi vun der Finanzplaz. Mä déi artificiell Trennung vun de Betriber an zwou Kategorien gëtt et zum Gléck net méi, an doduerjer ass d'Politik fir déi kleng an déi mëttelgrouss Betriber elo och fir zerguttst op Aenhéicht mat där fir déi grouss Entreprisen.

Déi Politik, déi Logik vun enger eenzeger Dier als Zougang zur Informatioun, zur Berodung an Ënnerstëtzung fir all Betrib ass de roude Fuedem vun eiser Politik zugonschte vum Mëttelstand, vum ganze Mëttelstand. Well et ass jo effektiv esou, datt den Term PME fir ganz vill ënnerschiddlech Branchen a Secteure gëllt. Et ka sech souwuel ëm e Betrib aus dem Handel oder dem Handwierk handelen, mä och ëm eng IT-Firma oder eng Fiduciaire, e Coiffeur, eng Botzerei an anerersäits hu mer effektiv och ganz vill technologesch Start-uppen, dat sinn och PMEen, an net ze vergiessen den Tourismus mat senge villen Hotellen, Restauranten a Bistroen.

Alles PMEen, alles ënnerschiddlech Situatiounen, an esou ënnerschiddlech sinn eben och hir Besoinen, an awer eng Dier fir jiddwereen, fir se ze beroden an ze ënnerstëtzen.

Stéchwuert Berodung, an et ass schonn ugeschwat ginn: Mir hunn et fäerdegbruecht, d'House of Entrepreneurship opzemaachen: een One-Stop Shop, wou d'Betriber aus alle Secteure Berodung kréien, Hëllef kréie bei der

Kreatioun an der Entwécklung an och den administrative Prozeduren. Beruffschamberen, Ministèren, Verwaltungen, alles op enger Plaz an et ass eréischt den Ufank, eis Ambitioune ginn do vill méi wäit. Mir komme ganz séier an déi nächst Phas, wou d'Offer méi breet wäert ginn an och méi déif.

Op därselwechter Linn ass natierlech och de guichet.lu: Op engem eenzegen Internetportal fënnt den Entrepreneur all d'Informatiounen, déi e brauch fir säi Betrib, sief et en relation mat de Steieren, de Bäihëllefen oder den Autorisatiounsprozeduren.

Dann eng aner Mesure, och eng vun den éischte Mesuren, déi ganz eendeiteg weisen, wéi eng wichteg Roll de Mëttelstand fir dës Regierung a besonnesch fir de Wirtschaftsministère spillt, fir de Mëttelstand endlech op e Pied d'égalité ze stelle mat der Industrie, mat der Finanzplaz, an dat war eben d'Grënne vum Haut comité PME (veuillez lire: Haut comité pour le soutien des PME). D'Industrie an d'Finanzplaz hate scho laang hiren dediéierten Haut comité an et war einfach allerhéchsten Zäit ginn, fir dem Mëttelstand deeselwechte Stellewäert ze ginn.

Dee Comité an dee regelméissegen Echange mat senge Vertrieder ass extrem wäertvoll, en ass eigentlech scho guer net méi ewechzedenken. Do maache mer de Suivi vum Aktiounsplang PME an et ass esou, datt natierlech en Tëschebilan gezu gëtt, ech kommen herno nach eng Kéier kuerz dorobber zréck.

E weidert Beispill awer vum Modell „eng eenzeg Dier" ass och d'Reform vun eisem Régime d'aides. Ufanks Juni trëtt dat Gesetz iwwert deen neie Regimm fir d'Fuerschungs- an d'Innovatiounshëllefen a Kraaft, dat Dir hei viru kuerzer Zäit gestëmmt hutt. Dee Regimm applizéiert sech och fir alleguerten d'Entreprisen. Datselwecht gëllt fir de Régime d'aides vun den Hëllefe fir den Émweltschutz an erneierbar Energien. Dee Projet de loi ass jo scho méi laang um Instanzewee, an dann natierlech de Régime général vun den Aidë fir PMEen, deen d'lescht Woch deposéiert gouf, sonner Zweifel ee vun de wichtegste Gesetzesprojeten an dëser Legislaturperiod.

Dat war och dee leschten, wou nach en Ënnerscheed ze erkenne war tëschent der Wirtschaft a Classe moyenne. An ech si wierklech frou, datt mir och hei elo eng Simplification administrative duerchgesat hunn an nëmme just nach een eenzege Regimm hunn. Ech sinn och frou, ze héieren, datt zum Beispill d'Fédération des artisans dee Projet begréisst.

Dir gesitt also d'Kohärenz an den Iwwerleeungen, an der Strategie, an der Émsetzung.

Dann d'Thema Entrepreneursgeescht: Jo, ech mengen, et ass kloer, datt mir dee méi waakreg këddele mussen. Do ass Nachholbedarf, net zulescht och bedéngt duerch d'Attraktivitéit vun der Finanzplaz. Dowéinst war et jo jorzéngtelaang esou, datt vill Jonker sech d'office dorunner dirigéiert hunn an net onbedéngt u Selbststännegkeet geduecht hunn. Anererséits ginn et awer zeg Beispiller vu jonken, dynamesche Leit, déi zu Lëtzebuerg eng Entreprise féieren.

Mä fir datt mir där awer och nach an Zukunft hunn, déi wëllen Entrepreneur ginn, déi sech wëlle selbststänneg maachen, gëtt et à terme just eng richteg an och just eng nohalteg Léisung: Mir musse bei deene Jonken usetzen, well wa jonk Leit wärend hirer schoulescher Carrière bis Première oder Treizième net emol eng Kéier eng Méiglechkeet gewise kréien, datt et Alternative gëtt zu engem Job mat Kaskoversécherung, dann ass et och kee Wonner, datt se de Wee vum Entrepreneuriat net aschloen.

Duerfir brauche mer Initiative wéi d'„Jonk Entrepreneuren", déi eng ganz Panoplie vun Aktivitéiten ubidden an der Primärschoul an am Lycée. Doriwwer eraus ass „Mini-Entreprises" e Projet, dee mech ëmmer erëm begeeschtert. Dat ass eng formidabel Saach, mä awer och vill aner Programmer, den „Innovation Camp", zum Beispill. Iwwer 10.000 Jonker hunn d'lescht Schouljoer bei engem vun deene Programmer matgemaach an et war fir mech och en Uleies, datt deen nächsten „Innovation Camp" ronderëm d'Thema vun der Rifkin-Etüd an der drëtter industrieller Revolutioun dréit.

Ech si frou, datt jonk Entrepreneuren dat och esou gesinn hunn an ech si sécher, datt mir do vun deene Jonken e ganz konstruktiven an interessanten Input wäerte kréien. Een anere fuschneie Projet am Beräich vum Entrepreneuriat, deen och schonn ernimmt gouf, deen dës Regierung lancéiert huet, ass eben dee vun der École entrepreneuriale, a bei der Rentrée am September geet et lass. An et geet eis do net drëm, fir scho vu Septième ons kleng Entrepreneuren ze zillen, mä et geet vill méi drëm, fir déi Kompetenzen, déi ëmmer méi an iwwerall gefrot ginn, fir déi besser ze entwéckelen, zum Beispill Teamwork, zum Beispill ëffentlech schwätzen, Problemer léisen, nei Weeër aschloen, kreativ sinn. Wéi gesot, lauter Fäegkeeten, déi natierlech och en Entrepreneur brauch, fir Succès ze hunn, mä net nëmmen hien.

Wa mir iwwert d'Schoul schwätzen, da si mer natierlech ganz séier bei der Formatioun vun de Mataarbechter. Effektiv fält et de Betriber dacks net liicht, fir qualifizéiert an och motivéiert Mataarbechter ze fannen a se och am Betrib ze halen. Dat ass de Revers vun der Medail, déi do heescht: Wirtschaftswuesstum vu 4% bis 5%. Forcement sicht bei esou engem Wuesstum all Secteur gutt Leit. Mir kucken deem awer trotzdeem net no. Ech huele mer d'Remarquë vun deene klenge Betriber zu Häerz, an och do fänken d'Mesuren, fir deem entgéintzewierken, erëm direkt an der Schoul un. Muer stëmmt Dir hei iwwert d'Gesetz of, dat der Maison de l'orientation en offizielle Statut gëtt. Domadder gëtt d'Orientatioun besser opgestallt. Orientatioun ass awer dat eent, Formation professionnelle dat anert, an déi ass ganz besonnesch wichteg fir d'Handwierk, ouni Zweifel.

Den Educatiounsminister Claude Meisch huet jo eng ganz Rei vu Mesuren ugekënnegt fir déi iwwernächst Rentrée an d'Chambre des Métiers an d'Fédération des artisans schaffe mat un där Reform. Hiren Input ass do ganz wichteg a gëtt och berücksichtegt.

Nieft der Formation initiale ass et awer och d'Weiderbildung, d'Formation professionnelle continue, déi wichteg ass fir PMEen. D'Betriber mussen net nëmme selwer fit ginn, mä natierlech mussen och hir Mataarbechter sech upassen un nei Entwécklungen, un nei Technologien. De Beispill Bau: Hei sinn Niddreg-Energie-Haiser elo Standard, also muss och anescht gebaut gi mat anere Materialien, no anere Prozeduren. Duerfir mussen d'Betriber hir Mataarbechter natierlech och fir déi nei Bauweis ausbilden.

Initiativen an deem Sënn ginn et der méi, den IFSB zum Beispill. Zwee aner Kompetenzzentre sinn déi am Génie technique an am Parachèvement an et sinn awer och nach aner Projeten ënnerwee am ICT-Beräich zum Beispill oder am Automobillsecteur.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

A wa mir vu Formatioun schwätzen, direkt e Wuert zu der éischter Motioun iwwert d'Formatioun. Et gi scho ganz vill Mesuren, sief et beim INFPC, sief et bei der ADEM, soudatt e weidere System an nach weider nei Outilen eigentlech net néideg sinn. Et wier vill méi sënnvoll, wa mer dat, wat mer hunn, weider verbesseren, an dat si mer och amgaangen ze maachen. Duerfir géif ech der Chamber proposéieren, déi Motioun net unzehuelen.

Dann een Thema, wat vill negligéiert gëtt an dobäi esou eng wichteg Roll spillt: d'Qualitéit vum Service um Client. Et ass och wichteg, datt e Betrib seng Mataarbechter fir d'Qualitéit vum Service a vum Accueil forméiert a sensibiliséiert. Natierlech ëmmer ënnert der Viraussetzung, datt de Chef och wierklech mam gudde Beispill virgeet. Grad fir e klenge Betrib, deen en enke Kontakt huet, e perséinleche Kontakt mat senge Clienten, deen dovunner ofhänkt, datt e recommandéiert gëtt vu bouche à l'oreille, spillt de Service eng Roll, déi een net seriö genuch kann huelen.

An där haiteger konnectéierter an oppener Welt vum Internet ass e gudde Service fir de Client decisiv, soss ass en näämlech ganz séier fort. An der Fachliteratur gëtt gesot, datt 70% vun de Clienten, déi engem Betrib de Réck dréien, dat net maachen aus Onzefriddenheet mam Produit, aus Onzefriddenheet mam Präis, neen, se gi fort, well se mam Accueil net zefridde waren, well se sech schlecht behandelt fillen, wéi wa se dem Betrib net wichteg wieren.

Duerfir muss ee sech zwou Saache virun Aen halen:

Éischtens, eng Entreprise ass ëmmer nëmmen esou gutt, wéi hire schlechtste Mataarbechter, dee mam Client Kontakt huet, an zweetens, deen einfachsten an och dee bëllegste Wee, fir et besser ze maachen, ass et, d'Kriticke vun de Cliente seriö ze huelen, amplaz se ze ignoréieren. Am Fong ass et ganz einfach: De Client ass Kinnek. A souwuel de Commerce wéi och d'Handwierk sinn hei a ganz schaarfer Konkurrenz mat der Groussregioun. D'Qualitéit vum Service ass also net ze ënnerschätzen.

Do kënne vill Betriber zu Lëtzebuerg nach eng Schëpp bäileeën. Si hunn net nëmmen ze gewannen, mä och vill ze verléieren, wa se deen Aspekt eben net seriö huelen. A fir si ze incitéieren, doriwwer nozedenken, sech selwer ze hannerfroen, lancéiere mer elo eng Serviceoffensiv.

Een neie Programm mam Numm „Fit 4 Service" ass prett. Et geet drëm, datt een en Diagnostique vun de Clientsrelatiounen an dem Service vum Betrib gemaach ka kréien, Recommandatioune kritt, wéi ee sech besser kann opstellen. D'Käschte fir déi Diagnos ginn integral vum Wirtschaftsministère iwwerholl. An der Regel dauert dat fënnef Deeg. A fir dat an der Praxis ëmzesetzen, féiere mer ee System an, deen zu Lëtzebuerg ganz nei ass, näämlech ee Vouchersystem, eng Zort Chèque-service fir Betriber.

Anescht wéi bis elo muss de Betrib also net méi am Virfeld eng Demande maachen. Au contraire, de Ministère kontaktéiert d'Betriber a si kréien de Voucher zum Beispill direkt matgeschéckt. Wa se eng Autorisation d'établissement ufroen, da kënne se och de Voucher op engem anere Wee, näämlech elektronesch um guichet.lu eroflueden. Mat deem Chèque kann de Betrib ee Consultant chargéieren, fir e „Fit 4 Service"-Diagnostique ze maachen.

Mir fänken elo un domadder, et ass e Pilotprojet. A wann dee Vouchersystem mengen Erwaardungen entsprécht an och bei de Betriber Succès huet, da gëtt en ausgebaut an och fir aner Hëllefe benotzt. Esou mann Pabeierkrom wéi méiglech fir d'Betriber, esou effikass wéi méiglech hëllefen, dat ass hei d'Devise.

Mir wëlle wierklech de Betriber, déi sech wëlle verbesseren, eng Ënnerstëtzung ginn. Mir stellen d'Outile bereet, mä et ass awer un de Betriber, déi Hëllef och unzehuelen an ëmzesetzen.

Insgesamt huet de Ministère de l'Économie, well mir vun Hëllefe schwätzen, jo seng ganz Aiden op de Leescht geholl an iwwerschafft. An d'Statshëllefe fir Entreprisë sinn, wéi Der wësst, op europäeschem Plang ganz staark reglementéiert a limitéiert wéinst den EU-Regele vum fräie Bannemaart, wéinst der méiglecher Konkurrenzverzerrung.

Dat neit Gesetz iwwert d'Hëllefe fir Recherche an Innovatioun trëtt Enn Juni a Kraaft. De Prinzip „think small first" gouf do respektéiert a wéi gesot, och déi aner Regimmer sinn ënnerwee.

Ech wëll just een Aspekt erausgräifen oder eng Mesure, an zwar fir jonk Entreprisë mat groussem Entwécklungspotenzial, eng nei Mesure am PME-Gesetz. Do geet et drëm, wann eng kleng Entreprise, déi et zanter manner wéi sechs Joer gëtt an déi Ënnerstëtzung brauch, en interessante Businessplang virleet, datt déi d'Méiglechkeet huet, fir bis zu 400.000 Euro ze kréien. Dës Hëllef gouf et schonn an engem äänleche Kader fir all Zort vun technologesche Start-uppen an ech hu wierklech drop gehalen, datt et se och elo fir aner Zorte vun Aktivitéite wäert ginn, also och fir déi sougenannten traditionell Secteuren. A grad och bei deene kreative Beruffer wéi Design, Moud, gesinn ech do interessant Méiglechkeeten, fir genau dat doten Hëllefsinstrument unzewennen.

Fir all déi Mesurë vum neie Régime d'aide général PME gesi mer bis d'Joer 2021 ee Gesamtbudget vun 89 Milliounen Euro vir. Dat ass also e Plus vu 27% par rapport zu deene leschte fënnef Joer. Dir gesitt also, mir ënnerstëtzen de Mëttelstand an Zukunft nach vill méi staark wéi bis elo.

Wa mir vu Finanzéierung schwätzen, da si mer ganz schnell bei der SNCI an déi spillt natierlech eng wichteg Roll. D'SNCI huet dräi nei Outilen, déi d'Offer u Prête completéieren. D'Tauxen op deene verschiddene Prête sinn och iwwert d'Joren 2015 an 2016 sukzessiv erofgesat ginn. A grad déi lescht Baisse vun den Tauxen op 1,5% zejoert am September huet vill Succès.

2016 goufen am ganze 16 Crédit-d'équipementen accordéiert an dëst Joer waren et der an deenen éischten dräi Méint schonn eelef. Wuel ass et richteg, datt d'Zuel vun den Dossieren zréckgaange war, relativ staark och zréckgaange war, mä dat war natierlech krisebedéngt. Et ass evident, no 2008 ass laang net méi sou vill investéiert ginn. Dat hu mer och bei der Zuel vun den Demandë fir Subside gemierkt. Mä d'SNCI huet, wéi gesot, reagéiert an d'Tauxe vun den Zënsen erofgesat. Zanter engem décke Joer geet et besser, et kommen erëm vill méi Dossieren eran. An et goufen der virdrun och net méi refuséiert, et waren der ebe just manner, déi erakoumen - eng wichteg Nuance, déi ech awer nach hei wollt erwänen.

Fir dobäi ze bleiwen: d'Regierung huet jo och zwee Fongen an d'Liewe geruff, fir Start-uppen ze ënnerstëtzen. Och do schafft jo d'SNCI mam Lux Future Fund (veuillez lire: Luxembourg Future Fund) an dem Digital Tech Fund zesummen. Et gëtt also villes vun eiser Säit gemaach, fir déi kleng Entreprisen an der Finanzéierung vun hire Projeten ze ënnerstëtzen. Mä alles soll a kann de Stat net maachen.

Duerfir riichten ech hei och en Appell un d'Banken, hir Responsabilitéit ze huelen. D'Betriber, mat deenen ech schwätzen, an ech gesinn der ganz vill, bekloe sech dacks, datt et schwiereg ass, fir Banke mat op de Wee ze kréien, besonnesch wann et ëm d'Thema Transmission d'entreprise geet oder eben och d'Grënne vun engem Betrib. Quitte, datt d'Banken natierlech och net ze vill Risiko sollen agoen, ass et awer wichteg, datt si hiren Deel zur Finanzéierung vum Entrepreneuriat zu Lëtzebuerg bäidroen. De Wirtschaftsministère gleeft jiddefalls un de Businessmodell Lëtzebuerg a stellt duerfir esou vill Hëllef an Ënnerstëtzung wéi nëmme méiglech zur Verfügung fir d'PMEen. An un de Banken ass et also, datselwecht ze maachen.

Ee Wuert nach zu de steierlechen Incitatioune fir Privatinvestisseure mat Risikokapital, d'Motioun 2 also. Ech kann déi Motioun an deem Sënn net guttheeschen, ganz einfach, well de Finanzministère schonn amgaangen ass, esou e Regimm ze préiwen an ze analyséieren. Do stelle sech awer eng ganz Rei vu méi substanzielle Froen op EU-Niveau, well mir bei esou engem Regimm keen Ënnerscheed méi kënne maachen tëschent esou Investissementer hei zu Lëtzebuerg a soss an Europa.

(Brouhaha)

Dat gëllt och fir d'Motioun 3, fir de Regimm vun enger Réserve immunisée. Och hei diskutéiert...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Bauler!

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- ...de Finanzminister scho mam Secteur iwwer divers Pisten. Am Resumé: Well dat schonn alles leeft a vum Pierre Gramegna analyséiert gëtt, proposéieren ech, d'Motiounen 2 an 3 ze verwerfen.

Transmission d'entreprise dann, ganz speziell e wichtegt Thema am Handwierk, well et effektiv an den nächsten zéng Joer Dausende vu Betriber gëtt, déi ee brauchen, dee se iwwerhëlt. Et ass also kruzial fir dee Secteur a fir déi Leit, déi do schaffen - et sinn der 50.000, déi concernéiert wieren -, datt een déi Problematik do ugeet.

Et ginn e puer Aspekter, wou mir aktiv ginn: Éischtens, d'Sensibiliséierung vun de Patronen. Vill Patrone maache sech näämlech vill ze spéit op d'Sich no engem Successeur. Si rechnen net dermat, datt et e jorelaange Prozess ka sinn. An dann heiansdo ass et einfach ze spéit, da geet et e Strapp ze séier. Mir gesinn also eng Campagne vir, déi sech u Patronen an engem gewëssenen Alter riicht a se usprnt, dee Prozess vun der Transmissioun ze lancéieren.

Dernieft verweist de Pakt PRO Artisanat och dorobber, fir d'Bäihëllefen am Fall vun enger Transmissioun unzepassen, de Garantiesystem ze erweideren. An dat si mer voll amgaangen ëmzesetze mat deem neie Projet de loi, deen ech jo scho virdrun ernimmt hunn. D'Mutualitéiten, déi vum Handwierk an déi vum Commerce, kënnen nëmme bis zu engem begrenzte Budget Garantië ginn, well se selwer natierlech eng Planungssécherheet mussen anhalen. Se dierfen net direkt an d'Struewele kommen, wann ee vun de Betriber, fir déi si Bierg sinn, géif Faillite maachen. Duerfir och déi nei Aide zur Risikofinanzéierung, déi et eis erlaabt, der Mutualitéit eng Garantie ze ginn, wou de Stat bis zu 80% vun der Casse iwwerhuele kann. Et ass en Outil, dee ganz speziell och bei den Transmission-d'entreprisen asetzbar ass. Heiduerch kënnen d'Mutualitéiten also méi Dossiere maachen an och méi grouss Dossiere maachen, well se eben d'Sécherheet hunn, datt se eng Réckendeckung duerch de Stat kréien.

Dat, mengen ech, ass e ganz wichtegt Instrument an ech si frou, datt mir dat elo hikréien.

De Wirtschaftsministère ka villes maachen, awer net alles, fir dat generellt Émfeld fir d'PMEen ze verbesseren. Do sinn och aner Ministèren, aner Partner gefrot an an deem Sënn huet jo och d'Regierung den Aktiounsplang PME d'lescht Joer ugeholl. Dat ass nu wierklech kee Pabeiertiger, well et sinn 99 Moossnamen dra virgesinn an no engem Joer hu mer der schonn iwwer 30 ëmgesat oder lancéiert. Dorënner sinn ebe Projeten, déi ech schonn ernimmt hunn: d'entrepreneurial Schools, den Digital Tech Fund, d'Verschmëlze vun de PME-Aide-Regimmer an déi zwee Pakte fir de Commerce an d'Handwierk.

Anerer hunn och hir Bedeitung, sief et eben an der Sensibiliséierung vum Entrepreneuriat, an der Vereinfachung vun de Prozeduren, d'Schafe vun der Sàrl simplifiée an ech kéint der nach e gudde Strapp méi nennen.

Dann d'Thema Digitaliséierung. Dat ass ein weites Feld a munch ee Patron gesäit do e Risebierg viru sech an e weess eigentlech net, wou

en ufänke soll. Anerer mengen, et géif awer iergendwéi nach dersonner goen, dat ass awer falsch. Mä et ginn awer verschidden Niveauen och nach derbäi, wou ee muss handelen. A jee no Branche sinn d'Besoinen natierlech och ënnerschiddlech. Fir unzefänken, muss all PME effektiv eng professionell a userfrëndlech Internetpräsenz hunn. Ech mengen, do si mer eis all eens.

Anerersäits ass et awer och esou, datt d'Digitaliséierung d'Aarbecht am Betrib selwer kann änneren a verbesseren. Et ginn aner Méiglechkeete geschaaft. D'Prozesser kënne méi dynamesch automatiséiert ginn, Produite personaliséiert, d'Stocken anescht geréiert ginn an esou weider. Ob mer wëllen oder net, eis Aart a Weis, fir ze liewen, eis Aart a Weis, fir ze schaffen, fir ze konsommëieren, gëtt ëmmer méi digital. Dorunner besteet keen Zweifel.

An natierlech hunn och déi grouss Betriber et hei ganz oft vill méi einfach, well se déi finanziell an technesch Moyenen hunn, fir sech ëmzestellen, fir Spezialisten anzestellen an esou dee leschten Trend natierlech och ze suivéieren. D'Patrone vun de PMEen hunn dat par contre alles ganz dacks net. En plus si se esou mam Kapp am Guidon, fir de Betrib ze féieren, datt se dacks keng Zäit hunn, fir sech iwwer méiglech gréisser innovativ Iddien a Projete Gedanken ze maachen.

Duerfir wëlle mer d'PMEe mat der Hand huelen, hinnen d'Moyene ginn, déi se brauchen, a se an där Entwécklung begleeden, eng Entwécklung, déi iwwregens net onbedéngt expansiv muss sinn, mä éischter qualitativ an d'Déift geet, am Sënn eben och vun engem qualitative Wuesstum. Duerfir ass d'Digitaliséierung e ganz wichtegt Element an deenen zwee Pakte vum Handel an Handwierk.

Déi Cellule, vun där den Här Eischen geschwat huet, déi kënnt. Mä mir ginn awer och nach aner Weeër, fir méi proaktiv op d'Entreprisen duerzegoen, an d'Entreprisen ze goen a vu Fall zu Fall ze kucken, wat an hirem Interêt ass, wat een am beschte vu Mesurë soll ergräifen.

Och bei der Luxinnovation dréit sech elo villes ëm d'Digitaliséierung bei de klengen a mëttelgrousse Betriber, mat Programmer, déi schonn hir Preuvë gemaach hunn.

Am Handel hunn eis Commercë vill Konkurrenz vun de groussen Internetplattformen. Dee klengen Handel huet kaum Moyenen, fir eege Solutiounen am Internethandel unzebidden. Duerfir gëtt et elo geschwënn, an Zesummenaarbecht mat de grousse Gemengen, eng E-Plattform, eng digital Maartplaz, déi mer opstellen, wou Lëtzebuerger Geschäfter a virun allem déi kleng Geschäfter an den Uertschafte hir Produiten ubidde kënnen, esou datt de Client um Internet bestelle kann a seng Commande entweder an de Buttek ka siche goen oder sech se awer och ka liwwere loossen, jee nodeem. Dat ass eng iwwerliewenswichteg Moossnam fir den Eenzelhandel.

Haut offréieren hei zu Lëtzebuerg grad emol 7% vun de Commercen Onlineshopping an anerersäits sinn d'Lëtzebuerger awer quasi Weltmeeschter, wann et drëms geet, fir via Internet anzekafen. Wie sech elo net hei beweegt a beméit, dee riskéiert, zimlech séier op der Streck ze bleiwen.

Och hei gräifen natierlech eis Aiden, fir sech beroden ze loossen an och fir ze investéieren.

D'Lëtzebuerger Handwierk, an doriwwer sinn ech ganz frou, steet der Digitaliséierung positiv géigeniwwer. Bal 70% gesinn doranner eng Opportunitéit. Vill Betriber hu schonn e Fouss an der digitaler Dier, mä mir mussen hinnen hëllefen, fir do nach ganz eranzekommen.

Da ginn natierlech och spezifesch fir Firmen aus dem digitale Secteur ganz vill Efforte gemaach. Si profitéiere vun eiser exzellenter ICT-Infrastruktur zu Lëtzebuerg a mir hunn och e Programm „Fit 4 Start" opgeluecht, dee schonn no annerhallwem Joer amgaangen ass, sech zu engem richtege Succès ze entwéckelen. 2016 hu mer iwwer 230 Projeten aus 23 Länner gesinn, déi fir dee Programm, e Concours, hir Kandidatur gestallt hunn. Dat leeft also och richteg gutt.

Dann d'Disponibilitéit vun den Terrainen. Do kann ech Iech confirméieren, datt mer ëmmer méi an eng Situatioun kommen, wou d'Aktivitéitszone feelen an déi regional Zone wierklech quasi ganz voll sinn. D'lescht Joer si wuel e puer nei Zonen ausgewise ginn, erschloss ginn: Fridhaff, wou d'Aarbechten ugefaangen hunn, déi vu Grass gouf ageweit, zu Ëlwen, Réiden a fir den Triangle Vert zu Elleng si jo Extensioune geplangt. Mä et geet sécherlech awer net duer.

Fir d'Zersplitterung vun der Landschaft ze verhënneren an esou rationell wéi méiglech ze plangen, ass d'Erweiderung vu sechs regionalen Zone virgesinn am Kader vum Plan sectoriel «Zone d'activités». Mir wëlle mat 600 Hektar fir national a regional Zonen an d'Prozedur goen. D'Zil ass kloer eng equilibréiert regional Verdeelung a mir wëllen och a ländleche Regiounen, zum Beispill an den Naturparken, d'Méiglechkeet schafen, fir déi wirtschaftlech Entwécklung weiderzedreiwen.

Den Drock op d'Terrainen ass awer wierklech ganz grouss an déi nei erschlossen Terraine gi ganz, ganz séier besat, dacks schonn an der Planungsphas. Dacks geet et drëm, eben d'Betriber och aus den Uertschaften erauszekréien, se ze relokaliséieren, ier een da Plaz huet, fir neier ze implantéieren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Madamm Statssekretärin, erlaabt Der, datt den Här Kaes eng Zwëschebemierkung mécht oder eng Fro stellt?

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- Selbstverständlech. Här Kaes.

M. Aly Kaes *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wollt u sech dach awer d'Erklärung vun der Madamm Statssekretärin als Ulass huelen, fir eng Fro ze stellen: Fannt Dir, datt dat eng Zersplitterung vun der Landschaft ass, wann op der Fléiber schonn 8 Hektar beluecht sinn, sämtlech Infrastrukture präsent sinn, an do u sech véier Gemengen e regionale Projet wollte realiséieren, wou ech weess, datt Dir u sech selwer méi positiv derzou stoungt, datt awer vun Ärem Koalitiounspartner dann awer do d'Brems ageluecht ginn ass? Fannt Dir, datt dat eng Zersplitterung ass, wann Creos an och eng Busentreprise schonn do um Site sinn?

Merci.

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- Ech wollt dozou eppes soen, wat ech och dem Här Eischen eigentlech scho wollt soen: Et ass ganz kloer, datt et hei absolutt guer keng Differenze gëtt tëschent dem Wirtschaftsministère an dem Environnement respektiv der Landesplanung.

(Brouhaha)

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- Et ass jo kloer, datt jiddweree seng Prioritéiten huet a sech natierlech och fir seng Sujeten asetzt. Mä dat ass jo grad de Virdeel vun dëser Regierung, datt mer zesummeschaffen an datt mer d'Projeten zesummen uginn an datt mer net eng Zon plangen, wou et herno vläicht Problemer gëtt, ob dat elo Fléiber ass oder eng aner, fir den Uschloss un eng Autobunn ze kréien. Dat ass vläicht an dësem Fall net de Fall, mä hei hu mer awer ganz aner Problemer.

An ech wëll just soen, datt dat hei eng Politik aus enger Hand vun dëser Regierung ass an dat loossen ech mer och net vun Iech anescht schwätzen.

(Brouhaha)

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Madamm Closener, Dir musst verstoen, datt d'CSV...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Esou, wann ech gelift!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- ... dat net gewinnt ass an net weess, wéi dat geet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleegen!

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Dofir si se och elo esou erstaunt, datt mir dat fäerdegbréngen.

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Just d'Statssekretärin huet elo d'Wuert.

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- Merci.

Den 1. Abrëll ass een neit Reglement a Kraaft getrueden, fir bei deene positiven Nouvellen ze bleiwen, iwwert de Contenu vun de PAGe vun de Gemengen, dat déi verschidden Typpe vun Aktivitéitszonen definéiert an dat och festleet, wéi eng Aktivitéiten zougelooss sinn. Do gëtt den Akzent nach vill méi staark wéi bis elo op d'Handwierk an d'PMEe geluecht, fir datt si prioritär Accès kréien eben zu deene regionalen Aktivitéitszonen.

D'Zesummenaarbecht, den Dialog mat de Gemengen a mat de Gemengesyndikater gëtt intensivéiert, well mir brauchen eng eenheetlech Linn an harmoniséiert séier Prozeduren, fir datt déi interesséiert Entreprisë séier Bescheed wëssen, ob se an eng Zon erakommen a wa jo, wéi eng Demarchë se da musse maachen. Do sinn de Stat an d'Gemenge gefuerdert. Och do si mer um richtege Wee.

Mir sinn dann och direkt bei der Motioun 4 iwwert d'Sitten. An do géif ech der Chamber proposéieren, déi Motioun net unzehuelen, well eben de Plan sectoriel «Zones d'activités» Extensioune virgesäit an d'Äntwerte gëtt op déi opgeworfe Punkten. Et ass kloer, datt d'Terraine fir Handwierk a PMEen eng Prioritéit hunn a vill vun deene 600 Hektar, dat sinn der jo awer vill, fir si reservéiert sinn.

Ofschléissend nach ee Wuert zu der Kreativwirtschaft. Här Eischen, Dir hutt déi haut net erwäänt a se läit mer awer ganz staark um Häerz. De Weekend war ech zu Paräis um Salon „Révélations", wou fir d'éischte Kéier Konschthandwierker an Designer vu Lëtzebuerg hir Wierker hu kënnen ausstellen an der Kontinuitéit vun der Expositioun „De Mains de Maîtres", déi jo e ganz grousse Succès war am Dezember zejoert. An elo haten eben och néng Artisten, Konschthandwierker d'Chance, zu Paräis hir Wierker ze weisen. 50.000 Visiteure waren am Grand Palais, d'Präsenz vun der ierfgroussherzoglecher Koppel an och e ganze Promotiounsprogramm hunn d'Kompetenz an d'Exzellenz vun eisem Konschthandwierk nach eng Kéier an de Vierdergrond gestallt. Dat ass Nation Branding, wéi et net besser kéint sinn.

Dat musse mer weidermaachen, onbedéngt. D'Kreativindustrie zu Lëtzebuerg mécht haut schonn eng Milliard Euro Ëmsaz. De Potenzial ass enorm an d'Leit aus deene verschiddene Branchë waarden och nëmmen drop, datt si hir Produkter a Servicer am Ausland kënne weisen. Si si ganz oft Eenzelkämpfer a brauchen eng Hëllefstellung. An duerfir hu mer och deen neie Cluster gegrënnt, dee bitt déi Hëllefstellung, awer net nëmmen doranner. E wäert och de Link maache mat deene méi traditionelle Secteuren an och neie Partnerschaften op d'Spréng hëllefen.

Wéi Der gesitt, et gëtt wierklech ganz vill gemaach, fir grad déi kleng a mëttelgrouss Betriber ze ënnerstëtzen, fir se um Wee an eng nohalteg an digitaliséiert Zukunft ze begleeden.

Ah jo, nach de Paquet Services, elo hat ech dee bal vergiess! Ech wëll Iech an ech kann Iech soen, datt mir absolutt um Lëtzebuerger Modell hänken, wou de Meeschterbréif jo awer eng ganz grouss Valeur huet an och dem Konsument eng gewësse Protektioun gëtt. An den Diskussiounen zu Bréissel, do sëtzt Lëtzebuerg mat um Dësch, do muss ee sech keng Suerge maachen.

An de Verhandlunge sinn Ännerungen erauskomm, déi eis Sécherheete ginn an eise Modell net a Fro stellen. Mir leien do op enger Linn mat Däitschland. Mir hunn hir Kriticken och absolutt gedeelt. Déi Kriticke waren a si berechtegt. Déi Lëtzebuerger Versioun vun der Qualifikatioun ass nach net ganz fäerdeg, mir sinn do nach an der Ausschaffung. Mä ech ka scho soen, datt de Brevet de maîtrise op kee Fall a Fro gestallt ass an och op kee Fall a Fro gestallt gëtt.

Här President, de Wirtschaftsministère kuckt no de Problemer vun haut a vu muer. Mir këmmeren eis ëm déi Kleng an ëm déi Grouss! Mir maachen „space" a mir sinn„terre à terre", well dat alles ass Wirtschaftspolitik, sou wéi ech se verstinn.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Statssekretärin. Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun. Den Här Eischen zu de Motiounen?

Motions

M. Félix Eischen *(CSV), interpellateur.*- Jo, Merci, Här President. Ech wollt eng Präzisioun virewech soen. Do soen ech dem Här Kolleeg Marc Baum Merci, dass en eis ganz séier drop higewisen huet: Déi Kopien, déi ausgedeelt gi sinn, do war eng kleng Huddel dran an de Säiten, also d'Säit 4 gëtt d'Säit 6 an d'Säit 6 gëtt d'Säit 4. Ech weess elo net, ob dat groussaarteg elo eppes changéiert bei der Meenung vun der Madamm Ministesch.

Ech wollt awer vläicht ganz kuerz nach zwou Präzisiounen nofroe bei der éischter Motioun. Ech mengen, mir waren eis och eens an den Discoursen, dass et wichteg ass, an de Capital humain ze investéieren, gradesou wéi mer

awer och fannen, dass et Modeller a Frankräich an an Däitschland ginn, déi op deen do Wee gi vun der Rekonversioun.

Ass d'Madamm Statssekretärin net der Meenung, dass trotzdeem a Saache Quereinsteiger, déi wierklech d'Rekonversioun wëlle maachen - dann hu se schonn e gewëssenen Alter, 24, 25 Joer, si hu scho vläicht eng Famill an esou weider, si hunn eng Ausbildung, si hunn Uni gemaach, si hunn Erfahrung -, dass déi awer anescht missten ënnerdaach kommen, wéi sech elo klassesch an d'Schoul musse setzen ze goe bei Leit vu 16, 17 Joer, och mat der dualer Ausbildung, dass déi méi direkt an d'Betriber solle komme respektiv och eng aner Unerkennung solle kréien, och mat der Experienz, wann déi och vläicht net ëmmer relevant ass?

Bei de Motiounen 2 an 3 erlaben ech mer vläicht awer ze soen, dass ech der Meenung sinn, wou ech elo net den ausgewisene Finanzexpert sinn, mä dass d'Madamm Statssekretärin do vläicht e bëssen eppes duerjerneegeheit, an zwar dass de Capital-risque awer vum Wirtschaftsminister hei am État de la nation éischter favorabel ugeduecht ginn ass. An da wär et wichteg bei der Motioun vum Capital immunisé, dass Der dem Secteur dat awer och géift soen, dass Der intensiv géift dorunner schaffen, well de Secteur freet et an dee seet: „Mir héieren do näischt."

Bei der Motioun 4, dat huelen ech dann esou zur Kenntnis. Et ass gutt, wa sollten do Hektaren op de Marché kommen, dat ass ze begréissen. An erlaabt mer just ze soen, dass, wann Dir sot, Dir géift do wéi aus engem Goss schaffen, dass ech Iech dat awer net esou direkt gleewen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Madamm Statssekretärin, Dir hutt d'Wuert.

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie*.- Jo, villmools Merci. Dat maacht Dir, wéi Dir wëllt! Dir kënnt dat gleewen oder net. Vläicht sidd Der dat net gewinnt gewiescht virdrun, mä mir maachen dat awer. Natierlech muss een heiansdo Kompromësser sichen, dat ass ganz kloer. Ech denken, dat wier jo awer och am Sënn vun eisem Land, dass mer net op e Wee ginn, wou radikal Politicke gemaach ginn. Ech ka mer dat och net virstellen, dass d'CSV eng radikal an eesäiteg Politik géif mat engem eventuelle Koalitiounspartner maachen!

(Interruption)

Dozou wollt ech nach soen, zu der Formatioun: Am Prinzip fannen ech dat richteg, wat Der sot. Ech denken awer just, well mer elo schonn an den Diskussioune sinn, wou de Claude Meisch jo schonn amgaang ass mat der Chambre des Métiers, mat der Fédération des artisans ze diskutéieren, wa mer elo nach erëm eppes Neits do dropsetzen, ech denken, dass mer dat kéinten an deenen Diskussiounen do, wéi soll ech soen, integréieren. Ech ginn och staark dovun aus, dass dat gemaach gëtt.

Fir de Rescht geheien ech do guer näischt duerjerneen. Ech hunn och net gesot, ech wier dergéint. Ech hu just gesot, dass et net einfach ass, fir déi Pisten do ze..., fir do eng Léisung ze fannen, fir eng gutt Pist ze fannen, déi an eisem Interêt ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Gutt. Gëtt et keng Wuertmeldunge méi zu de Motiounen?

Dat ass net de Fall. Da géife mer iwwer eng no där anerer ofstëmmen, fir d'Éischt d'Motioun 1.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

28-mol Jo, 32-mol Neen. Domat ass déi éischt Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Dann d'Motioun Nummer 2.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

26-mol Jo, 34-mol Neen. Domat ass déi zweet Motioun net ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

D'Motioun Nummer 3.

Vote sur la motion 3

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

26-mol Jo, 34-mol Neen. Déi drëtt Motioun ass ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An dann déi lescht Motioun.

Vote sur la motion 4

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

26-mol Jo, 32-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass och déi lescht Motioun net ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir sinn also um Enn vun der Diskussioun iwwert d'Interpellatioun ukomm a mir kommen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass d'Fusioun zwëschen de Gemenge Mompech a Rouspert, de Projet de loi 7035. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Tess Burton.

5. 7035 - Projet de loi portant fusion des communes de Mompach et de Rosport

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

Mme Tess Burton *(LSAP), rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, mir stëmmen haut iwwert de Gesetzesprojet fir d'Fusioun vun de Gemenge Mompech a Rouspert of. Dat ass fir déi zwou Gemengen e wichtegen an noutwendege Schrëtt, deen et hinnen erméiglecht zesummenzewuessen. Obwuel déi legislativ Aarbecht an der Chamber am Verglach zu den Efforten, déi an deene betraffene Gemenge musse gemaach ginn, éischter kleng ass, wëll ech kuerz dorobber agoen.

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

www.chd.lu

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

De Projet de loi gouf den 29. August 2016 deposéiert. De Statsrot huet säin Avis de 7. Februar 2017 ofginn. Hien huet de Projet allgemeng begréisst, huet awer eng kleng Änderung proposéiert an der Formuléierung vum Text. D'Interieurskommissioun huet de Projet an den Avis zwee Deeg méi spéit gekuckt a mech bei där Geleeënheet als Rapportrice genannt. Fir der Remarque vum Statsrot Rechnung ze droen, huet d'Kommissioun den 3. Mäerz en Amendement proposéiert, deen de Statsrot an engem zousätzlechen Avis vum 28. Mäerz akzeptéiert huet. D'Kommissioun huet de Rapport de 4. Mee eestëmmeg ugeholl.

Et gëtt zënter Joren iwwert d'Parteien ewech souwuel an der Chamber wéi och an deene successive Regierungen e Konsens, dass déi ganz kleng Gemengen hei am Land sollte fusionéieren, fir méi effizient kënnen ze schaffen. Dës Fusiounen, déi sech an de Kontext vun enger schrëttweiser Territorialreform aschreiwen, si kee Selbstzweck. Iwwert d'Jorzéngte sinn d'Aufgaben, déi d'Gemengen ze erfëllen hunn, ëmmer méi grouss a komplex ginn. Och d'Usprëch vun de Bierger un d'Gemengeservicer si méi grouss ginn. Dobäi sollten d'Bierger kënnen iwwerall op vergläichbar gutt Servicer zréckgräifen, egal a wat fir enger Gemeng si wunnen.

Fir kleng Gemengen ass dat awer oft schwéier ze realiséieren. Dofir ënnerstëtzt de Stat d'Kooperatioun tëscht de Gemengen, déi meeschtens an de Gemengesyndikater stattfënnt, awer och d'Gemengefusiounen. Wichteg ass dobäi, dass de Prinzip vun der Autonomie communale respektéiert gëtt an dass d'Bierger aus deene jeeweilege Gemengen a leschter Instanz entscheeden, ob se eng Fusioun wëllen oder net.

Wann d'Bierger iwwerzeegt si vun de Virdeeler vun enger Fusioun, ass garantéiert, dass déi Efforte bei der Preparatioun an der Ëmsetzung vun esou enger Decisioun mat Erfolleg an Zefriddenheet vun alle Bedeelegte kënnen ofgeschloss ginn.

Zu Mompech an zu Rouspert ass genau dat geschitt. Béid Gemengen hu scho laang a verschiddene Syndikater zesummegeschafft. Am Oktober 2014 ass de Startschoss gefall, wéi d'Gemengeréit vun deenen zwou Gemengen hire jeeweilege Buergermeeschter a Schäfferot beoptragt hunn, éischt Gespréicher ze féieren, fir e Fusiounsprojet auszeschaffen. Wärend ronn engem Joer goufen zesummen d'Modalitéite vun enger méiglecher Fusioun ausgeschafft. D'Resultat dovunner hunn d'Gemengeréit dem Innenminister de 16. September 2015 virgeluecht.

Am Dezember 2016 hunn déi zwee Gemengeréit beschloss, hir Bierger an engem Referendum iwwert de Fusiounsprojet ofstëmmen ze loossen. Mat Hëllef vun enger Broschür an zwou Informatiounsversammlunge sinn d'Bierger iwwert d'Virdeeler an d'Konsequenze vun enger Fusioun informéiert ginn. Bei béide Versammlunge war den Innenminister dobäi, fir de Bierger kënnen Erklärungen zur Fusioun am Allgemengen ze ginn an zur Ënnerstëtzung, déi de Stat heifir ubitt.

De 24. Abrëll 2016 hunn d'Bierger vun deenen zwou Gemenge mat grousser Majoritéit fir d'Fusioun gestëmmt. Zu Rouspert hu liicht iwwer 80% vun de Leit fir d'Fusioun gestëmmt, zu Mompech war et eng Majoritéit vu 65,18%. Opgrond vun deem Resultat hunn d'Gemengeréit den 11. Mee definitiv beschloss ze fusionéieren, an zwar mat Wierkung op den 1. Januar 2018.

Déi nei Gemeng wäert den Numm Rouspert-Mompech droen. Wa mer vun de Chiffere vum Statec vum 1. Januar 2017 ausginn, huet déi nei Gemeng 3.594 Awunner. Wat de Wahlsystem betrëfft, gëtt domat aus zwou Majorzgemengen eng Proporzgemeng.

Dës Verännerung fënnt, wéi bei fréiere Fusiounen och, an Etappe statt. Déi Transitiounsphas geet 2023 mat de Gemengewahlen op en Enn. Fir d'Gemengewahlen 2017 gëtt déi nei Gemeng an zwou Sektiounen ënnerdeelt, déi dem Territoire vun den heitege Gemenge Rouspert a Mompech entspriechen. An der Iwwergangszäit wäert Mompech mat sechs a Rouspert mat siwe Conseilleren am Gemengerot vertruede sinn. De Schäfferot wäert aus véier Leit bestoen, engem Buergermeeschter an dräi Schäffen. Zwee vun dëse Leit wäerten aus der Sektioun Mompech kommen an zwee aus der Sektioun Rouspert. No 2023 wäert an där neier Gemeng Rouspert-Mompech d'selwecht wéi an allen anere Gemengen iwwer 3.000 Awunner nom Proporzsystem gewielt ginn. Et wäert dann och nach just eelef Leit am Gemengerot ginn.

Dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, gëtt der Fusioun déi néideg legal Basis. Et regelt d'Iwwergangsbestëmmungen, sou wéi se zwëschen de Gemengen ausgeschafft goufen, an déi finanziell Ënnerstëtzung vum Stat, déi dëse Prozess begleet. Konkret sinn dat 6,896 Milliounen Euro. Mompech a Rouspert hu beschloss, dës Suen ze investéieren an eng Rei vu Projeten, déi scho geplangt sinn oder amgaang si realiséiert ze ginn. An dës Sue sollen och genotzt ginn, fir d'Scholde vun deenen zwou Gemengen ze reduzéieren. Domat steet déi nei Fusiounsgemeng dann och op ganz zolitte finanzielle Féiss.

D'Sue sinn awer net dat eenzegt Argument, wat d'Gemengen dozou beweegt huet, fir sech zesummenzedinn. Si hu sech zu dësem Schrëtt entschloss zu engem Zäitpunkt, wou de Stat säi finanzielle Beitrag am Verglach mat de Jore virdru scho reduzéiert hat. D'Haaptargument war sécher d'Méiglechkeet, fir méi eng effizient Verwaltung kënnen opzebauen, wou net alles duebel muss besat sinn, a fir de Bierger allgemeng méi attraktiv Servicer kënnen ze bidden.

Dat betrëfft ganz ënnerschiddlech Beräicher wéi d'Mobilitéit, de Sport an d'Kultur, mä och um wirtschaftleche Plang sinn nei Synergië méiglech. Rouspert-Mompech wäert vum Territoire hier déi gréisst Gemeng am Bezierk Oste ginn, mat deene gréisste Bëscher am Land. Dorauser ergi sech Chancë fir eng nohalteg Notzung vun de Bëscher an entspriechenden ekonomeschen Aktivitéiten. Dee rurale Charakter an déi kuerz Distanzen zu méi urbanen Zentre maachen d'Gemeng Rouspert-Mompech och fir den Tourismus ganz attraktiv.

Kuerz gesot, Rouspert a Mompech hu vill gemeinsam Pläng, déi sécher positiv Auswierkungen op d'Liewensqualitéit vun hire Bierger wäerten hunn. Vu dass d'Kommissioun de Rapport eestëmmeg ugeholl huet, hoffen ech, dass dës Fusioun och hei am Plenum d'Zoustëmmung kritt. D'LSAP wäert dat op alle Fall maachen.

12) la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale,

13) l'article L.622-18 du Code du travail

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Gilles Baum*
- *Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval (M. Lex Delles pose une question), Mme Tess Burton, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Claude Meisch)*
- *Prises de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire (Mme Sylvie Andrich-Duval pose des questions), M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 7079 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

2. de la loi du 13 juillet 2006 portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

3. de la loi du 16 mars 2007 portant 1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue 2. création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation;

4. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;

5. de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle;

6. de la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance;

7. de la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves;

8. du Code de la Sécurité sociale

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Claude Lamberty*
- *Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, Mme Tess Burton, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Claude Meisch et M. Nicolas Schmit, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech maachen d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Neen, Här President.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Ech ginn Akt dovun, Merci, Här Minister. Soudass ech direkt un den éischte Punkt wëll kommen.

2. Discours à l'occasion de la commémoration du 150e anniversaire du traité de Londres

Dir wësst, dass haut e bedeitenden Dag fir Lëtzebuerg ass an dofir erlaabt mer am Numm vun der Chamber, vun Iech alleguerten, dozou e puer Wierder wëllen hei un Iech ze riichten an och un d'Lëtzebuerger alleguerten, déi hei am Land doheem sinn.

Viru genee 150 Joer, den 11. Mee 1867, ass e Vertrag ënnerschriwwe ginn, ouni deen et dat Lëtzebuerg vun haut net géif ginn. Et ass e wichtegen Datum fir eist Land. Déi politesch Zukunft vu Lëtzebuerg war 1866 nom Krich tëschent Preussen an Éisträich ongewëss. Eist Land, mat senger mächteger Festung, ass an den Zentrum vun europäesche Streidereie geroden. Duerch d'Konferenz an den Traité vu London vun 1867 sinn d'Rechter vum Haus Oranien-Nassau zu Lëtzebuerg an den Neutralitéitsstatut festgehale ginn. Déi preisesch Garnisoun gouf ofgezunn an d'Mauere vun der Festung bis 1883 ofgerappt.

Vun do un huet d'Stad Lëtzebuerg, mä och d'Land sech no baussen opgemaach. De Grand-Duché ass en oppent Land ginn an huet sech entwéckelt. Déi oppe Grenzen hunn eis guttgedoen a sinn och haut gutt fir eis an eist Land. An dofir solle mer eis och an Zukunft fir dëse wichtege Grondprinzip staarkmaachen.

Fir sech e konkret Bild vun deem Traité a senge Konsequenze fir Lëtzebuerg kënnen ze maachen, fannen am Moment zwou interessant Ausstellungen am Lëtzebuerger City Museum an am Musée Dräi Eechelen statt, wou Der natierlech all häerzlech invitéiert sidd, fir do deelzehuelen.

Domadder kommen ech dann op den eigentlechen Ordre du jour vun haut. Mir hunn nach zwee Gesetzer haut ze debattéieren. Eisen éischte Punkt vum Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 6787 iwwert d'Organisatioun vun der Maison de l'orientation. D'Riedezäit ass festgeluecht ginn op de Modell 1. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Sylvie Andrich-Duval, d'Tess Burton, de Claude Adam an de Fernand Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

3. 6787 - Projet de loi

ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation et modifiant

1) la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du Centre de psychologie et d'orientation scolaires,

2) la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques,

3) la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement (Titre VI: De l'enseignement secondaire),

4) la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée,

5) la loi modifiée du 2 décembre 1987 portant réglementation de la médecine scolaire,

6) la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue,

7) la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote,

8) la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle,

9) la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental,

10) la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers,

11) la loi du 21 juillet 2012 portant création du Sportlycée,

12) la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale,

13) l'article L.622-18 du Code du travail

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Gilles Baum *(DP), rapporteur.*- Villmools Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi schoulesch a professionell Organisatioun ass oft e wichtegt Tëschesteck, dat zwou Etappen am Liewe vun engem Mënsch matenee verbënnt. Et ass oft e Jugendlechen, dee wärend senger Schoulzäit net ëmmer direkt weess, wat hien no sengem Ofschloss soll maachen a sech vill Froe stellt: Soll ech direkt schaffe goen? A wa jo, wat? Soll ech éischter en Handwierk léieren? Soll ech op eng Bank goen? Oder soll ech vläicht nach weider studéiere goen?

Dat si Froen, déi ganz vill Jugendlecher sech stellen. A fréier war et net anescht. Mä hautdesdaags, wou d'Offer u Formatiounen ëmmer méi spezifesch a méi diversifizéiert gëtt, riskéiert een, heiansdo den Iwwerbléck ze verléieren. Et sinn immens wichteg Froen, well wann ee bis seng Richtung fonnt huet, schléit een oft e Liewenskapitel op a geet nei Weeër, ob dat elo am Beruff ass oder weider an der Schoul.

D'Orientatiounsservicer op deene verschiddenen Niveaue kënnen an där Zäit dem Jugendlechen hëllefen, seng Interêten ze entdecken, hie beroden an hien awer och iwwer seng Méiglechkeeten opklären. Déi ganz Orientatioun muss awer an engem gudden Zesummespill vun deene verschiddenen Akteure fonctionnéieren. Mir brauchen net nëmmen eng gutt Koordinatioun a Kooperatioun tëschent de Servicer, mä mir brauchen och eng kloer definéiert Strategie, a wéi enge Beräicher mir orientéieren.

Et geet eben net duer, an eise Schoulen ëmmer méi spezifesch op d'Talenter vun eise Schüler anzegoen an déi ze förderen, wa mir net gläichzäiteg derfir suergen, dass dës geziilt Förderung dem Schüler spéider am Beruff oder op der Uni zeguttkënnt. Dëst ass wichteg, fir engem spéideren Echec an och dem Décrochage scolaire entgéintzewierken.

Déi schoulesch a berufflech Orientatioun betrëfft awer net nëmmen déi Jugendlech, neen, och Erwuessener kënnen oder si musse souguer heiansdo sech anescht orientéieren a weiderbilden. Och si kënnen an deem Fall selbstverständlech vun de Servicer profitéieren, fir Informatiounen iwwer hir Méiglechkeeten ze kréien. Dee sougenannten „Lifelong-Learning-Prozess" spillt bei dësem Gesetz och eng wichteg Roll.

Här President, d'Wichtegkeet vun enger performanter Orientatioun ass net eréischt elo erkannt ginn, an awer wäert dëse Projet de loi dozou bäidroen, eis Ustrengungen an deem Beräich ze bündelen an eis domadder besser fir d'Zukunft opzestellen. Wann ech soen, dass d'Iddi vun enger gelongener Orientatioun net nei ass, dann denken ech virun allem un d'Resolutioun vum Conseil européen vun 2005, déi am Kader vun der Lissabonner Strategie d'Memberlänner dozou opgefuerdert huet, sech Gedanken ze maachen iwwer eng gelongen Orientatioun op allen Niveauen.

2007 huet den Educatiounsministère dofir de Forum Orientation chargéiert, ee Konzept an eng national Strategie auszeschaffen. Och d'Maison de l'orientation, iwwert déi mer de Mëtte schwätzen, fousst op deenen Iwwerleeungen an ass sécherlech e Schratt an déi richteg Richtung gewiescht.

Här President, 2012 huet d'Maison de l'orientation an der Stad op der Stäreplaz hir Dieren opgemaach. Zënterhier sinn ënner engem Daach verschidde Servicer ënnerbruecht, déi eppes mat Orientatioun vun de Jugendlechen an Erwuessenen ze dinn hunn. Et sinn dëst d'ADEM, d'Cellule d'accueil scolaire pour élèves nouveaux arrivants - CASNA ofgekierzt -, de Centre de psychologie et d'orientation scolaires - de CPOS -, eng Antenn vun der Action locale pour jeunes an och eng Antenn vum Service national de la jeunesse, vum SNJ.

Mat dem Projet de loi 6787 iwwert d'Maison de l'orientation setze mir gréisstendeels dat ëm, wat am Rapport vum Forum Orientation festgehale ginn ass. Dësen Text gëtt näämlech der schoulescher a berufflecher Orientéierung e legale Kader. En definéiert d'Maison de l'orientation als Guichet unique an als gemeinsam Plattform fir déi vill verschidden Akteuren.

Soumat soll d'Maison de l'orientation dann an Zukunft déi alleréischt Ulafstell gi fir alles, wat déi schoulesch a berufflech Orientatioun ugeet, dëst souwuel fir eenzel Persoune wéi och fir Institutiounen, Servicer oder Associatiounen. Dëst erlaabt eng méi eenheetlech a méi eng

kohärent Kommunikatioun a vermeit domadder, dass divergent Messagen no bausse gedroe ginn. Et wäert och gemeinsam standardiséiert Informatiounsmaterial ausgeschafft an ugebuede ginn, dëst baséierend op Etüde vun der Aarbechtswelt. Och wäert ee Programm fir Aktivitéite fir Informatiounen a Sensibilisatioun vun der Aarbechtswelt op d'Bee gesat ginn.

D'Maison de l'orientation wäert och de Leit, déi am Beräich vun der Orientatioun schaffen, Modullen ubidden, fir sech an deem Beräich weiderzebilden. Zudeem soll d'Maison de l'orientation och beim Ausschaffe vum Cadre de référence fir d'Schoulen hëllefen.

De Projet de loi gesäit och d'Schafe vun engem Service de coordination vir, deen, wéi den Numm et seet, d'Missioune vun der Maison de l'orientation mat den Akteure soll koordinéieren, fir eng Kohärenz an der Demarche ze assuréieren. Dëse Service representéiert zugläich d'Maison de l'orientation no baussen a këmmert sech ëm d'Publikatiounen an Informatiounscampagnen. Dëse Service geréiert awer och d'Lokalitéite vun der Maison de l'orientation, en organiséiert den Empfang vun de Leit, déi an d'Maison de l'orientation kommen, e suergt fir eng Concertatioun tëschent de privaten an den ëffentlechen Akteuren, e koordinéiert d'Participatioun un internationalen an europäesche Projeten an e schaaft de Referenzkader, un dee sech alleguerten d'Akteuren um Terrain mussen halen.

Responsabel fir dee korrekte Fonctionnement vun dësem Service ass en Direkter, deen op Propositioun vum Conseil de Gouvernement vum Grand-Duc genannt gëtt. Hie vertrëtt dann zugläich de Service géintiwwer vun den Akteure vun der Maison de l'orientation wéi och an der Relatioun mat deenen aneren Akteure vun dobaussen.

De Projet de loi gesäit och d'Schafe vum Forum Orientation vir, deen d'Commission nationale de l'information et d'orientation ersetzt. Dëse Forum soll am Fong d'Aarbechte vum Groupe de travail vun 2007 weiderféieren a verdéiwen. Dee Forum huet u sech méi eng strategesch Approche a soll d'Regierung a Saachen Orientatioun beroden a si och op Lacunnen an der Offer opmierksam maachen.

An d'Kompositioun vun deem Forum Orientation ass ongeféier déiselwecht wéi 2007, mat deem Ënnerscheed, dass nach ee Representant vun der Elterevertriedung, ee vun der Conférence nationale des élèves, ee vun der Studentevertriedung an den Direkter vum Service de coordination dobäi sinn. Et sinn also ganz ënnerschiddlech Leit, mat ganz verschiddene beruffleche Backgrounden an Erfahrungen, déi hei sëtzen, fir mat un enger nationaler Orientatiounsstrategie ze feilen an hiren Avis dozou bäizedroen.

Här President, ech komme bei e weidere Punkt vun dësem Projet de loi, nämlech d'Modifikatioun vum Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën. D'Iddi, fir de Schoulen, de Lycéeë méi Autonomie ze ginn, fënnt sech och am Beräich vun der schoulescher a berufflecher Orientatioun erëm. D'Schoule sollen an Zukunft eegen Orientatiounsdemarchen entwéckelen, déi hirer Schoulpopulatioun ugepasst sinn an deene spezifesche Besoine vun der Schoul entspriechen.

De Lycéesdirekter wäert dofir eng Cellule d'orientation an d'Liewe ruffen, déi déi definéiert Orientatiounsdemarche vum Lycée soll an d'Realitéit ëmsetzen an natierlech och suivéieren.

Fir eng Kohärenz um nationale Plang ze behalen, muss dës Demarche allerdéngs dem Cadre de référence entspriechen. Dëse gëtt, wéi gesot, an Zesummenaarbecht vu verschiddene Servicer ausgeschafft a schliisslech vum Minister arrêtéiert.

E weidere Punkt betrëfft de CPOS, de Centre de psychologie et d'orientation scolaires. Duerch d'Missioune vun der Maison de l'orientation an duerch d'Schafe vum Service de coordination änneren d'Missioune vum CPOS. An dëse gëtt dann och dofir an „Centre psychosocial et d'accompagnement scolaires" ëmbenannt. Hie behält allerdéngs seng Roll als Zentrum fir psychosozial Ressourcë fir de Lycée a komplettéiert natierlech weiderhin d'Betreiungsoffer. Och d'Roll vum Médiateur scolaire bleift bestoen.

De CPSAS setzt den nationale Referenzkader op déi reell Begebenheete vum jeeweilege Lycée ëm. En assuréiert och d'Zesummeschaffe vun deene verschiddene Servicer am psychosoziale Beräich, an de CPSAS suergt derfir, dass ee kann eng optimal Prise en charge vun de Kanner leeschten, wa se Léierschwieregkeeten hunn oder wa se psychesch Schwieregkeeten hunn, a virun allem schafft de CPSAS och am Beräich vun der Präventioun.

Dëse Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires geréiert och d'Demanden, fir verschidde Bourssen an Usproch huelen ze kënnen. Déi éischt Bourse ass eng Bourse fir Stéit mat manner Suen, déi een oder méi Kanner an de Lëtzebuerger Lycéeën hunn. Dës Subventioun ass haaptsächlech dofir geduecht, fir Schoulmaterial ze kafen a verschidde Fraisen ze decke fir Aktivitéiten, déi ausserhalb vun der Schoulzäit stattfannen. De Montant gëtt unhand vu verschiddene Kritäre gerechent, wéi zum Beispill d'Zesummesetzung vum Stot, d'Unzuel vun de Kanner an natierlech och d'Akommes vum Stot. De Maximum läit hei bei 1.500 Euro d'Joer.

Eng zweet Subventioun, dat ass d'Subvention de maintien scolaire. Si betrëfft erwuesse Schüler, déi eleng wunnen a Loyer bezuelen. Si mussen awer zudeem vun engem Service betreit ginn, deen am psychosoziale Beräich täteg ass. Fir si finanziell ze ënnerstëtzen, fir d'Schoul net ofzebriechen, kënne si do bis zu 1.500 Euro de Mount zougesprach kréien.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat do war elo e kuerzen Iwwerbléck iwwert dëse Projet de loi. Fir weider Detailer wéilt ech lech gären op de schréftleche Rapport verweisen.

Mir kruten och eng ganz Rei Avisen eran: den Avis vun der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, der Chambre des Métiers, der Chambre de Commerce. Déi verschidde Chambres professionnelles hu sech gréisstendeels zefridde gewise mat dësem Gesetz, och wann et verschidde Reserve goufen. Fir weider Informatioune roden ech lech, wéi gesot, e graffe Resumé vum Rapport ze liesen.

Da wéilt ech awer net ofschléissen, Kolleeginnen a Kolleegen, ouni eiser ganz, ganz äerdeger Sekretärin aus der Educatiounskommissioun, der Madamm Joëlle Merges, Merci ze soe fir hir ganz gutt Aarbecht an hir Ënnerstëtzung, an och dem Här Metz vum Educatiounsministère.

Ech wëll awer och hei déi ganz gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun ervirsträichen. Op Urode vun der Madamm Sylvie Andrich, déi elo wahrscheinlech no mir wäert schwätzen, hu mir, och wann et juristesch net onbedéngt noutwendeg gewiescht wär, an alleguerten den Texter, an alleguerten de Gesetzestexter, wou de CPOS nach drastoung, dësen Text ersat duerch Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech muss lech soen, ech si frou, dass de legislative Prozess vun dësem Gesetz elo op en Enn kënnt. An ech géif mech iwwer eng breet Zoustëmmung vun Ärer Säit freeën. An ech ginn elo schonn den Accord vun der Demokratescher Partei.

Une voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci dem Rapporteur Gilles Baum. An effektiv, als éischt Riednerin ass déi honorabel Madamm Sylvie Andrich-Duval agedroen. Madamm Andrich-Duval, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- Merci, Här President. „Jiddwereen ass e Genie, mä wann Der e Fësch op seng Capacitéite jugéiert, fir op e Bam ze klammen, mengt e säi ganzt Liewe laang, e wier domm." En iwwersat Zitat, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, vu kengem anere wéi vum Albert Einstein!

Dat beschreift ganz gutt d'Ausgangssituatioun an der Schoul- a Beruffsorientatioun a wisou Handlungsbedarf an dësem Beräich besteet. Zënter 2000 hunn d'OECD - déi europäesch Organisatioun fir wirtschaftlech Kooperatioun an Entwécklung - an d'Europäesch Kommissioun Iwwerleeungen do ronderëm lancéiert, mam Akzent op enger Strategie vun der liewenslaanger Orientéierung an dem Lifelong Learning. Dat an engem Kontext vun engem ëmmer méi schnell wiesselnden Aarbechts- a Wirtschaftsëmfeld. Och de Statsrot huet a sengem Avis vum 21. Dezember 2007 zur Reform vun 2008 vun der Beruffsausbildung fir en eegent Gesetz mat enger globaler Reform plädéiert.

Ënnert dësen Impulsen huet den Aarbechtsgrupp Forum Orientation, wéi scho gesot, 2010 eng national Strategie ausgeschafft. Esou ass ënnert der viregter CSV/LSAP-Regierung 2012 d'Haus vun der Orientatioun an d'Liewe geruff ginn, ee Guichet unique fir déi schoulesch a berufflech Orientatioun, deen elo eng legal Basis kritt.

De Rapporteur, deem ech e grousse Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, huet eis och elo alles am Detail erkläert.

Leider läit eis keng Evaluatioun vum Fonctionnement vun der jëtzeger Maison de l'orientation vir, wat dem Projet de loi eng aner Assise ginn hätt. D'CSV begréisst awer deen neie gesetzleche Kader an huet, wéi ëmmer, kriteschkonstruktiv matgeschafft. Och am CSV-Wahlprogramm ass ënner anerem virgesinn, fir der Maison de l'orientation eng legal Basis ze ginn, mam Wonsch, d'Schoul- an d'Beruffsorientatioun, d'Berodung vun de Jonken an Erwuessene verstäerkt ze regionaliséieren, wat jo heimat méiglech gëtt.

Och d'CSV hat geplangt, fir de CPOS an d'SPOSen, also de Centre an d'Services de psychologie et d'orientation scolaires ze reforméieren.

Mir ginn eis eng Definitioun vun enger liewenslaanger Orientatioun, déi also ëmmer nees soll un d'Evolutioun vun dem jonke Mënsch, deem seng Perséinlechkeet eruwiisst, ugepasst ginn. Och bleift haut kaum ee säi ganzt Liewe laang op därselwechter Aarbechtsplaz, well dat wirtschaftlecht Émfeld evoluéiert schnell a fuerdert Flexibilitéit.

Wéi orientéiere respektiv ausbilde fir d'Besoine vun der Wirtschaft, dobäi d'Kompetenze förderen an déi perséinlech Liewenserfëllung erméiglechen? Wéi d'Schoulversoen an d'Schoulofbriechen an de Grëff kréien? Wéi d'Leeschtungsmotivatioun steigeren?

Fir dës Challengen unzegoen, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hätt d'CSV sech eigentlech eng méi konsequent Reform erwaart. Mä et ass e Schratt an déi richteg Richtung.

Dofir eng Rei Remarquen a Froen, éischtens zu der Demarche vun der Orientatioun, zweetens zur Ëmstrukturéierung vun dem jëtzegen CPOS an de SPOSen an drëttens zum Konzept vum Haus vun der Orientéierung.

Éischtens zur Orientatioun. D'CSV deelt d'Meenung, dass méi op d'Stäerkte vun de Schüler an den Erwuessene muss opgebaut ginn. Hir Orientéierung soll duerch eng besser Profillerstellung méi geziilt organiséiert ginn, ewech also vun der Orientatioun no ënnen. D'Joer doubléieren, e Beruff net kënne léiere weinst engem Fach gëtt en zolitte Krack an d'Selbstvertrauen an och an d'Motivatioun vun dem Betraffenen.

D'Orientéierung, déi mer haut wëlle verbesseren, ass Deel vun enger Gesamtorientéierungsdemarche, déi bekanntlech schonn am Fondamental ufänkt. D'Orientéierungsprozedur beim Iwwergang vum Fondamental zum Secondaire gouf viru Kuerzem reforméiert. Dat éischt Gespréich iwwert d'Orientéierung vum Kand gëtt virverluecht. Beim individuelle Gespréich mat den Elteren am drëtten Trimester um Enn vum Cycle 4.1 schwätzt den Enseignant schonn eng éischte Kéier iwwert déi verschidden Orientatiounsméiglechkeete fir de Schüler. En informéiert och iwwert déi divers Schoulofferen nom Fondamental. Um Enn vum Cycle 4.2 decidéieren d'Elteren dann zesumme mam Enseignant, wouhin d'Kand orientéiert gëtt.

Kann den Här Minister mer vläicht soen, ob do déi Professeur-orienteuren, déi am Cycle 4.1 sollen déi verschidde Schoulofferen do presentéieren, schonn dëst Joer aktiv waren?

An eng weider Fro ass, ob een net sollt och d'Orientatioun fir d'Kanner, also ORICA, och nach méi praxisno kënne gestalten a reelle Betribsatelieren, net nëmmen an de Lycéeën, esou wéi zum Beispill bei der Handwierkerkummer zu Tréier.

Bei der Preparatioun vun der Orientatiounsdecisioun behält de Psycholog vum CPOS, wa gewënscht, nieft dem Titulaire seng Wichtegkeet. Och wann d'Eltere sech net eens si mam Enseignant, huet en neutrale Psycholog vum CPOS eng berodend Roll um Niveau vun där neier Orientatiounskommissioun. D'CSV fënnt et jo scho bekanntlech net gutt, dass de Recoursexamen ofgeschaaft ginn ass. D'Elteren hunn nach just d'Méiglechkeet vun engem direkte Recours beim Verwaltungsgeriicht, wat an eisen Aen ze vill Nodeeler huet.

Här President, d'Zuele weisen, dass an de leschte Joren ëmmer manner Schüler an de Classique orientéiert ginn. Si leien nach bei engem gudden Drëttel. Do gëtt et och regional Ënnerscheeder, esou de Bildungsbericht vun 2015. D'Chancë fir d'Schüler aus den Nordgemengen, fir an de klassesche Lycée orientéiert ze ginn, leien däitlech méi niddreg, ënner anerem bedéngt duerch de sozioökonomeschen Hannergrond, eng Analys, déi muss verdéift ginn.

D'Orientatioun um Niveau vum Secondaire, déi haut och reforméiert gëtt, ass schonn an déi geplangte Reform vum Secondaire matagebett ginn. Dat heescht, dass all Lycée net nëmme seng eege Schoul- a Beruffsorientéierung muss ab der Rentrée 2017 definéieren, mä si soll och am zukünftege Schoulentwécklungsplang festgehale ginn. All Lycée kritt do seng Orientéierungsunitéit. Dëst ouni d'Kompetenze vum Conseil de classe ze beréieren, dee jo och en Orientéierungsavis ofgëtt.

Haaptsächlech am ënneschten Zyklus vum Technique soll laut Reform eng méi differenzéiert Approche agefouert ginn: e gemeinsame Cours op Septième, op Huitième, Neuvième Coursen an den Haaptfächer um Basisniveau an um fortgeschrattenen Niveau, déi de Stäerkten an de Schwächte vun de Schüler besser Rechnung droen, äänlech wéi de PROCI-System, dee sech an den „Projet Cycle-inférieur"-Klasse bewäert huet.

Am Classique soll sech net vill änneren. D'Fro ass, ob dat och gutt esou ass. An den Ae vun der CSV dierf de jonke Mënsch op jidde Fall net irreversibel un der Orientatiounsdecisioun um Enn vum Fondamental festgeneelt bleiwen. Brécke musse gebaut ginn tëschent de verschiddenen Unterrechtsformen, dem Secondaire technique an dem Classique an och dem Régime préparatoire. Et ass dëst net nëmmen eng Encadrementsfro, mä och eng Mentalitéitsfro par rapport zu de Schüler. Dozou gëtt et jo och verschidde gutt Initiativen an den technesche Lycéeën.

An do wëll ech als besonnesch modellhaft zitéieren: de Projet vum LTE, dem Lycée technique vun Esch, an en äänleche gëtt et och am Lallenger Lycée technique LTL. Et ass näämlech am schwieregsten, fir vum Technique an de Classique ze wiesselen. Duerfir filtert den LTE zënter dem Schouljoer 2015-2016 mat Succès déi méi staark Schüler eraus. Si schaffe verschidde Schwéierpunkten op am drëtten Trimester vu Septième a ginn dann extra encadréiert, fir op eng méi héich Unterrechtsstuf orientéiert ze ginn. D'Eltere gradesou wéi och de Klasserot ginn enk do matabezunn an d'Schüler si vill méi motivéiert, well se valoriséiert ginn an net duerch d'Schoulversoen no ënnen orientéiert ginn.

D'Orientéierung op der Neuvième technique an der Quatrième classique bleift awer weider e kruziale Moment fir déi jonk Schüler. De Schüler muss sech eng ganz Rei Froe stellen: Wat fir ee Wee ass dee richtege fir mech? Passt dee Beruff zu mer? Wat fir eng Zukunftschancen huet e bestëmmte Beruff oder eng Beruffsspart? Als Entscheedungshëllef gëtt et elo schonn a ville Lycéeë flott Initiative wéi d'Jobdeeg, d'Beruffsinformatiounsdeeg oder d'Jobfoiren.

Interessen- respektiv Soft-Skills-Tester mussen d'Lycéeë sech awer selwer beschafen. Wier et net um Ministère, fir esou Material zur Verfügung ze stellen? Well am Beruffsliewe sinn och d'Liewenskompetenzen, also d'„life skills", wichteg an net nëmmen déi fachlech Kompetenzen, „career management skills".

Fir et mam franséische Philosoph a Soziolog Edgar Morin ze soen: «L'intelligence, ce n'est pas seulement ce que mesurent les tests, c'est aussi ce qui leur échappe.»

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den nationale Referenzkader an der Schoul- a Beruffsorientéierung vun dem Secondaire kritt haut och eng legal Basis. D'CSV hat méi wéi eng Kéier no deem Konzept gefrot, dee mer awer du jo nach virun der haiteger Ofstëmmung an der Chamberskommissioun presentéiert kruten.

Domat ginn d'Standarde gesat, fir déi Orientéierungsdemarche an all Lycée inhaltlech a qualitéitsméisseg ze verbesseren. Ech felicitéieren och all deene Lycéeën, déi zesumme mat der Maison de l'orientation an dem SCRIPT an och de SPOSen an dem CPOS aus engem Pilotprojet eraus dëse Referenzkader op d'Bee gestallt hunn. D'Evaluatioun a fënnef Joer soll genotzt ginn, fir déi néideg Upassungen ze maachen.

Et ass ze hoffen, dass déi méi grouss Autonomie vun de Lycéeën, wat hir schoulesch Offer ugeet, d'Chancëgläichheet fir d'Schüler garantéiert, egal a wéi enger Regioun vum Land. Et wier zum Beispill net gutt, wa se an Ausbildungsberäicher vun hirer eegener Schoul géifen orientéiert ginn, fir d'Klassen do ze fëllen, well jo net all Schoul all Beruff léiert. De Schüler muss am Mëttelpunkt stoen.

Fir d'CSV ass et och kloer, dass déi optimal Vermëttlung vun de Betraffenen no baussen an d'Betribswelt zesumme mat privaten oder ëffentleche Partner duerch Betribsbesichtegungen a Stagen net dierf ofhängeg si vum Site vun der Schoul. Besonnesch Schüler aus Lycéeën am ländleche Raum riskéieren, vu kenger esou enger grousser Offer ze profitéieren, fir a Betriber schnupperen ze goen, wéi déi zum Beispill ronderëm d'Stad. Hei läit d'Entscheedung bei der Schoul, vu wéi engen Offere si

Gebrauch mécht. D'Uleies vun der CSV ass jiddefalls, dass all Schüler am Sënn vun der Chancëgläichheet dee gläichen Zougang garantéiert kritt zu enger diversifiéierter Orientatioun, egal a wéi enger Géigend e wunnt.

Et mécht Sënn, WorldSkills Luxembourg do matanzebannen. Begréissenswäert fir d'Elteren an d'Schüler aus dem Norden ass, dass bei de LuxSkills, den nationale Beruffsmeeschterschaften aus Industrie, Handwierk an Handel, eng regelrecht Beruffsorientéierungsfoire am Kader vun der Foire agricole an Aussiicht gestallt ass.

Den direkte Kontakt mat de Betriber erlaabt e wichtege Feedback, a wéi enge Sparten et u qualifizéierte Leit feelt a wéi eng Sparte sech also och zukünfteg opdinn, duerch zum Beispill d'Digitaliséierung.

Net ze vergiessen déi atypesch Beruffer. Wéi motivéiere mer méi Jonker, besonnesch och jonk Fraen, fir déi digital an technesch Beruffer, fir Mathematik a Wëssenschaften? Wéi interesséiere mer méi jonk Männer un de Beruffer aus dem educative Beräich an aus dem Schoulwiesen?

Diversitéit an eng besser Gläichstellungspolitik an de Betriber sinn entre-temps duerch Studien als eng wirtschaftlech Plus-value erwisen, rezent bestätegt och an der makroekonomescher Etüd vum European Institute for Gender Equality. Eng Orientatiounsdemarche, wou de Genre dauerhaft integréiert ass, fir d'Stereotypen ofzebauen, ass besonnesch effikass, och wann de Girls' a Boys' Day sécherlech seng Daseinsberechtegung behält.

Wéi kann een also verschidde Beruffer méi attraktiv maachen? Wéi d'Handwierk méi valoriséieren? Do sinn nach besonnesch vill Steng aus dem Wee ze rafen. An dat hu mer jo gëschter héiere bei der Interpellatioun vun der CSV iwwert d'Kleng- a Mëttelbetriber.

Net nëmmen déi schwaach Schüler dierfe schlussendlech do landen, well ebe fir si soss näischt méi bleift. Projete wéi de Luxembourg Science Center fir déi wëssenschaftlech Beruffer, d'Wanderausstellung Hello Future fir industriell Beruffer mat Méiglechkeet vu Schnupperstagen, d'Initiative vun der Handwierkerkummer oder den Talent Check vun der Chambre de Commerce si flott Initiativen, déi och kéinten an de Referenzkader matafléissen.

Beim Projet Schülermentoring M-ProJ ginn déi meeschtens ondecidéiert Schüler vun den ieweschte Klasse mat Succès begleet vun engem Mentor aus dem Wirtschaftsliewen. Si kréie gehollef fir de Choix an hirer Beruffsausbildung. Mä och d'Eltere spillen eng wichteg Roll, fir déi Jonk ze motivéieren, hiren eegene Wonschberuff ze fannen, an net onbedéngt deen, dee si sech selwer vläicht géife wënschen. D'Elteren, mengen ech.

Wat dann déi nei Cellule d'orientation ugeet, zwou Bemierkungen. Éischtens, wat Klärung brauch - d'CSV hat och drop higewisen -, ass den Aspekt vun den Dechargen, souwuel beim Koordinator vun der Cellule wéi beim Orienteur.

Zweetens begréisst d'CSV, dass, entgéint dem initialen Text, d'Zesummesetzung vun der Orientéierungszell erweidert gouf, well et ass e Must, dass deen neie SPOS an der Cellule d'orientation vertratt ass, och wann d'Lycéesdirektioun géif decidéieren am Kader vun der Lycéesautonomie, fir déi Orientatiounsunitéit net an de SPOS-Lokaler fonctionnéieren ze loossen.

Engersäits kann een déi Orientatiounsdemarche um Terrain net einfach esou kënschtlech trenne vun enger psychosozialer an educativer Betreiung a Begleedung, an anerersäits hunn d'SPOS-Equippen en immensen Know-how a vill Kontakter mat der Beruffswelt an all deene Joren opgebaut.

An domat, Här President, kommen ech op deen zweete Schwéierpunkt vu menger Interventioun: der Émstrukturéierung vun dem CPOS an de SPOSen. Ech erënnere kuerz drun. De CPOS gouf hei zu Lëtzebuerg instituéiert am Kader vum Mëttelschoulsgesetz vun 1965 zesumme mat der Fonctioun vum Psycholog, déi do éischtmoleg diskret Agang an d'Texter fonnt huet. De Beruff vum Psycholog ass historesch enk mat der Beruffsorientéierung verbonnen. De Gesetzgeber hat awer schonn 1929 erkannt, dass eng adequat Beruffsorientéierung no der Schoulflicht néideg wier. An den Institut Emile Metz war nach do virdru Virreider op deem Gebitt.

1973, duerch d'Gesetz vun der Ediff, dem differenzéierten Unterrecht, dee jo och grad amgaangen ass reforméiert ze ginn, koumen nei pädagogesch Beruffer derbäi: dee vum haitegen Éducateur gradué an Educateur, déi haut net nëmmen an der Schoul bei de SPOSen a beim Service socio-éducatif wichteg Missiounen erfëllen. Och Assistant-socialle sinn Deel vun den Equippen, grad ewéi d'Enseignanten.

D'Aufgabe vum CPOS an de SPOS ginn elo beschnidden, andeems hir bis dato Missioun vun Orientéierung un déi zukünfteg Cellule d'orientation fält an domat jo déi ganz Schoulcommunautéit agebonne gëtt. Mä si behalen, laut Gesetz, nach ëmmer eng Partie Orientéierungsaufgaben.

Wisou muss d'Wuert „Orientation" awer aus dem neien Numm gestrach ginn?, hat d'CSV hannerfrot. Wéi kann deen neien Numm dem Aspekt vun der educativer Begleedung och Rechnung droen? Froen, déi sech de Forum Orientation an d'Mataarbechter vum CPOS an de SPOSen och gestallt hunn.

D'Regierung war just mam Kompromiss „Centre oder Services psycho-sociaux et d'accompagnement scolaires" d'accord. D'Wuert „Accompagnement" koum also bäi. Engersäits goufen awer an dëse Servicer an de leschte Joren an enger Autoevaluatiounsdemarche immens Efforte gemaach, fir regelrecht Qualitéitsstandarden an der Orientatioun ze definéieren, mat Leitlinnen a Best-Practice-Approchen.

Anerersäits gouf d'Orientatioun op den Niveau vun enger klinescher Disziplinn gehuewen, wou de Schüler a senger Globalitéit als Persoun an der Interaktioun mat sengem Émfeld gekuckt gëtt. Ech verweisen och do op déi exzellent global Joresqualitéitsberichter vum CPOS.

Bal een Drëttel vun de Schüler, ronn 11.000, wende sech un d'SPOS an de CPOS. D'Orientatioun ass oft eng méi einfach Entréesdier, fir eng psychosozial Hëllef a Begleedung unzefroen. Dat gëllt fir en Drëttel vun de Jonken. Riskéiert de Schüler elo net, an der Schoul als Problemfall ofgestempelt ze ginn, wann en den Ophänker vun der Schoul- a Beruffsorientéierung net méi huet, fir de SPOS opzesichen?

Ausserdeem hunn déi vill psychosozial Aktivitéite vun de SPOS an dem CPOS och e positiven Effekt op d'Orientéierung vun de Schüler. Dausend Schüler, dat heescht 3%, ginn an d'Berodung bei de CPOS. Bei der Halschecht vun dëse psychosoziale Berodungsgespréicher si psychesch Problemer d'Ursaach. Mä de Schüler huet elo net méi de fräie Choix, fir sech direkt un de CPOS ze wenden, ausser a senger Schoul gëtt et kee SPOS. Dat ass just nach méiglech op Demande vun deem jeeweilege SPOS an am Fall, wou eng spezialiséiert psychosozial Énnerstëtzung gebraucht gëtt.

De CPOS gëllt awer als onofhängeg vum Schüler senger Schoul. Besonnesch am Fall, wou een e Problem hätt mat sengem eegene SPOS, ass dat eng wichteg Saach. D'Personal vun de jëtzege SPOS gëtt elo ënnert d'Autoritéit vum Lycéesdirekter gestallt. D'SPOS-Equippe baangen deelweis wéinst der Vertraulechkeet vun de Gespréicher mam Schüler zum Beispill am Fall vun engem Litige mat der Direktioun. D'Beruffsgeheimnis wier awer net a Fro gestallt, huet den Här Minister bestätegt, op Nofro vun der CSV.

Laut SPOS-Gesetz kënnen do effektiv jo Konklusioune vun engem Dossier weidergereecht ginn. An am héijeren Interesse vun deem Jonke muss och an der Schoul, grad wéi mat den externe Partner, zum Beispill mam ONE, dem Office national de l'enfance, vernetzt a koordinéiert geschafft ginn.

Opgrond vun der rezenter parlamentarescher Ufro Nummer 2641 vun der CSV huet sech erausgestallt, dass d'SPOSe leider net an all Lycée iwwert dat néidegt Personal verfügen, besonnesch an deene méi ale Lycéeën. Et gëtt och net ëmmer rigouréis opgefouert, wie fir de SPOS oder wie fir den educative Service schafft. Där gëtt et och net genuch. D'Chiffre stëmmen net mat deene vum Joresqualitéitsbericht vum CPOS iwwereneen. En plus gëtt d'SPOS-Personal net an den nationale Statistike vum Ministère gefouert, wat net ganz transparent ass.

Duerch d'Reform vum Secondaire ginn elo zousätzlech Posten accordéiert, awer nëmmen, wann d'Schoul eng kohärent Demarche fir déi psychosozial an educativ Aarbecht presentéiert. Dat geet an déi richteg Richtung. De CPOS ass amgaang, e Referenzkader fir déi psychosozial Begleedung auszeschaffen, ënnert deem d'SPOS-Leit dem CPOS weisungsgebonne bleiwen.

Ech wollt vum Här Minister wëssen, ënner wat fir engem Referenzkader awer elo déi Educateuren an Éducateur gradués vun dem Service éducatif géife schaffen. A wat geschitt och mat dem Personal aus dem CPOS, wat op de Volet Orientatioun spezialiséiert ass?

Och net kloer ass, wéi et mat der Missioun vum CPOS als Médiateur scolaire par rapport zum Projet de loi mam geplangte schoulesche Mediatiounsservice steet. Do geet rieds vun dräi Mediateuren: dee fir de Schoulverbleif, dee fir d'Inklusioun an dee fir d'Integratioun. Kann den Här Minister eis vläicht dozou eppes méi soen?

Déi sozial Missioun vum CPOS trëtt elo méi an de Vierdergrond duerch déi gesetzlech verankert finanziell Hëllefe fir sozial schwaach Familljen a fir erwuesse Schüler an Nout, déi riskéieren d'Schoul ofzebriechen. D'Bichergeld ass do mat dran. Vu dass d'Demande fir d'Subventioun vun de sozial schwaache Famillje mam Schouljoer agereecht gëtt, wollt ech awer wëssen, ob déi Familljen, wéi bis elo, eng Avance kéinte kréien, fir Schoulbicher ze kafen, fir eventuell finanziell Enkpäss ze vermeiden.

Wéi a vu wiem kréien d'Schüler, déi am Ausland an d'Schoul ginn, gehollef? Wéi a wou fannen déi erwuesse Schüler an Nout eng Wunneng? Wichteg jiddefalls ass, dass d'Konditioune vun den Hëllefen ofgestëmmt si par rapport zu deene vun aneren Énnerstëtzungen, zum Beispill der Loyersubventioun oder där vum ONE.

Bei der Lycéesreform kënnt deemnächst eng weider Missioun ënner anerem op d'SPOSen duer, mat der Schafung vun enger Commission d'inclusion scolaire an all Lycée. Si soll sech ëm Schüler mat speziellen a besonneschen educative Besoine këmmeren.

Wie këmmert sech dann, Här Minister, ëm deene Schüler hir Schoul- a Beruffsorientéierung? Dat schéngt mer nach net esou kloer. Déi ass aktuell net zefriddestellend, an och si dierf keen „way of no return" sinn, ouni Brécken tëschent de Schoulregimmer. Dat Ganzt gëtt jiddefalls e regelrechte Koordinatiounschallenge.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach e puer Remarquen zum Konzept an der Struktur vun der Maison de l'orientation. Do ass och elo schonn eng ganz gutt Aarbecht geleescht ginn, mä et huet u Koordinatioun gefeelt. An elo? Elo ginn d'Partner offiziell geografesch zesummegefouert, hu mer héieren. Awer net fonctionnel. Den Direkter ass just Chef hiérarchique vum Personal vum Service de coordination vum Haus vun der Orientéierung. En huet keng Autoritéit iwwert déi aner Partner. Bleift et net, wéi ee seet, en zahnlosen Tiger?

Am ofgekuckte Konzept vun der Cité des métiers fonctionnéieren déi Leit als regelrecht pluridisziplinär Equipp. Wichteg ass do e personaliséierten Accueil, dee besonnesch deene Jonke Loscht mécht, e beruffleche Wee ze wielen an opzebauen. Net ze vill Bürokratie also mat an der Schlaang stoen, kontaktfreedegt Personal an och en didaktesch gutt opgebauten Internetaccès. Hei ass de Moment nach Loft no uewen.

An deem Sënn si lokal Antenne vun der Maison de l'orientation ze begréissen. Mä wou Maison de l'orientation dropsteet, muss och Maison de l'orientation dra sinn! Dat ass zum Beispill net de Fall zu Dikrech, wou en Haus esou genannt gëtt, wou awer kee Service dran ass, dee mat Schoul- a Beruffsorientéierung ze dinn huet, wéi d'Geriicht, Führerschäin, Inspektorat a Jugendhausstruktur. Dëst entsprécht awer net der Definitioun vum virleienden Artikel 1,…

(Interruption)

…wat dann de Chef vun der Gemeng…

Une voix.- Net de Chef, de Buergermeeschter!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Jo!

(Interruption et hilarité)

M. Henri Kox, *Président de séance*.- Wann ech gelift! Wann Der eng Fro stellt, da frot de President!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Da kënne mer herno drop zréckkommen. Dofir wollt ech da froen, wéi dat ze gesinn ass.

Op der Finanzfiche vum Gesetzesprojet sti véier Mataarbechter, nei Mataarbechter, zwou Carrières supérieures an zwou Carrières moyennes. Ginn déi effektiv duer? An ass dee Budget och schonn ugefrot?

D'CSV war erstaunt, dass de Ministère schonn zënter 2015 eng Coordinatrice agestallt huet, ouni Ausschreiwung an ier d'Gesetz gestëmmt war. Si war esou diskret, dass een net weess, wat si konkret op d'Schinne gesat huet. Den Här Minister huet gemengt, dat misst och net déi zukünfteg Directrice ginn. An de Rekrutement géif zesumme mat der ADEM gemaach ginn.

Dofir wollt ech eigentlech froen: Ass entre-temps e Profill erstallt fir dee Posten? Wéi steet et do mat der Ausschreiwung? A wien ass konkret chargéiert mat dem Rekrutement an der Auswiel vun de Kandidaturen?

Dass d'ALJ, d'Action locale pour jeunes, haut am Kader vun engem anere Gesetzesprojet an den SNJ soll integréiert ginn, wërft an den Ae vun der CSV awer eng ganz Rei Froen op. Hir Bezéiunge mat der Beruffsausbildung gi gekappt a si verléiert hir Plaz an der zukünfteger Maison de l'orientation. De koordinéierten an individuellen Encadrement vun de Schüler an de Schoulofbriecher an an ausserhalb vum Lycée a virun allem wärend an ausserhalb vun de Schoulzäite riskéiert, zu engem Spagat ze ginn.

De CEDIES, de Centre de documentation et d'information sur l'enseignement supérieur, dee fir d'Héichschoul an d'Unistudien zoustänneg ass, misst och am selwechten Haus sinn, an net op enger anerer Adress. Och fält de Volet vun der Beruffsorientéierung, also dee Volet, dee vum Gesetz vum 18. Januar 2012 ofgedeckt ass, bekanntlech net ënnert de virleiende Gesetzesprojet. An d'Missioun vum Guichet unique ass heimat, sou och de Statsrot, deelweis a Fro gestallt.

Gëtt also den Zougang fir d'Schüler an d'Bierger zur Informatioun elo wierklech besser? Huet d'Regierung net och dru geduecht, fir den Infobüro vun der Arméi an d'Maison de l'orientation eranzehuelen?

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- An ass net och den Anschluss verpasst ginn, fir d'Initiative vun de Beruffschamberen, déi ech virdru genannt hunn, matanzebauen, anstatt dass se parallell lafen?

Schued, dass déi initial proposéiert Strategie vum Forum Orientation, deen och elo eng legal Basis kritt, zimlech verwässert gëtt. Éischtens hunn d'Erwuessenenorientéierung an den Apprentissage pour adultes net déi néideg Plaz am Konzept vun dem Haus vun der Orientéierung. Et besti keng Direktive fir si. Et ass kee Portfolio „Orientation" virgesinn, wou sämtlech Portfolioe vun där Persoun kéinte matafléissen.

Zweetens d'Formatioun. Och déi bescht Offeren an de Schoulen an an de Betriber notzen näischt, wann net all d'Akteuren, déi an der Orientatioun eng Roll ze spillen hunn, permanent um leschte Stand sinn. Mir hu verschidden Zorte vun Orienteuren, mat verschiddene Basisausbildungen: den Orienteur SPOS, den Enseignant orienteur, en plus de Conseiller en orientation vun der Beruffsorientatioun an dee vum CEDIES. Hir Formatioun a Weiderbildung ass awer net harmoniséiert an definéiert. Fir d'Orienteuren aus dem Haus vun der Orientatioun fale 16 Stonnen d'Joer un, fir d'Memberen aus der Cellule d'orientation aacht Stonnen, an de Koordinator vun der Cellule brauch net de Profill vum Orienteur.

Firwat net, wéi proposéiert, e professionellen Orienteursposte schafen an de Lycéeën, mat enger Definitioun vu senger Formatioun a sengen Aufgaben?

De Forum freet e Bachelor an enger Spezialisatioun an de Sozialwëssenschaften als Basisformatioun fir d'Vollzäitorienteuren. E proposéiert fir d'Enseignanten, déi dat deelzäit maachen, dat méi souple unzegoe mat Iwwergangsbestëmmunge fir déi aktuell Conseilleren. Ech verweisen och op deen däitsche Berodungsqualitéitsmodell BeQu-Konzept mat sengen interessanten Instrumenter fir eng Qualitéitsentwécklung vun der Beruffs-, Bildungs- a Beschäftegungsberodung. Et feelt also u Qualitéitsstandarden an engem Kompetenzprofill fir d'Orienteuren.

Drëttens, de fréizäitegen Encadrement vun de Schüler, déi an der Schoul versoen a riskéieren, d'Schoul ofzebriechen, grad wéi vun den diplomëierte Jonken, déi hire Beruffsstart verfeelen, ass net ginn. D'Zuel vun den Decrocheuren ass erschreckend héich. 2014-2015 waren et 13,5%. Dat heescht ronn 1.000 Schüler ouni Schoulofschloss, dorënner besonnesch vill Portugisen. Schüler mat Migratiounshannergrond stellen, nieft deene mat engem schwaache sozioökonomeschen Hannergrond, nach eng ëmmer méi grouss Erausfuerderung duer, net nëmmen um Niveau vum Unterrecht, mä och fir d'Orientatioun.

Beim Schoulofbroch intervenéieren eng ganz Rei Akteuren: De CPOS a bis an enger Stonn nach d'ALJ, den SNJ an och d'ADEM, d'Aarbechtsamt, mä entre-temps goufen och Projet-de-loien deposéiert ënner anerem fir d'Afëierung vun engem Mediateur, hat ech scho gesot, an och vun engem Observateur scolaire.

Mä wéini leet den Här Minister eis eng global an differenzéiert Strategie vir, no sengem Motto: „Eng Schoul, déi sech këmmert"? Gëtt déi gesetzlech verankert? A wéi steet et mat där scho fir Oktober 2016 ugekënnegter NEET-Etüd iwwer Jonk „not in employment, education or training"? Engem Zweschestand no wiere 5,8% vun de Jonken tëschent 15 bis 24 Joer betraff. Wéi steet et mat der Orientatioun vun de Jonken, déi hire Start an d'Beruffsliewe verpasst hunn?

Véiertens, a last but not least, si keng Experten aus dem wëssenschaftleche Milieu an de Strukture vertratt, déi de konzeptuelle Kader ausschaffen, zum Beispill am Forum Orientation. Ass eng Zesummenaarbecht mat Instituter vun der Uni an dësem Fall net ze vill minimalistesch?

Fazit: Et geet net duer, Här President, fir d'Stroossen all mateneen opzerappen an d'Stroossennimm ze änneren. D'Leit, déi op deene Chantiere schaffen, mussen dat och nach packen, an d'Leit, déi d'Stroosse benotzen, musse sech och nach an deem Labyrinth erëmfannen.

De Beweis, dass dat zum Chaos féiert, hu mer beim virleiende Gesetzesprojet gesinn. D'Regierung hat effektiv en onkomplette Projet de loi deposéiert, wou se net manner wéi zéng Gesetzesännerunge vergiess hat. Et war schlussendlech, de Rapporteur huet et gesot, d'CSV, déi op de Mëssel higewisen huet. De Projet huet awer doweinst nees eng Kéier misse vum Ordre du jour vun der Chamber erofgeholl ginn. An dat einfach als „administrative Feeler" duerzestellen, ass zwar och e bëssen einfach.

De Statsrot huet dat jiddefalls net esou gesinn. Mä „administrativ Feeler" sinn nun eemol Moud an der Gambia-Koalitioun.

Plusieurs voix.- Oh!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- D'Gesetz vun der Maison de l'orientation ass wuel…

M. Henri Kox, *Président de séance*.- Madamm Andrich, erlaabt Der eng Zwëschefro?

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Neen, de Moment net, ech sinn um Schluss vu mengen Ausféierungen, wann Der erlaabt, Här President.

D'Gesetz vun der Maison de l'orientation ass wuel e Schrack no vir. An den Ae vun der CSV hätt d'Regierung awer e puer Schrëtt méi wäit kënne goen. Et muss sech elo um Terrain erweisen, ob d'Regierung sech déi néideg Mëttel ginn huet. Anerefalls muss nogebessert ginn, am Sënn selbstverständlech vun eise Schüler a Schülerinnen. An domat ginn ech, Här President, den Accord vun der CSV-Fraktioun, fir dëst Gesetz matzestëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance*.- Madamm Andrich, erlaabt Der elo eng Zwëschefro, wann ech gelift, vum Lex Delles?

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Jo, Här Delles.

M. Lex Delles *(DP)*.- Merci villmools, Här President. Ech wollt just d'Madamm Andrich froen, ob se net Bescheed weess. Ech mengen, an der Kommissioun ass driwwer geschwat ginn. An natierlech och e Merci, dass et do opgefall ass. Et ass awer mat de Juriste ganz kloer ofgekläert ginn, dass et net néideg gewiescht wier, et op all deene Plazen ze änneren. Ech mengen, dat hu mer en long et en large mat de Juristen ofgekläert. Also, mengen ech, ass déi Remarque e bësse speziell.

(Brouhaha)

An der Kommissioun, d'Juriste waren do!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Ech ka jo äntwerten?

M. Henri Kox, *Président de séance*.- Selbstverständlech, Dir hutt nach e puer Riedeminutten.

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Jo. Ech wëll dem Här Delles dorop äntwerten, dass dat awer sécherlech keng gutt legistesch Aarbecht war. An ech mengen, et muss een awer eng Linn hu bei dem Ausschaffe vu Gesetzer. An do muss d'Chamber jo awer eng anstänneg Aarbecht leeschten. Da muss een eng Kéier virun allem festhalen, dass dat op all deene Plaze geännert ass, an am Virfeld eng Kéier soen. Mä dat do féiert zu engem Wirrwarr vu koordinéierten Texter, déi herno net klappen.

Merci.

M. Henri Kox, *Président de séance*.- Domadder soen ech Merci der Madamm Sylvie Andrich-Duval. Als nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton ageschriwwen. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

Mme Tess Burton *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann och ufänken an dem Rapporteur, dem Gilles Baum, Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

Sech um Aarbechtsmaart richteg orientéieren, ass net ëmmer einfach, virun allem déi Jonk wëssen net ëmmer, wat si no der Schoul am Liewe maache wëllen. Mä och Erwuessener decidéieren heiansdo fräiwëlleg, hir Carrière nei ze orientéieren, oder si leider dozou gezwongen, dat aus verschiddene Grënn.

Andeems mir haut der Maison de l'orientation eng gesetzlech Basis ginn an hir Missioune méi kloer definéieren, schafe mer eng Ulafstell, wou dës Leit kënne gehollef kréien, eng Ulafstell, déi d'Akteuren am Beräich vun der schoulescher professioneller Orientéierung op enger Plaz regruppéiert a wou déi Concernéiert souwuel Informatioune wéi awer och Rotschléi an e bessert Verständnis vun hiren eegene Kompetenzen offréiert kréien.

Mir wëllen natierlech kengem virschreiwen, wéi eng Aarbecht hie spéider am Liewe wëllt oder soll maachen. Fir eis als LSAP ass et wichteg, dass jiddweree selwer decidéiere kann, wat e fir eng Aarbecht wëllt maachen. Mir wëlle just, dass d'Leit hire Choix en toute connaissance de cause huelen. Wie sech op eng Aarbecht orientéiert, déi him Spaass mécht a fir déi hie Kompetenzen huet, wäert sech souwuel professionell wéi och perséinlech besser verwierkleche kënnen.

D'Welt vun haut ass näämlech méi komplex wéi d'Welt vu gëschter, an och d'Aarbechte ginn ëmmer méi komplex. Ëmsou méi wichteg ass et deemno, dass mer Méiglechkeete schafen, fir sech e kloert Bild vu senger berufflecher Zukunft maachen ze kënnen. Dat gëllt och virun allem am aktuelle Kontext, näämlech deem vun enger Aarbechtswelt am Wandel.

Duerch d'Digitaliséierung an d'Robotiséierung ännert sech d'Aarbecht vu muer. Mir musse virun allem déi Jonk dodrop opmierksam maachen an hinne Méiglechkeeten haut scho ginn, fir sech op dee Wandel ze preparéieren.

Här President, mir begréissen dofir d'Schafung vum Service de coordination an der Maison de l'orientation. Wéi de Rapporteur et scho gesot huet, garantéiere mer domat eng concertéiert a kohärent Approche am Beräich vun der schoulescher a professioneller Orientatioun. Virun allem erreeche mer domat, dass all d'Akteuren, déi an der Maison de l'orientation vertruede sinn, besser zesummeschaffen, zum Beispill, wann et drëm geet, fir hir Aktiounen ze koordinéieren an och fir Informatiounsmaterial openeen ofzestëmmen.

Och d'Schafung vum Forum Orientation, deen als Missioun huet, fir eng national Strategie auszeschaffen an d'Regierung ze beroden, wäert zu där Kohärenz am Beräich vun der schoulescher professioneller Orientatioun bäidroen.

Här President, mir begréissen och virun allem d'Schafung vun deene sougenannte Cellules d'orientation an de Lycéeën. Et sinn näämlech d'Leit um Terrain, déi am beschte wëssen an aschätze kënnen, wat d'Interessen an d'Kompetenze vun hire Schüler sinn. Hir Aarbecht ass ausschlaggebend, dat op all Niveau vun der schoulescher Lafbunn.

Wann déi Cellules d'orientation gutt fonctionnéieren, da bedeit dat eng konkret Verbesserung. Dës Strukture solle jo dem Lycée seng Demarchen am Beräich vun der Orientatioun festleeën a se un d'Schülerpopulatioun upassen. Dat mécht Sënn, well net all Lycée eng nämlecht homogen Schülerpopulatioun huet.

De Ministère huet dofir zesumme mat de concernéierten Akteuren e Referenzkader ausgeschafft, bannent deem d'Lycéeë sech bewege sollen an dee minimal Standarde fir d'Orientatiounsdemarchë vun de Lycéeë virgesäit. D'Membere vun deene Cellules d'orientation mussen dann och all Joer Formatioune maachen, fir d'Evolutioun um Niveau vun der Orientatioun ze suivéieren. Eis Hoffnung ass natierlech, dass mir et och fäerdegbréngen, mat deenen neie Cellules d'orientation den Décrochage scolaire erofzedrécken.

Här President, déi richteg Orientatioun ass och en Deel vun enger gelongener Integratioun. D'Schoul muss och deenen, déi nei am Land sinn, déi nämlecht Chancen a Perspektive garantéieren. An et ass gewosst, dass vill nei Schüler all Joer aus dem Ausland op Lëtzebuerg kommen. Déi grouss Erausfuerderung ass, fir all dës Jonker an ee fir si oft komplexe Schoulsystem ze integréieren, virun allem jo wéinst der Sproocheproblematik. Op wéi eng Schoulen a Sektioune mir dës Jonker orientéieren, spillt deemno eng wichteg, eng wesentlech Roll, fir hinnen déi beschtméiglech Formatiounen an och déi beschtméiglech Chancen am Liewen ze garantéieren.

An deem Kontext ass et immens wichteg, dass d'Familljen, déi hei am Land ukommen, iwwert déi verschidde schoulesch Offeren informéiert ginn, virun allem wat de Régime linguistique vun de verschiddene Schoulen zu Lëtzebuerg ugeet.

Här President, d'LSAP hat sech an hirem Wahlprogramm dofir agesat, dass och regional Antenne vun der Maison de l'orientation sollen an d'Liewe geruff ginn. Mir wollten dofir vum Minister héieren, wat an Zukunft op deem Niveau virgesinn ass.

An da wollt ech och dem Minister nach eng zweet Fro stellen. An zwar hat ech an enger Question parlementaire, déi ech 2014 un den Educatiounsminister gestallt hat, gefrot, wéi d'Zesummenaarbecht tëschent der Maison de l'orientation an den Associatioune vun Entrepreneure kéint verstäerkt ginn. Well grad gëscht hu mer nach heibanne vill iwwert den Entrepreneuriat geschwat, dass dëse promouvéiert an ënnerstëtzt misst ginn. Dofir wollt ech an deem Kontext de Minister froen, ob do an Zukunft nach weider Projeten zesumme mam Entrepreneuriat an der Maison de l'orientation geplangt sinn.

Här President, d'Orientatioun mécht sech awer net nëmmen an der Schoul, an der Schoul a fir Schüler, si ass och fir Erwuessener wichteg. Et war dofir déi richteg Decisioun viru fënnef Joer, fir och d'ADEM als Service an der Maison de l'orientation unzesidelen. Deemools hat de Minister Nicolas Schmit sech dofir agesat. Och an Zukunft wäert d'ADEM eng fundamental Roll spillen, fir d'Orientatioun vun den Erwuessenen an der Maison de l'orientation ze begleeden.

Ee Problem, deen de Moment nach besteet, ass, dass de Bekanntheetsgrad vun der Maison de l'orientation nach net esou grouss ass. Mir sinn der Meenung, dass nach Efforte kënne gemaach ginn, fir d'Visibilitéit vun der Maison de l'orientation ze verbesseren. Virun allem och den Internetsite vun der Maison de l'orientation soll ausgebaut ginn. Deen aktuelle Site ass net ganz iwwersiichtlech a misst mat Informatioune completéiert ginn.

E Wuert nach zum Schluss iwwert d'Subventiounen, déi am Kader vun dësem Gesetz agefouert ginn. Dat heite Gesetz gëtt der aktueller Praxis e klore legale Kader a schaaft deemno Transparenz. Mir hëllefen domat weider de Stéit, déi niddreg Revenuen hunn, andeems mer hinne bis zu 1.500 Euro d'Joer u Subventioune ginn, fir Schoulmaterial ze kafen an och fir u schouleschen an extraschouleschen Aktivitéiten deelzehuelen.

Mir hunn de Montant also liicht no uewen adaptéiert. Ëmmerhi profitéieren haut bal 5.000 Schüler vun där Hëllef.

D'nämlecht begréisse mer och den neie legale Kader fir d'Subvention de maintien scolaire fir Jonker iwwer 18 Joer, déi eleng liewen an déi mat psychosoziale Problemer konfrontéiert sinn. Hei mer souguer de Montant substanziell gehuewen.

Voilà, dëst gesot, Här President, ginn ech natierlech d'Zoustëmmung vun der sozialistescher Fraktioun fir dëse Projet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance*.- Merci der Madamm Tess Burton. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Adam. Här Claude Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech wollt virun allem no den Aussoen och vun der CSV-Spriecherin drun erënneren, datt mer awer hei iwwert de Projet 6787 de Mëtteg debattéieren an och ofstëmmen. Do geet et haaptsächlech drëm, datt mer enger Maison de l'orientation, déi et scho laang gëtt, endlech déi gesetzlech noutwendeg Basis ginn.

Mir hunn och de Centre de psychologie et d'orientation scolaires, deen nenne mer anescht, Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires, well mer do och e puer Änneerungen, déi d'Maison de l'orientation mat sech bréngt, dann och zur Kenntnis huelen. A mer hunn och, wéi d'Tess Burton och gesot huet, schonn zum Schluss elo nach eng Rei Subventioune gehuewen an och méi transparent gestalt.

Zu der Maison de l'orientation. D'Maison de l'orientation ass eng ganz laang Fuerderung vun der grénger Partei.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Mir waren a sinn der Meenung, datt d'Orientatioun vun eise Kanner a Jugendlechen ee vun deene ganz wichtege Pilieren an der Schoulpolitik duerstellt. Mir hunn natierlech och unerkannt, datt et eng ganz Rei Initiative ginn a gi sinn, déi sech mat der Orientatioun vun de Jugendlechen an der Schoul an an der Beruffsausbildung befaasst hunn.

Mir hunn - ech ziele just déi gréissten op - de Service d'orientation professionnelle vun der ADEM. Mir hunn de CPOS, op deen ech nach wäert ze schwätze kommen. Mir hunn de Service national de la jeunesse, deem seng Kompetenzen ëmmer méi ausgeweit ginn. Mir hunn, wéinstens nach bis de Mëtteg, d'Action locale pour jeunes, iwwert déi mer jo am Projet de loi 7079 haut nach ze schwätze kommen, déi mer an de Service national de la jeunesse integréieren. A mir hunn eng Agence nationale pour le programme européen d'éducation et de formation tout au long de la vie „Anefore", ech mengen, ënnert dem kuerzen Numm ass dat méi bekannt.

A wann Der nach gären Detailer wéisst, wat mer schonn alles u villfältegen Initiativen duerch d'ganzt Land organiséiert hunn, ech mengen, da liest nach eng Kéier d'Ried vun der Madamm Andrich no, déi war ganz detailléiert, vun alle méigleche Strukture vun Esch bis uewen an d'Éislek, déi mer am Beräich vun der Orientatioun hunn.

Wéi gesot, dës Strukture sinn eis all bekannt a mir sinn net méi wéi frou, datt elo endlech déi Maison de l'orientation de 27. Februar 2012 hir Dieren op der Stäreplaz opgemaach huet. Mir hunn also hei an engem Haus all déi gréisser Servicer regruppéiert, déi sech ëm d'berufflech Orientatioun vun deene Jonke këmmeren. Mä dat ass och schonn ze kuerz gegraff, well et geet jo hei och net nëmmen ëm déi berufflech Orientatioun, et geet nach doriwwer eraus. An och wann d'Offer sech un éischter Linn un déi Jugendlech wennt, da sollen awer och jonk Erwuessener an Erwuessener tout court hei net ausgeschloss ginn.

Dat hat dräi Avis complémentaires vum Statsrot gebraucht. Dat hat och dräimol en Ulaf gebraucht, bis datt mer d'Gesetz hei um Ordre du jour vun der Chamber haten. Mir haten och alleguerten an der Kommissioun der Madamm Andrich Merci gesot, datt se eng Ongereimtheet entdeckt hat. Dat hu mer alleguerte gemaach. An do ware mer och gudde Wëllens. Wann een da seet: „Dat ass d'Aart a Weis, wéi Gambia Gesetzer mécht", da fannen ech dat awer eng ganz schwaach Ausso vun enger CSV-Oppositiounspartei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Eng gutt schoulesch a berufflech Orientatioun ass wichteg. Do schénge mer eis jo alleguerten heibannen eens ze sinn, fir datt éischtens all Eenzelnen eng Plaz an der Aarbechtswelt fënnt, an zweetens sech och ka wuelfillen op där Plaz, déi e fonnt huet. Eng gutt Orientatioun hëlleft also, den Echec an den Décrochage scolaire, zwee Phenomeener, déi oft Hand an Hand ginn, ze reduzéieren.

Och wann et eis Zil muss sinn a bleiwen, den Echec an den Décrochage scolaire ganz aus der Welt ze schafen, wësse mer, datt mer dat Zil net wäerten zu 100% erreechen. Ze vill Facteure spillen do mat, fir datt eleng staatlech a parastaatlech Institutiounen alles kënne riichten. An der real existéierender schoulescher Welt ass een heiansdo mat esou schwierege Situatioune vun Netmotivatioun, Netrespekt, Netfläiss konfrontéiert, datt, wann dann och nach keng Ënnerstëtzung a keng positiv Hëllef vum Elterenhaus kënnt, eng Integratioun an d'Aarbechtswelt extrem schwéier ass.

Dat soll eis awer net dervun ofhalen, eis Beméiunge genausou oder nach méi intensiv weiderzefëieren. Dat ass d'Aufgab vun der Politik, an alle Beräicher. E Beispill aus dem Stroosseverkéier: De Minister Bausch muss sech als Zil setzen, null Verkéiersaccidenter ze hunn, och wann e weess, datt dat Zil, zumindest a senger Legislaturperiod, net ze erreechen ass. An de Minister Meisch muss sech och als Zil setzen, fir op null Schoulofbriecher hinzeschaffen, och wann dat eventuell net a senger Legislatur ze realiséieren ass.

An duerfir ass et och gutt, datt de Minister Meisch sech intensiv och mat der Orientatioun op alle Gebidder am schoulesche System befaasst. An dat huet dann och eng ganz Rei Froe vun der Madamm Andrich an zum Deel och vun der Madamm Burton mat sech bruecht. An och den Här Minister Schmit ass an deem ganze Kampf mat integréiert. Ech mengen, mer sollen och wierklech…, et ass och wichteg, ech entschëllege mech, datt ech Iech net mat genannt hunn, et ass eng gemeinsam Aufgab souwuel vu Schoul wéi och vun Emploi, fir hei nach besser ze schaffen, wéi mer dat bis elo gemaach hunn.

Eng gutt Orientatioun muss och hëllefen, datt ee Jonken an och ee manner Jonke sech wuelfillt op der Plaz, déi en huet. Et ass eng ganz brutal Erfahrung fir e jonke Mënsch, deen zum Beispill seng Schoul mat Succès ofgeschloss huet, datt den Aarbechtsmarché hien net wouerhëlt, net un him interesséiert ass.

An eng ganz aner oder äänlech schwéier Erfahrung fir e jonke Mënsch ass, datt hien zwar eng Plaz um Aarbechtsmarché fonnt huet, sech awer net op där Plaz erëmfënnt an net wuelfillt.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Ech war scho bei Diskussiounen derbäi, wou vu Krankmeldungen opgrond vu Burnout rieds gaangen ass. An déi Mënschen, ëm déi et do gaangen ass, déi ware knapp 30 Joer al. Dat huet virun allem Männer a mengem Alter zu iwwerhieflechen an domme Kommentare verleet. Dat huet mech traureg a rose gemaach. An ech mengen, mir sollten och dës Problemer vu Leit, déi sech net wuelfillen op hirer Aarbechtsplaz, eescht huelen an och hei déi néideg Hëllefstellungen ausbauen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).-* An och dofir si mir frou, datt déi Maison de l'orientation, déi 2012 hir Dieren opgemaach huet, elo endlech am Joer 2017 dee gesetzleche Kader kritt, dee se brauch. D'Zilsetzungen, esou wéi se am Rapport stinn, sinn déi richteg. Merci dem honorabele Rapporteur fir säin ausféierleche Rapport! Mir kréien e Guichet unique. Mir kréien e Service de coordination. D'Lycéeë ginn obligéiert, fir sech eng konkret Demarche ze ginn, wat d'Orientatioun betrëfft. An och e Minimum vu Formation continue fir all Intervenantë schreiwe mer hei fest.

Mir begréissen och d'Schafung vun engem Forum Orientation an och d'Zesummesetzung vun deem Forum, wéi se am Artikel 10 vum Gesetz opgelëscht ass. Dës Zesummesetzung berout jo, an dat ass och scho gesot ginn, op den Erfahrungen, déi den Aarbechtsgrupp Forum, deen 2007 geschafe gouf, 2010 an engem Rapport festgehalen huet. Fir mech hätt och kënnen de Ministère de la Santé hei vertruede sinn.

Ech gi just kuerz op d'Ännerungen, déi de CPOS betreffen, an. Eng Rei vun de klasseschen Aufgabe vum CPOS, wat d'Koordinatioun vun der schoulescher a berufflecher Orientatioun betrëfft, ginn elo vum Service de coordination vun der Maison de l'orientation iwwerholl. Déi nei Denominatioun vun dësem Service weist jo och schonn den neie Schwéierpunkt vun den Aktivitéiten. De Volet Orientation scolaire gëtt vun anere Servicer wouergeholl. Et bleift de Volet psychosocial an den Accompagnement scolaire. Dësen neien ale Service soll och eng Zort vu Mediateur ginn am schoulesche Milieu.

Här President, ech mengen, datt déi psychologesch Komponent an der Orientation scolaire ganz wichteg ass. Bei senger Ried iwwert d'Lag vun der Natioun huet eise Premier de Saz „Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënschen zu Lëtzebuerg gutt geet" scho bal mantrahaft widderholl. Mir mengen, datt dës Iwwerleeung och a vläicht souguer un éischter Stell fir de Mënsch a senger Aarbechtswelt gëllt.

De Vertrieder vun der CSV hat bei dësem Debat gesot: „Lëtzebuerg geet et gutt, wann et der Wirtschaft gutt geet." Dat ass net falsch. Dat ass mir awer ze kuerz gegraff.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Natierlech ass d'Pai ee wichtegen Aspekt vun der Aarbecht, awer net deen eenzegen.

Ech kommen zum Schluss, Här President, a betounen nach eng Kéier, datt d'Maison de l'orientation an eisen Aen eng gutt an noutwendeg Saach ass. Leit beieneesetzen heescht, zumindest am Prinzip, datt déi Leit sech och gesinn. Et heescht net onbedéngt, datt déi Leit dann och alleguerten zesummeschaffen. Et besteet de Risiko, datt jiddwereen e bësse fir sech schafft, awer keen zesummen. E besteet e Risiko, datt mer zwar vill Leit beieneen an e Gebai setzen an datt déi dann awer näischt mateneen ze dinn hunn. Dat si reell Geforen, op déi och de Minister Meisch selwer an der Kommissioun higewisen huet.

Mir hunn elo eng gesetzlech Rumm geschafen, fir datt d'Maison de l'orientation ka gutt funktionéieren. Wichteg ass schonn, wéi an all Betrib an all Administratioun, den Empfang: Wie lauschtert dem Mënsch no, deen doninner kënnt? Déi éischt Kontaktpersoun ass schonn immens wichteg an, wéi gesot, d'Zesummespill vun all de Servicer, déi an deem Haus sinn.

Mir wënschen der Maison de l'orientation vill Succès an zefridde Mataarbechter am Interêt vun de Leit, déi sech u si wennen. An ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Adam. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, no esou villen eminente Spezialisten aus dem Erzéiungswiesen iwwert d'Maison de l'orientation fillen ech mech heiansdo e bëssen desorientéiert, wann een dann den Detail vun deenen Interventioune wëllt novollzéien a verstoen. Mä et ass eng ganz wichteg Saach, datt effektiv déi jonk Leit ganz gutt orientéiert ginn, wéi et hei dacks betount ginn ass. An ech soen och dem Rapporteur Merci, datt en eis op eng ganz kompetent Manéier an déi Matière agefouert huet.

Et ass e Gesetz, wat ganz vill verschidden Aspecten uschwätzt: d'Maison de l'orientation selwer, de Forum Orientation, ënnert deem ee sech och net direkt kann eppes virstellen, wann een deen Numm héiert - et wär vläicht effektiv besser gewiescht, vun engem „Conseil national de l'orientation scolaire" ze schwätzen, well een da vläicht eng besser Virstellung gehat hätt vun den Aufgabe vun deem Gremium -, d'Orientatioun an de Lycéeën. An haaptsächlech soll eng nei Approche an der Orientatioun da geholl ginn, awer op engem organisatoresche Plang, well dëst Gesetz schwätzt net iwwert de Contenu, net iwwert d'Finalitéite vun der Orientéierung u sech am Hibléck op eng méi héich Formatioun oder eng Beruffswelt, mä et ass haaptsächlech organisatoresch.

An do stelle sech och ganz Rei Froen. D'Gesetz erhieft den Usproch, fir e Guichet unique ze schafen. En Usproch, deen dat Gesetz awer net kann erfëllen! D'Force publique, dat ass scho gesot ginn, ass zum Beispill net dran, obschonn de Stat besonnesch an deem Beräich selwer Rekrutéierungsproblemer an engem ganz grousse Mooss huet. De CEDIES ass net dran, also den Enseignement supérieur.

An ech maachen do eng Klamer op, just emol fir ze froen: Wéi ass et da mat der Zukunft ëm de CEDIES bestallt? Wéi soll dee personalméisseg opgestallt ginn an nächster Zukunft? Well d'Bedeitung vun deem Service hëlt jo sécher net of. A wéi ass déi Zesummenaarbecht mat der Maison de l'orientation ze gesinn? Mä ech mengen, mir mussen eis als Politik ganz besonnesch och ëm de CEDIES beméien a këmmeren.

An och déi Validatioun vun den Acquis de l'expérience schéngt hei net voll opgeholl ze ginn. An och dat ass eng Fro, déi ee muss vläicht nach eng Kéier beliichten.

Wann een dat Gesetz liest, freet ee sech, ob hei net ze vill op bürokratesch Aspekter Gewiicht geluecht ginn ass. Heiansdo mengt een, et wär e Mikromanagement gemaach ginn. A mir sollte vläicht an der Politik, allgemeng, eis drun erënneren, datt e Gesetz do ass, fir en allgemengen normative Kader ze schafen. Et ass schonn e bësse bosseg, fir an engem Gesetz do ze liesen, datt den Direkter muss eemol am Joer eng Koordinatiounsreunioun maachen. An an engem éischte Projet wor souguer virgesinn, e misst en Aarbechtsplang hannerleeën. Mä e Gesetz ass net do, fir engem Direkter seng Aarbecht virzeschreiwen oder ze reguléieren. E Gesetz soll en Direkter asetzen, e Service asetzen, an dann ass et un der Politik, fir dat esou ze bestëmmen, datt een e Mënsch dohisetzt, deem ee ka vertrauen, datt en déi Aarbecht och anstänneg mécht, déi en duerch e gesetzlechen Optrag kritt.

Et sinn och vill Onkloerheeten, den Här Baum hat ganz richteg gesot: „Déi Beruffswelt hautzudaags ass esou komplex ginn, datt ee ganz séier kann den Iwwerbléck verléieren." An ech mengen, hei si mer virun enger Erausfuerderung, wann ee mat de Lycéeë schwätzt, et ass jo e Wonsch, datt vill vun der Orientéierung an de Lycéeë gemaach gëtt, an do stelle sech direkt zwou Froen.

D'Autonomie vun de Lycéeë gëtt hei am Gesetz eigentlech do beschriwwen, datt den Direkter kann decidéieren, ob deen SPSS, wéi dat hei heescht, ob dee Service soll mat der Cellule d'orientation fusionéiert ginn oder net. Dat ass u sech och keng zentral Fro fir d'Autonomie vun engem Lycée. Eng Autonomie vun engem Lycée soll sech kënne mat méi fundamentale Saache beschäftegen, fir eise Schoule méi Onofhängegkeet vuneneen ze ginn. Awer dat do, dat sinn Detailfroen, déi awer an der Praxis Auswierkungen hunn op de Fonctionnement, op d'Effikassitéit vun esou enger Cellule d'orientation an och vun engem Service psychosocial an engem Lycée.

D'Fro ass: Kënnen déi Cellullen dat dann iwwerhaapt garantéieren? Verléiere se net den Iwwerbléck? Well et gëtt haut eng onendlech grouss Zuel vu berufflechen Orientéierungen, och vu weidere Formatiounen. Ass et net bal néideg, méi en zentraliséierte Service ze hunn, fir iwwerhaapt den Iwwerbléck kënnen ze behalen? Ass et…

(Interruption par M. Claude Meisch)

Pardon? Den Här Minister, mengen ech.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Ass d'Maison de l'orientation keen zentraliséierte Service?

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Also, ech kommen dorobber, Här Meisch. Well Dir wëllt jo an all Lycée eng Cellule d'orientation hunn. An déi Maison de l'orientation soll en Déngschtleeschter si fir déi verschidde méi dezentraliséiert Strukturen. Sou steet et an Ärem Exposé des motifs. Et ass also an deem Sënn, wou dat geduecht ass. An do sollen et eng Rei Instrumenter ginn, e Referenzkader an eng Rei Outilen, déi Der dann do maacht, fir dat kënnen ze garantéieren.

An d'Fro ass och: Wéi ass et da mat der Formatioun vun deene Leit, déi do an deene Cellules d'orientation schaffen? Et sinn, mengen ech, aacht Stonne virgesinn. Geet dat wierklech duer an enger Beruffswelt? Ass et och realistesch, fir ze envisagéieren, datt elo all Cellule d'orientation an all Lycéeë sech musse mat de Beruffskummere kuerzschléissen, an et gëtt där Lycéeë vill am Land, fir ëmmer um neiste Stand ze bleiwe vun deene verschiddene Beruffer oder Optiounen, déi fir déi Jonk do virgeduecht sinn?

Ech mengen, dee System, deen hei ugeluecht ass, ass vun enger enorm grousser Komplexitéit, wann een en duerchdenkt. An ech mengen och, datt mer mussen an e puer Joer kucken, wéi sech dat hei da bewäert: déi dezentraliséiert Struktur, déi vill individuell Kontakter, d'Formatioun vun den Orienteuren. Alles dat muss ee kucken, ob et sech wierklech bewäert oder ob et net besser wär, awer méi zentraliséiert Servicer unzebidden, awer zentraliséiert am ganze Sënn vum Wuert, och an de Strukturen an als Uspriechpartner.

Ech weess, Dir schwätzt vun engem Cadre de référence, ech hat dat ernimmt. Mä ob dat wierklech effikass ass an der Realitéit, dat muss ee sech froen.

Et ginn och eng Rei vun Onkloerheeten. Wann dat dann elo net integréiert gëtt, deen SPSS an déi Cellule d'orientation, wéi soll deen Niewenteneen da fonctionnéieren?

A mir hunn eis och gefrot, ob déi Ëmbenennung vun de SPOS, d'Eraushuele vum Orientéierungsbegréff aus deene Services psychosociaux net awer derzou féiert, datt d'Leit vläicht manner an déi Servicer ginn, datt se méi eng grouss Hemmschwell hunn, well eben nëmmen nach praktesch eng Stigmatiséierung eventuell fir verschidde Schüler méiglech ass, well et dann heescht, dat wier de Service psychosocial nëmme fir déi Leit, déi do vläicht Problemer hunn, an net méi och eng allgemeng Orientéierung vum Schüler, ob et schlussendlech am Interessi vum Schüler ass, déi zwee Servicer esou vuneneen, och sproochlech vuneneen ze trennen. Dat sief och als Fro an de Raum gestallt. Op jidde Fall schéngt et eis méiglech ze sinn, datt doduerch nei Hemmschwellen awer kënnen entstoen.

An dann um nationalen Niveau gëtt de CPOS an de CPSS oder CPAS ëmgewandelt, mam Accompagnement scolaire, Dir gesitt hei schonn, datt déi Ofkierzunge vläicht net déi allerglécklechst sinn, mä och do sinn eng ganz Rei Froen ze stellen.

Dat Éischt ass déi Iddi, fir en nationale Service do ze hunn, fir eng Médiation scolaire anzeféieren, d'Médiation scolaire och tëschent engem Direkter a sengen Enseignanten. An do stellt sech dann ëmmer d'Fro, wann ee bei esou neie Servicer ass: Wéi ass dat da mat der Fonction publique am Allgemengen? Ass dat dann elo e Präzedenzfall fir aner Administratiounen, datt, wann en Direkter Problemer huet, fir sech duerchzesetzen, oder wa seng Decisioune contestéiert sinn, do e Mediatiounsservice existéiert? Ass dat och an aneren Administratiounen denkbar oder ass et wënschenswäert? Ech mengen, éischter net!

Gëtt et net do en Afrostelle vun der Hierarchie, wat hei an der Éducation nationale vläicht seng Originne fënnt a sech da vläicht an aner Secteure vun der Fonction publique ausbreet, wat net am Interessi vum Déngscht ass?

Et muss ee sech also froen: Wéi gëtt eigentlech nach déi Funktioun vum Direkter am Enseignement hei definéiert? A wat sinn dann nach d'Kompetenzen an d'Méiglechkeete vun engem Direkter?

Déi zweet Fro, och aus der Aktualitéit. Dat ass déi Fro vun deenen neie Leit am Land, d'Madamm Burton hat dat schonn ugeschwat, mat de Migranten och, déi kommen. Gëtt an der Orientéierung och op si gekuckt? A wat sinn déi Méiglechkeeten, déi mer fir Migrantekanner effektiv kënne virgesinn? Ech mengen, och do musse mer eis iwwerleeën, wéi dat ass. Ech schwätze vun deenen, déi eng Perspektiv hunn, fir hei am Land ze bleiwen, fir deene Kanner effektiv och vläicht, fir eben déi Zäit, wou se kënnen oder wëllen hei sinn, a wou dat och méiglech ass, eng Integratiounsperspektiv ze ginn. An da musse mer och an der Orientation scolaire kucken, datt mer do e gewëssent Gewiicht drop leeën.

An da musse mer och kucken, datt mer hei net nëmmen e Service maachen, wou et kee Feedback gëtt. Et ass och méiglech, datt Schüler, Elteren och, déi och kaum an deem Gesetz hei ernimmt sinn, den Administratioune kënnen e Feedback ginn, datt se kënne soen: „Op deenen an deene Punkte soll d'Orientéierung verbessert ginn."

Wann ech also hei dat Gesetz insgesamt kucken, dann ass et sécher ze begréissen, datt déi Maison de l'orientation eng legal Basis kritt. Mir begréissen och ausdrécklech, datt d'Regierung higaangen ass an eng Rei vu soziale Moossnamen och an dat Gesetz ageschriwwen huet, ebe wéi zum Beispill déi Indemnité de maintien scolaire oder esou Saachen. Dat si positiv Schrëtt, déi ënnerstëtze mer ausdrécklech.

An op där anerer Säit stelle mer eis awer och ganz vill Froen iwwer iwwerhaapt d'Fonctionnementsméiglechkeet vun der Architektur, déi an dësem Gesetz virgesinn ass. Ass et realistesch? Ass et net ze vill formalistesch? Kann et effikass sinn? Firwat sinn eng Rei wichteg Secteure vu vireran ausgeklamert ginn oder Komponenten, déi awer fir d'Beruffsorientéierung wichteg sinn?

Alles dat si Froen, déi mer eis stellen. An et ass e Gesetz, wat mer ganz sécher mussen an zwee, dräi Joer nach eng Kéier iwwerpréiwen, fir ze kucken, ob et iwwerhaapt ëmsetzbar an där Form ass.

Alles an allem begréisse mer dee Schrëtt an déi richteg Richtung. Mä mir wäerten eis awer, duerch déi vill ongekläerte Froen, enthalen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Kartheiser. Mir hu kee weideren ageschriwwene Riedner. An d'Wuert huet direkt d'Regierung, den Här Educatiounsminister.

Prises de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Merci och allen Intervenanten haut de Mëtteg hei. An e besonnesche Merci un de Gilles Baum, de Rapporteur vun dësem Projet.

Et ass e puermol ugeklonge schonn de Mëtten: Wann een a jonke Jore säi Liewenswee net fënnt, säi schoulesche Wee, säi beruffleche Wee net fënnt, da féiert dat sécherlech zu enger Onzefriddenheet, zu enger Liewensonzefriddenheet och, mä et féiert och derzou, datt een ënner senge Moyenen, ënner senge Méiglechkeete bleift. Et kann derzou féieren, datt ee frustréiert aus engem System, wéi dem Schoulsystem, erausfält an doduerjer sécherlech seng ganz Carrière ganz staark hypothekéiert huet. Duerfir ass et wichteg, fréi seng Stäerkten, fréi seng Talenter ze entdecken.

Wéi ech als Minister ugefaangen hunn, mat ville Leit Gespréicher gefouert hunn, wou ech mech leider net méi un all Detail kann erënneren, ass mer awer mat engem Interlocuteur wierklech eppes staark an Erënnerung bliwwen, dee mer e Beispill ginn huet an dee gesot huet: „Wann ee mengt, e jonke Mënsch misst onbedéngt Futtballspiller ginn, an en huet awer net dat gréissten Talent do derfir, dann hëlleft all Training näischt an e gëtt herno nëmme frustréiert. Et gëtt ni e gudde Futtballist, och emol net an der zweeter Equipp." Deeselwechten, deen huet awer en anert Talent. E gëtt vläicht e ganz gudde Sänger, e ganz gudde Moler oder iergendwou läit säin Talent. An et ass wichteg, dat Talent fréi ze entdecken. Et ass wichteg, seng Interessie fréi ze entdecken.

An dat ass awer och net esou einfach. Dat ass net esou einfach, well dat kann net en anere fir e selwer maachen, dat muss dee jonke Mënsch selwer eigentlech sech erschaffen, kucken, erfueren, wou seng Stäerkten an Talenter leien, an dorauser e Liewensprojet definéieren. Dat brauch seng Zäit. Dat ass net mat enger Visitt an engem Nomëtteg an enger Maison de l'orientation gedoen. Ganz kloer, och wann hei d'Schafung vun där Maison de l'orientation am Vierdergrond steet, da kann dat nimools d'Ambitioun sinn. Dat ass en Effort, wou dee Jonken awer och derbäi muss begleet ginn, iwwer laang Zäit derbäi muss begleet ginn. An déi Begleedung muss a soll ufänken am Alter vun der Grondschoul a soll an de Secondaire mat eropwuessen. Déi Begleedung soll eigentlech net nëmmen a schoulesche Strukture geschéien, déi ka ganz gutt och an ausserschoulesche Strukture geschéien, an Initiative geschéien, wou ee jo och seng Talenter, seng Interessegebidder ganz gutt kann entdecken.

Et ass also eng Gesamtaufgab, där ee sech do muss unhuelen, fir datt ee jonke Mënsch sech kloer gëtt, wat e wëllt erreechen am Liewen. Natierlech brauch en dozou Informatiounen. An ech denken, datt do e ganz wichtege Punkt vun enger Maison de l'orientation kann an och muss geleescht ginn. E muss wëssen, wat fir eng Ausbildungsweeër et gëtt. E muss wëssen, wat fir eng Beruffer et gëtt. E muss wëssen, wat d'Realitéit duerno ass an deene Beruffer. E muss och wëssen, wat d'Perspektiv ass, wann ech deen doten oder deen dote Beruff wielen, fir mech och duerno nach weiderzëentwéckelen. E muss d'Realitéit an den Entreprisen och kennen.

All dat ass extrem wichteg, fir datt dat dokumentéiert ass, datt dat och kann iwwer en Erfahrungsaustausch stattfannen, datt dat och duerch Visitte ka stattfannen, datt och do Stagë wichteg sinn, Vakanzenaarbechte wichteg sinn. Ech mengen, datt mer do eis alleguerten eens sinn.

Mä, wann ech soen, datt et eng Gesamtaufgab ass, d'Orientatioun, dann ass et och doduerjer, datt mer soen, datt et net an der Schoul een eenzege Service ka sinn oder eng Persoun sinn, déi sech där Aufgab do unhëlt. Mir brauchen do eng Equipp. An et muss eigentlech och eng ganz Aufgab sinn, déi vun der ganzer Schoul, vun der ganzer Schoulcommunautéit mat iwwerholl gëtt, vun den Enseignanten, vu Leit aus engem Service, deen éischter de psychosozialen Accompagnement mécht, vu Leit och vun enger Équipe éducative. Si alleguerten droe mat d'Responsabilitéit, fir datt de Schüler bei senger Orientatioun richteg encadréiert a richteg begleet gëtt.

Duerfir hu mer och gesot, datt mer net ee Service domadder solle chargéieren, mä datt et eng ganz Demarche vun der ganzer Schoulcommunautéit vun der Schoul soll sinn. A well déi Demarche och an där enger Schoul wéi an där anerer Schoul op déi spezifesch Besoine vun där Schoulpopulatioun ausgeriicht ass, ass et esou, datt mer decidéiert hunn, éischter e Kader ze setzen an d'Schoulen innerhalb vun deem Kader mat deenen Usprëch, déi kloer definéiert sinn, musse kucken, wéi si sech opstellen, mat wat fir engen Initiativen datt se probéieren, datt dee Jonken, wéi gesot, seng Stäerkten entdeckt, seng Talenter kenneléiert, weess, wat seng Méiglechkeete sinn, weess, wat duerno ze maachen ass, och weess, wat e selwer muss leeschten, fir an déi eng oder an déi aner Richtung ze goen.

An dat ass eppes, Här President, dat geschitt op ganz ville Plaze schonn haut. Mir definéieren elo wuel dee Referenzkader fir d'Orientatioun. A mat deem Gesetz, wat elo hei wäert gestëmmt ginn, besteet déi gesetzlech Obligatioun fir all Schoul, sech esou eng Demarche ze ginn. Mä wa mer awer an d'Schoule kucke ginn, an eis Lycéeë kucke ginn, queesch uechtert d'Land, an ech war se alleguerte besichen, da kann ech Iech soen: Et ass keng Schoul, wou Orientatioun haut keen Thema ass. An et ass eng ganz Bandbreet vun Initiativen, déi do ugebuede ginn, déi ëmmer ganz no wierklech um Besoin vun dem jeeweilege Schüler haut och stattfënnt. Dat gëtt sécherlech och nach eng Kéier cadréiert duerch de Referenzkader. Et gëtt sécherlech och nach eng Kéier dynamiséiert duerch déi gesetzlech Obligatioun. Mä et gesäit ee wierklech, datt do vun ënnen erop wierklech Innovatiounsgeescht groussgeschriwwe gëtt an d'Innovatioun amgaangen ass do ze spriissen.

Mir hu mat dësem Gesetz och eng Rei vun Upassunge vun de gesetzleche Kadere gemaach - et ass gesot ginn -, vum nach haitege CPOS a vum SPOS, déi mer op där enger Säit der Realitéit upassen, wéi eigentlech haut schonn och an deene Servicer geschafft gëtt, wat fir eng Aufgaben haut do iwwerholl ginn, wéi awer och gläichzäiteg gekuckt, datt där neier Approche, déi mer hei am Gesetz verankeren, ronderëm d'Beruffsorientéierung, datt mer och där Rechnung kënnen droen.

Mir hunn och déi Subsiden, déi de SPOS haut ausbezilt, op eng gesetzlech Basis gesat. Wat, denken ech, besonnesch wichteg ass, ass, datt mer do no den üüblechen, de gängege Regele vun der Statskontabilitéit dat doten och maachen. Dat war e schwieregen Exercice. Dat muss ech zouginn, well do mat ganz vill guddem Wëllen an och dem politesche Wëllen eigentlech eppes geschafe gouf, wat awer elo net esou eent zu eent konnt an d'Gesetz, an dee gesetzleche Kader hei iwwerholl ginn.

Duerfir wäerte jo och eng Rei vun Aiden, déi haut ausbezuelt ginn, déi haut iwwert de SPOS ausbezuelt ginn, an Zukunft och vun aneren Akteure mussen en charge geholl ginn. Dat ka generell de Schoulbudget sinn, dat kann och iwwert den Office national de l'enfance sinn, dat kann awer och iwwert den Office social sinn. Nieft deenen Aiden, déi elo eng gesetzlech Basis kréien, hunn also och aner Strukturen, haten an hunn d'Méiglechkeet, do anzesprangen, well et hir gesetzlech verankert Aufgab nun eben emol ass.

Ech wëll nach ënnersträichen, datt dat heite jo eréischt den Ufank ass. Den Ufank! Mir stëmmen haut dat Gesetz hei. D'Maison de l'orientation kritt eng gesetzlech Basis. Mir schafen och e Service an där Maison de l'orientation, déi d'Koordinatioun iwwerhëlt, déi d'Direktioun dovunner och iwwerhëlt, déi och zesumme mat deenen do regruppéierte Servicer eegestänneg Initiative kann huelen, déi sécherlech och d'Aufgab wäert kréien, fir datt déi Servicer sech net nëmmen ofschwätzen, mä och nach op deem engen oder anere Punkt méi kloer zesummeschaffen, vläicht och nach zesummewuessen. Ee Stéck vun deem Zesummewuessen erliewe mer jo elo gläich an enger knapper Stonn, wa mer iwwert den nächste Gesetzesprojet ofstëmmen, näämlech d'Zesummegoe vum SNJ a vun der ALJ. Dat fänkt eigentlech heimadder och eréischt un.

Ech wëll nach do och ënnersträichen, datt et fir mech besonnesch wichteg ass, datt mer wuel hei Servicer geografesch beieneeleeën, an der Iddi vun engem Guichet unique, datt mer wuel kucken, datt déi ganz vill Initiativen och an Zukunft kënnen zesummen ausschaffen an ubidden, datt mer wuel och do kucken, datt sech ofgeschwat gëtt, wie wierklech wat mécht, an eng global Offer un de Jonken oder un de manner Jonke geet, deen eben op der Sich ass no enger schoulescher oder berufflecher Orientéierung. Mä wichteg schéngt mer awer ze sinn, datt déi jeeweileg fachspezifesch Servicer, sief dat déi, déi dem Ministère du Travail et de l'Emploi ënnerstinn, sief et der vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, datt déi hir Fachkompetenz behalen. Well nëmme wa se hir eegestänneg Fachkompetenz behalen an hir eegen Zoustännegkeet behalen, dann hu mer herno déi ganz Bandbreet vun der Fachkompetenz och an enger Maison de l'orientation präsent a mer kënne se weiderentwéckelen, mir kënnen och wierklech an d'Déift goen an de jeeweilege Servicer.

An duerfir ass hei net optéiert ginn, fir alles zesummenzeleeën, fir alles ënner eng Direktioun ze leeën, well mer do ganz schnell duerno de Lien zur Fachkompetenz an de jeeweilege Mammeservicer, wann ech esou ka soen, ofgeschnidden hätten.

Et ass och eréischt en Ufank, well mer déi nei Form vu Gouvernance elo a Kraaft setzen, fir iwwer e Referenzkader ganz kloer Ziler ze definéieren, Moyenen och ze definéieren, déi Schoulen och kréien, fir déi Ziler ze erreechen, an och de gesetzlechen Usproch definéieren, datt all Schoul sech deenen doten Ziler verschreift an hir eegen Demarche definéiert.

An et ass och eréischt en Ufank, well mer deem Forum, dem Forum de l'orientation, wou jo ganz villes vun deem, wat mer haut an dat Gesetz hei schreiwen, deemools iwwerluecht ginn ass, diskutéiert ginn ass, proposéiert ginn ass, datt mer deem och eng gesetzlech Basis ginn. Dat heescht net, datt alles dat, wéi et elo hei an deem Text steet, datt dat alles ass. Mä dat heescht, datt weider wäert geduecht ginn, datt sech weider wäert echangéiert ginn, datt och weider an Zukunft gutt Initiativen och aus dem Forum kënnen erauskommen, bis hi vläicht och souguer zu där enger oder anerer Propositioun, wéi de gesetzleche Kader fir d'Orientatioun sech muss weiderentwéckelen.

Duerfir mengen ech, datt et richteg ass, haut deen dote Wee ze goen. A wann hei gesot ginn ass, op där enger Säit hätt ee vill méi wäit misse goen, op där anerer Säit awer kritiséiert gëtt, datt schonn ze vill Stroossen opgerappt sinn, da froen ech mech och, wéi dat da beienee passt. Mir hunn hei genau dat beieneegeluecht, wat beienee gehéiert. Mir hunn et esou strukturéiert, datt d'Fachkompetenz an Zukunft och ka gebündelt deene Jonken an och deene manner Jonken, déi op der Sich sinn no Orientatioun, ugebuede ginn. An dat ass dat, wat besonnesch wichteg ass. A mir hunn et och esou konzipéiert, datt et fir d'Zukunft och ka sech weiderentwéckelen.

Villmools Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Educatiounsminister. Dann huet den Aarbechtsminister sech d'Wuert nach gefrot.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, mir hu vill iwwert déi jonk Leit elo geschwat an et ass extrem wichteg, fir déi Maison de l'orientation och an den Déngscht vun deene Jonken ze setzen.

Ech hunn de Moien nach vun engem Sondage héieren, dee gemaach ginn ass hei zu Lëtzebuerg, wou eng vun deene gréissten Inquietudë vun deene Jonken och hei zu Lëtzebuerg hiren Antrëtt an den Aarbechtsmaart ass. An ech mengen, eng gutt Orientatioun ass natierlech en extrem wichtegt Instrument. Alles, wat an der Schoul a wat an der Orientation professionnelle schifleeft, fënnt sech herno um Aarbechtsmaart als Problem erëm. A mir wëssen alleguerten, datt déi Problemer da vill méi schwiereg ze léise sinn.

Wéi, ech mengen, schonn ee gesot huet: Mir sinn ebe grad an engem Aarbechtsmaart, deen ëmmer méi komplex ass. A grad fir déi Komplexitéit ze erfaassen, a fir deene Jonken an, esou wéi de Minister Meisch gesot huet, och deene manner Jonken eigentlech eng Hëllef duerzestellen, brauche mer eng extrem aktiv an och sech ëmmer innovativ opstellend Orientatioun.

Ech plädéieren och fir en oppent Haus. Net zentraliséieren alles an engem klenge Grupp! En oppent Haus, wat muss permanent am Dialog stoe mat der Wirtschaft, natierlech mat de Schoulen, dat huet de Minister Meisch gesot, mat deene verschiddene Secteuren, wou effektiv d'Evolutioune passéieren. Mir hunn elo eng ganz Rei Initiativen am Handwierk, mir hunn Initiativen an der Industrie, fir jonk Leit an déi Betriber, an déi Secteuren erunzezéien. An do spillt natierlech déi Maison de l'orientation e ganz wichtege Rôle a muss och ganz staark mat deene Secteuren a mat deene Programmer zesummeschaffen.

Ech wëll och ee Wuert soen, dat eigentlech net esou betount ginn ass: Déi Maison de l'orientation huet e fundamentale Rôle bei dem Apprentissage. Grad do iwwert d'Maison de l'orientation mat der ADEM lafe Posten, déi d'Betriber deklaréieren, an och déi Jonk, déi eigentlech hir Choixe maachen, fir en Handwierk, fir en Apprentissage ze maachen a fir hire Choix op esou e Posten ze maachen. Ech mengen, och do mussen déi Jonk nach besser encadréiert ginn, nach besser berode ginn, nach besser guidéiert ginn, fir datt kee Jonken, ech soen dat hei ganz kloer, deen en Apprentissage wëllt maachen, op der Streck bleift an net d'Méiglechkeet huet, en Apprentissage ze maachen.

Déi nei Beruffer, och do muss déi Maison de l'orientation ganz no si bei der Beruffswelt, déi sech stänneg ännert. Nei Beruffer: Mir kennen haut déi Beruffer net, déi a fënnef, sechs Joer, vläicht schonn a manner Zäit entstinn. Do muss also e staarken Zoufloss vun Informatioun, vu Kenntnisser an déi Maison de l'orientation kommen.

A mäi leschte Punkt ass ze soen: Déi Maison de l'orientation ass net nëmme fir déi Jonk, grad an enger Zäit, wou vill Leit obligéiert ginn, hire Beruff ze wiesselen. Mir sinn net méi an där Zäit vun de lineäre Carrièren. Mir hunn a ville Fäll, a ville Secteuren, a villen Entreprisen d'Situatioun, wou d'Leit op eemol hir Carrière, hiren Job verléieren, oder ganz einfach hiren Job wëllen änneren, well se wëllen eppes Neies maachen, well se wëlle changéieren. An och do muss eng Maison de l'orientation zur Hëllef kommen, beisäit stoen a beroden.

Duerfir ass et wichteg, net nëmme vun de Schoulen ze schwätzen, mä dat och an d'ganz Gesellschaft eranzedroen, datt dat eng Plaz ass, wou d'Leit berode ginn, wou se sech kënnen informéieren a wou se kënnen hire Parcours professionnel vläicht änneren, oft zesumme mat der ADEM, wann et sech ëm Chômage handelt, mä heiansdo och ouni ADEM.

Wann een einfach wëllt „changer de cap" maachen a sengem Beruff, sief et, dann ass eng Maison de l'orientation en extrem wichtegt Instrument. An duerfir ass dat hei fir onsen Aarbechtsmaart fir eng aktiv Beschäftegungspolitik e wichtegt Instrument fir d'Zukunft.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Mir wären domat um Enn...

(Interruption)

Jo, d'Madamm Andrich.

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- Ech wollt nach kuerz drop zréckkommen, den Här Minister hat mech do perséinlech drop ugeschwat, wéi ech vun deene Chantiere geschwat hunn. Ech wollt ënnersträichen, dass ech do net vun der Maison de l'orientation eleng geschwat hunn, mä ech hu vun der Educatioun en général geschwat, dass do elo esou vill Gesetzesprojete mateneen ënnerwee wären. Dat war gemengt. Dat war net richteg verstane ginn.

Mä ech wollt awer drop hiweisen, dass eng Rei Froen net beäntwert goufen. Zum Beispill hat ech gefrot, ob d'Professeurs-orienteurs am Fondamental am Cycle 4.1 schonn aktiv gi sinn dëst Joer. Ech hat gefrot, ob de Ministère eventuell gewëllt wär, fir Material fir d'Lycéeë fir d'Soft Skills zur Verfügung ze stellen. Ech hat gefrot, ënner wéi engem Referenzkader d'Educateuren an d'Éducateurs-graduéen da vun dem Service éducatif géife schaffen an der Zukunft. Ech hat och gefrot, wéi et wär mat dem CPOS-Personal, dat op de Volet Orientatioun spezialiséiert wär.

Déi aner Fro iwwert d'Mediatioun: Wéi ass dat par rapport zu deem neie Gesetz ze verstoen? Ob déi finanziell schwaach Famillje kéinten eng Avance op déi Subventioun kréien, fir dass et net zu Enkpäss géif kommen, well dat mam Schouljoer geet, wa se dann d'Schoulbicher musse kafen. An d'Schüler aus dem Ausland.

Dat waren alles Froen, déi ech agebaut hat. Och, wie sech ëm d'Orientatioun vun deene Schüler mat spezifeschen educative Besoine géif bekëmmeren. An dann natierlech och, wéi et mat der Ausschreiwung vum Direkteschposte wär, wéi et do mam Profill wär, wéi et mam Rekrutement géif goen.

Op all déi Froen hat ech elo keng Äntwert kritt vum Här Minister.

Merci.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Minister huet d'Wuert.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, Merci, Här President. Ech mengen, en Deel vun deene Froe sinn an der Kommissioun diskutéiert ginn. Wa se net an der Kommissioun diskutéiert gi sinn, hätte se sécherlech kënnen do diskutéiert ginn. Ech hu kee Problem, wann ech hei nach Zäit hunn, fir op all déi dote Froen ze äntwerten.

D'Professeurs-orienteurs wäerten am Cycle 4.2 intervenéieren, wou jo d'nächst Schouljoer déi nei Prozedur dann och gëllt.

Dat Personal, wat bis elo d'Orientatioun fir de SPOS am SPOS gemaach huet, wäert sécherlech seng Kompetenz, a seelen huet een nëmmen Orientatioun gemaach, och weiderhin, sief et fir de SPOS, sief et op anere Plaze kënnen asetzen.

De Referenzkader. Et gëtt kee spezifesche Referenzkader, just fir déi educativ Equipp an der Schoul. Mä och déi educativ Equipp ass en Deel vun där ganzer Schoulcommunautéit, an all Referenzkader gëllt fir déi ganz Schoulcommunautéit. Och duerfir, soen ech, ass Är Fro net richteg, datt déi elo spezifesch e Referenzkader géifen esou kréien.

De jëtzege CPOS huet eng Aufgab an der Mediatioun, déi awer eigentlech kloer ofgegrenzt ass par rapport zu deenen dräi Mediateuren, déi um nationale Plang wäerte geschafe ginn, wou jo eng Kéier een ass fir d'Integratioun vun den auslännesche Schüler, eng Kéier fir déi Enfants à besoins spécifiques an eng Kéier, fir den Decrochage ze evitéieren. Do niewendru gëtt et jo nach eng Hällewull vun Dossieren a vun Themeberäicher, wou eng Mediatioun noutwendeg ass, soudatt mer och déi dote Servicer an Zukunft wäerte brauchen.

Entgéint deem, wat Der an Ärer initialer Ried behaapt hutt, Madamm Andrich, datt déi jëtzeg Coordinatrice vun der Maison de l'orientation net ausgeschriwwe war, dat war näämlech de Fall. Ech kann Iech awer och soen, datt mer natierlech elo net scho kënnen ausschreiwen, ier dat Gesetz, wat de Mëtten hei gestëmmt gëtt, a Kraaft ass.

Heimadder gëtt jo och iwwerhaapt eréischt déi Maison de l'orientation geschafen. Da wäert e Posten definéiert ginn. Än da wäert eng Ausschreiwung gemaach ginn. An natierlech wäert och e Profill definéiert gi fir déi Ausschreiwung. Ech kann Iech soen, datt mer an Diskussioune si mam CEDIES, datt déi och Ressourcë bäikréien, fir och eng Präsenz an der Maison de l'orientation kënnen ze kréien.

Mat deem Gesetzesprojet, deen an den nächste Woche wäert duerch de Regierungsrot goen, fir dee ganze Secteur vun der Éducation différenciée ze reforméieren, wäerte mer och ganz kloer eng Tâche definéieren, déi fir d'Orientatioun vun den Enfants à besoins spécifiques oder Enfants à besoins particuliers wäert zoustänneg sinn, och fir d'Beruffsintegratioun vun deene Schülerinnen a Schüler wäert zoustänneg sinn.

Dir hat och nach gefrot... Dat war an der éischter Interventioun, net an der zweeter, mä ech wëll dann awer alles hei botzen. An der éischter Interventioun hat Der och nach gefrot: „Wéi ass et mat der Etüd NEET?" Ech kann Iech soen, datt déi der Press an den nächste Woche wäert virgestallt ginn. Do si ganz interessant Informatiounen dran. An do kann ee sech sécherlech am Fong och nach eng Kéier an der Kommissioun driwwer ënnerhalen.

Ech ginn déi Recommandatioun, déi Der gemaach hutt, fir och den Informatiounsbüro vun der Arméi respektiv déi Initiative vun de Chambres professionnelles matzeassociéieren, och an de Fonctionnement vun der Maison de l'orientation, ganz gäre weider. Mir selwer waren och Projeten am Ausland emol kucken, wou genau esou eng Präsenz, wann et och nëmme sporadesch ass, op feste Rendezvousen, op feste Plagen an der Woch oder am Mount, wou dat absolutt virstellbar ass. Ech denken awer, datt dat muss lokal an der Maison de l'orientation diskutéiert an decidéiert ginn an datt dat net onbedéngt eng Saach ass, déi mer an d'Gesetz sollte schreiwen.

An ech mengen, datt déi Fro iwwert déi regional Antennen, wou et dann e Schëld zu Dikrech op engem Gebai gëtt, vum Dikrecher Buergermeeschter komplett beäntwert ginn ass, soudatt ech dorobber net méi brauch zréckzekommen.

Villmools Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

(Interruption)

Et deet mer leed, mä eist Reglement seet: net méi wéi zweemol an enger Debatt intervenéieren. Wann et eng ganz kuerz Fro ass, ginn ech Iech ganz gär d'Wuert.

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- Et ass keng nei Fro, Här President. Et waren nach zwou Froen, déi ech elo just opgezielt hat, wou den Här Minister net drop agaangen ass, notamment wéinst den Avancë fir déi sozial schwaach Familljen, wa se e Subsid kréie mam Schouljoer oder d'Demande eréischt maache mam Schouljoer, ob se do kéinten eng Avance kréien, wann do eventuell finanziell Enkpäss kéimen. Dat war awer eng wichteg Fro, mengen ech, am Sënn vun de Leit.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ech wäert déi Suerg do weiderdroen un déi zoustänneg Servicer bei mengem Ministère.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6787 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6787 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6787 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum nächste Projet de loi iwwergoen: d'Zesummeleeë vum Service Action locale pour jeunes an dem Service national de la jeunesse. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, wann ech gelift!

4. 7079 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

2. de la loi du 13 juillet 2006 portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

3. de la loi du 16 mars 2007 portant 1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue 2. création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation;

4. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;

5. de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle;

6. de la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance;

7. de la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves;

8. du Code de la Sécurité sociale

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Claude Lamberty *(DP), rapporteur.*- Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, d'Zil vun dësem Projet de loi ass an engem einfache Saz ze resuméieren: Fir an Zukunft ee staarke Service ze hunn an een eenzegen Uspriechpartner fir déi Jonk ze sinn, gëtt aus momentan zwee individuell agéierende Servicer just nach ee gemaach. Wat no enger einfacher Fusioun kléngt, ass awer bäi Wäitem méi wéi dat.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Zur Erklärung. Momentan gëtt et zwee Servicer: den SNJ, also de Service national de la jeunesse, an d'ALJ, d'Action locale pour jeunes. Béid Servicer hu per Gesetzgeber äänlech Missiounen a schaffen och deelweis haut schonn op regionalem an nationalem Niveau zesummen. D'Zil ass et elo, duerch en Zesummeleeë vun den Aktivitéite vun ALJ an SNJ eng Struktur ze kréien, wou duerch den Know-how vu béide Säiten ee Service geschaaft gëtt, deen nach besser kann op d'Erausfuerderungen, déi sech fir eng ganz Rëtsch Jonker hei am Land stellen, agoen.

Et gëtt also Synergië gesicht, fir deene Jonken am Endeffekt en nach méi staarke Partner kënnen ze sinn a se beschtméiglech kënnen ze ënnerstëtzen an ze encadréieren, do, wou Hëllef wierklech gebraucht gëtt.

A wéi engem Gesamtkontext ass dëst Zesummeleeë vun de Kompetenze vu béide Servicer elo ze gesinn?

Ech erënneren hei op dëser Plaz drun, dass eent vun den erkläerten Ziler vun der Regierung ass, den Décrochage scolaire esou gutt wéi et geet ze verhënnere respektiv deene Jonken, déi d'Schoul ofgebrach hunn an déi net an enger Formatioun sinn, kënne Perspektiven ze bidden. Statt Hoffnungslosegkeet also Zukunftsvisiounen an eng Betreiung, fir dass grad déi jonk Leit an eiser Gesellschaft nees eng Zukunft hunn a si sech e Liewe kënnen opbauen.

Nieft der Präventioun spillt d'Wuert „Aktivatioun" eng ganz wichteg Roll. Näischt ass méi schlëmm wéi keen Zil ze hunn, näischt ze maachen a keng Perspektiv ze hunn. Dofir ginn deene Jonken, déi am Fall sinn, Volontariatsangeboter gemaach, fir erëm aktiv kënnen ze ginn, fir Perspektive fir hiert eegent Liewen ze erkennen. D'Betreiung an de Kontakt zu deene Jonken ass natierlech immens wichteg. Déi Jonk sollen dofir esou encadréiert ginn, fir schoulesch Perspektiven ze erkennen, wa méiglech also en Ofschloss an enger Schoul ze kréien, an doriwwer eraus awer och, fir am professionelle Beräich Perspektiven um éischten Aarbechtsmarché ze gesinn.

Ech hunn am Ufank gesot, béid Servicer, also ALJ an SNJ, hätten äänlech Missiounen ze erfëllen. Béid Akteure betreien deeselwechte Profill vu Jugendlechen a jonke Leit, näämlech déijéineg, déi am vulnerabelste sinn. ALJ an SNJ hu bis dato och äänlech Strukturen, wat den Opbau ugeet, näämlech regional Antennen ausserhalb vun de Schoulgebaier. Allerdéngs gëtt et Differenze bei der Offer vu béiden Akteuren.

D'ALJ mécht haaptsächlech eng individuell Betreiung vun de Jonken am Sënn vun enger sozioprofessioneller Insertioun. Den SNJ bitt Programmer a praxisorientéiert Atelieren, fir déi Jonk dann och erëm ze aktivéieren.

Leet ee béid Servicer elo zesummen, bündelt een also d'Kompetenzen an esou d'Ressourcen an de mënschlechen Know-how vun ALJ an SNJ. Doduerch ergi sech eng ganz Rei vun Avantagen am Sënn vum Service, mä ganz besonnesch - ganz besonnesch! - am Sënn vun deene Jonken hei am Land.

Wat sinn elo déi Virdeeler vun dëser Ëmstrukturéierung?

Éischtens, e bessere Service fir dee Jonken. Hei spigelt sech d'Iddi vum Guichet unique erëm. Informatioun, Berodung a Begleedung vum Jonken zentraliséiere sech op enger eenzeger Plaz. All Informatioune sinn also fir dee Jonken op enger Plaz ze kréien an ze fannen. Dat ass e groussen Avantage a féiert zu enger kompletter Offer, déi deem Betraffenen dann och zoukënnt.

Zweetens, d'Visibilitéit vum Service, déi gëtt erhéicht. Ee staarke Service, also een Uspriechpartner huet och méi Visibilitéit a gëtt besser erkannt als Akteur fir dee Jonken, awer och insgesamt an eiser Gesellschaft.

Drëttens, e staarke Service, deen iwwerhélt d'Roll als Structure de référence hei am Land.

Véiertens, d'Koordinatioun mat anere Servicer am Land soll sech duerch dëst Zesummeleeë vun ALJ an SNJ verbesseren. An insgesamt soll esou all Aspekt vun der Garantie jeunes méi zum Droe kommen.

Fënneftens, d'Synergien, déi sech erginn am Sënn vu Personal, Büroen, Strukture sinn evident a sinn natierlech e weidere Virdeel, deen dës Ëmstrukturéierung dann och mat sech bréngt.

Wat geschitt elo konkret um Terrain?

D'ALJ, déi bis elo an der Formation professionnelle integréiert war, gëtt lassgeléist vun der Formation professionnelle an integréiert an de Service national de la jeunesse. Duerch dëse Regruppement kënnt et natierlech zu enger neier Opdeelung vun de veschiddene Missiounen ënnerhalb vum neien SNJ.

D'Éducateurs gradués, déi bis dato alleguer wonnerbar Aarbecht am Sënn vun de Schüler gemaach hunn, sinn an Zukunft alleguer affektéiert un de Service national de la jeunesse a wäerten zu der Spart gehéiere vum Soutien à la transition vers la vie active. Dës Divisioun, déi sech ëm d'Ënnerstëtzung fir déi Jonk hin zu enger Aktivéierung vun deene Jonke bekëmmert, wäert sech a regionale Büroen am Land verdeelen. Dëst sinn déi sougenannten Antennes locales pour jeunes.

Engersäits informéiere si déi Jonk, bekëmmere sech ëm hir Froen an Ängscht, ginn déi néideg Informatiounen, déi se brauchen, a begleede si och ganz enk mat enger quasi 1:1-Betreiung, well all Jugendlechen, deen am Decrochage ass oder riskéiert dranzerutschen, och ganz ënnerschiddlech Besoinen huet.

Anerersäits kréien déi Jonk vun dëser Divisioun och nach ganz konkret Mesurë proposéiert, fir déi Jonk ze aktivéieren. An et geet jo genee dorëms: deene Jonken, déi am Echec sinn, déi opgehal hunn, déi um Wee sinn, hir Zukunft ze verbauen, deenen nees nei Weeër ze weisen a konkret Alternativen ze proposéieren zu der Inaktivitéit, déi se grad duerchliewen. Déi Jonk sollen also gehollef kréien, eng Zukunft fir sech selwer ze gesinn.

De Beräich vu konkrete Mesurë proposéieren, also vun der Aktivéierung, ass ze vergläiche mat den aktuelle Missioune vun de regionalen Antenne vum SNJ.

De Beräich Informatioun, Berodung an individuell Begleedung dergéint ass identesch mat der Aarbecht, déi bis elo vun der ALJ gemaach gouf. Schoulofbriecher respektiv potenziell Décrocheur-scolairë musse fréizäiteg identifizéiert ginn, fir hinne beschtméiglech kënnen ze hëllefen. A wa méiglech muss esou verhënnert ginn, dass et zum Ofbroch kënnt.

Den SNJ wäert mat der neier Struktur mat hirem ganzen Asaz, mat hirer ganzer Manpower probéieren, déi Missioun ze erfëllen. Si wäerten als extern Akteuren d'Schoule begleeden an duerch individuell Gespréicher a Betreiungen e Vertrauensverhältnis zu deene Jonken opbauen, fir hinnen ze hëllefen.

Dernieft hëllefe si Jonken, déi ofgebrach hunn, duerch Reorientatioun, duerch Stagen a Schnuppercoursen eng Relatioun zur Aarbecht opzebauen an hinne Perspektiven um Aarbechtsmarché ze weisen. Ronn 6% - dat muss ee wëssen - vun deene Jonken tëscht 15 a 24 Joer si ganz besonnesch gefäerdet a brauchen eng nach méi individuell Betreiung, wou och d'Zesummenaarbecht mat Jugendhaiser an Ateliere wichteg Piste sinn.

Regelméisseg Echangen tëscht dem neien SNJ, den Direktioune vun de Lycéeën, de Servicer un der Formation professionnelle, dem CPOS an der Formation des adultes sinn ugeduecht. Den Dialog ass, mengen ech, hei ee vun de Schlësselen zum Erfolleg.

Dir gesitt, et kléngt no enger klenger Fusioun, mä et ass méi wéi dat. Et geet ëm d'Zukunft vun deene Jugendlechen an do sinn déi bescht Strukturen, fir ze hëllefen, grad emol gutt genuch.

Mat dësem Gesetz a mat dem Gesetz iwwert d'Jeunesse huet den SNJ also an Zukunft dräi Pilieren: Den SNJ huet, éischtens, eng Offer un educative Programmer, fir déi Jonk ze aktivéieren. Op Englesch géif een „empowerment and prevention" soen. Zweetens, den SNJ huet d'Aufgab, de Jonken d'Transitioun an dat aktiivt Liewen ze erliichteren. An drëttens, den SNJ ass de Centre de ressources fir déi non-formal Bildung hei am Land.

Ech mengen, fir weider Detailer verweisen ech op mäi schréftleche Rapport. An zum Schluss wëll ech awer nach e puer Leit Merci soen, déi heirunner matgeschafft hunn, notamment an der Kommissioun, och dem Joëlle Merges, der Sekretärin, an natierlech och de Leit aus dem Ministère, allem virun dem Här Metz.

Dat gesot, ginn ech natierlech och den Accord vu menger Fraktioun, vun der Demokratescher Partei. Ech soen Iech Merci.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci dem Rapporteur. An als éischt Riednerin ass d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch ageschriwwen. Madamm Hetto-Gaasch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, zanter 1984 gëtt et d'Action locale pour jeunes, kuerz ALJ genannt; bis dato ee ganz feste Bestanddeel vun der Formation professionnelle, also dem Ministère de l'Éducation nationale.

Hir Aufgab huet doranner bestanen, zesumme mat de Schüler an enger Relation de confiance déi Transitioun Schoul a Beruffsliewen ze preparéieren, d'Schüler ouni Ofschloss opzefänken, se ze begleeden, se an eng Aarbechtsmesure eranzekréien, Stagë fir si ze organiséieren oder och nach d'Decrocheuren nees an d'Formatioun ze integréieren. An dat alles an enger ganz enker Zesummenaarbecht mat de Lycéeën an der Aarbechtswelt.

Dës ALJ soll elo mat dësem Gesetz vun der Formation professionnelle lassgekoppelt an an den SNJ, also de Service national de la jeunesse, integréiert ginn. Den SNJ, deem seng Offer sech jo éischter op déi non-formal Bildung achséiert, gëtt vu villen als deen Akteur vum Fräizäitberäich fir déi Jonk ugesinn.

D'Iddi, fir d'Ressources humaines zesummenzeleeën, ass nozevollzéien, mä, Här Minister, et hätt een et och kënnen ëmgedréit maachen an de Service volontaire d'orientation, dee jo vum SNJ offréiert gëtt, bei der ALJ usidelen an domadder dëse wichtege Pilier vun der Éducation formelle do loossen, wou en am beschten hipasst, näämlech an d'Schoul.

Zanter méi wéi 30 Joer hu si bis elo gutt Aarbecht geleescht. Dat huet och gutt geklappt. Wéisou also elo eppes changéieren? Et ass deemno e Choix politique. D'Beweggrënn si fir eis net kloer.

Da geet am Gesetz rieds iwwert d'regional Büroen, déi mer och elo ALJ nennen, mä déi Kéier „Antennes locales pour jeunes", an deenen hire Public cible d'„Décrocheurs identifiés par les lycées" sinn. Op eis Nofro hin, no wéi enge Kritären e Lycée d'Schüler dann als Decrocheurs identifizéiert, krute mer versëchert, dass de Ministère géif dru schaffen. A si hunn op déi nächst Editioun vun der Etüd iwwert d'NEETs verwisen, also déi Jonk, déi „not in employment, education or training" sinn. Hei géife si sech Indicateuren erwaarden, fir déi jonk Decrocheuren ze identifizéieren. Abee, mir hunn elo just vun lech héieren, dass déi Etüd eréischt presentéiert gëtt. Dir kënnt eis also haut och nach ëmmer net soen, wat dann déi Indicateuren do wäerte sinn.

Da geet, nieft den Décrocheurs identifiés par les lycées, och nach rieds iwwert d'Décrocheurs identifiés par le Ministère. Meng Fro un Iech ass: Sinn dat anerer?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen, ech si frou, dass de Minister awer bereet war, en Amendement an deem Sënn ze maachen, dass déi Echangë mat de Lycéeë formell am Gesetzestext virgesi sinn. Et ass näämlech wesentlech, dass hei d'Aufgabe ganz kloer verdeelt sinn an den SNJ op senger To-do-Lëscht stoen huet, dass hie muss de Kontakt mat de Lycéeë fleegen an den Echange mat de Schoulen, wat déi potenziell Schoulofbriecher ubelaangt, organiséieren. Et muss ganz kloer sinn, wien hei wéi eng Aufgab ze iwwerhuelen huet, fir eng ganzheetlech Approche a puncto Prise en charge ze garantéieren.

Wesentlech ass och den Aspekt vun der Protection des données. Am Moment ass et esou, dass d'ALJ iwwert d'Gesetz vum 18. Mäerz 2013, wat den Traitement des données vun de Schüler ubelaangt, als Service vum Ministère de l'Éducation nationale Accès zu deenen Donnéeën huet. Aktuell ass et deeselwechte Minister, dee fir d'Jeunesse wéi fir d'Schoul responsabel ass. Wann dat awer nees eng Kéier sollt changéieren, dann hätt den SNJ keen Accès méi op déi Donnéeën. Duerfir huet nach missen esou ee klengen Zousaz am Artikel 6 vum Gesetz iwwert den Traitement des données virgeholl ginn, fir eben dat ze evitéieren.

Dann hat de Conseil d'État och nach ze bedenke ginn, dass bis zum 24. Januar vun dësem Joer nach kee Reglement geholl gi wier, fir et ze erlaben, d'Donnéeën iwwerhaapt un déi verschidden Destinataire ze communiquéieren. Duerfir meng Fro un Iech, Här Minister: Ass dat Reglement mëttlerweil geholl?

An dann zum Schluss wéilt ech just nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'ALJ, déi mir mat dësem Gesetz jo opléisen, e Service ass, dee wierklech gutt fonctionnéiert huet, wäertvoll Aarbecht mat deene jonke Leit geleescht huet, esou nom Motto „avant, pendant, après" mat hinnen eng richteg Relation de confiance opgebaut huet, et hinnen awer och gelongen ass, ganz vill jonk Mënschen nees entweder an d'Schoul ze integréieren, hinnen eng Stage-Plaz ze vermëttelen, se op Virstellungsgespréicher ze preparéieren, den Trajet vun doheem bis bei de Patron ze organiséieren an zesumme mat deene Jonken ee fir si ganz neie Liewensprojet opzebauen. D'Zuelen, déi een am Rapport vun der ALJ kann noliesen, schwätze fir sech.

Ech wënsche mer, dass duerch dëse Switch, deen een, wéi ech am Ufank gesot hunn, och gradesou gutt hätt kënnen an déi aner Richtung maachen, de Schüler geneesou professionell gehollef gëtt wéi bis elo.

Ech zweifelen net un dem SNJ senge Kompetenzen. Mir hunn dach awer Bedenken hisiichtlech deenen ëmmer méi villfältegen Aufgaben, déi si ze bewältege kréien. Ech erënneren drun, dass se zanter dem leschte Joer duerch d'Gesetz iwwert d'Qualitéitsverbesserung an de Betreiungsstrukture fir Kanner mat 20 Agenten derfir zoustänneg sinn, d'Qualitéitskontrollen an de Crèchen a Maisons relais ze organiséieren an duerchzeféieren. Eng nei Aufgab fir den SNJ. An da solle se elo duerch dëst Gesetz och nach d'Aufgab vun der ALJ iwwerhuelen.

Do froe mir eis als CSV carrement, ob dat net awer e bëssen de Kader sprengt vun deem, fir wat si bis dato zoustänneg waren. Et gëtt näämlech e Sprachwuert, wat seet: «Qui trop embrasse mal étreint.» Ech hoffen net, dass dat zoutrëfft. Mä dat gesot, Här President, wäerte mir als CSV dëst Gesetz net stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci, Madamm Françoise Hetto-Gaasch. An als nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton ageschriwwen. Madamm Tess Burton, Dir hutt d'Wuert.

Mme Tess Burton *(LSAP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och ufänken, dem Rapporteur, dem Claude Lamberty, Merci ze soe fir säin ausféierleche Rapport.

Sozial Gerechtegkeet, fir déi d'LSAP konsequent steet a sech asetzt, kann nëmmen erreecht ginn, wann et eis geléngt, jiddwer Schüler déi beschtméiglech schoulesch oder professionell Formatioun ze garantéieren. Wie spéider Fouss faasse wëllt um Aarbechtsmarché, muss eng gutt Qualifikatioun hunn. Dat ass glécklecherweis de Fall bei deene meeschten. Allerdéngs, an ëm déi geet et virun allem bei dësem Gesetzesprojet, gëtt et nach ëmmer ze vill Jonker, déi souzesoen duerch d'Netz falen.

Mir begréissen dofir, dass dëse Projet de loi virun allem de sougenannten Décrocheurs scolaires hëllefe soll, entweder guer net opzehale mat der Schoul oder awer mat der Hëllef vum verstäerkte Service SNJ, deen an Zukunft och d'Mataarbechter vun der ALJ regruppéiert, Formatiounen ugebueden ze kréien.

Här President, mir mengen, dass et richteg ass, e méi komplette Service ze schafen, dee mat all de Facettë vun der Problematik befaasst ass an deen deemno souwuel zoustänneg ass, fir déi Betraffen ze informéieren, ze beroden an individuell ze begleeden, mä och nach zoustänneg ass, fir Jonke konkret Aktivatiounsmoossnamen ze proposéieren. Derbäi kënnt, dass mir deem Service iwwert dee Wee méi Visibilitéit schafen an derfir suergen, dass statistesch gekuckt jiddweree vun engem Service erfaasst gëtt, dee Problemer an der Schoul huet.

Mir begréissen an deem Sënn och, dass d'Missioune vum Service national de la jeunesse redefinéiert ginn a ganz kloer aus dem Kampf géint den Décrochage scolaire eng Prioritéit gemaach gëtt. Lëtzebuerg huet en Taux de décrochage, dee bei knapp ënner 10% läit. An d'Regierung huet sech och an hirem Plan national de réforme engagéiert, fir deen Taux laangfristeg ënner 10% ze halen, wat och den europäeschen Ziler an deem Beräich entsprécht.

Dee Service muss natierlech zesummeschaffe mat all den Akteuren an Administratiounen, déi fir déi Problematik responsabel sinn, sief dat de Ministère, d'Formation professionnelle oder de CPOS souwéi och d'Maison de l'orientation, iwwert déi elo grad rieds gaangen ass.

An dat gesot, Här President, ginn ech natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci der Madamm Tess Burton. An den nächste Riedner ass den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci fir d'Wuert, Här President. Mam Projet de loi 7079 vun haut de Mëtteg integréiere mer d'Aktivitéite vun der ALJ, der Action locale pour jeunes, an den SNJ, an de Service national de la jeunesse.

A fir eis ass dat am Fong geholl och e bëssen eng Fortsetzung, datt et geet an där Linn, wou mer de Mëtteg geschwat hunn, datt mer eng Maison de l'orientation geschaf hunn, wou mer ganz vill Servicer zesummebréngen. An et ass mir och e bësse schleierhaft, wéisou ee fir eng Maison de l'orientation ass, awer géint eng Integratioun vun der ALJ an den SNJ, mä ech kréien duerfir awer de Kapp net wéi.

Mir schafen also d'ALJ of, wëssen awer, datt mer hir Aktivitéiten net ofschafen, mä méi visibel wëlle maachen. An déi noutwendeg Zesummenaarbecht mat deenen anere schouleschen a paraschouleschen Aktivitéite wëlle mer och verbesseren.

Ech soen dem Rapporteur Merci fir säin ausféierleche Rapport. An och deene Leit Merci, déi zënter der Schafung vun der ALJ 1984 fir dëse Service geschafft hunn an eng gutt Aarbecht geleescht hunn.

Ech ginn nach e bëssen op e klengen Historique an. D'Madamm Hetto hat dat och scho gemaach, duerfir brauch ech net méi alles ze soen, wat ech mer eigentlech virgeholl hat.

D'ALJ riicht sech haaptsächlech u Jonker vu 15 bis 25 Joer an hir Population cible ware virun allem déi Jonk, déi aus de sougenannte Modulairesklasse kommen an déi op der Sich no enger Léier waren. An d'ALJ huet sech och ëmmer besonnesch ëm déi Jonk gekëmmert, déi aus dem Schoulsystem erausgaange sinn, ouni en Ofschloss ze hunn. Et huet een alt gezielt kritt, och wann een um Terrain mat de Leit geschwat huet: „D'ALJ sinn déi Leit, déi och nach tëlefonéieren, wann op eemol ee Jonken net méi an der Schoul optaucht an net méi an der Statistik ass an net op enger Aarbechtsplaz ass." Dat, mengen ech, war eng ganz wichteg a gutt Aarbecht.

D'ALJ war éischter e klenge Service. Si haten zéng Bureaux régionaux, 15,75 Postes d'éducateurs gradués a 40 Enseignanten, déi dechargéiert waren, insgesamt awer nëmmen 160 Stonnen, wat also pro Enseignant net ze vill war. An déi Enseignanten, déi sinn aus dem Régime préparatoire komm.

Nei ass dann eben elo, datt dee méi klenge Service Bestanddeel vum SNJ gëtt. An den SNJ, dat ass - an dat ass och zu Recht, mengen ech, hei de Mëtteg bemierkt ginn - ee Service, dee sech immens méi grouss gemaach huet, dee mëttlerweil - esou war et wéinstens d'lescht Joer - 73 Fonctionnairen hat an 350 extern Mataarbechter. Also, do hu mer schonn e Service, dee wierklech grouss ass. An, ech mengen, dat ass och wichteg. Dee suergt och fir eng Koordinatioun op deem ganze Secteur.

Ech bréngen dann domadder och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi. A vläicht, ech hu mer nach d'Fro gestallt, déi zéng Bureaux régionaux: Wéi gesäit et mat deenen aus? Behalen déi eng Identitéit? Sinn déi och nach detektabel als eegestänneg Servicer? Vläicht kann de Minister mer dat nach zum Schluss soen.

Merci.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Och hei Merci dem Här Claude Adam. An zum Schluss, als leschten ageschriwwene Riedner, den Här Fernand Kartheiser. Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, elo wor ech een Ableck erféiert. Do stoung nach „déi gréng".

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Ah sou!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Also, ech wollt just ganz kuerz och heirobber agoen. Fir eis ass déi éischt Fro, wann een dat Gesetz hei liest: Wéini mécht een e Gesetz? Firwat mécht een e Gesetz? Et mécht een e Gesetz, wann eng Noutwendegkeet do ass, wa wierklech eppes ka geännert ginn, eng grouss Verbesserung gemaach ginn. Et muss aliichten, datt esou eng Verbesserung néideg ass. A mat aller Dankbarkeet fir dem Här Claude Lamberty säin Exposé hei, deen en eis als Rapporteur gemaach huet, ass eigentlech déi Fro fir eis net beäntwert. Ass et wierklech néideg gewiescht, dëst Gesetz ze maachen? Bréngt et Verbesserungen?

Wann een dat Gesetz liest, da gesäit een esou vill Ausdréck wéi: Et wier eng „amélioration accrue", „visibilité accrue", „meilleure défense des jeunes en difficultés", „coordination facilitée", an da sicht een am Gesetz de Beweis derfir. An et fënnt een en néierens. Et ass e Gesetz, wat gemaach ginn ass aus engem Motiv, wat net kloer ass. Et gëtt hei villes behaapt, ugeduecht; villes ass hei gesot ginn als Motivatioun beim Service national de la jeunesse, mä de Beweis ass net erbruecht, firwat hei eppes muss geännert ginn, wat bis elo gutt fonctionnéiert huet.

An hei kënne mer eis och deem uschléissen, wat d'Madamm Hetto gesot huet. D'Fro ass: Hätt een net nach sollen aner Servicer mat deenen zesummeleeën, déi bis elo gutt fonctionnéiert hunn am Kader vun enger Formation professionnelle, wat ebe fir e bestëmmte Public cible wierklech effikass wier?

Also d'Fro vun der Noutwendegkeet vun dëser Aktioun ass net beäntwert. A wann dann eng Aktioun hei geholl gëtt, stelle mer eis och Froen, ob et déi richteg wier.

Mir kréie gesot, et géif sech villes verbesseren a gläichzäiteg gi mer rassuréiert, fir ze soen (veuillez lire: andeems gesot gëtt), um Terrain wäert sech awer net vill änneren. Ausser datt eben elo déi Bureau-régionallen zu enger Antenn ëmbenannt ginn. Mä kënnen déi Antenne wierklech nach vollwäerteg dat leeschten, wat déi Action locale pour jeunes bis elo wierklech och bruecht huet? Och dat ass net kloer. Wéi ass d'Kohärenz mat der Maison de l'orientation? Och do hu mer jo haut hei zwee Gesetzestexter, wou ee sech muss d'Fro stellen: Wéi spillen déi zesummen an nächster Zäit?

An och fir de Service national de la jeunesse ass dee Saz gebraucht ginn: «Qui trop embrasse mal étreint.» Ech mengen, dat ass ganz richteg formuléiert. De Service national de la jeunesse ass e relativ grousse Service. Ass e capabel, dat hei wierklech effikass ze integréieren, oder wier et net besser gewiescht, mat méi klengen Entitéite méi cibléiert ze schaffen?

Wann een dat Gesetz liest, gëtt et nach eng aner Remarque, déi ee muss maachen. Dat ass déi, datt dat Gesetz, wéi vill Texter aus der Educatioun a leschter Zäit ëmmer méi schwéier ze liese sinn. Et ass eng Sprooch, eng pädagogesch Metasprooch, déi do heiansdo benotzt gëtt, déi et fir en normale Mënsch - an ech ziele mech an der Hisiicht vun engem, deen d'Gesetzer liest, duerchaus zu deenen - ëmmer méi schwéier mécht, nozevollzéien, wat iwwerhaapt gemengt ass. An e Gesetz soll einfach sinn. Et soll liicht verständlech sinn. Et soll lisibel sinn. Et soll evident sinn, wat drasteet. An an deene Gesetzer vun der Educatioun (veuillez lire: ass dat net ëmmer de Fall). Et ass vläicht en Appell un Iech, Här Minister, fir eng Sprooch ze wielen an der Redaktioun vun Ären Texter, déi deem Kritär vum einfache Verständnis vun engem Text besser entsprécht.

An dat wier besonnesch wichteg gewiescht an engem Volet, iwwert dee mer haut nach net geschwat hunn: Dat ass beim Centre de ressources, gëtt gesot (veuillez lire: wéi gesot gëtt), där Kontroll- a Berodungsfunktioun vum Service national de la jeunesse an der non-formeller Educatioun, wou dann esou wichteg Froen ze beschwätze si wéi d'Maisons relais zum Beispill. Wéi soll sech dee Centre de ressources do abréngen? Wéi eng Kontroll-, wéi eng Berodungsfunktioune sollen do erfëllt ginn? Mat wéi enge Leit? Alles dat gëtt hei ugeschwat, mä et gëtt och alt erëm eng Kéier net beäntwert. Et ass en Text, dee villes versprécht, dee villes undenkt, awer eigentlech néierens déi Äntwerte gëtt, déi ee sech vun engem Gesetzestext erwaart. Et ass e bëssen en onfäerdegen Usaz.

An den Diskussiounen hate mer och nach eng aner Fro, eng aner Problematik entdeckt, déi eis, oder wéinstens mir nach net esou bewosst war, dat ass, datt mer vill jonk Leit hunn an eisem Land, déi aus verschiddene Grënn zu engem bestëmmten Ableck net kranken- oder géint Accidenter verséchert sinn, wou elo Dispositioune geholl ginn, fir zum Deel déi Karenz dann opzefëllen, wat u sech eng positiv Saach ass. Mä de Grondproblem musse mer weider kucken (veuillez lire: am A behalen). Mir musse studéieren, ob et hei wierklech e Problem gëtt, dee mer kënnen duerch eng besser Gesetzgebung am Beräich vun der sozialer Sécherheet opfänken, oder ob déi aktuell Dispositiounen duerginn. Mir mussen op jidde Fall, well mer hei e Problem an der Diskussioun entdeckt hunn am Beräich vun der sozialer Sécherheet, mengen ech, aus der politescher Verantwortung fir déi Leit eraus weider kucken, ob do Verbesserungen néideg sinn oder net. A wa Verbesserungen néideg sinn, wéi eng mer do wëlle virschloen.

Dat gesot, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass et fir eis an enger Situatioun, wou een en Text virleien huet, dee vläicht gutt gemengt ass, awer kengem vun deene legislative Kritäre wierklech entsprécht, déi mer hei entwéckelt hunn, mengen ech, eng relativ einfach Decisioun, fir ze soen, datt mer dat hei net wäerte matdroen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Domadder komme mer nach zur leschter Wuertmeldung, dat ass den Här Educatiounsminister. Här Meisch, Dir hutt dann d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren dann elo, hei net an d'Metasprooch ze verfalen, verständlech fir jiddweree ze schwätzen. Ech denken, jiddweree kann novollzéien, datt ech de Virriedner Merci soen, ganz besonnesch dem Rapporteur, dem Claude Lamberty, deen eis ganz flott an explizitt an den Dossier de Mëtten hei agefouert huet.

Verstoe kann ech awer net, datt, wann ee virun net emol enger Stonn op dëser Plaz hei stoung a gesot huet, bei der Maison de l'orientation misst den Integratiounsprozess eigentlech méi wäit goen, déi eenzel Servicer, déi do elo geografesch regruppéiert sinn a Form vun engem Guichet unique, missten eigentlech komplett integréiert ginn, ënner eng Direktioun, déi eleng weisungsbefuugt ass, gestallt ginn. Da maache mer dat elo mat emol zwee Servicer - vläicht dann nëmme mat zwee Servicer, mä et ass jo awer emol en Ufank - an da gëtt vun deeneselwechte Leit gesot, dat wier alles net gutt an net richteg. Ech muss soen, ech weess net, ob dat mat Metasprooch ze dinn huet, mä dann hunn ech just vläicht e Metaverständnis dovunner: Ech konnt dat net novollzéien.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Mir wäerten eis hei e wichtegen Akteur ginn, dee fir déi Jonk, virun allem déi Jonk a Schwieregkeete wäert do sinn, eng Stëmm och wäert hu fir se, Kompetenzen, Zoustännegkeeten, Ressourcen, jo och personell Ressourcë wäert hu fir se. An et ass eigentlech, denken ech, normal, wann een an engem Ministère gesäit, datt een zwee Servicer huet, déi net déiselwecht Aktivitéiten a Servicer ubidden, mä awer op déiselwecht Problematik probéieren, eng Äntwert ze fannen, fir horgenee, awer wierklech quasi horgenee déiselwecht Zilgrupp schaffen, datt ee sech d'Fro stellt: Wier et net besser, mir leeën dat doten elo emol zesummen?

An ech denken awer, datt e Stat besser a méi rationell ka fonctionnéieren, wann en een Akteur huet, dee sech enger an därselwechter Aufgab unhëlt, dee fir eng Zilgrupp schafft, wéi datt een dat dividéiert op e puer Plazen, wou een da mat méi klengen Equippen, mat méi bescheidene Moyenen, mat sécherlech net där ganz breeder Kompetenz dorobber kann (veuillez lire: muss) eng Äntwert ginn. Ech gesinn hei och eng Opportunitéit duerch d'Zesummesetze vun eisem Ministère, wou mer jo Elementer vun der formaler an der non-formaler Bildung hunn, fir do wierklech eppes Flottes, Ganzes a méi Staarkes ze maache wéi d'Zomm vun deenen eenzelne Servicer ALJ an SNJ, déi mer haut hunn.

Dobäi si se an engem gewëssene Mooss och complementaire. D'ALJ, déi sech och staark an der Orientatioun, virun allem vun deene Schüler, déi am Preparatoire waren, déi se an

d'Beruffsausbildung eriwwer wëlle féieren, aktivéiert, déi awer och ganz staark probéiert, d'Schüler, déi aus der Schoul erausgerëtscht sinn, ganz schnell erëm zréckzekréien, an déi dat mat groussem Engagement iwwert déi lescht dräi Jorzéngte gemaach huet. Op där anerer Säit den SNJ, deen awer och zanter zéng Joer Aktivitéiten ubitt, fir Jonker ze aktivéieren, déi, jo, zu deenen „not in employment, education or training" gehéieren, déi mer jo awer haut de Mëtten och schonn e puermol ugeschwat hunn, deen also ganz konkret Servicer och fir e ganz äänleche Public cible ubitt.

Ech denken, datt mer mat deem Zesummeleeën do wierklech e staarken Akteur hu fir déi ganz Bandbreet vun Aktivitéiten, déi ganz Zilgrupp do, deen och senge Missiounen am Kontext vun enger Garantie pour la jeunesse nokënnt. Ech wëll déi net nach eng Kéier erklären, ech denken, dat kenne mer alleguerten hei, den europäesche Projet vun der Jugendgarantie, fir all Jonkem a ganz kuerzem Delai, deen net an enger Ausbildung, enger Aarbecht oder an der Schoul dran ass, eng ganz konkret Propos ze maachen. Ech denken, datt mer eis hei och do stäerken.

D'Madamm Hetto huet d'Fro gestallt: „Hätt et net kënnen oder missen ëmgedréit sinn?" Doriwwer kann ee sécherlech diskutéieren. Ech denken awer, datt déi Aktivitéit, déi den SNJ haut mécht, näämlech de Service volontaire, awer ganz kloer eng Aktivitéit ass, déi en nonformale Charakter huet. An déi dann ze integréieren an eng ALJ, déi momentan, laut Organigramm vun eisem Ministère an och am Gesetz esou definéiert, selwer erëm eigentlech nëmmen e Bestanddeel vun der Formation professionnelle ass, denken ech, hätt awer elo kee Sënn gemaach. Do gesinn ech sécherlech keng Plus-value dran.

An ech denken och, datt et vun Avantage ka sinn, virun allem fir d'Formation professionnelle, datt e Service wéi d'ALJ net reng an engem Service vum Ministère vun der Formation professionnelle ugesidelt ass. E Service, d'ALJ, dee sech jo awer ëm déi Schüler mat Schwieregkeete këmmert, déi riskéieren, de Wee net richteg ze fannen an hir weider Ausbildung, an da just kuckt, datt mer déi méiglechst gutt an d'Beruffsausbildung kréien. Well ech denken, gëschter - ass mer gesot ginn - ass sech hei och vill mat der Beruffsausbildung beschäftegt ginn am Kontext vun där Debatt iwwert déi kleng- a mëttelstännesch Entreprisen hei zu Lëtzebuerg, datt och aner Leit missten an d'Beruffsausbildung goen, datt d'Beruffsausbildung och en anere Stellewäert an en aneren Image brauch an dësem Land. Duerfir solle mer se och net nëmmen an den Eck vun deene setzen, déi Schwieregkeeten an eiser Schoul hunn. Duerfir, denken ech, ass déi Trennung hei och nach emol sënnvoll.

Dat Reglement, no deem d'Madamm Hetto gefrot huet, do schaffe mer nach drun, mä dat wäert sécherlech en temps utile och nach kommen. An déi Bureau-régionallen, déi jo haut d'ALJ och huet, déi den SNJ och zum Deel huet, wäerte sécherlech och nach emol regruppéiert ginn am Kontext vun deene regionalen Antenne vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse. Mä e wäert seng Visibilitéit behalen, wat ganz kloer ass, datt mer d'Proximitéit do notzen, datt déi Jonk de Wee dohinner fannen, datt mer dat ausnotzen, datt mer an der Regioun sinn an déi Jonk och wëssen, wat fir e Service a wat fir eng Hëllef datt se do fannen.

Hei gesi mer, datt mer zwee Akteure beieneeleeën, wou deen ee ganz no um Lycée drun ass an un der Schoul drun ass an deen anere en Akteur am non-formale Beräich ass an awer och no un de Jugendhaiser drun ass, an datt mer domadder eigentlech eisen Impakt nach emol vill méi verbreederen an op vill méi Jonker kënnen agoen an eis och vill méi staark kënnen opstellen, fir den Decrochage ze evitéieren, fir déi Jonk och direkt kënnen an d'Schoul zréckzeguidéieren oder fir och Aktivéierungsmoossname kënnen unzebidden.

Et soll tëschent all deem doten eigentlech keng Lächer ginn, wou ee kann derduerchfalen. Et muss esou sinn, datt do déi Servicer Schëller géint Schëller eigentlech stinn, wou keen duerchkënnt, ouni datt en eng ganz konkret Propos gemaach kritt huet fir eng weider Formatioun, fir zréck an d'Schoul oder fir eng aner Moossnam och aus dem non-formale Beräich. Dorëms geet et eis nach emol hei. Et geet drëms, fir Jonken dann, wa se a Schwieregkeete sinn, fréi, schnell an effikass ze hëllefen. Nëmmen da gi mer eisem Usproch an der Garantie pour la jeunesse och gerecht. Nëmmen da wäerte mer och eisen Ziler, déi mer eis national an och europäesch gesat hunn, fir den Decrochage weider ze reduzéieren, kënne gerecht ginn.

Hei ass et eigentlech eng kleng strukturell Moossnam, sécherlech net déi bedeitendst, net dee gréisste Chantier an dee gréisste Boulevard, oder Autobunn, déi mer oprappen an der Educatioun. De Premierminister huet virun zwou Wochen hei ugekënnegt, datt mer bei all deene sozioeducativen Aktivitéite beim Stat direkt bis zu 350 Posten iwwert déi nächst Jore wäerte rekrutéieren. Wichteg ass, datt mer déi néideg personell Ressourcen a personell Kompetenzen hunn, fir de Jonken an deene ganz schwierege Liewenssituatioune wéi deenen doten ze hëllefen. Wichteg ass awer och, datt mer déi richteg Strukturen hunn, wou déi dote Leit kënnen dra schaffen, datt déi Kraaft, déi mer eis do ginn, schnell op den Terrain kënnt, richteg op den Terrain kënnt an no bei déi Jonk kënnt. Duerfir ass dëst Gesetz esou enorm wichteg.

Villmools Merci!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci, Här Educatiounsminister. Domadder sinn d'Diskussiounen ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7079.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7079 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, duerno de Vote par procuration.

De Vott ass elo ofgeschloss: De Projet de loi 7079 ass mat 34 Jo-Stëmmen, bei 26 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par Mme Cécile Hemmen), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun dëser Sëtzung. Déi nächst Sëtzunge si fir den 31. Mee an den 1. Juni virgesinn. Wéi üüblech gëtt déi Sessioun da mat de legislativen Aarbechten an de Kommissioune virbereet.

An domadder ass d'Sëtzung vun haut opgehuewen an Dir sidd entlooss.

(Fin de la séance publique à 16.15 heures)

SÉANCE 39 MERCREDI, 31 MAI 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Communications
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. 6875 - Projet de loi sur l'organisation du Conseil d'État et portant modification
- de la loi modifiée du 21 avril 1928 sur les associations et les fondations sans but lucratif;
- de la loi modifiée du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets

6821 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État
- *Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle sur le projet de loi 6875 et sur la proposition de loi 6821: Mme Simone Beissel*
- *Discussion générale: M. Léon Gloden, M. Eugène Berger (interventions de M. Claude Wiseler, de M. Léon Gloden et de Mme Simone Beissel), M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler), M. Claude Adam, M. Roy Reding, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi 6875 et dispense du second vote constitutionnel*
- *Retrait du rôle de la proposition de loi 6821*

5. Interpellation de M. Marc Baum au sujet de la pauvreté laborieuse (working poor)
- *Exposé: M. Marc Baum (dépôt d'une motion et d'une résolution)*
- *Débat: M. Marc Spautz, M. Georges Engel, M. André Bauler, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen, Mme Taina Bofferding*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *Parole après ministre: M. Marc Baum, M. le Ministre Nicolas Schmit*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*
- *Vote sur la résolution 1 (rejetée)*

6. 7104 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

3. de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques; b) la création d'un «Centre de gestion informatique de l'éducation»; c) l'institution d'un Conseil scientifique;

4. de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;

5. de la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du Centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

6. de la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire;

7. de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État;

8. de la loi du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Lex Delles*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen (dépôt d'une motion) (interventions de M. le Ministre Claude Meisch), M. Claude Lamberty (Mme Martine Hansen pose des questions), Mme Tess Burton, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (dépôt d'une motion), M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (M. Fernand Kartheiser pose une question)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*
- *Vote sur la motion 2 (rejetée)*

7. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen et M. Nicolas Schmit, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleeginnen a Kolleegen, wann Der wëllt Plaz huelen, da kann ech d'Sëtzung opmaachen. An dat maachen ech dann och direkt. E schéine gudde Mëtteg! D'Sëtzung ass op.

An déi traditionell Fro un den Här Statsminister: Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Déi traditionell Äntwert, Här President: Neen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

2. Communications

Da wollt ech der Chamber matdeelen, dass d'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten um Büro deponéiert ass an d'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung bei eis erakomm sinn, un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite verdeelt ginn ass.

Communications du Président - séance publique du 31 mai 2017

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***7134** - Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée technique pour professions de santé et d'un hall des sports Logopédie à Strassen*

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 11.05.2017

***7135** - Projet de loi relatif à la rénovation et l'extension du Lycée Michel Rodange*

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 11.05.2017

***7136** - Projet de loi relatif aux voyages à forfait et aux prestations de voyages liées et portant modification:*

1. du Code de la consommation;

2. de la loi modifiée du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 12.05.2017

***7137** - Projet de loi relatif à la gestion collective des droits d'auteur et des droits voisins et l'octroi de licences multiterritoriales de droits sur des œuvres musicales en vue de leur utilisation en ligne dans le marché intérieur et portant modification de la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 12.05.2017

***7138** - Projet de loi portant modification: 1. de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective; 2. du Code du travail*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 17.05.2017

***7139** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain*

Dépôt: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, le 18.05.2017

***7140** - Projet de loi relatif à un régime d'aides en faveur des petites et moyennes entreprises et portant abrogation*

1.) des articles 2, 3 et 6 de la loi modifiée du 30 juin 2004 portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes; et

2.) de l'article 4 la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet 1. le développement et la diversification économiques, 2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 18.05.2017

***7141** - Projet de loi portant approbation de la Convention Benelux de coopération transfrontalière et interterritoriale, faite à La Haye, le 20 février 2014*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 22.05.2017

***7142** - Projet de loi modifiant la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues*

Dépôt: Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 23.05.2017

***7143** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement et l'action humanitaire*

Dépôt: M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, le 23.05.2017

***7144** - Projet de loi relatif à la mise à 2 x 3 voies de l'autoroute A3*

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 26.05.2017

***7145** - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal du 16 juin 2011*

a) concernant les modalités relatives à l'appareil de contrôle dans le domaine des transports par route et fixant les sanctions des infractions aux dispositions

1) du règlement (CE) n°561/2006 du Parlement et du Conseil du 15 mars 2006 relatif à l'harmonisation de certaines dispositions de la législation sociale dans le domaine des transports par route, modifiant les règlements (CEE) n°3821/85 et (CE) n°2135/98 du Conseil et abrogeant le règlement (CEE) n°3820/85 du Conseil et

2) du règlement (CEE) n°3821/85 modifié du Conseil des Communautés européennes concernant l'appareil de contrôle dans le domaine des transports par route, et

b) modifiant

1) le règlement grand-ducal du 15 mars 1993 portant exécution et sanction du règlement (CEE) n°881/92 du Conseil des Communautés européennes du 26 mars 1992 concernant l'accès au marché des transports par route dans la Communauté exécutés au départ ou à destination du territoire d'un État membre ou traversant le territoire d'un ou plusieurs États membres,

2) le règlement grand-ducal modifié du 26 août 1993 relatif aux avertissements taxés, aux consignations pour contrevenants non résidents ainsi qu'aux mesures d'exécution de la législation en matière de mise en fourrière des véhicules et en matière de permis à points et

3) le règlement grand-ducal modifié du 8 août 2000 déterminant le contenu de l'instruction préparatoire aux examens du permis de conduire ainsi que de l'exercice de la profession d'instructeur de candidats-conducteurs

Dépôt: M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures, le 29.05.2017

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Deen Ordre du jour, deen d'Presidentekonferenz virgeschloen huet, ass de Fraktiounen an de Sensibilitéiten zougestallt ginn. An ech wollt lech froen, ob Der mat deem Ordre du jour d'accord sidd.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen direkt zum éischte Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6875, d'Reform vum Statsrot. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Simone Beissel. Dir kënnt direkt ufänken. D'Wuert huet just d'Madamm Rapportrice.

4. 6875 - Projet de loi sur l'organisation du Conseil d'État et portant modification

- de la loi modifiée du 21 avril 1928 sur les associations et les fondations sans but lucratif;

- de la loi modifiée du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets

6821 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle sur le projet de loi 6875 et sur la proposition de loi 6821

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Membere vun der Regierung, de Lëtzebuerger Statsrot ass schonns säit ganz Laangem dat wichtegst Berodungsorgan net nëmme vun der Regierung, mä och vun eis als Chamber, sougutt wat eis Statsform ugeet, wat eise politesche System ugeet mat all senge breede Facetten, mä haaptsächlech och, wat de Schutz vun eise Bierger ugeet.

De Statsrot nennt sech selwer de Garant vun de Grondrechter a vun de Fräiheeten, mä hie gëtt awer och ugekuckt als Garant vun engem stabille Rechtsstat.

Et ass awer esou, an dat héiere mer ëfters dobaussen, dass am grand Public e ganze Koup Leit net richteg wëssen, wéi e funktionéiert, wéi en zesummegestallt ass, an dass verschidde Leit iwwerhaapt näischt iwwert de Statsrot wëssen. Trotzdeem ass et eng Institutioun, déi elo 162 Joer kritt.

Effektiv ass de Statsrot 1856 gegrënnt ginn, an zwar vum Kinnek-Grand-Duc Wëllem III. vun Oranien-Nassau, deen iwwerhaapt net frou war mat der Chamber, well 1848 déi dräi Pouvoiren u sech agefouert gi sinn an d'Chamber fir d'Éischt richteg Pouvoire kritt huet. En huet sech ëmmer beklot iwwert d'„plénipotence" an d'„omniprésence" vun deem Parlament. An d'Chamber war dergéint, dass géif esou e Gremium geschaaft ginn. An du huet hien op déi al Manéier iwwer Ordonnanz a par voie d'autorité, wat et haut net méi gëtt, 1856 dee Statsrot de force kreéiert.

En hat näämlech d'Iddi - well Dir wësst jo, e war Hollänner, an d'Hollänner haten déizäit jo eng zweet Chambre, de Senat -, seng Iddi war, fir der Chamber hei zu Lëtzebuerg e Rigel virzeschiben an eng Zort Senat hei anzesetzen an en ze bestécke mat lauter Leit, déi him geneem waren, fir déi Chamber dann ze bremsen.

Dëse Statsrot hat déizäit als Missioun, «de délibérer au sujet des projets de loi, arrêtés et règlements», an e krut awer schonn direkt riichterlech Kompetenz a Saache Comité du contentieux. Glécklecherweis war dem Kinnek Wëllem III. seng Freed awer net vu laanger Dauer, well en hat esou dichteg Leit an de Statsrot gesat, dass déi sech relativ schnell flügge gemaach hunn, dat heescht, si sinn aus sengem Donstkrees verschwonnen a si hu wierklech gekuckt nom Stat an net nom Kinnek-Grand-Duc, well menger Meenung no hätt soss dee Statsrot 1868 de 17. Oktober, wou mer eis haiteg Verfassung kritt hunn, net iwwerlieft.

Elo maache mer e grousse Sprong an d'20. Jorhonnert. Wéi gesot, 162 Joer gutt Aarbecht, vill Avisen, an trotzdeem, haut ass déi drëtt Reform. Déi éischt grouss Reform, déi hate mer den 13. Juni 1989. Dir musst lech virstellen, vun 1856 u bis 1989 ass fir d'alleréischte Kéier de Statsrot eegestänneg ginn, dat heescht, e krut en eegenen Artikel an d'Verfassung ageschriwwen. Et war zwar en „bis", den 83bis, mä op d'mannst hat en eng Existenz.

Déi zweet grouss Reform, dat war 1995-1996. Dir erënnert lech bestëmmt un dee berüümten „Arrêt Procola", wou de Lëtzebuerger Stat zu Stroossbuerg vum Europäesche Geriichtshaff fir d'Mënscherechter d'Ouere laang gezu kritt huet, well se fonnt hunn, mir hätten ze vill Hitt op nëmmen e puer Käpp. An dunn ass dann endlech decidéiert ginn, quitte dass dat schonn zéng Joer an der Diskussioun war, fir d'Geriichtsbarkeet vum Statsrot ewechzehuelen. Dee Moment si jo den Tribunal administratif an d'Cour administrative gegrënnt ginn. A vun deem Moment un ass de Statsrot exklusiv nëmmen nach berodend Organ.

2013 am Koalitiounsaccord huet déi jëtzeg Regierung beschloss, fir de Statsrot a bestëmmte Beräicher ze änneren, ze moderniséieren opgrond vu Gespréicher, déi regelméisseg vu bausse komm sinn: „Jo, wat mécht en?", „En ass net transparent genuch", „Et weess een net genuch" an esou weider an esou virun.

An déi Iddien, déi am Koalitiounsaccord enthale waren, ware vu véiererlee Natur: éischtens, d'Nominatiounsprozedur, déi jo schonn Ulass zur Kritik ginn huet; dann d'Kompositioun; dann d'Publicitéit vun de Votten, well ëmmer gesot ginn ass: „Et weess een net genau, wéi se do schaffen", an d'Mandatsdauer.

Doropshin huet eise President den 12. Mäerz 2014 d'Propositiounen, déi hei vun all de Bänken, vun de Parteien, mä och vun de Sensibilitéiten, iwwer Akzenter, déi sollten an där Reform dra sinn, dem Statsminister Xavier Bettel iwwerreecht. An opgrond vun deene Propositiounen an Iwwerleeunge vun der Regierung ass dunn e Projet de loi ausgeschafft ginn.

Wat awer du war: An eiser Verfassungskommissioun hate mer du gläich vun Ufank un zwee Texter virleien. En effet hat de Kolleeg Paul-Henri Meyers schonn den 19. Mee 2015 eng Proposition de loi hei eragereecht an de Premier Xavier Bettel huet den 10. September datselwecht Joer e Projet de loi eragereecht. Déi Éischt hat d'Nummer 6821, deen aneren huet den 6875.

De Statsrot huet dunn den 18. Dezember 2015 en éischten Avis geholl iwwert déi zwee Texter zesummen. Et koumen nach zwee Avisen no, deen een de 15. Juli 2016 an deen zweeten Avis complémentaire de 14. Mäerz 2017. Déi Avisen hunn ëmmer déi zwee Texter matenee behandelt. Mir hunn och nach véier interessant Avise kritt vu véier Chambres professionnelles zu der ganzer Problematik.

Vu dass d'Proposition de loi, déi vir an der Zäit war, an de Projet de loi deeselwechten Objet hunn, ass awer dunn an der Kommissioun decidéiert ginn, fir nëmmen op engem Text virunzeschaffen, an dat war de Projet de loi 6875. De Paul-Henri Meyers huet mech du gefrot, ob ech d'accord wär - an dat war ech, bien entendu -, fir säin Text mat sengen eenzelne Proposen a mengem schréftleche Rapport festzehalen. An duerfir wäert ech och op déi eenzel Propose vum Här Meyers agoen, d'autant plus, wou den Här Meyers op seng attribuéiert Riedezäit haut verzicht.

Här President, et sinn u sech fënnef Ännerungen, déi an der Proposition de loi virgesi sinn an déi och am Projet de loi sech erëmfannen.

Dat Éischt, dat ass d'Procédure beim Depot vun de Projets de loi. Momentan ass et esou, a mir maachen u sech nëmmen eng Regularisatioun, dass am Prinzip den Depot hei an der Chamber eréischt ka geschéien, wann den Avis vum Statsrot do ass, ausser d'Urgence gëtt invoquéiert. Et ass awer esou, dass scho säit Joren ëmmer d'Urgence invoquéiert gëtt, also dass déi Distinctioun dee Moment an der Prozedur net méi vill Sënn mécht. Duerfir hu mer decidéiert, mir géifen dat regulariséieren, dat ofschafen, well dat mécht kee Sënn méi.

Derniewent huet och d'Proposition de loi gefrot, fir dass d'Chamber bei all Projet de loi direkt saiséiert ka ginn. Dat iwwerhëlt de Projet de loi, ass also den Accord vun all Mënsch.

Da koum awer an der Proposition de loi eppes, wou mer net d'accord waren. Dat heescht, den Auteur wollt, dass d'Chamber bei all Fro d'intérêt général - an do ass ëmmer de Problem vun den Definitiounen - kéint direkt de Statsrot befroen, fir en Avis ze kréien. De Statsrot, dee war do net dermat d'accord. Mir haten Diskussiounen an der Kommissioun an hunn decidéiert, dat net zréckzebehalen.

Da geet et ëm d'Prozedur, wou d'Proposition de loi an de Projet de loi jo deeselwechte Souci haten. Dir wësst jo, wéi et elo de Moment ass. Momentan hu mer e System vun Alternance, oder et kéint een och praktesch soen Tripartite. Dat heescht, mir hunn eng Nomination directe vum Grand-Duc. An dann hu mer eng Nominatioun vun engem vun dräi Kandidaten iwwert d'Chamber an eng Nominatioun vun engem vun dräi Kandidaten duerch de Statsrot.

D'Proposition de loi huet virgesinn - an dobäi ware mer net dermat d'accord, well mer gefaart hunn, de Statsrot géif seng Eegestännegkeet verléieren -, dass nëmmen nach d'Chamber géif Conseillers d'État nominéieren. Mir wollten, dass de Statsrot seng Eegestännegkeet géif behalen, duerfir ass dat net zréckbehale ginn.

Wat gëtt dann elo geännert am neien 6875?

Mir halen d'Alternance zwar bäi, mä et kënnt awer eng Modifikatioun, dat heescht, d'Nomination directe duerch de Grand-Duc verschwënnt an déi gëtt ersat duerch eng Nominatioun op Propos vun engem Kandidat duerch d'Regierung. Also mir ginn net méi dräi Kandidaten; ee Kandidat duerch d'Regierung. An ausserdeem sollen d'Chamber an de Statsrot och, wann et un hirem Tour ass, all Kéiers ee Kandidat bestëmmen. Zousätzlech soll de Statsrot virun all Nominatioun zwee Profiller ausschaffen, virschloen, fir dass, wann d'Leit sollen nominéiert ginn, jiddefalls deen éischte Kandidat dee Profill dann huet, deen direkt gebraucht gëtt.

Wat sinn aner Neierungen?

Dat Éischt betrëfft d'Kompositioun vum Statsrot, wat awer och d'Procédure de nomination beaflosst. Vu dass d'Majoritéit oder d'Quasitotalitéit vun de Parteien a Sensibilitéiten heibannen dat gär gehat hätt, si mer op de Wee gaangen, dass d'Représentation politique am Statsrot u sech eng Parallell vun där ginn ass, déi mer hei an der Chamber hunn. D'Regel ass just, dass all Partei, all Sensibilité politique, déi minimum wärend zwou Legislaturperioden dräi Sëtz kritt huet, e Recht huet op e Siège.

Dir wësst, mir haten ëmmer eng Zort Gentlemen's agreement an de leschte Joren. Mä mir maachen elo u sech näischt aneres, wéi den Gentlemen's agreement an den Text ze schreiwen.

An nach! De Statsrot an e puer Parteien hunn dann och gefrot, an dat ass u sech Zäit gewiescht, dass mer e bësselche méi Gender Mainstreaming géife maachen, dat heescht, dass d'Représentation paritaire vun den Dammen am Statsrot sollt verstäerkt ginn. An do si mer dann no villen Diskussiounen op de Wee gaangen, dass an dem Statsrot de Sexe sous-représenté soll op d'mannst en Drëttel kréien, dat heescht 7 vun 21, an eis Häre ware wohlwollend do dermat averstanen. Dat empêchéiert awer net, wann déi Konditioun net erfëllt wär, wann zum Beispill eng Vacance de siège wär, dass de Statsrot ka viruschaffen, bis eng nei Damm sech mellt, well mir wëllen all eventuelle Blockage vun de Procédures législatives jo verhënneren.

Da kënnt de Problem vun der Mandatsdauer. Dir wësst, de Moment ass et esou, dass d'Mandatsdauer 15 Joer ëmmer ass, bis dato, an dat korrespondéiert zu dräi Legislaturperioden. D'Regierung proposéiert, an d'Kommissioun ass mat op dee Wee gaangen, fir déi Durée vu 15 op 12 Joer erofzesetzen. Den Här Meyers hat proposéiert, déi Durée vu 15 Joer ze halen. D'Regierung huet als Iddi, fir ze soen, dass zwielef Joer besser ass, well et wichteg ass, dass och an engem Statsrot e permanente Renouveau garantéiert gëtt, well an eiser Gesellschaft och e permanente Changement ass, an da kënne mer dat besser alignéieren.

Doniewent: D'Funktiounen - dat ass méi technesch - vu President a Vizepresident vum Statsrot ginn op dräi Joer limitéiert. Wa mer erofginn op en Delai vun zwielef Joer, wëllt dat awer net heeschen, wann een zum Beispill dann e Spezialmandat kritt als President oder Vizepresident, dass een dat dee Moment kéint fiktiv verlängeren. Neen: Sinn déi zwielef Joer eriwwer, da sinn automatesch d'Funktioune vum President a Vizepresident och fäerdeg.

De Grand-Duc an den Ierfgroussherzog dierfen net méi President ginn. Dat steet elo am Text. Souwisou ware se dat ni, do maache mer just en Toilettage de texte.

Dann en anere Punkt, wou d'Proposition de loi an de Projet de loi iwwereneestëmmen, dat ass déi ganz Geschicht vun der Publicité des votes. Et ass ebe just gesot ginn: „Et weess een ni am Statsrot, wéi se genau ofstëmmen." De Moment ass et esou, dass et duergeet, dass de President an de Generalsekretär am Statsrot d'Authentizitéit vun de Votte zertifiéieren, an domat war et fäerdeg. Elo ass gesot ginn, neen, an d'Propositioun, wéi gesot, an de Projet leien op enger Linn: Vun elo u muss de Quorum - dat heescht, wivill Leit si physesch do, fir matzestëmmen? - public gemaach ginn an och d'Resultat vum Vott, awer net, wéi deen een oder anere ganz genau ofgestëmmt huet. An dat nenne mer elo „publication anonyme des votes", fir dass awer d'Regierung an d'Chamber wëssen, also de Feeling kréien, wéi ee Projet gedroen ass, vu wat fir enger Majoritéit.

Da betrëfft e leschte Punkt de Code de déontologie. Dir wësst, dass ganz vill Institutiounen entre-temps e Code de déontologie hunn. Mir schreiwen dat elo an d'Gesetz. De Statsrot huet zwar schonn e Règlement d'ordre intérieur, mä elo kritt en d'Recht, fir, wéi gesot, net nëmmen e Règlement d'ordre intérieur, mä och deontologesch Spillregele selwer auszeschaffen, an dat gëtt elo am Gesetz verankert a kritt doduerch eng aner Force. Dat war op Wonsch vum Statsrot, an d'Kommissioun ass deem bien-entendu suivéiert.

Dann, déi vun Iech, déi den Intitulé genau gelies hunn, hu jo bestëmmt gesinn, dass do an deem Intitulé och eppes drasteet vun dem Cabaretsgesetz; d'Cabaretsgesetz, wat ganz al ass, wou awer säit 1998 eng Modifikatioun drasteet. A wat huet dat da mam Statsrot ze doen? Mä ganz einfach, an do maache mer u sech och eng Modernisatioun vun der Situatioun: Bis dato muss bei all Débit de boissons, bei all Autorisatioun, déi erausgeet, de Statsrot nach ëmmer en Avis ginn. An do hu mer fonnt, dat wär awer wierklech net méi zäitgemëiss, an duerfir gëtt dat elo net bäibehalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech elo zu menge Schlussremarquë kommen - Dir gesitt, ech hunn e lëftege Rapport gemaach vu mengem 57-säitege schréftleche Rapport -, wëll ech awer wierklech nach eng Serie Mercie lassginn. Et ass jo net Usus, mä dat hei war wierklech Megaaarbecht an et hunn extrem vill Leit dru geschafft a mir gehollef an een deem anere gehollef.

An duerfir wëll ech wierklech Merci soen, fir d'Éischt eisen Dammen aus der Kommissioun, dat heescht dem Tania Braas an dem Carole Closener, an dann zweemol eise Jeffen, dem Här Jeff Fettes an dem Här Jeff Feller, mä awer och dem Lex Bodry an de ganze Membere vun der Kommissioun. Mir hate vive a kontrovers Diskussiounen, mä et war awer am Endeffekt wierklech konstruktiv. An dann och dem Statsrot selwer, well mir hate Gespréicher mat hinnen, wou mer munche Knackpunkt konnte léisen. A mat deem System koum en Text eraus, mengen ech, deen uerdentlech ass an dee sech weise léisst.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, mir wëssen alleguerten heibannen, wéi wichteg d'Roll vum Statsrot an eisem System ass a wat fir eng wichteg Aarbecht e mécht, och am Interêt vum Rechtsstat. Well kommt, mir sinn eis bewosst: Hätte mer kee Statsrot, da géife mer och Texter maachen, mä deen een oder aneren Text, dee géif eng aner Nues kréien an et wär net evident, ob se ëmmer esou positiv wären!

Well, mir sinn zwar heiansdo als Politiker generft, wa mer en Text erabréngen an da kréie mer eng oder méi Opposition-formellë vum Statsrot an da musse mer d'Käpp zesummestrecken, fir nach e besseren Text ze maachen, mä normalerweis kënnt och e besseren Text eraus! An et ass scho wéi säit der Renaissance: «Du choc des idées jaillit la lumière.» A ganz oft, wann e puer Leit sech unenee reiwen, da kënnt ganz oft wierklech e gudden Text eraus. Well mir wëlle jo kloer Gesetzer maachen, limpide Gesetzer, equilibréiert Gesetzer. Dat ass de Garant, fir dass mer dobausse vill manner Streidereien hunn, et ass de Garant, fir dass mer manner Prozesser dobaussen hunn.

An ech géif mengen, duerfir solle mer och an Zukunft op gutt Zesummenaarbecht mat dem Statsrot bauen.

Déi Reform, déi mer haut stëmmen, dréit dozou bäi, dass d'Visibilitéit, d'Lisibilitéit an och d'Transparenz, déi jo heiansdo dobausse gefrot gëtt, vum Statsrot verbessert ginn. An ech mengen, wa mer dat mat deem Gesetz hei fäerdegbréngen, da gëtt och d'Legitimitéit vum Statsrot, déi och vun deem engen oder aneren dobausse gemengt ginn ass, ugeprangert missen ze ginn, erëm eng Kéier verstäerkt. An dat ass gutt am Interessi vun eisem Rechtsstat an dat ass gutt am Interessi vum Schutz vun eise Bierger, well ech mengen, dat ass eis éischt an nobelst Missioun.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet elo den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Léon Gloden fir d'CSV.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech erlabe mer, direkt un dëser Plaz der Madamm Rapportrice, dem Simone Beissel, Merci ze soe fir de mëndlechen a schréftleche Rapport. D'Madamm Rapportrice huet et gesot, mir haten eng sachlech Diskussioun an der Institutiounskommissioun. Eng ganz Rei Sëtzungen hu mer doriwwer geschwat. Och wa mer eis zum Schluss net konnten eens ginn op en Text, op e gemeinsamen Text, waren d'Diskussioune sachlech an och interessant fir déi méi jonk Deputéiert, fir iwwer esou eng al Institutioun kënnen nach villes bäizeléieren.

De Statsrot ass eng Institutioun, an ech géif soen, eng Institutioun sui generis. Tëschent 1815 an 1830 huet de Statsrot an der hollännescher Verfassung eng „fonction délibérative" gehat. En huet iwwert d'Propositioune vum Roi-Grand-Duc ofgestëmmt an huet säin Avis „sur toute question d'intérêt général" ofginn.

1830, nodeems de Grand-Duché un d'Belsch attachéiert ginn ass, ass de Statsrot ofgeschaaft ginn.

1848 gouf dunn eng permanent Gesetzeskommissioun gegrënnt, eng Aart Virleefer vum Statsrot, déi am Virfeld vun engem Gesetzesprojet huet misse consultéiert ginn. Dës Kommissioun huet aus néng Membere bestanen; fënnef dovu goufen all Joer vun der Chamber genannt a véier vun der Regierung. Presidéiert gouf se vun engem Chambersvertrieder.

Dës Kommissioun gouf 1856 vum Statsrot ersat. Dëse krut dunn och riichterlech Funktiounen a Verwaltungssträitegkeeten. Dës Funktioun ass duerch de berüümten „Arrêt Procola" jo verluer gaangen.

Och wann de Statsrot ab der méi autoritärer Verfassung vun 1856 eigentlech vun der Exekutiv imposéiert gouf, esou koum hie gestäerkt aus der Revisioun vun der Verfassung 1868 ervir. All Gesetz huet am Prinzip missen engem zweete Vott ënnerbreet ginn, ausser d'Chamber an de Statsrot gi sech eens, dorobber ze verzichten; eppes, wat jo haut an 99% vun de Fäll antrëtt.

Et goufen ëmmer Stëmmen, déi de Statsrot als verlängerten Aarm vum Grand-Duc, also der Exekutiv ugesinn hunn. Ech denken awer, réckbléckend kënne mer frou sinn iwwert déi gutt Aarbecht vum Statsrot iwwer all déi Joren. An d'Madamm Rapportrice huet et nach eng Kéier ënnerstrach.

An trotzdeem besteet Reformbedarf.

De Paul-Henri Meyers hat dofir schonn am Mee 2015 eng Gesetzespropositioun hei am Haus deposéiert. Fir de Suspense direkt ewechzehuelen: Dat waren a sinn och d'Iddie vu menger Fraktioun. Véier Méint méi spéit, den 10. September 2015, huet d'Regierung hir Gesetzesvirlag presentéiert. Op verschiddene Punkten huet Äänlechkeet geherrscht. Ech denken do an éischter Linn un d'Upassung vun der Legislaturprozedur un d'Praxis. D'Madamm Beissel ass dorobber agaangen.

Op anere Punkte ware mir awer, an net nëmme mir als CSV, net averstane mam Regierungsprojet.

Net novollzéie konnte mer zum Beispill de Wëlle vun der Regierung, de Geriichter d'Kontroll vun der Urgence ewechzehuelen. Dës Kontroll ass eng Garantie géint den Arbiträr vun enger Regierung. Dogéint huet dës Chamber sech och gewiert. An d'Regierung huet et finalement agesinn, datt se do um Holzwee war.

Och war et fir eis onverständlech, datt d'Regierung eventuell Ännerungen u groussherzogleche Reglementsprojeten net méi dem Avis vum Statsrot wollt ënnerbreeden. An anere Wierder hätt d'Regierung dem Statsrot e Projet virgeluecht, deen aviséiere gelooss an duerno eppes aneschters beschloss. Sou kann een net schaffen tëschent Institutiounen! Béid Ännerungen hätten op alle Fall net zu besseren Texter bäigedroen.

Op anere Punkte wollt dës Regierung innovéieren. Sämtlech Avise vum Statsrot zu groussherzogleche Reglementer sollte public gemaach ginn. Et ass awer an der Saach näischt Neits. Dat ass schonn de Fall zënter engem Bréif vum deemolege Statsminister vum 6. Dezember 2008. An dat ass och gutt esou.

Op anere Punkten huet d'CSV derfir gesuergt, datt de Gesetzesprojet verbessert konnt ginn. Ech denken hei un d'Recht, dat elo am Gesetz verankert gouf, fir de Statsrot, d'Exekutivbestëmmungen zu engem Gesetzestext bei der Regierung unzefuerderen.

Här President, och wa mer op eenzelne Punkten eens waren an der Kommissioun, esou goufen et awer op wesentleche Punkten divergent Vuen.

De Statsrot wor a bleift déi héchst Instanz fir de Contrôle a priori vun der Constitutionnalitéit an der Konformitéit mat internationalen Traitéen an anere Rechtsprinzipien. De Contrôle a posteriori oblääit jo der Cour constitutionnelle, deen an der Verfassungsreform bäibehale gëtt.

Wärend den Aarbechten um Gesetzestext ware mir der Meenung, datt de Contrôle a priori misst gestäerkt ginn. Mir wollten dowéinst an d'Gesetz aschreiwe loossen, datt fënnef Deputéiert missten d'Méiglechkeet kréien, dem Statsrot präzis Froen zu engem Gesetzesprojet a senger Konformitéit zu héijeren Normen ze stellen. Och wa mir der Meenung sinn, datt de Statsrot insgesamt eng virbildlech Aarbecht mécht, esou ass och de Statsrot net onfeelbar. Et kann dofir och emol virkommen, datt de Statsrot eppes iwwersäit. A mir denken, datt do eben och eng Handvoll Deputéiert missten d'Recht hunn, de Statsrot unzeruffen. Fir ze verhënneren, datt dëst Instrument kéint e Moyen dilatoire ginn, wëllt heesche mat dem eenzegen Zil, d'legislativ Prozedur ze bremsen, hate mer virgesinn, datt de Statsrot säin Avis ee Mount no der Saisine misst ofginn.

Fir d'Leit, Här President, ass de Contrôle de constitutionnalité a priori extrem wichteg. Mir hunn et ënner anerem gesinn an de Panelen, déi d'Uni moderéiert huet am Kader vun der Verfassungsreform. Dës Modifikatioun hate mir per Amendement proposéiert. Dee gouf awer leider vun der Majoritéit verworf. Dat ass den éischte Grond, firwat meng Fraktioun dësem Projet net zoustëmme kann.

Eng vun de spannendste Froe war sécherlech d'Prozedur, fir Conseiller d'État ze ginn. Et gëtt jo heiansdo gesot, de Statsrot wier de Kierfecht vun ofgedéngte Politiker. D'Kompositioun weist, datt dat net de Fall ass. Et gëtt och kritiséiert, datt Statsbeamten, déi a priori an de Ministèren hëllefen, Projet-de-loien ze schreiwen, herno am Statsrot hir eege Projet-de-loien aviséiere géifen.

Et ass och kee Geheimnis, datt d'Nominatioun oder richteg gesot d'Propositioun vun engem Kandidat enger politescher Concertatioun virausgeet (veuillez lire: datt der Nominatioun oder richteg gesot Propositioun vun engem Kandidat eng politesch Concertatioun virausgeet). Wann ee sech Spillregele gëtt, da muss een déi anhalen. Wat dës Regierung viru Kuerzem net gemaach hat! Wéi e Jurist sollt genannt ginn, deen d'Regierung awer net wollt, opgrond vu senger Parteikaart, huet se e Kandidat mat engem anere Profill genannt.

Eis Propos, an esou steet et och an der Proposition de loi vum Paul-Henri Meyers, ass, datt all Kandidat proposéiert gëtt vun der Chamber; déi Institutioun, déi direkt vum Vollek gewielt gëtt. Dës Propositioun kënnt net aus dem Näischt! Ënner anerem de fréiere Justizminister, de Luc Frieden, an och de fréiere President vun der Chamber, de Lucien Weiler, haten am Kader vun de Festivitéite vum 150. Anniversaire vum Statsrot d'Fro gestallt, ob et net un der Zäit wier, d'Proposition de nomination an deem Sënn ze änneren. Leider huet dës Propos, wéi gesot, keng Majoritéit an der Kommissioun fonnt.

D'Rapportrice ass drop agaangen, an et ass e bëssen den Dadda och vun dem President vun der Institutiounskommissioun gewiescht, datt an d'Gesetz d'Prozeduren dra solle kommen, wéi se de facto oflafen. Mä de Statsrot hat do grouss Bedenken. De Statsrot huet sech och dergéint ausgeschwat, géint d'Concertatioun tëschent de Gruppe voire Sensibilités politiques a géint d'Concertatioun tëschent de verschiddenen Organer, fir datt dat an dem Gesetzestext géif verankert ginn.

De Statsrot huet hei eng Opposition formelle formuléiert an dofir ass et net am Text zréckbehale ginn. Den Text, deen elo finalement hei zum Vott kënnt, gesäit vir, datt d'Propositioun vum Statsrot «tient compte des partis politiques représentés à la Chambre», ënnert der Konditioun, datt se dräi Sëtz kruten an deene leschten zwou Wahlen. Och muss eng Représentation équilibrée sinn tëschent Mann a Fra, soudatt net manner wéi siwe Leit vum Sexe sous-représenté am Statsrot sëtzen. Hei stellt sech fir eis awer nach ëmmer d'Fro, wien dat kontrolléiert a wat geschitt, wa sech net dru gehale gëtt. Den Text riskéiert, Lettre morte ze bleiwen.

Här President, eng aner interessant Fro, déi sech gestallt huet, war natierlech de Profill vum Kandidat. Een, deem säi Profill kloer ass, ass dee vum Ierfgroussherzog. Dee gëtt direkt vum Grand-Duc genannt. Fir déi aner Profiller sinn d'Meenungen auserneegaangen: dräi Profiller, zwee Profiller oder nëmmen ee Profill?

Mir haten als CSV virgeschloen, datt bei alle vakante Posten de Statsrot à titre indicatif e Profill ugëtt an à titre subsidiaire d'Profiller fir d'Postes vacants à venir. An den Diskussioune mam Statsrot ass finalement zréckbehale ginn, datt de Statsrot zwee Profiller virgëtt fir all Vacance de poste. Dës si Guidelines fir d'Institutioun, déi d'Kandidate soll virschloen.

Här President, een anere wichtege Punkt huet sech mat der interner Funktiounsaart a -weis vum Statsrot befaasst. Ech erënneren an deem Kontext un eng Iwwerschréft vun engem „Lëtzebuerger Wort"-Artikel vum 8. Dezember 2016: „Dunkelkammer mit Reformbedarf".

Zu der Transparenz vun den Decisiounen, déi de Statsrot hélt, jo, do gëtt et etlech Meenungen: De Vott muss public gemaach ginn; den Numm vum Rapporteur soll ugi ginn; wéi vill Leit derfir an dergéint gestëmmt hunn; wien huet derfir oder dergéint gestëmmt?

De Paul-Henri Meyers hat eemol virgeschloen, datt den Numm vum Rapporteur sollt ugi ginn. Finalement si mer eis eens ginn, datt d'Zuel vun de Conseilleren ugi gëtt, déi un der Decisioun vun der Dispens vum zweete Vott deelgeholl hunn, souwéi d'Zuel vun deenen, déi derfir an dergéint gestëmmt hunn.

Här President, et ass wichteg, datt d'Institutiounen ënnerenee sech den néidege Respekt zollen. Wéi wëlle mer géint déi esou oft genannt politesch Verdrossenheet ukommen, wa politesch Spillercher tëschent den Institutioune gespillt ginn? D'lescht Zäit sinn eng Rei Aussoen, besonnesch vun der Regierungssäit, vis-à-vis vum Statsrot komm, e géif net schnell genuch schaffen, d'Avise wieren ze politesch, insbesondere vum Innenminister, deen des Éfteren de Statsrot kritiséiert, well d'Avisen net an der Zäit kommen, wéi hie sech dat virstellt oder wéi hie se gär politesch hätt; sprëch Kierchefabricken, CGDIS.

Eist institutionellt Verständnis ass, datt all Institutioun hir Aufgabe muss kënnen erfëllen, esou wéi d'Verfassung an d'Gesetz dat fir déi betreffend Institutioune virgesinn. A beim Statsrot ass dat eben d'Aviséiere vu Gesetzestexter mat der néideger Suergfalt. Si mer der Meenung, datt de Statsrot net schnell genuch schafft, hätte mer jo kënnen d'Zuel vun de Conseilleren an d'Luucht setzen. Mä dat wollt jo och keng Partei!

Ëm eppes beneiden ech d'Membere vum Statsrot: Si hu mat déi schéinst Vue iwwert d'Stad an déi bescht Plaz fir d'Freedefeier op Nationalfeierdag!

Här President, dëst gesot, opgrond vun deenen Erläuterungen, déi ech ginn hunn, wäert meng Fraktioun géint dëse Projet stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Nächste Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Eigentlech hätt ech net méi missen d'Wuert ergräifen an den Här Bodry war och scho prett,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo.

M. Eugène Berger *(DP).*- ...fir hei op d'Riednerpult ze kommen, well eigentlech d'Rapportrice Simone Beissel wierklech en exzellente schréftleche Rapport vu 57 Säiten an awer och haut de Mëtten e pertinente mëndleche Rapport gemaach huet. Ech wéilt hir och duerfir besonnesch felicitéieren, och well se d'Fonctioun an d'Wichtegkeet an d'Roll vum Statsrot an eisem institutionelle Gefüge duergestallt huet.

Ech muss awer soen, datt ech awer trotzdeem elo kuerzfristeg decidéiert hunn, hei ganz kuerz zwou, dräi Remarquen ze maachen, nodeems ech och ufanks der Woch eng Pressekonferenz héieren hat vun der gréisster Oppositiounspartei an och elo hirem Spriecher opmierksam nogelauschtert hunn, a wou ech och elo awer iwwerrascht war, datt net de Paul-Henri Meyers, Auteur vun enger Proposition de loi, déi eigentlech d'Positioun vun der CSV duerstellt, datt deen net d'Wuert ergraff huet.

Dat einfach fir ze soen, datt ech awer trotzdeem e bëssen erstaunt sinn iwwert déi Aart a Weis, wéi hei déi gréissten Oppositiounspartei sech bei esou engem wichtege Projet abruecht huet, a wou ech muss soen, datt dat ënnert dem Strëch fir mech oder fir eis awer net ganz konstruktiv ass, wat mer bedaueren.

Ech wëll net op de ganzen Historique agoen. Bon, déi eenzel Parteien hate jo opgrond vun engem Questionnaire hir Positiounen eraginn. An do war sécher Sputt, do war sécher Raum, fir kënnen awer zesummenzefannen. Dat war jo och d'Zil eigentlech hei vum President vun der Kommissioun, awer och vun der Rapportrice, ech mengen, vun eis alleguerten, datt mer e Konsens an all deene Froe kéinte fannen.

Bon, also praktesch zu deemselwechte Moment huet, wéi mer an der Kommissioun mat den Aarbechten ugefaangen hunn, d'CSV du mat der Proposition de loi vum Paul-Henri Meyers decidéiert, en anere Wee ze goen, hir eege Propositioun eranzebréngen, a vun do u war et dunn natierlech schwéier, fir e gemeinsame Wee oder e gemeinsamen Text ze fannen.

Ech muss och soen, datt d'Chamber versicht huet, besonnesch am Virfeld och en intensiven Austausch ze hu mat dem Statsrot selwer, wat jo ee vun den Haaptbetraffenen ass, an datt mer jo och opgrond vun deenen Awänn déi eng oder aner Saachen an eisem Text geännert hunn. Eigentlech ass et awer och esou, datt d'CSV deen Dialog mam Statsrot net ofgewaart hat, mä doduerjer, datt se Proposition-de-loi erabruecht huet an och eigentlech net am Endeffekt op verschidden Awänn vum Statsrot zu hire Propositiounen agaangen ass, huet se sech praktesch kloer géint d'Propose vum Statsrot gestallt.

Wéi gesot, et ass eigentlech och verwonnerlech, datt den Auteur vun deene Propositiounen, de Paul-Henri Meyers, wat jo awer en unerkannte Spezialist ass an dee mer awer och kennen a senge pertinenten Argumenter, datt deen net haut de Mëtte selwer déi Propositiounen hei presentéiert huet, fir se dann och ze verteidegen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et ass awer léif, datt Dir wëllt decidéieren, wie mir erausschécken! Ech mengen, dat ass eise Problem an net Ären. Dofir...

M. Eugène Berger *(DP).*- Neen, neen, ech soe just, et ass erstaunlech, well ech weess net...

(Interruption)

Et ass erstaunlech, ech kennen net vill Proposition-de-loien hei - et ginn der jo eng Rei hei...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wësst Der, Här Berger, mir hunn eppes zesummen an der Kommissioun ofgemaach.

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, dierf ech wann ech gelift meng Ausféierunge fäerdeg maachen? Et ass einfach erstaunlech, ech mengen, ech hunn awer an deene leschten zwanzeg Joer déi eng oder aner Proposition de loi hei an der Chamber mat diskutéiert, bei där awer gewéinlech den Auteur vun der Proposition de loi da selwer dat och hei op der Tribün verteidegt oder exposéiert huet.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also, Dir hätt wierklech gär, datt mer eis nach sollen aschreiwen hannendrun, wann Der elo weiderfuert!

M. Eugène Berger *(DP).*- Neen, Här President, ech hunn einfach nëmme meng Verwonnerung hei zum Ausdrock bruecht.

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech si méi verwonnert iwwer Är Ausso.

Une voix.- Mir si verwonnert iwwer Iech och!

M. Eugène Berger *(DP).*- Neen, mä et ass jo och esou, och onofhängeg dovunner, datt en elo hei net déi Argumenter presentéiert, en hat se och eigentlech an der Kommissioun..., oder den normale Wee wier jo dann och, datt ee säi Rapport mécht zu senger Proposition de loi an datt een dann eben och wierklech gesäit, datt et zwou verschidden Approchë sinn.

M. Léon Gloden *(CSV).*- Dir hutt der Madamm Beissel net no...

M. Eugène Berger *(DP).*- Den Auteur hat och ebe proposéiert, well awer d'Kommissioun domat d'accord war, datt eigentlech säi Rapport och sollt dann an de Rapport vun der Rapportrice mat integréiert ginn.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat hu mer gemeinsam ofgemaach!

M. Eugène Berger *(DP).*- Si huet dat dunn och gäre gemaach. Et ass e bësse komesch dann herno, datt eigentlech dann op Demande vun engem Auteur vun der Proposition de loi dat an en anere Rapport mat iwwerholl gëtt, an dann awer déiselwecht, oder dann den Auteur an och déi zoustänneg Partei net dee Rapport stëmmen. Also ass do awer eppes...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also ech fannen et e bësse komesch, datt Dir komesch fannt, datt dat, wat mer ofgemaach hunn, elo gemaach gëtt.

(Interruptions)

M. Eugène Berger *(DP).*- Also einfach, Här President, zur Prozedur, souwuel...

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Eugène Berger *(DP).*- Einfach zur Prozedur, Här President: datt also hei awer eng Rei Elementer sinn, déi net onbedéngt an déi Richtung gaange sinn, datt een hätt kënne konstruktiv op e gemeinsamen Text kommen.

Bon, virdru sinn och eng Rei Argumenter virgedroe ginn, firwat d'Oppositioun, d'CSV, dësen Text net ka matdroen. Ech wëll elo net op all déi Awänn agoen, ech hat gesot, ech wär kuerz. Vläicht awer just: Si hunn haaptsächlech zwee Punkten, wou se hire Blockage erklären, dat ass - ëm wat geet et bei deene Propositiounen? -: Éischtens wëlle si, datt an Zukunft just nach d'Chamber d'Membere vum Statsrot nennen dierf, an zweetens wëlle se, datt d'Chamber och bei Froe vun nationalem Interêt den Avis vum Statsrot ka froen. Hei wëll ech zwou Saache bemierken:

Éischtens huet de Statsrot selwer - deen huet selwer! - a sengem Avis dës zwou Propositioune kritiséiert a sech géint hir Ëmsetzung ausgeschwat. Dat ass eigentlech elo emol net, ech soen, d'Majoritéit, déi dat gemaach huet, mä dat ass de Statsrot selwer, deen domat Schwieregkeeten hat.

Ech muss awer soen, datt mir och Schwieregkeeten hunn, besonnesch bei deem Virschlag vun der CSV, fir de Statsrot exklusiv vun der Chamber stëmmen ze loossen, well domat eigentlech jo awer de Statsrot praktesch a senger Fonctioun, a senger haiteger Fonctioun ofgeschaaft gëtt! Dat wier jo awer am Endeffekt eng fundamental aner Approche. Wann de Statsrot vun der Chamber genannt gëtt, da wier e jo praktesch eng Emanatioun vun der Chamber. Dat wieren am Endeffekt dann eigentlech d'Volleksvertrieder - mir vertrieden d'Vollek -, am Endeffekt also géif de Statsrot praktesch vum Vollek gewielt oder designéiert ginn.

An ech mengen, dat ass awer net dat, wat och am Sënn vun der Verfassung ass, wéi eis Verfassung de Statsrot gesäit oder wat fir eng Roll se fir de Statsrot virgesäit. Da géif de Statsrot praktesch eng zweet Chamber ginn. Et géif eppes wéi eng Aart Senat ginn, an ech mengen, dat wëlle mir net an dat wëllt och eis Verfassung net. Duerfir kënne mir mat esou enger Propositioun net d'accord sinn, de Statsrot och net, well de Statsrot ass fir eis eng Institutioun, eng onofhängeg Institutioun, déi e juristesche Contrôle vun de Projet-de-loien a vun de Règlements grand-ducaux mécht. Ech hunn dat elo vereinfacht, mä dat ass eigentlech d'Roll vum Statsrot an duerfir kann deen also net vun den..., well dat ass net de Sënn, datt dee vum Vollek oder vun de Volleksvertrieder genannt gëtt.

Bon, ech hat gesot, an der Prozedur - ech hat domadder och ugefaangen -, ech fannen et eigentlech komesch - an et ass méi eng generell Remarque, déi awer och hei dann an de Kader erapasst a mat där ech dann och scho kann ofschléissen -, et ass awer komesch, wann eng Fraktioun, an net egal wat fir eng, eng Pressekonferenz ofhält, wou se am Fong näischt aneschters seet, annerhalleft Joer, knapps annerhalleft Joer virun de Wahlen, wéi datt se eigentlech keng verfassungsrechtlech an institutionell Reforme méi kéint matdroen.

An ech mengen, hei huet een awer d'Gefill, datt dat Politique politicienne ass, amplaz datt déi gréisst Oppositiounspartei hir Verantwortung soll iwwerhuelen! Well déi gréisst Oppositiounspartei iwwerhélt hei net hir Verantwortung, wann et ëm de Renouveau an d'Modernisatioun vun de lëtzebuergeschen Institutioune geet, Här President, net bei dem Verfassungsreform-Referendum, net bei dem Conseil de la magistrature an och net hei bei der Reform vum Statsrot! Ech muss soen, Här President, dat bedauere mir zudéifst.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir däerfe jo awer nach an eisem Projet dat stëmmen,...

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, mir bedaueren...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...wat mer wëllen, ouni datt Dir hei eis beléiert, sot!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Et ass nach genuch Riedezäit...

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ...fir jiddwereen do, fir kënne Positioun ze bezéien. Den Här Berger huet d'Wuert, an hien eleng.

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, mir bedaueren zudéifst, an duerfir och den Appell un d'CSV, un déi gréisst Oppositiounspartei, fir konstruktiv hir Responsabilitéit an esou Dossieren ze iwwerhuelen. D'DP op alle Fall huet hir Responsabilitéit iwwerholl. An ech ginn duerfir och am Numm vu menger Fraktioun hei den Accord zu dësem Projet de loi.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Berger, erlaabt Der ofschléissend eng Fro vum Här Gloden?

M. Léon Gloden *(CSV).*- Merci, Här President. Den Här Berger huet elo hei gesot, doduerch, datt mir proposéieren, datt d'Conseilleren nëmme vun der Chamber sollte proposéiert ginn, géif de Statsrot seng Onofhängegkeet verléieren. Dat huet den Här Berger hei elo op der Tribün gesot. Duerfir meng Fro, Här Berger: Mir als Chamber nomméieren de Mediateur, oder fir d'Kannerrechter den ORK. Sidd Dir der Meenung, datt déi Institutiounen doduerch hir Aarbecht net onofhängeg maache kënnen?

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, ech widderhuelen nach eng Kéier: Wann een de Statsrot integral a senger Kompositioun vun der Chamber stëmmen oder ernenne léisst, dann ass et eng Emanatioun vun der Chamber. Effektiv, den Ombudsmann, kann ee soen, ass op eng gewëssen Aart a Weis eng Emanatioun vun der Chamber, déi deen en place setzt, fir ze kucken, datt am Land d'Leit kënnen an administrative Froe verteidegt ginn. Mä hei, mengen ech, sinn awer zwou verschidde Paire-de-manchen, wann ee seet, d'Chamber ernennt zum Beispill den Ombudsmann an d'Chamber géif elo de Statsrot ernennen, dee wierklech fundamental aner Aufgaben huet an dee jo wierklech an där Hisiicht och an der Verfassung eigentlech eng aner Roll zougedroe krut.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et ass vill méi neutral, wann d'Regierung en nennt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Madamm Rapporteur freet d'Wuert fir eng Präzisioun.

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- Jo, Här President, ganz kuerz. Ech weess net, de Léon Gloden war jo awer an de Sitzungen derbäi. Ech verstinn einfach net, wéi en dat do elo ka soen, well d'Kommissioun an de Statsrot hu sech toutes griffes dehors gewiert dergéint - an den Eugène Berger huet dat elo just nach eng Kéier rappeléiert -, dass de Statsrot no 161 Joer op eemol en Anhängsel vun der Chamber sollt ginn! Ech hunn dat virdrun, mengen ech, awer an all Kloerheet och hei vun der Tribün gesot. An elo kommt Dir erëm domat, ze froen...!

Dir waart dach bei den Diskussiounen derbäi an Dir hutt gemierkt, dass kee Mënsch dat wollt! Elo kommt Dir erëm domat gefuer, wéi wann dat eppes Extraes wär. Neen, de Statsrot soll eng eegestänneg Institutioun bleiwen an net en Anhängsel vun der Chamber ginn! Well Dir kënnt dat net mat Mediateuren a mat Cour des comptes vergläichen. Entschëllegt, mä ech sinn absolutt net mat Iech d'accord!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- A mir net mat Iech.

M. Léon Gloden *(CSV).*- Mir sinn absolutt net mat Iech d'accord.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech mengen, d'Wuert huet elo den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, déi dote Fro wäert mech och nach hei e bësse beschäftegen. Mä ech wéilt awer virdru vläicht drop hiweisen, well dat och net esou am Exposé des motifs aus dem Regierungsprojet ervirgaangen ass, dass wuel dës Koalitioun sech an de Programm gesat huet, fir déi Reform vum Statsrot ze maachen, mä dass dat net den éischte Versuch ass eigentlech och an dësem Jorhonnert, fir eng Reform vum Statsrot ronnzebréngen.

Am Joer 2006 war et den deemolege Statsminister, den Här Juncker, deen an där Regierung iwwert de Projet de loi 5458 datselwecht probéiert huet, awer dee Projet ass avortéiert ginn, kann ee soen, vun der Chamber selwer, well mer, nodeem mer och Récksprooch mam Statsrot geholl hunn, decidéiert hunn, dass mer eis Aarbechten net méi géifen op deem Projet do weiderféieren.

Et ass och esou gewiescht, dass nach zum Schluss vun der leschter Period eng grouss Consultatioun lancéiert ginn ass vun der Regierung opgrond vun Aarbechte vun engem sougenannten interinstitutionellen Aarbechtsgrupp an och op Wonsch vun der Chamber, eng Consultatioun och vu sämtleche Fraktiounen a Sensibilitéiten, wat hir Virschléi wären zur Reform vum Statsrot.

Et war also ëmmer eng Approche do virdrun an och haut, fir eng Reform an engem breede Konsensus ze maachen. Dës Regierung ass an deem Geescht weider un déi Reform erugaangen. An esou hu mer eigentlech och eis Aarbechten an der zoustänneger Chambers-kommissioun organiséiert, dass mer, wann et ëm Reforme vun Institutioune geet, do breet Majoritéite kréien.

An ech bedauere wéi mäi Virriedner hei, dass déi gréisst Partei an der Chamber eigentlech a mengen Aen awer op relativ liichtgewiichtegen Argumenter elo e Refus hei mécht, fir déi heite Reform ze stëmmen. Et ass wahrscheinlech déi éischt institutionell Reform, déi net hei am Sënn vun engem breede Konsensus vun dësem Parlament gestëmmt gëtt.

Ech bedaueren dat, well eigentlech och d'Atmosphär vun eisen Aarbechten an der Chamber net onbedéngt dorobber higewisen huet, an zemools och, wat e bëssen erstaunlech ass, well ee vun deenen zwee Grënn, déi ugefouert gi si vun der CSV, fir deen heiten Text net ze stëmmen, emol an hirer eegener Proposition de loi net dra war, geschweige dann an där schréftlecher Stellungnam, déi se am Joer 2012 agereecht huet zu der geplangter Reform vum Statsrot.

Ech stellen dat einfach nëmme fest. Mä dat schéngt sech e bëssen an eng Strategie vun der CSV eranzeschreiwen, wat déi gesamt institutionell Reformen ugeet,...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir hunn awer Reformen ugereegt. Dir hutt all eis Propositiounen um Dësch vun der Kommissioun leie gehat!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...fir sech eigentlech, wat de Wahltermin méi no kënnt,...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dir hutt all eis Propositiounen op Ärem Dësch gehat!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...aus deem noutwendege Konsensus erauszebewegen an hir eege parteipolitesch Kaart an institutionelle Froen ze spillen. Ech fannen dat keng gutt Approche, fir un déi doten Dossieren erunzegoen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir hätten och léiwer kënne matstëmmen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dëser Regierung muss een, ob dat der CSV gefält oder net, zegutthalen, dass se do Neel mat Käpp gemaach huet, wou aner Regierunge virdrun an där Reform hei stieche bliwwe sinn. Si huet e kohärenten Text dohinnergeluecht, deen en neien Text eigentlech ass fir de Statsrot, dee villes vun deem iwwerhélt, wat haut gutt leeft, deen awer eng ganz Rëtsch vu punktuellen Ännerunge virgesäit, dee virun allem och, dat ass wichteg, déi Deontologiereegele fest an den Text vun dem Gesetz aschreift, soudass mer et hei sécherlech net mat enger Revolutioun ze dinn hunn!

Firwat sollte mer se och maachen, wat de Fonctionnement vum Statsrot ugeet? Well ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass, mat alle Kriticken, déi een zäitweis kann, deemno wéi een dat kuckt, üben un der Aarbecht oder un eenzelnen Avise vum Statsrot, dës Institutioun iwwer laang Jorzéngte sech eigentlech bewäert huet, e Plus duerstellt an eisem institutionelle Gefüge an dass sécherlech munch Gesetzestexter, déi mer hei stëmmen, net déi Qualitéit hätten, wa mer net kéinten op déi kompetent Avise vum Statsrot zréckgräifen. Dat soll een, mengen ech, hei ganz kloer soen.

Et ass och an eisen Ae keng Necessitéit do, fir alles op d'Kopp ze werfen, mä sécherlech, an dat bréngt dës Reform fäerdeg, wäert herno munches méi transparent sinn. D'Zesummesetzung virun allem vum Statsrot, d'Nominatioun, d'Mandatsdauer wäerten, kann ee soen, e bësse méi no un demokratesch Normen eruréckelen an insgesamt däerft d'Legitimitéit vum Statsrot gestäerkt aus där heiter Reform ervirgoen. Dat ass an eisen Aen och den Haaptzweck vun dësem neie Gesetz.

Wat ass eigentlech de lëtzebuergesche Statsrot? Déi Fro muss ee sech stellen. Och aner Riedner hunn dat gemaach. Wat ass dee Lëtzebuerger Statsrot?

Sécherlech, wéi en agefouert ginn ass vum Wëllem III. am Kader vu sengem Statssträich 1856, war de Modell eigentlech och den hollännesche Statsrot respektiv de franséische Statsrot, deen et deemools och scho ginn huet, an et ass drëm gaangen, an do hu se ni en Heel draus gemaach, fir eigentlech e gewëssene Contrepoids zu der gewielter Vertriedung vum Parlament duerzestellen. Et war vun Ufank un e berodend Organ fir politesch Autoritéiten a besonnesch fir d'Regierung, fir d'Exekutiv, an administrativen an a legislative Froen.

Ech wëll hei zitéieren de Prënz Henri, de Leutnant vum Kinnek-Grand-Duc, deen an engem Message 1856 un d'Chamber Folgendes gesot huet: «Pour la législation, le Conseil d'État tiendra lieu d'une deuxième Chambre; son action deviendra une garantie pour la maturité des lois.»

Et ass also esou geduecht, dass duerchaus also de Statsrot sollt en Ersatz duerstelle fir eng zweet Chamber, e sougenannte Senat. Dat bedéngt och, dass u sech hei vun Ufank u seng Memberen net gewielt si ginn, si si genannt ginn. An de Statsrot war ëmmer en Organ, wat eigentlech selwer keng Decisiounsgewalt hat, ausser natierlech an deene geriichtleche Kompetenzen, déi en am Ufank hat.

Seng schäerfste Waff ass och nach haut d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel respektiv - dat ass souguer nach, géif ech mengen, déi Waff, déi nach driwwerstécht an hirem Effet - wann de Statsrot keen Avis gëtt zu engem Text. Quitte dass mer do am aktuelle Gesetz an och am neie Gesetz eng Méiglechkeet hunn, als Chamber do e gewëssenen Drock opzebauen, andeem mer einfach ouni den Avis vum Statsrot en éischte Vott hei an der Chamber zu engem Gesetzestext géife maachen. Da spillt jo dann en Delai vun dräi Méint, wou de Statsrot da muss säin Avis ginn.

De Statsrot ass och vun der Essenz hier ëmmer als konservativt Organ gesi ginn, en Organ, wat soll d'Ardeuren an d'Dynamik vun de gewielte Volleksvertrieder e bësse bremsen. Dat gesäit een och ganz kloer an der Ried, déi de Joseph Bech 1956 gehalen huet, wéi de Centenaire vum Statsrot gefeiert ginn ass. Ech wëll hien hei zitéieren: «En face du principe dynamique en politique, le Conseil d'État représente les valeurs de stabilité de tradition, telles qu'elles trouvent leur expression avant tout dans le système juridique en vigueur. (…) Ce n'est pas la politique qui doit dominer dans le sein du Conseil d'État, mais bien l'expérience, la science, l'impartialité et la modération.»

Do gesäit een also, wat eigentlech d'Aufgab vum Statsrot ass, wéi se sengerzäit virgesi ginn ass. Ech muss allerdéngs soen, dass de Statsrot sech zum Deel vun där do Missioun befreit huet. Ech kennen eng ganz Rëtsch vu Stellungname vum Statsrot, vun Avise vum Statsrot, wou een net ka soen, dass de Statsrot ëmmer gebremst hätt, fir Changementer ze maachen, wou de Statsrot awer och gewisen huet, dass en duerchaus ka progressistesch Positioune vertrieden, wann et ëm Reforme vu besteeënde Gesetzer geet, och vu besteeënden traditionelle Prinzipien.

An dat, mengen ech, ass och gutt esou, dass déi Mutatioun do vum Statsrot iwwert d'Jore komm ass, besonnesch natierlech eréischt nom Zweete Weltkrich. Well et ass jo awer scho bemierkenswäert, dass bis 1945 ni e Vertrieder am Statsrot war, deen ee kéint plus ou moins zum lénke Parteiespektrum zielen. Et waren ausschliisslech Notabilitéiten, fréier Ministeren, fréier Direktere vu Statsverwaltungen, déi Member waren. An eréischt wéi et nom Krich zu enger Neibesetzung vum Statsrot komm ass, sinn eigentlech déi éischt Leit dra genannt ginn, Mandatsträger, déi kënnen zum lénke Spektrum vun der Politik gerechent ginn.

Et ass also eng ganz lues Entwécklung, déi sech do gemaach huet. An déi méi staark Repräsentativitéit zumindest vun deenen haaptpolitesche Stréimungen huet sécherlech och derzou bäigedroen, dass d'Orientéierung vun den Avise vum Statsrot och zum Deel eng aner ginn ass, wéi dat u sech sengerzäit vun den Auteure vun där Institutioun ugeduecht gi war.

Mä et bleift, dass, wat seng Zesummesetzung ugeet, seng Nominatiounsprozedur ugeet an och seng Aussoen ugeet, de Statsrot net e reng technescht, juristescht Organ ass, mä sécherlech och eleng schonn duerch seng Nominatiounsprozedur och politesch Aussoe mécht. E muss dat, mengen ech, mat enger gewëssener Retenue maachen, besonnesch wann et ëm grouss politesch Choixe geet, déi net direkt juristesch a Rechtsprinzipien oder fonctionnel Froe mat sech zéien. Mä dat reng Technescht an dat Politescht ass schwéier vuneneen ze trennen. An ech deelen d'Meenung eigentlech, déi viru Kuerzem och de Professer Heuschling geäussert huet, dass mer et hei mat enger „Zwitterinstitutioun" ze dinn hunn, mä dat stéiert mech net.

De Lëtzebuerger Statsrot ass eng vun de Partikularitéite vun eisem konstitutionelle System. Et ass eben e Statsrot, deen aner Fonctiounen huet wéi an anere Länner, well zum Deel nach ëmmer déi Iddi vun enger Fonctioun vun enger zweeter Chamber hannendrun ass, wat an anere Conseil-d'Étaten, am Frankräich, an der Belsch oder an Holland, net de Fall ass.

Mä et bleift awer, an dat wëll ech betounen, dass eise Statsrot, an esou gesäit et eigentlech och eisen Artikel 83bis vun der Verfassung vir, an de legislative Prozeduren implizéiert ass, mä awer eigentlech méi eng staark Noperschaft zur Exekutiv huet. D'Relatioune maache sech normalerweis iwwert de Statsminister. Et ass esou, dass an der Verfassung steet, dass d'Regierung de Statsrot mat Froe befaasse kann. Et steet net dran: „D'Chamber kann de Statsrot mat Froe befaassen."

Duerfir hunn ech och e bësse Verfassungsbedenken, wat d'Propositioune vun der CSV op deem dote Punkt ugeet, wat déi Verfassungskontrollméiglechkeet do ugeet. Déi ergëtt sech eigentlech net aus dem Text vum Artikel 83bis, wéi mer en haut an eiser Verfassung stoen hunn, well do ausdrécklech nëmmen drasteet, dass eigentlech d'Exekutiv, also d'Regierung, kann eleng de Statsrot mat Froe befaassen. Soudass et zumindest douteux ass, wa mer hei géifen an e Gesetz eraschreiwen, dass d'Chamber oder fënnef Deputéiert dat och kéinte maachen, ob dat zu 100% konform ass zum aktuelle Verfassungstext, quitte dass deen och vum Gesetz an deene Missioune schwätzt, déi de Statsrot iwwert d'Gesetz géif kréien.

Et bleift also, dass mer et hei mat engem Organ ze dinn hunn, wat ganz staark un d'Regierung gekoppelt bleift. Et ass jo och elo am Text virgesinn, dat ass jo eigentlech net contestéiert ginn, dass et am Prinzip esou ass - dat ass haut schonn de Fall -, dass d'Regierung eigentlech fir d'Éischt den Avis muss vum Statsrot froen, an d'ideal Prozedur wier, dass den Text vun engem Projet de loi dann eréischt géif an d'Chamber kommen, wann den Avis vum Statsrot virläit. Et ass eigentlech dat, wat haut an den Texter virgesinn ass.

Et leeft haut anescht. Mir wëssen, dass dat net dee Wee ass, wéi et haut normalerweis leeft. De Projet de loi geet am Regelfall gläichzäiteg un déi zwou Institutiounen: un d'Chamber wéi un d'Regierung (veuillez lire: de Statsrot).

Duerfir menge mer, dass et richteg war - do ware jo Iwwerleeunge sengerzäit derbäi -, dass déi Nominatiounsprozedur eigentlech un dräi Organer hänkt - si hänkt un der Regierung, si hänkt un der Chamber a si hänkt um Statsrot selwer -, well déi dote komplex Dräifachprozedur fir ze nominéieren déi komplex Missiounen erëmspigelt, déi de Statsrot huet, deen an d'legislativ Prozedur agräift, mä deen awer un éischter Stell e berodend Organ vun der Exekutiv, vun der Regierung duerstellt. An duerfir war ech eigentlech ëmmer, muss ech soen, egal a wat fir enger Konstellatioun mer géife stoen, e Géigner, fir dorunner eppes ze änneren a fir ze soen: „Ma neen, elo ass et d'Chamber, déi ausschliisslech déi Nominatioune bestëmmt", well dat, wéi gesot, där komplexer Natur vum Statsrot, besonnesch och als Berodungsorgan vun der Regierung, guer net Rechnung dréit.

Mir géifen also déi Leit erauswielen, déi besonnesch och d'Fonctioun hunn, fir all d'Règlement-grand-ducallen ze aviséieren. Or, bei Règlement-grand-ducallen ass et opgrond vun der Gewaltentrennung wierklech net d'Zoustännegkeet vun der Chamber, fir do matzestëmmen. Mir géifen also exklusiv déi Leit bestëmmen, déi ënner anerem dat als Haaptmissiounen ze maachen hätten. Dat fanne mer eigentlech net gutt.

A mir si virun allem och der Meenung, dass duerch de Fait, dass déi Nominatioun géif duerch d'Chamber lafen, net méi Transparenz garantéiert wier, wéi wann et iwwer en anere Wee géif lafen. Oder hat Dir den Androck an de leschte Jorzéngten, dass, wann hei Kandidaten an engem Vote secret vun der Chamber gestëmmt gi sinn, d'Parteien virdrun net matenee geschwat hätten oder net en Ofkommes vun de Parteien do gewiescht wier, äänlech wéi dat de Fall ass, wann d'Regierung déi Nominatioun virhëlt?

An ech mengen, et ass och relativ geféierlech, déi Froe vum Profill an déi Froe vun der Zesummesetzung dann eventuell op d'Reglement vun der Chamber wëllen ze drécken. Ech mengen net, dass d'Reglement vun der Chamber d'Kompositioun vun enger anerer Institutioun festleeë kann. Dat kann nëmmen e Gesetz maachen. Aus all deene Grënn fanne mir et als LSAP-Fraktioun eigentlech vill méi logesch, bei deem aktuelle Regimm vun der Nominatioun ze bleiwen an do net praktesch e Paradigmewiessel anzeféieren. Da misst een och nach a ganz aneren Dispositioune vum Gesetz parallell Ännerunge maachen, fir dass dat doten eigentlech kohärent wier an och e Sënn géif erginn.

Woufir mer eis allerdéngs staark gemaach hunn, an de Léon Gloden huet et gesot, an ech selwer hunn och ëmmer dorobber insistéiert, wat mech nach haut stéiert a wat mer net ganz ewechkréien - et gëtt besser, mä mir kréien et net ganz ewech -, dat ass awer déi Fiktioun vun enger Prozedur vun ëffentlecher Ausschreiwung, déi mer wäerte behalen, obwuel mer elo jo och hei ganz kloer soen - dat gouf jo och net kontestéiert -, dass awer de Conseil d'État eigentlech plus ou moins och déi laangfristeg politesch Zesummesetzung vum Parlament soll erëmspigelen, wat eng gutt Saach ass. Wat och notamment enger Sensibilitéit, déi vläicht keng Fraktiounsstäerkt huet, déi awer mindestens dräi Deputéiert iwwer eng gewëssen Zäit huet, och eng Garantie gëtt, fir och kënnen am Conseil d'État ze sinn.

An och dat Kräfteverhältnis vun de politesche Familljen ënnereneen, dass dat och laangfristeg gesi grosso modo besser klappt, wéi dat an der Vergaangenheet heiansdo de Fall war, well et ëmmer déi jeeweileg Regierungsparteie waren, déi déi dote Saachen diskutéiert hunn, heiansdo anerer mat consultéiert hunn; an dat ass en onzefriddestellende System.

Mir kréien en net ganz ewech, mä zumindest kommen awer hei eng Rei vu Richtlinnen an de Gesetzestext eran, souwuel wat déi politesch Zesummesetzung vun deem Conseil d'État ugeet, déi wäert méi equilibréiert ginn, wéi och wat d'Geschlechterzesummesetzung ugeet, déi och wäert méi equitabel ginn. A schliisslech bleiwe mer och der Meenung, dass déi Iddi vum Profill - elo sinn et hei zwee Profiller, déi eigentlech virgeschloe ginn - eng gutt Entscheedungshëllef duerstellt fir déi, déi mussen de Choix vun de Leit treffen, an och weider zu enger Kompetenzstäerkung vum Conseil d'État wäert kënne bäidroen, wann u sech do versicht gëtt, dat doten anzehalen.

Mir wëssen, dass ëmmer Ausname gemaach gi sinn. Dat gëtt awer, muss ech soen, mat deem neien Text vill méi schwéier. An dat ass zumindest dee Minimum, dee mer hei fäerdegbruecht hunn, fir op deem dote Punkt also an deem Sënn méi Transparenz eranzebréngen an eigentlech och d'Repräsentativitéit vun dem Statsrot, wou och vill vu senger Legitimitéit drunhänkt, eropzesetzen.

Ech kéint hei och nach op ganz vill Saachen agoen. Mir hunn och op verschidde Saache verzicht, nodeem mer de Conseil d'État nach eng Kéier dozou gehéiert hunn. Et ass drop verzicht ginn, fir eng Diskussioun ze féieren, ob ee soll d'Zuel vun de Conseil-d'Étaten (veuillez lire: vun de Membere vum Conseil d'État) eropsetzen. Et ass nach eng Kéier bestätegt ginn, dass dat net de Wonsch vum Conseil d'État selwer ass. A mir, d'Chamber an och d'Regierung, hu jo éischter d'Optioun geholl, se dann ze ënnerstëtzen, andeems u sech hir Mataarbechter staark eropgesat ginn, fir esou eigentlech eng Beschleunegung vun hiren Aarbechten méiglech ze maachen, wou jo heiansdo och reell Problemer sinn, dat däerf een hei och net ënnerschätzen.

An duerfir brauche mer och weiderhin deen interinstitutionellen Dialog, dee sech haut, mengen ech, e bësse méi einfach mécht, och zu eenzelne Projet-de-loien, och tëschent de Chamberskommissiounen an dem Statsrot, wéi dat nach vläicht virun zwanzeg Joer de Fall war. Do sinn och eng Rei vu Berührungsängschte verluer gaangen.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dat si keng Verhandlungen, déi do gefouert ginn, well ech dat heiansdo emol esou héieren a gelies hunn. Wann eng Kommissioun oder eng Regierung sech mam Conseil d'État trëfft, dann ass dat net, fir ze verhandelen - mir sinn net an där Logik vu Verhandlungen -, mä fir d'Argumenter ze héiere vun deem engen a vun deem aneren, fir doropshin da vläicht Texter ze maachen, déi kënnen den Accord vun alle Säite fannen. Dat ass eigentlech d'Approche, wéi een un déi dote Fro erugeet.

Wat mer net zréckbehalen hunn, dat ass dee Virschlag, deen elo nei vun der CSV komm ass. Dee war, wéi gesot, bis virun e puer Méint net an der Diskussioun. Dat ass deen, dass fënnef Deputéierter de Statsrot mat enger spezifescher Fro vu Verfassungsméissegkeet saiséiere kéinte bei engem Projet, deen e souwisou eigentlech ze aviséieren huet.

Do soe mir: Dat ass iwwerflësseg, well eng vum Statsrot sengen Haaptmissiounen ass am Artikel 1 vum neie Gesetz festgehalen, an en huet déi och schonn haut. Dat ass eben, ënner anerem d'Verfassungsméissegkeet vun den Texter ze kucken, déi e virgeluecht kritt, an d'Konformitéit zum internationale Recht an zu de grousse Rechtsprinzipien. Duerfir gesi mer eigentlech net an, wat dat doten zousätzlech géif bréngen.

Wann ee wéilt dorauser wierklech eppes maachen - an ech si gäre bereet, déi doten Diskussioun nach eng Kéier mat an d'Institutiounskommissioun ze huelen -, wann ee wierklech wéilt déi Verfassungsfro do am Virfeld definitiv klären, da bréngt et menger Ansicht no näischt, nach eng Kéier e berodend Organ mat där doter Fro ze befaassen, déi et schonn ze kucken hat. Mä da géif et Sënn maachen - wann een dat wëllt -, dann d'Cour constitutionnelle ze befaassen: Da kritt een déi Affär tranchéiert! Da weess een, wou een drun ass! Dat anert bleift ëmmer nëmmen en Avis.

Mä bis elo war dat doten och bei der CSV kee Punkt, wou eng Begeeschterung do war, fir op deen dote Wee ze goen, fir also och enger gewëssener Zuel vun Deputéierten - dat missten der menger Usiicht no awer schonn e bësse méi wéi fënnef sinn - d'Méiglechkeet ze ginn, fir d'Cour constitutionnelle, wann e Bedenke besteet, mat enger Verfassungsfro ze befaassen, ier e Gesetz a Kraaft trëtt. Wann een dat also géif maachen, dat géif wéinstens Sënn maache par rapport zu deem, wat d'CSV hei an deem heiten Zesummenhang proposéiert huet.

Här President …

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Da féiere mer déi Diskussioun!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wat gelift?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Da féiere mer déi Diskussioun nach eng Kéier. Dat ass jo Är Propositioun.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, gären. Mir hu se schonn zweemol gefouert, mä ech sinn awer gär bereet. Wann d'CSV och do elo eng aner Meenung huet, da sinn ech gär bereet, fir déi heite mat hinnen ze féieren.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Neen, neen, net grad esou…

(Interruptions)

Mir féieren d'Diskussioun.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- D'Zäit leeft mer fort, Här President. Ech wollt nach all déi gutt Saachen opzielen, déi soss nach dra sinn: d'Begrenzung vun der Mandatsdauer, déi erofgesat gëtt, och d'Begrenzung vun der Mandatsdauer vum President respektiv indirekt och vun de Vizepresidenten, d'Fakultéit vum Statsrot, fir d'Regierung iwwer Projets de règlement ze froen, déi sech am Domaine réservé de la loi befannen, och d'Limitatioun, wat d'Bedeelegung vun der groussherzoglecher Famill am Statsrot ugeet, dat op den lerfgroussherzog ze begrenzen.

Ech hu scho gesot: d'Definitioun vun engem Profill, d'Asetze vun engem Comité de déontologie, deen ausserhalb vum Conseil d'État eigentlech muss zesummegesat ginn, mat disziplinaresche Strofen, dass de Règlement d'ordre intérieur och an d'Gesetz iwwerholl gëtt. A virun allem, dass och d'Avise vum Statsrot, wat d'Projets de règlement grand-ducaux vun der Regierung ugeet, an Zukunft ëffentlech wäerte sinn, also automatesch ëffentlech sinn an déi aner Froen ëffentlech ginn, wann d'Regierung dermat d'accord ass, dat ass, mengen ech, e Plus par rapport zu haut.

Déi verréckten Iddi - ech kann et hei soen - vun der Regierung, fir an engem gewëssene Moment wollten ze soen, dass d'Geriichter net méi kéinten iwwerpréifen, ob d'Urgence gi

wier bei engem Reglement, do si mer mengen ech alleguerte frou, dass mer déi schnell erëm vergiess hunn an dass do déi rechtsstaatlech Regelen an Zukunft och voll wäerte spille kënnen.

Fir eis als LSAP-Fraktioun...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Do ware mer mat der Majoritéit mat d'accord.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...ass dat heiten, mengen ech, e gudden Text. Et ass eng Reform, déi fortschrëttlech ass, déi eis weiderbréngt, an duerfir wäerte mer se och stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bodry. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer haut de Projet de loi 6875 stëmmen, dann hu mer ee weidere Punkt vum Regierungsprogramm zu engem, wéi ech mengen, gudde virleefegen Enn bruecht.

An dem Regierungsprogramm steet, datt - an dat ass wierklech virsiichteg formuléiert - souwuel d'Prozedure vun der Nominatioun vun de Membere wéi och d'Fro vun der Ëffentlechkeet vun hiren Aarbechte géif ënnersicht ginn. Dat hu mer an der Institutiounskommissioun gemaach. Dat hu meng Virriedner hei gutt beluecht an ech soen hinne Merci, och fir déi historesch Exkursen, déi se gemaach hunn, an e besonnesche Merci un déi honorabel Madamm Beissel fir hire komplette mëndlechen a schréftleche Rapport.

Am Regierungsprogramm steet och, datt déi politesch Stréimungen, déi an der Chamber vertruede sinn, och op eng gerecht Manéier am Statsrot solle vertruede sinn. Dee Wëllen ass och vu kengem an der Institutiounskommissioun ugezweifelt ginn. A wéi dee Wëllen dann an Zukunft wäert ëmgesat ginn, dat wäerte mer dann an Zukunft gesinn.

A schlussendlech war och festgehale ginn, datt d'Dauer vum Mandat vum Statsrot vu 15 op 12 Joer erofgesat géif ginn.

An der Institutiounskommissioun, wou ech elo schonn e puer Joer laang d'Éier hunn, déi gréng Fraktioun ze vertrieden, hu mer bis viru Kuerzem virun allem zwou Saache ganz gutt gefall:

Déi éischt Saach: Och d'Juriste si sech net ëmmer eens, och no laangen an heiansdo kontroversen Diskussiounen, an deenen et meeschtens emol net iwwer eng kontrovers Meenung gaangen ass, mä iwwer eng korrekt juristesch Formulatioun. Do ass et net einfach, ëmmer e Konsens ze fannen.

An zweetens: An där Kommissioun gëtt méi wéi an allen anere Kommissiounen, wou ech sinn, de Konsens gesicht. An dat ass eppes, wat ech ganz interessant fannen a ganz flott fannen. Dat gëtt angeneem Diskussiounen. Bon, dës Kéier ass et dann net zum Konsens komm. Ech hoffen, datt dat awer fir déi annerhallef Joer, déi eis nach an dëser Konstellatioun bleiwen, kee Schued fir eis Kommissioun soll sinn.

All Partei huet jo schonn oft zu enger méiglecher a méi oder manner néideger Reform vum Statsrot Stellung geholl. A wann ech déi verschidde Positiounen an Aussoe vun der grénger Partei aus der Vergaangenheet kucken, da stellen ech fest, datt mer eng ganz Rei vun eise Virstellungen net mat an dëse Projet de loi erakritt hunn, meeschtens, well se net konsensfäeg waren, heiansdo awer och, an dat wëll ech awer och soen, well mer verschidden Aussoen haut e bësse méi nuancéiert gesinn, wéi mer se vläicht nach virun zéng Joer gesinn hunn.

Ech ginn net op all Detailer vum Projet an, mä wëll fir meng Fraktioun Stellung huelen zu den dräi Kärpunkte vun dëser Reform: dem Profill, no deem nei Membere fir an de Statsrot gesicht ginn, der politescher Gewiichtung am Statsrot an der Transparenz vun den Decisioune vum Statsrot.

Niewent den Diskussiounen a menger Fraktioun, niewent de 15 Sitzunge vun der Institutiounskommissioun, hunn ech besonnesch och eng Diskussioun mat de Membere vum Statsrot selwer den 18. Januar vun dësem Joer ganz hëllefräich fonnt, fir dëse Projet zu engem gudden Enn ze bréngen.

Éischtens, wat de Profill vun deenen neie Membere, déi fir an de Statsrot gesicht ginn, betrëfft: Dem Statsrot seng Missioun ass, fir all Projet de loi, all Proposition de loi, all Amendement vun esou engem Text a fir all Projet vun de Règlements grand-ducaux ze aviséieren. Et ass duerfir och nëmme logesch, datt am Statsrot eng Rei Juriste sinn. Mindestens 11 vun den 21 Memberen am Statsrot mussen duerfir e Master en droit vun der Uni.lu oder en homologéierten auslänneschen Diplom hunn. Ech mengen, datt et och fir déi aner zéng vu Virdeel ass, wa se sech schonn e puermol mat Gesetzestexter beschäftegt hunn.

Et gëtt och am Droit vill Richtungen a Spezialisatiounen. A fir de Statsrot ass et och relevant, kënnen op Kenntnisser aus anere Fachberäicher, zum Beispill Ekonomie, Ëmwelt, Relations internationales an esou weider, zréckzegräifen. A well de Statsrot am beschte weess, op wéi engem Fachgebitt eventuell eng Verstäerkung gebraucht gëtt, ass et un him, eng Propos vun engem Profill ze maachen.

De Statsrot wollt just ee Profill pro Posten ausschaffen an d'Chamber wollt an hirem éischte Projet dräi Profiller geliwwert kréien. D'Chamber huet - wéi ech fannen zu Recht - argumentéiert, datt mer, wa mer eist Zil vun enger gerechter Representatioun vun de Parteien am Statsrot wëllen erreechen, net just bei engem Profill bleiwe kënnen. Och wann een eenzege Profill eventuell kee Problem fir déi grouss Parteie wier, da musse mer eis awer bewosst sinn, datt mer an engem klenge Land liewen an datt d'Zuel vun de Lëtzebuerger, déi hei am Land wunnen, méi al wéi 30 Joer sinn an engem Profill vum Statsrot entspriechen, net onbegrenzt ass.

Bei deene méi klenge Parteie kéint een, deemno wéi e Profill ausgesäit, scho bal soen: „Mir wëllen d'Madamm X oder den Här Y net", oder ëmgedréint: „Mir hätte grad just gären den Här X oder d'Madamm Y."

Et ass jo och esou, datt niewent der Contrainte, datt musse mindestens eelef Juristen am Statsrot sinn, eng nei Contrainte kënnt: déi vum Sexe sous-représenté. Fir eis wier déi Klausel wichteg. Mir hu laang bedauert a kritiséiert, datt nëmme wéineg Fraen am Statsrot waren a mir wieren am léifsten nach e Schratt méi wäit gaangen. Mir hätten e Minimum vu 40% fir de Sexe sous-représenté nach léiwer gehat wéi déi 33%, déi mer elo festgehalen hunn. Mä ëmmerhin hu mer eng kleng Verbesserung vis-à-vis vun der aktueller Situatioun.

Zréckbehalen hu mer schliisslech, datt zwee déi Zuel ass, déi tëschent eent an dräi läit, an duerfir stellt de Statsrot an Zukunft fir all fräie Posten a sengem Gremium genau zwee Profiller op fir d'Chamber, wou dann d'Chamber gebieden ass, sech drun ze halen.

Mir hate viru Jore gemengt, all Statsréit sollte just iwwert d'Chamber nominéiert ginn. Dat hat d'CSV och gemengt. An ech hunn nach eng Kéier nogekuckt: D'CSV hat dat effektiv och esou eragereecht. Also, et ass net eréischt elo kuerz erfonnt ginn. Mir waren do also därselwechter Meenung. Mir hunn eis awer der Argumentatioun vun de Kolleegen aus deenen anere Parteien - an do si mer dann auserneegaangen - net verschloss an och Verständnis virun allem fir d'Positioun vum Statsrot gehat, dee seng Onofhängegkeet och vis-à-vis vun der Chamber wollt behalen.

De Léon Gloden hat et virdru gesot, de géigesäitege Respekt vun den Institutiounen, ech mengen, dee spillt och hei. An duerfir bleift dann op dësem Punkt praktesch alles beim Alen. Déi nei Membere ginn à tour de rôle vun der Regierung, der Chamber an dem Statsrot selwer nominéiert.

All dës Regele gëllen, wéi gesot, fir déi 21 Memberen am Statsrot. Den 22. Member huet eng extra Stellung. Den Här Bodry ass och dorobber agaangen, de Grand-Duc héritier ass d'office Member vum Statsrot. Hie brauch also kengem Profill ze entspriechen an e brauch och net vun enger politescher Partei proposéiert ze ginn.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- E muss d'Mandat net unhuelen.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Ah, e muss d'Mandat net unhuelen. Merci fir déi Richtegstellung. Dat hat ech dann iwwersinn.

Zum zweete Punkt, Här President: Et ass allgemenge Konsens, datt de Statsrot soll als onofhängeg Institutioun funktionéieren. Geneesou kloer ass et awer och, datt de Statsrot selbstverständlech och eng politesch Institutioun ass. Och wann ech mer ëmmer erëm soe gelooss hunn, datt de Statsrot net funktionéiert wéi d'Chamber, datt am Statsrot d'Meenungen net onbedéngt no der politescher Heemecht vun de Mandatairen iwwereneestëmmen oder auserneeginn, datt et keng Fraktiounen a scho guer kee Fraktiounszwang gëtt, si mir der Meenung, datt et richteg ass, wann all Partei hirem politesche Gewiicht no ka Leit an de Statsrot proposéieren.

Mir hunn als Kritär festgehalen, datt all Partei, déi an de leschten zwou Legislativwahlen op d'mannst dräi Sëtz kritt huet, och proportional zu hire Sëtzer am Statsrot sollt vertruede sinn. Dat schéngt eis eng korrekt Léisung. Dat erlaabt eng gewësse Stabilitéit fir dës Institutioun.

Dat ass awer och eng konservativ Léisung. Eng nei Partei, déi bei deenen nächste Wahle géif mat engem fulminanten Erfolleg aus dëse Wahlen erausgoen, hätt emol fënnef Joer kee Posten am Statsrot zegutt. An eréischt wann déi nei Partei hiren Erfolleg bei den nächste Wahlen erëm eng Kéier géif bestätegen, da géif dat d'Situatioun lues a lues fir si änneren. A wann ee kuckt, wéi a villen europäesche Länner zurzäit enorm Ännerungen an der Parteielandschaft ustinn, da mengen ech däerfen ze soen, datt eis Regelung zwar gerecht ass, mä se awer och kënnen als konservativ ze bezeechnen.

Natierlech stellt sech d'Fro, wéi wichteg datt de Profill nach par rapport zum politesche Choix ass. Mir hunn net an eisem Projet de loi definéiert, wat mer ënnert dem Profill verstinn. Mir loossen dem Statsrot do fräi Hand, an dat ass och gutt esou. De Statsrot muss sech Gedanke maachen, wéi en e Profill ausschreift, deen net onbedéngt op engem Diplom berout. E Spezialist an der Sécurité sociale huet kaum en Diplom, deen esou eng Spezialisatioun zertifiéiert.

Et dierft och net ëmmer einfach sinn ze decidéieren, ob d'Kandidaturen dem Profill dann elo och genee entspriechen oder net. D'Wuert „Profill" ass juristesch net kloer definéiert. Bis elo war et Praxis, datt d'Profiller par rapport zu deem, deen ze ersetzen ass, geschriwwe gi sinn. An dat wäert sech an Zukunft och kaum vill änneren.

En drëtte Punkt hate mer och nach vill diskutéiert: Sollen d'Resultater vun de Votten am Statsrot public sinn oder net? déi gréng hunn hei laang am Numm vun der Transparenz gefuerdert, datt bei Votte misst public sinn, wien derfir a wien dergéint gestëmmt huet. Dat ass net zréckbehale ginn. An ech muss soen, datt mir och wärend eisen Diskussiounen Zweifel komm sinn, ob déi doten Zort vun Transparenz glécklech an néideg wier.

De Conseil d'État schafft eben net mat Majoritéit an Oppositioun, mat Fraktiounen, mä sicht wa méiglech no Konsens. Et geet also een Avis eraus an dee gëtt gedroe vum Statsrot. De Rapport ass d'Resultat vun enger kollektiver Aarbecht am Statsrot. E gëtt an der Regel net no politesche Faarwe gestëmmt.

Wa mer elo géife verlaangen, datt ënner all Avis den Numm vun de Leit steet a wéi se gestëmmt hunn, dann hätte mer sécher méi Transparenz, mä mir kréiche gradesou sécher och méi politeschen Drock op de Statsrot. D'Sich no Konsens géif méi schwéier ginn an duerfir kënne mir och déi Regelung, déi mer am Projet de loi zréckbehalen hunn, guttheeschen.

D'Resolutioune vum Statsrot soen d'Zuel vun de Memberen, déi um Vott deelgeholl hunn, an d'Zuel vun deenen, déi derfir gestëmmt hunn an déi dergéint gestëmmt hunn, a soss näischt méi Detailléiertes.

Dat gëllt och fir déi sougenannten „opinions dissidentes". An ech muss zwar éierlech soen, a menge Kommissiounen - ech si mëttlerweil 13 Joer an der Chamber -, mengen ech, wier nach ni eng Opinion dissidente zur Diskussioun gewiescht, wat...

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Dach!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- A menger Kommissioun och? Här Meyers, da sot Der mer dat entweder ëffentlech oder herno. Ech si ganz virwëtzeg.

Här President, selbstverständlech begréisse mer och, datt mer mat dësem Projet de loi e Comité de déontologie asetzen. A selbstverständlech fanne mer et och gutt, datt mer e Kapitel „Règles disciplinaires" mat dësem Gesetz kritt hu fir de Statsrot.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. An den nächste Riedner ass den Här Roy Reding fir d'ADR.

M. Roy Reding *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Léif Kolleegen, et wäert Iech net verwonneren, datt ech als ADR-Spriecher ufänken dermat ze begréissen, datt der Repräsentativitéit vun deene verschiddene Parteien an Zukunft an der Zesummesetzung vum Statsrot soll Rechnung gedroe ginn. Dat ass eng Fuerderung, déi mer scho ganz laang hunn an déi och vun de Kolleege vun déi gréng an och vun der DP schonn oft ënnerstëtzt ginn ass.

De facto hätt dat scho laang kënnen de Fall sinn, well de facto war d'Zesummesetzung jo ëmmer eng Decisioun vun de Majoritéitsparteien, an och ouni Gesetz. Wéi seet de Gast Gibéryen oft esou schéin: „Ech brauch kee Gesetz, fir mech ze zwéngen, dat ze maachen, wat ech fir richteg fannen." Also och ouni dëst Gesetz hätt ee kënnen dat Richtegt maachen. Mä trotzdeem begréisse mer dann, datt déi Repräsentativitéit elo legislativ festgesat ass.

De Kolleeg Claude Adam huet ganz recht, wann e seet, dat wier e bëssen zéiflësseg. Bon, hie benotzt dat Wuert „konservativ", ech géif soen „zéiflësseg", mä et läit an der Natur vun der Saach, well jo och d'Mandater vun de Statsréit zwielef Joer bedroen. A mir kënne jo net ufänken, Statsréit demissionéieren ze doen, well politesch Majoritéiten änneren.

Mir waren als ADR der Meenung, de Statsrot sollt och personell verstäerkt ginn, fir seng gutt a wichteg Aarbecht, déi hei mat Recht ervirgestrach ginn ass, kënnen a besseren Delaien ze erleedegen. A mir hätten also begréisst, wann d'Zuel vun de Statsréit insgesamt an d'Luucht gaange wier.

D'Qualifikatioun vun de Statsréit ass selbstverständlech fundamental wichteg. Et gouf an der Vergaangenheet, an och dat ass scho gesot ginn, Nominatiounen, wou de Bierger d'Impressioun huet misse kréien, de Conseil d'État wier en Abstellgleis fir onerwënscht Politiker. Duerfir begréisse mer als ADR expressis verbis, datt de Statsrot elo Profiller ausschafft iwwert d'Kompetenz, déi e Kandidat soll erfëllen.

An do hu mer dann och direkt e gelieftent Beispill, wouzou déi onsääglech Fraequot féiere kann. Wéi den Här Statsminister, konform zur DP-Positioun, eiser Partei proposéiert huet, nom Ausscheede vum Maître Viviane Ecker am Juni 2016, den nächste Statsrotsmember ze proposéieren, an dat ier d'Gesetz dat elo virgesinn huet, dunn hu mir natierlech an eise Reie gesicht, wien dee Profill ideal kéint erfëllen.

Gefrot war vum Statsrot e Spezialist am Aarbechts- an am Sozialrecht. Eise Generalsekretär, de Maître Alex Penning, Affekot, fréiere President vum Jeune barreau, huet sech ugebueden. Awer eis Propositioun gouf vun der Regierung verworf, net well dem Maître Penning seng Kompetenz a Fro stoung oder well en de Profill net erfëllt hätt, mä aus deem einfache Grond, well en e Mann war; obwuel deemools nach keng Quoteregelung virgesi war. Et däerf an eisen Aen net sinn, datt en idealen a kompetente Kandidat just duerfir ecartéiert gëtt, well en deem engen oder deem anere Sexe ugehéiert!

Dee leschte Punkt eleng wier fir eis schonn en „killing point" a géif derzou féieren, datt mer dee Projet hei géifen ofleenen. Mä och d'Prozedur, wéi d'Statsréit sollen ernannt ginn, stéiert eis. Mir hu schonns an eisem Wahlprogramm 2013 gefuerdert, datt de Statsrot sollt als berodend Organ bei der Chamber ugesidelt ginn. Duerfir si mir net d'accord, datt en Drëttel vun de Membere vun der Regierung an e weideren Drëttel vum Statsrot selwer ernannt soll ginn.

Wou op der Welt gëtt et en Organ, wat sech selwer ernennt? An dat huet näischt ze di mat Respekt vun enger Institutioun par rapport zu enger anerer, mä ganz einfach ass et eng Fro vum Equiliber vun de Pouvoiren. Dës Ernennungsprärogativ soll eiser Meenung no, an do si mer ganz op därselwechter Linn wéi d'CSV, bei der Chamber - a bei der Chamber eleng - leien.

Dëse System, an den Alex Bodry huet déi Schwieregkeete mat Recht ugeschwat, géif erlaben, och déi parteipolitesch Repräsentativitéit méi einfach ze garantéieren a méi praktikabel ze maachen.

Dann ass d'Iddi vum Befaasse vum Statsrot duerch eng Unzuel vun Deputéierten iwwert d'Verfassungskonformitéit op den Dësch komm. An do ginn ech dem Alex Bodry net recht, wann e seet: „Ma souwisou huet de Conseil d'État jo no der Konformitéit ze kucken, dat ass also iwwerflësseg." Wéi oft ass et scho virkomm, datt och de Conseil d'État, och de Statsrot, e Punkt iwwersinn huet vu Verfassungskonformitéit a wou et vläicht ganz gutt wier, wann eng gewëssen Zuel vun Deputéierte kéint dorobber opmierksam maachen an eng Prise de position dozou initiéieren?

Selbstverständlech begréisse mer awer och d'Iddi vum Alex Bodry vum Contrôle a priori no engem Vott vun engem Gesetz, mä virum Akraafttrieden, duerch d'Cour constitutionnelle. Eng absolutt laangjäreg Fuerderung vun der ADR a wou ech och net verstinn, wou do d'Retizenze sinn, well reng aus politeschen Ursaache géif keng Partei dovunner abuséieren. Par contre kéint et awer a gewëssene Fäll ganz schlëmm verfassungsfeindlech Texter verhënneren.

Schlussendlech e Wuert zu den Inkompatibilitéiten. Dozou ass hei net geschwat ginn. Mir waren nach ëmmer a mir sinn der Meenung, datt verschidde Leit am Statsrot näischt ze sichen hätten. Net well mer déi Leit géife fir in-

kompetent befannen oder well déi Leit net sympathesch wieren, mä well alt nees eng Kéier wéinst dem Equiliber an der Trennung vun de Pouvoiren eiser Meenung no weder aktiv Statsbeamten nach Magistrate sollen am Statsrot sëtzen; kee Premier conseiller de Gouvernement, keen ADEM-Direkter, och wann en dee richtege Sexe huet, an och keen Avocat général.

Aus all dëse Grënn deet et eis ganz leed, datt mer dëse Gesetzestext net kënne guttheeschen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Reding. An dann ass dee leschten agedroene Riedner den Här Marc Baum fir déi Lénk.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Här President, wann ee mat engem auslännesche Gaascht duerch d'Alstad trëppelt an et gëtt ee gefrot, déi politesch Strukturen hei am Land ze erklären, dann ass déi ominéis Institutioun vum Statsrot meeschtens dat Lescht, wat un d'Rei kënnt. Et ass souguer eppes, wat een einfachheetshalber emol gären ewechléisst. Et seet een: „Hei ass d'Parlament. Dat gëtt fir fënnef Joer vum Vollek gewielt. Do ass d'Regierung, déi gëtt vum Parlament gewielt. An do niewendrun, als Dekoratioun, do ass de Grand-Duc."

An ier ee bei de Statsrot kënnt, seet ee sech ganz oft: „Bof, dat bréngt elo näischt, fir och nach dat doten ze erklären." Et ass och schwéier, fir et eise Schüler am Lycée bäizebréngen. Do kéint vläicht deen een oder aneren Enseignant heibannen e Lidd dovunner sangen. An ech si mer emol net sécher, ob eng breet Majoritéit vun Erwuessenen hei am Land iwwerhaapt an der Lag wär, fir genee kënnen d'Aufgaben an de Fonctionnement an d'Zesummesetzung vum Statsrot ze beschreiwen.

De Statsrot ass fir vill Leit net richteg gräifbar, well en net an déi instinktiv demokratesch Logik vum 21. Jorhonnert erapasst. E passt net eran an déi vläicht - vläicht! - e bëssen naiv Virstellung, datt de Pouvoir vum Vollek ausgeet an datt d'Majoritéit vun de Wielerstëmmen iwwert d'Gesetzer decidéiert. Seng Utilitéit, seng Daseinsberechtegung ass net esou eendeiteg, datt ee se ka mat engem Saz duerstellen. An dozou dréit och zu engem groussen Deel de Mangel un Transparenz bäi.

Här President, wéi mir viru Joren ugefaangen hunn, un eiser alternativer Verfassung ze schaffen, déi - an dat just niewebäi - nach ëmmer beim Statsrot pour avis läit, dunn hu mer eis vill Froe gestallt iwwert dës Institutioun. Et ware vive an déif gräifend Diskussiounen. A mir hunn eis d'Fro gestallt, ob een dann esou eppes wéi e Statsrot iwwerhaapt nach bräicht am 21. Jorhonnert. Finalement hu mer eis entscheet, fir de Statsrot och an eisem Verfassungsprojet bäizebehalen, wann och mat ganz ënnerschiddleche Prämissen.

An der Chamber hu mer déi fundamental Diskussiounen awer net esou gefouert. Do ass virun allem „kleng-kleng" geduecht ginn op Basis vun engem net immens ambitiéierten Text, dee vun der Regierung ausgeschafft gouf. Virun allem ass awer déi eigentlech Fro, déi Fro, déi ee jo dem ganze Vollek hätt misse stellen, guer net op den Dësch komm. An déi Fro ass, ob mer iwwerhaapt e Statsrot brauchen. A wa jo: firwat an a wéi enger Form?

Well wat mécht de Statsrot eigentlech genee? E kontrolléiert déi juristesch Stéchhaltegkeet an d'Kontabilitéit vun de Gesetzestexter mat schonn existéierenden nationalen an internationale Gesetzestexter. A wann e grondsätzlech juristesch Problemer fënnt, kann en de legislative Prozess in extremis temporär blockéieren.

A besonnesche Momenter vun Hybris huet de Statsrot sech selwer och schonn als „Hüter vun der Verfassung" beschriwwen, wat menger Meenung no éischter eppes ausseet iwwert dee komplett onzouräichende Contrôle constitutionnel an der Konstruktioun vun eisem Stat.

Wa mer also vun deene politesche Considératiounen ofgesinn, déi de Statsrot sech geleeëntlech net verknäife kann, obwuel e jo eigentlech duerfir keng wierklech Legitimitéit huet, dann ass säi Rôle also dee vun engem juristesche Conseiller. An do stellt sech natierlech d'Fro, ob ee fir dëse juristesche Bäistand eng eegen an der Verfassung verankert Institutioun brauch oder ob net e seriö opgestalltene juristeschen Déngscht vun der Chamber mat deem néidege Personal kéint déiselwecht Aufgaben iwwerhuelen.

Déi allermeescht Gesetzer stame jo à la base aus der Fieder vu Regierungsbeamten. A mir stellen effektiv fest, datt et do bal ëmmer legistesch, juristesch oder och konstitutionell Problemer gëtt, op déi de Statsrot opmierksam mécht. Mä wär et net eigentlech d'Aufgab vun der Chamber als Institutioun, dëst ze redresséieren?

Wat ech domadder soe wëll, ass, datt mer de Statsrot brauchen, well mer e schwaacht Parlament hunn, well d'Parlament ganz einfach bäi Wäitem net d'Personal huet, fir de Volleksvertrieder déi Ënnerstëtzung ze bidden, déi se eigentlech fir eng seriö legislativ Aarbecht géife brauchen. An dat ass och näischt Neies! Interessant ass awer virun allem d'Reziprozitéit vun där Feststellung: Well mer de Statsrot hunn, brauche mer och kee staarkt Parlament. D'Existenz vum Statsrot legitiméiert also quasi e schwaacht Parlament an dat arrangéiert eng ganz Rei Leit hei am Land.

Wéi de Statsrot 1856 geschaaft ginn ass, do hat en eng ganz spezifesch Roll an engem ganz spezifesche Kontext vun der Restauratioun. En ass vum deemolege Kinnek-Grand-Duc agesat ginn, fir d'Parlament ze kontrolléieren, fir quasi opzepassen, datt d'Volleksvertrieder keng Dommheete géife maachen; Dommheete wéi zum Beispill méi Rechter fir d'Bierger vum Land.

D'Zäiten hu sech natierlech geännert. An d'Roll vum Statsrot huet evoluéiert, mä ech mengen, net esou fundamental, wéi ee sech dat eigentlech wënsche misst am 21. Jorhonnert. Well e fundamentale Changement hätt zum Beispill doranner bestanen, de Statsrot dem Parlament ze ënnerstellen an net, wéi bis elo, der Regierung!

Am Moment ass et jo esou, datt d'Parlament net emol de President vum Statsrot kann an eng Kommissioun convoquéieren. Fir eis wär dat e reelle Sprong no vir gewiescht a Saachen Demokratie. An duerfir hu mer dat och esou an eis alternativ Verfassung geschriwwen.

Här President, wa mer elo méi konkret op dës Reform kucken, da fält engem schnell de Sproch vum réimeschen Dichter Horaz an: „Der Berg kreißte und gebar eine Maus." Dat Resultat, dat schlussendlech hei soll votéiert ginn, rechtfertegt op alle Fall net dee ganzen Zodi, dee ronderëm déi Reform vum Statsrot gemaach gouf, ugefaange mam Nominatiounsprozess.

D'Kolleege vun der CSV hate jo urspréinglech proposéiert, datt d'Chamber als Eenzeg kann Nominatioune virhuelen, an dat - une fois n'est pas coutume - ass eis ganz sympathesch gewiescht. Mä d'Majoritéit fënnt et méi flott, wa wéi bis elo ofwiesselnd de Statsrot selwer, dann d'Regierung an dann d'Chamber ka proposéieren, well soss, ech zitéieren aus dem Rapport, wär «la nature multifacette du Conseil d'Etat» menacéiert. Dat misst ee sech eigentlech emol op der Zong zergoe loossen!

Wat also elo bleift, si kosmetesch Ännerungen ouni real Repercussiounen. Ëmmerhi bleift eis elo deen Tralala mat den dräi Votten erspuert.

Och datt de Statsrot am Virfeld de Profill vun de Leit definéiert, déi solle proposéiert ginn, gesi mer awer ganz skeptesch. D'Salariatskummer weist an hirem Avis mat Recht dorobber hin, datt domadder ganz vill sozioprofessionell Kategorië riskéieren, d'office ausgeschloss ze ginn. An dat ass jo awer net immens fir d'„nature multifacette" vum Statsrot.

An dann zur Fro vun der politescher Repräsentatioun. Ech si mer guer net esou sécher, ob et gutt fir d'Institutioun Statsrot ass, wann en déi politesch Kräfteverhältnisser vun der Chamber repräsentéiert. Elo kann eng Partei ee Member am Statsrot kréien, wa se bei zwou konsekutive Wahlen op d'mannst dräi Deputéierter kritt. Zumindest soll déi Instanz, déi grad proposéiert, dëser Fro Rechnung droen; zwéngend ass dat jo net wierklech.

Mir freeën eis trotzdeem fir d'Kolleege vun der ADR a wënschen hinnen, datt si dann och vläicht iergendwann eng Kéier eng Fra an hire Reie fannen, déi se nominéiere kënnen.

(Hilarité et interruption)

Justement, déi nei Regelung fir eng besser Repräsentatioun vun de Fraen am Statsrot ass eng vun deene wéinege bescheidenen Neierungen, déi mer wierklech begréissen. D'Reform gesäit jo vir, datt all Geschlecht op d'mannst een Drëttel vun de Membere muss stellen, wat jo an der Praxis virun allem heescht, datt op d'mannst een Drëttel musse Frae sinn.

Mir begréissen dat natierlech, fannen, datt dat scho laang iwwerfälleg ass, a gläichzäiteg bedauere mer, datt d'Regierung hei net wollt méi wäit goen an d'Richtung vun enger méi grousser Paritéit, oder zumindest dat ëmsetzt, wat fir Parteie gëllt, näämlech e Prozentsaz vu 40 als Undeel fir all Geschlecht.

Dat zweet Element, dat mer nach kënne begréissen, ass, datt elo soll de Vott iwwer all Avis publizéiert ginn, dat heescht, wéi vill Membere präsent waren a wéi vill der derfir an dergéint gestëmmt hunn. Dat ass zwar nëmmen e winzege Schrëtt a Richtung Transparenz bei enger ganz onduerchsiichteger Struktur, mä mat dëser Regierung ass ee jo gewinnt, sech och schonn iwwer wéineg Fortschrëtter ze freeën oder, fir an der Billersprooch vun der Regierung ze bleiwen: D'Fënster gëtt hei net grouss opgerappt, mä d'Fënster gëtt zumindest zwou Minutten op kipp gestallt.

Schlussendlech hu mer also eng Reform hei, déi eigentlech den Numm esou net verdéngt huet. Et gi just e puer Plooschteren op e Patient gepecht, deen dréngend misst op Häerz an Nieren iwwerpréift ginn.

Op alle Fall gëtt et mat dëser Reform net méi einfach fir d'Enseignanten am Land, fir hire Schüler de Statsrot ze erklären. Och wa mer elo net strikt géint déi verschidden Elementer sinn, esou iwwerweit dach d'Enttäuschung vun der verluerener Chance an dat Gefill, datt d'Regierung hei just pro forma e puer Ännerunge mécht, fir de Status quo besser kënnen ze verkafen.

Aus deene Grënn wäerte mir eis och beim Vott enthalen. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet de Statsminister, den Här Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, erlaabt mer, dass ech de Koalitiounsaccord virliesen, deen iwwert de Conseil d'État seet: «La procédure de nomination des membres du Conseil d'État ainsi que la question de la publicité de ses travaux seront examinées. La composition du Conseil d'État assurera une représentativité équitable des courants politiques siégeant à la Chambre des Députés. La durée du mandat sera ramenée à 12 ans.» Et ass dat, wat mer maachen! Et ass dat, wat mer proposéiert hunn, an et ass dat, wat haut och zum Vott steet. Dat heescht: Koalitiounsaccord respektéiert, realiséiert!

Elo kréie mer hei de Virworf gemaach, et wier net dat, wat sech erwaart gi ass. Hei ass de Koalitiounsaccord a mir halen eis selbstverständlech un dat, wat mer och ausgemaach hunn.

(Brouhaha)

Ech wëll just soen, Här President, dass mer dat, wat mer proposéiert hunn...

Här President, ech gesinn hei schonn eng gewëssen Opreegung, mä dass awer e Statsrot,...

(Brouhaha)

...eng Reform iwwert de Statsrot esou e bëssen eppes wéi... Et gëtt vill driwwer diskutéiert an et ass net nei, an ech sinn och frou, dass den honorabelen Här Bodry driwwer diskutéiert huet, dass schonn eng Rëtsch vu Regierunge probéiert hunn, Reformen ze maachen. An ech wëll just soen, dass déi lescht Reform den 12. Juli 1996 war, ce n'était pas hier! 1996, dat sinn elo schonn 21 Joer hier. An et ass am Fong, wann ee kuckt, säit dem 19. Jorhonnert déi drëtte Kéier, wou eng grouss Reform vum Statsrot stattfënnt.

Mir haten am Regierungsprogramm ugekënnegt, de Statsrot enger Reform wëllen ze ënnerzéien. An ech wëll och awer hei, Här President, déi konstruktiv Roll vun de Fraktiounen ënnersträichen. Hei ass näämlech och mat der Conférence des Présidents eng konstruktiv Aarbecht geleescht ginn, andeem Avise gefrot gi sinn. An ech ka mech erënneren un déi Reuniounen, wou mir zesummekomm sinn als Groupe interinstitutionnel, mir an och déi verschidden Institutiounen, fir eben iwwert déi verschidde Positioune vun de Parteie kënnen en Echange ze hunn.

Mir wollten näämlech och am Virfeld d'Parteie konsultéieren an eben och duerch deen Avis, dee se eis ginn hunn, dee gréisste politesche Konsens fannen tëschent de Parteien. An d'Resultater vun dëse Konsultatioune woren am Fong d'Basis vun där Aarbecht, op där mer de Gesetzesprojet ausgeschafft hunn, eben och fir eng grouss Zoustëmmung hei an dësem héijen Haus ze hunn.

Wat mer wëllen, ass e méi modernen a méi en transparente Statsrot, ouni dobäi d'Wichtegkeet an d'Onofhängegkeet vun dëser Institutioun a Fro ze stellen. Ganz am Géigendeel! Dës Reform soll grad dozou bäidroen, dass d'Aarbecht a seng Aarbecht an Zukunft, ob dat elo vum Bierger ass, ob dat elo vun der Zivillgesellschaft ass, ob dat vun der Politik ass oder vun allen aneren Akteuren, weider déi Unerkennung soll kréien, déi wichteg ass, an dass och de Statsrot seng Legitimitéit a seng Wichtegkeet behält.

Déi Haapterneierungen - wann Der erlaabt, géif ech op e puer Stéck agoen - sinn: eng méi equilibréiert Repräsentativitéit vun de Geschlechter an och eng méi equitabel Repartitioun vun de Vertrieder. Hei ass virdru gesot ginn: „Jo, mir krute gesot, mir hätten déi." Also wann een den Text, d'Benefisser vun engem Text wëllt no vir zéien, da muss een déi ganz Benefisser analyséieren, also déi ganz Dispositiounen analyséieren. Et kann een net soen: „Mir hunn als Partei een zegutt, mä déi aner Clause, déi och virgesäit, dass e gewëssenen Equiliber do ass, déi zielt net!" Dowéinst: Wann en Text zielt, dann zielt e ganz oder guer net! An hei wollte mir eben au contraire eng Hand reechen an engem eng Méiglechkeet ginn, an déi Hand ass op där anerer Säit net ugeholl ginn.

Wat fir eis och wichteg ass, ass d'Publikatioun vun der Unzuel vun de Conseilleren, déi fir oder géint en Avis oder eng Resolutioun gestëmmt hunn. Firwat? Et steet heiansdo en Avis minoritaire do. Mä wat ass en Avis minoritaire? Ass dat een oder sinn dat der aacht, sinn dat der siwen? An ech mengen, dass et awer och scho wichteg ass ze wëssen, wat en Avis minoritaire ass, ob deen „minoritaire-minoritaire" ass, dat heescht, wierklech een oder zwee repräsentéiert, oder ass et zu engem Vott komm, dee méi enk ausgaangen ass?

An andeems déi doten Dispositiounen esou komm sinn, dass déi Transparenz esou ass, ass och zesumme mam Statsrot, mat den Institutiounen a mat der Chamber diskutéiert ginn, fir dass mer awer och net e Blockage maachen, fir dass net duerno d'Aarbechte vum Statsrot sech géife blockéieren, well dann am Fong géif dostoen, wéi eng Partei fir wat wou gestëmmt huet. An am Fong, dass dann de Conseil d'État e richteg parteilecht Organ géif ginn, wou dann d'Parteien eng géint déi aner géifen hir Avisen zréckhalen oder net.

Dowéinst ass dat fir eis e Surplus vun Transparenz, dee mer hei hunn, ouni ze riskéieren, wéi gesot, d'Aarbechtsmethoden an de Fonctionnement vum Statsrot iergendwéi ze blockéieren. Des Weidere gëtt duerch d'Aféieren och vun deenen zwee Profiller, déi bei der Nominatiounsprozedur sollen och berücksichtegt ginn, am Fong d'Selektiounsprozedur vun de Kandidaten optimiséiert, fir ze garantéieren, dass och déi designéiert Kandidaten esou gutt wéi méiglech den Ufuerderungen an de Besoine vum Statsrot entspriechen.

Et ass also eng Reform, déi an eisen Ae ganz am Sënn ass vun engem effikassen an och engem gutt fonctionnéierende Statsrot. E Statsrot, deem seng Aarbecht ouni Zweifel - an ech wëll dat wierklech soen! - d'Qualitéit vun eisen Norme staark beräichert.

Ech weess, dass et Diskussioune gi sinn. Hei ass och scho vun deem engen oder vun deem aneren e Minister zitéiert ginn, dee sech iwwert den Avis vum Statsrot hei vläicht net geiergert huet, awer Froe gestallt huet. Well tatsächlech, de Statsrot ass en Organ, fir d'Legalitéit ze kontrolléieren! D'Opportunitéit ass net d'Missioun vum Statsrot, et ass net seng Missioun, fir d'politesch Opportunitéit vu verschiddenen Texter ze analyséieren. Dat ass net d'Roll vum Statsrot!

De Statsrot ass do, wéi gesot, fir déi Legalitéit och ze kontrolléieren. An e muss duerfir och d'Moyenen hunn. An ech wëll och hei, well déi Fro gestallt ginn ass, Här President, drop insistéieren, dass, soubal dës Regierung ugefaangen huet, se och mam Statsrot - an dat wor och an deene Reuniounen zesumme mat der Chamber - gekuckt huet, fir em déi néideg Moyene kënnen ze ginn: Personalopstockung!

Personalopstockung ass dat, wat wichteg ass. Mir gleewen net, dass einfach d'Zuel vun de Conseilleren an d'Luucht ze setzen et da méi einfach mécht! Et ass wichteg, dass de Pool ronderëm d'Conseilleren, déi do sinn, et och erméiglecht, dass d'Aarbecht méi effikass a méi rapid ka gemaach ginn.

Mir wëllen also en impeccabele Fonctionnement vun engem Statsrot, Här President, a mir sinn och op deen ugewisen. An d'Regierung ass der Iwwerzeegung, dass dëst och mat dëser Reform, déi am Fong eng wichteg Adaptatioun ass, wou en och un d'Realitéiten ugepasst ginn ass, fir d'Zukunft wäert garantéiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Statsminister.

Mir géifen dann, wann Der wëllt, zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6875 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6875 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Ee Moment!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo?

M. Michel Wolter *(CSV).*- Beim Här Roth geet et net.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat ass net schlëmm. Dir sidd do, an dann...

(Interruptions)

Jo, da géif ech dovun ausgoen, dass mer zu 60 drun deelgeholl hunn: 32-mol Jo, 26-mol Neen an 2 Abstentiounen. Dat misst jo dann esou opgaange sinn.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, ech wollt lech Merci soe fir d'Vertrauen. Mä ech wollt awer virun allem och der Rapportrice, der Madamm Beissel, Merci soe...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- ...fir dee komplette Rapport, dee se hei op hir bekannten Aart a Weis gemaach huet. Ech hat dat vergiess an ech wollt dat awer wierklech korrigéieren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Dann huet de Statsminister Chance.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Statsminister.

Et bleiwe mir nach zwou Froen ze stellen. Déi éischt, ob mer d'Dispens vum zweete Vott ufroen.

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Retrait du rôle de la proposition de loi 6821

An déi zweet Fro, déi riicht sech un den Auteur vun der Proposition de loi 6821, den Här Paul-Henri Meyers, ob mer mat dem Vott vun dësem Gesetz déi Proposition de loi als evakuéiert kënnen ugesinn.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Jo, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Här Meyers, dann ass och dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, zu der Interpellatioun vum Här Marc Baum iwwert déi sougenannt „working poor", dat heescht d'Leit, déi schaffen an awer aarm dobäi bleiwen. Den Här Baum huet d'Wuert.

5. Interpellation de M. Marc Baum au sujet de la pauvreté laborieuse (working poor)

Exposé

M. Marc Baum *(déi Lénk), interpellateur.*- Merci Här President. Et ass déi mënschlech Aarbecht, déi Wäerter schaaft, déi materiell an déi immateriell. An ëmgekéiert ass d'Aarbecht determinéierend an der Organisatioun vum Liewe vun de Mënschen.

Zanter der industrieller Revolutioun an dem Duerchsetze vun der kapitalistescher Produktiounsweis gëtt et eng Ausenanersetzung ëm d'Friichte vun där Lounaarbecht, also wéi een Deel deene Leit zeguttkënnt, déi schafen a schaffen, a wéi een Deel deenen zeguttkënnt, déi iwwert d'Produktiounsmëttel verfügen. Dat war fréier esou an dat ass och haut nach ëmmer esou.

D'Aarbechtsverhältnis definéiert eise Code du travail als en „lien de subordination", also e Beschäftegte stellt en Deel vu senger Liewenszäit an Aarbechtskraaft engem aneren zur Verfügung, deen en derfir entlount. Mä et ass a bleift en hierarchescht Verhältnis.

Mat där Aarbecht sinn an eiser Gesellschaft zwee zentral Versprieche verbonnen:

Allgemeng: D'Aarbecht schaaft Wuesstum an dee Wuesstum ass d'Grondlag vum Wuelstand a vun der Liewensqualitéit vun de Leit, déi schaffen.

An zweetens a méi spezifesch: Aarbecht erméiglecht en dezent, mënschewierdegt Liewen, Aarbecht schützt virun Aarmut oder, vereinfacht gesot, schaffe lount sech.

Här President, genee dës Versprieche sinn hei am Land net eréischt zanter Kuerzem a Fro gestallt, an engem Land, wat zu deene räichsten an Europa, jo souguer op der Welt gehéiert. Zu Lëtzebuerg hu mer en iwwerduerchschnëttlech héijen Taux u Leit, déi trotz Aarbecht aarm sinn oder dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn.

Hei zu Lëtzebuerg gehéieren 11,6% vun de Leit, déi schaffen, engem Menage un, deen dem Aarmutsrisiko ausgesat ass. 11,6% si sougenannt „working poor". Dat ass wesentlech méi wéi an eisen Nopeschlänner an dat ass och e Rekord par rapport zu deene Jore virdrun. Dat seet eis Eurostat.

A ganz Europa oder an der Eurozon sinn et just nach d'Kriselänner Griichenland a Spuenien, wou den Undeel vun „working poor" méi héich ass. An op d'ganz EU ausgeweit huet just nach Rumänien méi e schlechten Taux wéi Lëtzebuerg.

Erstaunlech ass och, datt deen allgemengen Aarmutsrisiko - wat an der Lescht jo villersäits begréisst ginn ass - am Land zwar liicht erofgaangen ass, op ëmmer nach gigantesch 15,...%, mä datt dee vun den „working poor" parallell zum Erofgoe vum allgemengen Taux weider geklommen ass.

Wann een elo vläicht nach novollzéie kann, datt 16,5% vun de Leit, déi Deelzäit schaffen, dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn, esou kann een dat awer net méi bei deenen 10%, déi eng voll Tâche hunn, also 40 Stonnen d'Woch iwwer e ganzt Joer schaffen.

Wann ee vläicht novollzéie kann, datt 23% vun alle Leit, déi en CDD hunn, „working poor" sinn, dann awer net méi bei deene bal 10%, déi en CDI hunn. Och hei si mer am Spëtzepeloton vun der europäescher Negativlëscht, selon Eurostat.

All dës Zuele missten am allerhéchste Grad alarméieren, well si bedeiten, datt genee dat gesellschaftlecht Versprieche vu Wuelstand duerch Aarbecht net wierklech respektéiert gëtt, jo souguer ëmmer manner erfëllt gëtt.

Dee Begréff „working poor" bezeechent also all déi Leit, déi innerhalb vun engem Joer méi wéi d'Halschent vun der Zäit geschafft hunn a mat allen eventuelle Sozialleeschtungen an engem Menage wunnen, deen ënnert dem Aarmutsrisiko läit, deen allgemeng unerkannt definéiert gëtt als 60% vum Medianloun.

De Phenomeen besteet also aus méi Deeler: engersäits dem Revenu vun der Persoun, anersäits de Sozialleeschtungen, déi se eventuell bezitt, der Zesummesetzung vum Haushalt an der Héicht vum monetären Aarmutsrisiko am jeeweilege Land.

Fir dem Phenomeen „working poor" op de Grond ze goen, muss een duerfir déi eenzel Elementer kucken a se ausmaachen, ugefaange vum Aarmutsrisiko, deen natierlech e relative Wäert ass, also een, dee vun der Akommessituatioun vu Land zu Land changéiert. Et ass och een, deen an éischter Linn eppes iwwert déi gesellschaftlech Ongläichheeten ausseet. Mä dat huet och seng Berechtegung, well och Aarmut ass e relative Wäert! Et kann een Aarmut just moosse par rapport zu enger bestëmmter gesellschaftlecher an historescher Situatioun. Mir vergläiche jo och net Aarmut mam Mëttelalter oder mat Entwécklungsläner.

Duerfir kënne mer eis och net erausrieden domadder, d'Aarmutsgrenz wier zu Lëtzebuerg ebe méi héich wéi an anere Länner, well Aarmut ëmmer Ausdrock ass vun engem gesellschaftleche Verhältnis an een absolutt Zuelen net einfach esou vergläiche kann, mä justement relativer, déi eng Bedeitung innerhalb vun enger Gesellschaft hunn. En plus ass et esou, datt et an Europa zwee Länner gëtt, déi an absolutten Zuele méi en héije Medianrevenu opweise wéi Lëtzebuerg, näämlech d'Schwäiz an Island. An do läit den Taux de pauvreté vun den „working poor" méi niddreg, näämlech bei 8% respektiv bei 7%.

Aarmut ass och relativ, well d'Liewenshaltungskäschte vu Land zu Land changéieren an nieft där méi monetärer Dimensioun d'Aarmut ëmmer verbonnen ass mat Exklusioun, mat Ausschloss vum sozialen, kulturellen a gesellschaftleche Liewen.

Nieft deem relativen Indicateur vun Aarmut huet de Statec versicht, dee monetäre Minimum zu Lëtzebuerg ze berechnen, deen e Stot brauch, fir mënschewierdeg, also dezent liewen ze kënnen. Esou en Exercice ass ëmmer mat enger gewëssener Skepsis ze bewäerten, well et ganz schwéier ass, Stéit monetär an absolutten Zuele mateneen ze vergläichen, well d'Stéit ëmmer ze dinn hu mat spezifesche Liewenssituatioune vu Mënschen an och eng ganz Rëtsch Parameteren an der Etüd ausser Uecht gelooss goufen, déi awer wichteg gewiescht wieren, wéi zum Beispill och hei am Land geografesch Komponenten, de familiären oder soziale Kontext vun engem Stot, den Alter et cetera.

Also, obwuel een dës Etüd mat enger gewëssener Virsiicht genéisse muss, sinn hir zentral Konklusioune fir eis awer interessant.

Déi éischt ass: Den Niveau vun engem mënschewierdege Liewe läit zu Lëtzebuerg an alle Fäll iwwert dem Montant, deen den Aarmutsrisiko definéiert. An anere Wierder: Fir decemment liewen ze kënnen, brauch ee méi wéi dat Akommes, wat den Aarmutsrisiko definéiert.

Zweetens: Den Nettomindestloun hei am Land läit souwuel ënnert dem Aarmutsrisiko wéi och ënnert deem vum dezente Liewen.

Just am Idealfall - an dat ass interessant, just am Idealfall -, wou eng Persoun mam Mindestloun kann op alleguerten d'Sozialleeschtungen zugläich zréckgräifen, ass et méiglech, dezent ze liewen.

Ech wäert herno nach drop zréckkommen, firwat dat net esou evident ass a firwat mer duerfir esou héich Tauxen och eventuell hunn.

Aus deenen dräi Observatioune kritt een Indicen, wou deen aussergewéinlech héijen Taux hierkënnt. An egal wéi eng Moossstief een usetzt, fir Aarmut, a besonnesch déi vu Mënschen, déi schaffen, ze moossen, et kënnt een net laanscht dee Constat, deen och d'Salariatskummer an hirem Sozialpanorama virun enger Woch gemaach huet, näämlech datt déi laangfristeg Tendenz weist, datt mer et hei mat engem strukturelle Problem ze dinn hunn, dee souguer an Zäite vun Héichkonjunktur a phenomenale Wuesstumszuelen net substanziell zréckgeet, jo souguer éischter Gefor leeft, nach weider an d'Luucht ze goen.

An hannert deene plakegen Zuele sti Mënschen, Mënschen a Familljen an deelweis dramatesche Situatiounen, an och besonnesch zu Lëtzebuerg vill Kanner, vill Stéit mat Kanner. An et ass nach ëmmer esou, datt Kanner zu Lëtzebuerg eigentlech dee gréissten Aarmutsrisiko sinn, souguer dann, wann ee schafft. An dat ass e seriöe Problem, grad an engem scheinbar esou räiche Land, deem ee wierklech misst op de Fong goen.

Här President, eng vun den Haaptursaache vum „Working poor"-Phenomeen ass déi ëmmer méi inegalitär Entwécklung vun de Léin, éischtens a Bezuch op déi primär Verdeelung tëschent Aarbecht a Kapital, wou d'Produktivitéit an deene leschte Jore wesentlech méi séier gewuess ass wéi d'Léin an och de Revenu aus Kapitalerträg däitlech manner besteiert gëtt wéi d'Akommes vun de Léin.

Awer geneesou gëllt dës ongläich Entwécklung och innerhalb vun deenen eenzelne Léinkategorien. Sou huet de Sozialpanorama opgewisen, datt déi ënnescht Léin an deene leschte 15 Joer ëm 36% geklomme sinn, déi mëttel ëm 53% an déi uewen ëm 60%, also duebel esou séier geklomme si wéi déi ënnen.

Nach méi bezeechnend ass d'Entwécklung vun der Kafkraaft an de leschte fënnef Joer, also zanter 2010: Bei deenen ënneschte Salairen ass se just ëm 1,1% an d'Luucht gaangen, praktesch fënnefmol manner wéi bei den iweschte Léin. Dëst ass Ausdrock a Sënnbild vun där sozialer Schéier, déi hei an eisem Land ëmmer méi wäit auserneegeet an déi d'Ursaach vun de wuessenden Inegalitéiten ass.

De Stat an d'Regierung hunn hirersäits direkten Afloss op d'Entwécklung vun deenen ënneschte Léin iwwer zwee Mechanismen, engersäits iwwert d'Héicht vum Mindestloun, dee per Gesetz festgehale gëtt, an anerersäits iwwert d'Erfalen oder d'Aussetzeloosse vun Indextranchen.

D'Salariatskummer huet virgerechent, datt eleng d'Indexmanipulatioun vun 2013, déi zu engem Retard vu siwe Méint beim Ausbezuele vun der Tranche gefouert huet, Leit mat niddrege Léin vill Geld kascht huet. Am Ganze sinn an deene leschte véier Joer 1.269 Euro fir e Salarié, deen de Mindestloun bezitt, verluer gaangen. Dës Sue si Paien, déi net ausbezuelt gi sinn, also dem Patronat zeguttkoumen.

An och no der Steierreform, déi zwar effektiv eng steierlech Entlaaschtung bruecht huet fir Mindestlounempfänger, mussen déi weiderhi Steiere bezuelen.

Wéi een et dréit a wéi een et kéiert, den Nettomindestloun geet net duer, fir virun Aarmut ze schützen. Dat soen eis déi international Zuelen. An e geet och net duer, fir dezent ze liewen. Dat seet de Statec. An dat misst awer eigentlech déi zentral Fonctioun vum Mindestloun sinn, an dëst virun de sozialen Transferen.

Op dësen Ëmstand weist och d'Charte sociale européenne hin, déi Lëtzebuerg ënnerschriwwen huet a géint där hiren Artikel 4 Lëtzebuerg verstéisst, wourop de Conseil de l'Europe eis opmierksam gemaach huet, well de Mindestloun ganz einfach ze niddreg ass hei am Land. Duerfir, Här President, deposéiere mer och hei eng entspriechend Motioun zum Mindestloun.

Motion 1

La Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg

considérant

1) qu'en mars 2016, le nombre des salariés rémunérés au voisinage du salaire social minimum s'élevait à 12,4%, ce qui correspondait à 45.204 personnes;

2) que les modulations de l'indexation des salaires au fil des années ont engendré un retard de 5,1% dans l'adaptation des salaires et traitements qui ne fut jamais compensé;

3) que sur la période allant d'octobre 2013 à janvier 2017, les modulations précitées ont fait perdre 1.269 € de pouvoir d'achat à un salarié rémunéré au salaire social minimum par rapport à la série indiciaire ayant l'année 1948 pour base;

4) que le coût du logement comme facteur déterminant dans l'augmentation du coût de vie n'est représenté que de façon insuffisante dans le panier de référence de l'indice;

5) qu'entre 2010 et 2015, le pouvoir d'achat des bas salaires n'a augmenté que de 1,1% tandis que celui des hauts salaires a connu une progression globale d'environ 5,2%;

6) que le Luxembourg a ratifié la disposition 4-1 de la Charte sociale européenne qui engage le Luxembourg à reconnaître le droit des travailleurs à une rémunération suffisante pour leur assurer, ainsi qu'à leurs familles, un niveau de vie décent;

7) que le Comité européen des droits sociaux du Conseil de l'Europe, qui statue en droit sur la conformité des situations nationales avec la Charte sociale européenne, établit que la situation est conforme à la Charte lorsque le salaire net le plus bas est supérieur à 60% du salaire net moyen;

8) que le Comité européen des droits sociaux conclut dans son rapport d'activités de 2014 «... que la situation du Luxembourg n'est pas conforme à l'article 4-1 de la Charte de 1961 au motif que le salaire minimum applicable aux travailleurs du secteur privé ne suffit pas à assurer un niveau de vie décent»;

9) que le Luxembourg affiche avec 11,6% en 2015 le quatrième taux le plus élevé de risque de pauvreté laborieuse parmi les pays membres de l'Union européenne;

10) que la Chambre des Salariés revendique une augmentation de 10% du salaire social minimum;

invite le Gouvernement

à procéder à une augmentation du salaire social minimum d'au moins 10%.

(s.) Marc Baum, David Wagner.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Här President, e weidere Grond fir déi héich Zuele vun den „working poor" sinn natierlech d'Explosioun vu prekären Aarbechtsverhältnisser, also besonnesch do Zäitverträg, zäitlech begrenzt Verträg an Interimsaarbechten. Bal all véierte Salarié, deen en CDD huet, ass dem Aarmutsrisiko ausgesat. Dat si gigantesch Zuelen, iwwerraschend Zuelen!

Mir gesinn, datt an deene leschte Joren den ordinären CDI, also d'Festustellung, scho längst net méi d'Regel ass an datt zäitlech begrenzt Verträg ëmmer méi opkommen, mat de soziale Konsequenze fir d'Salariéen, déi dat bedeit.

Ech wëll och drun erënneren, datt Salariéen aus ganze Beruffsgruppen eigentlech no zéng Joer Experienz de qualifizéierte Mindestloun zegutt hätten, d'Patronat hinnen deen awer refuséiert, firwat zënter Jore virun de Geriichter gestridde gëtt. Ech denken do natierlech un d'Personal vum Botzsecteur. An ech denken och, datt et do d'Aufgab wier vun der Regierung, fir an deem dote Fall Verantwortung ze weisen.

Här President, an engem Ëmfeld, wou déi ënnescht Léin stagnéieren, wou prekär Aarbechtskontrakter a verschiddene Secteuren ëmmer méi zur Regel ginn, kann a muss de Sozialstat eng zentral Roll spillen, fir och de Leit mat de klenge Revenuen entgéintzekommen. Et ass elo net Zäit, fir am Detail op d'Entwécklung vun der Sozialpolitik vun dëser an och virun allem vun de Virgängerregierungen anzegoen. Ech wëll just eenzel Elementer erauspicken, well se och an der Etüd vum Statec opgegraff goufen.

Ugefaange beim generelle Constat, datt dës Regierung hir Mandatsperiod ugefaangen huet mat därselwechter Austeritéitspolitik, déi d'Virgängerregierung bedriwwen huet. Si huet dem Kand zwar en aneren Numm ginn, mä den Zukunftspak war a Wierklechkeet näischt anescht wéi de fënneften „austeritären" Spuerpak an deene leschte Joren. An dodrënner ass ee wichtegt Element gefall, näämlech d'Familljepolitik.

D'Regierung huet beim Kannergeld zwou Prestatioune ganz ofgeschaaft an d'Kannergeld selwer a senger Zomm gekierzt fir d'zukünfteg Kanner, déi op d'Welt kommen, zumindest ab deem zweete Kand. Si huet d'Kannergeld elo entre-temps och un de Salaire médian gekoppelt, wat e Fortschrëtt ass par rapport zu der Situatioun virdrun. Mä mir wëssen, datt dat och nach net an dréchenen Dicher ass.

D'Salariatskummer huet deemools an hirem Avis, wéi mer iwwert d'Familljen, d'Kannergeld diskutéiert hunn, virgerechent, wat eng Famill mat dräi Kanner, ganz onofhängeg vun der Lounsituatioun, abéisst. An et sinn 238 Euro de Mount, also 2.856 Euro d'Joer. Fir verschidde Stéit sinn dat eng bis deemno wéi souguer zwou Paien!

Zweetens gi sozial Transferen net als Hëllef fir Leit a mëssleche Situatioune gesinn, mä ganz dacks als Aktivitéitsmesuren. Dat heescht, datt d'Ausbezuele vun enger sozialer Leeschtung un d'Konditioun gebonnen ass, datt déi concernéiert Persoun sech aktiv ëm eng Aarbecht beméit. Dat war scho beim Revenu minimum garanti an der Logik esou an dëst gëtt och beim REVIS an der Reform, déi am Moment jo nach um Instanzewee ass, esou weidergefouert.

Wat am Statec-Rapport opfält, dat ass d'Sechberuffen op d'Allocation de vie chère, déi vum Statec integral berechent gëtt, an hiren zwou Komponenten, dat heescht engersäits déi, déi een zegutt huet vu staatlecher Säit, wéi awer och deen Deel, deen een zegutt huet vun der Gemeng.

Elo ass d'Wierklechkeet awer esou, datt dat an de Beräich vun der Gemengenautonomie fält an dat vu Gemeng zu Gemeng verschidden ass. Verschiddener maachen et esou, wéi de Statec et berechent huet, a gi se integral, banne se un de Montant, deen de Stat virgëtt, anerer hunn iwwerhaapt keng an nach drëtter hu just en Deel dovunner. Do gesäit een, datt dat soziaalt Netz, wat och de Statec virgerechent huet, eigentlech vill méi wäitmascheg ass, wéi een esou op den éischte Bléck géif mengen.

Ee vun deene sozialen Transferen, deen d'Regierung, dës Regierung net ofgebaut huet, mä nei agefouert huet, ass d'Subvention de loyer, déi och beim Statec eng ganz grouss Roll spillt. Dës Subventioun soll jo Locataire zeguttkommen, déi hire Loyer net méi packen, déi also méi wéi 33% vun hirem Revenu fir de Loyer op den Dësch leeë mussen; en Taux, dee jo och beim éischte Bilan an der Chamberskommissioun schonn a Fro gestallt ginn ass. Si ass awer an hirem éischte Joer nëmme wéineg beusprocht ginn, wat net verwonnerlech ass, well se der Aarbechts- souwéi der Wunnsituatioun vu ganz ville Leit a Stéit guer net Rechnung dréit.

Engersäits droen d'Kritären enger schlechter Logéierung guer net Rechnung. Eurostat huet fir 2014 zum Beispill e méi héijen Taux de Surpeuplement fir Lëtzebuerg gerechent wéi fir seng Nopeschlänner. Dat bedeit awer, datt Leit, déi an esou engem Menage wunnen, iwwerhaapt net a Fro kommen, fir déi doten Hëllef ze kréien. An et si grad déi Leit, déi eigentlech déi doten Hëllef am dréngendste géife brauchen.

Anerersäits droen d'Kritäre fir dës Subventioun och den Entwécklungen um Aarbechtsmaart net Rechnung. Wéi ech virdru scho gewisen hunn, sinn d'prekär Aarbechtskontrakter an de leschte Joren och zu Lëtzebuerg ëmmer méi oft de Fall. An dës Kontrakter sinn ëmmer méi iwwer méi kuerz Zäitraim begrenzt. Vläicht handelt et sech och souguer just ëm Freelancebeschäftegung oder ëm eng Uneneereiung vu Stagen, well keng anstänneg Plaz ze fannen ass.

Op alle Fall ass eppes kloer: D'Leit mat deene Kontrakter si vun der Subvention de loyer disqualifizéiert, well se oft kee regelméissege Revenu iwwert déi lescht Méint virweise kënnen. An dobäi sinn et grad déi Leit, déi déi doten Hëllef am dréngendste brauchen.

Wéi grouss dës Wunnproblemer fir Leit mat klengen an ëmmer méi oft och mëttlere Revenue sinn, weist och de Verglach vun der Evolutioun vun de Präisser vun de Loyere mat där vun der Entwécklung vun de Léin, besonnesch vun deene klenge Léin.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Am Zäitraum vun deene leschten zéng Joer sinn d'Präisser zu Lëtzebuerg laut Observatoire de l'habitat ëm bal 42% geklommen. Dës Hausse ass exponentiell no uewe gaangen, déi lescht zwielef Méint waren et souguer 5,6% Hausse. A bei Neibauten, bei Appartementer ass nom Observatoire de l'habitat dës Hausse am leschte Joer iwwer zwielef Méint bei 12%. Dat si wahnsinneg Zuelen!

Awer och bei de Loyeren ass dës Hausse ganz staark. Si ass an de leschten zéng Joer bal 30% gewiescht. An och hei klammen d'Loyere wesentlech méi séier, wéi d'Léin, a besonnesch déi ënnescht, nokommen.

Derbäi komme bei deene meeschte Locatiounen och nach d'Frais d'agence an d'Kautiounen, déi vill Leit och an d'Labränte bréngen. Also zumindest dat kéint ee séier ofänneren. Mir hunn dozou eng Gesetzespropos eraginn, déi scho positiv aviséiert gouf vum Statsrot an och vun de Beruffskummeren. Et bräicht een also elo just se an d'Plenière ze huelen an ze votéieren. An och wann et just eng Drëps op de waarme Steen ass, et ass zumindest déi Drëps.

Also et gëtt däitlech, datt d'Prekariséierung vun ëmmer méi Leit eben net just en aus de Fuge gerodene Privatmarché ass, mä datt et och eng politesch Responsabilitéit gëtt an e politeschen Immobilismus, deen een onbedéngt brieche muss.

Et ass natierlech esou, datt een eenzeg an eleng mat lounpolitesche Mesuren dat sécherlech net léise kann. D'Wunnengsnout an d'Veraarmung, déi och mat hir zesummenhänkt, besonnesch vu Leit, déi um Mindestloun sinn oder mat ganz niddrege Revenuen zu Lëtzebuerg, gëtt näämlech och weider virugedriwwe vun enger struktureller Doxa, wat de Wunnengsmaart ugeet.

Deen onheemlech grousse wirtschaftleche Wuesstum, deen duerch ëmmer méi eng grouss Kompetitivitéit erschafe gëtt, déi dohier kënnt, datt ëmmer manner Steieren agezu ginn, bedeit op där anerer Säit, datt ëmmer méi Leit heihinnerkommen, heihinner schaffe kommen an datt esou dem mobille Kapital ëmmer méi e groussen Deel vun der erschaffter Plus-value iwwerlooss muss ginn.

De Privatbesëtz bleift weider helleg an de Bauterrain ass mëttlerweil de Goldiesel fir ganz vill, ganz vill Immobilièren oder Proprietairë vu Bauland.

Soulaang un dëser Situatioun strukturell näischt geännert gëtt - a mir hunn och als Lénk vill konstruktiv Virschléi dozou gemaach an ech weess och, datt d'Debatt glécklecherweis elo och an anere Fraktioune mat enger grousser Intensivitéit gefouert gëtt, an dat ass och gutt esou, well se iwwerfälleg ass -, soulaang mer dee Problem net strukturell upaken, wäerte mer och dem Problem vun der Realitéit, der realer Erfahrung vun den „working poor", Leit mat niddregem Revenu, déi der Aarmut ausgesat ginn, net entgéintgoe kënnen. Well Aarmut ass eben net nëmmen op déi finanziell Dimensioun beschränkt, mä si huet en Impakt op aner Beräicher.

E bësse méi bëllege Logement op enger Haaptverkéiersachs bitt keng Liewensqualitéit opgrond vu Kaméidi a Verschmotzung. E surpeupléierte Logement féiert zu Spannungen, déi eng Persoun och op d'Aarbecht mathëlt. E Logement an enger méi isoléierter Géigend kann zu kulturellen a sozialen Aschränkunge féieren, well d'Famill oder d'Frënn net nobäi wunnen.

An eng ganz wichteg Dimensioun, déi dann och enk mat der Wunnsituatioun an der Aarmut, déi doduerch entstoe kann, zesummenhänkt, ass d'Mobilitéit. Well och eng ageschränkt Mobilitéit ass Ausdrock vun aarme Verhältnisser.

Madamm Presidentin, de Manktum un dezentraliséierten Infrastrukturen, wat den ëffentlechen Transport ugeet, féiert zu der Ofhängegkeet vu privaten Transportmëttel, déi sech Leit mat klengem Akommes nieft deenen héije Logementspräisser oft net méi leeschte kënnen. Den Auto ass eng deier Uschafung, mä Dir hutt och vill lafend Käschten, virop Reparaturen, Assurancen an natierlech de Parking, dee sech och net esou gutt gestallte Leit net leeschte kënnen. Geografesch Ausgrenzung reduzéiert d'Mobilitéit an d'Méiglechkeeten, eng Aarbechtsplaz ze fannen, an dreift den Aarmutsrisiko nach méi an d'Luucht.

Leider ginn et zu Lëtzebuerg keng geséchert Zuelen doriwwer, wéi den Autobesëtz an d'Beusprochung vu Verkéiersleeschtunge vum Akommes ofhänken. An Däitschland zum Beispill ginn et esou Etüden an déi weisen, datt an deenen ënneschte Lounkategorien nëmmen all drëtte Stot iwwerhaapt iwwer en Auto verfüügt, wärend sech d'Unzuel vun den Autoen an deenen héijen Akommesberäicher oft op dräi a méi Autoe pro Stot beleeft.

An Éisträich gouf erausfonnt, datt d'Beusprochung vu Verkéiersleeschtungen, privat an individuell grad wéi ëffentlech a kollektiv, mam Akommes klëmmt an also Leit mat wéineg Akommes manner mobill kënne sinn, mat alle berufflechen, sozialen a kulturellen Aschränkungen, déi dat mat sech bréngt.

Leit, déi aus fräiem Choix natierlech, aus ökologesche Grënn zum Beispill keen Auto wëllen oder och einfach kee brauchen, sinn oft Leit, déi d'Méiglechkeeten och dozou hunn, well se zentral wunnen, well se eben de Choix getraff hunn, ee méi héije Loyer sech kënnen ze leeschten. A fir vill Leit ass et e Choix, ob ee wëllt en Auto hunn a manner Loyer oder ebe méi zentral wunnen an op ëffentlech Infrastrukture kënnen zréckgräifen, also keen Auto brauchen ze hunn. Ob dat iwwerhaapt esou méiglech ass zu Lëtzebuerg fir all Mënsch, bleift awer weider a Fro ze stellen.

Madamm Presidentin, d'Mobilitéit ass eng Quell vun Aarmut.

Wann ee sech awer elo d'Fro stellt, wéi eng Konsequenzen, no der Opzielung vun deene verschiddene Facteuren, déi sozial Ausgrenzung an d'Aarmut bedeiten, da mengen ech, datt et wichteg ass, fënnef Piste virzeschloen, déi mer eigentlech missten diskutéieren a courageiert hei an der Chamber ugoen.

Éischtens, an dat schéngt mer evident ze sinn, den Nettomindestloun muss an d'Luucht goen. E läit zu Lëtzebuerg fir eng Persoun eleng souwuel ënnert der Aarmutsgrenz wéi och ënnert deem vum Statec berechenten néidege Mindestakommes. An dëse Mindestloun, also déi primär Repartitioun tëschent Kapital an Aarbecht, muss an eisen Aen eleng scho Schutz virun Aarmut bedeiten, zumindest fir eng eenzel Persoun dach, an eiser esou individualiséierter Gesellschaft!

An et kann net sinn, datt e Mënsch, deen eng voll Tâche huet, also voll schafft, d'office eigentlech op Sozialhëllef ugewisen ass, fir kënnen iwwert d'Ronnen ze kommen! De Mindestloun gehéiert also ugepasst. An déi vergaangen ausgesaten Indextranchë gëllt et och direkt, an d'Effekter dovunner, bäizesetzen. Dëst soen net nëmme mir, mä et ass och eng zentral Fuerderung vun de Gewerkschaften an de Sozialverbänn hei am Land. An déi Fuerderung ass och net vermessen, mä déi minimal Grondlag, fir datt een hei am Land iwwerhaapt ka vu sozialer Kohäsioun schwätzen.

An et brauch och keen eis ze soen, datt dat net gutt wier fir eis Ekonomie, well mer dann net méi kompetitiv wieren, well et si grad d'Beruffer am Niddreglounsecteur eben, déi net esou einfach kënnen delokaliséiert ginn. Eng Botzfra schafft hei am Land an hir Servicer ginn hei gebraucht. Datselwecht gëllt fir aner Beräicher. Et gëllt esou fir d'Constructioun, fir de Commerce, fir den Horesca-Secteur. Oder mengt een allen Eeschtes, et géif e Wiert säi Bistro an der Stad zoumaachen an deen zu Arel erëm opmaachen, well de Mindestloun an d'Luucht gaange wier?

Zweetens, prekär Aarbecht, also Interim- an Zäitverträg musse legal encadréiert ginn, soudatt den abusive Recours bei gréisseren Entreprisen op dës prekär Aarbechtsforme strikt reglementéiert ass, soit op e gewëssene Prozentsaz, soit op aussergewéinlech konjunkturell Picken.

Virun zwou Wochen hunn ech bei der Debatt iwwert d'Subventiounen, weider Subventionéierungsméiglechkeete vun de PMEen drop higewisen, datt et kéint eng Méiglechkeet sinn, sozial Kritäre bei klenge Betriber als Subventiounsméiglechkeet anzeféieren, notamment déi, datt d'Betriber, déi et effektiv net onbedéngt einfach hunn, et fäerdegbréngen, Zäitverträg ëmzewandelen a fest Aarbechtsplazen. Dat wiere Pisten, déi een undenke misst, fir kënnen deem abusive Phenomeen vun den CDDen an der Interimsaarbecht entgéintzewierken.

Drëttens, déi universal Sozialleeschtungen, an domadder mengen ech virun allem d'Kannergeld, hunn duerch déi Desindexéierung vu viru 15, 14 Joer an där Zäit zolidd u Wäert verluer, an och d'Reform vum Kannergeld vun dëser Regierung war an alleréischter Linn eng Spuermesure mam Zil, manner Suen auszeginn. Am meeschte leiden an Zukunft kannerräich Familljen dorënner an dëst muss redresséiert ginn.

Selektiv Sozialleeschtunge wéi d'Loyerssubventioun mussen esou orientéiert ginn, datt se och do ukommen, wou d'Besoine real sinn. A si kënnen héchstens eng kuerzfristeg Iwwergangsléisung sinn, well am Moment fléissen déi Suen eigentlech ëmmer méi direkt aus dem Portmonni vum Locataire an d'Täsche vun der Immobilière an heizen och de Maart weider un. De Wunnengsproblem muss ee resolutt ugoen an d'Iwwermuecht vum Maart briechen.

Véiertens, d'Regierung kënnt net derlaanscht, de Wuesstuem ze reguléieren. De Wuesstum kënnt kaum méi bei deenen niddregen Akommeskategorien un. Am Géigendeel, et sinn déi Leit, déi am meeschten ënnert den negative Konsequenzen ze leiden hunn. Et si si, déi am schwéiersten ënnert der desolater Situatioun um Wunnengsmaart leiden. Et si si, déi am meeschten ënner verstoppte Stroossen an Zich leiden. An et si si, deenen hir Liewensqualitéit och duerch den onkontrolléierte Wuesstum ofhëlt.

Duerfir brauche mer e Paradigmewiessel an der Wunnengspolitik, ewech vum fräie Maart hin zu ëffentlecher Regulatioun an ëffentlechem Bauen, wéi dat a Stied wéi Amsterdam oder Wien scho laang de Fall ass; Stied, déi jo och eng ganz héich Liewensqualitéit hunn.

Duerfir brauche mer och de konsequenten Ausbau vum ëffentlechen Transport, vum gratis ëffentlechen Transport, an eng seriö Landesplanung.

An nach eng Kéier, fënneftens a leschtens: Mir brauchen eng seriö Steierreform, déi wierklech sozial gerecht an ëmverdeelend ass. An ech hunn et scho gesot: D'Steierreform vun dëser Regierung huet déi ënnescht Akommeskategorië steierlech entlaascht, mä si war awer net wierklech ëmverdeelend. Am beschte Fall ass d'kal Progressioun immuniséiert ginn. A si huet op där anerer Säit net derzou gefouert, datt de Stat sech nei an aner Mëttel gëtt, fir dee Wuesstum eben ze reguléieren a selwer aktiv an dee Wuesstumsprozess anzegräifen.

Madamm Presidentin, bei der Ried zu der Lag vun der Natioun sot ech, datt dat Band tëschent Wuesstum a Wuelstand zerrass wier. Beim Phenomeen vun den „working poor" mierkt een dat am eindrénglechsten, well Wuesstum net automatesch Wuelstand bedeit fir ëmmer méi e groussen Deel vun deene Leit, déi hei wunnen, schaffen a liewen.

Dës Problematik muss menger Meenung no bei enger Regierung ganz uewen op der politescher Agenda stoen, well all Politik, déi dat net prioritär behandelt, dréit derzou bäi, datt d'Ongläichheete weider klammen, datt eist Land weider auserneendrift, a virun allem, datt eent vun deenen zentrale Versprieche vun enger Gesellschaft fir déi Betraffe just nach wéi batteren Zynismus kléngt.

Als Lénk hu mer versicht, d'Problematik hei an dëser Interpellatioun ze skizzéieren a mir hu Pisten a Weeër opgezeechent, iwwert déi een diskutéiere misst. A mir mengen och, datt mer dëser Diskussioun, dëser Thematik esou eng grouss Wichtegkeet missten och an Zukunft ginn, der Fro vun der sozialer Entwécklung vum Land, datt mer och duerfir als Ofschloss dës Resolutioun, Madamm Presidentin, presentéieren.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

1. vu l'importance de la cohésion sociale dans l'élaboration des stratégies de développement du pays;

2. considérant le développement de la recherche sociale et de la publication d'études scientifiques par l'Université du Luxembourg et les centres de recherche publics spécialisés;

3. considérant le travail d'analyse et de proposition réalisé par des acteurs de la société civile et des chambres professionnelles concernant la situation et les réponses politiques dans le domaine social;

décide

l'organisation régulière d'un débat public à la Chambre des Députés sur le développement social et les évolutions de l'emploi au Luxembourg.

(s.) Marc Baum, David Wagner.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk), interpellateur.*- Ech soen Iech Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Baum fir d'Presentatioun vun der Problematik „working poor". Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Spautz.

Débat

M. Marc Spautz *(CSV).*- Madamm President, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'Alleréischt dem Marc Baum e Merci fir d'Ufro vun dëser Interpellatioun an och fir dat, wat en elo grad hei virgedroen huet. Och wann ech net mat allem d'accord sinn, wat e gesot huet, esou sinn awer vill Punkten derbäi, déi ech och wäert soulevéieren a mat deenen ech mech och kann identifizéieren.

Lëtzebuerg ass, wat de Risiko vun der Aarmut ubelaangt, dat véiert Land an der EU mat 11,6%. An dat ass e grousse Problem. An ech mengen, hei huet et och elo kee Wäert, een deem anere Virwërf ze maachen, mä hei ass et wichteg, gemeinsam Léisungen ze sichen, wat mer kënne maachen, fir de Leit ze hëllefen, dass déi net méi an dem Aarmutsrisiko liewen.

Ech begréissen och dofir, och wann dat net direkt eppes mat der Debatt vun haut ze dinn huet, dass den Aarbechtsminister ugekënnegt huet, eppes ze maache fir Chômeuren ab engem bestëmmten Alter, déi laang am Chômage dra sinn, souwuel mat senger Initiativ, déi en zesumme mam PRO-SUD geholl huet, wéi och mat deem Projet, dee mer nach net am Detail kennen, mä deen d'Regierung de leschte Freideg verabschit huet, well mer och grad do vill Leit erëmfannen, déi an där schlechter Situatioun sinn, a well mer do alles musse maachen, fir de Leit ze hëllefen, aus där Situatioun erauszekommen.

D'Leit gi jo net schaffen als Selbstzweck, mä d'Leit ginn dofir schaffen, fir kënnen ze liewen an net nëmmen ze iwwerliewen, mä wierklech och kënnen ze liewen a fir dass se och do genuch hunn, fir alles kënnen ze maachen. Wann ech soen „alles kënnen ze maachen", da gëllt dat och, fir kënnen un engem soziale Liewen deelzehuelen, ob dat kulturell oder sportlech ass, ob dat d'Kleedung ubelaangt.

An do ass jo vum Familljeministère, an d'Madamm Cahen hat och schonn eng Kéier dorop higewisen, déi Analys gemaach ginn, déi och am „Cahier économique" veröffentlecht ginn ass vum Statec, wou d'Madamm Franziskus ausgerechent huet, wat een hei zu Lëtzebuerg bräicht, fir digne ze liewen - net nëmmen de Mindestloun -, mä och jee no Familljesituatioun, wéi vill Suen dat wieren: An do geet et bei enger Persoun eleng vun 1.908 Euro op 3.935 Euro an d'Luucht, wann een eng Koppel ass mat zwee Kanner.

Wa mer awer elo wëssen, dass de Salaire social minimum jo wäit vun deene Chifferen do ewech ass an dass een do zwar och kann a bestëmmte Situatioune Sue bäikréien, esou wësse mer, dass et awer e groussen Ënnerscheed gëtt zwëschen deem, wat vun de Leit gebraucht gëtt, an deem, wat d'Leit de Moment kréien.

An engem Avis, dee veröffentlecht ginn ass am Kader vun der Reform vum RMG, huet d'Beruffschamber vun de Fonctionnairen eng Kéier Calculle gemaach an drop higewisen, wat een de Moment mam Salaire social minimum Rescht huet, respektiv och wat ee Rescht huet, wann een de REVIS am Netto huet. Eng Persoun ouni Familljelaaschten, do hat ee mam Salaire social minimum e Rescht vun 1.765, an et hätt ee beim REVIS en Netto vun 1.890,89. Mir wëssen alleguerte wéi mer heibanne sinn, dass een dann automatesch d'Recht huet, dee Complement vum RMG sichen ze goen.

Den Här Baum huet mat Recht drop higewisen - et ass eng Debatt, déi et schonn zanter 1986, säit der Aféierung vum RMG, gëtt -, ob et gutt ass, dass déi Leit mussen e Complement ufroe goen - et ass gutt, dass se déi Sue kréien -, mä dass et awer net ëmmer digne ass, wéi déi Leit mussen dee Complement ufroe goen. An ech ka mech erënneren, wéi d'Ofschafung komm ass vun den Office-sociallen an deene jeeweilege Gemengen, wéi gesot ginn ass: „Mir leeën déi alleguerten zesummen", do ware verschidde Leit erliichtert, well awer all Mënsch wousst: Wann s de méindes den x-te Méindeg vum Mount do souz, dass dat war, fir dass de bei d'Assistante sociale oder bei den Assistant social gaange bass, fir de Complement vum RMG unzefroen.

Déiselwecht Beruffschamber huet de Calcul gemaach, dass mer de Salaire social minimum missten ëm 16% hiewen, fir dass d'Leit géifen op 2.037 Euro netto kommen - „netto" betounen ech - mat all deenen Abattementen, déi och virgesi sinn iwwert de REVIS, fir dass een da kéint op déi Zomm kommen, déi aus der Analys vum Statec ervirgeet.

De Mindestloun ëm 16% ze erhéijen, esou eng Fuerderung huet nach kee gestallt gehat. Ech hat der bis elo héiere vun 10%, vu 16% nach net. Mä hei ass och net eng Fuerderung, mä hei ass am Fong e statistesche Beleeg, dass een do de Salaire social minimum non qualifié ëm 16% misst an d'Luucht setzen, fir kënnen ze soen, ab deem Moment géifen d'Leit, ben, elo net d'käschtendeckend, mä loundeckend kënne schaffe goen.

Mir sinn der Meenung, dass een déi Debatt och soll gemeinsam mat deem féieren, wat am REVIS op eis zoukënnt. An do waarde mer voller Spannung och elo op den Avis vum Conseil d'État, well mer jo och do festgestallt hunn, dass virun allem och beim „working poor", wann een d'Statistike kuckt, den Aarmutsrisiko eleng bei 45% vun den Elengerzéier läit, an den absolutten Zuelen, wou de Problem ass.

An do muss een dann och, an den Här Baum huet schonn drop higewisen, nach eng Kéier op de Problem vum Logement agoen, well de Logement ass och ee vun de gréisste Käschtepunkten, déi d'Leit hei am Land hunn. An et ass do, wou mer jo e groussen Ënnerscheed hunn am Verglach zu dem Ausland, wa mer eis ëmmer mam Ausland vergläichen. De Logement hei zu Lëtzebuerg hëlt tëschent 40% a 50% vun de Revenuen, déi d'Famillje kréien, an!

A wann Der nëmmen 1.900 Euro verdéngt an Dir musst dovu schonn d'Halschent alt fir de Loyer dropmaachen, da bleift net méi vill Rescht. A wann Der dat vergläicht mat deenen anere Länner an der EU - well mer jo dovu schwätzen, mir sinn déi Véiert, wat d'Aarmut ubelaangt -, da wësse mer, dass, wa mer d'Wunnpräisser kucken, da si mer déi Éischt an Europa. Do si mer déi, déi déi héchste Präisser hunn, wat de Logement ubelaangt.

An dat däerfe mer an där ganzer Diskussioun, wa mer schwätze vum „working poor" a vun der Aarmut, do net vergiessen. An dofir ass et och wichteg, dass mer net nëmmen elo vum Mindestloun schwätzen, net nëmme vum Loun, mä dass mer och dervu schwätzen, wéi mer kënnen hëllefen, dass mer bei deene Konsequenzen, déi doraus entstinn, ënner anerem de Logement, do kënnen Ännerungen ervirbréngen.

Ech wëll och do nach eng Kéier drun erënneren, dass mer schonn als CSV bedauert haten, dass beim Kannergeld d'Staffelung ofgeschaaft ginn ass mat der Kannerzuel. D'Staffelung mat der Kannerzuel, well méi grouss Familljje verlaange jo méi e grousse Logement, verlaange méi e groussen Auto, soudass dat och zousätzlech Käschte waren. A mir waren dofir och net mat där Ofschafung vun der Staffelung vum Kannergeld averstanen.

An ech war dofir elo e bëssen iwwerrascht, wéi den Här Bettel, den Här Statsminister, virdru bei der Reform vum Statsrot de Koalitiounsaccord vun der Regierung erwäänt huet a gesot huet, et wier awer net méi wéi normal, dass ee säi Koalitiounsaccord géif anhalen. Dofir géif ech Iech da bieden, op der Säit 125 vun Ärem Programme gouvernemental ze liesen, wou geschwat ginn ass iwwert den RMG, iwwert de REVIS an iwwert d'Aarmut, wat een do alles misst maachen: «(...) analyse approfondie et critique sur base d'un état des lieux détaillé.»

Dat ass net geschitt. Et gëtt sech hei baséiert op international Etüden, déi komm waren, mä et ass ni eng detailléiert Analys iwwert d'Familljesituatioun mam Kannergeld an an all deene Punkten hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn. Just, wann ee beim Statsrot seet: „Et muss ee sech u säi Regierungsprogramm halen", da wëll ech just soen, dass och op der Säit 125 vum Regierungsprogramm stoung, dass bei allem, wat d'Familljemoossnamen ubelaangt, och eng deementspriechend Analys géif gemaach ginn!

Ech wëll och soen, an dat hate mer och gesot am Kader vum Kannergeld, dass mer regrettéiert hunn, dass d'Allocation d'éducation ofgeschaaft ginn ass, well och do war et méiglech, dass Familljen, wou ee Partner decidéiert huet, doheem ze bleiwen, konnten déi Sue kréien. Mä deemno wéi d'Situatioun war vun der Akommesgrenz, war et och méiglech, dass Leit, déi schaffe gaange sinn, de Complement vun der Allocation d'éducation konnte kréien. Och déi ass ofgeschaaft ginn. A wann ee kuckt, wéini se ofgeschaaft ginn ass a wéini dat neit Kannergeld komm ass, ass och do e grousst Lach entstanen, well et huet jo och nach eng gewëssen Zäit gedauert, bis een dat an de Grëff konnt kréien.

Mir hunn och regrettéiert... An ech wëll drun erënneren, dass mäi Kolleeg Gilles Roth an der Debatt iwwert d'Steieren heibanne proposéiert hat, dass den Agangssteiersaz misst vun 11.250 op 12.000 Euro an d'Luucht goen, fir et méiglech ze maachen, dass déi ënnescht Léin méi laang steierfräi wieren an dass een dofir aner... Nëmme Klammer op: D'„stock-options" hätt ee jo aneschters kënne besteieren. Klammer erëm zou. Dann hätt een och dat kënnen opfänken, wat dee Käschtepunkt eventuell hätt kënne sinn. Och dat war eng Propos, déi mer am Dezember 2016 duerch de Mond vum Gilles Roth heibanne gemaach hunn.

Wa mer dann elo vum Logement schwätzen, do war jo eng Initiativ komm hei vum Fraktiounschef vun der LSAP, wou e gesot huet, e géif all d'Parteien opfuerderen, konstruktiv matzeschaffen. Eise Fraktiounschef, de Claude Wiseler, huet gesot: „D'CSV wëllt konstruktiv an deem Dossier matschaffen", soudass et dann och elo wichteg wier, dass mer géifen do zesummen - an ech betounen „zesummen", sämtlech am Parlament vertruede Parteien - dann och do den Usaz maachen, fir de Problem vum Logement an de Gréff ze kréien.

De Problem vum Logement ass näämlech ee vun den Haaptproblemer, wa mer schwätze vun Aarmut a wa mer schwätze vun der Kris, déi d'Leit hunn. E Problem, an deen ass och elo grad vum Marc Baum beliicht ginn, ass och, dass mer do dat ewechgeholl hunn, déi 124 Euro, déi s de virdru beim RMG matkritt hues als Wunnngeld. Déi sinn ewechgeholl ginn iwwert déi nei Moossnam, déi de Marco Schank zwar schonn als Iddi proposéiert hat, mä déi awer eréischt duerno ëmgesat ginn ass, duerch déi 33%-Regel, wou vill Leit, déi virdrun am RMG déi 124 Euro direkt kritt hunn, elo déi Primm, d'Wunngeld net méi kréien duerch déi 33%-Klausel!

Do begréisse mer och d'Decisioun vun der Regierung, si géif de Projet nach eng Kéier iwwerschaffen an iwwerdenken, fir do nach verschidden Ännerungen ze maachen. Well och dat féiert derzou, dass d'Leit an der Paitut ënnert dem Strëch manner Sue Rescht hunn.

Et ass also och wichteg, dass mer, wa mer doriwwer schwätzen, och nach eng Kéier - an och do huet d'Agence immobilière sociale dëser Deeg jo scho vill Punkte bruecht - och dodrop opmierksam maachen. An dat kënne mer nëmmen all zesummen: Regierung, Oppositioun, Majoritéit. A virun allem och an de Gemengen drop opmierksam maachen, wat een alles kann am Kader an an der Zesummenaarbecht mat der Agence immobilière sociale maachen: dass déi Haiser, déi eidel stinn, kënnen iwwerholl gi vun der Agence immobilière sociale an dann zu anere Konditiounen deene Leit zur Verfügung gestallt ginn, déi an Aarmut liewen an déi en Daach iwwert dem Kapp brauchen.

Well mir hu jo och do oft e Problem. Wa mer Leit hunn, déi eng Aarbecht sichen, Leit, déi gären an eng Aarbecht ginn, a wann der e Jugendlechen hutt... An ech hat dëser Deeg de Fall, wou e Jong vun 28 Joer bei mech schelle komm ass: „Ech war mech elo virstellen an de Patron seet: ‚Soulaang s du nach doheem wunns a wann s du mengs, du wiers nach de Muttersöhnchen, an da géif ech dech hei elo bei mir mat voller Begeeschterung a voller Begréissung ophuelen, da muss ech der soen, ech hu léiwer Leit, déi am Alter vun 28 Joer eleng op zwee Féiss stinn, wéi dass déi sech nach mussen doheem soe loossen, wat lass ass.'"

Ech war e bëssen iwwerrascht, well ech hunn zwar e Meedchen, dat huet nach keng 28, mä 26, dat wunnt awer nach doheem. Ech hu bis elo nach net fonnt, dass et dofir net selbstständeg wier, och wann et doheem wunnt. Mä dass do esou eng Reaktioun vun de Leit komm ass, well e gesot huet: „Wann s du net op eegene Féiss stees, net eleng wunns, da sinn ech net interesséiert, dass de bei mech schaffe kënns!"! A wann s de net bei mech schaffe kënns, da kanns de jo och net eleng wunne goen, well dann hues de jo kee Revenu, fir eranzekommen.

Dat erënnert mech erëm un eng aner Debatt, déi mer emol fréier haten, wa Leit an d'Land komm sinn: Wa se keng Aarbechtsgeneemegung haten, dann hu se keng Openthaltsgeneemegung kritt. A wa se keng Openthaltsgeneemegung haten, hu se keng Aarbechtsgeneemegung kritt. Hei gi mer indirekt an déiselwecht Spiral eran.

Mir mengen als CSV, dass et wichteg ass, dass mer déi Politik an deenen dote Punkten, déi ech elo just gesot hunn, bei der Familljepolitik nach eng Kéier sollen iwwerdenken, an dass mer eis d'Fro musse stellen, ob dat déi richteg Entscheedung war, déi d'Majoritéit geholl huet, fir déi Staffelung bei der Kannerzuel ewechzemaachen, an ob een net gréisser Familljje misst méi ënnerstëtzen, wéi dat dee Moment war, an dass een dann déi Analys soll maachen, esou wéi se op der Säit 125 am Regierungsprogramm steet.

Eppes, wat och ganz wichteg ass, ass d'Geschicht vun dem Interim a vun den Zäitverträg. Och do ass schonn d'Diskussioun gefouert ginn, net nëmmen haut vum Här Baum, mä déi gëtt schonn zanter Jore gefouert, ob dat dee richtege Wee ass, mat den Zäitverträg a mam Interim ze schaffen. Well mir wëssen alleguerten, dass wann Der bei e Proprietaire vun engem Haus gitt an Dir kommt mat engem CDD oder mat engem Interimsvertrag, dann ass en net grad begeeschtert, fir Iech eng Wunneng ze ginn, well e jo net weess, wann déi sechs Méint oder déi néng Méint oder déi zwielef Méint ëm sinn, ob Der dann nach eng Beschäftegung hutt an ob Der dann nach d'Suen hutt, fir de Loyer och do ze bezuelen. Och dat wier wichteg, dass mer do eng Klärung géife kréien.

Zäitverträg an Interim hunn eis, der Lëtzebuerger Ekonomie, och scho gutt Déngschter geleescht, mä et muss ee sech d'Fro stellen, an och den Här Minister hat dat schonn eng Kéier ugeschnidden, an dat war och an enger Debatt, déi mer haten iwwert d'Gewerbeinspektioun, dass ee misst kucken, ob et gutt ass, dass ëmmer erëm déiselwecht Betriber op Interimaarbecht an op Zäitverträg zréckgräifen, ob een do net och eng Klausel kéint abauen.

Ech weess, et ass méi einfach elo hei fir mech, dat hei op dem Riednerpult ze soen, wéi et duerno an engem Gesetz och anzeschreiwen, mä et ass awer wichteg, dass een och déi Iwwerleeung mécht, an ob dat net och eng Méiglechkeet wier, fir ze soen: „Wann s de regelméisseg op Interim- oder op Zäitverträg zréckgräifs, mussen dat dann no enger bestëmmter Zäit Verträg ginn, déi definitiv sinn", an ob mer do net méi eng strikt, méi eng kontradiktoresch Moossnam (veuillez lire: contraignant Moossnam) musse maachen, fir dass déi Problemer ewechkommen.

Dann hu mer geschwat vun de kannerräiche Familljen. Ech weess, dass d'Madamm Minister - ech hat schonn oft Diskussioune mat der Madamm Minister iwwert dee Punkt - dat manner gär gesäit, fir ze soen, dass een dat do nach eng Kéier misst hannerfroen. Mä et géif awer, mengen ech, mat derzou bäidroen, dass, wa mer vun der Aarmut schwätzen, dass och dat kann e Problem sinn, fir dat nach eng Kéier ze hannerfroe mat der Staffelung vun der Kannerzuel, well awer do méi Ausgaben dermat verbonne sinn.

An da misst ee sech jo och d'Fro stellen, an do wier vläicht d'Geleeënheet vum RMG, dass een do d'Diskussioun och nach eng Kéier féiert, fir ze kucken, ob een net en anere Wee fënnt, fir de Complement vum RMG auszebezuelen, wéi dat de Moment de Fall ass, fir dass dat méi einfach ka ginn.

Ech muss Iech zwar éierlech soen, ech hunn och elo d'Wonnermëttel net an der Täsch, mä dass een en anere Wee kéint fannen, dass déi Leit dee Complement kënne kréien. Well wa mer gläichzäiteg d'Steierlaascht, den Agangssteiersaz an d'Luucht setzen a mir bréngen et gläichzäiteg fäerdeg, dass mer deene Leit hëllefen, déi elo am RMG sinn, dass se dee Complement opgrond vun hirer Familljesituatioun, dass se deen direkt kréien, dass se deen iwwer e Wee automatesch kënne kréien, wa se schaffen, da géife mer doudsécher derzou bäidroen, dass et och méi einfach wier. Domat hätte mer nach net all Problem geléist, mä mir géifen deene Leit awer och e gewëssene Punkt vun der Würd erëmginn, wa se net all Kéiers sech missten an d'Rei stelle goen, fir dann déi Hëllefen unzefroen iwwert den Office social, déi do wieren.

Ech mengen, dass déi Aarmutsdiskussioun hei zu Lëtzebuerg kengem eppes bréngt, weder der Ekonomie nach der Politik, well et net gutt ass am Image vu Lëtzebuerg, dass mer an der Statistik op der véierter Plaz stinn, wat d'Aarmut ubelaangt.

Ech weess, dass ausserhalb vun dem Raum an och ausserhalb vun der Politik oft driwwer diskutéiert gëtt, wat d'Berechnung vun der Aarmut ubelaangt duerch de Salaire médian, well ëmmer erëm d'Diskussioun kënnt... En ass elo net méi heibannen, mä ech hat ëmmer dat Beispill ginn: Zu Diddeleng bass de mat 2.000 Euro aarm, an zu Wuelmereng, op där anerer Säit, sëtzt de mat iwwer 2.000 Euro - fir déi Leit, déi net aus dem Süde sinn, et ass just déi aner Säit - an der Mëtt vun der Gesellschaft am Frankräich.

Dofir ass dat jo och ëmmer ee vun de Punkten, wa mer eleng iwwert de Berechnungsmodus vum Salaire médian schwätzen, deen ëmmer erëm an d'Diskussioun kënnt, ob et dee richtege Wee ass oder net. Ech wëll dat net beuerteelen, ob et dee richtege Wee ass oder net. Et steet mir och net zou! Ech mengen, dat ass eng Decisioun, déi deemools geholl gi war a wou jo alleguerten d'Länner matagebonne waren, dass dat de Berechnungsmodus sollt sinn. Dass mer do all zesumme mussen alles maa-

chen; dat wier och eng Aart Nation Branding, wa mer et géife fäerdegbréngen, dass mer als Lëtzebuerg net méi déi Véiert wieren an der Aarmutsstatistik an der Europäescher Unioun!

Dann, doriwwer eraus géif ech och nach eng Kéier den Appell maachen, dass d'Regierung soll nodenken, wéi gesot, iwwert déi Propos, déi mer gemaach hate beim Agangssteiersaz. Mir hu viru Méint héieren, dass den Här Wirtschaftsminister et gutt fonnt huet, dass eppes soll bei den „stock-options" geschéien. Da géif ech och nach eng Kéier den Appell un d'Regierung an un de Finanzminister maachen: Och beim Agangssteiersaz, wou mer d'Propos gemaach haten, vun 11.200 op 12.000 an d'Luucht ze goen, ob een déi Propos net awer nach eng Kéier kann an hir Berechnungen, an hir Iwwerleeunge matafléisse loossen. Da géif een nääämlech déi Leit, déi op der ënneschter Lounskala sinn, dermat entlaaschten ouni anerer ze belaaschten, wat och kéint zu anere Problemer féieren.

Mir sinn där Meenung, an do wäerte mer jo nach eng Kéier driwwer schwätzen, wann d'Debatt heibannen ass iwwert dat vun dem Chômage vun deenen Eeleren, respektiv och beim REVIS. Well, wéi gesot, wann een d'Statistiken am Detail kuckt, stellt ee fest, dass ee virun allem Leit bei den Elengerzéier fënnt an dass ee virun allem och Leit fënnt bei de Chômeurs de longue durée, déi un der Aarmutsgrenz sinn, dass mer do zesumme wäerten déi Méiglechkeeten hunn, fir alles kënnen ze maachen, fir deene Leit ze hëllefen. Et muss eis jo alleguerten drëm goen, d'Aarmut ze bekämpfen, an net déi Leit, déi an eiser Gesellschaft aarm sinn!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Spautz. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Häre, Merci dem Marc Baum fir dës wichteg an néideg Debatt iwwert d'„working poor" an iwwer am Allgemengen de Sozialsystem hei zu Lëtzebuerg. An engem Land, deem et gutt geet, ass déi Debatt hei och wichteg. Net nëmmen, wann et engem Land net gutt geet, mä haaptsächlech och, wann et em gutt geet, mengen ech, soll een déi dote Saachen onbedéngt och uschwätzen.

Et ass schonn eng besonnesch Situatioun: Enger Etüd vun der CSL no ass am Land vum héchste Mindestloun - dat ass Lëtzebuerg, wou e bal 2.000 Euro ass - de Risiko fir en Aarbechter, an d'Aarmut ze falen, méi grouss, wéi dat bei engem Aarbechter soss an der EU de Fall ass.

Wéi gëtt dann Aarmut definéiert? Ech mengen, dass dat en zentrale Punkt ass vun dëser ganzer Debatt. An den Entwécklungslänner ass et esou: Do muss ee mat engem Minimum vun Euro oder vun Dollar pro Dag rechnen. Hei zu Lëtzebuerg gëtt éischter d'Definitioun vun der relativer Aarmut gebraucht, also net nëmmen dat, wat een zur absolutter Necessitéit fir ze liewe respektiv fir ze iwwerliewe brauch, mä dat, wat een als «choses de la vie qui ne sauraient décemment manquer» bezeechent.

An d'Gesetz vun 1986 vum RMG - dat éischt Gesetz, wat gestëmmt ginn ass - hunn ech mer a menger Studienzäit ganz gutt mussen ukucken, well ech vill domadder geschafft hunn. An ech hunn du mat engem vun den Haaptleit vun deenen, déi dat Gesetz an d'Wee geleet hunn, geschwat gehat. An deen huet ëmmer ee Beispill gesot, wat mech dee Moment ëmmer frappéiert huet a wat ech ganz gutt verhalen hunn: „An engem Land, wou d'Leit eemol d'Woch an de Kino ginn, muss och den RMG-Bezéier d'Méiglechkeet hunn, och dann und wann an de Kino kënnen ze goen." Och dat relativéiert d'Aarmut am Allgemengen. An et ass, mengen ech, wéi ech dat virdru gesot hunn, ee vun den zentralen Themen, wéi een d'Aarmut definéiert.

Duerfir ass et nääämlech wichteg, richteg Termen ze gebrauchen an Aarmut dann och mat Aarmut ze vergläichen. Lëtzebuerg ass keen Entwécklungsland an et geet eis hei sécherlech vill besser wéi an der iwwergrousser Majoritéit an Afrika, an Asien, a Latäinamerika, Südamerika oder nach wéi op villen aneren diverse Plazen op dëser Welt. Mir mussen also vergläichen, wat ze vergläichen ass. An duerfir, wann ee vun Aarmut dobausse schwätzt, muss een dat och ëmmer relativéieren.

Ech fannen et och net ganz glécklech, wéi verschidde Leit iwwert d'Aarmut hei zu Lëtzebuerg berichten. Heiansdo hunn ech d'Impressioun, ech géif an engem anere Land liewen, op alle Fall net an deemselwechte wéi dat, iwwert dat d'Leit heiansdo schreiwen oder wat ech dovunner héieren. An ech sinn Assistant social vu Beruff, ech weess do awer zimlech gutt, vu wat dass ech schwätzen.

An den Här Baum huet och gesot: Et ass déi relativ Aarmut, déi hei de Sujet ass, deen, deen als Revenu disponible 60 oder manner Prozent Rescht huet vum Revenu médian national. An Zuelen hei ze vergläichen, dat ass net esou ganz einfach. De Revenu médian ass net de Revenu moyen. De Salaire horaire médian, deen ass gerechent op dem Ensembel vun de Salairen, souwuel national wéi och frontalier. An dat ass net de Revenu disponible médian, deen zum Beispill par ménage gerechent gëtt an deen op Basis vun engem Echantillon vu Ménages résidents hei zu Lëtzebuerg also gerechent gëtt.

De Revenu médian zu Lëtzebuerg war 2014 de Mount 4.552 Euro, wéi gesot, deen op Basis vun engem Echantillon vu Ménages résidents gerechent gëtt. Als Verglach - virdrun huet den Här Spautz et och scho gesot vun Diddeleng a Volmerange -: An der Wallonie - dat ass jo net wäit ewech, d'Wallonie - ass de Revenu médian 1.730 Euro an de Seuil de pauvreté ass do, wann een déi 60% huet, 1.038 Euro. Elo mengen ech net, dass d'Wallonie e Pays en développement ass. A wann den Aarmutsrisiko hei zu Lëtzebuerg mat engem Mindestloun vun 2.000 Euro méi grouss ass wéi an der Wallonie, da gesäit een, dass d'Fro vun der Definitioun an dësem Dossier eng primordial Fro ass.

Hei am Land si Stéit mat Kanner zweemol méi exposéiert an och d'Monoparentallen an d'Demandeurs d'emploi lafe méi e groussen Aarmutsrisiko, et ass schonn e puermol gesot ginn. Tëschent 2011 an 2014 ass den Aarmutsrisiko staark geklommen, 2015 hate mer dunn e liichte Réckgang, an en ass dann elo bei 15,3%. Mä, an den Här Baum huet et gesot, d'„working poor" sinn an d'Luucht gaangen.

Dës Zuele mussen eis ze denke ginn! A wann et fréier esou war, dass ee gesot huet: „D'Aarbecht ass dee beschte Wee aus der Aarmut", esou muss een dat hei haut awer relativéieren. Haut ginn et ëmmer méi Leit, déi net een, mä zwee oder dräi Jobben unhuele mussen, fir kënnen hei am Land matzehalen.

Kokass, mä net fir ze laachen ass och, dass d'Zuel vun deenen, déi, obwuel se schaffe ginn, trotzdeem am Risiko sinn, aarm ze ginn, an d'Luucht geet, also dass d'Zuel vun de Leit, déi schaffe ginn an awer aarm kënne ginn, an d'Luucht geet. An dass d'Zuel vun deenen, déi net schaffen an déi nëmmen hiert Kapital schaffe loossen, also nëmmen hir Sue schaffe loossen a meeschtens de Risiko net hunn, aarm ze ginn, dass déi Zuel och stänneg an d'Luucht geet!

Eis ass et wichteg, dass d'Aarbecht méi valoriséiert gëtt, dass déi Leit, déi schaffe ginn, och eppes vun hirer Aarbecht hunn, dass hir Liewensqualitéit héich ass, dass se Zäit fir hir Famill hunn, Zäit fir hiert soziaalt Emfeld hunn, dass se sech eppes kënne leeschte vun deem Salaire, dee se erschafft hunn. En contrepartie, déi, déi nëmmen d'Kapital, dat se vläicht vun deene kritt hunn, déi virun hinne geschafft hunn, déi, déi also net selwer vill schaffen, mä hir Sue schaffe loossen, solle méi un d'Gesellschaft ofginn, dat am Sënn vu méi Solidaritéit a méi Chancëgerechtegkeet.

Déi Diskrepanz, déi sech am Moment ëmmer nach méi vergréissert, ass eiser Meenung no net richteg an do soll een dann och den Hiewel usetzen.

D'Fro, déi natierlech hei hannendrustécht, a mir hunn et och gesinn an der Motioun, déi komm ass, an d'Taina Bofferding wäert herno och nach dorop agoen, ass natierlech och d'Fro vun der Erhéijung vum soziale Mindestloun, deem Loun, dee bei eis, wéi gesot, bei 2.000 Euro läit.

An hei huet dës Regierung awer hir Responsabilitéit zum Deel scho geholl! Dës Regierung huet den Index erëm integral agefouert. Ouni Deckelung, ouni eppes um Wuerekuerf ze änneren, ass en also elo erëm integral agefouert ginn. Dës Regierung huet de soziale Mindestloun ëm 1,4% gehuewen, iwwregens och mat enger 1,4%eger Erhéijung vum RMG. An dës Regierung huet an der Steierreform grad déi ënnescht Revenue méi staark un där Steierreform beneficiéiere gelooss an huet do den ënneschte Revenue vill u Kafkraaft erëmginn, soudass de Mindestlounverdénger, wann een de Cumul vun all deenen dote Verbesserunge mécht, haut u sech 6% méi Pai huet, wéi dat virdrun de Fall war.

(Interruption)

Neen, 6%! Wann een alles zesummerechent, kënnt een…

Une voix.- 10%...

M. Georges Engel *(LSAP).*- Jo, do géifen nach 4% da feelen, wann een der Motioun da géif Rechnung droen. Et muss ee soen, dass…

(Interruptions par MM. Marc Spautz et Alex Bodry)

Mat engem Loun vun 2.000 Euro géif et sech da bal iwwerall an der EU anstänneg liewe loossen. Mir verschléissen eis sécherlech net weidere Verbesserungen um Mindestloun, déi dann awer am Konsens mat de Sozialpartner solle geholl ginn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et kann also, wann ee mat 2.000 Euro hei zu Lëtzebuerg no beim Aarmutsrisiko ass an awer soss iwwerall gutt ka liewen, net nëmmen de Mindestloun sinn. An den Här Baum huet dat natierlech och ganz gutt a senger Ried beschriwwen, dass et nach vill aner Facteure sinn. An ee vun de wichtegste Facteuren niewent der Educatioun, deen ech awer och nach eng Kéier hei ernimme wéilt, ass sécherlech de Logement. Soulaang mer do net den Hiewel usetzen, kréie mer och keng substanziell Verbesserunge vun dem Aarmutsrisiko hei zu Lëtzebuerg. Wann d'Halschent, an heiansdo nach méi, vun der Pai an d'Wunne geet, dann ass et schwéier, hei zu Lëtzebuerg matzehalen.

An do ginn et eng Rei exzellent Initiativen - ech hat a menger Interventioun iwwert d'Ried vun der Lag vun der Natioun dorop higewisen -, an den Här Alex Bodry huet se och lancéiert gehat, déi misst een ënnerstëtzen: wéi d'Loyersbrems, wéi den Droit de préemption, d'Virkafsrecht fir Gemengen, wann néideg sollt ee sech och net der Expropriatioun verschléissen, an och d'Spekulatiounsbrems an eng Offensiv am soziale Wunnengsbau sollt een onbedéngt ënnerstëtzen.

Wann dat alles géif kommen, dann, mengen ech, kéinte mer zu engem Deel - zu engem Deel! - hëllefen, fir den Aarmutsrisiko hei zu Lëtzebuerg méi kleng ze maachen.

Voilà, dat gesot, wäert meng Kolleegin Taina Bofferding herno nach méi am Detail op e puer Mesuren agoen. Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, dem Här Engel. An d'Wuert huet elo den Här André Bauler.

M. André Bauler *(DP).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer iwwert de Sujet vun de sougenannten „working poor" oder den aarme schaffende Leit schwätzen, da geet et jo ëm Leit, déi finanziell gesinn nu wierklech net mat Zoossiss ugestréckt sinn an déi dacks méi schlecht wéi recht iwwert d'Ronne komme mussen. Déi Däitsch nennen dëse Phenomeen iwwregens „Erwerbsarmut". Et si villfach Mënschen, déi riskéieren, ënnert dem Existenzminimum ze liewen, Leit, déi als Salarié an der Deelzäit schaffen, zum Beispill hallefdaags, oder déi just e CDD kréien oder am Interim sinn an duerfir eng éischter prekär Aarbechtssituatioun hunn. Awer och selbstständeg Leit si betraff, Independanten, dat gëtt ganz dacks vergiess, e klenge Geschäftsmann, eng Pedikür, en Handwierker an esou weider.

Wa mer vun den „working poor" schwätzen oder u si denken, da musse mer awer eng ganz kloer Differenz maache par rapport zu Situatioune vu sozialer Exploitatioun. Hei geet et jo ëm Leit, déi vun hirem Patron, vum Betrib ausgebeut ginn an ënner dacks onwürdege Konditioune schaffe mussen. Dat ass eng Form vu moderner Sklaverei. Am Logistikberäich krute mer jo rezent e Beispill virun Ae gefouert. Et ass schlëmm, dass Mënschen, déi Verantwortung an hirem Beruff droen a Leeschtung ënner dacks schwierege Bedéngungen erbréngen, schlecht, jo, ongerecht bezuelt ginn. Hir reell Leeschtung gëtt net gerecht belount.

Här President, eng vun de Grondiddie vun enger Politik, déi d'Demokratesch Partei op ville Politikfelder ëmmer nees verinnerlecht huet a vertrëtt, ass grad déi, dass Leeschtung muss belount ginn. Ee Mënsch, dee schaffe geet, leescht e Méiwäert, eng Plus-value fir e Betrib, ob ëffentlech oder privat, fir d'Gesellschaft, fir seng Famill an net zulescht fir sech selwer.

Engem Beruff nozegoe verlaangt e groussen Asaz. Mir bréngen all Dag e gudden Deel vun eiser Zäit an Energie fir eis Aarbecht op. Duerfir soen ech hei ganz kloer am Numm vun der DP: Aarbecht muss sech lounen an et däerf net sinn, dass schaffend Leit zu Lëtzebuerg finanziell net iwwert d'Ronne kommen!

Mir kënnen eis hei zu Lëtzebuerg glécklech schätzen, dass mir ee vun de performantste Sozialsystemer op der Welt hunn, ugefaange mam Mindestloun a mam Index, bis hin zu e sëllechen Hëllefen, op déi Leit mat niddrege Revenue kënnen zréckgräifen. De gesetzleche Mindestloun huet zu Lëtzebuerg eng laang Traditioun. Am Verglach läit eise Mindestloun mat iwwer 1.900 Euro de Mount bäi Wäitem am héchsten. Et hunn zwar mëttlerweil 21 vun 29 EU-Memberstaten e Mindestloun agefouert, mä et gëtt awer ëmmer nach extrem Ënnerscheeder, wat de Montant ubelaangt. Ech denken do u Beispiller wéi Rumänien oder Bulgarien, wou ronn 1 Euro d'Stonn bezuelt gëtt.

De Mindestloun gëtt jo vun Zäit zu Zäit un d'Lounentwécklung ugepasst. Dat ass zwar keen direkt festgeschriwwenen Automatismus, mä et besteet glécklecherweis zanter Joren e parteipolitesche Konsens an dëser Thematik.

En héije Mindestloun, wéi mer en hei zu Lëtzebuerg kennen, ass d'Ausnam an der Europäescher Unioun. Dat ass sécherlech eng Erklärung, firwat munch Grenzgänger gären op Lëtzebuerg schaffe kommen. Hei verdéngt e Mindestlounbezéier méi wéi e jonke Beamten oder eng Beamtin an enger louthrengescher oder wallounescher Verwaltung. An awer hätte mir jo am léifsten, wa jiddwereen am Salaire iwwert dem onqualifizéierte Mindestloun géif leien. Duerfir wëllt d'DP och weiderhin Initiative gefërdert gesinn, déi et och onqualifizéierte Salariéen erméigleche sollen, fir sech an hirem Beruff weiderzebilden a sech esou och kënnen eropzeschaffen.

Ech wëll op dëser Plaz och deene Leit, déi de Mindestloun als Belaaschtung fir eis Betriber ugesinn, soen, dass den Erfolleg vum Lëtzebuerger Modell net nëmmen op e kompetitiivt Emfeld zréckzeféieren ass, mä eben och op e staarke Sozialstat, zu deem de Mindestloun ouni Zweifel gehéiert.

Här President, déi regelméisseg Upassunge vum Mindestloun solle grad deene Salariéen hëllefen, déi um ënneschten Träpplek vun der sozialer Leeder stinn, well se net héich qualifizéiert sinn an dacks enger stereotypper Aarbecht mussen nogoen. Et sinn dës Leit, fir déi de soziale Lift villfach net spillt. Si kënnen net vun engem Kollektivvertrag profitéieren. Och kann et virkommen, dass si Iwwerstonnen drumme mussen, déi awer net komplett ausbezuelt ginn. Doriwwer eraus hunn dës Salariéë kaum valabel berufflech Perspektiven, an deene si sech eropschaffe kënnen.

An deem Kontext huet mäi Kolleeg, den Alexander Krieps, scho viru bal zéng Joer hei op dëser Tribün drop opmierksam gemaach, dass déi regelméisseg Adaptatioun vum Mindestloun eigentlech de Kollektivvertrag vun deene Leit ass, déi keen esou ee Vertrag hunn.

Selbstverständlech musse mer och derfir suergen, dass jiddweree sech un déi sozial Spillregelen hält. Duerfir akzeptéiert d'Demokratesch Partei och net, dass den Dumping social nach ëmmer e Problem och hei zu Lëtzebuerg ass. Mir begréissen duerfir ausdrécklech, dass mat der Ëmsetzung vun der neier Directive Détachement, déi virun e puer Wochen hei am Haus gestëmmt gouf, an och der Ëmstrukturéierung vun der Inspection du travail et des mines, der ITM, wichteg Schrëtt am Kampf géint de sozialen Dumping ënnerholl solle ginn oder ginn.

D'Demokratesch Partei steet zum Prinzip, dass ee vu senger Aarbecht muss kënne liewen. Mir wëssen alleguer, dass dat mam Mindestloun net ëmmer einfach ass. Mir hunn zu Lëtzebuerg eng Rei spezifesch Problemer, déi de Stéit mat manner héije Salairen d'Liewe schwéier maachen. Ech denken hei virun allem, wéi och meng Kolleege virdrun, un déi héich Wunnkäschten. D'Lëtzebuerger Residente ginn an der Moyenne iwwer een Drëttel vun hirem Akommes fir d'Wunnen aus. Dat ass am europäesche Verglach en immens héije Wäert. Am Kader vun enger Statec-Studie hunn 38% vun de befrote Persounen uginn, dass d'Wunnkäschte fir si eng staark finanziell Belaaschtung duerstellen. Besonnesch Leit, déi musse loune goen, riskéieren iwwerduerchschnëttlech dacks, ënnert der Aarmutsgrenz ze leien. Duerfir ass et richteg, dass d'Regierung dëser Entwécklung mat ganz geziilten a selektive Moossnamen entgéintwierke wëllt.

Här President, wann een zu de sougenannten „working poor", fir deen Terme technique ze gebrauchen, zielt, da gehéiert ee ganz sécher zu de verletzlechste Matbierger an eiser Gesellschaft. Déi wéineg finanziell Mëttel erlaben et engem dacks net, am nämlechte Mooss un der Gesellschaft deelzehuele wéi bessergestallte Leit. Virdrun ass d'Beispill vum Kino vum Kolleeg Georges Engel genannt ginn. Fräizäitaktivitéiten hunn e Käschtepunkt, dee Stéit derzou zwénge kann, e Choix mussen ze treffen an ze verzichten, well soss de Budget géint Enn des Mounts net opgeet. A wann da Kanner am Stot sinn, da sinn esou Froen nach méi akut.

D'Ënnerstëtzung vun de Famillje kënnt an deem Sënn och enger finanzieller Entlaaschtung gläich. Duerfir wäerten ab der nächster Rentrée 20 Stonne Kannerbetreiung fir all Kand

tëschent engem a véier Joer, an dat iwwer 46 Wochen d'Joer, gratis sinn. Fir Kanner aus méi sozial schwaache Familllje kënnen dat bis zu 30 Stonne sinn.

Och d'Reform vum Congé parental ass op d'Besoine vun den Elteren agaangen. Eng ganz Rei Elteren, virun allem Pappen, hunn op de Congé parental verzicht, well de finanziellen Ausfall an deene Méint fir si einfach ze grouss ass oder war. D'Indemnitéit, déi bis elo bei 1.778 Euro de Mount louch, ass duerch en Ersatzsalaire ersat ginn, deen op 3.200 Euro de Mount plafonéiert ass. Dat heescht, dass ee wärend dem Congé parental säin Akommes, falls dat ënner 3.200 Euro läit, behält. Och déi ënnescht Limitt gouf eropgesat, an zwar op den onqualifizéierte Mindestloun. Déi nei, méi flexibel Modeller, wéi mer se elo kennen, wéi zum Beispill een Dag d'Woch Congé parental wärend 20 Méint, kënne ganz villen Elteren entgéintkommen.

Eng weider Mesure, un déi ech denken, ass do natierlech och d'Subvention de loyer, déi genau deene Leit hëlleft, déi manner Akommes zur Verfügung hunn an iwwerduerchschnëttlech vill fir d'Wunnen ausginn. Hei kréien also déi Leit geholl ef, déi an d'Prekaritéit ofrutsche kënnen. Eng Persoun mat manner wéi 1.768 Euro de Mount oder eng Famill mat zwee Kanner, déi manner wéi 3.713 Euro de Mount verdéngt, kritt mat dëser Moossnam konkret geholl ef. Dëst Instrument zitt d'Kanner mat a Betruecht, fir dass si hei speziell protegéiert ginn.

Fir bei menge Beispiller ze bleiwen: Eng eenzel Persoun kritt 124 Euro all Mount, eng Famill mat zwee Kanner kënnt an de Genoss vun 174 Euro de Mount. Kuerz gesot, andeems de Stat en Deel vum Loyer deckt, huet de Stot da bis zu 273 Euro all Mount méi an der Täsch. Dat ass eng ganz konkret Mesure, déi deene Leit, déi et finanziell méi schwéier hunn, ënnert d'Äerm gräift.

An deem Zesummenhang, dat muss och hei däitlech gesot ginn, stëmmt et natierlech, dass am Moment manner Leit vun der Subvention de loyer profitéieren, wéi dat am Ufank geduecht gi war. Dat, well verschidde Stéit vläicht nach näischt vun dësem Instrument, dësem Outil héieren hunn. Do gouf och schonn eng éischt Sensibiliséierung an d'Weeër geleet. Ech begréissen op jidde Fall de Wëlle vun der Regierung, fir d'Kritäre vun der Subvention de loyer ze iwwerschaffen, an zwar esou, dass méi Persounen, méi Familljen an de Genoss vun dëser Aide komme kënnen.

Här President, den 1. Januar 2017 ass d'Steierreform a Kraaft getrueden, eng Steierreform, bei där d'Steiergerechtegkeet am Vierdergrond stoung an déi soumat déi Leit entlaascht huet, déi et och am meeschte gebraucht hunn. D'Elengerzéier, d'„monoparentaux", wéi se op Franséisch heeschen, hunn et heiansdo besonnesch schwéier, fir déi béid Enner um Enn vum Mount beieneenzekréien. Vun deene 6.700 Haushalter, déi als Ménages monoparentaux ze bezeechne sinn hei zu Lëtzebuerg, hunn dem Statec no ongeféier 45% e Revenu ënnert der Aarmutsgrenz. Fir deem entgéintzewierken, gouf de CIM, also de Crédit d'impôt monoparental, oder pour monoparentaux, fir d'Revenuen tëschent 0 a 35.000 Euro d'Joer vu 750 op 1.500 Euro verduebelt.

Eng vun den Haaptmesurë vun dëser Steierreform war och déi nei Staffelung vun der Steiertabell, iwwert déi een natierlech ëmmer nach streide kann. Et bestoung am ale Steiersystem eng Ongerechtegkeet, dëst, well ee scho ganz frëi um quasi héchste Steiersaz besteiert ginn ass. Dat war net gerecht. Duerfir gouf d'Steiertabell gestreckt, soudass d'Progressivitéit vum Barème manner séier zum Droe kënnt.

Zwee konkret Beispiller: Eng Persoun, déi de Mindestloun huet an an der Steierklass 1 agestuuft ass, bezilt vum 1. Januar 2017 un 63% manner Steieren, ee Mënsch mam qualifizéierte Mindestloun 42% manner. Oder huele mer een Elengerzéier oder eng Elengerzéierin mam onqualifizéierte Mindestloun a mat engem Kand: Dës Persoun huet mat dëse Mesuren ëmmerhin 1.050 Euro d'Joer méi an der Täsch.

Nieft dem neie CIM, deenen anere selektive Steierkreditter an dem neie Steierbarème gëtt awer och d'Weeserent - dat soll een hei nach eng Kéier an Erënnerung ruffen, dat solle mer net vergiessen - net méi besteiert. Dëst, well et eng besonnesch tragesch Situatioun ass, wann de Partner stierft an een da kucke muss als Elengerzéier an enger scho ganz schwiereger Situatioun, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

An der Steierpolitik gouf et also och konkret Moossnamen, fir de schaffende Leit ënnert d'Äerm ze gräifen a se iwwer eng méi selektiv Approche ze entlaaschten.

Jo, och am räiche Lëtzebuerg kann ee mat engem niddrege Loun a schwiereg Situatioune geroden. Ech begréissen duerfir ausdrécklech, dass ënnert dëser Regierung déi sozial Sécherheetsnetzer weiderentwéckelt ginn a konnte ginn.

Fir eis als Demokratesch Partei ass de Mindestloun ëmmer en Element vun der sozialer Gerechtegkeet. Mir musse weiderhin e realistesche Bléck op d'Entwécklung vun de Léin behalen an alles drusetzen, dass méi Betriber gewëllt sinn, fir Leit anzestellen, déi net weider qualifizéiert sinn, déi awer bereet sinn ze schaffen a sech och net scheien, fir sech an enger Firma wëllen eropzeschaffen, sief et duerch hire Fläiss, sief et duerch Weiderbildungen, déi si méi fit fir den Aarbechtsmaart maachen. Um Bau gëtt et eng ganz Rei vun esou Beispiller. De Bausecteur, d'Konstruktioun boomt zurzäit a mat Hëllef vu spezifesche Formatioune kënnen d'Betriber bannent Méint Aarbechtskräften a präzisen Tâchen an der Konstruktioun ausbilde loossen.

Här President, ech si mer bewosst, dass etlech Firmen net bereet sinn, fir méi wéi de Mindestloun ze bezuelen. Et gëtt awer duerchaus Patronen, déi bereet sinn, Leeschtung, Zouverlässegkeet, Weiderbildung a selbstständegt Schaffen ze belounen an deementspriechend ze bezuelen.

An engem konjunkturell positiven Ëmfeld, wou et hannen a vir wierklech u gudden Aarbechtskräfte feelt, sinn d'Patronen éischter bereet, eppes méi ze bezuelen a Leit ausbilden ze loossen, déi bis ewell am Chômage waren. Ech denken do nees speziell un d'Konstruktioun. De Statec huet net méi spéit wéi gëschter op d'Situatioun um Aarbechtsmaart opmierksam gemaach. D'Aarbechtslosegkeet fält zurzäit. Dat ass e generaliséierte Phenomeen a betrëfft och a grad déi Salariéen, déi allgemeng als „working poor" ugesi ginn, wéi zum Beispill déi jénger Leit, Mënschen, déi laang am Chômage sinn, déi a prekäre Situatioune sinn, besonnesch awer och Leit mat wéineg oder guer kenger Ausbildung.

De Sujet, dee mer haut diskutéieren, wäert eis och hei zu Lëtzebuerg, wou gutt Aarbechtskräften éischter eng Ressource rare sinn, weider beschäftegen. Mir mussen e Bléck fir déi betraffe Leit behalen a si iwwert de Wee vu geziilten Hëllefen ënnerstëtzen, esou wéi dat och an de leschte Jore geschitt ass am Logement, am Beräich vun der gratis Kannerbetreiung, awer och duerch eng Steiergesetzgebung, déi vill méi sozial selektiv ass wéi déi, déi mer virdru kannt hunn.

Och musse mer weiderhi bereet sinn, de Mindestloun unzepassen, esou wéi dat och an der Vergaangenheet de Fall war, wann déi allgemeng Entwécklung vun de Léin an déi vun der Produktivitéit dat hierginn.

Dës Entwécklung däerf awer net derzou féieren, dass mer Leit mat niddregen oder guer kenge Qualifikatiounen d'Chance ewechhuelen, um Aarbechtsmaart eng Plaz ze fannen, well de Mindestloun en héije Käschtefacteur fir de Patron duerstellt. Dee Moment géifen d'Betriber nach méi op d'Frontalieren, op d'Grenzgänger wëllen zréckgräifen, an d'Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, kréichen et nach méi schwéier, eng Aarbecht ze fannen. Duerfir musse mer, wéi virdru scho gesot, de betraffene Mënsche vill méi geziilt, cibléiert iwwert de Wee vu finanziellen Aiden a bestëmmten, spezifesche Beräicher hëllefen.

Här President, iwwert de Phenomeen vun den „working poor" eraus bleift och d'Thema vum Loundumping aktuell. Den Dumping social ass en Jobkiller an duerfir sollen all déi, déi aner Mënschen um Aarbechtsmaart ausbeuten, bestrooft ginn. Et gëtt vill Pisten a Weeër, fir déi materiell Nout hei am Land wierksam ze bekämpfen. Kommt, mir notze se am Interêt vun enger méi gerechter Gesellschaft an der Stäerkung vum sozialen Zesummenhalt!

Ech soen Iech Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Bauler. Nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Merci un de Marc Baum fir d'Ustousse vun dësem Debat zur Aarmut zu Lëtzebuerg a méi präzis eben dann zur Aarbechtsaarmut.

Mir hunn zu Lëtzebuerg en Aarmutsrisiko, en ass scho genannt ginn, vu 15,3%. De Wäert ass op 2015 bestëmmt ginn. An do muss een awer am Hannergrond wëssen, dass mer a sech am Kader vun der Strategie «Europe 2020» festgeluecht hunn, fir eng Reduktioun vun deem Aarmutsrisiko unzestriewen, an zwar ëm 25%, ausgoend vum Wäert vun 2010, dee bei 14,5% louch. Dat heescht, mir misste bis 2020 iergendwou bei engem Aarmutsrisiko knapp ënner 11% landen. Do hu mer also nach e wäite Wee zréckzeleeën.

Et sinn net grad 80.000 Leit zu Lëtzebuerg dovu betraff an dat sinn dann och erëm eng Kéier ronn 30.000 Haushalter. An et ass kloer, den éischten Aarmutsrisiko fir d'Leit zu Lëtzebuerg ass et, keng Aarbecht ze hunn, an duerfir ass et och kloer, dass déi éischt Bestriewung ebe muss sinn, Leit an Aarbecht ze kréien.

Bei deene Leit, déi an Aarbecht sinn, hu mer awer nach e ganz héije Risiko, dass se an d'Aarmut rutschen, an dat sinn, wéi scho genannt, knapp 11% vun de Leit. A priori sinn dat natierlech déi Leit op der ënneschter Lounskala zu Lëtzebuerg, an dat sinn déi Leit mam salaire social minimum. Den net qualifizéierte Mindestloun, do hu mer 27.000 Leit, déi dra schaffen, a beim qualifizéierten, dee jo och eng 20% a sech méi héich ass wéi den non qualifié, hu mer nach 18.200 Leit. Dat sinn also 12% vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen.

Mä ausschlaggebend, ob een zu Lëtzebuerg an d'Aarmut rutscht, ass awer, wéi d'Konstellatioun vum Menage ass. Den Aarmutsrisiko hänkt staark dovun of an duerfir ass et och ganz wichteg, dass een do an den Detail era kucke geet. An et ass eng Grupp, déi extrem vum Aarmutsrisiko betraff ass, bal all zweeten Haushalt dovun ass betraff, dat sinn d'Famillemonoparentallen, an duerfir wäert ech och herno a menger Interventioun nach eng Kéier e bësse méi am Detail op dës Risikogrupp agoen.

De Mindestloun zu Lëtzebuerg ass méi héich wéi an den Nopeschlänner - an dat ass scho virdrun eng Kéier gesot ginn -, wéi an der Belsch, wéi a Frankräich, wéi an Däitschland. Mä den Ënnerscheed ass awer deen, dass den Ofstand zu dem Seuil de pauvreté a sech zu Lëtzebuerg méi kleng ass wéi an den Nopeschlänner, wou a sech den Ënnerscheed oder den Delta dozou meeschtens ëm déi 30% ass. Gefillt ass awer de reellen Aarmutsrisiko an deene Länner trotzdeem méi ausgeprägt, well awer eng Partie méi Leit an Deelzäit schaffen, ouni et ze wëllen, an an deenen aneren Nopeschlänner vill méi Leit am Interim an an der saisonaler Aarbecht ënnerwee sinn an och a Contrats à durée déterminé. An do ass awer dee groussen Ënnerscheed zu Lëtzebuerg festzemaachen, wou d'Statec-Donnéeë vun 2016 eis soen, dass 91% vun de Salariéen hei zu Lëtzebuerg an engem Contrat à durée indéterminé sinn.

Wa mer zu Lëtzebuerg vun Deelzäitaarbecht schwätzen, da sinn dovun zirka 20% vun de Leit betraff. An do sinn erëm eng Kéier d'Fraen iwwervertrueden. Op ee Mann kommen do siwe Fraen, déi an Deelzäit schaffen. A wann ee weess, dass an der Deelzäitaarbecht och deelweis Leit mam Mindestloun schaffen, dann ass et och kloer, dass do de Risque de pauvreté grouss ass.

De Risque de pauvreté ass och grouss fir Beruffsufänger, fir Jonker tëschent 15 a 24 Joer, déi näämlech och zu 40% an Deelzäitjobben ënnerwee sinn. Do ass erëm deeselwechte Constat ze maachen: Wa se keng héich Qualifikatioun hunn an nëmmen an Deelzäit schaffen, da si se dem Aarmutsrisiko ausgesat.

Et ass also kloer, dass bei der Deelzäitaarbecht d'Zesummesetzung vum Haushalt eng grouss Roll spillt an de Lien mam Aarmutsrisiko ze maachen ass. Wann een also zu zwee am Menage ass an och Sue verdéngt, dann ass eng Deelzäitaarbecht eventuell kee Risque de pauvreté. An et ass natierlech ganz kloer: Wann et Famille-monoparentalle sinn - op déi ginn ech nach eng Kéier an -, ass dee Risk enorm.

Duerfir sinn och fir déi Jonk - well ech elo grad gesot hunn, dass do en Deel an Deelzäitaarbecht a sech muss ufänke mat schaffen an a sech seng éischt Erfahrungen am Beruffsliewe fënnt - d'Wunnforme wichteg oder ass d'Wunnproblematik eng ganz grouss. Duerfir menge mir als déi gréng, dass mer eis och mussen iwwerleeën, wéi mer an aner Wunnforme kënnen erakommen, sief et intergenerationellt Wunnen, Wunngemeinschaften. Ben, do gëtt et de Begréff „maison kangourou" - a sech een do huckepack huelen -, dat wären a sech Familljen, déi e Student respektiv e jonken Aarbechter mat ophuelen, respektiv eng eeler Persoun, déi eventuell eng jonk Famill géif mat an de Stot eranhuelen. Aner Forme wären autonoomt Wunne mat gemeinschaftlechen Notzungen.

Ech kommen elo nach eng Kéier op déi Grupp zréck, vun där ech gesot hunn, dass déi dem Aarmutsrisiko extra exposéiert wär: Dat sinn a sech d'Famille-monoparentallen. All zweeten Haushalt vun engem Elengerzéier ass dem Aarmutsrisiko ausgesat an natierlech sinn do Kanner am Stot an déi leiden am meeschten dorënner. Bon, vu wivill Leit schwätze mer hei? Wéi sinn déi Haushalter dann zesummegesat? Wat ass dann d'Aarbechts- an d'Ausbildungssituatioun vun dëse Leit? A wat sinn do spezifesch Problemer? A wéi kann een och do Léisungsusätz fannen?

Fir d'Éischt, mir hunn hei e bësse méi wéi 6.000 Famille-monoparentallen zu Lëtzebuerg. Dat betrëfft also och ëm déi 12.000, 13.000, 14.000 Leit. 93% vun dësen Haushalter hunn als Referenzpersoun Fraen. 40% si gescheet respektiv zousätzlech 14% si getrennt vun hirem Partner. Bei dem Gros vun den Haushalter, 60%, lieft ee Kand mat am Stot.

An doraus entsteet och schonn den éischte Besoin fir dës Familljen: Dat ass d'Betreiung vun de Kanner, sief et a Crèchen, sief et a Maisonrelaisen, vir an no de Coursen. Wou d'Schoul a sech ugeet, wou et schoulflichteg Kanner sinn, ass dat en éischte Besoin, deen do muss erfëllt ginn, soss kann ech net enger Vollzäitaarbecht nogoen an och aus dem Aarmutsrisiko erauskommen.

Wéi ass d'Aarbechts- an d'Ausbildungssituatioun bei dëse Menagen? Ben, iwwert d'Halschent schaffen awer a Vollzäit, 40 Stonnen d'Woch, 20% schaffen an Deelzäit, wou dann d'Problematik kloer ass. An 12% sinn natierlech och exposéiert, well se nëmmen e Contrat à durée déterminée hunn.

A wann een da kuckt, wéi d'Ausbildungsniveaue si bei dëse Menagen, da fënnt een och erëm eng Kéier erëm, firwat den Aarmutsrisiko deelweis awer do méi héich ass: Bal d'Halschent hunn a sech nëmmen eng niddreg Ausbildung an domat wäerte se och éischter an déi Tranche vun de Salaires socials minimums erafalen. An nëmmen 21% vun deenen Haushalter hunn a sech en héijen Niveau d'éducation an domat och d'Méiglechkeet, méi en héije Verdéngscht ze hu respektiv och kënne mat Deelzäit am Menage iwwert d'Ronnen ze kommen. Dat erkläert duerfir ganz kloer de Risiko vun Aarmut vun dësem Grupp. An och de Risk vun dësem Grupp - Familles monoparentaux -, fir an de Chômage ze kommen, ass duebel esou héich wéi fir en anere Menage, an zwar läit e bei ronn 10%.

Wat sinn déi spezifesch Problemer, déi si selwer nennen, wa se befrot ginn? D'Statec huet do eng Etüd gemaach. Et sinn dräi Saachen, déi do kommen:

- als éischt, mat 42% Nennung, dass se et sech net kënnen erlaben, eng Woch an d'Vakanz ze fueren ausserhalb vun hirem Haushalt;

- 64% hu genannt, dass net d'finanziell Méiglechkeeten do sinn, wann en Imprevu kënnt, wann eng Ausgab kënnt, déi net programméiert ass, fir déi kënnen ze stemmen. Do musse mer also och Léisunge fannen.

- An den Haaptproblem vun 80% vun de Leit - dat sinn op jidde Fall meng Donnéeën, déi ech hunn, also 4 vu 5 -, dat ass, dass de Präis vum Logement hinnen um Mo läit, dass se a sech de Loyer net oder schwéier kënne bezuelen. An domat ass dat och sécherlech ee vun deenen Haaptproblemer.

Wat sinn dann elo spezifesch Léisungsusätz, fir aus dëser Aarmutsspiral kënnen erauszekommen? Ma mir mussen dëse Leit ganz kloer eng Hëllefstellung ginn, déi hirer Liewenssituatioun ugepasst ass, fir kënnen erëm op hir eege Been ze kommen, fir erauszekommen aus där Situatioun.

Bei de Monoparentaux fänkt et un, ech hat et scho gesot, mam Volet vun der Kannerbetreiung. An awer spillt eiser Meenung no och duerno d'Ënnerstëtzung um schoulesche Plang an der Grondschoul, awer och am Secondaire eng grouss Roll. An zwar grad an der Schoul fënnt een nach vill ze dacks en Zesummenhang, eng Korrelatioun tëschent der Réussite scolaire an a sech de soziale Verhältnisser, wou d'Kanner respektiv déi Jugendlech hierkommen. An dat ass natierlech e Volet, wou, mengen ech, eis Gesellschaft gefuerdert ass, fir deem och kënnen entgéintzewierken.

Duerfir mengen ech, dass et och wichteg ass, dass een eng Begleedung vum Beruffsparcours mécht vun de Jugendlechen, och vun deenen, déi an d'Situatioun kommen, dass se d'Schoul ofbriechen, also keng fäerdeg Formatioun hunn, dass een do verstäerkt drop schafft, fir jiddwerengem eng méiglechst héich Qualifikatioun ze ginn an domadder och d'Chancen an d'Luucht ze setzen, fir um Aarbechtsmaart eng besser bezuelte Plaz ze kréien. D'Statistike vun dem Statec sinn do ganz kloer: Eng gutt Qualifikatioun reduzéiert de Risiko, fir an d'Aarmut ze rutschen.

A gëschter hat ech nach eng Reunioun mat eisem Office social respektiv och mat eiser regionaler Agence immobilière sociale - dat ass e Projet, dee mer elo am Réidener Kanton nei gestart hunn -, wou et grad ëm d'Location sociale gaangen ass.

De Knackpunkt vun de Budgete vun de Clienten, déi am Office social sinn, dat ass evidenterweis de Loyer. Et ass de Loyer, et ass

d'Wunnen, et ass d'Hëtzen, wat domat verbonnen ass. Dat ass déi gréissten Ausgab. An d'Sozialaarbechterin um Dësch, déi war och opbruecht respektiv concernéiert dervun, dass se sot: „Ech hu Clienten am Office social, déi schaffe 40 Stonnen d'Woch an déi kommen net eraus mat deem, wat si schaffen." An un éischter Plaz ass och do nach eng Kéier da genannt ginn, dass se keng adaptéiert Wunneng hunn, déi se sech leeschte kënnen.

An de Statec liwwert eis deen dote Constat och nach eng Kéier ganz kloer, wa mer et deenen am Office social elo net kënne gleewen. Am Budget de référence, dee se opgestallt hunn a wou se a sech jo och en neie Wee gaange sinn an och d'Gruppe befrot hunn: „Wéi sinn déi Liewenshaltungskäschten ze gesinn?", do ass et da fir eng Famille monoparentale a sech bal d'Halschent vum Budget, dee se zur Verfügung huet, déi se brauch fir de Logement, sief et d'Kaltmiete inklusiv eben dann d'Hëtzen, de Mazout an esou weider. Duerfir ass dat och ee vun de Knackpunkten.

Deen zweete Budgetsposten, dee bei deenen ufält a wichteg ass, dat si mat 18% a sech d'Liewensmëttel.

Dann hu mer mat 14% d'Vie sociale. An do hu mer erëm eng Kéier dee Volet, wou ech mer ëmmer d'Fro stellen: Kréie mer net op deem Punkt eppes, wou gespuert gëtt a Familljen, déi dem Aarmutsrisiko ausgesat ginn an dann eben net un dem soziale Liewe kënnen esou deelhuelen, sief et u Concerten, sief et un anere Veranstaltungen? An do hu mer ëmmer, wa se Kanner hunn, erëm eng Kéier den Drock, deen do ass vun de Jugendleche mat Kolleegen, déi vläicht net an enger Famill sinn, déi eben deem Aarmutsrisiko ausgesat ass, a wou awer de sozialen Drock ëmmer héich ass op Jugendlecher, sief et betreffend Kleedung, Liewen, Erausgoen, och Mobilitéit an och Telekommunikatioun.

De leschte Volet ass vum Marc Baum ugeschwat ginn: Dat ass, dass den Transport e wichtege Facteur wär. Hei am Budget de référence fënnt een en erëm mat knapp 10%, 9%, wat d'Mobilitéit ugeet. Ech hu mer dat nach eng Kéier ugekuckt. Et ass e ganz interessant an detailléiert Dokument vu bal 200 Säite vun dem Statec, wou se dat a sech fein opgeschlësselt hunn, wéi se op déi Donnéeë kommen.

An do hu mer ganz kloer: Wann et méiglech ass, dass en Haushalt net op en Auto muss zréckgräifen, da kann deen d'Käschte reduzéieren. Mä bei enger Famille monoparentale weess ech elo net wierklech, wéi ech wëll schaffen an ouni Auto ënnerwee sinn. An duerfir ass dat sécherlech e Käschtefacteur, deen do net wierklech no ënnen ze revidéieren ass.

Et ass also fir eis kloer, wann ech d'Analys maachen, dass een op deem Punkt muss am stäerksten agräifen, deen och am stäerksten an de Budgeten d'Leit an den Aarmutsrisiko dreift, an dat ass natierlech de Käschtepunkt vum Wunnen.

An do gesinn ech dräi Pisten. An déi sinn och scho lancéiert. D'Subvention de loyer ass sécherlech en neit Mëttel, dat nach muss vläicht méi ronn ginn, fir d'Locatiounskäschten ze reduzéieren um privaten Immobiliemaart, dat a sech awer deene Gruppen zeguttkënnt, déi dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn.

Deen zweete Volet ass d'Location sociale. Dat sinn natierlech d'Privatwunnengen, déi och um - soen ech - éischten oder um Immobiliemaart a sech, um privaten Immobiliemaart fonnt ginn, Wunnengen also vu private Proprietairen, wou en agreéierten Akteur, sief et elo d'Agence immobilière sociale nationale oder och d'AIS Kordall, fir déi als Beispill ze nennen, eben déi Wunnengen 20% bis 30% ënnert dem Maartpräis a Locatioun hëlt. An a Géigeleeschtung gëtt et eben natierlech déi steierlech Virdeeler, déi mer eben do kennen, déi iwwert d'Steierreform agefouert si ginn.

Bon, a wann een do kuckt, ass et natierlech esou, dass de Park, deen an deem Beräich elo do ass, also fir d'Location sociale, scho gutt am Opbau ass, awer nach beschränkt ass. Dat sinn dann net grad 400 Wunnengen, déi am Bilan vun 2016 do erëmzefanne sinn.

Den drëtte Volet, dat ass dann deen, mengen ech, wou mer am stäerkste missten drop schaffen: Dat ass de soziale Wunnengsbau, e Wunnengsbau, dee mat bis zu 75% vum Stat jo och ënnerstëtzt gëtt, wat d'Gemengen ugeet, a wou d'Gemengen an de Stat ganz kloer gefuerdert sinn.

Do gëtt et zu Lëtzebuerg am Moment zirka 4.000 Unitéiten. Dat entsprécht, wa meng Zuele richteg sinn, 2% vun de Wunnengen. An do ass Lëtzebuerg an Europa d'Schlussliicht. Eis belsch Kolleege vis-à-vis hunn do 7%. Virdrun ass och scho genannt ginn: An Holland, Amsterdam, oder Wien, Éisträich, do fanne mer dann Tauxen erëm vun 23% an Éisträich an 32% an Holland vum soziale Wunnengsbau. An dat ass sécherlech ee Vecteur, op deem muss geschafft ginn, wou d'real Lokatiounskäschte wesentlech méi niddreg si wéi um privaten Immobiliemaart.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech probéieren, zu engem Schluss ze kommen. Ech konnt net alles... Ech konnt d'Saachen nëmme sträifen. Dat ass vill ze vast, fir an där Zäit hei ze evakuéieren. Mä fir eis als Gréng ass et kloer: Wa mer den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg wëllen erofsetzen, da brauche mer méi soziale Wunnengsbau, mir brauchen nei Wunnformen. A fir dass dës nei Wunnformen och kënnen ëmgesat ginn, brauche mer awer och eng nei Definitioun vun de Menagen um Niveau vun de Gemengen.

Mir brauchen eng verstäerkt Begleedung och vun de Kanner an der Schoul, fir sozialen Ongerechtegkeeten entgéintzewierken. Mir brauchen eng geziilt Betreiung fir Schoulofbriecher, fir dass méiglechst vill Jugendlecher an eng Qualifikatioun erakommen an domat och dem Risiko vun der Aarmut manner ausgesat sinn. A mir brauchen och geziilt sozial Moossnamen, fir dass d'Familljen, déi Kanner hunn, net doduerch penaliséiert ginn, dass se ebe Kanner hunn, a fir dass se och mat engem Aarbechtskontrakt, deen a Vollzäit ass, zu Lëtzebuerg net an den Aarmutsrisiko erarutschen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a kommen domat zum Schluss.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Anzia. An d'Wuert huet elo den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, „Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënschen zu Lëtzebuerg gutt geet." Dat war de roude Fuedem, dee mer an der Deklaratioun vum Statsminister zur Lag vun der Natioun ëmmer erëm héieren hunn. Wa mer awer wëssen, datt 15% vun de Leit hei am Land ënnert d'Aarmutsgrenz falen, da muss een déi Ausso do hannerfroen.

Sécherlech geet et Lëtzebuerg gutt, mä et muss een awer soen: Duerfir geet et nach laang net alle Leit hei am Land gutt! An et muss ee sech d'Fro stellen, wann een an engem esou räiche Land lieft wéi Lëtzebuerg, wéi et méiglech ass, wou mer esou vill finanziell Moyenen hunn, déi mer verdeelen, wéisou nach ëmmer esou vill Leit hei am Land vun deem Räichtum (veuillez lire: un deem Räichtum net deelhunn), dee mer zesumme produzéieren an och mat Hëllef vun deene Leit produzéieren, wéisou mer d'Verdeelung hei am Land awer, loosse mer et riicht eraus soen, esou ongerecht maachen.

Am Prinzip, an do si mer eis wahrscheinlech heibannen alleguer eens, misst jiddwereen, deen enger geregelter Aarbecht nogeet, fir sech a seng Famill genuch Akommes hunn, fir kënne mënschegerecht ze liewen. Ech mengen, praktesch alleguer meng Virriedner heibannen hunn dat bedauert. An ech géif och duerfir dem Kolleeg Marc Baum Merci soe fir d'Initiativ fir dës Interpellatioun, datt mer emol eng Kéier méi geziilt heibannen iwwert déi Leit schwätzen, deenen et net esou gutt geet wéi eis alleguerten.

Well wa mer kucken, wien ënnert déi Aarmutsgrenz do fält - an et ass och schonn alles gesot, ech wäert villes elo widderhuelen -, da stelle mer fest, datt bei den Elengerzéiende vun 2000 bis op 2015, also bannent 15 Joer, do d'Zuel vu 35% op 45% geklommen ass. Also an engem Zäitraum, wou et dem Land gutt gaangen ass, ass awer de Prozentsaz bei den Elengerzéier, wou praktesch all zweet elengerzéiend Mamm ënnert dësen Akommesniveau hei fält, an d'Luucht gaangen.

Leit mat niddregem Bildungsniveau, Aarbechter, portugisesch Awanderer, a muer sécherlech och Flüchtlingen, déi mer haut an eisem Land ophuelen, wäerten an dës Kategorie mat erafalen. A wa mer da soen, datt awer och Familllje mat Kanner (veuillez lire: Familllje mat Kanner betraff sinn) - a wat eng Famill méi Kanner huet, wat de Risiko, datt se ënnert d'Aarmutsgrenz fält, méi grouss gëtt, dat beweisen d'Statistiken -, da kann ee jo och wëssen, firwat datt mir als ADR dergéint waren, firwat datt eng progressiv Staffelung vum Kannergeld richteg ass an et ebe falsch war, fir ze soen: „Ee Kand ass esou vill wäert wéi dat anert", well d'Statistike kloer beweisen, datt eng Famill, déi méi Kanner huet, méi séier ënnert den Aarmutsrisiko fält wéi eng aner Famill.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Awer och d'Altersaarmut, déi hei zu Lëtzebuerg niddreg ass am Verglach mam Ausland, musse mer am A behalen. A mir si frou an houfreg als ADR, datt mer maassgeeblech dru bedeelegt waren an den 90er Joren, fir datt d'Pensiounen och am Privatsecteur massiv gehéicht si ginn. Mä trotzdeem hu mer awer haut och nach 5% vun eise Leit iwwer 65 Joer, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen. An och do musse mer en A drop halen, datt mer net an eisem Rentesystem an iwwert d'Steierpolitik... An ech denken do virun allem un d'Wittfraen, där mer der am Privatsecteur ëmmer méi kréien, déi och elo de Risiko lafen, ënnert d'Aarmutsgrenz ze falen. Net all Wittfra fält ënnert d'Aarmutsgrenz, mir hunn der och mat schéine Wittwepensiounen. Mä et muss een awer och wëssen, datt mer ëmmer méi Wittfraen hunn, déi Problemer kréien, wann et heescht, mat hire Pensiounen auszekommen.

D'Medianakommes, wat och scho vill diskutéiert ginn ass, wat einfach e grousse Konsens eng Kéier fonnt huet, wat am Fong seet, datt dat 2015 hei zu Lëtzebuerg 40.000 Euro sinn, dovunner ginn da 60% geholl, dat si knapps 24.000 Euro. Dat mécht ronn 2.000 Euro de Mount aus. Dat Paradoxt un deem System ass: Souguer wa mer de Mindestloun hiewen, hiewe mer och dat Medianakommes a mir mussen doduerch net onbedéngt dann de Prozentsaz vun där Zuel hei erofkréien. Dat muss een och domadder wëssen, datt mer, wa mer an deem System hei bleiwen: Egal wat mer maachen, wa mer eppes héijen, hiewe mer och d'Moyenne a mir kréien domadder net onbedéngt de Prozentsaz erofgesat.

Sécherlech stinn eis Betriber an engem gewëssene Konkurrenzkampf, wa mer iwwert de Mindestloun schwätzen, mat Däitschland, der Belsch a Frankräich. An der Belsch ass de Mindestloun 1.532 Euro, a Frankräich knapps 1.500, an Däitschland och knapps 1.500, bei eis knapps 2.000. Mir mussen awer wëssen, datt, wa mer eis Institutiounen, an ech denken och hei un d'Gewerbeinspektioun, richteg fonctionnéiere loossen, da missten am Fong all déi Betriber aus der Grenzregioun, déi eng Konkurrenz vis-à-vis vun eise Betriber sinn, kontrolléiert ginn, well si missten déiselwecht Léin applizéieren, wéi mir se hei zu Lëtzebuerg am Gesetz respektiv...

(Interruption par M. Nicolas Schmit)

Gelift?

(Interruption par M. Nicolas Schmit)

Applizéieren, jo! Mä och do, wou mer Kaderkollektivverträg hunn, musse se déi och respektéieren. Mä de Problem ass: Wéi kréie mer et kontrolléiert? An ech mengen, hei besteet nach en Nachholbedarf op europäeschem Niveau, well dat ass fir eis Betriber selbstverständlech e Problem, wa se do enger Konkurrenz ausgesat gi vun der Grenzregioun, déi mer schwéier kënne kontrolléieren.

Et muss een awer wëssen, datt all déi Leit, déi de Mindestloun verdéngen, dat si Leit, déi ginn hire Mindestloun och, géif ech soen, bal zu 100% hei am Land aus, soulaang wéi se et sech nach kënne leeschten, hei an de Supermarché akafen ze goen an net och duerfir mussen an d'Grenzregioun goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Wuesstum eleng léist de Problem vun der Aarmut awer net, well wa mer kucken, datt mer an deene leschten 10, 20, 30 Joer hei zu Lëtzebuerg jo awer e Rekordwuesstum haten, international gekuckt, an och elo erëm an enger Situatioun sinn, wou mer vu 4%, 5% Wuesstum pro Joer schwätzen, stelle mer awer fest, datt vun 2005 op 2015 d'Zuel vun deene Leit, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen, vun 12% op 15% geklommen ass, och wann et vum leschte Joer, annerhallwe Joer liicht zréckgaangen ass. Mä wa mer dat awer op zéng Joer kucken, hu mer awer praktesch 2%, 3% bäigeluecht.

Dat heescht, de Wuesstum, dee léist net onbedéngt den Aarmutsrisiko, virun allem wann ech, wat ech virdru gesot hunn, d'Medianmoyenne rechnen. Wa mer mam Wuesstum d'Léin an d'Luucht setzen, verännert dat net onbedéngt prozentual d'Déngen.

Mä awer och wa mer d'Zuel vun de Leit, déi hei schaffen, kucken, wou mer an zéng Joer 100.000 nei Aarbechtsplaze geschaaft hunn, an och wann de Chômage zënter gutt engem Joer zréckgeet,...

(Interruption)

...iwwer zwee Joer zréckgeet - dat ännert näischt un deem, wat ech wëll soen -, ass de Chômage awer vun 2005 bis 2015 ëm 10.000 an d'Luucht gaangen, obscho mer 100.000 Aarbechtsplaze geschaaft hunn. Also, och de stramme Wuesstum hëlleft eis net bei der Reduktioun vum Chômage, wat jo och fir déi Leit hei e grousse Problem ass.

Dee gréisste Problem stellt selbstverständlech de Logement duer. Do soen ech näischt Neies heibannen. Mä mir musse wëssen, d'Konsequenz vun dem Problem, dee mer am Logement hunn, ass de stramme Wuesstum (veuillez lire: wëssen, de Problem, dee mer am Logement hunn, ass d'Konsequenz vum stramme Wuesstum). Wa mir all Joer 12.000, 13.000, 14.000, 15.000 Aarbechtsplaze schafen a wa mer all Joer noutgedrongen dann och méi Leit hei an d'Land kréien, och iwwer 10.000 - déi lescht Chiffere si jo elo dëser Deeg erëm bekannt ginn -, da musse mer wëssen, datt den Drock op den Aarbechtsmaart (veuillez lire: op de Wunnengsmaart) enorm héich bleift. An egal, wat fir eng Regierung do ass!

An ech mengen, all Regierung huet et zum éischten Zil gemaach, fir de Logementsproblem ze léisen. An och dës Regierung huet dat zum Zil gemaach an huet gesot: „Mir musse kucken, datt mer d'Loyeren an datt mer d'Präisser erofkréien." Mä duerch deen Drock... Mir liewen an enger fräier Maartwirtschaft an do sinn et d'Offer an d'Demande, déi nach ëmmer de Präis bestëmmen. A mir sinn der Meenung als ADR, datt mer déi Diskussioun musse féieren an datt een net däerf higoen an un Expropriatiounen denken, wéi verschidde Leit dat wëlle maachen.

Mä dës Regierung ass awer och zum Beispill higaangen a si huet d'TVA gehéicht. Ech ka mech erënneren, datt verschidde Parteien, déi an der Regierung sinn, an hirem Wahlprogramm stoen haten, datt dat déi onsoziaalste Steier wär!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Si ass awer direkt gehéicht ginn, d'TVA, an do sinn déi heite Leit direkt dervu betraff ginn. Oder datt d'TVA op der zweeter Wunneng vun 3% op 17% erhéicht ginn ass! Ma grad dës Leit sinn déi, déi musse loune goen. An dann ass et normal, datt doduerch och d'Loyeren an d'Luucht ginn, wann op enger Zweetwunneng, déi eng Famill oder eng Persoun sech leescht, d'TVA um Ukafspräis esou massiv gehéicht gëtt.

Awer och, wa mer bei der Steierreform, déi esou sozial soll sinn, elo zum Beispill den Elektroauto oder d'Elektrovëloe kucken: Do sinn déi Leit mat deene klenge Revenuen ausgeschloss ginn! Et ass also nëmmen eng gewësse Kategorie vu Leit, déi sech dat leeschte kann. An duerfir mengen ech, Här President, sollte mer emol alleguer méi virsiichteg sinn, wa mer heibannen iwwert déi dote Problemer schwätzen.

An hei de Mëtteg sinn et och bal alles Gemengepolitiker, déi hei schwätzen. Mä loosse mer emol kucken, wivill Gemengen an deene leschte Joren hir Steieren an Taxe gehéicht hunn! Dat ass fir déi Leit mat dem Mindestloun bal net méi ze bezuelen. An déi Leit hunn all Mount kee Sputt méi! A wa se da Rechnunge vu Gemenge kréien, déi net 50 an 100 Euro sinn, mä dacks e puer Honnert Euro, déi d'Leit mussen u Gemengentaxen, u Waasser, u Poubellen an esou viru bezuelen, da gëtt dat fir déi Leit eng Onméiglechkeet!

D'Politiker sollen also net heihinnerkommen an hei alleguer esou schwätzen, wéi wa se sech als Nationalpolitiker géife fir déi kleng Leit asetzen, an als Kommunalpolitiker gi se net fäerdeg, fir d'Steieren ze erhéijen! An och déi, déi elo soen, et misst een d'Grondsteier erhéijen, well d'Grondsteier jo awer därmoossen niddreg ass; och dat gëtt erëm eng Erhéijung, déi d'Leit musse bezuelen.

Duerfir, Här President, wëll ech ofschléissend soen: Mir sollte méi Eierlechkeet erabréngen! A wann hei och gesot gëtt, datt déi Steierreform, déi mer d'lescht gemaach hunn, datt dat déi soziaalste war, wou da virgerechent gëtt, datt ee mam Mindestloun, cumuléiert Steierreform an d'Indexerhéijung, déi den 1. Januar entstanen ass, datt deen iwwer 100 Euro méi an der Pai huet, dann däerf een net vergiessen, datt deen, deen da 15.000 Euro Pai huet, iwwer 500 Euro de Mount bäigesat kritt! An dat gëtt ëmmer hei vergiess ze soen!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm an d'Regierung…

(Interruption)

Ah, entschëllegt! Entschëllegt!

(Interruption)

Jo. Et ass gutt, dass Dir et sot.

Entschëllegt, Madamm Bofferding! D'Madamm Bofferding huet d'Wuert.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho ganz vill iwwert de Phenomeen vum „working poor" geschwat ginn. Mir kruten hei och schonn eng Rëtsch Chiffere genannt, dofir wäert ech a menger Interventioun haaptsächlech op bestoend Instrumenter agoen an

och Mesuren opzielen, déi fir d'sozialistesch Fraktioun wichteg sinn, wou mer denken, dass mer d'Leit insgesamt domat nach virun Aarmut kënne schützen.

Fir d'Éischt awer e Wuert zum Mindestloun. Mäi Fraktiounskolleeg, de Goerges Engel, hat a senger Ried jo schonns drop higewisen, dass, obwuel mer am Verglach mam Ausland hei deen héchste Mindestloun an der Eurozon hunn, dat net heescht, dass dofir alles perfekt ass. De Mindestloun garantéiert nach laang net dee beschte Liewensstandard. An trotzdeem, de Goerges Engel huet et och schonns gesot, ass de Mindestloun an der Lescht geklommen. Dat net just duerch d'Upassung un déi allgemeng Lounentwécklung, mä Enn des Joers gouf et och nach eng Indextranche, wat mat sech bruecht huet - an dobäi ergänzen ech dann déi Chifferen, déi scho genannt gi sinn -, dass den net qualifizéierte Mindestloun ëm 75,67 Euro an d'Luucht gaangen ass an de qualifizéierten ëm 90,90 Euro. An duerch d'Steierreform bezilt e Jonggesell, deen den net qualifizéierte Mindestloun verdéngt, 37,10 Euro manner an ee mam qualifizéierte Mindestloun 52,92 Euro manner, wuel wëssend pro Mount.

Weider verschléisst d'LSAP sech net enger Erhéijung vum Mindestloun. Déi Diskussioun wäerte mer och geschwë kréien, spéitstens d'nächst Joer, wann erëm soll iwwerpréift ginn, ob Modifikatioune respektiv eng Adaptatioun un déi allgemeng Lounentwécklung noutwendeg sinn. An heifir sollt jo eng Etüd vum CES virleien, fir ze kucken, ob eben eng Transpositioun un déi allgemeng Lounentwécklung noutwendeg ass oder ob awer strukturell Adaptatioune musse gemaach ginn.

Mä domadder geet et fir eis awer nach net duer. Fir de Phenomeen vun der Erwerbsaarmut effikass ze bekämpfen, ass et noutwendeg, u verschiddenen Themekomplexer unzesetzen. D'Entstoung dovunner ass multifaktoriell an dofir mussen och d'Instrumenter zur Bekämpfung multidimensional ugeluecht ginn.

Kierzlech goufen eng Rëtsch Initiative geholl, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze stäerken a besonnesch den Elengerzéier méi geziilt ënnert d'Äerm ze gräifen, wéi zum Beispill duerch déi ebe genannt Steierreform.

Derniewent gesäit och eise Sozialstat weider Instrumenter an zousätzlech Aidë vir, fir eben deene Leit geziilt ze hëllefen, déi soss Problemer hätten, iwwert d'Ronnen ze kommen. Ech denken do zum Beispill nach un de Complément RMG oder d'Sozialtransferte wéi d'Subvention pour élèves nécessiteux, d'Familljeprestatiounen, d'Allocation de vie chère, d'Chèque-servicen, och elo mat der ugekënnegter gratis Kannerbetreiung.

Bei all dëse Reforme spillt déi sozial Selektivitéit eng Roll. Si gëtt praktesch iwwerall ugewannt, ausser bei de Familljeprestatiounen. Och dat ass virdru scho gesot ginn. Dëst awer aus engem gudde Grond, well all Kand gläich behandelt soll ginn an all Kand dem Stat d'selwecht vill wäert soll sinn. An dofir plädéiere mir Sozialiste fir gratis Schoulbicher am Secondaire: Fir eng méi staark a selektiv Ënnerstëtzung fuerdere mer, dass de Stat bei de Familljen ënner enger gewëssener Akommesgrenz a bei Eltere mat ville Kanner d'Käschte vun de Schoulbicher am Secondaire soll iwwerhuelen.

E weidert wichtegt Instrument an der Aarmutsbekämpfung, dat elo reforméiert gëtt, ass den RMG. Wichteg ass, dass mer als zoustänneg Chamberskommissioun geschwë kënne mat eisen Aarbechten ufänken. Kierzlech ass och den Avis vun der CSL komm - och deen ass de Mëtte schonns e puermol ernimmt ginn - an déi weist och drop hin, dass verschidde Punkte vum REVIS, esou wéi en am Moment virgesinn ass, speziell Gruppe vu Leit wäerte benodeelegen, zum Beispill déi, déi hallefdaags schaffen.

Bei all Mesuren, déi mer huelen, ass et wichteg, dass mer dobäi d'Aarmut bekämpfen an net déi Aarmutsbetraffen. Mir mussen derfir suergen, dass déi Leit, déi Hëllef brauchen, am Endeffekt och Hëllef kréien.

Här President, ee Problem, dee sech den Elengerzéier emol gäre stellt, ass, wann deen aneren Elterendeel den Ënnerhalt net bezilt. Domadder kommen ech zu engem nächste Punkt: An zwar fuerdere mer, dass de System vun der Obligation alimentaire op de Leescht soll geholl ginn. Et wier an eisen Ae sënnvoll, e System anzeféieren, dee sech dorëms këmmert, déi feelend Alimenter anzedreiwen, a bei Persounen ënner enger gewëssener Akommesgrenz kéint dee Service och carrement d'Avancë bezuelen. Esou kéime mer vun deem ongënschtege System ewech, deen nach ëmmer viraussetzt, dass am Virfeld all Rechtsweeër mussen ausgeschëpft ginn, fir dass de Stat deene Leit herno méi geziilt hëllefe kann.

An deem Kontext wëll ech och nach drop hiweisen, dass beim RMG a beim zukünftege REVIS den theoretesche Montant un Alimenter mat verrechent gëtt, wéi wann een déi Sue kritt hätt, och wann ee se am Endeffekt net kritt huet. An och dat kann déi concernéiert Familljen a ganz prekär finanziell Situatioune bréngen.

Wat eise Steiersystem ugeet, muss d'Politik virun allem oppassen, dass se keng falsch Ureizer schaaft oder oprechterhält, déi besonnesch Fraen decouragéieren, an der Aarbecht ze bleiwen oder hir Aarbechtsstonnen ze erhéijen. Ech schwätzen hei vun der Niddreglounfal fir den Zweetverdénger am Stot. Dat riskéiert och, Altersaarmut ze provozéieren, well keng oder net genuch eege Pensiounsrechter opgebaut goufen.

Och wann an der geplangter Reform ëm d'Scheedungsgesetz Deelléisunge virgesi sinn, kann et awer sinn, dass dat vläicht herno net duergeet. An ech hunn och scho méi wéi eng Kéier drop higewisen, dass mer trotz enger gudder Steierreform weider mussen diskutéieren, fir nach méi e gerechte System ze kréien, zum Beispill iwwer eng Gläichbehandlung, onofhängeg vum Zivillstand.

Wa mer iwwer Erwerbsaarmut schwätzen, wëll ech nach eng Kategorie vu Leit ernimmen, déi trotz Beschäftegung enger enormer Prekaritéit ausgesat sinn: déi Jonk.,Jonker, déi nom Studium schlecht oder guer net bezuelte Stagë maachen a vun deenen der ganz vill als bëlleg Aarbechtskraaft ausgenotzt ginn. Obwuel si zwar offiziell net als normal Salariéë betruecht ginn, well se kee richtegen Aarbechtskontrakt hunn, maache si awer ganz oft d'Aarbecht vun engem normale Salarié, an dat iwwer Méint an ouni Bezuelung. Dofir plädéieren ech erneit fir e gesetzleche Kader fir volontär Stagen an dofir, sech dobäi un der Recommandatioun fir e Cadre de qualité vun der EU-Kommissioun ze orientéieren.

Wéi Riedner virdrun och schonns gesot hunn, hu vill Leit, obwuel se enger regulärer Aarbecht noginn, Problemer, iwwert d'Ronnen ze kommen, well de Logement hinnen e risegt Lach an hire Portmonni frësst. Niewent villen anere Mesurë gouf eng Hëllef fir de Loyer agefouert. Nu bleift, an och dat ass haut scho gesot ginn, dës wichteg sozial Mesure wäit hannert den Erwaardungen zréck. Et gouf ugekënnegt, dass eng méi déif gräifend Analys géif gemaach ginn, fir genau ze kucken, firwat esou wéineg Leit vun der Subvention de loyer kënne profitéieren.

An der Tëschenzäit goufen nei Informatiounscampagnë gestart an den Tableau des seuils de faible revenu gouf och ugepasst. Dat war emol en éischte Schratt, deen huet misse gemaach ginn, a selbstverständlech wäerte mer elo och ofwaarden, wéi d'Situatioun sech entwéckelt. Mir ginn awer dobäi d'Gefill net lass, dass déi kleng Changementer net duerginn a wesentlech Punkte wahrscheinlech herno misste geännert ginn, fir och wesentlech Verbesserungen domadder kënnen ze erzilen.

Doriwwer eraus beschäftegt sech och d'LSAP intensiv mam Logement a schléit jo bekanntlech méi radikal Weeër vir, sief dat bei der Loyersbrems, beim Virkafsrecht fir déi ëffentlech Hand, bei der Expropriatioun, bei der Spekulatiounsbrems. Mir schloen awer och eng Offensiv bei de Sozialwunnengen an de Gemenge vir.

Här President, zum Schluss wëll ech soen, dass et fir eis eng Fro vun der Cohésion sociale a vun der Egalitéit ass, fir eis fir déi Leit anzesetzen, déi all Dag moies opstinn, fir schaffen ze goen, an dobäi net ëmmer déi einfachst Aufgabe maachen. Dobäi steet fir eis net d'Devise „haaptsaach Aarbecht" am Vierdergrond, mä et geet och ëm d'Fro no der Qualitéit an no der Pai, mat där si emanzipéiert liewe kënnen. Sozial ass net, wat Aarbecht schaaft, mä wat gutt Aarbecht schaaft!

Dofir kritiséiere mir och d'Verhale vu verschiddene Patronen, notamment am Banken- a Finanzsecteur, am Gesondheets- a Sozialwiesen, awer och am Bausecteur, wou zum Beispill d'Patronat sech op där enger Säit iwwert de wirtschaftlechen Opschwong freet an op där anerer Säit awer keng Geleeënheet ausléisst, fir permanent d'Léin vun de schaffende Leit wëllen ze attackéieren an hir Aarbechtskonditiounen domat nach wëllen ze verschlechteren. Stéchwuert Tariffpolitik, och dat ass e ganz wichtegt Element an dëser Debatt!

Fir eis hunn d'Leit e Recht op eng gerecht a befriddegend Entlounung fir hir Aarbecht, déi hinne mat hire Familljen eng der mënschlecher Dignitéit entspriechend Existenz séchert.

An dofir soen ech Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Bofferding. D'Wuert huet elo d'Regierung: den Aarbechtsminister Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll fir d'Éischt emol Merci soe fir déi Debatt hei. Ech mengen, et ass eng Debatt, déi extrem utile ass, déi ons e bëssen e Spigel virhält an ons weist, datt mer effektiv musse sensibel si fir déi reell Problemer, déi och an engem, wéi ëmmer esou schéi gesot gëtt, vun deene räichste Länner an Europa a vläicht souguer vun der Welt existéieren.

Et ass eng Debatt, déi eigentlech net ëm Chiffere geet. Well Chiffere soe Prozentsätz, déi soen Zuelen, mä déi soen net déi konkret Problemer vun de Leit, vun de Mënschen, déi Dag fir Dag mat deene Schwieregkeete konfrontéiert sinn, déi der jo elo alleguerten hei duergeluecht hutt. An d'Fro vun der Aarmut en général ass eng Fro vun der Dignitéit an enger Gesellschaft, vum Respekt an enger Gesellschaft, natierlech och, esou wéi dat elo virdru vun der Madamm Bofferding gesot ginn ass, vun der Kohäsioun an enger Gesellschaft.

Duerfir ass et wichteg, sech ganz seriö mat deem Problem ausenanerzesetzen. Et ass wichteg, op d'Ursaache vun deem Problem vun der Aarmut anzegoen, an et ass och besonnesch wichteg ze kucken, wéi et eigentlech ka sinn, datt deen, deen, wéi dat esou schéin expriméiert ginn ass, all mueres opsteet, all mueres schaffe geet, oder heiansdo och souguer spéit owes schaffe geet, trotz allem an enger Situatioun lieft, déi mer als Aarmut bezeechnen.

Well Dignitéit an Aarbecht sollten eigentlech zesummegoen, mä leider ass dat net ëmmer esou. An et misst eigentlech fir jiddweree gëllen, esou wéi et viru Jorzéngten normal war, datt eng Famill, e Stot konnt vun engem Salaire liewen, an eigentlech net doriwwer diskutéiert ginn ass, datt dee Stot an enger Aarmutssituatioun wier.

Déi Situatioun huet sech an der Realitéit scho geännert, mä ech mengen, d'Chiffere sinn heiansdo awer e bësse biaiséiert a si soen och net alles aus. Si sinn nun einfach och Statistik a maache Moyennen an Duerchschnëtter a soen och net d'Realitéit aus, déi am Land vläicht awer e bëssen aneschters ass wéi déi, déi mer duergeluecht kréien. Dat soll awer net ons Responsabilitéit diminuéieren, fir ons mat deem Problem ganz seriö ausenanerzesetzen.

Wa mer eis also mam d'Problem vun der Aarbechtsaarmut - loosse mer se emol esou op Lëtzebuergesch nennen - ausenanersetzen, dann hu mer natierlech ee Strëch, an dat ass dee vum soziale Mindestloun. De soziale Mindestloun ass dat, wat all Mënsch hei zu Lëtzebuerg - de schéine Saz ass jo repetéiert ginn - muss kréien, deen hei schafft. An dee soziale Mindestloun, dee mer jo elo virun e puer Méint ugepasst hunn, deen och indexéiert ass, deen - ech soen Iech et, Här Spautz - zwar bei enger Classe d'impôt, der Klass 1, nach liicht besteiert gëtt, dat ass richteg - wann een näischt kann ofsetzen, gëtt e liicht besteiert -, dee bei der Klass 2 awer null Steiere bezilt, null Euro Steiere bezilt! Trotz allem, an der leschter Zäit ass d'Zuel vun deene Leit, déi reng um soziale Mindestloun leien, zréckgaangen. Dat ass eng positiv Noriicht. Dat heescht, mir hu virun dräi Joer oder véier Joer 55.000 Leit gehat, déi um soziale Mindestloun oder ganz no dru louchen, an déi Zuel ass elo 2016 op 45.000 zréckgaangen.

Dat ass eng positiv Evolutioun. Dat heescht, datt awer och d'Léin vun ënnen éischter ugezunn hunn. An do sinn ech d'accord, datt d'Statistik dat net ëmmer esou erfaasst an datt dat net onbedéngt esou en Impakt op de Median huet an op déi 60%. Dat heescht domat net, datt vill manner Leit an der Aarmut sinn. Dat sinn eben déi e bësse komesch Effekter, déi mer an der Statistik hunn, wéi jo och virdru gesot ginn ass.

Nu muss ech och trotz allem soen, jo, richteg ass: De soziale Mindestloun läit netto ganz liicht ënnert der Aarmutsgrenz vu 60%. Dat stëmmt! De soziale Mindestloun fir eng Persoun läit och ënnert deem, wat een unhëlt, datt ee misst hunn, wa mer an enger Approche vu Budgets familiaux sinn.

Um soziale Mindestloun hei zu Lëtzebuerg leie 60% Residenten a 40% Frontalieren. An da komme mer un deen éischte grousse Paradox, deen och ugeklongen ass an deene verschiddenste Rieden: Et ass een aarm, wann een hei zu Lëtzebuerg ass, an et ass een eigentlech scho relativ wohlhabend, wann een iwwert d'Grenz ass. Dat ass dee grousse Paradox, an deem mer hei liewen. Dat heescht: Dee Frontalier, déi Persoun, déi hei schafft an de soziale Mindestloun kritt - 40%, soen ech nach eemol, vun de Leit, déi hei schaffen, déi net hei wunnen, sinn um soziale Mindestloun -, geet zréck an hiert Land a läit wäit, wäit iwwert dem Aarmutsrisiko, deen et och do gëtt: 950 Euro, wann ech mech net iren, a Frankräich, eppes just iwwer 1.000 Euro, ass mengen ech vun lech gesot ginn, Här Engel, an der Belsch, an an Däitschland si mer äänlech gelagert.

An dat ass fir eis natierlech eng grouss Erausfuerderung. Dann ass et natierlech einfach ze soen: „Majo, mir ginn elo hin a mir setzen elo emol de soziale Mindestloun ëm 10%, 15% erop, fir erëm e bësse méi iwwert dee Seuil vun deene 60% Salaire médian ze kommen, an dann hu mer de Problem geléist." Jo, vläicht hu mer e statistesch geléist. Ob mer en an der Realitéit fir déi, déi fir de soziale Mindestloun schaffen, geléist hunn, do sinn ech net esou sécher! Well nun huet en Aarbechtsmaart seng Tucken an ass leider, muss ech derbäisoen, och e Maart - an ech soen „leider". An de Punkt ass deen: Mir sinn elo an enger Situatioun, wou d'Gefälle tëschent sozialem Mindestloun hei a Salaire médian bei onsen Nopere schonn esou ass, datt onse Salaire minimum méi héich ass wéi de Salaire médian bei onsen Noperen, oder zumindest engem Deel vun den Noperen.

An duerfir ass d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg, d'Attraktivitéit vum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart natierlech esou kolossal, datt och Leit, déi eng ganz gutt Qualifikatioun hunn, soen: „Bon, ech hu wéineg Chance, en Job ze fannen. Ech hu scho guer keng Chance, e gutt bezuelten Job ze fannen. Ech akzeptéieren, en Job ze huelen, deen ënner menger Qualifikatioun ass, och wann ech duerfir muss zwou Stonnen op der Autobunn a Kaf huelen", an alles dat, wat Der kennt.

An do läit natierlech e grousse Problem dran, dee mer net esou einfach kënne léisen. Well wa mer deen nëmme just mat enger Hausse vum Mindestloun léisen, dann hu mer en net geléist. Da komme mer an de Risiko, datt mer eng ganz Rei Leit, déi hei eigentlech net fir méi wéi de Mindestloun en Job fannen, aus dem Aarbechtsmaart erausboxen. An do läit eng Gefor an déi mécht mer Suergen.

Dat huet och e bëssen eppes mam Chômage ze dinn, wou ëmmer gesot gëtt: „Wéi kann et sinn, datt mer eng Croissance x vum Emploi hunn an trotz allem esou vill Chômage hunn?" Dat huet dermat ze dinn, datt mer natierlech vill Leit hunn, déi net qualifizéiert sinn, net genuch qualifizéiert sinn oder just ënnert dem Niveau qualifizéiert sinn an net méi einfach den Uschloss un den Aarbechtsmaart fannen, well mer natierlech an engem Aarbechtsmaart liewen, deen op a relativ konkurrenzfäeg ass.

Ech sinn och net honnertprozenteg d'accord, datt all déi Jobben net - net! - delokalisabel sinn. De Problem vum Detachement ass ugeschwat ginn. An do ass jo elo en neie Projet de directive do, dee seet: „Neen, et däerf een net nëmmen de Minimum...". Momentan si mer um Mindestloun, dat heescht, en Detachéierten, dee vun iergendwou heihikënnt, dee muss zumindest de Lëtzebuerger Mindestloun kréien.

Ob en en elo ëmmer kritt, bon, dat wëll ech elo emol dohigestallt loossen. Well mat deenen Honnerten, Dausende Chantieren a 40.000 Detachéierten, déi mer all Joer hei zu Lëtzebuerg hunn, ass et natierlech fir d'ITM net einfach, all eenzelnen ze kontrolléieren, ob en elo och wierklech de Lëtzebuerger Mindestloun kritt huet. Bei verschiddene maachen ech mer wéineger Suergen - an Däitschland, wou awer d'Léin am Handwierk korrekt sinn -, bei anere maachen ech mer reell Suergen.

Nu gëtt et och aner Jobben, déi ee ganz einfach kann delokaliséieren. A wann een den Job net delokaliséiert, dann delokaliséiert d'Demande sech! Da kann ee ganz einfach, an dat ass och ugeklongen, net méi hei akafen, mä just nach op der Grenz, oder gewësse Servicer net méi hei an Usproch huelen, mä iergendwéi op der Grenz. Do ass also trotz allem eng Pressioun do, déi een net einfach ka vun der Hand weisen.

Elo soen ech awer derbäi, datt ech perséinlech, esou wéi d'Madamm Bofferding och virdrun uklénge gelooss huet, d'accord sinn, fir iwwer eng strukturell Adaptatioun vum Mindestloun ze diskutéieren. An ech hu jo d'Initiativ geholl, datt de Conseil économique et social sech domat soll ausenanersetzen an all déi Facteuren e bësse kucken, fir emol ze analyséieren, wéi wäit eng strukturell Adaptatioun vum Mindestloun sech maache léisst, wéi staark se ka sinn, ouni a verschidden Distorsiounen ze kommen, vun deenen ech elo geschwat hunn.

Mäin zweete Punkt ass deen, fir ze soen: Här Baum, Dir hätt honnertprozenteg recht mat all Ären Analysen, déi Der gemaach hutt, wann Der elo iwwer Amerika geschwat hätt. Da wiere mer effektiv an enger Situatioun, an déi ass jo ganz konkret an Amerika, vun den „working

poor", wou d'Leit zwee, dräi Jobbe mussen hunn, wou effektiv d'Aarbecht net duergeet, fir korrekt oder iergendwéi iwwert d'Ronnen ze kommen.

Mir sinn awer net an Amerika, Gott sei Dank - an elo schonn nach e puermol Gott sei Dank! -, mir sinn an engem Land, wou et en trotz allem staarke Sozialstat gëtt a wou mer déi Situatioun vun engem Mindestloun, deen zwar deen héchsten an Europa ass, mä - all déi Argumenter hunn ech héieren an deele se - awer trotz allem d'Leit an eng Situatioun bréngt, déi schwiereg ass, wou mer déi eben iwwer eng ganz Rei Mesuren opfänken, fir d'Leit awer zumindest aus der Aarmut erauszehalen, och, an dat soen ech hei ganz kloer, wa se net op Rouse gebett sinn. Ech mengen, hei schwätze mer vu Leit, déi och dann nach an enger sozialer Situatioun sinn, déi net formidabel ass.

An duerfir hunn ech mer natierlech ugekuckt: Wat huet dann een, deen de Mindestloun kritt, deen eng Rei vun deenen Aidë kritt, déi virgesi si fir déi Situatioun? Elo sot Der mer all: „Jo, d'Leit froe se net all an d'Leit wëssen et net." Da musse mer Efforte maachen, fir de Leit et méi einfach ze maachen, datt se se kréien, datt se se froen, an dann ass d'Simplificatioun do absolutt eng Noutwendegkeet!

An da kucken ech mer dat un an da soen ech: „Okay", dee gudde Rapport vun der Madamm Franziskus - ass et esou?, jo -, dee seet, e Celibataire brauch, fir dezent hei ze liewen, e Budget vun 1.923 Euro. Da lieft en net an der Exklusioun. An ech deelen alles, wat gesot ginn ass, datt net nëmmen d'Suen zielen, mä et ass iwwerhaapt den Uschloss un d'Gesellschaft. D'Aarmut ass net nëmmen e monetäre Phenomeen, et ass och e psychologeschen, soziale Phenomeen. Entweder ass een Deel vun enger Gesellschaft oder et ass een zumindest vun Deeler vun der Gesellschaft ausgeschloss. An da stellen ech awer fest, datt, wann déi Persoun déi Aidë freet, op déi se absolutt Recht huet, da ka se op 1.965 Euro kommen.

Dat ass net fantastesch, mä ech soen: Mir sinn do awer an de Limitten. Dat heescht, wa mer vun där Analys ausginn, déi do an deem Rapport gemaach ginn ass, da stelle mer fest: Jo, mat deenen Aiden, déi virgesi sinn, ass et fir eng Persoun méiglech, op deen Niveau ze kommen, deen als de Minimum ugesi gëtt, fir en dezent Liewen an och e Liewen an der Gesellschaft ze féieren.

Bei zwee Adulten, déi eleng sinn, ass de Seuil vun der Madamm Franziskus - wann ech se esou däerf nennen - bei 2.599. An do ass ee bei zwee Adulten, wann déi och déi Mesuren do froen a kréien - an et gëtt jo keng Ursaach, datt se se net kréien, wa se d'Konditiounen erfëllen -, bei 2.776. Déi leien also liicht iwwert deem, wat als de Seuil ugesi gëtt.

Bei engem Adult mat engem Kand si mer no der Madamm Franziskus bei 2.623. An do leie mer drënner an do si mer erëm beim Problem vun de Monoparentallen: Déi kréien nëmmen 2.488. Och wann ech elo e puer Aiden, wéi zum Beispill d'Schoulbicher an esou net incluéiert hunn, net ageschloss hunn, do leie mer effektiv drënner. An dat ass och absolutt, wat Dir gesot hutt, déi Populatioun, déi am vulnerabelsten ass.

Dat ass awer méi wéi de Seuil de pauvreté, wann dat ee sollt zefriddestellen. Dat stellt mech net onbedéngt zefridden, mä et muss een et awer hannendrusoen.

Bei zwee Adulten an zwee Kanner si mer och nach ëmmer liicht drënner: 3.700 géint 3.935. Dat heescht, mir leien do och liicht ënnert deem Budget, deen eigentlech virgesinn ass.

Dat weist also, datt mer ouni Sozialstat hei zu Lëtzebuerg eng Situatioun hätte mat wierklech Megaproblemer, wat d'Pauvretéit ubelaangt, datt mer awer duerch de Sozialstat...! An ech gesinn awer och net an, datt mer dee Sozialstat solle klengrieden! Mir solle stolz op dee Sozialstat sinn! Mir sollen iwwerleeën, wéi mer dee Sozialstat besser maachen. A wann ech soen „besser", dann heescht dat méi effikass, dat heescht awer och nach méi mënschlech.

Et ass net nëmmen d'Effikassitéit, d'Bürokratie, déi muss verbessert ginn. Ech wëll eigentlech d'Bürokratie souwäit wéi méiglech ofschafen. Ech wëll, datt dee Sozialstat eng reell mënschlech Dimensioun kritt. Datt déi Leit sech net musse schummen, wa se eppes froen, op dat se e Recht hunn! Hei geet et net ëm eng Faveur, hei geet et ëm e Recht! A wann d'Leit Recht dorop hunn, da musse se sech och net schummen, dat ze froen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Ech wëll awer och e Wuert iwwer all dat anert soen, déi sozial Déngschtleeschtungen. Ech hu gesot, mir sollen net nëmmen a monetären Termen diskutéieren, mir mussen och iwwer sozial Déngschtleeschtunge schwätzen. An dozou gehéiert och zum Beispill d'Kannerbetreiung. An dës Regierung huet immens Efforte gemaach an der Kannerbetreiung. Ech sinn ëmmer erëm eigentlech verwonnert a scho bal schockéiert, wann ech héieren: „Jo, fir déi Mannerbemëttelt ass d'Kannerbetreiung gutt. Do kann een och eppes virgesinn, datt et manner deier ass oder manner kascht. Awer soss, firwat brauch ee scho Kannerbetreiung?" Dat ass déi sozial Problematik vun där Fro total verkannt!

Jiddwereen, deen eppes vu sozialer Kohäsioun versteet - ech soen hei bewosst: sozial Kohäsioun an enger Gesellschaft -, dee weess, datt et ee Fundament gëtt: Qualitéitskannerbetreiung zu engem ganz niddregen, wann net gratisse Coût, Präis. Dat bréngt d'Leit zesummen. Dat mécht, datt net deen een doheem bleift bei der Nanny an deen Aarmen, dee sëtzt an der Crèche an ass net capabel, mat deem aneren ze schwätzen. Do läit d'Iddi vun der gratis Kannerbetreiung.

An do läit eng grouss Differenz fir déi, déi mengen, de Sozialstat huet eng generell Responsabilitéit an de Sozialstat ass net eppes, wou ech muss mat der Steiererklärung iwwerall higoen. Well ech ka mech erënneren, datt mer déi Diskussiounen haten, wou Leit gemengt hunn, majo, de Gesondheetssystem, dee misst eigentlech och esou funktionéieren, datt deen, dee vill hätt, misst mat der Steiererklärung dohigoen an den Dokter e bësse méi deier bezuelen, an deen, deen aarm wier, dee krit en da gratis! Mat der Konsequenz - Här President, Dir kënnt Iech gutt dorun erënneren -, datt mer dann an e System vun zwou Vitessë ginn: Dee Räiche bezilt sech dee gudde Gesondheetssystem an deen Aarme muss sech mat engem Stil wéi an England begnügen. An dat geet net! Duerfir musse mer e System hunn, dee fir jiddweree gläich ass an deen zu dem normale Sozialsystem gehéiert. Esou wéi de Gesondheetssystem, esou gehéiert eng qualitativ Kannerbetreiung zu onsem Sozialsystem.

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Derbäi kënnt nach, datt mer jo vill iwwer Monoparentallen an Aarbecht schwätzen, well fir mech ass déi schlëmmst Gefor, fir an Aarmut ze falen, eigentlech de Chômage. Doriwwer ass wéineg geschwat ginn. Déi schlëmmst Gefor, an Aarmut ze falen, ass de Chômage! Dat ass, iwwerhaapt keng Aarbecht ze hunn an iwwerhaapt kee Revenu ze hunn an am RMG condamnéiert ze sinn! Dat ass déi gréisste Gefor! Net nëmme vun der Aarmut, mä och vun der psychologescher - wéi soll ech soen? - Degradatioun, déi d'Mënschen duerchmaachen.

An duerfir musse mer iwwer eng aktiv Beschäftegungspolitik derfir suergen, datt mer jiddwerengem eng Chance um Aarbechtsmaart ginn. Y compris de Monoparentauxen - oder -parentallen, ech weess et elo net méi -, wat jo awer an der Majoritéit oft Frae sinn, déi net méi kënnen op den Aarbechtsmaart zréckkommen, well se emol erof waren a well se gemengt hunn, dat kéint alles ouni Aarbecht funktionéieren, oder well se decouragéiert waren duerch eng Absence vun enger Qualitéitskannerbetreiung. An dat alles hänkt zesummen. Wa mer wëllen d'Leit opfänken, wa mer wëllen derfir suergen, datt keen an e soziaalt Lach fält, dann hänkt dat alles zesummen. An duerfir musse mer och derfir suergen, datt mer op deem richtege Wee weiderginn.

Et ass net gutt, datt mer hei zu Lëtzebuerg déi Lescht sinn, wat d'Fraebeschäftegung ubelaangt! Dat ass net en Zeeche vun absoluttem Fortschrëtt. 38% vun de Frae schaffen. 38%! Elo halen ech fir gutt, datt meng Mamm an aneren hir Mammen hei deemools an enger Welt waren, wou dat net war, mä et sinn net nëmmen déi Eeler, déi dat concernéiert. An der Moyenne an der Europäescher Unioun - do gëtt et jo och eeler Dammen -, sinn et 48%, an hei zu Lëtzebuerg 38%. Also eng Politik wëllen ze maachen, déi d'Frae besonnesch decouragéiert, schaffen ze goen, ass eng Politik, déi de Wee vun der Aarmut scho virzeechent. An duerfir kënne mer dat net esou akzeptéieren!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Duerfir hu mer dat geännert. Duerfir hu mer och de Monoparentalle speziell d'Bonifikatioun verduebelt. Verduebelt! Dat geet vläicht net duer; mä och do hunn ech eng gewësse Memoire, Här President! Wa mer net deemools d'Steieren esou reorientéiert, geännert hätten, wéi mer se 1990 - oder 1991?, Dir wësst dat -...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- 1991.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- ...1991 geännert haten, dann hätte mer haut dee Problem net! Ech war deemools derbäi, wéi d'Steierklass fir d'Monoparentallen, d'Steierklass 2, ofgeschaaft ginn ass an an eng 1A transforméiert ginn ass. An do war net eng Philosophie vu sozialem Denken hannendrun! Neen, do war eng Ideologie hannendrun,...

(Interruption)

...fir ze soen: „Déi Bestueten an déi Netbestueten. An déi Netbestuete kënnen net besser traitéiert gi wéi déi Bestueten, déi musse manner gutt traitéiert ginn!". An dat ass d'Ursaach vun deem Problem, dee mer haut bei de Monoparentallen hunn an dee mer ëmmer erëm probéieren opzefänken. Mir hunn et elo verbessert, andeem mer haaptsächlech dee System vun der Bonifikatioun verduebelt hunn, wat e gudde Schrëtt ass, mä ech mengen, mir kënnen net domat ophalen.

E lescht Déngen iwwert d'Prekaritéit - elo muss ech awer eng Schlupp huelen, well soss kommen ech net weider -,...

(Brouhaha et hilarité)

D'Prekaritéit: Ech hu ganz gutt nogelauschtert. Ech sinn e Feind vun der Prekaritéit, wéi Dir alleguerten heibannen! Mä ech muss zwou Saache feststellen: Éischtens, d'Prekaritéit ass net esou schlëmm, wéi verschidde Leit se gemaach hunn. Wann ech Verschiddene vun Iech nolauschteren, da géif ech bal mengen, 80% vun de Lëtzebuerger hätten all e CDD an der Täsch oder géifen am Interim schaffen. Neen! Gott sei Dank! Gott sei Dank si mer hei zu Lëtzebuerg an engem Land, wou 91% vun de Salariéen e CDI hunn. An dat muss och esou bleiwen! An do musse mer och derfir schaffen, datt dat esou bleift.

5% hunn e CDD, 3% vun de Leit schaffen an engem Interim. An do si Problemer do. Net all CDD ass ze bedaueren, mä vill CDDe sinn ze bedaueren, well et fragill Aarbechtsverhältnisser sinn. Mä et gëtt och Leit, déi e CDD hunn, déi sech gutt domat debrouilléieren, dat hänkt ëmmer vun der Kategorie of. Iwwregens, den Interim ass net ëmmer fundamental anescht.

Mä et gëtt nach aner Prekaritéiten. An et ass gesot ginn: „Mir mussen déi Prekaritéit bekämpfen!" An da muss ech leider soen: Deen éischte Producteur vu Prekaritéit ass de Stat selwer! Deen éischte Producteur vu Prekaritéit ass de Stat! Well en eigentlech e System iwwert d'Joren agefouert huet - an dat war zum Deel viru menger Zäit, an ech hunn en nach bis elo net geännert, mä ech wäert en elo änneren! -, deen dora besteet, Leit ze beschäftegen, ouni se eigentlech richteg ze beschäftegen, dat heescht, Leit am Chômage ze loossen a se schaffen ze doen. Leit am RMG ze loossen a se schaffen ze doen! An dat eigentlech ouni Enn - ouni Enn! Oder bis de Chômage zum Schluss kënnt, an da beschäftege mer se. Dat hu mer virun e puer Joer gemaach, datt mer se dann net erausgeheien, da kënne se dann zum Mindestloun weiderschaffen. An dat ass eng Form vu Prekariséierung! Dat ass eng Form vun Injustice! Well wat do gespillt gëtt, dat heescht: Deen ee mécht déi nämlecht Aarbecht wéi deen aneren, genau déi nämlecht, mä deen ee verdéngt de Mindestloun an deen anere verdéngt de Mindestloun plus. An do läit eng grouss Injustice dran an déi musse mer änneren!

An Här Spautz, Dir hutt dorop ugespillt, datt ech elo e Gesetzesprojet an d'Regierung erabruecht hunn, datt mer elo ufänken, dat ze änneren: Een dee schafft, deen ass net méi am Chômage, an een dee schafft, deen huet e Recht op e Contrat de travail! Deen huet d'Recht op den Droit du travail, wat näämlech bei den OTIen net de Fall ass. Den OTIst, deen huet Recht op näischt: Wann e souguer sonndes schafft, huet e kee Recht op sonndes, wann en nuets géif schaffen, huet en net Recht op eppes. En huet net emol e puer Deeg Congé zegutt. An dat ass fir e Stat mat engem Droit du travail, dee jo als relativ developpéiert soll ugesi ginn, indigne! An dat ännere mer elo!

Dat kënnt aus enger fréierer Zäit. Ech wëll net Leit schaffe loossen ouni Contrat de travail an andeem mer ëmmer erëm nei soen: „Jo, du schaffs zwar, mä du bass awer nach am Chômage." Jo, et kann een entweder am Chômage sinn oder schaffen. Déi zwee gläichzäiteg kann een net! An dat nämlecht gëllt fir den RMG. Ech war bei Leit, déi mir gesot hunn: „Ech verstinn net, firwat ech net nach ëmmer an enger ATI sinn. Ech schaffen dach! Firwat muss ech dann ëmmer am RMG bleiwen?" Jo, wann een esou bëlleg Aarbechtskräften iergendwou hischéckt, ass et kloer, datt een déi bëlleg Aarbechtskraaft, déi null kascht - dat gëtt et net vill -, wëllt behalen! An dat ännere mer a mir gi jiddwerengem seng Dignitéit a mir gi jiddwerengem e Contrat de travail, wéi dat an engem ziviliséierte Land mat engem Droit du travail, dat sech respektéiert, soll de Fall sinn!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Bon, ech mengen, alles dat mécht, datt mer mussen un deem Projet Cohésion sociale schaffen, datt mer musse versichen, do wou et Aarmut gëtt, se ze bekämpfen. Bekämpfen duerch Aarbecht, duerch Qualitéitsaarbecht, do sinn ech ganz dermat d'accord! A Qualitéitsaarbecht heescht wat? Qualitéitsaarbecht heescht och virun allem emol, de Leit d'Méiglechkeet ginn, sech ze bilden, sech weiderzebilden, sech ëmzebilden. Dat ass ee vun deene wichtege Problemer: datt d'Leit net ëmmer déi Méiglechkeet hunn, besonnesch och dann, wa se an de Chômage falen, nei ausgebilt, ëmgeschoult ze ginn. An duerfir schaffe mir jo an der ADEM, fir datt d'ADEM vill méi proaktiv gëtt bei allem, wat Formatioun ass.

Well och d'Formatioun, d'Ausbildung souwéi d'Schoul... Et ka jo net sinn, datt deen, deen aus engem aarmen oder méi benodeelegten Haushalt kënnt, schonn d'office condamnéiert ass, wéi de Minister vun der Educatioun dat seet, schonn eigentlech weess, wann e gebuer gëtt, wat fir eng Filièren en huet, wann e méi grouss gëtt! Dat kann et jo net sinn! Also musse mer do usetzen, och an der Schoul - do gehéiert iwwregens d'Kannerbetreiung derzou -, fir de Kanner eng Chancëgläichheet ze garantéieren. Well dat Schlëmmst, wat et gëtt, dat ass, datt Aarmut och nach verierfbar ass. Aarmut ass verierfbar! An dat ass inakzeptabel an enger Gesellschaft, déi d'Gläichheet vun alle Bierger viraussetzt.

Also: Chancëgläichheet, eng Gesellschaft, déi erëm zesummekënnt, a Méiglechkeeten opmaachen, an e Sozialstat, dee staark ass. An un deem Sozialstat dierf net gerüttelt ginn!

Ech hu Momenter erlieft, wou Leit wollten d'Aueren zréckdréien, wou Verschiddener wollten dee Sozialstat ofbauen. Dat ass inakzeptabel! Mir brauchen dee Sozialstat, well mir brauchen eng kohäsiv Gesellschaft!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Aarbechtsminister.

Une voix.- Gitt der Madamm Cahen nach Zäit! Mir sinn derfir.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, bon.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, ech hu keng...

M. Marc Spautz *(CSV).*- Mir hu jo nach eng Minutt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Parole après ministre. Oder wëllt d'Regierung nach...?

(Interruption)

Ech wollt dem Här Minister felicitéieren. Ech hat ee Moment geduecht, et wier d'Ried vun engem Oppositiounspolitiker, besonnesch elo zum Schluss, wat déi Mesuren ugaangen ass, déi Beschäftegungsmesuren, wou ech inhaltlech komplett mat Iech op enger Linn sinn.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Mat deem Ënnerscheed, datt ech et elo...

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Jo, obwuel Dir awer 13 Joer an der Regierung waart an dat an deenen 13 Joer net virugedriwwen hutt. Also ass déi Iddi, datt een no zwou Mandatsperioden d'Ministeramt soll nidderleeën, näischt, wat, op jidde Fall an Ärem Fall, op fruchtbare Buedem géif treffen.

Ech géif awer gär op zwee Elementer zréckkommen, déi hei gesot gi sinn. Deen Taux vun deene 60%, deen d'Aarmutsgrenz ass - an dat hunn ech och virdru gesot -, ass e relativen. An deen ass bewosst erausgesicht ginn. Deen huet eng Ursaach! Well et war näämlech de Wonsch vun den europäesche Länner, fir ze soen: „Aarmut moosst sech am beschten iwwer Ongläichheet. Et ass keen absolutte Wäert. A wat d'Ongläichheet méi grouss ass, doriwwer definéiere mer d'Aarmut." Dat heescht, wann deen héich ass, a besonnesch bei deenen, déi schaffen, da seet en eppes aus iwwert d'Ongläichheete vun de Léin a besonnesch vun deenen niddregsten. A wou kënne mer eppes maachen? Mä evidemment beim Mindestloun! An duerfir, mengen ech, ass déi Fro net vum Dësch. Well déi Argumenter, déi Dir bruecht hutt, dat sinn awer eigentlech déiselwecht, déi een och kéint virbréngen, fir ze soen: „Mä en ass elo schonn ze héich. Solle mer en net nach weider erofsetzen?"

Duerfir mengen ech, datt déi Logik falsch ass, fir ze soen: „De Mindestloun ass eppes, wat eis Kompetitivitéit kéint a Fro stellen a wat et eigentlech deene lëtzebuergeschen Aarbechtslosen nach méi schwéier mécht." Ech mengen, datt de Géigendeel de Fall ass.

Dann hutt Der vun de soziale Mesurë geschwat, an ech hunn, äänlech wéi Dir selwer, och den Exercice gerechent an ech sinn op déiselwecht Zuele komm, wat wien zegutt hätt, och mat deem Panel, mat deem...

(Interruption par M. Nicolas Schmit)

Jo, duerfir war et och net esou schwéier. Ech hunn awer dat, wat net dra war, d'Steierreform, en vue vun der Debatt matagerechent. An ech fannen et awer schwiereg, fir ze soen: „De Problem, datt nawell 10% vun deene Leit, déi eng voll Tâche hunn, net op all déi Mesurë kënnen zréckgräifen, dat läit just dorunner, well déi Leit net informéiert sinn." Neen, an dat hunn ech probéiert ze weisen: Et läit och dorunner, datt d'Mesuren net gräife fir verschidden Typpe vu Situatiounen. A wann ee wëllt dee staarke Sozialstat hunn, deen Dir elo mat enger Verve verteidegt hutt, déi immens respektabel ass, da misst Der och do e puer Punkten ugoen, näämlech d'Subvention de loyer, näämlech d'Allocation de vie chère op kommunalem Plang, déi effektiv net fir jiddwereen do ass.

Dann hutt Der vun de CDDe geschwat. An do wëll ech Iech soen: Dir hutt recht, net jiddwereen ass an enger miserabeler Situatioun. Awer e Véierels vun deene sinn et! An et ass e Secteur, dee méi grouss gëtt. Viru Jore waren dat nach 5%. Elo sinn et der, wéi Der sot, 9%! Dat ass net gigantesch, mä et ass eng Tendenz, déi kloer no uewe weist, firwat ech mengen, datt ee misst ebe justement dohinnergoen an do dergéint reguléieren als Regierung.

Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- … Ech hunn ee Wuert vergiess, wann ech dat nach dierf soen, dat ass de Logement. Ech deelen alles dat, wat iwwert de Logement gesot ginn ass. Ech mengen, eng vun onse gréisste Problematiken ass de Logement. Mä et ass net eppes vu gëschter. Ech mengen, hei war emol een an der Chamber, dee gesot huet: „Mir hunn all versot am Logement." A besonnesch déi, déi net genuch Logementer gebaut hunn, hu versot. Ech mengen, mir hunn an där viregter Period 80 Logementer am soziale Wunnengsbau gebaut! Elo si mer bei 280, mengen ech, oder 240. Ech mengen, de Problem ass nëmmen iwwert d'Offer ze léisen. A wa mer och muer de Leit 300 Euro als Allocation logement ginn, da kréie mer dee Problem net an de Grëff! Mir kënnen de Problem vum Logement nëmmen iwwert d'Zuel vu soziale Logementer um Marché léisen. Nëmmen dat erlaabt dat.

An duerfir ass et natierlech wichteg, datt mer elo op deem Wee weiderfueren, fir ebe besonnesch déi Offer vu soziale Logementer weider eropzesetzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. Mir si saiséiert mat enger Motioun an enger Resolutioun. Ech ginn dovun aus, dass den Auteur näischt méi soe wëllt? Dach, dann huet den Här Baum d'Wuert.

Motion et résolution

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Här President, d'Motioun hunn ech effektiv an der Ried virgestallt. Et geet effektiv ëm d'Erhéijung vum Mindestloun mat enger Rëtsch vu Consideranten, déi Der virun Iech hutt.

D'Resolutioun selwer hunn ech nach net virgestallt. Do geet et eigentlech ëm de Wonsch, datt mer déi Debatt, wou jo jiddwereen hei och virdru begréisst huet, datt mer se féieren, méi oft maachen an datt mer och als Chamber en anert Bewosstsi fir déi Problematik entwéckelen.

Et ass esou, datt mer an deene leschte Jore wesentlech méi Zuelematerial kritt hunn, wat wëssenschaftlech opgeschafft ginn ass vu wëssenschaftlechen Instituter, vun der Uni Lëtzebuerg, vum Statec, woumat mer wierklech eng fundéiert Diskussioun an der Chamber kënne féieren. Och aner Akteuren, d'Salariatskummer, d'Caritas, entwéckelen all Joer Proposen a Weeër. An ech mengen, datt et duerfir sënnvoll wier, wa mer eis hei an der Chamber géifen d'Wuert ginn, datt mer eis der Fro vun der sozialer Entwécklung op eng systematesch Aart a Weis unhuelen an duerfir regelméisseg Debatten iwwert d'sozial Entwécklung vum Land féieren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Weider Wuertmeldungen zur Resolutioun oder zur Motioun?

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Et si Saachen dran, déi an där Motioun ganz gutt gemaach sinn, mä datt elo hei eng Motioun (veuillez lire: Resolutioun) sollt adoptéiert gi fir «organisation régulière d'un débat public à la Chambre», ech mengen, d'Chamber kann à tout moment esou eppes maachen, an duerfir gesinn ech dat net als onbedéngt nëtzlech un. An an de Consideranten, och wann ech mat villem d'accord sinn, mä d'Formulatioun, esou wéi se dosteet, ass fir mech schwiereg akzeptabel.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Da gi mer zur Ofstëmmung iwwer, wa keng weider Wuertmeldungen do sinn. Fir d'Éischt géif ech proposéieren, iwwert d'Motioun ofzestëmmen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

2-mol Jo, 52-mol Neen, an 3 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Claudia Dall'Agnol), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zur Resolutioun iwwergoen.

Vote sur la résolution 1

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. A wa jiddwereen ofgestëmmt huet - dat schéngt de Fall ze sinn -, ass d'Ofstëmmung eriwwer.

D'Resultat ass 26-mol Jo an 32-mol Neen. Domat ass d'Resolutioun verworf.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Cécile Hemmen), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Mir géifen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. An de Rapporteur ass scho prett. Et ass de Projet de loi 7104 iwwert d'Schafe vu fënnef regionalen Direktiounen am Enseignement fondamental.

6. 7104 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

3. de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques; b) la création d'un «Centre de gestion informatique de l'éducation»; c) l'institution d'un Conseil scientifique;

4. de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;

5. de la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du Centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

6. de la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire;

7. de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État;

8. de la loi du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Genee dat ass et, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, am Regierungsprogramm gouf en immense Wäert op d'Qualitéit an op eng verbessert Organisatioun vun eise Schoule geluecht. Et ass dobäi net drëms gaangen, alles iwwert de Koup ze werfen, mä ze kucken, wéi eng Strukturen an Opdeelungen tëschent deene verschiddenen Akteuren hautzudaags nach Sënn maachen a wou ee muss Upassunge virgesinn, fir weiderhin en héichwäertegen Enseignement an eise Schoulen ze assuréieren.

Jo, eis Schoulen hu sech an deene leschte Jore staark verännert. Mir haten an der Lescht vill Geleeënheet, fir doriwwer hei am Haus och ze diskutéieren. Den Integratiounsoptrag, d'Heterogenitéit vun de Schüler, d'Unzuel u Kanner mat spezifesche Besoinen, dat sinn nëmmen e puer Elementer, déi an deene leschte Jore staark zougeholl hunn an déi d'Erausfuerderungen un d'Schoule wuesse gedoen hunn.

Et ass dofir ëmsou méi wichteg ze kucken, wéi een op deene verschiddene Plaze kann ajustéieren, fir eist Schoulwiese méi effikass opzestellen an de Besoinen an de Realitéiten um Terrain och unzepassen.

Ier ech dann op déi verschidde Mesuren ze schwätze kommen, wëll ech virop nach betounen, datt mir mat dësem Gesetz am Fong déi grouss Linnen ëmsetzen, déi de Ministère an de Syndicat national des enseignants an engem Accord vum 22. Februar 2016 festgehalen hunn. Dat betrëfft souwuel d'Gestioun vun de Schoule wéi och déi nei Instituteur-spécialiséen, op déi ech duerno nach wäert ze schwätze kommen.

Ech wëll och just der Chamber mat op de Wee ginn, datt eigentlech sämtlech Bildungsetüde soen, datt d'Ressourcen an de Schoulen net am beschten investéiert sinn, andeems mer just an den niddrege Klasseneffectif investéieren, mä datt mer se och aneschters an iwwer aner Weeër an d'Schoule sollte ginn. Duerfir géif ech hei recommandéieren, déi Motioun do net unzehuelen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Madamm Hansen huet sech zu Wuert gemellt.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Also mir wäerten eis bei dëser Motioun enthalen. Wéi am Ufank den Accord mam SNE u sech gestëmmt ginn ass, dunn ass gesot ginn: „Et kommen 150 Posten an déi kommen erëm an d'Schoulen." Du war nach net ganz kloer, wéi se an d'Schoule kéimen. Dunn hunn ech jo gesot: Da muss ee sech awer Froe stellen, well mer hunn an de Schoulen um Terrain definitiv och Problemer, net nëmme mat den Élèves à besoins spécifiques, mä et gi ganz grouss Ënnerscheeder an de Klassen.

Déi méi grouss Schoulen hu mam Contingent eng gewësse Flexibilitéit, fir dann awer méi differenzéiert Schoul ze halen. Déi méi kleng Schoule mat manner Schüler hunn do manner Flexibilitéit. An dofir géif ech mengen, misst een awer eng Kéier iwwert de Contingent diskutéieren. Dofir enthale mer eis hei.

Also ech mengen zwar och, datt elo reng ëmmer einfach nëmmen ze soen, vu 14 op 16 a vu 16 op 14 (veuillez lire: vu 16 op 14 Schüler pro Klass), dat ass net direkt d'Léisung. Mä mir denken, datt een awer eng Kéier misst iwwert de Contingent diskutéieren. Mir enthalen eis also.

Une voix.- Da misst der dergéint stëmmen!

Plusieurs voix.- Jo.

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech mengen, hei muss jiddwereen…

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Mir stëmmen esou, wéi mir wëllen, net wéi Dir eis sot.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Hei muss jiddwereen decidéieren, wat e fir richteg fënnt. An dofir stëmme mer dann elo of.

Vote sur la motion 2

Voilà, d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. 3-mol Jo, 34-mol Neen, 22 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun verworf.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Cécile Hemmen), Tess Burton (par M. Roger Negri), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marcel Oberweis) et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert).

7. Ordre du jour

Domat, Kolleeginnen a Kolleegen, si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Nächste Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou Auer. Opgrond vun enger Ofsprooch tëschent alle Fraktiounen hu mer als éischte Punkt um Ordre du jour déi Resolutioun iwwert d'Geneemegung vun neien OGMen. Dat ass ofgeschwat. Ech ginn Iech Rendez-vous muer de Mëtten um zwou Auer. Kommt gutt heem!

D'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 20.01 heures)

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Résolution de M. Henri Kox relative au rejet des maïs transgéniques «1507» de DuPont/Pioneer, «Bt11» de Syngenta et MON810 de Monsanto
- *Dépôt et exposé: M. Henri Kox*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé*
- *Vote sur la résolution (adoptée)*

4. 6938 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 4 de la Constitution
- *Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle: M. Alex Bodry*
- *Discussion générale: M. Léon Gloden, Mme Simone Beissel, M. Claude Adam, M. Roy Reding (intervention de M. Léon Gloden), M. Alex Bodry (intervention de M. Roy Reding), M. Marc Baum, M. Alex Bodry*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
- *Vote sur la proposition de révision de la Constitution 6938*

5. 7103 - Projet de loi relative aux comptes de paiement et portant:

1. transposition de la directive 2014/92/UE du Parlement européen et du Conseil du 23 juillet 2014 sur la comparabilité des frais liés aux comptes de paiement, le changement de compte de paiement et l'accès à un compte de paiement assorti de prestations de base; et

2. modification de la loi modifiée du 15 décembre 2000 sur les services financiers postaux
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. André Bauler*
- *Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. David Wagner (intervention de M. Franz Fayot)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 6887 - Projet de loi portant modification de l'article 3 du Code de procédure pénale
- *Rapport de la Commission juridique: Mme Simone Beissel*
- *Discussion générale: M. Léon Gloden, M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 7030 - Projet de loi transposant la directive 2014/40/UE du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 relative au rapprochement des dispositions législatives, réglementaires et administratives des États membres en matière de fabrication, de présentation et de vente des produits du tabac et des produits connexes; abrogeant la directive 2001/37/CE; modifiant la loi modifiée du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac
- *Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports: Mme Cécile Hemmen*
- *Discussion générale: Mme Nancy Arendt, M. Gusty Graas (interventions de M. André Bauler, Mme Nancy Arendt, M. Laurent Zeimet, M. Alexander Krieps, Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Laurent Zeimet), Mme Josée Lorsché (interventions de M. André Bauler et M. Alexander Krieps), M. Gast Gibéryen (interventions de Mme Nancy Arendt et M. Alexander Krieps), M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

8. 7108 - Projet de loi arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans la magistrature et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire
- *Rapport de la Commission juridique: M. Franz Fayot*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, Mme Viviane Loschetter, Mme Simone Beissel*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Félix Braz, M. Pierre Gramegna et Mme Lydia Mutsch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtteg! Ech maachen heimat d'Sëtzung op.

Ech stellen d'Fro net, well ech d'Äntwert kennen. Merci.

2. Ordre du jour

Da géife mer direkt mat eisem Ordre du jour weiderfueren. Wéi gëschter Owend ugekënnegt, si mer mat enger Resolutioun, déi vum Här Henri Kox virgedroe gëtt, konfrontéiert, wat d'Geneemegungsprozedur vun dem genmanipuléierte Mais ugeet.

Den Här Henri Kox huet direkt d'Wuert fir d'Presentatioun an den Depot vun der Resolutioun.

3. Résolution de M. Henri Kox relative au rejet des maïs transgéniques «1507» de DuPont/Pioneer, «Bt11» de Syngenta et MON810 de Monsanto

Dépôt et exposé

M. Henri Kox *(déi gréng), auteur.*- Merci, Här President. Elo hutt Der et richteg gesot. Ech wollt Iech net verbesseren. Mä et ass eng Resolutioun, also et ass eng Resolutioun vun der Chamber, fir eben d'EU-Kommissioun, d'EU-Kommissioun ënnert der Presidence vum Här Juncker, opzefuerderen, dräi genmanipuléiert Maiszorten net ze autoriséieren. Déi éischt Zort ass 1507 vun DuPont/Pioneer, déi zweet Zort ass de Bt11 vu Syngenta, vun där Der bestëmmt schonn héieren hutt, an dat Drëtt ass u sech, fir d'Erneierung vun enger Autorisatioun och net zouzeloossen, an dat ass fir d'Maiszort MON810 vu Monsanto.

Dëst net nëmmen op d'Risikobewäertung vun der EFSA, also der Alimentatiounssécherheetsautoritéit vun der Europäescher Unioun hin, mä och fir aner Prinzipien an de Vierdergrond ze stellen, insbesondere de Precautiounsprinzip. Ech wëll Iech e puer Punkten aus der Resolutioun hei nach virdroen, déi Der op Ärem Pult virun Iech leien hutt, fir dat och ze begrënnen.

Éischtens, dës Regierung, awer net nëmmen dës Regierung, och déi viregt Regierungen hu sech ganz kloer hei ëmmer géint d'OGMen ausgeschwat,...

Une voix.- Très juste!

M. Henri Kox *(déi gréng), auteur.*- ...insbesondere sech op de Precautiounsprinzip baséierend.

Zweetens ass an der leschter Zäit oft awer en OGM autoriséiert gi vun der Kommissioun, obschonn eng grouss Majoritéit vun deenen 28 EU-Länner sech dergéint ausgeschwat hunn. Ech erënneren awer och drun, an dat steet och an der Resolutioun, dass e grousse Clivage tëschent deene Länner do ass, déi derfir sinn, an deene Länner, déi dergéint sinn.

Et muss een awer och feststellen, dass et keng qualifizéiert Majoritéit gëtt, fir esou een OGM zouzeloossen, weder derfir, nach gëtt et eng qualifizéiert Majoritéit, déi sech ausschwätzt dergéint. An dann ass d'EU-Kommissioun an der Obligatioun, fir d'Decisioun schlussendlech ze treffen, fir dann esou eng Zouloossung ze autoriséieren.

Mir mengen awer, well dat de Moment de Fall esou ass, bei dësen dräi OGMen, dësen dräi Maiszorten, dass sech nëmmen aacht Membere vun deenen 28 EU-Länner derfir ausgeschwat hunn, dass eng grouss Majoritéit vun de Länner sech awer nach ëmmer dergéint ausschwätzt. Vu dass awer och d'Europäescht Parlament sech eendeiteg bei all den Zouloossungen ëmmer erëm dergéint ausgeschwat huet, erënnere mer awer och nach eng Kéier ganz explizitt drun, dass d'EU-Kommissioun sech net eleng op d'EFSA sollt beruffen, mä aner Prinzipien och an de Vierdergrond sollt stellen, wéi d'Konsequenzen, d'ekonomesch Konsequenzen, déi ethesch Konsequenzen. Dir wësst alleguerten, wat OGMen an der Drëtter Welt heeschen, wéi eng Problematik sech do stellt, ëmwelttechnesch Problemer respektiv allgemeng Societéitsproblemer.

Mir hunn nach de Moien an der Kommissioun iwwert dat neit Ausschreiwungsgesetz diskutéiert, wou grad déi Elementer och Wichtegkeet kréien an Zukunft, fir eng Ausschreiwung kënnen ze begleeden.

Aus deenen Iwwerleeungen eraus fuerdere mer also de President op, an dat ass eng Resolutioun vun eis alleguerte gedroen, well sämtlech Fraktiounen a Sensibilitéiten hu sech derfir ausgeschwat, dës Resolutioun op Bréissel ze schécken, fir dass d'Kommissioun hei wierklech de Principe de précaution eng Kéier zur Applikatioun stellt an déi dräi virgenannt OGMen eben net zouléisst.

Merci fir d'Ënnerstëtzung. An domadder soen ech och Merci an ech maachen den Depot vun der Resolutioun.

Résolution

«Rejet des maïs transgéniques „1507" de DuPont/Pioneer, „Bt11" de Syngenta et MON810 de Monsanto»

La Chambre des Députés,

- considérant le programme gouvernemental 2013-2018, qui mentionne l'application résolue du principe de précaution en matière d'organismes génétiquement modifiés (OGM) et, dans la mesure du possible, l'interdiction de l'utilisation d'OGM au niveau national;

- préoccupée face à la multiplication des projets de décision d'autorisation d'OGM au niveau de l'UE malgré l'opposition persistante de la majorité des 28 États membres, dont le Luxembourg;

- constatant que depuis un an et demi, la Commission européenne a proposé quatorze projets de décision relatifs à la commercialisation ou la mise en culture d'organismes génétiquement modifiés et que le Parlement européen s'est prononcé contre tous ces projets;

- rappelant qu'il existe un clivage profond entre États membres et qu'il ne se dégage ni une majorité qualifiée en faveur ni en défaveur des demandes d'autorisation visées;

- constatant que bien qu'il n'y ait pas de majorité qualifiée, prévue par les traités, les votes relatifs aux OGM démontrent néanmoins qu'une large majorité simple des États membres rejette les autorisations d'OGM;

- vu l'obligation de la Commission européenne de décider en dernier lieu sur les demandes d'autorisation d'OGM si les États membres ne réussissent pas à dégager une majorité spécifique en faveur ou en défaveur des projets de décision;

- considérant que lors du vote le plus récent relatif aux trois variétés de maïs transgéniques pour lesquelles la Commission européenne devra prochainement décider, uniquement huit États membres ont voté pour le renouvellement de l'autorisation du maïs MON810 et seulement six États membres pour l'autorisation du 1507 et du Bt11;

- estimant que ces refus traduisent les sérieux doutes des États membres quant aux procédures d'évaluation des risques ainsi que leurs inquiétudes à propos du processus de décision en matière d'OGM dans l'UE;

- se félicitant que citoyens et autorités politiques luxembourgeois adoptent depuis longtemps une position critique, conforme au principe de précaution, et que les représentants du Gouvernement luxembourgeois se sont donc exprimés clairement contre l'autorisation des trois OGM susmentionnés;

- estimant que lors de sa décision sur une demande d'autorisation, la Commission européenne devrait considérer non seulement les résultats de l'évaluation des risques par l'Autorité européenne de sécurité des aliments (EFSA), mais aussi tout autre élément légitime, ainsi que le respect du principe de précaution;

- déplorant que jusqu'ici la Commission ait toujours adopté ces projets de décision en suivant simplement les recommandations de l'EFSA, sans considérer les autres aspects indispensables tels que les conséquences économiques, éthiques, environnementales ou sociétales;

- estimant qu'en approuvant automatiquement les avis de l'EFSA, la Commission européenne attribue de facto la position de décideur politique aux scientifiques de l'EFSA et leur attribue donc un poids bien plus important qu'aux majorités des membres du Parlement européen ET des États membres;

- convaincue qu'au vu de l'opposition forte et persistante d'une majorité des États membres et du Parlement européen, la seule solution politiquement acceptable soit le rejet des demandes d'autorisation des trois cultures d'OGM susmentionnées,

invite la Commission européenne

- à considérer, dans son rôle de gestionnaire des risques, non seulement les résultats de l'évaluation des risques de l'EFSA, mais aussi les autres éléments légitimes de même que le principe de précaution;

- à rejeter en conséquence la demande d'autorisation de mise en culture du maïs «1507» de Du Pont/Pioneer et du maïs «Bt11» de Syngenta ainsi que le renouvellement de l'autorisation du maïs «MON81 O» de Monsanto,

charge son Président de transmettre la présente résolution au Président de la Commission européenne.

(s.) Henri Kox, Eugène Berger, Alex Bodry, Gast Gibéryen, Viviane Loschetter, Marco Schank, David Wagner.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An ech maachen d'Diskussioun op. Wuertmeldungen zu der Resolutioun, déi, sou wéi ech verstanen hunn, vun alle Fraktiounen a Sensibilitéite gedroen ass? Madamm Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.*- Merci, Här President. D'Regierung kann dës Initiativ nëmmen ënnerstëtzen, well se déi Positioun nach eng Kéier ënnermauert, déi mir als Land hunn an déi iwwregens och an eisem Regierungsprogramm steet.

A mengen Aen ass déi heiten Initiativ e gudden an en zousätzleche Moyen, fir d'Europäesch Kommissioun drop hinzeweisen, dass eist Land der Meenung ass, dass niewent den Evaluatiounen an Argumenter vusäite vun der EFSA, déi ëmmer ugefouert gi bei der Autorisatioun vun den OGMen, och nach aner legitimm Grondlagen an Argumenter dierfe mat afléissen.

Bon, et ass hei schonn drop higewise ginn, dass mer zënter Jore bei den Autorisatiounsvotte Blocagen hunn, wat jo dann och zu der Direktiv 2015 gefouert huet. An déi huet mat sech bruecht, dass d'Memberstaten erëm eng Rei vun nationale Pouvoiren ageraumt kréien. Gutt fir eis, well d'Lëtzebuerger Regierung huet deen Dispositiv benotzt, fir schonn an der Phas 1 vun der Direktiv eng ganz Rei vun OGMen hei zu Lëtzebuerg net zouzeloossen - den Här Kox ass hei schonn dorobber agaangen, dofir maachen ech dat net -, ënner anerem déi, déi elo eben an der Resolutioun stinn.

Mä mir wäerten och an der Phas 2 vun där Direktiv all Méiglechkeete benotzen, fir nach weider OGMen net fir d'Kultur zouzeloossen. Ech wollt och an deem Zesummenhang d'Informatioun ginn, dass mir viru Kuerzem am Gesondheetsministère an Zesummenaarbecht mam Émweltministère a mam Agrikulturministère eng spezialiséiert Persoun, en Expert, agestallt hunn, dee sech nëmmen ëm OGMe këmmert, wat ganz wichteg fir eist Land ass.

Duerfir kann ech nëmmen nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi Initiativ hei vun der Chamber begréissenswäert ass, well se fir déi europäesch Autoritéiten zousätzlech ënnersträicht, dass d'Populatioun hei zu Lëtzebuerg keng OGMe wëllt. Dat ass eis Positioun.

A parallell wäert d'Lëtzebuerger Regierung all Energie dran investéieren, fir déi legal Moyenen auszenotzen, déi mer zur Verfügung hunn, fir d'Kultur vun OGMen ze verbidden, nach besser ze kontrolléieren an och entspriechend Penalitéiten ze definéieren, ënner anerem duerch d'Revisioun vum OGMs-Gesetz an och d'Redefinitioun vun de Kontrollkompetenzen.

Dorop schaffe mer ganz intensiv. An nach eng Kéier Merci fir dës wichteg Initiativ.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci.

Vote sur la résolution

Hunn ech richteg verstanen, dass mer iwwert déi hei Resolutioun per Handophiewe kënnen ofstëmmen? Ass dat esou?

(Assentiment)

Da géif ech déi, déi sech derfir ausdrécken, bieden, d'Hand ze hiewen.

Géigeprouf: Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Unanimitéit. Merci. Mir wäerten dann direkt déi Resolutioun un d'Kommissioun zu Bréissel weiderginn.

A mer géifen da kënnen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Proposition de révision vun der Verfassung mat der Nummer 6938, d'Propositioun, déi den Artikel 32 Paragraf 4 vun der Verfassung soll ëmänneren.

Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. An hei gëllt, wéi Der wësst, keng Procuratioun.

D'Wuert huet elo den Auteur-rapporteur, den Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

4. 6938 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 4 de la Constitution

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Alex Bodry *(LSAP), auteur-rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, nodeem mer duerch e Gesetz vum 18. Oktober 2016 den Artikel 32.(3) vun eiser Verfassung iwwert de reglementaresche Pouvoir vum Grand-Duc ofgeännert hunn, hu mer et haut de Mëtteg mat enger zweeter Ofännerung ze di vun deem Artikel 32, dës Kéier de 4. Paragraf, deen déi sougenannte Krisesituatioune behandelt, an deenen de Grand-Duc, an deenen d'Regierung aussergewéinlech Pouvoiren ënner bestëmmte Konditiounen zougestane kritt.

Dës Regel vum Artikel 32.(4), déi mer haut och scho kennen, ass an eiser Verfassung als Exceptioun zu den allgemenge Regelen, wat de Pouvoir réglementaire vun der Exekutiv ugeet, formuléiert.

Den aktuellen Artikel, dee mer ofänneren, ass wéi folgend formuléiert: «Toutefois, en cas de crise internationale, le Grand-Duc peut, s'il y a urgence, prendre en toute matière des règlements, même dérogatoires à des dispositions légales existantes. La durée de validité de ces règlements est limitée à trois mois.»

Dësen Text, deen haut en vigueur ass, geet op eng Revisioun vum 19. November 2004 zréck an ass deemools mat grousser Majoritéit hei vum Parlament gestëmmt ginn, notamment mat de Stëmme vun der CSV, der LSAP, deene Gréngen a vun der ADR. Dës permanent Verfassungsbestëmmung ersetzt eng laang Praxis, déi mer iwwer 100 Joer hei zu Lëtzebuerg kannt hunn, vun de sougenannte Vollmachtsgesetzer, de Lois d'habilitation, déi mer all Kéiers hei am Dezember, um Enn vun der leschter Sitzung vum Joer debattéiert hunn. Iwwert dat Spezialgesetz, wat eng Durée hat vun engem Joer, huet d'Regierung d'Habilitatioun kritt vun der Chamber, fir a Wirtschafts- a Finanzfroe kënnen ze reglementéieren an och iwwer Reglementer Gesetzer ofzeänneren. Allerdéngs war dat net méiglech am Domaine réservé à la loi par la Constitution.

Deen Artikel 32.(4), deen also déi al Praxis vun de Vollmachtsgesetzer ersat huet, ass an deene leschten zwielef Joer ganzer zweemol gebraucht ginn, all Kéiers am Zesummenhang vu Krisen am Finanzberäich. Eng éischt Kéier am Joer 2008, wou et ëm d'staatlech Finanzgarantie fir d'Dexia gaangen ass, an dann dräi Joer méi spéit, Oktober 2011, wéi et ëm d'Restrukturéierung vun dem Grupp Dexia gaangen ass. All Kéiers ass et ëm grouss finanziell Engagementer vum Stat gaangen, déi normalerweis hätte misse konform zum Artikel 99 vun eiser Verfassung per Gesetz gemaach ginn. An dësem Fall, well eng Urgence virlouch, huet d'Regierung dat iwwer Règlement grand-ducal gemaach.

Am Kader vun eiser allgemenger Verfassungsreform, iwwert déi mer elo schonn iwwer zéng Joer diskutéieren, sollt fir d'Eischt deen doten Text net geännert ginn, dat heescht den aktuellen Artikel 32.(4) sollt bäibehale ginn. Opgrond allerdéngs vun enger Suggestioun vum Statsrot beim Gesetzesprojet iwwert d'Protection nationale ass d'Iddi opkomm, fir nieft der internationaler Kris och d'Hypothees vun enger nationaler Kris an der Verfassung virzegesinn.

Et ass och doropshin also, dass eng zousätzlech Hypothees, déi vun enger realer Bedroung fir déi vital Interesse respektiv wichteg Bedierfnesser vun der ganzer Bevëlkerung oder Deeler vun der Bevëlkerung, an eis Revisiounspropositioun vun der Verfassung iwwerholl ginn ass.

Mä d'Geschicht ass weidergaangen. November 2015 ass et zu deene schrecklechen Attentater zu Paräis komm an doropshin huet d'Regierung sech mat der Chamber zesummegesat an et ass am Fong gemeinsam decidéiert ginn an enger Sitzung vum Dezember 2015, fir den Artikel 32.(4) op de Leescht ze huelen, fir en och lasszekoppelen aus der allgemenger Verfassungsrevisioun; dat, fir méi Rechtssécherheet ze kréien an deem dote Beräich, well och de Begrëff vun der internationaler Kris net kloer definéiert ass an e ganz floue Begrëff ass.

Et ass also gemeinsam decidéiert ginn, deen dote Punkt vun der Verfassung ëmzeänneren. An nodeem mer iwwer verschidden Textentwërf an der Kommissioun diskutéiert hunn, hunn ech a menger Qualitéit als President vun där Kommissioun am Numm vun der Majoritéit vun der Kommissioun den 20. Januar 2016 eng Proposition de révision deponéiert an op den Instanzewee ginn.

Deen Text ass op där enger Säit an d'Richtung gaangen, fir de Champ d'application vun der Krisesituatioun méi breet ze definéieren, wéi dat haut de Fall ass, a wou och zousätzlech d'Hypothees vun enger imminenter Bedroung duerch grav Verstéiss géint d'ëffentlech Uerdnung zréckbehale ginn ass als méiglech Krisesituatioun.

An op där anerer Säit awer, dat wëll ech besonnesch betounen, ass d'Roll vun der Chamber, d'Interventioun vun der Chamber, dem legislative Pouvoir, an där Ausnameprozedur gestäerkt ginn, par rapport zu där, wéi mer se haut kennen am 32.(4), wou d'Chamber guer keng Roll spillt. Déi ass gestäerkt ginn doduerjer, dass mer hei virgesinn haten, dass d'Dauer vun der Krisesituatioun net däerft iwwer sechs Méint am Total erausgoen, doduerjer och, dass d'Chamber intervenéiert, soubal déi Krisesituatioun iwwer zéng Deeg dauert. Ass do net e Vott vun der Chamber, dann ass déi Krisesituatioun net méi ginn an de Pouvoir réglementaire vun der Regierung an der spezifescher Situatioun besteet also och net méi.

Nëmmen d'Chamber kann iwwer zéng Deeg eraus decidéieren, mat enger Zweedrëttelmajoritéit, also enger Majoritéit, déi normalerweis iwwert d'Regierungsmajoritéit erausgeet, dass déi Krisesituatioun weider besteet. An d'Chamber kann och net fréizäiteg opgeléist ginn, fir ze verhënneren, dass also vun enger Krisesituatioun géif vun der Regierung Gebrauch gemaach ginn, fir sech eng besonnesch staark Majoritéit ginn ze loosse bei esou virgezunnenen Neiwahlen.

D'Reglementer bleiwen nëmmen esou laang en vigueur, wéi d'Kris dauert, maximal dräi Méint. Wéi gesot, dat waren alles scho Punkten, déi mer an eiser urspréngleche Proposition de révision dran haten. Déi si grosso modo och eigentlech am definitiven Text zréckbehale ginn, deen awer op anere Punkten nach präziséiert a vervollstännegt ginn ass.

Dës Propositioun ass vu verschiddene Säite kritesch aviséiert ginn. An nieft dem Prinzip vun der angeeblech feelender Präzisioun vun eenzelnen Notiounen am Text war et och de Wonsch, dass sollen nach komplementär Explikatiounen an den Text selwer mat agebaut ginn, déi mer deelweis am Exposé des motifs vun eiser Proposition de révision haten.

An der Chamberskommissioun ware mer beméit, déi dote Kriticken ze entschäerfen an, wéi ech gesot hunn, eisen urspréngleche Text nach op eenzelne Punkten nozebesseren an ze vervollstännegen.

Et war och eng gemeinsam Suerg, dass mer an engem explikativen Text och, deen an den Documents parlementaires nozeliesen ass, fir all déi, déi sech déi Méi maachen, duerstellen, wéi dee ganze Regimm an der Praxis eigentlech ausgesäit a wéi mer déi juristesch Froen, déi sech stellen, gedenken ze léisen. A mir hunn eigentlech eng 100%eg Iwwereneestëmmung kritt an eiser Interpretatioun vun deem neie Regimm par rapport zu där, déi de Statsrot a sengen Avise ginn huet, soudass also do u sech Rechtssécherheet besteet, wat och déi méiglech Interpretatioun am Detail vun deem heiten Text ugeet.

Besonnesch hu mer eis mat engem kriddeleche Punkt ofginn, deen haut guer net definéiert ass an der Verfassung: Dat ass dee vun der Urgence.

Wéi ass d'Urgence ze interpretéieren? Haut steet just dran, an dat huet bis elo nach kee weider gestéiert, dass et de Grand-Duc ass, deen d'Urgence eigentlech festleet, de Grand-Duc, dat heescht, d'Regierung d'Urgence festleet.

Hei hu mer ganz kloer gesot, dass d'Urgence nëmmen doranner besteet, dass d'Chamber net an der Lag ass, an deene gefuerderten, ganz kuerzen Delaien ze handelen. Also nëmmen dann, an dat ass an Zukunft ganz kloer, nëmmen dann, wann et eng Fro vu Stonnen oder Deeg ass, kann eigentlech d'Regierung soen, dass eng Urgence do ass. Wann et eppes ass, wat an e puer Wochen ze regele wär iwwer normal Gesetzer, da selbstverständlech gëtt et kee Grond, dass de Pouvoir réglementaire eigentlech d'Méiglechkeet huet, fir besteeënd Gesetzer ëmzeänneren. Da muss déi normal Kompetenzopdeelung spillen. Dat heescht, da muss d'Chamber voll kompetent bleiwen.

Hei also hu mer an der Definitioun vun der Urgence eng ganz restriktiv Definitioun festgehalen, déi also e ganz staarke Garde-fou duerstellt an déi méi restriktiv ass wéi dat, wat mer haut am Artikel 32.(4) bei der internationaler Kris stoen hunn. Dat war also e ganz wichtege Punkt.

De Champ d'application ass méi grouss ginn doduerjer, dass mer also och, an do hu mer eis inspiréiert un dem Gesetz vun der Protection nationale, dat och hei eestëmmeg vun der Chamber guttgeheescht ginn ass, déi Hypotheese vun de Calamitéiten zréckbehalen hunn, andeem mer gesot hunn, dass eben eng Kris och national besteet, wann u sech liewenswichteg Interesse respektiv wa fundamental Bedierfnesser vun der Bevëlkerung oder vun Deeler vun der Bevëlkerung en cause sinn. Natierlech muss ëmmer erëm d'Urgence och gläichzäiteg spillen.

Wat och besonnesch wichteg ass, dat ass, dass mer festgehalen hunn, nach eng Kéier ganz kloer, an do hu mer eng total Iwwereneestëmmung mat der Interpretatioun, déi och de Statsrot gemaach huet, dass mer et hei net mat enger Délégation de pouvoirs ze dinn hu vum Parlament op d'Exekutiv. D'Parlament bleift, och wärend der Krisesituatioun, bleift am volle Besëtz vu senge legislative Pouvoiren, kann also zu all Moment intervenéieren als Legislateur, kann och zu all Moment intervenéieren als Kontrollorgan vun der Exekutiv. D'Chamber also bleift voll en fonction, ouni iergendwellech Ofstrécher wärend där Period, wärend deenen zéng Deeg. Dat ass jo déi maximal Zäit, wou d'Regierung an Zukunft kann nach fir sech selwer decidéieren, dass eng Krisesituatioun besteet.

An da kënnt natierlech déi zousätzlech Barrière mat derbäi - do hu mer eis inspiréiert un och zum Deel auslänneschen Texter -, dass, wann déi Krisesituatioun méi laang wéi zéng Deeg dauert, da muss nom zéngten Dag direkt, den zéngten Dag praktesch, muss spéitstens, an dat gëtt eng grouss Erausfuerderung, wa sech sollt déi Situatioun stellen, e Gesetz gestëmmt ginn, wou déi Krisesituatioun géif an der Dauer verlängert ginn. Dat ka maximal dräi Méint nach verlängert ginn, soudass also déi maximal Dauer vun enger Krisesituatioun am Kader vum Artikel 32.(4) hei zu Lëtzebuerg zéng Deeg plus dräi Méint ass.

Mir wëssen, dass mer elo a Frankräich an der Situatioun sinn, dass se bei der sechster Verlängerung sinn an dass se praktesch elo op zwee Joer Dauer vun enger Krisesituatioun kommen. Esou eppes, esou eng - fannen ech - fatal Ofweichung ass mat eisem Text net méiglech. Mir hunn also hei e ganz, ganz enken, e ganz strikte Kader gesat, dee vill méi strikt ass wéi deen, dee mer haut kennen an der Hypothees vun der internationaler Kris. An dat, mengen ech, ass och gutt esou.

Ech betounen och: Et geet net duer, dass eng einfach Majoritéit vun der Chamber deklaréiert, dass d'Krisesituatioun iwwer zéng Deeg nach weider besteet, mä dat muss eng Majorité qualifiée sinn. Eng Zweedrëttelmajoritéit vun den Deputéierte muss also mat esou enger Decisioun d'accord sinn. Och dat ass also bal nëmme méiglech, wa wierklech eng ganz, ganz breet Iwwereneestëmmung besteet an der Aschätzung vun der Gravitéit a vun der Urgenz vun der Situatioun.

Selbstverständlech, d'Hierarchie vun de Rechtsnorme bleift ze respektéieren. Dat hate mer ganz kloer geschriwwen an eisem Exposé des motifs zu der Propositioun an hu mer elo an den Text selwer iwwerholl. Et ass jo ganz kloer, dass, wann zwar d'Regierung ënner exceptionnelle Konditiounen zäitlech begrenzt d'Méiglechkeet kritt, fir iwwer Règlement-grand-ducalle besteeënd Gesetzer ëmzeänneren, och am Domaine réservé à la loi, heescht dat net, dass se kann d'Constitutioun selbstverständlech ëmänneren. Do muss se natierlech sech dorunner halen. Och international Texter kënnen net iwwer Règlement grand-ducal ëmgeännert ginn, och opgrond vun dëser spezieller Verfassungsdispositioun net.

Dat hu mer also elo ganz kloer an den Text erageschriwwen a mir hunn eis och inspiréiert un der Jurisprudenz vun dem Europäesche Mënschegeriichtshaff vu Stroossbuerg, dee ganz kloer jo och seet, wat iwwerhaapt per Gesetz ka bei Fräiheeten oder Grondrechter vun Aschränkunge kommen. Dat muss ëmmer dräi Konditiounen entspriechen: Esou Aschränkunge mussen noutwendeg sinn, si musse passend sinn a si musse verhältnisméisseg sinn. Dat gëllt also selbstverständlech och fir déi Règlement-grand-ducallen, déi hei wärend enger Krisesituatioun kéinte geholl ginn, wann déi Verfassungsbedéngunge gi sinn.

Et bleift derbäi, dass mam Enn vun der Kris och automatesch all déi Mesuren, déi d'Regierung geholl huet, verfalen. Si bleiwe gülteg natierlech fir déi Effets antérieurs, mä si hu keng Effete méi fir d'Zukunft. En äänleche Prinzip hu mer haut schonn am Artikel 32.(4) stoen. A wann, wéi gesot, d'Krisesituatioun éischter fäerdeg ass wéi dräi Méint an zéng Deeg, dann ass et och schonn éischter eriwwer mat de juristeschen Effete vun deem Ganzen.

Här President, ech kommen esou lues zum Schluss vu mengen Ausféierungen. Ech wollt awer och vollständegkeetshalber den Text nach eng Kéier virliesen, wéi mer en haut proposéieren.

Den neien Artikel 32.(4) ass also wéi folgt formuléiert: «En cas de crise internationale, de menaces réelles pour les intérêts vitaux de tout ou partie de la population ou de péril imminent résultant d'atteintes graves à la sécurité publique, le Grand-Duc, après avoir constaté l'urgence résultant de l'impossibilité de la Chambre des Députés de légiférer dans les délais appropriés, peut prendre en toutes matières des mesures réglementaires.

Ces mesures peuvent déroger à des lois existantes. Elles doivent être nécessaires, adéquates et proportionnées au but poursuivi et être conformes à la Constitution et aux traités internationaux.

La prorogation de l'état de crise au-delà de dix jours ne peut être décidée que par une ou plusieurs lois votées dans les conditions de l'article 114, alinéa 2 de la Constitution, qui en fixe la durée sans que la prorogation ne puisse dépasser une durée maximale de trois mois.

Tous les règlements pris en vertu de la présente disposition cessent leurs effets au plus tard à la fin de l'état de crise.

La Chambre des Députés ne peut être dissoute pendant l'état de crise.»

Hei gesi mer also ganz kloer, dass mer hei näischt maachen, wat total ausser Norm wär. Ech wëll hei drun erënneren, dass entgéint deem, wat ee vläicht kéint mengen, wann ee Kriticken zum éischten Text gelies huet, praktesch all europäesch Länner esou Noutstandsbestëmmungen hunn. Si sinn net ëmmer an de Verfassunge festgeluecht. Si ginn oft, wéi an

der Belsch oder an Holland, wéi mir et fréier haten, iwwer Vollmachtsgesetzer geregelt.

Ech géif Iech och bieden, emol déi Texter unzekucken, wat an der spuenescher Verfassung steet, wat an der griichescher Verfassung steet, alles Verfassungen, déi aus Diktature komm sinn, wou also immens opgepasst ginn ass op deenen dote Punkten. Déi si manner präzis wéi eisen Text, et ass mat manner Konditioune verbonne wéi an eisem Text.

Soudass ech wierklech mat rouegem Gewëssen, zumindest am Numm vun der grousser Majoritéit vun der Kommissioun, hei soen, dass mer hei eppes maachen, wat an eise Rechtssystem erapasst, wat virun allem eppes soll och verhënneren: Et soll verhënneren, dass mer en Droit d'exception an normale Situatioune kréien.

Mir sinn der Meenung, dass eis Gesetzgebung soll op déi normal Situatioun opgebaut ginn. Wa sech à titre très exceptionnel eng besonnesch Krisesituatioun mécht, da soll kënnen zäitlech begrenzt och eng spezifesch méi streng Legislatioun kommen. Mä mir sinn net der Meenung, dat ass eng Deviatioun, déi an eisem Nopeschland Frankräich amgaangen ass, ganz kloer ze kommen, déi amgaange sinn, no an no hir exceptionnel Texter, déi nëmme sollte gëlle wärend dem État de crise, an hir normal Legislatioun ze iwwerhuelen, also praktesch en État de crise permanent ze provozéieren.

Dat ass glécklecherweis mat eisem Text net méiglech. An duerfir géif ech Iech recommandéieren am Numm vun der Kommissioun, deen heiten Text ze stëmmen. D'LSAP-Fraktioun wäert dat selbstverständlech och maachen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Léon Gloden fir d'CSV. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).*- Merci, Här President. Den Här Berger wäert elo erëm enttäuscht sinn, datt ech schwätzen, an net de Paul-Henri Meyers, mä meng Fraktioun huet eben eng ganz Rei kompetent Leit, déi zu institutionelle Sujete kënne schwätzen, Här Berger.

(Interruptions)

Här President, haut steet zur Ofstëmmung en Artikel an der Verfassung, wou mer hoffen, datt en ni muss ugewannt ginn, ni opgrond vun engem terroristeschen Akt, ni wéinst enger Naturkatastroph oder zum Beispill engem industriellen Accident.

Mir erënneren eis un déi feig Attacken, déi den 13. November 2015 zu Paräis verüübt goufen. Et war en Ugréff op déi westlech Welt, op eis fräiheetlech Gesellschaft, op eis Wäerter. Dës Attack war deemools déi zweet op Paräis op e Joer gekuckt, nom Iwwerfall op „Charlie Hebdo".

Zënterhier hu sech Terrorattacke geheeft. Ech denken hei u Bréissel, Nice, Berlin, Stockholm, London, erëm Paräis a rezent Manchester. A mir sollten och am Kader vun dëser Debatt eng Kéier speziell de Victimme vun dëse feigen Terrorattacke gedenken.

Wat bis dohinner fir eis eng Abstraktioun war, gouf op eemol Realitéit. Dofir hu mir eis als CSV, awer net nëmme mir, Froe gestallt, Froen, ob eist Regelwierk et eis erlabe géif, determinéiert ze agéieren, sollt sech esou en Zeenario hei zu Lëtzebuerg eng Kéier presentéieren.

Eise Moossnamekatalog hu mir Enn November 2015 presentéiert. Dozou huet gehéiert, zum Beispill, e séiere Screening vun eisem legale Kader am Kampf géint den Terrorismus a fir déi national Sécherheet. D'Regierung huet séier en Text proposéiert, deen awer mëttlerweil schonn dräimol nogebessert ginn ass, ouni datt d'Chamber consultéiert gouf. Ech schwätze vum Projet de loi 6921.

Mir haten och verlaangt, eng schnell Verofschidung vun de Gesetzer iwwert de Geheimdéngscht an d'Ofschafe vum Numeraus clausus an deem Service ze kréien, an eng verstäerkte Kooperatioun tëschent de Geheimdéngschter, well den Terrorismus...

Deet Iech dat laachen?! Bei deem seriöe Sujet?!

(Interruptions)

Mir haten och eng verstäerkte Kooperatioun tëschent de Geheimdéngschter verlaangt,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Léon Gloden *(CSV).*- ...well den Terrorismus bekämpft een am effikasste vernetzt, am Verbond mat de Partner. Mir haten eng schnell Verofschidung vum Gesetz iwwert den Haut-Commissariat à la protection nationale verlaangt an en determinéierte Kampf géint Haasspriedeger a präventiv Mesurë géint d'Radikaliséierung vu virun allem Jugendlecher.

Mir hunn och den Duerchbroch am Dossier „passenger name record" begréisst. Dësen Dossier ass jo iwwer laang Zäite vun de Liberalen, de Gréngen an de Sozialisten am Europaparlament blockéiert ginn.

Eng Partie vun eise Fuerderunge goufen ageléist. Den Haut-Commissariat à la protection nationale ass reforméiert ginn, e Projet, deen nach op d'Zäite vum Jean-Claude Juncker zréckgeet. D'Geheimdéngschtgesetz gouf den 9. Juni 2016 mat Ausnam vun der ADR an déi Lénk hei am Chamberplenum guttgeheescht, wat net heescht, datt d'CSV net eng Rei Bedenken ugemellt hat. Mir haten doriwwer eraus awer och kloer eng national Noutstandsregelung gefuerdert.

Här President, d'Fuerderungen no Ausnameregelunge waren net fundamental nei. Och wann de Statsrot a sengem éischten Avis zur Verfassungsreform de Sujet net opgegraff hat, sou huet hien dat am Juli 2013 am Kontext vum Gesetz iwwert den Haut-Commissariat à la protection nationale nogeholl.

Wann also d'Fuerderung net fundamental nei war, sou war fir eis kloer, datt den initialen Zäitplang misst geännert ginn. Fir eis war et kloer, datt mir d'Noutstandsregelen op national Krise missten erweideren, an zwar schnellstméiglech. Dat hu mir net méi spéit wéi den 20. November 2015 gefuerdert an och betount, datt mir dowéinst eng punktuell Upassung vun der Verfassung ustriewe géifen. Dës Fuerderung hu mir den 2. Dezember 2015 op dëser Plaz am Kader vun den Debatten iwwert déi national Sécherheet an den Terrorismus widderholl.

De Claude Wiseler huet ënnerstrach - ech zitéieren -, datt mir eng Ännerung vum Artikel 32 Paragraf 4 vun eiser Constitutioun wéilten, „fir e sougenannten État d'urgence kënnen dann ze declenchéieren, wa mer e brauchen, och dann, wann et sech net nëmmen (…) ëm eng international Kris handelt, mä och ëm eng national Kris, well mer propper, institutionell, constitutionnel a gesetzlech Moyene brauchen."

De Claude Wiseler sot weider: „Mir hunn eis just gewonnert, datt de Minister vun der Sécurité intérieure [deemools] bei verschiddene Presseaussoe gemengt huet, dat wär net noutwendeg. Mir ware frou, de Premierminister ze héieren, deen eis gesot huet, datt e géif wëlle mat [eis] op dee Wee goen."

Ier den Här Vizepremier, Défense- a Policeminister eis elo, an en ass net hei, gesot hätt, dat wier net esou gewiescht, wëll ech en am Fong zitéieren.

Hei d'Aussoen op RTL den 21. November 2015: „Also deen Artikel, doduerch, dass e jo vag ass, léisst e villes zou. Elo kann een doriwwer diskutéieren, ob een dee wëllt méi präzis och op de Fall vun Terrorismus adaptéieren. Mä ech mengen, et ass de Moment amgaangen, eng Reform vun der Verfassung gemaach ze ginn, da kann een dat jo eng Kéier diskutéieren an deem Kader. Mä ech kann Iech awer soen, datt deen Artikel eis awer all Moyene gëtt, déi mer eigentlech brauchen, fir kënne virzegoen."

Här President, ech hunn elo vill iwwer Terrorismus geschwat. Ech hunn dat hei gemaach, well sech déi Diskussioun ëm den Noutstand bei nationale Krisen an deem Kontext ofgespillt huet. 2015, wéi mer dem Opruff vum Statsrot eng éischte Kéier nokomm sinn, stounge mer wéi gesot ënnert dem Schock vun „Charlie Hebdo". Et ass och réckbléckend gekuckt déi éischte Kéier, datt den Artikel 32 Paragraf 4 an dëser Perspektiv gehandelt gouf.

Virun 2004, an de Rapporteur ass dorobber agaangen, huet d'Chamber jo all Joer eng Loi d'habilitation gestëmmt an domat dem Grand-Duc de Pouvoir ginn, am Noutfall vum Gesetz ofweichend Regelungen ze erloossen. Dat Ganzt war op Moossname wirtschaftlecher oder finanzieller Natur begrenzt.

Mat der Verfassungsännerung vum 19. November 2004 war kee Gesetz méi néideg. De Grand-Duc gouf direkt vun der Verfassung habilitéiert, an der Nout an am Fall vun enger internationaler Kris entgéint besteeënd Gesetzer kënnen ze handelen. D'Dauer vun esou Reglementer war op dräi Méint limitéiert. Dësen Artikel koum fir d'Éischt am Kontext vun der internationaler Finanz- a Wirtschaftskris zum Droen. D'Reglement vum 10. Oktober 2008 huet d'Regierung autoriséiert, der deemoleger Dexia-Grupp eng Garantie an Héicht vu maximal 4,5 Milliarden Euro ze ginn. D'Reglement fousst direkt um Artikel 32.(4) vun der aktueller Verfassung.

Ech hunn et ugedeit, den 32.(4) vun der Verfassung ass och an Zukunft net op de Fall vun terroristeschen Attacke limitéiert. Niewent der imminenter Gefor, déi duerch schlëmm Ugréff op eis ëffentlech Sécherheet ausgeet, zum Beispill no Attacken, spillt den Artikel och am Fall vun internationale Krisen, voire bei reelle Menacë fir déi vital Interesse vun eiser Populatioun. Ech denken do méi konkret u schlëmm Naturkatastrophen.

Här President, mir stëmmen haut eng éischte Kéier iwwert d'Extensioun vum Noutstand op national Krisen of. Dem Här Bodry e grousse Merci fir déi vill Aarbecht, déi hie sech gemaach huet iwwer all déi Méint, an och fir säi mëndlechen a schréftlechen Rapport.

Ech hunn et gesot, mir stinn hannert deem Artikel. D'Chamberskommissioun huet sech et iwwregens net einfach gemaach, wat d'Formuléierung vum Artikel ugeet. Mir hunn och d'Avise vun de verschiddene Kummeren wéi och der Zivillgesellschaft oft an och kontrovers diskutéiert. Tëschent September 2016 a Mäerz 2017 huet d'Chamber sech an eelef Sëtzunge mat dësem Sujet befaasst.

Et gouf sech net nëmme mat der Noutwendegkeet vun der Neiverfaassung vum Artikel 32 Paragraf 4 beschäftegt. Och d'Risiken an d'eventuell Abusen, déi sech aus dem Noutstand kéinten erginn, goufen in extenso diskutéiert.

Fir d'CSV ass et dofir kloer, an dat muss een hei eng Kéier soen, datt den Artikel och a senger aktueller Verfassung net däerf duerhalen, esou wéi d'Situatioun sech haut presentéiert, fir méi Opfangstrukture fir Flüchtlinge kënnen ze schafen.

Eng Journalistin hat an dësem Zesummenhang vun engem geféierleche Gedankespill geschwat. D'Journalistin sot, datt de Problem besteet, datt d'Regierung mat Liichtfankegkeet a Betruecht zitt, rechtsstaatlech Prinzipien dem Pragmatismus ze afferen, amplaz hir Responsabilitéit ze iwwerhuelen. An op deem Punkt gi mir der Madamm honnertprozenteg recht.

(Interruption)

„100,7."

Une voix.- Ah!

M. Léon Gloden *(CSV).*- Här President, wat déi genee Formulatioune vum Noutstandsartikel ubelaangt, sou louche verschidden Optiounen um Dësch. Dee Modell, mat deem mir am meeschte vertraut sinn, ass, wéinst der Aktualitéit, de franséischen. De Statsrot huet sech kuerz mat der Fro vun enger Loi-cadre à la luxembourgeoise beschäftegt, engem Gesetz, wat eigentlech Moossnamen, déi am Noutfall zum Droe kommen, géif festschreiwen. De Statsrot beschreift d'Avantagë vun esou engem System, huet seng Analys awer net weider verdéift. Hie seet just, datt esou eng Loi-cadre net all d'Mesuren, déi néideg wieren, kéint virgesinn.

Den Avantage ass, datt een am Viraus weess, wat fir eng Mesurë geholl ginn. Op där anerer Säit ass et net auszeschléissen, datt de Katalog vun de Mesuren awer muss opgrond vun de Fakten adaptéiert ginn. Mir hunn a Frankräich gesinn, datt an der Zäit eng Rei Adaptatioune gemaach gi sinn.

Déi zweet Ausso vum Statsrot, datt esou eng Loi-cadre, déi jo eigentlech déi reglementaresch Mesurë virzeechent, géif riskéieren, zum Droit commun ze ginn, ass manner nozevollzéien. Vu datt dës Moossname jo just an Ausnamefäll zum Droe kommen, ass et jo de Géigendeel vum Droit commun. Aner Modeller wiere méiglech gewiescht, sou zum Beispill de spuenesche Modell, deen tëschent État d'alerte, État d'exception an État de siège ënnerscheet.

Här President, d'Chamberskommissioun ass en anere Wee gaangen. Mir hunn dës Aarbechte konstruktiv begleet a wäerten dofir och dës Propositioun matstëmmen. Den éischten Entworf vum Här Bodry gouf opgrond vun diversen Avisen nach e puermol ofgeännert.

Et goufe fundamental Ännerungen op diversen Niveaue gemaach. Den État d'urgence kann net declenchéiert ginn, wann déi tatsächlech Bedroungslag zum Beispill nëmmen „wesentlech" Bedürfnisser vun engem Deel oder der ganzer Populatioun betrëfft. De Statsrot huet op deem Punkt e Rückzéier gemaach par rapport zu sengem Avis iwwert den HCPN. Fir kënnen declenchéiert ze ginn, mussen déi „vital" Interesse vun engem Deel oder der ganzer Populatioun menacéiert sinn.

Méi restriktiv gouf och de Volet vun enger imminenter Gefor duerch schwéier Ugréffer op déi ëffentlech Sécherheet formuléiert. Déi ëffentlech Uerdnung ass der ëffentlecher Sécherheet gewach. Déi ëffentlech Uerdnung, jee no Interpretatioun, kann och déi ëffentlech Rou, Hygien an d'Sécherheet betreffen. Dat kéint ganz wäit féieren. Dofir hu mir eis drop verstännegt, just de Volet vun der ëffentlecher Sécherheet zréckzebehalen. Eppes, wat de Statsrot, deen éischter kritesch zu dësem Element stoung, herno awer begréisst huet.

D'Urgence gëtt begrënnt mat der Onméiglechkeet fir de Legislateur, ganz kuerzfristeg kënnen ze handelen. De Rapporteur ass op déi Konditioun hei och mëndlech in extenso agaangen. Och gouf de Kritär vun der Verhältnismëissegkeet am Verfassungstext verankert. Wichteg ass och, datt d'Exekutiv mam Ausnamezoustand déi verfassungsrechtlech Uerdnung, voire international Traitéen net aushiewele kann.

Eng weider Garantie, datt d'Chamber weiderhin d'Soen huet, besteet doran, datt d'Chamber muss decidéieren, ob den État d'urgence verlängert gëtt bis zu dräi Méint an net, wéi initial ugeduecht, sechs Méint.

D'Chamber, an dat ass och ganz wichteg, däerf wärend dem État de crise, esou steet et am Text, net opgeléist ginn.

Här President, dat si wichteg Garantien an engem Rechtsstat an et ass och wichteg, datt déi Garantien an der Verfassung verankert ginn. Nieft der parlamentarescher Kontroll ass et wichteg ervirzesträichen, datt och d'Geriichter kënne mam Ausnamezoustand befaasst ginn.

D'Regierung muss also domat rechnen, datt, wa se beabsichtege sollt, den Noutstand auszeruffen, d'Urgence och vun de Geriichter ka gepréift ginn. Noutstandsregele sinn also kee Fräischäin un eng Regierung, mä ënnerleien enger strikter riichterlecher Kontroll.

Sollt den Noutstand dozou féieren, datt och den Artikel 15 vun der Mënscherechtskonventioun misst aktionéiert ginn, riskéiert d'Regierungsschaffen och der Kontroll vum Mënscherechtshaff ënnerworf ze ginn. Bis dato, esou steet et an enger Fiche thématique vum Europäesche Mënschegeriichtshaff, hunn néng Länner dëse Mechanissem betätegt an a véier Fäll koum et zu engem Geriichtsprozess virum Mënscherechtshaff.

Här President, mir stëmmen haut eng éischte Kéier d'Ofännerung vum 32.(4). Et ass dofir un der Zäit, datt d'Regierung sech Gedanke mécht, wann et net scho geschitt ass, wéi si beabsichtegt, esou e Règlement d'urgence ze verfaassen. An eisen Ae sollt an deem Projet och schonn e Moossnamekatalog mat Mesuren, déi am Ausnamezoustand kéinten zum Droe kommen, virbereet ginn a gegebenenfalls an der Zäit komplettéiert ginn.

Ech lancéieren dofir en Appell un eis Regierung, der Chamber esou schnell wéi méiglech en éischte Projet ze presentéieren. Nëmmen esou kann och am Noutfall schnell effikass agéiert ginn an net iwwerstierzt.

Här President, mir als CSV hunn eng punktuell Upassung vun 32.(4) gefuerdert a stëmme selbstverständlech dësem Text zou.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Gloden. An nächst Riednerin ass d'Madamm Simone Beissel fir d'DP.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den État d'urgence, dee mir haut de Mëtten hei beliichten, ass jo beileiwe keen neit Konzept, weder am Ausland nach hei zu Lëtzebuerg, an den Artikel 32.(4), dee mir hei wëllen ëmänneren, dee gesäit elo scho vir, dass an der Urgence kënne Reglementer geholl gi vum Pouvoir exécutif fir eng Dauer vun dräi Méint.

Den Artikel 32.(4), dee mir, wéi gesot, elo ëmänneren - an ech wëll dat direkt ënnersträichen, well dat war jo e Souci vu ganz ville Leit och dobaussen, et waren op eemol Artikelen an der Press, ob net d'Enn vum Rechtsstat géif agelaut gi mat där heiten Ëmännerung -, gesäit beileiwen net vir, fir d'Rechter vum Parlament, also eis eege Rechter ze limitéieren.

Ech mengen, et geet haaptsächlech dorëm, dass mer méi genau Definitioune kréie vun Termen: Wat ass eng international Kris? Wat ass eng national Kris? An dat ass haaptsächlech net evident an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg. Mir si jo awer trotzdeem net méi grouss wéi eng mëttelgrouss däitsch Stad an hunn awer de Problem vun engem grousse Land. A wann een da muss esou Termen definéieren, ass dat net einfach.

Huele mer just einfach Beispiller, déi mer alleguerte gutt kennen, Cattenom zum Beispill. Wann do e Virfall ass, ass dat eng international Kris fir Lëtzebuerg? Oder ass et eng reng national? Am Fong géif ech soen: Vu d'Proximitéit ass et béides.

An dann derniewent, et ass schonn hei vill vu menge Virriedner vum Terrorismus geschwat ginn, mir wëssen alleguerten, dass dat en internationaalt Phenomeen ass, wat viru kenge Grenzen Halt mécht. An do ass dann och d'Fro: Wann en Attentat elo zu Lëtzebuerg geschitt, ass dat dann national oder international? Wat bréngt dat mat sech?

Ech mengen, d'Wichtegkeet vun der Ëmännerung, déi mer haut maachen, déi erkennt een eigentlech dorun, an den Alex Bodry huet et mat aller Däitlechkeet gesot, dass, wann een eng ganz streng Liesaart vun der aktueller Mouture vum Artikel 32.(4) mécht, et grad net duergeet, wann een nëmmen op internationale Krise schafft, den 32.(4) ze declenchéieren an déi Mesuren ze huelen. An duerfir hu mer gesot, mir versichen elo, Kloertext ze maachen an den Text ze verbesseren.

A wéi déi ganz Attentater komm sinn 2015 haaptsächlech an 2016, ech huelen elo emol nëmme Frankräich, de Léon Gloden hat se mat allen Detailer nach opgezielt, ass et jo ganz justifiéiert gewiescht, dass eise Premier Xavier Bettel d'Kommissioun gefrot huet, fir eben den Text ze verbesseren, fir dass de Pouvoir exécutif am absolutten Noutfall nach kéint méi effikass schaffen.

Et ass och schonn hei ugekënnegt ginn, dass déiselwecht Ëmännerung jo och scho virgeschloe ginn ass vum Statsrot am Projet iwwert d'Protection nationale.

Wéi gesot, ech wäert net méi an den Detail - ech sinn den drëtte Riedner - vun deem ganzen Artikel 32.(4) goen. Den Alex Bodry huet dat op eng exzellent Manéier mat alle Facettë beliicht.

Ech wëll awer, Här President, wierklech nach e puer Wierder verléieren zu deene Kriticken, déi dobausse komm sinn, well, wéi ech gesot hunn, verschidde Leit geduecht hunn, mir géifen e Polizeistat ginn, et wier d'Enn vum Rechtsstat, an déi wierklech katastrophal Artikele geschriwwen hunn.

Virdrun, déi Geschicht vun där Madamm, wat Der ugeschnidden hutt, hat ech och gelies. Mä ech muss awer soen: Dat ass awer eng Interpretatioun an dem Artikel, déi geet mir e bësselche wäit. Ech mengen, do kann een nach ganz aner Saachen doranner setze wéi dat, wat d'Kommissioun no villen Diskussioune gemaach huet.

Wat ech wëll soen zu de Kriticken: Jo, déi alleréischt Mouture vun dem Rapporteur-auteur Alex Bodry, déi mer an der Kommissioun diskutéiert hunn, war vläicht net perfekt. Mä ech kann Iech soen: Dat do sinn Texter, déi extrem schwiereg sinn, fir se perfekt ze maachen, well souguer och wann een an de Verfassunge kuckt vun den anere Länner, do gëtt et ganz oft esou Mininuancen, an dat mécht awer grouss Effeten.

An no ganz villen Diskussiounen an der Chamberskommissioun an no dräi Avise vum Statsrot hu mer eis do op en Text gëeenegt, an ech wëll wierklech dem Alex Bodry Merci soen, dee sech extrem vill Méi gemaach huet, fir erëm eng Kéier um Text ëmmer erëm ze feilen an ze schläifen an déi kleng Nuancen dranzekréien, déi mer alleguerten an der Kommissioun dra wollten hunn. An den Text, dee mer elo hunn, an deen den Alex Bodry Iech virdru virgelies huet, deen ass a sengem Libellé fir mech exzellent!

Neen, et gëtt net limitéiert. Neen, et gëtt net verschlechtert par rapport zu deem, wat den aktuellen Artikel 32.(4) haut schonn hiergëtt. A wann ee genau kuckt, dann ass et u sech deen neien Text, dee méi Präzisioune gëtt, Definitiounen op de Metier hëlt. En ass méi streng am Prinzip wéi deen, dee mer haut hunn. An duerfir sinn d'Rechter vun dem Parlament nach besser ofgeséchert.

Ech ginn Iech just e puer Beispiller, déi an deem Text sinn, déi mer ganz wichteg sinn: Den Zousaz, dass d'Reglementer, déi wärend dem État d'urgence kënne geholl ginn, musse verfassungskonform sinn, musse konform sinn zu den internationalen Traitéen, musse proportionéiert sinn zu dem viséierten Zil. Dat ass ganz wichteg, dass dat ganz kloer drasteet.

Wat och ganz wichteg ass, an ech mengen, dat war e Souci vu ganz ville Leit: Wa muss verlängert ginn - an et ass vu menge Virriedner och ënnerstrach ginn, wa verlängert gëtt iwwert den Delai vun zéng Deeg, bon, Dir wësst, dass et aktuell dräi Méint waren, elo hu mer et verschäerft -, wa verlängert gëtt iwwert den Delai vun zéng Deeg, da muss dat iwwer Gesetz geschéien, an net nëmmen iwwer Gesetz mat normaler Prozedur, mä iwwert d'Gesetz, wat mer haut och uwennen, dat heescht den Artikel 114 Alinea 2, deen déi verschäerfte Prozedur mat der Zweedrëttelmajoritéit virgesäit, also nach eng duebel Ofsécherung.

Och ass wichteg, dass wärend dem État de crise d'Chamber net kann opgeléist ginn. An als véierte Punkt, wat mer och ganz wichteg schéngt, dat ass, dass d'Chamber an d'Geriichter zesumme kënnen d'ganz Aktivitéite vum Pouvoir exécutif kontrolléieren, wann eben État de crise ass, fir genau déi Reglementer ze kucken.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech géif Iech soen, mir hu wierklech akribesch un deem Text geschafft, ganz genau gekuckt, ob mer géifen en equilibréierten Text maachen, deen de Rechtsstat géif bewaren, an op där anerer Säit awer der Regierung géif erlaben, wann et wierklech ganz hefteg kënnt, fir schnell an effikass kënnen ze schaffen.

An ech kann Iech soen, mat deem Text, dee mer elo virleien hunn, hunn ech mäin Apaisement. An duerfir ginn ech och ouni Bedenken den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Beissel. An nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci fir d'Wuert, Här President. Fir d'Éischt wëll ech all menge Kolleegen Deputéierten a Juriste Merci soen, déi viru mir geschwat hunn. Merci fir hir detailléiert Ausféierung hei, Merci awer och virun allem fir déi engagéiert Mataarbecht an der Kommissioun. An de Merci gëllt natierlech ganz besonnesch fir de President vun der Kommissioun, den Här Bodry.

Ier ech dann am Numm vun der grénger Fraktioun op den Inhalt vun der Proposition de révision aginn, wëll ech kuerz op d'Ëmstänn agoen, wéi et zu dëser Propositioun komm ass an och e puer méi allgemeng Aussoen iwwert den État d'urgence oder, wéi mir et festgehalen hunn, den État de crise maachen.

Éischtens, d'Proposition de révision vun eiser Verfassung, d'Propositioun 6030, hat an hirer éischter Versioun keng Ännerung vum aktuellen Artikel 32.(4) virgesinn. Déi Ännerung ass eréischt op Recommandatioun vum Statsrot entstanen. Mir waren eis dunn och bal alleguer eens, datt déi Formulatioun, wéi mer se haut an eiser Verfassung stoen hunn, wou eleng am Fall vun enger Urgence an enger Crise internationale speziell Reglementer kënne vun der Regierung geholl ginn, ze kuerz gegraff ass.

Et ass och de Fall vun enger Crise nationale virstellbar an et ass och haut net ëmmer einfach, ze definéieren, wat dann elo eng Crise internationale ass a wat net.

Zweetens, mir hunn also fir d'Éischt d'Proposition de révision 6030 amendéiert an dunn awer decidéiert - an dat war, et ass scho gesot ginn, ënnert dem Androck vun den Attentater vu Paräis vum 13. November 2015 -, net ofzewaarden, bis mer déi nei Verfassung duerch d'Instanze bruecht hätten, mä méi schnell ze handelen.

Am Oktober 2016 hate mer schonn den Artikel 32.(3) ajustéiert, wou et ëm d'Matière réservée à la loi gaangen ass. Et ass also net déi éischte Kéier, wou mer mengen, et géif eng bestëmmt Urgence ginn an et wier besser, net ofzewaarden, bis mer eng nei Verfassung hunn. Haut geet et, wéi gesot, ëm den État de crise. A wat fir mech dann och nach ëmmer e bëssen erstaunlech ass, ass, datt no deene laangen Diskussioune mat deene ville Juristen déi Ännerungen, déi mer haut proposéieren an zum Vott stellen, net identesch si mat den Ännerungen, wéi mer d'Proposition de révision 6030 amendéiert haten.

Drëttens, mir schaffen elo scho méi wéi zéng Joer un enger Revisioun vun eiser Constitutioun. Dës Revisioun huet sech och zu wäitaus méi wéi just enger Revisioun entwéckelt. Mir schwätze vun enger neier Verfassung. Ofgeschloss kréie mer déi Aarbechten net méi an dëser Legislaturperiod. Vläicht, esou hat ech op alle Fall nach bis gëschter gemengt, kréie mer se awer nach op eng Schinn gesat, déi esou stabill ass, datt no den nächste Chamberswahlen den Zuch schnell u sengem Zil ukënnt.

Mir geséichen et op alle Fall als traureg a blamabel, wann no den nächste Wahlen all déi Diskussiounen an déi Resultater, déi mer eis an engem méiglechst breede Konsens erschafft hunn, net méi géife gëllen. Et gesäit awer leider duerno aus, wéi wa mer an déi Richtung géife goen.

Här President, am Fall vun enger grousser Kris muss d'Regierung kënne séier handelen. Dat schéngt eng Noutwendegkeet ze sinn. Dat ass awer och einfach d'Flicht vun enger Regierung. Den Här Bodry huet och déi zwee Beispiller opgezielt, wou dat schonn de Fall war. An dat war all Kéiers, an dat ass och emol interessant ze soen, dat war net am Kader vun Terrorismus, et war am Kader vun der Bankekris, vun enger finanzieller Kris, wou zweemol den Artikel 32.(4) ugewannt ginn ass.

Mir waren eis awer och alleguerten eens, datt och eng grouss Kris kee Blankoscheck fir eng Regierung ka sinn, wou se ënnert dem Deckmantel vun der Urgence an der Kris praktesch alles maachen dierft an duerno net kéint zur Rechenschaft gezu ginn. Dat geet net an engem Rechtsstat. An duerfir brauche mer eng Rumm, wéi mer am Fall vun enger Kris fonctionnéieren. De Statsrot seet a sengem éischten Avis ganz zu Recht: «Circonscrire l'état de crise nationale est un exercice délicat et lourd de conséquences. La formulation doit être réfléchie et cohérente.» D'Madamm Beissel hat et zesummegefaasst. Et ass guer net esou einfach, fir esou en Text auszeschaffen.

Den Auteur vun der aktueller Proposition de révision hat seng Propos ënnert dem Androck vun den Attentater vu Paräis am Januar 2016 deposéiert. An do stellt sech da schonn och emol direkt d'Fro, ob d'Méiglechkeet, fir den État de crise auszeruffen, iwwerhaapt eng adequat Mesure ass, fir op d'Menace vum Terrorismus ze reagéieren.

Däitschland an d'Belsch hu keng spezifesch gesetzlech Mesurë fir en État d'urgence agefouert. Eis franséisch Noperen dogéint, déi haten den État d'urgence no den Attentater vum 13. November 2015 dekretéiert an och ëmmer erëm verlängert. Bis haut sinn Hausduerchsuchungen an Hausarrest ouni juristesch Kontroll 24 Stonnen op 24 Stonne méiglech. Den Här Bodry hat dat och ganz beandrockend hei geschildert.

Den État d'urgence schränkt eis Fräiheeten an. En État d'urgence, dee keen Enn kritt, schuet dem Rechtsstat. Eng Erweiderung vun de Kompetenze vun der Exekutiv steet zwar op der Wonschlëscht vu ville Regierungen, ass an eisen Aen awer generell net wënschenswäert. Duerfir si mer frou, datt mir mat der Versioun, déi mer haut virleien hunn, eng gutt duerchduechten a virsiichteg Rumm opgestallt hunn, fir den État de crise ze geréieren.

Mir sinn och der Meenung, datt déi aner Méiglechkeet, fir op Menaces terroristes ze reagéieren, eng allgemeng Verschäerfung vun eiser Legislatioun am securitäre Beräich wier, an dat wier nach eng vill méi schlecht Léisung.

Eng drëtt Méiglechkeet, fir einfach näischt ze maachen, schéngt eis naiv. Mir brauchen eng gesetzlech Rumm, déi eis et erméiglecht, déi Leit ze bekämpfen, déi eis Aart a Weis ze liewe wëllen zerstéieren. Mir däerfen awer och net iwwerreagéieren an eis Aart a Weis ze liewe selwer ofschafen. Et gëtt keng absolutt Sécherheet an engem demokratesche Stat. Mir musse ganz virsiichteg si bei Leit a bei politesche Stréimungen, déi eis esou eng absolutt Sécherheet wëlle verspriechen.

Fräiheet oder Sécherheet? Ech mengen, dat ass kee Choix. Mir brauche Fräiheet a Sécherheet. An ech sinn der Meenung, datt mer eis am Zweifelsfall fir d'Fräiheet sollten entscheeden. Zur Fräiheet gehéiert awer och d'Gefill vu Sécherheet an d'Aschränkung vun der Fräiheet féiert net, a scho guer net automatesch zu méi Sécherheet.

Jo, d'Menace terroriste ass eng traureg Realitéit ginn a praktesch alle Länner op der Welt, och an den europäesche Länner. Mir sollten awer net vergiessen, datt d'Menace terroriste nach vill méi grouss ass a Länner, déi manner demokratesch Fräiheeten a méi en autoritäre Regimm hunn: vill Géigenden am Noen Osten, a Südamerika, Russland, Tierkei. Wa mer d'Demokratie wëlle schützen, andeems mer d'Fräiheet vun de Bierger aschränken, riskéiere mer, d'Demokratie ze schwächen an d'Sécherheet awer net méi grouss ze kréien.

An deem Sënn si mer frou, datt mer net méi an eiser Propositioun hei vum État d'urgence, mä vum État de crise schwätzen. Mir si frou, datt déi urspréinglech Tournure vun „atteinte grave à l'ordre public" duerch „atteinte grave à la sécurité publique" ersat gouf. L'„ordre public" ass och esou een Term, dee virbelaascht ass an deen och ënnerschwelleg e gewëssene moralesche Bäigeschmaach huet.

Mir sinn och frou, datt den Term „en cas de menaces réelles pour les besoins essentiels de tout ou partie de la population" net zréckbehale gouf. Och wann den Term esou am Gesetz iwwert den Haut-Commissariat à la protection nationale als Definitioun vun enger Kris gebraucht gëtt, ass et richteg, fir an eiser Verfassung d'Kris méi restriktiv ze definéieren. Mir halen hei just „en cas de menaces réelles pour les intérêts vitaux de tout ou partie de la population" fest.

Mir sinn also der Meenung, datt et richteg ass, am Fall vun enger internationaler oder nationaler Kris, am Fall vun enger reeller Bedroung vu liewenswichtegen Interessen, am Fall vun enger imminenter a grousser Bedroung vun eiser Sécherheet eiser Regierung zouzegestoen, Reglementer ze huelen, déi natierlech musse konform zu der Verfassung sinn, déi awer aner Gesetzer kënnen zäitweis ausser Kraaft setzen.

Bei dës Konditioun vu Gravitéit kënnt allerdéngs eng zweet Konditioun derbäi, déi vun der Urgence, an déi schéngt eis mindestens esou wichteg ze si wéi déi éischt. D'Gravitéit eleng vun engem Evenement ka keen Argument sinn, fir d'Chamber aus hirer Responsabilitéit ze entloossen an der Regierung méi Responsabilitéit zouzegestoen.

Fir eis ass et kloer, datt och an enger Krisesituatioun d'Chamber weiderhi muss hir Aufgabe wouerhuelen a mer och weiderhin eng Trennung tëschent dem legislativen an dem exekutive Pouvoir hunn. Just wa mer an enger Situatioun sinn, wou d'Chamber net schnell genuch ka reagéieren, an de Rapporteur huet dat och däitlech hei gesot, dat heescht, d'Chamber huet net Zäit genuch, fir ze legiferéieren, da soll d'Regierung net an eng Schockstarre verfalen, mä handlungsfäeg sinn.

An et ass och kloer, datt esou eng Situatioun just esou laang wéi néideg an esou kuerz wéi méiglech undauere kann. An duerfir hu mir zwou zäitlech Begrenzungen an den Artikel 32.(4) agebaut. D'Mesures de crise däerfen nëmme fir zéng Deeg vun der Regierung geholl ginn. Solle se méi laang daueren, da muss d'Chamber dat esou decidéieren, an zwar mat engem Vott vun enger Zweedrëttelmajoritéit sans procuration.

D'Mesures de crise däerfen och nëmme maximal dräi Méint gëllen. All déi Reglementer, déi d'Regierung ënnert de spezielle Konditioune vum État de crise geholl huet, halen op ze wierken, wann den État de crise opgehuewe gëtt. Et ass gutt, datt mer eis dës konstitutionell Rumm ginn, engersäits fir datt eis Regierung handlungsfäeg bleift, anerersäits och fir d'Regierung ze schützen.

Et ass jo duerchaus denkbar, datt Decisioune musse geholl ginn, déi enger Privatpersoun ee Schued bréngen. Et ass vum Afréiere vu Bankkonte rieds gaangen. Et kéinten och aner Decisioune ginn, déi zu engem Verdéngschtausfall féieren, well se eng normal Ausféierung vun enger geschäftlecher Aktivitéit net méi zouloossen. Dann ass et scho wichteg, datt ee Kader steet, deen der Regierung hir Aktioune legitiméiert.

An et ass och wichteg, datt an der Proposition de révision steet, datt d'Chamber net kann an engem État de crise opgeléist ginn. Dëst ass eng Mesure de précaution. Eventuell misst dat net dostoen. Mir haten an der Kommissioun awer decidéiert, fir op Nummer sécher ze goen an eventuellen Abuse vun der Exekutiv keen Närbuedem ze loossen.

Bleift natierlech nach de Problem vun enger Kris, déi optrëtt, wann d'Chamber opgeléist ass viru Wahlen. Mir kréie wahrscheinlech och net all Krisesituatioun mat deem Text hei gemeeschtert. Mir hunn d'Kris restriktiv definéiert. Mir hu speziell Reglementer vun der Regierung op d'Gravitéit an op de Fait reduzéiert, datt d'Chamber zäitlech net schnell genuch op eng Urgence ka reagéieren. Mir hunn der Chamber d'Recht gelooss, zu all Moment kënnen ze legiferéieren.

Här President, ech hunn d'Gefill, datt mer hei an der Kommissioun eng gutt Aarbecht gemaach hunn, an ech bréngen duerfir och den Accord vun der grénger Fraktioun zu der Proposition de révision 6938.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding fir d'ADR.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Éier ech op de konkrete Projet aginn, e klengt Wuert zu deene punktuelle Verfassungsännerungen. Wéi all Verfassungsännerung kéint dës Propositioun net gestëmmt ginn ouni d'Zoustëmmung vun der CSV, well jo zwee Drëttel vun den Deputéierte mussen d'accord sinn. D'CSV huet iterativement deklaréiert, si wier géint weider punktuell Verfassungsännerungen. Déi heite stëmmt se dann awer mat.

Firwat zum Beispill net déi, déi de Fernand Kartheiser am Numm vun der ADR abruecht huet iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch, wou mer eis alleguerten heibannen eens sinn, datt dat soll kommen: «La langue du Luxembourg est le luxembourgeois.

La loi règle l'emploi des langues luxembourgeoise, française et allemande.»?

Firwat net déi Propositioun, déi ech erabruecht hunn am Numm vun der ADR iwwert den Déiereschutz, wou mer soten, den Artikel sollt

vervollstännegt ginn: «L'État reconnaît aux animaux le statut d'êtres vivants doués de sensibilité et veille à protéger leur dignité et leur bien-être.»?

Neen, deen heite Projet gëtt virgezunn aus...

(Interruption)

Jo, et geet ëm d'Sécherheet vum Land. Den Här Gloden schwätzt mat Recht vun deene grausamen Terrorattacke Bataclan, Bréissel, Manchester, ech ziele se net alleguerten op. Dir hutt ganz recht. Mä hu mer haut keng Gesetzer, déi erlaben, do anzetrieden? An ech mengen, do ass en Denkfeeler.

(Interruption)

Neen, wann ech gelift. Ech hunn nëmmen zéng Minutten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir schwätzt…

M. Roy Reding *(ADR).*- Duerno, wann ech herno nach Zäit hunn, gären, da kann den Här Gloden mer gären eng Fro stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mä Dir schwätzt den Här Gloden direkt un, also sinn ech der Meenung, dass den Här Gloden och dorop ka reagéieren.

M. Roy Reding *(ADR).*- Wärend der Ried? Jo?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Net direkt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Selbstverständlech! Selbstverständlech, de President kann d'Wuert ginn, wann e wëllt. Dat Reglement kënnt Der nokucken.

M. Roy Reding *(ADR).*- Maja, da soll den Här President dat maachen.

M. Léon Gloden *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wéilt den Här Reding dorobber hiweisen, datt mer gesot hunn, mir wiere fir d'Ofännerung vun dësem Artikel, a mir sinn net géint eng generell Ännerung vun der Verfassung, mä géint den Timing.

M. Roy Reding *(ADR).*- Jo!

M. Léon Gloden *(CSV).*- Mä Dir verkaaft dat jo ëmmer ganz populistesch op typesch ADR-Manéier.

(Brouhaha général)

M. Roy Reding *(ADR).*- Absolutt net. Mir hunn hei vu punktuellen Ännerunge geschwat, ob déi solle kommen, ob punktuell...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Roy Reding *(ADR).*- ...Ännerunge solle kënne kommen, jo oder neen. Mir hunn net iwwer eng generell Verfassungsreform geschwat. Dovun hunn ech net geschwat. Ech hu vun der Noutwendegkeet oder vun der positiver Attitüd zu punktuellen Ännerunge geschwat.

An Ärer Stellungnam seet d'CSV zu dëser Verfassungsännerung, d'Regierung misst kënnen agéieren a Krisesituatiounen. Do stellen ech mer ganz einfach d'Fro: Ka se dat haut net? D'Regierung ka jo agéieren. Hei geet et drëm, datt mer hir de Pouvoir ginn ze legiferéieren.

Ech wëll einfach drun erënneren, mir hunn och haut Gesetzer, déi erlaben, datt een Untersuchungsriichter ee Mandat de perquisition ausstellt, datt d'Leit an d'Détention préventive gesat ginn, datt d'Konte saiséiert ginn et cetera pp. Et ass net, wéi wa mer haut keng Gesetzer hätten a wéi wa mer misste waarden, datt en Terrorakt geschitt, fir datt d'Regierung da kéint agéieren.

Wat sinn also déi Punkten, wou d'Regierung wëllt legiferéieren? Wéi wäit wëllt se dann iwwert déi aktuell Gesetzgebung erausgoen? A wat sinn dann déi Noutstandsgesetzer, déi se wëllt erloossen?

Mir denken als ADR, datt et en duebelen Denkfeeler gëtt. Éischtens kéinte mer e Gesetz maachen oder eng Verfassungsreform, déi der Chamber erlaabt, kuerzfristeg ze legiferéieren, wann dat dann néideg ass, als éischte Pouvoir hei am Land.

An zweetens, wa mer wëssen, datt kënnen Ausnamesituatioune geschéien, datt kënne Krisen optauchen, datt kann e groussen Terrorakt geschéien, datt d'Cattenom kann an d'Luucht fléien, ma da kommt, mir huelen haut a Rou a mat Aemooss déi Gesetzer, déi sech dann dee Moment imposéieren!

Firwat soll d'Chamber haut a Rou net kënne besser legiferéiere wéi d'Regierung dann an deenen zéng Deeg vun der absolutter Kris? Firwat soll d'Regierung dat an deenen zéng Deeg besser kënne maache wéi mir heibannen an den nächste Wochen a Méint? Dat ass dach d'Fro, déi sech stellt.

An den Auteur Alex Bodry gëtt jo och zou an engem Interview mat der „woxx" vum 26.5.2016, datt „constitutionnaliser l'état d'urgence" wier virun allem do, fir den Droit commun net mussen ze muscléieren. An do soe mir eben…

(Interruption)

…an do soe mir eben de Contraire. Kommt, mir maachen dat haut, kommt, mir gesinn haut Gesetzer vir a Rou a mat Aemooss, déi an esou enge Fäll da musse gräifen!

Noutstandsreglementer, ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, dat ass jo och schonn ugeklongen, kënne mëssbraucht ginn a si potenziell geféierlech.

De Stefan Braum, Doyen vun der Uni Lëtzebuerg vum Droit, huet gesot: «Constitutionnaliser l'état d'urgence, c'est faire confiance au gouvernement actuel et le regretter sous un gouvernement futur.» An dat däerfe mer net vergiessen.

Mir sinn haut heibannen alleguerte gudde Wëllens. Mä wat wësse mer dann, wien a fënef, an zéng, a fofzéng oder zwanzeg Joer eventuell hei sëtzt?

(Brouhaha)

Dir sot, et géif Garantien, well no zéng Deeg muss eng Majorité qualifiée den État d'urgence verlängeren. Jo, huele mer un, et gëtt en État d'urgence. E gëtt verlängert. Heescht dat dann eng Ratifikatioun vun deene Mesuren, déi geholl gi sinn? A wann ech géint déi Mesurë sinn, muss ech da géint den État d'urgence als solches stëmmen?

An elo emol ganz iwwerdriwwen,...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ganz iwwerdriwwen!

M. Roy Reding *(ADR).*- Jo, Madamm Loschetter, wat geschitt dann, wann an deem État d'urgence eng Regierung decidéiert, 20 Deputéierten ze internéieren? Dann hu mer heibanne keng Majorité constitutionnelle méi, fir den État d'urgence ze verlängeren oder net ze verlängeren.

Jo, et kann ee laachen driwwer. Mä dat doten ass awer dat, wat an der Geschicht geschitt ass, wou esou Noutstandsgesetzer wéi déi heite mëssbraucht gi sinn! An dat muss ee jo awer gesinn, wéi dat ka mëssbraucht ginn!

Firwat solle mer also eppes schafen, wat ka potenziell mëssbraucht ginn, wa mer haut all Zäit vun der Welt hunn, a Rou a mat Aemooss déi Gesetzer ze huelen, déi sech imposéiere fir a Krisefäll?

Et ass ganz kloer, datt och déi Formulatioun, trotz alle Lobeshymnen, déi hei een deem anere gemaach huet, net gutt ass. Et gëtt geschwat vun „péril imminent", et gëtt geschwat vun „besoins vitaux", et gëtt geschwat vun enger „partie de la population", där hir Intérêts vitaux. Et deet mer leed: Dat ass schwammeg, dat ass net präzis. Et ass in fine net ze kontrolléieren, wat domadder geschitt.

A finalement, et ass och schonn hei gesot gi vum Här Gloden, ech widderhuelen et: De Mëssbrauch, de potenzielle Mëssbrauch vun dëse Regelen ass vum Auteur selwer dokumentéiert ginn, wéi e gesot huet, et kéint ee jo drun denken, op dësen Text zréckzegräifen, fir punktuell Flüchtlingsfoyeren ze bauen, ouni déi normal legislativ an administrativ Prozeduren anzehalen.

Et ass gesot gi vum Alex Bodry, d'Dauer vun der Krisesituatioun wier limitéiert op zéng Deeg an dräi Méint. Neen, d'Krisesituatioun ass potenziell sechs Méint, néng Méint oder éiweg. Wa Cattenom an d'Luucht flitt, ass d'Krisesituatioun wäit méi laang wéi dräi Méint an zéng Deeg.

Wat mer hei hunn, ass de Pouvoir législatif, dee mer ofginn hei als Chamber, wou mer eis kastréieren, andeem mer en dem Exekutiv ginn, dat ass maximal limitéiert op dräi Méint an zéng Deeg. An dat ass mir éierlech gesot schonns ze vill, wa mer kucken, wéi haut schonn d'Praxis ass, wou eis Regierung zu Bréissel Saachen zoustëmmt, déi mer duerno als Direktiv zerwéiert kréien, déi mer hei musse stëmmen, wou mer guer keng Méiglechkeet méi hunn, dat ofzeleenen.

Ech kéint Beispiller nenne wärend etleche Minutten. Dir kennt se jo selwer, wou eis Beamten, emol net d'Regierung, mä wou Beamte vun der Regierung Saachen zoustëmmen zu Bréissel, sief et d'Saisie vu Bankkonten, d'Ophiewung vum Bankgeheimnis fir Netresidenten, d'Hauséierergesetz et cetera. Mir hunn der all Dag, déi mer virgeluecht kréien.

Haut scho gëtt et vill ze vill eng grouss Ingerence vum Pouvoir exécutif an de Pouvoir législatif. Dovun ofgesinn, datt de Gros vun de Gesetzer, déi mer hei maachen, jo souwisou Projete sinn, Projet-de-loien, déi vu Beamte vun der Regierung geschriwwe ginn an net vun der Chamber.

An ech denken, et wier un der Zäit, en Ermächtegungsgesetz fir d'Chamber ze stëmmen, datt mir eise Pouvoir zréckhuelen, an dëser Ännerung hei ënner kengen Ëmstänn zouzestëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- De Rapporteur freet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP), auteur-rapporteur.*- Ech huele mer d'Wuert - ech hunn nach eng Rei vu Minutten - als LSAP-Vertrieder hei. Ech wollt reagéiere besonnesch op déi lescht Interventioun, well esou einfach geet dat jo net!

Déi Hypokrisie eigentlech, mat där hei sech opgereegt gëtt iwwert deen neien Text, deen, wéi keen aneren, streng Bedéngunge festleet, zäitlech Bedéngunge festleet, inhaltlech Bedéngunge festleet, d'Interventioun vun der Chamber garantéiert, vun engem Vertrieder vun enger Partei, déi den aktuellen Artikel 32.(4) gutt fënnt, dee guer keng Garde-foue virgesäit, dee keng Interventioun vun enger Chamber virgesäit, deen der Regierung d'Méiglechkeet gëtt, haut op de Begréff vun der „Crise internationale" zréckzegräifen, wou mer wëssen: Et ass de flouste Begréff, deen dran ass. D'„Crise internationale", dat ass net, dass dat vun enger UNO géif festgestallt ginn: „Elo si mer an enger «Crise internationale»." Dat gëtt et jo guer net.

D'„Crise internationale", dat war d'Finanzkris. Muer ass et eng Kriminalitéitskris, Terrorismuskris: „Crise internationale". Dat heescht, mir hunn haut en Text, dee mat Begeeschterung (veuillez lire: gestëmmt ginn ass). Ech hunn nach nogelies, wat sengerzäit den Här Henckes am Numm vun der ADR dozou gesot huet. An den Här Gibéryen huet deen Text matgestëmmt, deen aktuellen Artikel 32.(4), an deem all déi Garantien, déi mer elo hei mat agebaut hunn, net sinn, dee wierklech déi Stäerkung vun der Chamber net virgesäit. All déi Verbesserungen, all déi Präzisiounen, déi mir dran hunn, déi sinn am aktuellen Text net dran. Net nëmmen huet d'ADR deen Text mat Begeeschterung gestëmmt, mä ech hunn och hir Propositiounen nogelies, wat se mengen, wat sollt an der aktueller Verfassung geännert ginn.

Si wollten den Artikel 32.(4), wéi en haut ass, ouni déi Garantien integral bäibehalen. A kenger Interventioun hu se eigentlech dat doten a Fro gestallt, wat haut am Artikel 32.(4) steet. An da muss ee sech de Virworf gefale loossen, dass ee wéi eng Girouette nom Wand dréit an dass een hei als Partei net méi déiselwecht Meenung vertrëtt wéi déi, déi ee virun zéng Joer zu deeneselwechte Froen hei vertratt huet. Dat wollt ech emol eng Kéier ganz kloer hei soen.

(Brouhaha)

Well all - all! - objektiven Observateur huet bei alle Bedenken, déi ee kann zum Prinzip hunn, mä zum Prinzip hat d'ADR ni Bedenken, si war jo fir den Artikel 32.(4), wéi mer en haut kennen… All Respekt fir déi Leit, déi mam Prinzip Problemer hunn. Mä wann een dann awer kuckt, mat wat fir enge Garde-foue mer eigentlech elo eisen aktuelle System hei versinn hunn, dann ass villes vun deem, wat haut am aktuellen Text méiglech ass, an deem zukünftegen Text net méi méiglech. Notamment och iwwert d'Definitioun vun der Urgence. Eng konstruéiert Urgence kann net méi gebraucht gi vun enger Regierung, wa se da jee déi Absicht gehat hätt, fir op deen Artikel hei zréckzegräifen.

Et kann een net Delaie versträiche loossen an soen: „Oh, elo ass et awer Zäit, fir eppes ze maachen, elo ass et eng Urgence, elo musse mer schnell handelen!" Dat geet mat eisem Text hei net méi, well et ebe gekoppelt ass, ganz däitlech, wat mer haut net am Text stoen hunn, un d'Incapacitéit vun der Chamber, fir a ganz klengen Delaien ze reagéieren, an Zäit vu Stonnen, an Zäit vun Deeg ze reagéieren.

Duerfir hu mer all déi Méiglechkeeten hei virgesinn. A säi Beispill, wat en hei mat den Hoer erbäigezunn huet - ech froe mech, wat an engem Kapp virgeet, deen esou Beispiller hei an enger öffentlecher Sitzung seet, dass eng Regierung hei géif drun denken, fir zwanzeg Deputéierten ze internéieren -, och dat ass e falscht Beispill!

(Brouhaha)

Dat ass net méiglech, well d'Verfassung garantéiert eigentlech d'Immunitéit vum Deputéierten. An et kann een dat net, ausser en cas de flagrant délit, mä et ass awer haut och scho méiglech. Ouni Spezialgesetz kann een dat maachen.

Also wann een heihinnerkënnt, wann ech gelift, bei der Wourecht bleiwen an um Buedem vun den Tatsaachen!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).*- Här President, ech hunn eng eenzeg Fro un den Här Bodry. A wat fir engem Fall,… „crise internationale" op der Säit, an op der Säit de Regëster, wat fir eng Partei hei iergendwann eng Kéier wat fir eng Positioune vertrueden huet, do gëtt et scho genuch Beispiller vu Parteien, déi komplett géint d'Quote waren an der Fraefro an esou weider, dovunner wëll ech guer net schwätzen.

Sot mir wann ech gelift een eenzegt - een eenzegt - Beispill, wat fir eng Legislatioun eng Regierung géif huele bannent deenen zéng Deeg am Fall vun enger nationaler Kris! Wou gëtt et do eng Lück? A wa jo, kënne mer déi net schléissen duerch en normaalt Gesetz, wat mer no deenen normale Prozeduren a Rou a mat Aemooss huelen? Dat ass meng Fro.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Rapporteur, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP), auteur-rapporteur.*- Ech wëll gären dorobber äntwerten, well d'Regierung, wéi se bei eis war am Dezember 2015, och do kloer gesot huet, wat se mengt, wat elo misst gemaach ginn, wat en allgemenge Charakter misst kréien. Do si mer jo befaasst gi mat engem Gesetzesprojet, dee mer nach wäerten hei ze diskutéiere kréien, wat se elo wëlles huet.

Awer se huet och gläichzäiteg gesot, dass, wann et géif zu enger Verschäerfung vun der Situatioun kommen, wa mer echt géife mat terroristesche Menacë konkret hei konfrontéiert ginn, si dann der Meenung wär, dass zousätzlech Moossname misste fir deen dote spezifesche Fall zäitlech begrenzt geholl ginn. A si huet Beispiller genannt vun de Fouille-corporellen, ouni dass en Usaz vun enger Infraktioun besteet, vun de Fouillen an den Autoen.

An ech sinn der Meenung, dass an normale Situatiounen, wéi dat haut zu Lëtzebuerg ass, dat do sollt verbuede bleiwen,…

Plusieurs voix.- Richteg!

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP), auteur-rapporteur.*- …dass an engem Rechtsstat wéi Lëtzebuerg dat sollt verbuede bleiwen. Ech sinn net der Meenung wéi d'ADR, dass déi Fräiheete vun de Leit sollen ageschränkt ginn.

(Brouhaha)

Par contre sinn ech awer allerdéngs der Meenung, dass, wa mer echt eng terroristesch Attack hei zu Lëtzebuerg kréien an déi Menace weiderbesteet, een op esou Moossnamen zäitlech begrenzt muss kënnen zréckgräifen. Dat ass meng Meenung an dat si konkret Beispiller.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).*- Dir diktéiert de Leit haut...

(Exclamations)

M. Alex Bodry *(LSAP), auteur-rapporteur.*- Oh là là là! Kommt, kommt, kommt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …an de Contraire.

M. Alex Bodry *(LSAP), auteur-rapporteur.*- Beschäftegt lech mam Bautereglement vun der Stad Lëtzebuerg!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Elo huet ganz eleng d'Wuert den Här Marc Baum fir déi Lénk. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Här President, deen Text, dee mer elo hei diskutéieren, ass net nëmmen eng wäitreechend Verännerung vun eiser Constitutioun. En ass, mengen ech, och dat, wat vun dëser Koalitioun an de Geschichtsbicher wäert hänke bleiwen.

Den État d'urgence, den Ausnamezoustand gëtt an eiser Verfassung verfestegt an ausgeweit. Et ass d'Reaktioun vun der Regierung, mat der Komplizitéit vun der CSV, op d'Attentater vu Paräis vum November 2015. Eng Reaktioun, déi entstanen ass am Zoustand vun enger allgemenger gesellschaftlecher Angscht an Hysterie. Dës barbaresch Dote waren net déi éischt a Frankräich an och net déi éischt an Europa. An et gëtt bal kee Land méi op der Welt, wat net direkt oder indirekt vun Terrorismus betraff ass.

Dës Dote verbanne mer alleguer mat Begréffer, déi eis direkt schrecklech Biller an Erënnerung ruffen: Bataclan, Charlie Hebdo, Anders Breivik, IS, Berliner Chrëschtmaart, München, Manchester an, an, an. Alleguerten dës grujeleg Attacken hate gemeinsam, datt se am Numm

vun der Superioritéit vun enger Kultur, vun enger Relioun oder enger Natioun willkürlech a bewosst Mënscheliewen zerstéiert hunn.

All dës Attacken haten zum Zil, d'Grondpiliere vu fräiheetlechen an demokratesche Gesellschaften ze destabiliséieren, déi hinne verhaasst sinn an déi se gär ersetze géifen duerch autoritär a faschistoid Statsstrukturen. An an deem Punkt ënnerscheede sech den Anders Breivik an IS a kengster Weis. An de Wee, fir dohinnerzekommen, besteet doranner, Angscht ze séien, fir datt déi vun hinnen esou veruecht fräiheetlech Gesellschaft sech selwer lues a lues opléist a sech an enger securitärer Hysterie an hire Géigendeel verwandelt.

An duerch déi mënscheveruechtend Ugréff wëlle se natierlech och déi fundamentalistesch a reaktionär Kräften an den Ugréffslänner entscheedend stäerken. Well, maache mer eis näischt vir! Déi gréissten objektiv Ënnerstëtzer an Alliéierte vu Leit wéi Marine Le Pen, Geert Wilders a Kompanie, dat sinn d'Fundamentalisten. Si verfollege spigelverkéiert eigentlech déiselwecht Ziler a sinn zwou Säite vun enger Medail.

Här President, well den IS zu Paräis dës Attentater begaangen huet, verännere mer elo haut dat grondleeënd Dokument, dat d'Zesummeliewen an eiser Gesellschaft organiséiert. Eis Noperen an Däitschland, déi och bluddeg Attentater kennen, sinn net op dee Wee gaangen. Mir orientéieren eis éischter un engem franséische Virbild.

An och do, maache mer eis näischt vir, et geet ëm den État d'urgence, och wann Der dat elo verblimmelt an euphemistesch État de crise nennt. D'Regierung kritt mam État d'urgence erweidert Pouvoiren, déi se esou bis elo net hat. Si kann, zäitlech begrenzt, Gesetzer ausser Kraaft setze respektiv Decisiounen huelen, déi eigentlech just en demokratesch gewielt Parlament dierf huelen am Fall vun enger nationaler Kris.

D'Regierung kritt hei d'Méiglechkeet, exorbitant Pouvoiren auszeüben, déi, wann iwwerhaapt, eréischt ex post kënne kontrolléiert ginn. A wien decidéiert dann, ob d'Konditiounen erfëllt sinn, fir deen Ausnamezoustand ze dekretéieren? Ma dat ass d'Regierung, déi sech selwer d'Fakultéit gëtt, Gesetzer ausser Kraaft ze setzen.

Dee reaktionäre Statsrechtler Carl Schmitt huet dat esou genannt: „Souverän ist, wer über den Ausnahmezustand entscheidet." Den Ausnamezoustand ass e Friemkierper an der Demokratie, deen a sengem Wiesen op d'Ophiewe vun der Gewaltentrennung erausleeft a per se ademokratesch ass. An et gëtt elo hei ugefouert, datt et den État d'urgence schonn ëmmer ginn hätt, soit duerch d'Loi d'habilitation, soit zanter 2004 bei internationale Krisen. Dat stëmmt, mä e war awer ëmmer gemënzt fir ekonomesch Krisesituatiounen, sief et am Éischte Weltkrich oder sief et elo kierzlech eréischt bei der Bankerettung.

Zweetens gëtt ugefouert, et wiere jo elo Ännerungen un deem urspréngleche Text virgeholl ginn an nei Garde-fouen agebaut ginn, an och dat stëmmt. Mä den Interpretatiounsspillraum bleift awer enorm grouss bei Formele wéi „menaces réelles pour les intérêts vitaux de tout ou partie de la population", well dat kann zimlech vill sinn. Oder den „péril imminent résultant d'atteintes graves à la sécurité publique", do kann ee sech och ganz vill Situatiounen drënner virstellen.

An deem urspréngleche Text, deen am Januar 2016 deposéiert gouf, stoung souguer d'Notioun vum „Ordre public" nach dran, mä „Ordre public", dat ka strictement bal alles sinn. An dat muss ee sech virstellen! Zwee Méint no engem Attentat an engem Nopeschland war den allgemenge Geeschteszoustand an der Chamberskommissioun also nach ëmmer vun enger securitärer Hysterie gepräägt, datt ech mer iwwerhaapt net virstelle wëll, wat lass wier hei am Land, wa quoi que ce soit geschitt. An ech gleewen eben net un d'Besonnenheet, weder vun der Regierung, déi dësen Text commanditéiert huet, wéi vun der Chamber, déi e redigéiert huet, wa mer hei am Land mat enger kritescher Situatioun befaasst sinn.

Ee weidere Garde-fou wier d'Interventioun vun der Chamber, déi den Ausnamezoustand mat Zweedrëttelmajoritéit verlängere misst. An et stëmmt och dat, et ass e formale Garde-fou. Mä et kann ee sech awer d'Fro stellen, ob d'Chamber dann iwwerhaapt Moyenen huet, souverän ze analyséieren, ob d'Bedéngungen, déi d'Regierung virgëtt vun deem Ausnamezoustand, net méi erfëllt sinn. Well si ass dach an deem Moment tributaire vun den Informatioune vun der Regierung an de Sécherheetsapparater.

A wéi e Parlament, a wéi een Deputéierte wéilt sech scho gäre virgeheie loossen, net genuch fir d'Sécherheet vum Land gemaach ze hunn? An och grad gesi mer, wat a Frankräich lass ass, wou den Ausnamezoustand zur Regel ginn ass, mam Accord vun der Chamber.

Duerfir huet de Statsrot a sengem Avis virgeschloen, ebe grad den Terrorismus aus dem Champ d'application vum Ausnamezoustand erauszehuelen, well d'Terrorgefor, déi besteet jo eigentlech ëmmer!

An ee leschte Garde-fou wier, datt d'Prinzipie vun der Constitutioun a vun internationale Verträg missten agehale ginn an domadder d'Grondrechter net beschnidde kéinte ginn, mä och do: Wesentlech Prinzipie ginn an der Verfaassung ernimmt, mä se ginn awer iwwer Gesetzer geregelt, also déi Gesetzer, zu deenen d'Regierung am État d'urgence derogéiere kann.

Zum Beispill d'Streikrecht, d'Streikrecht ass certes e Recht, wat an der Verfassung steet, mä et gëtt awer iwwer Gesetz geregelt. D'Regierung kéint an esou engem hypotheetesche Fall also ouni Problem am État d'urgence d'Prozeduren an d'Modalitéite vun deem Streikrecht, vun deem Gesetz esou ëmänneren, datt et zwar als Prinzip nach ëmmer bestoe bleift, mä de facto net kann ausgeüübt ginn.

Den Doyen vun der juristescher Fakultéit vun der Uni Lëtzebuerg, de Stefan Braum, sot a Bezuch op d'Ausweidung vum État d'urgence an eiser Verfassung, datt et den - Zitat - „Ufank vum endgültegen Doud vum Rechtsstat kéint sinn".

(Interruptions)

Här President, ech fannen et bezeechnend, datt den Ausgangspunkt, näämlech d'Sécherheet vun de Leit hei am Land, bei all deenen Diskussiounen, souwuel an der Chamberskommissioun wéi awer och hei elo am Plenum, héchstens en marge erwäänt ginn ass. Well effektiv, wat sinn dann déi konkret Zeenarien, bei deenen d'Regierung wéilt op den Ausnamezoustand zréckgräifen? A wéi eng Gesetzer wéilt se dann änneren?

Den Här Bodry huet elo vu Fouillë geschwat. Mä dat sinn dach alles Méiglechkeeten, déi mer elo schonn hunn. Well wéi eng Méiglechkeeten, wéi eng Mëttelen huet den uerdentlechen, ordinäre Rechtsstat dann haut net an enger Krisesituatioun? Elo scho kënne mer Stroosse spären, Enquêtë maachen, Grenze kontrolléieren. Elo scho kann d'Populatioun evakuéiert ginn, jo souguer forcéiert evakuéiert ginn. An elo scho kann een an Noutsituatioune requisitionnéieren. Elo scho kann d'Arméi am Land agesat ginn. A mir hunn dach Noutfallpläng wéi den „Plan Cattenom".

A wat ass an enger realer Noutfallsituation d'Plus-value vum État d'urgence? Dovunner hu mer nach bis elo relativ wéineg héieren.

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Natierlech muss e Land sech preparéieren op Noutfallsituatiounen. Duerfir hu mir als Lénk virun engem Joer d'Gesetz iwwert den Haut-Commissariat à la protection nationale jo och matgestëmmt. Mä duerfir brauche mer awer net de Rechtsstat, och wann nëmmen zäitlech begrenzt, ausser Kraaft ze setzen an d'Parlament ze iwwergoen.

Une voix.- Très bien!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Den Ausnamezoustand bréngt eis net virun, net bei Naturkatastrophen an och net bei terroristeschen Attacken. An och dat hu mer entre-temps a Frankräich gesinn.

Här President, d'Dekretéiere vum Ausnamezoustand ass awer och en héich symboleschen Akt, näämlech d'Virspille vun enger staarker an decidéierter Regierung, déi Autoritéit weist an huet - Autoritéit! - an déi selbstbestëmmt souwuel den État d'urgence erléisst wéi en och zäitlech begrenzt ëmsetzt.

Här President, an enger Woch sinn et 80 Joer, datt d'Lëtzebuerger per Referendum mat knapper Majoritéit géint en Uerdnungsgesetz gestëmmt hunn, dat eist Land op d'Schinn gesat hätt vun enger autoritärer Gesellschaftsform.

Et ass déi batter Ironie vun der Geschicht, datt et haut grad déi sozialliberal Koalitioun ass, déi net d'Fënsteren, mä d'Diere ganz wäit opmécht fir zukünfteg autoritär Deriven.

Mir als Lénk soen dozou mat zwee Hänn Neen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Rapporteur huet d'Wuert gefrot.

M. Alex Bodry *(LSAP), auteur-rapporteur.*- Ech wëll elo net mat dem Pathos äntwerten hei vu mengem Virriedner. Ech kennen d'Schwieregkeeten, den Toun erëmzefanne par rapport zu deene sachlechen Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun haten. Et ass egal.

Et war eppes vläicht vergiess ginn, op wat ech och a menger Duerstellung dës Kéier hei net insistéiert hunn a wat een awer och net soll vergiessen. All déi Akten, déi d'Regierung kann ënner ganz strenge Bedéngungen an zäitlech begrenzt setzen am Kader vun esou enger Kris, ënnerleie selbstverständlech der Kontroll vun de Geriichter. A wann ee vläicht kee Vertrauen an d'Regierung huet, anscheinend jo och net an d'Chamber huet, dann, mengen ech, sollt een awer d'Autoritéit an d'Onofhängegkeet vun eise Geriichter net a Fro stellen.

Et ass evidenterweis, dass déi Règlement-grand-ducallen, wéi all Règlement grand-ducal - do deele mer eent zu eent d'Aschätzung, déi juristesch Aschätzung, déi de Statsrot gemaach huet -, dem Contrôle vun de Geriichter ënnerleien, allen uerdentleche Geriichter, déi d'Konformitéit vun engem Règlement grand-ducal par rapport zu allen Texter kënne kontrolléieren, och par rapport zur Verfassung, och par rapport zu internationalen Traitéen, och par rapport also zur Europäescher Mënscherechtskonventioun. Dat kënne se maachen.

An hei besteet souguer d'Méiglechkeet, well et jo en Acte réglementaire administratif ass, fir och direkt souguer déi Decisioun ze contestéiere virun eise Verwaltungsgeriichter.

Ech géif also bieden, an där dramatescher Duerstellung hei,…

M. Marc Angel *(LSAP).*- Jo!

M. Alex Bodry *(LSAP), auteur-rapporteur.*- …déi total iwwerzunn ass, theatralesch e bëssen nieft dem Dill menger Usiicht no ass, soll ee wa méiglech awer och bedenken, dass mer nach wie vor an engem Rechtsstat sinn an all Kontrollen, noutwendeg Kontrolle vum Rechtsstat och weider hei spillen.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här Gibéryen, Dir sollt roueg sinn.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An de Statsminister huet d'Wuert a soss keen. Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech hat gehofft, dass den Debat haut serein wier. Et geet ëm eng Situatioun hei, wou d'Regierung…

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Neen, mä net op alle Bänken, Madamm Loschetter, muss ech soen.

Et sinn hei och Propose gehale ginn, bei esou enger Fro, wou ech awer wierklech hoffen, dass mer se ni gebrauche mussen - ni gebrauche mussen! -, mat deenen hei Politique politicienne gemaach gëtt a probéiert gëtt, de Leit Angscht ze maachen, wéi wann dës Regierung hei wéilt d'Demokratie, de Rechtsstat an esou Saachen ofschafen.

Hei geet et drëms, dass an där schlëmmster Situatioun, déi mer kënnen eng Kéier eis net wëlle virstellen, mer och kënnen agéieren. An d'Beispiller, déi den honorabelen Här Deputéierte Bodry hei zitéiert huet, si Beispiller. Ech wëll net duerno dee sinn, dee seet: „Jo, mir konnten näischt maachen, well d'Gesetzgebung dat net virgesinn huet." Ech wëll net dee sinn, deen, wann ech eng Méiglechkeet hunn, en Attentat ze verhënneren, seet: „Jo, leider ass et eben elo passéiert, well mer keng Gesetzgebung haten."

(Brouhaha)

Mir sollen als Exekutiv, mir sollen als Exekutiv, wann Ausnamezoustänn sinn, exceptionnell Zoustänn sinn, och Méiglechkeeten hunn, kënnen ze agéieren.

Duerfir… Här President, ech ginn hei drun erënnert, dass ech selwer elo net serein sinn.

(Interruption)

Jo, ganz einfach, well ech der Meenung sinn, dass dat heiten e Sujet ass, dee wichteg ass an dass et net en Opportunitéitstext ass, deen d'Regierung hei wëllt hunn, fir iergendwéi méi Moyenen ze hunn oder hei kënnen d'Chamber ze court-circuitéieren.

Ech soen och der Chamber Merci. Well wierklech, deen Text ass och eng Zesummenaarbecht gewiescht mat der Kommissioun, wou mer hei am Fong duerch de Verfassungstext op engem essenzielle Punkt, deen eis Verfassung virgesäit, assuréieren, dass, wann eng national Kris wär, och hei am Land kéint agéiert ginn.

D'Kris ass eppes, wat instantané ass. Eng Kris ass näischt, wat een am Viraus ka plangen. D'Kris ass näischt, wou ee seet: „An e puer Deeg ass eng Kris." D'Kris ass eppes, wat spontan ass a wou mer der Meenung sinn, dass se och muss direkt behandelt ginn a mer net kënnen a verschiddene Situatiounen Deeg oder Wochen, a virun allem Wochen, waarden, fir kënnen ze agéieren.

Am Moment ass déi Kris e Contexte international. Dat ass esou, wéi den Text et virgesäit. A mir sinn der Meenung, dass et wichteg ass, dass mer net an eng Situatioun geroden, wou mer eis am Fong selwer blockéieren oder agéieren, awer net am Kader vun der Verfassung. Dat heescht, dass mir op Drock a well jiddweree seet: „Do muss eppes geschéien", eppes maachen, wou mer am Fong d'Moyenen net hunn, fir kënnen ze agéieren.

An duerfir wëlle mer de Cadre légal schafen, fir dass och da kann agéiert ginn an dass déi direkt Mesuren zäitno zur Kris och kënne geholl ginn an, wéi gesot, net Wochen duerno.

An esou wéi et virdru gesot ginn ass: Deen heiten Text schränkt am Fong d'Kompetenz vun der Regierung méi an, wéi dat de Fall elo ass. Hei gëtt gesot, d'Regierung géif sech nei Moyene ginn. Au contraire! Mir hunn eng Kontroll, et ass limitéiert, d'Konditioune gi geschaaft, et ass an der Zäit limitéiert, mir brauchen eng Validatioun vum Parlament, dat, wat am Moment net do ass!

Duerfir hu mer am Moment bal wärend dräi Méint, wou eng Regierung kéint vill méi fräi - dräi Méint! - agéieren, wärend hei bannent den zéng Deeg schonn e Contrôle parlementaire ass, dee muss do sinn, soudass d'Chamber am Fong, souverän d'Chamber decidéiert, ob se fënnt, dass dat richteg oder net ass. An et ass op dräi Fäll präzis limitéiert: déi international Kris, déi real Menacë fir déi vital Interesse vun der Populatioun an d'Bestoe vun enger imminenter Gefor, déi aus enger graver Verletzung vun der éffentlecher Sécherheet ervirgeet.

Dowéinst ass et fir eis wichteg, dass dësen Text och adaptéiert gëtt, an ech soen och der Chamber Merci, dass mer dat wäerten haut maachen.

Par rapport zu den Enjeuen, déi esou e Krisenzoustand ka mat sech bréngen, muss ee soen, dass dësen Text, deen e largë Konsensus awer hei ënnert de Parteien an dësem Haus, och an der Chamberskommissioun fonnt huet an och vun der Regierung matgedroen an och begréisst gëtt, en Text vun enger héijer Qualitéit ass, deen engersäits et erméiglecht, an dat ass de Resumé, Här President, schnell ze reagéieren, mä och anerersäits, an dat ass wichteg, mat senge Kontrollmechanismen och genuch Sécherheet schaaft, fir eventuell Abusen ze evitéieren. Dat heescht, et ass e gudden Text fir eng exeptionnel Situatioun.

Erlaabt mer nach eng Kéier ze soen, Här President: Mir hoffen, dass mer et awer ni gebrauche mussen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Statsminister.

Vote sur la proposition de révision de la Constitution 6938

Mir géifen dann iwwert d'Revisioun vum Artikel 32 Paragraf 4 vun eiser Verfassung ofstëmmen. Dir wësst, et ass keng Procuratioun erlaabt an et ass eng Zweedrëttelmajoritéit noutwendeg. Ech géif dann d'Ofstëmmung lancéieren. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, a soss keng!

(Hilarité et interruption)

Et war de Spellchecker, deen elo ageschalt ginn ass.

Voilà, ech géif mengen, dass d'Ofstëmmung eriwwer ass.

54 Deputéiert hunn ofgestëmmt: 49-mol Jo a 5-mol Neen. Domat ass déi noutwendeg Majoritéit erreecht. D'Proposition de révision de la Constitution 6938 ass ugeholl.

Résultat définitif après redressement: la proposition de révision de la Constitution 6938 est adoptée par 50 voix pour et 5 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

(Interruption)

Neen, et ass kee Problem. A bei deem heite Projet brauch ech net déi traditionell Fro ze stelle vun der Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott, well dat hei jo en éischte Vott ass. Merci.

Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 7103, d'Ëmsetzung vun enger Direktiv am Beräich vun de Fraisen op de Konten. An d'Wuert huet direkt, en ass scho prett, den Här Rapporteur, den Här André Bauler.

5. 7103 - Projet de loi relative aux comptes de paiement et portant:

1. transposition de la directive 2014/92/UE du Parlement européen et du Conseil du 23 juillet 2014 sur la comparabilité des frais liés aux comptes de paiement, le changement de compte de paiement et l'accès à un compte de paiement assorti de prestations de base; et

2. modification de la loi modifiée du 15 décembre 2000 sur les services financiers postaux

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. André Bauler *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, egal wéi een Zeenario déi europäesch Institutiounen an de kommende Joren och aschloe wäerten, de Marché unique an d'Stäerkung bezéiungsweis d'Verdéiwung vum groussen europäesche Bannemaart sinn a bleiwen eng wichteg Aufgab vun der Europäescher Unioun. An deem Sënn ass et och richteg, fir déi aktuell Schwächte vun eisem gemeinsame Wirtschaftsraum ze analyséieren.

Duerch déi laang national Geschicht vun den eenzelne Memberstaten ass et verständlech, datt et haut ënnerschiddlech Standarden an der EU gëtt, wat d'Finanzproduiten ugeet. Dës Ënnerscheeder féieren awer a verschiddene Beräicher zu Situatiounen, wou de Marché unique net spille kann. Et gëtt also Barrièren, Hürden, déi déi wirtschaftlech Konkurrenz net zum Droe komme loossen. Dat ass zum Beispill de Fall bei Bankkonten, wou et fir de Client net ëmmer einfach ass ze verstoen, wéi vill Fraisen hie bei wéi enge Servicer letztendlech ze bezuelen huet.

Well d'Länner hei verschidde Manéieren hunn, dëst unzeginn, gëtt de Konsument dru gehënnert, fir genau deen Typ vu Konto ze huelen, deen am beschten op seng Besoine passt.

Här President, de Gesetzesprojet N°7103 gouf de 16. Dezember 2016 vum Finanzminister deposéiert. Den 1. Februar 2017 huet d'Union luxembourgeoise des consommateurs hiren Avis zum Projet de loi ugeholl. Den Avis vun der Chambre de Commerce datéiert vum 24. Februar.

A sengem Avis vum 7. Abrëll dëses Joers hat de Statsrot zwou formell Oppositiounen ausgeschwat, op déi ech spéider nach ganz kuerz ze schwätze wäert kommen. E komplementären Avis war bei dësem Gesetzesprojet awer net erfuerdert. De schréftleche Rapport ass de 24. Mee an der Cofibu ugeholl ginn.

Här President, den Text, dee mer de Mëtteg virun eis leien hunn, setzt eng europäesch Direktiv an dat nationaalt Recht ëm. Et handelt sech ëm d'Direktiv 2014/92 vum Parlement européen a vum Conseil vum 23. Juli 2014 iwwert d'Comparabilitéit vun den „Frais liés aux comptes de paiement, le changement de compte de paiement et l'accès à un compte de paiement assorti de prestations de base".

Ech hat et schonn ugeschwat: Am Moment kann de groussen europäesche Bannemaart bei Bankkonten net voll spillen, well an deenen eenzelne Memberstaten aner Standarde virherrschen, wat d'Informatiounen zu der Käschtestruktur vun esou Konten ugeet. Och wann d'Direktiv 2007/64 scho Regelen opgestallt hat, wat d'Transparenz bei Bankfraisen ugeet, sou ass et awer fir de Konsument weider schwéier, verschidden Offere vu Konten ze vergläichen, besonnesch tëschent verschiddene Länner. Et ginn an dësem Sënn Hindernisser fir en effikasse Marché unique op europäeschem Niveau. Wann de Konsement d'Produiten, an dësem Fall d'Bankkonte mat hire Servicer a Fraisen, net objektiv an einfach matenee vergläiche kann, da kann och d'Logik vum Bannemaart net voll spillen.

Et ass och haut dacks esou, datt verschidde Stéit mat besonnesch niddrege Revenuen et villfach schwéier hunn, e Konto opzemaachen. Si sinn an dësem Sënn vun der Finanzwelt ausgeschloss.

Fir op dës Ëmstänn ze reagéieren, verfollegt d'Direktiv en dräifachen Objet.

Als Éischt geet et ëm d'Fixéiere vu gemeinsame Regelen, wat d'Transparenz an d'Vergläichbarkeet vun de Fraisen op Bankkonten ugeet. Domadder ass et fir de Konsument méi einfach erauszefannen, wéi vill Fraisen hien am Ganze bezilt a wéi en domadder par rapport zu Konte vun anere Banke läit.

Hei geet et drëms, eng uniform a standardiséiert Terminologie anzeféieren, soudatt een net Äppel mat Biere vergläicht. De Client kritt och en Dokument, op deem d'Käschte vun de wichtegste Bankservicer festgehale sinn an och an enger einfacher Sprooch erkläert ass, ëm wat et sech eigentlech genau heibäi handelt. An dësem Zesummenhang huet de Finanzministère eis och déi provisoresch Lëscht vun deene Basisservicer zoukomme gelooss, déi d'CSSF un déi europäesch Bankenautoritéit weiderginn huet.

Kuerz a knapp formuléiert: Iwwert de Relevé des frais kritt de Konsument also eng allgemeng Iddi zu de Fraise vun engem bestëmmten Typ vu Kont. Zu Lëtzebuerg ass d'CSSF d'Autorité compétente an dësem Domän a se wäert och en Internetsite op d'Bee stellen, op deem een d'Eegeschafte vu verschiddene Konte gratis a séier matenee vergläiche kann.

Da ginn, zweetens, och gemeinsam Regele fixéiert, déi applizéiert ginn, wann de Client de Kont wiesselt a bei eng aner Bank innerhalb vun der Europäescher Unioun geet. Hei geet et drëms, datt et méi einfach fir de Konsument ass, de Kont ze wiesselen. Fir d'Mobilitéit vun de Clienten ze verbesseren, ginn och hei uniform Regelen iwwerholl. Sou weess de Client genau, wéi eng Käschten e Changement vum Kont fir hie bedeite wäert. Dat heescht net onbedéngt, datt d'Käschten ewechfale wäerten. D'Banke mussen dem Client awer eng Hëllef ubidden, wann dësen e Kont an engem anere Land opmaache wëllt.

Am Allgemengen ass ze soen, datt dës Direktiv sech net mat der Gratuitéit vu Bankservicer beschäftegt, mä mam Opstelle vu gemeinsame Regele fir de Marché unique, fir deen och weiderzebréngen.

Leschten Enns ginn och nach gemeinsam Regele festgehalen, déi et all de Konsumenten erlabe sollen, e Kont bei enger Bank opmaachen ze kënnen. Domadder musse verschidde Banken e Basiskonto opmaachen, wa se dat gefrot ginn.

Hei goufen zwou Konditiounen zréckbehalen. Eng Kéier falen déi Instituter drënner, déi op d'mannst 25 Agencen hei am Land hunn an déi minimum 2,5% vun den Dépôts garantis, de garantéierten Depoten halen. Domadder wieren et hei zu Lëtzebuerg d'Spuerkeess, d'Raiffeisenbank, d'BGL BNP Paribas, d'BIL an och d'Post.

Et ass och nach ze soen, datt d'Gesetzgebung iwwert de Blanchiment natierlech iwwert dësem Droit d'accès steet.

Här President, ech kommen dann och op déi eenzel Avisen ze schwätzen.

D'ULC huet drop higewisen, datt et bei eise belschen a franséischen Nopere schonn Onlineplattforme gëtt, fir d'Kontosfraisen ze vergläichen, a weist sech zefridden, datt d'CSSF elo och esou e Site an d'Liewe ruffe wäert. Fir si geet de Projet an déi richteg Richtung, well en dem Client méi a méi kloer Informatioune gëtt.

D'Chambre de Commerce mécht besonnesch zwou Remarquen. Éischtens weist si drop hin, datt et sech bei dësem Projet de loi wuel ëm eng Simplification administrative fir de Client handelt, déi awer mat Obligatiounen op der Säit vun de Banke verbonnen ass.

Zweetens bedauert d'Handelskummer, datt de Gesetzgeber d'Optioun net zréckbehalen huet, fir ze verlaangen, datt de Client och e veritablen Intérêt à agir hätt, ier d'Bank e Konto opmaache muss. Si bedauert och, datt den Text vum Projet de loi de Fall net virgesäit, wann de Client falsch oder guer keng Informatioune géif uginn.

Den 2. Mee huet de Vertrieder vum Finanzministère eis awer an der Kommissioun erkläert, datt d'Bank an dësem Fall kee Kont opmaache misst, dat, well se net ka sécher sinn, ob heimadder keng Aktivitéite vu Blanchiment bedriwwe kéinte ginn. An dësem Sënn sinn dës Fäll also implizitt geregelt.

Dann zum Conseil d'État, déi jo zwou formell Oppositiounen opgeworf hat, dat an den Artikelen 23 an 29. Am Allgemengen ass ze soen, datt d'Cofibu de Statsrot op dësen zwee Punkte suivéiert an dëse Remarquë Rechnung gedroe gouf.

Fir den Detail gouf beim Artikel 23 eng onkloer Formulatioun opgeworf. Den éischte Paragraf zweeten Alinea gesäit vir, datt d'CSSF all Joer eng Lëscht mat deenen Instituter festhält, déi ënnert déi nei Regele falen. Aus deem Text, dee mer am Ufank haten, hätt ee kënne schléissen, datt, wann eng Bank d'Kritären dat engt Joer net méi erfëllt, da misst se sech trotzdeem nach zwee Joer un d'Regele vun der Direktiv halen. Dat ass awer net dat, wat vun der Direktiv geduecht war. Fir hei méiglech Mëssverständnisser ze verhënneren an dem Konsument Kloerheet ze verschafen, huet d'Cofibu den 2. Mee dëses Joers de Statsrot suivéiert an de leschte Saz vum Alinea 2 vum éischte Paragraf gestrach.

Beim Artikel 29 huet de Statsrot sech d'Fro gestallt, ob den Text d'Direktiv an hirer ganzer Form, also komplett transposéiert hätt. De Statsrot freet sech hei, ob eng penal Infraktioun vis-à-vis vum Finanzinstitut als Abus vum Zougangsrecht zu engem Kont gewäert ka ginn. Och hei huet d'Cofibu de Statsrot suivéiert an de Punkt 6 vum zweete Paragraf gestrach.

Här President, vläicht nach e Wuert zum Délai de transposition. Jo, et huet méi laang gedauert, bis de Projet de loi deposéiert gouf, dat awer, fir mat villen Associatiounen an Institutiounen aus dem Secteur ze schwätzen. Ech denken, dat war de richtege Wee, well et gesäit ee jo awer elo, datt mer en Text virleien hunn, deen ausgeräift ass an deen d'Strooss hält.

De Gesetzestext, iwwert dee mer op dëser Plaz schwätzen, kann nëmmen am Sënn vum Konsument sinn, dat, well méi kloer Informatiounen iwwert déi verschidde Konten ugebuede ginn, grad och iwwer eng Internetsäit. Nëmme wann de Konsument op eng verständlech Manéier vergläiche kann, wéi ee Kont am beschten op hien zougeschnidden ass, kann hien dee Produit fannen, deen zu him passt an deen hien ergo zefriddestellt.

Domadder gëtt de Marché unique gestäerkt an déi verschidde Finanzakteure maache sech EU-wäit eng méi gesond Konkurrenz. Och dëst kann nëmmen am Interêt vun de Konsumente sinn, well bekanntlech belieft d'Konkurrenz jo d'Geschäft.

Duerfir wëll ech och dem Finanzminister, senge Mataarbechter, déi eis douewen trei nolauschteren, an och de Kolleegen aus der Finanzkommissioun natierlech bezéiungsweis dem Greffe fir déi gutt Zesummenaarbecht Merci soen a ginn dann och heimat den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ma da soen ech och nach dem Här Rapporteur Merci. An d'Wuert huet elo den Här Mosar.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Fir d'Éischt Merci dem Rapporteur André Bauler, deen, wéi mir dat vun him gewinnt sinn, op eng roueg, sachlech a kompetent Aart a Weis dëse Projet am Detail virgestallt huet. Mir wäerten och dësem Projet eis Zoustëmmung ginn.

Ech mengen, en huet et gesot: Et sinn hei zwee wesentlech Punkten an deem Projet. Dat eent, dat ass den Accès vun all Bierger op e Konto an der Europäescher Unioun. Dat ass also e wesentlecht Recht vun all Bierger. Dat gëtt nach eng Kéier duerch dëst Gesetz respektiv duerch dës Direktiv ganz kloer ënnerstrach.

Deen zweete Volet, an ech mengen, de Rapporteur huet dat och gesot, dat ass dee Punkt iwwert d'Transparenz, deen natierlech haaptsächlech dem Consommateur zeguttkënnt, fir datt an Zukunft och jiddweree weess, wat déi eenzel Prestatiounen, déi e vun deenen eenzelne Banke gemaach kritt, wäerte kaschten.

Ech wëll awer vläicht nach eng Kéier op de Punkt hiweisen, datt jo och d'CSSF soll an den nächste Wochen en Internetsite maachen, wou also all Bierger an all Consommateur an Zukunft déi verschidde Prestatioune vun deene verschiddene Banke matenee vergläichen kann. Ech mengen, dat ass och e wichtegt Argument fir déi eenzel Consommateuren.

Ech wollt awer vläicht vun der Geleeënheet profitéieren, Här Finanzminister, op ee Punkt anzegoen, deen de Rapporteur och kuerz ugeschnidden huet, deen net direkt eppes mat dësem Projet ze dinn huet, deen awer fir ganz vill Leit vu Wichtegkeet ass. Dat ass déi ganz Thematik vun der Gratuitéit vu gewësse Prestatiounen.

Ee Wuert Explikatioun. Mir liewen an engem Zäitalter, wou aus berechtegte Grënn ëmmer méi Agencë vu Banken zougemaach ginn, well och ëmmer méi Bierger hir Operatiounen iwwert deen elektronesche Wee maachen. Et kënnt awer elo derbäi, datt déi Operatiounen zu engem groussen Deel gratis sinn, wärend op där anerer Säit déi traditionell Operatiounen am Guichet de Bierger zu engem Deel facturéiert ginn.

A mir wëssen, datt et awer an eiser Gesellschaft och nach Leit gëtt, déi ebe méi Problemer hunn, fir iwwert den Internet an iwwert den elektronesche Wee déi Operatiounen ze maachen, déi also drop ugewise sinn, an hir Agencen ze goen. A mir wëssen och, datt mer zum Beispill eng ganz Diskussioun haten iwwert d'Postagencen, déi zougemaach ginn. An ech mengen, déi doten Thematik ass eng ganz wichteg, well et hei ëm fundamental Rechter vun de Bierger geet. An duerfir och vläicht en Appell un de Minister, dat dote ganz seriö ze kucken, fir datt et net zu zevill Diskrepanze kënnt tëschent deenen elektroneschen Operatiounen an deenen, déi traditionell an de Guichete gemaach ginn.

Dat gesot, gi mir eisen Accord zu dësem Projet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Mosar. Ech hunn hei nach eng Kéier den Här Bauler stoen, mä ech mengen, den Här Bauler huet schonn den Accord vu senger Fraktioun ginn. Dann huet den Här Fayot d'Wuert.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Merci, Här President. Och vu mir e grousse Merci un den André Bauler fir säi gudden a komplette Rapport. Dat erméiglecht mir et, mech kuerzzefaassen. Mir begréissen als LSAP dësen Text. Et ass en Text, deen am Sënn ass vum Konsument vu Bankeservicer. E verbessert souwuel d'Transparenz, wat d'Fraisen ugeet, doduerch, dass e se vergläicht an eben déi Informatioun disponibel mécht iwwert de Website vun der CSSF.

Mir haten eng Diskussioun an der Cofibu iwwert d'Mise en œuvre vun deem Volet, wat d'Komparabilitéit ugeet vun de Fraisen. An et ass gesot ginn, dass dat géif ofhänke vun enger Mesure vun der Autorité bancaire européenne. Déi soll do eng uniformiséiert Fiche schreiwen, fir dass dat kann um europäesche Plang en œuvre gesat ginn. An et ass gesot ginn, dass déi Fiche nach net prett wier, dass dat eréischt an engem Joer géif kommen. Vläicht kann den Här Minister dorobber agoen, ob en do weider Informatiounen huet. Et gëtt een Dokument, en Orientatiounsdokument, wat ech fonnt hunn, vum Mai 2015, wat do verschidde Guidelines gëtt. Mä et wär natierlech flott, wann déi Komparabilitéit do géif esou schnell wéi méiglech kommen. Vläicht kann de Minister kuerz dorobber agoen.

Ee Volet, deen eis och immens wichteg ass, dat ass natierlech dee vun der finanzieller Inklusioun, dass all Mënschen e Recht op e Kont hunn. Ech mengen, zu Lëtzebuerg ass d'Bankarisatioun vun de Leit immens héich. Mä mir hate gëschter eng Debatt iwwert d'„working poor". Ech mengen, den Accès oder den Netaccès zu engem Kont ass wierklech en extrem penalisante Facteur an u sech schonn e Facteur vu grousser sozialer Vulnerabilitéit, soudass een och op deem Volet dëse Projet just ka begréissen.

Voilà, dat gesot, bréngen ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Fayot. Madamm Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Och mir soen dem Här Bauler Merci. A mir géife gären hei eisen ausdréckleche Soutien ënnerstréichen zu dësem Projet, dee mir ganz wichteg fannen. An dofir gi mer och den Accord zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann huet d'Wuert den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Nodeems meng Virriedner de Standpunkt vun de Banke vertratt hunn, wäert ech emol versichen, de Standpunkt vun de Bierger ze vertrieden. Well ech mengen, hei gi vill Saachen erzielt, déi e bëssen ze vill optimistesch sinn.

(Interruption)

Dir mengt dat.

(Interruption)

Mir schwätzen eng Kéier doriwwer, wien alles de Standpunkt vun der Finanzoligarchie hei zu Lëtzebuerg vertrëtt a wien net. Jo, dat embêtéiert Iech, Madamm Loschetter, mä et ass d'Wouerecht.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Dat ass jo eng Zoumuddung! Wéi kënnt Dir esou eppes soen?

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Dach.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- A wouranner hunn ech da fir d'Banke geschwat? Da sot dach net egal wat!

(Interruption)

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Ma ech wäert dat maachen. Dir hutt déi Direktiv a minima transposéiert. Dir wësst et jo ganz genau.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Also, et ass scho gesot ginn. Et kann een et gutt fannen oder net, mä et brauch een e Bankkonto hei zu Lëtzebuerg. Et ass e Grondbedürfnis - et ass e puermol gesot ginn - an et ass zemools e Grondbedürfnis fir Leit, déi u sech relativ vulnerabel sinn an eiser Gesellschaft.

Et gi Länner, déi si Virreider doranner, wat Lëtzebuerg net ass. Zum Beispill Frankräich, well do gëtt et zënter 30 Joer den Droit aux comptes. A wien dat Recht an Usproch hëlt, dee kann och vun der Banque de France gratis e Konto bei senger Bank opgemaach kréien. Déi franséisch Gesetzgebung huet dann hei och déi europäesch Direktiv beaflosst, déi jo notamment dat Zil verfollegt, besonnesch vulnerabel Leit an de Bankesystem ze integréieren.

Fir datt all Persoun Zougang zu engem Konto huet, sollen d'Memberstaten dann och d'Méiglechkeet vun engem Basiskonto virgesinn, dee gratis ass oder mat Frais raisonnables. Si gesäit doriwwer eraus vir, datt d'Memberstate vulnerabel Gruppe kënnen definéieren, déi da besonnesch avantagéis Konditioune solle kréien. Irland, zum Beispill, huet bei senger Transpositioun virgesinn, datt esou e Basiskonto déi éischt fënnef Joer gratis ass, et sief dann, déi Zommen, déi op de Kont iwwerwise ginn, géifen iwwer e gewëssene Montant erausgoen, dee par rapport zum nationale Mindestloun definéiert ass.

An Éisträich ass eng gesetzlech Grenz vun 80 Euro pro Joer festgehale ginn, wat sämtlech Déngschter vun esou engem Basiskonto maximal däerfe kaschten. Zousätzlech gi besonnesch vulnerabel Bevëlkerungsgruppen definéiert, fir déi d'Käschte maximal bei 40 Euro pro Joer leien däerfen. Dat si just e puer Beispiller, fir ze weisen, datt dës Direktiv vill Méiglechkeete bitt, fir deene sozial méi schwaache Mënschen an dëser Problematik ënnert d'Äerm ze gräifen.

A wat mécht dann dës Regierung mat dëser Direktiv? Ma si huet a Wierklechkeet, am Interêt vun de Banken, de Maximum erausgeschloen, dee méiglech war. Déi Lëtzebuerger Transpositioun gesäit net vir, vulnerabel Gruppen ze definéieren. A se gesäit och net vir, dëst Grondrecht fir bedürfteg Mënsche gratis ze maachen. Si iwwerhëlt just den Term „frais raisonnables" an definéiert deen a minima vun deem, wat d'Direktiv hiergëtt.

Natierlech gëtt et dann elo d'Méiglechkeet ze komparéieren, wéi ee geplëmmt gëtt vu wat fir enger Bank. Da soe mer emol Merci. Mä dat ass franchement nach de Minimum vun Informatioun, deen ee misst kréien. An anere Wierder: Méi wäit hätt d'Regierung de Banken net kënnen entgéintkommen, ouni géint dës Direktiv ze verstoussen, an dat op d'Käschte vun deene Schwächsten an eiser Gesellschaft!

An dat ass och keen Zoufall a läit och net dorunner, datt d'Regierung mat der Ëmsetzung e ganzt Joer Retard huet an dofir keng Zäit hat, sech Gedanken ze maachen. Et gouf gesot: Et ass e politesche Calcul. Et ass och politesch gewollt vun dëser Regierung. Dat gesäit een dorunner, datt déi vum Stat kontrolléiert Bankhaiser sech schonn am Virfeld dëser Linn ugepasst hunn. Sou huet d'Post jo am Ufank vun dësem Joer hir gratis Déngschtleeschtunge gestrach, well se duerch dës Gesetzesännerung gréng Luucht krut.

D'Post huet d'Iescht Joer 23,5 Milliounen Euro Gewënn gemaach, d'Spuerkeess ronn 240 Milliounen Euro. A wat hätt dat kascht, fir besonnesch vulnerabele Gruppen an eiser Gesellschaft e Gratiszougang zu engem Basiskonto ze erméiglechen?!

Une voix.- Très bien!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Dat heiten ass symptomatesch fir dës Regierung, déi just an enger Shareholderlogik denkt, déi Wirtschafts- a Finanzpolitik just vun uewen no ënne plangt an déi onfäeg ass, sech an d'Situatioun vun deene Leit eranzedenken, déi ganz ënnen an eiser Gesellschaft stinn.

An dofir wäerte mir selbstverständlech géint dës Transpositioun stëmmen.

Ech wollt och nach soen, datt de Konsumenteschutz guer net begeeschtert ass, entgéint deem, wat gesot gëtt. Et ass ëmmer esou witzeg, well an de Rapporte vun de Gesetzesprojeten, do gëtt esou e klenge Resumé gemaach vun den Avisen. Mä dee ganzen Avis gëtt net ëmmer gesot. Mä a Wierklechkeet huet de Konsumenteschutz zum Beispill dofir och bei der Post ugeklappt. An ech wollt just soen: De Konsumenteschutz, dee mécht zënter Méint eng Campagne zu dësem Sujet. Dofir wäerte mer géint dës Direktiv stëmmen, nodeems...

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Neen, et ass net nëmmen den Här Hoffmann, Madamm Loschetter. Et ass de Konsumenteschutz. Do gi Broschüre gemaach. Do si Leit, déi do schaffen. Do si sämtlech Gewerkschaften dran. De Konsumenteschutz, dee representéiert eendeiteg méi wéi Dir hei all zesummen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, dat do ass grenzwäerteg, Här Wagner. Do muss ech mech virun d'Kolleegen hei alleguer stellen. Mir sinn alleguer vun dem Vollek dobausse gewielt, a wann ech gelift - wann ech gelift! - määssegt Iech, soss muss ech Iech definitiv zur Uerdnung ruffen!

(Brouhaha)

Dat gesot, huet den Här Finanzminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre Deputéierten a léif Kolleegen aus der Regierung, fir d'Éischt wéilt ech emol dem André Bauler villmools Merci soe fir säi mëndlechen a schréftleche Bericht, deen, mengen ech, déi wichtegst Punkten hei ënnerstrach huet.

Ech géif gäre fir d'Éischt emol hei ënnersträichen, wat den Här Bauler gesot huet, mä soss vläicht net genuch ënnerstrach ginn ass. Hei mécht Europa eppes fir de Citoyen a fir de Consommateur. Kënne mer eis doriwwer net ee Moment freeën?

Une voix.- Dach.

Une autre voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- A solle mer dat net dobaussen emol erzielen? Ech weess, zu Lëtzebuerg hu mer Gott sei Dank e grousse Soutien fir d'europäesch Iddi bei deene meeschte vun eis alleguerten. Mir sollen eis doriwwer freeën a mir sollen dat dobausse soen, dass dank Europa mer hei eng besser Protektioun vum Consommateur kréien, e besseren Zougang zu de Service-bancairë kréien.

Dat Zweet ass: Et ënnersträicht, dass mer natierlech an engem Marché unique liewen, wou d'Gidder, d'Servicer, d'Capitauxen an d'Leit sech fräi kënne bewegen. Eis englesch Kolleegen, déi jo wëllen aus der EU eraustrieden, hunn op eemol spéit erausfonnt, wéi wäertvoll dee Marché unique ass. A mir hunn d'Chance, dran ze sinn, an dank Europa ginn esou Initiative wéi déi heite gestart. Dat heiten ass och eng Initiativ, déi eng Simplification administrative mat sech bréngt an déi dann all Mënsch wäert erlaben, e Kont kënnen opzemaachen.

Dës ass, mengen ech, déi allerwichtegst Moossnam an dëser Direktiv: dass all Mënsch kann e Kont opmaachen. Natierlech muss en déi richteg Identitéit ginn oder iwwerhaapt Informatioune kënne ginn, well soss fale mer an d'Gesetzgebung géint de Blanchiment a géint den Terrorismus, an déi priméiert natierlech dësen Droit vum Consommateur. Dat ass dat Alleréischt.

Dat Zweet: Mir kréien hei eng gewëssen Transparenz, a mir kréie vun de Banken alleguerten, déi en concurrence eng mat där anerer sinn, hir Konditiounen affichéiert, soudass de Consommateur ka wielen.

An drëttens kritt de Consommateur d'Méiglechkeet, liicht de Kont ze wiesselen. Dat ass dat, wat an dëser Direktiv steet. An ech freeë mech, dass de Gros vun de Parlamentarier an déi meeschte Parteien dat hei kënne begréissen.

Ech kéim gären zum Punkt, deen den Här Mosar opgeworf huet, dass d'Gratuitéit vun de Services bancaires eng wichteg Saach ass. Jo, mir sinn all der Meenung, mengen ech, oder de Gros vun eis ass der Meenung, dass et wichteg ass, dass d'Leit Accès hunn u Servicen. Op där anerer Säit ass et eis och wichteg, dass eis Banke kënnen hir Käschten am Gréff halen. Do muss een den néidegen Equiliber fannen. An ech mengen, dat hu mir hei an der Direktiv gemaach.

An ech mengen, déi bescht Protektioun, déi de Consommateur ka kréien, ass en fait wat fir eng? Mä dass d'Konkurrenz spillt. An doduerch, dass mer elo Transparenz kréien, dass mer e Site Internet kréien, dee vun der CSSF gemaach gëtt, doduerch, dass d'Konditioune vun den Ouverturë vun de Konten an d'Käschten affichéiert ginn, mä da spillt d'Konkurrenz! An da kann ee sech erwaarden, dass de Consommateur sech kann déi beschten Offer eraussichen.

Zur Fro vum Här Fayot: Effektiv ass dat eng ganz Prozedur, déi amgaangen ass. Mir hunn och am Laf vun dësem Mount der EU-Kommissioun geschriwwen, mat deenen Elementer, déi mir dann wëllen an eise Règlement grand-ducal schreiwen. Dat hu mer op Bréissel geschéckt. A mir ginn dovunner aus, dass d'Kommissioun eis an all deenen anere Länner bis September eng Äntwert wäert ginn. An da kënne mer de Règlement grand-ducal komplettéieren.

An dann zur Fro, déi déi Lénk gestallt hunn. Ech mengen, hei gëtt wierklech onnëtz versicht, eng Polemik ze maachen. Ech kann all Mënsch roden, emol d'Service-bancairen zu Lëtzebuerg ze vergläiche mat all deenen, déi ech an all aneren europäesche Staten erlieft hunn. Ech hunn nach kee Land gesinn, wou de Service bancaire besser ass wéi zu Lëtzebuerg.

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- An elo hinzegoen an ze maachen, wéi wa mir hei, mat dëser Direktiv, elo eppes falsch géife maachen, schéngt mer wierklech déi falsch Debatt ze sinn. Ech hu virdru gesot: Mir gleewen un d'Konkurrenz. D'Konkurrenz ass dat, wat d'Präisser no ënne bréngt. Et ass dat, wat Effikassitéit bréngt fir de Consommateur, an dat garantéiere mer mat dëser Direktiv. An ech mengen, mir brauchen eis wierklech net ze schumme fir dee Service, dee mir hei am Bankesecteur hunn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Finanzminister.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7103 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7103 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass eriwwer: 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet 6887, eng Ofännerung vum Code de procédure pénale. Och hei si mer beim Basismodell. An d'Wuert huet d'Rapportrice vum Projet, d'Madamm Simone Beissel.

6. 6887 - Projet de loi portant modification de l'article 3 du Code de procédure pénale

Rapport de la Commission juridique

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet drëm, hei den Artikel 3 Alinea 6, am Ufank stoung am Projet nach: vum Code d'instruction criminelle, Dir wësst, entretemps nenne mer e Code de procédure pénale, ëmzeänneren.

Fir d'Éischt emol zur Prozedur. De Projet de loi ass de 7. Oktober 2015 am Numm vun der Regierung an der Chamber deposéiert ginn. Den 3. Mee 2016 ass e vum Statsrot aviséiert ginn. Den 1. Mäerz 2017 krute mer en an der Kommissioun präsentéiert an do hu mer no Diskussiounen decidéiert, dass mer den Text, op Propositioun vum Statsrot an och op Propositioun vun engem Text vun der Madame la Procureur générale d'État, géifen ëmänneren. An den Text, dee mer dunn zréckbehalen hunn, dat ass deen, opgrond vun deene verschiddenen Avisen.

Sou wäit zur Prozedur. Elo zum Fong. Ech muss mech bei Iech entschëllegen, et ass eng extrem komplizéiert juristesch Matière, an ech versichen, Iech dat elo esou einfach wéi méiglech ze explizéieren, mä et ass vill Juristerei an Termen dran, déi net gutt op Lëtzebuergesch ginn. Also ëm wat geet et?

Zënter ganz laange Joren, ech géif mengen op d'mannst 150 Joer hei zu Lëtzebuerg, hate mer de System vun der Unicité de la faute pénale et civile. Dat heescht op Lëtzebuergesch gesot, dass een zum Beispill, wann een en Affer war an et hat een e Schued, dann hat een nëmmen eng Méiglechkeet, fir Schuedenersaz ze kréien, wann den Täter um Penal bestrooft ginn ass. Dat hat u sech eng bestëmmte Logik. Dat huet zesummegehalen. Dat ass iwwer ganz laang Jore vun der Lëtzebuerger Jurisprudenz, dat heescht d'Kompilatioun vun den Uerteeler, esou entstanen an ugewannt ginn, well et an enger Logik vum System war. Mä ganz oft, wann den Täter um Penal fräigesprach ginn ass, hat dann d'Affer keng Méiglechkeet, um Zivill Schued ze kréien.

Bon, dat war eng Logik, well Dir wësst, mir sinn am franséischen inquisitoresche System, dee gemëscht ass mam belsche System, wat dee ganze Système répressif ass. Et ass och eréischt virun 30 Joer, wou dat ugefaangen huet, dass vill méi Wäert op d'Affer an deenen hire Schutz geluecht ginn ass. Ganz laang Jore virdru war ëmmer den Esprit sanctionnateur am Droit pénal, dee gezielt huet. Et ass drëm gaangen, fir den Täter ze bestrofen, an dann eng ganz Kategorie hannendru koumen erëm eng Kéier d'Affer.

Bon, et war esou - elo gëtt et ganz technesch, a wéi gesot, ech entschëllege mech -, virdrun hate mer u sech d'Artikele 418 a 420 bis 422 (veuillez lire: Artikele 418 bis 420) vum Code pénal, déi Coups et blessures involontaires betreffen, dat heescht Infraktiounen, déi een onbewosst an ongeplangt mécht, déi awer Schued maachen. En typescht Beispill, wat Der alleguerte kennt, ass, wann een, bon, wéi gesot, eng kleng am Biz huet oder ze schnell rennt an et verursaacht een en Autosaccident an da kritt en anere Mënsch Schued oder et gëtt Materialschued, Autoe gi getéitscht; dat sinn u sech typesch Coups et blessures involontaires, déi net geplangt sinn, net bewosst, sciemment ausgeféiert ginn, dat ass de Côté pénal.

Derniewent hutt Der de Basisartikel vum Code civil, deen ebe säit 1804 d'Basis vun der Responsabilité civile ass, dat ass dee berüümten 1382, dee mer alleguerte léieren, wa mer Droit maachen. An déi zwee sinn op een Niveau gesat ginn an déi hunn zesummegehaangen, fir ze soen, wéi gesot: „le criminel tient le civil en état", a wann näischt um Penal duerchgaangen ass, dann hat d'Affer um Zivill absolutt keng Chance.

Déi Theorie vun der Unicité de fautes pénales (veuillez lire: et civiles) - wéi gesot, dat war e sakrosankte Prinzip an eisem Rechtssystem, well en eben och vun all de Geriichter opgebaut a verfeinert ginn ass - huet dobausse fir Kritik gesuergt. Well awer e ganze Koup Fäll Grenzfäll sinn, wou - Der wësst: Am Penal ass et och eng Saach vun der Beweislaascht - de Parquet, dat heescht de Statsanwalt, den Anwalt vum Stat, u sech jo ukloe muss, fir eben den Täter ze iwwerféieren, an deemno wéi dann d'Situatioun ass, ass dat net méiglech an da kënnt d'Affer zu näischt. D'Affer stécht sech de Fanger an de Mond an et kritt näischt.

Mat deem heite Projet maache mer elo e radikale Paradigmewiessel. Mir komme vun enger

praktesch 200-järeger Experienz mat enger Unicité vun der Faute pénale et civile an eng nei Welt eran. Mir ginn elo an d'Théorie générale vun der Dualité des fautes pénales et civiles.

Fir elo ze versichen, Iech dat ganz einfach ze erklären, dat geet elo esou: Independamment vun deem, wat um Strofgeriicht geschitt an och wa keen Uerteel kënnt, dat heescht, wann deen, deen d'Dot gemaach huet, net um Penal gestrooft gëtt, dat heescht, wann e fräigesprach gëtt, empêchéiert dat an Zukunft net, dass e fir deeselwechte Fait um Zivill kann ugesicht ginn an d'Affer um Zivill Schuedenersaz akloen an och kréie kann an net méi déi Hürd vum Penal huet, déi dee Moment all d'Dieren zougemaach huet.

Ech hoffen, dass ech Iech dat elo kloer genuch erklärt hunn,...

Une voix.- Wonnerbar.

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- ...fir dass Der dat elo esou verstanen hutt. Mir sinn elo net am Neiland. Mir hu Länner wéi Éisträich, mir hu Länner wéi Schweden, mir hunn haaptsächlech Länner wéi Frankräich an d'Belsch, well Dir wësst, eise ganze Rechtssystem an notamment de Penal fousst op franséischem an duerno belschem System. Frankräich huet dee System ëm 2000 agefouert an dofir hate mer och den Apaisement, well mir kucken awer ëmmer haaptsächlech op d'Belsch a Frankräich, wa mer an esou groussen Theorien Neiland erschafen.

Mir hunn also de Kriticke Rechnung gedroen. Eng Remarque: De Syvicol hat sech an engem Avis och Suerge gemaach an hat ee Moment gefaart. Ech muss zwar soen, déi Iddi, déi am Syvicol do gedroe ginn ass, ass zwar reng theoretesch méiglech, mä ech hunn e Wëssensstand, deen awer an eng aner Richtung geet. Mat Momenter konnt ee sech denken: „Jo, wéi fueren eis Riichter?" D'Riichter sinn och mat Momenter Mënschen (veuillez lire: sinn och nëmme Mënschen). Si mussen zwar ganz genau d'Saachlag kucken, och um Niveau vun de Gemengeverantwortlechen, well Dir wësst, mir haten e puer relativ penibel Prozesser, wou Gemengeverantwortlecher dann zur Rechenschaft gezu goufe fir Saachen, déi op der Gemeng geschitt waren. An de Syvicol huet gesot, jo effektiv, heiansdo hätt een da vläicht kënnen d'Impressioun hunn, dass de Penalriichter wierklech just gestrooft huet an net fräigesprach huet, fir dass d'Affer konnt Schuedenersaz kréien.

Dat ass reng theoretesch méiglech. Et entsprécht awer net mengem Wëssensstand, well ech kennen eis Lëtzebuerger Riichter, déi en âme et conscience wierklech no hirer intime conviction an op Beweislag riichten. An ech kenne kee Fall, och kee Grenzfall, wou dat do hätt kënne sinn.

Nach ass et besser, dass mer elo Kloerheet hei schafen, dass net ëmmer déi Angscht vun iergendengem Affer ass: Jo, wéi geet et dann elo um Penal, gëtt en elo gestrooft oder gëtt e fräigesprach? Wann e fräigesprach gëtt, da kann ech näischt méi maachen. Dofir geet den neie Projet an déi richteg Richtung, wou mer elo déi Théorie générale de dualité vun den zivile Feeler an de penale Feeler hunn, an da kann all Mënsch, deen am Prinzip ka Recht op Schuedenersaz um Zivill akloen, Schuedenersaz kréien.

Ech wëll vun dëser Säit aus erwänen, well et war e komplizéierten Text: Et ass nëmmen een Artikel, et ass nëmmen een Alinea, den Artikel 3 Alinea 6 vum Code de procédure pénale. Mä wéi Der gesinn hutt, huet deen et awer a sech, et ass e grousse Changement, deen op eis zoukënnt. An ech muss wierklech dem Parquet général, de Parquete vun de Bezierksgeriichter Lëtzebuerg an Dikrech wéi och dem Tribunal vu Lëtzebuerg an Dikrech en häerzleche Merci soen. Si hunn all matgehollef, fir zesumme mam Statsrot - wéi ëmmer ass dat hei erëm en Text, wéi virdru beim 32.(4), wou erëm eng Kéier den Däiwel am Detail läit - ze kucken, wéi musse mer all Wuert elo formuléieren, dass deen Text do hieb- und stichfest ass an dass net eng Interpretatiounsdifferenz herno ka kommen.

Mir hunn dat alleguerten zesumme fäerdegbruecht. Hinnen alleguerten en häerzleche Merci, well dat hei war wierklech eng Joint Venture vun all den Instanzen. An elo hu mer en Text, deen nëmmen nach op eng eenzeg Aart a Weis kann interpretéiert ginn, wou mer Rechtssécherheet schafen am Interêt vun all de Justiciabelen an, ech mengen, am Interêt vun all eise Bierger.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat och den Accord vun der DP.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Beissel. Dann huet als éischte Riedner den Här Léon Gloden d'Wuert.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).*- Merci, Här President. Ech soen der Madamm Rapportrice Merci fir hiren exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

Den Artikel 3, wéi en haut am Code de procédure pénale steet, hält am Fong de Prinzip vum „le pénal tient le civil en état" oder anescht formuléiert „l'autorité au civil de la chose jugée au pénal" fest. An d'Madamm Rapportrice huet e Beispill ginn. De Virdeel haut ass, datt ech, wann ech eng Condamnation au pénal hunn, am Fong d'Preuve vun der Faute um Zivill net méi ze brénge brauch. Mir hu viru Kuerzem en äänlecht Gesetz hei an der Chamber gestëmmt en matière de concurrence: Wann eng Condamnatioun vum Tribunal administratif oder vum Conseil de la concurrence virläit, da gëtt dat als Preuve vun der Faute consideréiert, fir um Zivill Schuedenersaz ze froen.

Den Text, deen de Justizminister deposéiert hat, huet folgendermoossen gelaut: «L'absence de condamnation pénale ne fait pas obstacle à l'exercice d'une action devant les juridictions civiles afin d'obtenir la réparation du dommage, en application des règles de droit civil.»

Dat wier den Abandon gewiescht vum Prinzip vum „le criminel tient le civil en état". Wann een awer den Exposé des motifs vum Projet de loi liest, da war et d'Volontéit, am Fong just eng Exceptioun ze maache fir d'Artikele 418 bis 422. An do muss ech awer eng Kritik un de Justizminister maachen: Wann een un esou wichteg Prinzipie geet, da muss een dat och wierklech, wann een e Projet de loi deposéiert, präzis formuléieren.

Ech sinn och do mat der Madamm Rapportrice net ganz d'accord, datt mer hei e Paradigmewiessel maachen. Et ass eng Exceptioun zum Prinzip. Mir schafen de Prinzip net of, mir maachen eng Exceptioun zum Prinzip, well et kënnt en neie Paragraf 6 zu deem Artikel 3, déi aner Alineaen am Artikel 3 bleiwe bestoen.

Zweet Kritik um Justizminister ass: Am Exposé des motifs huet en am Fong gesot, datt d'Riichtere géife liichtfankeg eng Condamnation pénale ausschwätzen, fir datt d'Victime um Zivill condamnéiert gëtt (veuillez lire: indemniséiert gëtt). Esou Aussoe vun engem Justizminister fannen ech net akzeptabel. D'ailleurs huet de Statsrot déiselwecht Kritik un de Justizminister geriicht an och d'Tribunal hei an der Stad huet sech vehement dergéint gewiert an huet nach eng Kéier an aller Däitlechkeet gesot, datt d'Riichteren hei am Land en toute impartialité et objectivité hir Jugementer huelen. Här Justizminister, ënnerloosst wann ech gelift esou Aussoen an Zukunft!

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Léon Gloden *(CSV).*- Et gëtt dann och an de verschiddenen Avise geschriwwen, datt d'Iddi, fir deen Artikel ëmzeänneren, am Fong déi zwou berüümten Affäre Gemeng Jonglënster a Gemeng Steesel wier. Och domadder sinn ech net d'accord. Mir liewen an engem Rechtsstat, Égalité devant la loi. Deen Artikel zielt fir jiddwereen, esou wéi mer en elo ëmänneren an et soll een hei net e falscht Bild ginn, datt dat just fir d'Édile-localle géif agefouert ginn.

Wat ännert elo? D'Rapportrice huet et gesot: Wann elo am Kader vun engem Homicide oder enger Lésion involontaire festgestallt gëtt, datt de Beschëllegte kee Feeler gemaach huet, fir et einfach auszedrécken, also keng Condamnation pénale kritt, da kann awer d'Victime um ziville Plang Schuedenersaz froen, awer och do mussen dann d'Konditioune vum Droit commun a vum Droit civil erfëllt sinn. Dat heescht, d'Victime muss nach ëmmer de Prejudice beweisen an d'Cause à effet direct.

Dëst gesot, gëtt d'CSV-Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Gloden. An d'Wuert huet den Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dëser punktueller Ofännerung vum Artikel 3 vum Code de procédure pénale gëtt eng begrenzten Ausnam zum Prinzip agefouert, déi am Fong d'Eenzegaartegkeet, wann een dat esou iwwersetze kann, d'Unicitéit vum Feeler an zivillem Strofrecht a Fro stellt.

Gläichzäiteg gëtt domadder de Prinzip vun der Autoritéit vun de Strofuerteeler op zivill Prozesser a senger Absolutthеet ageschränkt, ouni awer fundamental a Fro gestallt ze ginn. Et ass also eng Reform mat enger beschränkter Stoussrichtung. Si geet vläicht net esou wäit, wéi eenzel Leit sech dat virgestallt haten. Den éischten Text war effektiv zwee- oder dräideiteg a senger Ausféierung. Et huet een awer gesinn zum Beispill an den Avise vum Procureur vun Dikrech, dass déi immens frou wären, wann et méi wäit gaange wär wéi dat, wat schlussendlech vun der Kommissioun och hei zréckbehale ginn ass. Wéi gesot, et ass esou, dass, wann ee fräigesprach gëtt wéinst enger onfräiwëlleger Strofdot, dat an Zukunft net méi heescht, dass een net kann zivillrechtlech zu Schuedenersaz verklot ginn.

Mä net ofgeschaaft ass awer de Prinzip, dass „le pénal tient le civil en état", dat heescht also, dass ee muss ofwaarden, bis de Strofriichter sech ausgeschwat huet. Dat heescht, den Zivillriichter wäert net schonn éischter tranchéieren. Et wäert also ofgewaart ginn, bis de Strofriichter sech ausgeschwat huet. An heiansdo kënnt et jo vir, dass Affären zwar opgemaach ginn, mä herno prescrivéiere gelooss ginn. Dat heescht, soulaang kann een zivillrechtlech eigentlech net zu Sengem kommen, well eben nach e Strofverfahren unhängeg ass. Et ass eréischt wa kloer ass, dass dat Strofverfahre fäerdeg ass oder et net zu enger Verfolgung kënnt um strofrechtleche Plang, da kann een eigentlech zivillrechtlech och en Uerteel kréien, fir Schuedenersaz zougestanen ze kréien. Dorunner ännert sech also näischt.

Duerfir soe mir als LSAP-Fraktioun: Et ass eng gutt Reform, mir hätten eis awer perséinlech kënne virstellen, nach e Schratt méi wäit ze goen. Mä et ass natierlech esou, et huet alles säi Pro a Kontra. Et ass ëmmer ofzeweien, wat dat do mat sech bréngt. Deen aktuelle System hat den Avantage, dass et kloer war: Et ass e Feeler geschitt, eng Negligence, eng Imprudence, en Défaut de précaution, dat ass datselwecht. An Zukunft ass dat net méi genau datselwecht. Dat heescht, et kann een also op där enger Säit wéinst deemselwechte Fait strofrechtlech fräigesprach ginn, op där anerer Säit muss een awer zivillrechtlech haften, also Schuedenersaz bezuelen.

Dat stäerkt, an dat ass dat Positivt un dëser Reform, d'Rechter vun deene Leit, déi Schued erlidden hunn. Dat stäerkt also d'Rechter vun de Victimmen. Dat ass deen absolutt positiven Aspekt vun deem heiten.

Ech mengen, d'Madamm Beissel huet an hirem Rapport drop higewisen, dass och de Parquet, an zum Deel och de Parquet général a vergaangene Joren déi dote Fuerderung scho gemaach huet, fir deen dote Prinzip opzelackeren. Mä et gesäit een awer och, notamment an deem laangen Avis, deen de Parquet général gemaach huet, dass si awer och zécken, fir eigentlech e radikale Paradigmewiessel an deem hei anzeféieren, well dat natierlech och zu gewëssenen Onzoulänglechkeeten an Ongereimtheeten an deem Ganze ka féieren.

Et bleift, dass dat doten eigentlech eng Reform ass, déi gutt ass. Si gëllt fir jiddwereen, fir all Bierger. Dat ass fir mech och schrecklech wichteg, och wann hei net sollt verstoppt ginn, dass notamment awer de Syvicol, also wann ech soen, déi offiziell Lobby vun de Gemengepolitiker, hei an der Vergaangenheet intervenéiert ass, well e vläicht léiwer eng Bestëmmung gehat hätt, déi méi spezifesch op hir Situatioun ausgeriicht ass, mä awer och gemengt huet, dass et an der Vergaangenheet emol zu enger méi schaarfer Appreciatioun vun der Faute pénale vu Gemengeverantwortleche komm ass, fir eben de Victimme Schuedenersaz ze erméiglechen.

Et muss een also elo gesinn, ob wierklech deen Effet, dee vun där Säit gewënscht ass, och mat deem heiten Text kënnt. Dat ass, mengen ech, eppes Wichteges. Et ass fir eis wichteg, dass eng Evaluatioun muss gemaach ginn no enger Rei vu Joren, wéi deen heiten Text gräift, ob d'Jurisprudenz wierklech ännert. Well wat jo och opgeworf ginn ass, dat ass, dass haut anscheinend de Strofriichter ëmmer méi eng Appreciatioun in abstracto mécht vun der Faute, vun der Negligence. Dat heescht, en dréit eigentlech de Particularitéite vun der Situatioun net Rechnung, mä e vergläicht se mat enger idealer Situatioun, an dorauser ganz oft en Iertum gëtt zu engem Feeler, deen och da strofrechtlech geaant gëtt.

De Wonsch hannert där Reform hei, de Parquet général seet dat ganz kloer, ass och, dass eigentlech de Juge pénal erëm soll op eng Appreciatioun in concreto zréckkomme vun der Faute, wärend selbstverständlech den Zivillriichter weiderhi bei enger Appreciatioun in abstracto bleift, also do méi eng large Definitioun vum Feeler, vun der Negligence eigentlech zréckbehale gëtt. Duerfir, mengen ech, ass dat hei eng gutt Reform, eng begrenzte Reform, awer eng Reform, déi mer musse weider am A behalen, fir ze kucken, wéi se sech och elo wierklech applizéiert a wat d'Effeten op d'Jurisprudenz sinn.

D'LSAP-Fraktioun wäert selbstverständlech deen Text hei stëmmen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet elo d'Madamm Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech mengen, et ass bal alles gesot ginn haut. Mir géife gären nach derbäifügen, datt, bei där neier Méiglechkeet, déi et elo gëtt, wann een um Penal fräigesprach gëtt, en Täter bei enger - wann een dat kéint esou nennen - Negligence fräigesprach gëtt, awer deen, deen d'Affer ass, deen e Schued erlieft huet, trotzdeem nach dedommagéiert ka ginn, datt dee Schuedenersaz ka kréien, datt deen e Recht kritt, onofhängeg vun deem, wat um Penal geschitt, Schuedenersaz ze kréien.

A mir mengen, datt dat awer e ganz wichtege Schratt ass, well en awer d'Justiz e bësselchen, eng Iddiche méi gerecht mécht, andeem eng Persoun, déi schlussendlech awer e Schued kritt huet, elo awer eng Form vu Schuedenersaz ka kréien. A mir mengen, datt dat extrem wichteg ass, wann e Schued geschitt ass. An et gëtt Täter, déi richtegerweis net penal misste bestrooft ginn, an nawell bleift dee Schued, an dee Schued gëtt elo dedommagéiert. An dat fanne mir e Schratt an déi richteg Richtung. An duerfir wäerte mir dee Projet hei selbstverständlech och matstëmmen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. 57-mol Jo, 3 Abstentiounen. Domat ass de Projet 7107 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze froen? Jo?

(Assentiment)

Gutt. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6883, enger Ofännerung vun eisem Code du travail. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Claude Lamberty, dee scho prett ass.

8. 6883 - Projet de loi portant modification du Code du travail

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Claude Lamberty *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, scho fir d'Lissabonner Agenda aus dem Joer 2000, wat aus der EU den dynameschste Wirtschaftsraum vun der Welt ze maachen als Zil ausgëtt, zielt d'Formation professionnelle continue zu engem vun de wichtegsten Elementer am Beruffsliewen.

Dat kënnt net vun ongefëier: Eng Grondformatioun ass wuel d'Fundament an den Zougang zur Beruffswelt. D'Zil vun der Formation professionnelle continue ass et, d'Salariéen, ob jonk oder al, besser a permanent op en Aarbechtsmarché ze preparéieren a se an deem Marché ze halen; en Aarbechtsmarché, dee sech an de leschte Joren a Jorzéngte staark verännert huet. An enger Welt, déi ännert, ännere sech och d'Beruffsprofiller, d'Offeren, d'Demanden, jee, et muss een hautdesdaags als Salarié op Zack sinn an an engem gewëssene Mooss oppe sinn, fir Ales ze verdéiwen an Neies ze entdecken.

Eng gelonge Formation professionnelle continue schaaft eng individuell Plus-value, ka sozial Inegalitéiten ausgläichen a minimiséiert de Risiko, an de Chômage ze falen oder do dauerhaft ze bleiwen.

Zënter 1999 erlaabt eist Aarbechtsrecht et dofir, den Entreprisen, déi hei am Land etabléiert sinn, bei hire Plans de formation finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen. Den Institut national pour le développement de la formation professionnelle continue oder kuerz INFPC ass dofir zu Lëtzebuerg zoustänneg.

Ier ech elo op déi eenzel Adaptatiounen ze schwätze kommen, wéilt ech awer nach e puer Zuelen nennen, déi am Fong de Kader fir dëse Projet de loi setzen. D'Unzuel vun den Entreprisen, déi d'Formation professionnelle continue ubidden, déi also vun der aktueller Legislatioun profitéieren, geet konstant an d'Luucht. Dat stellt verschidden Erausfuerderungen a puncto Berodung, Encadrement a Surveillance vun dëse Betriber a Formatiounen duer.

Een allgemengt Objektiv vun der Formation professionnelle continue ass et jo, d'Salariéen ze encouragéieren, u Formatiounen deelzehuelen. Dem INFPC no schreiwe sech d'Salariéen an der Moyenne fir 4,3 Formatiounen an, déi am Schnëtt 5,5 Stonnen daueren. D'Männer maachen där Statistik no liicht méi Formatioune wéi d'Fraen an d'Dirigente respektiv d'Kadere maachen der och méi wéi d'Salariéen, ob elo qualifizéiert oder net qualifizéiert.

D'Salariéen iwwer 45 Joer leie mat 3,7 Formatioune liicht ënnert dem Duerchschnëtt. A wann ee kéint op den éischte Bléck mengen, den Accès zu Weiderbildungsformatioune géife mat der Gréisst vun den Entreprisë wuessen, dann ass dat awer net ganz esou. Am Géigendeel: Wat d'Entreprise méi grouss ass, wat d'Dauer, a Stonne pro Mataarbechter gekuckt, vun dëse Formatiounen an der Moyenne erofgeet. Konkret: Wuel ginn a groussen Entreprisë méi Formatiounen ugebueden, mä wat d'Dauer vun dëse Formatiounen ubelaangt, bleiwen d'Leit manner laang an dëse Formatiounen, wéi dat a klengen Entreprisen de Fall ass. Als Beispill: Statistesch daueren a grousse Firmen - grouss heescht mat méi wéi 1.000 Mataarbechter - d'Formatioune véier Stonnen, wärend a klenge Betriber mat manner wéi zéng Mataarbechter ronn 13 Stonnen a Formatioun pro Mataarbechter gestach ginn. Bis elo huet de Stat den Effort vun den Entreprisen, an hir Leit ze investéieren, mat 20% u finanzieller Hëllef ënnerstëtzt, fir Salariéen iwwer 45 Joer bis zu 35%.

Här President, d'Zil vun de Mesuren, op déi ech elo gläich ze schwätze kommen, ass et net, méi auszeginn, mä besser a méi cibléiert d'Efforte vun den Entreprisen ze ënnerstëtzen an am Sënn vun enger Simplification administrative ze agéieren. Ech ënnersträichen: Weder soll d'Prozedur erschwéiert ginn nach sollen d'Betriber an iergendenger Form gehënnert oder gebremst gi bei der Formation professionnelle continue vun hire Salariéen.

Mä wat soll erreecht ginn? Dat ass, dass déi Suen, déi a Formatioune gestach ginn, besser investéiert ginn. Am Wuert Qualitéit läit also e wichtege Schlëssel zum Erfolleg. A wéi ech et um Ufank scho gesot hunn: Et geet drëms, effikass ze schaffen, dass d'Leit, déi an der Aarbechtswelt dra sinn, mat der Entwécklung Schrëtt kënnen halen, déi se brauchen an déi de Leit dann och am Endeffekt hir Plaz an der Aarbechtswelt net garantéiert, mä d'Chancen däitlech verbessert, fir am Betrib eng Zukunft ze hunn. Dëst ëmmer gekuckt par rapport zu der Entwécklung an der Demande, déi un de Salarié gestallt gëtt.

De Stat kann a soll sech et och net leeschten, d'Formation professionnelle continue vun Entreprisen ze vernoléissegen. Et ass ëmmer besser, am Virfeld eng Formatioun vun engem Salarié ze kosubventionéieren, wéi duerno op aner Mesurë mussen zréckzegräifen. De Fransous géif heizou soen: «Mieux vaut prévenir que guérir.»

Zu den eenzelne Mesuren: D'Regierung gesäit éischtens vir, déi staatlech Hëllef am Kader vum Kofinanzement ëm 5%, vun 20% op elo 15%, ze kierzen. D'Subventioune fir de Salarié iwwer 45 Joer bleift allerdéngs bestoe bei den haitege 35%. Et si jo grad déi Mënschen, deenen eng Formatioun am meeschten zeguttkënnt. Dofir sollen d'Entreprisen doranner och weiderhi mat dem identeschen Taux ënnerstëtzt ginn.

Da gëtt et an Zukunft e Plafonement vun den Investissementer, deen en fonction vun der Gréisst vun der Masse salariale ännert. Méi konkret heescht dat, bei ee bis néng Salariéen am Betrib ass de Plafong bei 10%. Tëschent zéng an 249 Salariéen ass de Plafong bei 3% an doriwwer eraus, dat heescht, bei deene ganz groussen Entreprisen ass de Plafong bei 2%.

De Kofinanzement vun der sougenannter Formation d'adaptation au poste gëtt vun 173 Stonnen op 80 Stonnen erofgeschrauft a betrëfft just nach déi onqualifizéiert Salariéen. Fir d'Ewechfale vun de Subventioune vu verschiddenen administrative Fraisen an didakteschem Material ofzefiederen, kréien d'Entreprisen zudeem e Forfait vu 500 Euro pro Demande zur Säit gestallt, fir dëst ze couvréieren.

Ier ech elo zum Schluss kommen, soll nach eng Kéier ënnerstrach ginn, dass d'Betriber mat dëse Mesuren net sollen ofgehale ginn, an d'Formation professionnelle continue vun hire Salariéen ze investéieren, mä dass soll verstäerkt op d'Qualitéit vun de jeeweilege Weiderbildunge wäert geluecht ginn an dass d'Entreprisë méi geziilt Ënnerstëtzung vusäite vum Stat kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, ech konnt Iech e klengen Abléck an dëse Projet de loi ginn. Fir weider Detailer wéilt ech gären op mäi schrëftleche Rapport verweisen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a géif gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun, vun der DP, abréngen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. An éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Françoise Hetto-Gaasch.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ouni Weiderbildung geet haut an eiser schnellliewer Zäit näischt méi. Formation continue ass e Must, fir sech den ëmmer erëm neien Ufuerderunge vum Aarbechtsmaart unzepassen a fir iwwerhaapt seng Plaz um Aarbechtsmaart ze fannen, wann dat, wat ee geléiert huet, net onbedéngt eppes mat där neier Schaff ze dinn huet. Deemno ass d'Formation continue ee ganz wichtegt Instrument fir d'Betriber, fir op der Héicht vun der Demande vun de Clienten ze bleiwen.

Dass Betriber vun der Formation continue profitéieren an ëmmer méi Betriber dovunner profitéieren, domadder natierlech och vum Kofinanzement vusäite vum Stat, ass dorobber zréckzefëieren, dass den Aarbechtsmaart a konstanter Evolutioun ass an dass d'Zuel vun de Betriber och konstant zouhëlt.

Elo gi mer mat dësem Gesetz hin a kierzen de Budget ëm d'Halschecht. Dëst Gesetz ass deemno eng reng Spuermesure. Déi éischt finanziell Repercussioune wäerte sech am Budget 2019 weisen. De Fait, dass grad d'Formation continue eng Spuermesure ass, ass an den Ae vun der CSV een total falscht Zeechen. Am Moment gëtt dës Regierung näämlech, ouni mat der Wimper ze zucken, immens vill Suen aus fir aner Gesetzer a Projeten a geet elo mat dësem Gesetz hin a spuert an eisen Aen op där falscher Plaz.

Ech si ganz d'accord, dass een Abusen, déi an der Vergaangenheet iwwert d'Formation continue gemaach goufen, sollt evitéieren, mä duerfir muss een emol genee wëssen, wat da schifgelaf ass a wou een dës Abusen hätt kënnen evitéieren.

Amplaz, Här Minister, hei de grousse Griffel erauszehuelen an esou onnuancéiert ze spueren, hätte mir eis gewënscht, dass een am Virfeld emol eng fundéiert Analys gemaach hätt vun der Qualitéit vun de Formatiounen, vun der Qualitéit vun de jeeweilege Formateuren, an dann doropshin d'Kritären definéiert hätt, déi de Kofinanzement vusäite vun der Regierung géife konditionéieren.

Wou a wéi, Här Minister, géift Dir zum Beispill wëllen intervenéieren, fir esou eng Qualitéitsgarantie an der Formation continue ze gesinn?

Et ginn eng sëlleche Formatiounen, et gëtt och eng sëlleche Labelen, mä wat ass de geneeë Wäert vun all dëse Labelen? Wie vergëtt se? Wat seet d'Regierung derzou? Wéi eng wëllt Dir ënnerstëtzen a wéi eng net?

Wann een esou eng systematesch Analys gemaach hätt, dann hätt een de Betriber kënne konkret weisen, wou se sollen a puncto Formatioun investéieren a wou net.

Hei gëtt einfach pauschal de Montant gestrach an zwar ëm 50%, vun 48 Milliounen op 24 Milliounen.

Nach leschten Hierscht, fir genee ze sinn de 15. November, hu mer e Gesetz, de 7001, gestëmmt, woumadder d'Formation continue vum Léierpersonal eropgesat ginn ass, dëst als Invest an d'Schoulqualitéit. Deemno schéngt den Invest an d'Aarbechtsqualitéit Iech net esou wichteg ze sinn. A mir hätten eis driwwer gefreet, wann een eng Jointe gehat hätt tëschent der Educatioun an dem Travail, fir och emol ze héieren, wat den Aarbechtsminister zu deem Ganze seet.

Mir hätten eis och gewënscht, dass déi Stonnenzuel vun der Formatioun fir d'Adaptation au poste de travail net radikal vun 173 op 80 Stonnen erofgesat gi wier, mä dass au cas par cas gekuckt géif ginn, ob eng Approbatioun géif gemaach ginn an zwar op Basis vun engem Dossier, deen d'Demande géif justifiéieren.

Dës Formatioun vun der Adaptation au poste de travail ëm och méi wéi 50% ze kierzen, ouni tëschent Posten, Beruff oder Profill ze ënnerscheeden, erschéngt eis kontraproduktiv an alt nees e falscht Signal.

Mir haten dem Minister duerfir proposéiert, op dës drastesch Spuermesure ze verzichten, well se carrement op Käschte vun de Salariéen ouni Qualifikatioun geet. De Minister war leider net ëmzestëmmen an huet nach emol den Objectif prinicipal vun dësem Gesetz ënnerstrach - esou steet et och am Rapport -, an zwar d'Fraise vum Kofinanzement bei der Aide à la formation am Betrib ze limitéieren. D'Zil ass also ganz kloer, Här Lamberty: Et geet drëms, manner Suen auszeginn!

Wéi gesot, et handelt sech heibäi ëm eng reng Spuermesure.

An deem Kontext bedauert och d'Chambre des Métiers zudéifst, dass d'Patronen elo mussen d'Käschten iwwerhuelen, fir Leit ouni Qualifikatioun, Leit, déi an eisem Schoulsystem echoueiert sinn, fit ze maachen, an et an deem Moment am Fong geholl d'Patrone sinn, déi dann elo den Apprentissage initial musse finanzéieren. Hätt een déi 173 Stonne bäibehalen, wier dat ee positivt Signal gewiescht fir d'Entreprisen an d'Ënnerstëtzung vusäite vum Stat hätt gewisen, dass de Secteur vun de PMEen him wichteg ass.

Här President, mir bedaueren dernieft, dass tëschent dem Moment vum Depôt an der Presentatioun vun den Amendementer e ganzt Joer vergaangen ass. Wéisou huet dat esou laang geschleeft, Här Minister?

Entreprisë brauche Begleedung, Entreprisë brauchen awer och Surveillance. A sécher, dat kascht Zäit an Opwand, mä et ass eng wesentlech Contributioun vum Stat, fir d'Entreprisë staark ze maachen, fir se ze guidéieren, fir se fit ze maachen oder fit ze halen. An duerfir be-

dauere mir, dass de Montant ëm d'Halschecht gekierzt gëtt. Dëst trëfft net nëmmen déi grouss Entreprisen, mä och déi kleng an déi mëttelgrouss Betriber.

Wéisou ass net och am Virfeld gekuckt ginn, wat déi eenzel Modifikatiounen un der aktueller Gesetzgebung dann och konkret géifen aspueren? Wier et net iwwerhaapt emol sënnvoll gewiescht, eng Lëscht ze hu mat sämtlechen obligatoresche Formatiounen, déi vun de jeeweilege Ministèren ugebuede ginn?

Wier et net och wënschenswäert gewiescht, dass de Plafonement vum Investissement a Formation continue net just fir d'Minientreprisen, also déi mat bis zu zéng Salariéen, vun 10% op 20% eropgaange wier, mä och fir Betriber, déi tëschent 10 an 249 Leit beschäftegen? Hei hätt ee sech kënne virstellen, dass de Plafonement net just bei 3% vun der Masse salariale géif leien, mä och op 6% eropgesat gi wier. Dat ass iwwregens och de Wonsch vun der Chambre des Métiers an der Chambre des Salariés.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei gëtt an den Ae vun der CSV definitiv op där falscher Plaz gespuert. Wien a Weiderbildung investéiert, wuelverstanen a qualitativ héichwäerteg Weiderbildung, deen investéiert a säin Aarbechtsmaart a leescht en plus wäertvoll präventiv Aarbecht géint de Chômage a géint d'Faillitten.

Opgrond vun alle genannten Argumenter wäerte mir als CSV dëst Gesetz net stëmmen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Hetto. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Engel.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Weiderbildung ass ouni Zweifel Deel vun den Äntwerten, fir och an Zukunft Aarbechtsplazen ze sécheren. Virun allem an enger Welt an zu enger Zäit, wou alles esou schnell changéiert, an där d'Digitaliséierung riskéiert, scho geschwënn eng Rei Aarbechtsplaze verschwannen ze doen an neier ze schafen. Et geet drëms, fir de Concernéierte Moyenen ze ginn, hir Aarbechtsplaz ze halen an awer vläicht och eng nei Aarbechtsplaz ze fannen.

Zu Lëtzebuerg gi vill Efforten ënnerholl, fir d'Formation continue ze förderen. Den INFPC offréiert eng sëlleche Formatiounen an alle Beräicher fir Leit, déi sech am Ufank oder am Laf vun hirer Carrière weiderbilde wëllen. Am Enseignement spillt den nach rezenten IFEN eng wichteg Roll an der Weiderbildung a fir d'Administratiounen ass de staatleche Formatiounszenter zoustänneg.

Wéi mir 1999 d'Kofinanzéierung agefouert hu fir d'kollektiv Formatiounen, déi vu private Betriber ugebuede ginn, hu mir e weidert Instrument geschafen, fir d'Weiderbildung national ze förderen. Deemools an engem Kontext, an deem déi Lëtzebuerger Privatbetriber relativ wéineg an hir Formation continue investéiert hunn, an dat gekuckt am europäesche Verglach. De Wirtschafts- a Sozialrot hat am Virfeld eng Rei Avisen iwwert d'Problematik ausgeschafft an ënner anerem och d'Fro gestallt, ob een d'Betriber soll gesetzlech zwéngen, an d'Formatioun ze investéieren, nom franséische Modell. De Wirtschafts- a Sozialrot huet awer fonnt, dass dat net dee richtege Wee wär, well d'Betriber domat incitéiert géifen, Formatiounen unzebidden, déi oft keng Plus-value mat sech bréngen, mä just derzou gedéngt hätten, Quoten ze respektéieren.

Zu Lëtzebuerg hu mer dunn decidéiert, d'Formatioun vun de Betriber ze kofinanzéieren, dat an der Héicht vu bis zu 15%. 2008, wéi d'Finanz- an d'Wirtschaftskris dunn zu Lëtzebuerg ukomm ass, gouf de Kofinanzement eropgesat an netqualifizéiert souwéi eeler Salariéen iwwer 45 Joer kruten hir Formatioune souguer bis zu 35% kofinanzéiert.

D'Zuel vun de Formatiounen ass zënterdeem och an d'Luucht gaangen. Allerdéngs huet den Observatoire de la formation continue festgestallt, dass et virun allem Kaderen an héichqualifizéiert Salariéë sinn, déi am meeschte Formatioune suivéieren. Virun allem d'Salariéen aus dem Finanz- an Assurancësecteur hu vun deem Kofinanzement profitéiert. Si krute ronn 13,3 Millioune vun de ganzen 53,7 Milliounen Euro, ee Véierel vun der Gesamthëllef, wärend d'Hëllef fir déi kleng Entreprisë vu manner wéi néng Salariéen zréckgaangen ass.

Här President, mat der Gesetzesännerung, déi mer haut hoffentlech hei stëmme wäerten, versiche mer, déi finanziell Hëllefen ze rekadréieren, andeems mer se besser a méi effikass verdeelen, virun allem op déi kleng Entreprisen. Vun de ronn 54 Milliounen Euro u Kofinanzement vum Stat sinn der näämlech 2014 47,3 un Entreprisë gaangen, déi méi wéi 75.000 Euro an d'Formatioun investéiert hunn, haaptsächlech also Groussbetriber, wärend der nëmme 6,4 Milliounen u Betriber gaange sinn, déi manner wéi 75.000 Euro an hir Weiderbildung investéiert hunn.

Dir gesitt also, wourobber ech eraus wëll. An et ass am komplette Géigesaz zu deem, wat d'CSV virdrun hei gesot huet. Et geet eis drëm, dass d'Suen do ukommen, wou se wierklech gebraucht ginn. An dat ass bei deene Salariéen, déi wéineg qualifizéiert sinn, an deenen eelere Salariéen, fir déi weider eng Kofinanzéierung vu 35% gëllt. A bei deene klenge Betriber, déi d'Recht kréie, bis zu 20% vun hire Formatioune par rapport zu hirer Masse salariale kofinanzéiert ze kréien, wärend den Taux fir Groussbetriber op 2% limitéiert gëtt. Domadder garantéiere mer, dass d'Betriber, déi d'Suen hunn, fir Formatiounen ze maachen, déi Suen net och nach zum Deel iwwer Steiersuen zréckbezuelt kréien. An Zukunft verdeele mer déi Suen also méi differenzéiert. An dat, léif Leit vun der CSV, ass gutt an och richteg esou.

Här President, dat ass och de Grond, firwat mir an deem heite Fall net dergéint sinn, dass déi staatlech Kofinanzéierung nees vun 20 op initial 15% vun de Formatiounen zréckgeet. Wéi mir 2008 dee méi héije Kofinanzement gestëmmt hunn, do stoungen d'Welt an och Lëtzebuerg virun der gréisster Finanz- a Wirtschaftskris zënter 1929. D'Politik huet du reagéiert an d'Betriber, niewent villen anere Mesuren, iwwert de Wee vun där méi héijer Kofinanzéierung ënnerstëtzt. Dat war och gutt esou.

Mä haut, Här President, ass d'Kris zu Lëtzebuerg awer hanner eis. Mir schreiwen zanter enger Rei vu Joren nees ganz positiv Wuesstumszuelen. Mir mengen duerfir, dass et nees un der Zäit ass, de Betriber - de Betriber! - erëm méi eng grouss Responsabilitéit zouzeschreiwen, fir hire Salariéë Formatiounen unzebidden.

Mir begréissen et duerfir och, dass mer mat deem neie Gesetz méi streng Konditiounen aféieren, fir vum Kofinanzement profitéieren ze kënnen, a méi genee gekuckt gëtt, wat fir Formatiounen eigentlech gehollef kréien. Mir wëllen also net mat der Strenz, wéi dat virdru vläicht esou üüblech war, d'Sue verdeelen. Neen, mir wëllen dat hei vill méi differenzéiert, vill méi geziilt maachen.

Och begréisse mer et, dass elo kloer Strofe virgesi sinn am Fall vun Abusen. Här President, mir sinn awer och der Meenung, dass mer an enger Rei Joren de Bilan maache musse vun dësen Ännerungen a kucken, ob mer mat dëser Reform eis Ziler och erreecht hunn.

Zum Schluss wëll ech dann awer och nach eng Kéier kuerz op den Avis vun der Chambre des Salariés agoen, déi bedauert, dass d'Regierung eng ze vill quantitativ, an net qualitativ genuch Approche zu der Formation continue hei géif anhuelen. Genee deem wëlle mer jo awer mat dësen Ännerunge géigesteieren. An enger nächster Phas musse mer dann och kucken, wéi mer d'Formatioun qualitativ verbessert kréien.

De Minister hat eis an der leschter Reunioun vun der Educatiounskommissioun matgedeelt, dass hien an deem Sënn eng Reform vun der Formation continue géif erschaffen. Vläicht kéint en eis dann uschléissend och e puer Präzisiounen dozou ginn.

Ech soen Iech elo emol scho Merci fir d'Nolauschteren, an ech ginn och domadder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An den Här Adam ass prett, als nächste Riedner unzetrieden.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech mengen, wa mer eis op engem Punkt eens sinn hei alleguer, dann ass et, datt mer d'Formation continue als wichteg bezeechnen.

Ech mengen, et muss een awer och an dësem Kader eng Kéier soen, datt d'Formation initiale eigentlech nach méi wichteg ass. An de Georges Engel huet et gesot, an ech deelen déi Meenung och, oder d'Zuele weisen et aus: Leit, déi eng gutt Formation initiale hunn, sinn éischter bereet, och nach an d'Formation continue ze goen. Et sinn déi, déi am meeschte vun der Formation continue profitéieren.

Et ass alles gesot. Ech wäert mech kuerzfaassen. 1999 sinn Entreprisë finanziell ënnerstëtzt ginn, fir Formation continue unzebidden. 2008 ass dee Kofinanzement eropgesat ginn. Haut setze mer dann eng Rei vun deenen Hëllefen erof.

Dat kann een elo interpretéieren als reng Spuermesure. Ech ginn awer ze bedenken, datt, wann een dem Stat wëllt virwerfen, a besonnesch och nach dem Educatiounsministère, e wéilt op der Formation continue spueren, da muss een awer kucken, wat dann de Patron, de Ministère de l'Éducation nationale, alles an d'Formation continue investéiert huet an der leschter Zäit. Ech mengen, et ass vun de Fonctionnairë geschwat ginn, et ass vun dem Léierpersonal geschwat ginn, wou mer d'Formation continue verduebelt hunn. An ech mengen, et geet och net duer, einfach d'Formation continue an der Unzuel vu Stonnen eropzesetzen. Mä, an et kritt een och heiansdo Feedbacken, och beim Léierpersonal, wou dat eropgesat ginn ass, et geet wierklech och ëm Inhalter. Et ass net onbedéngt méiglechst vill Formation continue, déi dann och méiglechst vill Resultater huet. Et ass scho wierklech wichteg, datt een och iwwerwaacht, wat dann erauskënnt.

An ech mengen, do ass all Patron an der Verantwortung. An duerfir geet et jo awer och , fir drun ze erënneren, datt et hei net de Stat ass, dee Patron ass, mä hei sinn et Privatbetriber, deelweis och staatlech Betriber, déi funktionéiere wéi e Privatbetrib, déi an der Verantwortung sinn an déi d'Responsabilitéit droen. A selbstverständlech ass et richteg, wann ee seet, wann een an d'Weiderbildung vu sengem Personal investéiert, investéiert een a säi Betrib. An ech fannen et positiv, wann de Stat déi Efforten ënnerstëtzt an och subventionéiert. Mä d'Verantwortung wäert och an Zukunft beim Betrib bleiwen.

An et ass och gesot ginn, an et ass festgestallt ginn, datt do déi eng oder déi aner Abuse bedriwwe gi sinn. An et kann eis och net egal sinn, wann op eemol staatlech Hëllefe fir Privatbetriber an d'Endlost wuessen. An an deem Sënn begréissen ech och deen Effort, deen hei gemaach ginn ass vun der Regierung, fir a geuerdent Bunnen ze kommen.

An duerfir bréngen ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Adam hat an engem Punkt ganz sécher recht: Et ass schonn alles gesot. Dofir wëll ech probéieren, nodeem ech deenen engen an deenen aneren nogelauschtert hunn, nach vläicht déi eng oder aner politesch Consideratioun ze maachen, déi nach net gemaach ginn ass. Mä ech wéilt virun allem och dem Här Lamberty Merci soe fir säi Rapport.

Et wor e ganz interessante Rapport an deem Sënn, datt et esou en Exercice an „Newspeak" ass. Et ass interessant nozelauschteren, wéi dës Koalitioun hei an hiren dräi Riede probéiert ze rechtfertegen, datt u sech, wéi d'CSV et gesot hat, richteg gesot hat, an der Formation professionnelle gespuert gëtt.

Et ass eng Ëmsetzung vum Zukunftspak, e Pak, deen den Här Minister Etienne Schneider eng Kéier en public aus diverse Grënn als „Feeler" bezeechent huet. Abee, hei setze mer de Feeler weider ëm. An et ass och interessant, fir ze kucken, wéi d'LSAP en particulier dann dat argumentéiert.

Mir hunn hei eng Coupe an der Formation professionnelle, obschonn et am Rapport vum Här Lamberty ganz richteg heescht: D'Formation professionnelle continue, dat ass eng Moosssnam géint de Chômage. Et ass u sech per se en Investissement op där richteger, op där gudder Plaz. An da geet de Räsonnement weider, dee mer hei héieren hunn, fir ze soen: „Mä u sech hunn", dat ass e bëssen en ale sozialistesche Reflex vum Sozialnäid, „u sech hunn nëmmen déi uewe profitéiert." Dat sinn d'Kaderen. An da kënnt den Här Adam a seet: „Jo, mä als Beispill, mir hu jo och vill an d'Beamten an an d'Schoulmeeschteren investéiert." Dat ass richteg. Dat sinn awer och Kaderen. An dofir fanne mer d'Approche richteg.

Mä wat elo bei där Approche: „Et sinn déi douewen!", wat do eigentlech hypokritesch ass, dat ass, et gëtt och do net gesot, datt dat néideg ass, och am Banken- an am Finanzsecteur, datt dat och de Wëlle vun dëser Regierung war, fir an dës Richtung ze goen. Well a kaum engem anere Secteur sinn esou vill nei Contrainten, esou vill nei Regelen agefouert ginn, wéi ebe just am Banken- an am Finanzsecteur no der Kris vun 2008. An dofir ass eng Formation continue an deem Beräich absolutt néideg an noutwendeg a gewënscht vun der Regierung. Gewënscht, a vun eis alleguer gewënscht, well noutwendeg.

Dofir ass de Räsonnement u sech absurd, fir ze soen: „Et sinn nëmmen déi, déi profitéiert hunn!", wou awer mir hei als Politik oder dës Regierung un éischter Plaz eben déi Regelen agefouert hunn, déi déi Formation professionnelle néideg gemaach hunn. Sozialnäid, Kastelogik sinn eng falsch Approche an dësem Domän.

Fir eis sinn och e puer gutt Saachen an deem Projet de loi, dat wëll ech iwwerhaapt net a Fro stellen. E puer Simplifications administratives, eng Approche Grupp an esou weider an esou virun. Mä näischt dovunner entkräft déi Kritiken, déi d'Chambre des Salariés an d'Chambre des Métiers formuléiert hunn. Déi sinn am Fong justifiéiert. Et ass eng Spuermoossnam. An et ass eben och eng Benodeelegung vun Entreprisen, déi bis elo awer konnte méi vum Stat, vu staatlecher Hëllef profitéieren wéi elo.

Ech mengen, dat sinn Tatsaachen. Ëmsetzung vum Zukunftspak, spueren op där falscher Plaz. Mir wäerte muer nach, an och an Zukunft ëmmer erëm, vu Gesetzer schwätzen, wou de Stat ganz vill Suen huet, onbeschränkt vill Suen, fir méi ideologesch Saachen do ze finanzéieren, déi méi an deem Konzept vun dëser Regierung sinn. An hei, wou et u sech ëm e puer Millioune geet, déi kéinte sënnvoll an d'Leit investéiert ginn, déi kéinten eng Moosssnam präventiv géint de Chômage sinn, hei gëtt gespuert.

Dat ass eng Approche, déi mir als ADR net wëlle matdroen. Mir hunn eng sozial Orientéierung an eiser Approche. Dat hei verstéisst dogéint. Dofir wäerte mir dëst Gesetz net stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. An den Här David Wagner ass ënnerwee. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech mengen, et ass scho gesot ginn: Deen heite Projet de loi, deen ass entstanen aus den Nowéie vum Spuerpak, deen dës Regierung am Ufank vun dëser Legislatur emol ganz schnell dohinnergekniwwelt huet, fir ze beweisen, datt se eppes géif maachen.

Elo hu mer erëm d'Nowéien dovunner. Et kann een net méi mat manner maachen, an op kee Fall an deene Beräicher, wou d'staatlech Investissementer am meeschten néideg sinn. Dat ass an der Schoul an natierlech och an der Ausbildung an an der Formation continue. A souwuel d'Salariatskummer wéi och d'Fonctionnairaskummer weisen an hirem respektiven Avis dorop hin, datt duerch dëse Projet de loi versicht gëtt, manner auszeginn, mam eidele Pretexte, d'Statssue besser ze verwalten am Kontext vun der Austeritéitspolitik.

Et ass effektiv esou, datt d'Uleies vum Gesetzesprojet, gemengt sinn d'Ënnerstëtzung an d'Entwécklung vun der Formation continue, a kompletter Kontradiktioun mam Usaz, also der Applikatioun vu Spuermesuren, steet. Den zoustännege Minister identifizéiert mat Recht de Problem vun engem Manktum u Qualifikatioune bei der Masse salariale a spezifesch vun adequate Qualifikatiounen, déi dem aktuellen Aarbechtsmarché entspriechen. Duerch d'Formation continue soll d'Aarbechtskraaft also dem schnelle Wandel, dem Besoin vum Aarbechtsmaart, ugepasst ginn, an eng besser Erhalung vun der professioneller Aktivitéit garantéiert ginn.

Den Educatiounsministère dokumentéiert och unhand vu statisteschen Donnéeën, datt d'Salariéen iwwer 45 Joer schonn esou jonk dem Aarbechtsmaart souzesoen am mannsten ugepasst sinn. Doriwwer misst een och eng Kéier diskutéieren. Dës Kategorie vun der Aarbechtskraaft hëlt am mannsten u Formatiounen deel a scheit sech am meeschte viru Formatiounen an deene vun der Regierung esou héichgeschaten ekonomesche Beräicher wéi Management, Finanzen, Konta, Droit oder Info-com. Dës Leit sinn also der Prekaritéit vum Aarbechtsmarché staark ausgesat. Mä dat gëllt och fir déi Jonk, vun deenen an dësem Projet de loi u sech och net esou richteg rieds ass, mä déi awer wäerte vun dësem Problem staark betraff ginn, falls net méi an d'Schoul an an d'Ausbildung investéiert gëtt. Well et muss een drun erënneren, datt een Drëttel vun deene Jonken et emol net méi bis op den Aarbechtsmaart packt, wéi eng Etüd vum LISER och bewisen huet. Déi sinn natierlech och net an den esou schéine Chômagezuelen erëmzefannen. Doriwwer misst een och eng Kéier diskutéieren, wat déi iwwerhaapt nach haut bedeiten.

Här President, d'Prekaritéit vum Aarbechtsmarché ass d'Resultat vun enger verfeelter Wirtschafts- a Sozialpolitik, virun allem. D'Wandlunge vum Aarbechtsmarché an d'Budgetskierzungen an der Formation continue sinn op politesch Decisiounen zréckzeféieren. Et ass also keng Fatalitéit, wann et haut un deenen

néidege Kompetenze bei de Salariéë feelt a wann et zu enger Inkohärenz tëschent Offer an Demande um Aarbechtsmarché komm ass.

Et kann een dës Phenomeener net bekämpfen am Kader vun enger Politik, déi dem pyromane Pompjeessyndrom entsprécht. Phenomeener, déi duerch eng Austeritéitspolitik entstinn, bekämpft een net mat Spuermoossnamen. Et ass also lachhaft ze behaapten, et géif een d'Formation continue an de Betriber fuerderen, andeems ee staark de Budget sträicht, dee fir d'Entwécklung vun der Weiderbildung am professionelle Beräich zur Verfügung stoung.

Esou bleiwen de Betriber, vu ganz kleng iwwer mëttel bis ganz grouss, nach eppes wéi d'Halschent vun de finanzielle Moyenen iwwreg, déi sollte fir d'Organisatioun vu Formatioun agesat ginn. Dat steet och kloer am Widdersproch mam Argument, datt d'PMEen am beschten ënnerstëtzt ginn duerch déi geplangten Ëmverdeelung vum Budget vun uewen no ënnen. Manner Budget bleift insgesamt manner Budget, och wann d'PMEen de gréissten Undeel kréien. Am Ufank waren 10% ugeduecht. Schlussendlech sinn déi 10% op 20% eropgesat ginn, och op Drock vun der Chambre de Commerce. D'Chambre des Salariés hat dat zwar och bemängelt, mä ech hunn heiansdo den Androck, datt trotzdeem d'Chambre de Commerce e bësse méi e groussen Afloss huet op dës Regierung, well et ass rar, datt op d'Chambre des Salariés gelauschtert gëtt.

Här President, och aner Restriktiounen, déi dëse Projet de loi virgesäit, si problematesch am Kader vum Maintien dans l'emploi an der besserer Viraussiicht op eng Aarbechtsplaz, wéi d'Erofsetze vun den 173 Stonnen op 80 Stonne vun de Formatiounsstonnen am Kader vun enger Adaptation au poste de travail. Mä och d'Exklusivrecht vun onqualifizéierte Salariéen op dës Formatioun oder déi, déi keen Diplom hunn am Verhältnis mam Beruff, ass diskriminatoresch an dréit net zu engem generellen Opbau vun de Kompetenze vun all de Salarieë bäi. A souwisou muss ee sech d'Fro stellen: Wien decidéiert, ob deen Diplom am Zesummenhang mam Beruff ass? Ass dat de Betrib, deen dat och kann arbiträr decidéieren? Dat ass och eng Fro, déi d'Chambre des Salariés opwërft.

Voilà, ech wäert och schonn dobäi bleiwen. An ech wollt awer just schlussendlech, finalement, nach déi Fro opwerfen, well mer ëmmer vu Formatioun schwätzen, vun Aarbechtsmarché schwätzen, vu Leit, déi anscheinend net adaptéiert sinn, Jonker, déi net adaptéiert sinn, Eelerer, déi net adaptéiert sinn. Hautzudaags ass ee scho mat 45 Joer en eelere Mënsch, obwuel gesot gëtt: 40 Joer haut, dat ass 30 gëschter gewiescht.

U sech huet ee permanent ëmmer den Androck, datt de Salarié sech net adaptéiert. An duerno muss een och ëmmer mat deene Phrasë rechnen, datt mer an enger Welt liewen, déi sech schnell verännert, all Dag, permanent, an datt sech alles digitaliséiert, an dann huet een déi schéin, wonnerschéi Schlagwierder zesummen, fir ze soen: „Voilà, elo kënne mer näischt un der Ekonomie an un enger Industriepolitik maachen, fréckelen, mä mir musse permanent iergendwéi de Problem bei de Salariéë siche goen, ob se jonk sinn oder al."

An d'Fro ass einfach och eng politesch Fro, eng Fro, déi sech hei stellt, mä ob iwwerhaapt an Europa et d'Salariéë sinn, déi sech dem Aarbechtsmarché mussen adaptéieren! Oder wier et net vläicht och un der Zäit, datt den Aarbechtsmarché sech de Besoine vun de Bierger an och de Salariéen adaptéiert, esou wéi eng gesond Ekonomie misst funktionéieren? Well ech mengen, mir gi justement an eng esou dereguléiert Welt eran, datt een esou vill Formatioune wäert kënnen ubidden, datt schlussendlech d'Leit an enger „Uber-isëierter" Welt wäerte musse liewen, sech quasiment erëm wéi am 19. Jorhonnert als Doléiner mussen dohinnerstellen. An esou gutt se forméiert sinn, wäerte se och net weiderkommen, fir en dezent Liewen ze hunn. Dat war eng kleng Iwwerleeung um Schluss vun dëser Kritik vun dësem Projet de loi. An Dir hutt et scho verstanen: Mir wäerten dëse Projet de loi net matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. Mir wären domat um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Educatiounsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischt e grousse Merci un de Rapporteur, de Claude Lamberty, deen eis hei nach eng Kéier an d'Matière agefouert huet.

Mir sinn eis an engem jo alleguerten eens, an dat ass ze begréissen: D'Wichtegkeet vun der Formation continue, an dësem Fall eng Formation professionnelle continue, mä och an anere Beräicher, datt jiddweree sech à jour soll halen, neien Erausfuerderunge soll upassen, sech soll dem technologesche Fortschrëtt adaptéieren, mä awer och mat dem wirtschaftleche Wandel an eenzelne Branchen natierlech soll kënne mathalen, fir virun allem seng Employabilitéit ze garantéieren an héichzehalen.

Dat ass, mengen ech, en Effort, dee vu jidderengem selwer noutwendeg ass. Dat ass awer sécherlech och eng Obligatioun, déi vun den Entreprisë muss gemaach ginn, déi och an d'Employabilitéit an an d'Performance vun hiren eegene Salariéë sollen investéieren. Dovunner profitéiere si fir d'Alleréischt emol am meeschten. An, jo, ech denken, et ass och eng Aufgab vum Stat, fir déi néideg Instrumenter zur Verfügung ze stellen, sief dat Strukturen, déi hëllefen oder déi garantéieren, datt d'Formation continue gemaach gëtt, sief dat an dësem Fall eng finanziell Hëllef un d'Entreprisen, fir datt se selwer nach méi staark encouragéiert ginn, fir an d'Formation continue ze investéieren.

An deen Encouragement, dat ass virdrun hei gesot ginn, ass eropgesat ginn. Am Ufank vun der Finanzkris 2008/2009, weist de Rapport vum Claude Lamberty ganz däitlech, hate mer e Budget vu 27 Milliounen. Mir sinn dunn 2013 bei 48 Millioune gewiescht, an 2017 schätzungsweis bei 70 Millioune gewiescht.

Dat kann een elo e Succès nennen op där enger Säit, datt vill méi gemaach gëtt. Ech denken, datt dat virun allem emol domadder ze dinn huet, datt vill méi Entreprisen an och vill méi Salariéen an de Genoss dovunner kommen. Op där anerer Säit, denken ech, soll een dat dann awer och nach eng Kéier hannerfroen. Well wann e Budget an deem doten Zäitraum vun 2009 op 2017 ëm 160% wiisst, oder vun 2013 op 2017 ëm 45% wiisst, ass dat awer eppes, wat een am A sollt behalen, well et jo hei net nëmmen drëm geet, fir vill Geld auszeginn an ze mengen, domadder hätt ee méiglechst vill gemaach. Et geet eben och drëm, fir ze kucken: Wat geschitt mat deem Geld? A wéi kréie mer et am Endeffekt wierklech bei dee Salarié, bei déi Entreprisen, wou et besonnesch wichteg ass, fir datt d'Employabilitéit vun deene Beschäftegten dann och wierklech ka gestäerkt ginn?

Duerfir fannen ech, datt grad déi - an ech liesen an ech lauschtere jo vill, wat och soss doruechter gesot gëtt -, datt grad déi, déi op eng antizyklesch Politik pochen, datt dee Moment, wann et der Ekonomie méi schlecht geet, de Stat och emol méi soll hëllefen, an dee Moment, wann et der Ekonomie besser geet, de Stat och vläicht seng Hëllef nach eng Kéier muss rezentréieren an och nach eng Kéier konzentréieren op dat Eenzelt, datt een dann awer och mat dësem Projet de loi, mat dëser Approche, déi mer hei un den Dag leeën, eigentlech misst d'accord sinn.

Wann een also gären antizyklesch Politik hätt, wann een och gären hätt, datt mer eng Budgetskonsolidéierung maachen, wann een och gären hätt, datt ebe grad a gudden Zäiten - mir si momentan an enger gudder Zäit, mat där Croissance, déi mer hunn, an och mat der budgetärer Situatioun -, datt een do nach eng Kéier kuckt, datt och d'Depensen am Gréff bleiwen, dann, denken ech, soll een awer och hei eng Kéier en A drop werfen.

Et geet hei net drëm, fir mordicus wierklech manner auszeginn, et geet eben och drëm, fir besser auszeginn. An dat war d'Haaptzil an deem Recadrage, deen hei virgeholl gëtt, dee mer och nach eng Kéier am Dialog mat der UEL diskutéiert hunn.

Et ass gefrot ginn: Firwat huet et ee Joer laang gedauert, bis mer Amendements gouvernementaux bruecht hunn? Mir hunn net ee Joer laang, mä awer intensiv, mat der UEL nach eng Kéier iwwer eenzel Aspekter diskutéiert, fir nach eng Kéier am Feinschliff ze kucken: Wéi kënne mer mat deene budgetäre Moyenen, déi mer wëlle reservéieren, wéi kënne mer do am beschten den Hiewel uleeën, fir am meeschte Resultat kënnen ze kréien? Dat hu mer an den Amendements gouvernementaux nach eng Kéier probéiert ze erreechen.

Fir de Rescht war et fir mech kloer, datt mer wierklech musse kucken, datt mer deenen Entreprisen, déi net vu sech aus eng Kultur hunn an eng Struktur hunn, well se net esou breet opgestallt sinn, vu Formation continue, datt mer deenen et nach méi staark schmackhaft maachen, fir sech och an déi dote Richtung ze bewegen, datt mer also hei kucken, déi Entreprisen ze protegéieren, déi mer als Kleng- oder Mëttelentreprisë bezeechnen, datt déi nach éischter Accès och zu deene finanziellen Hëllefen hunn, och andeems mer den administrativen Opwand net an den Himmel wuesse loossen, well et ass dat, mengen ech, nach méi wéi elo d'Geldmoyenen heiansdo, en Hindernis duerfir, fir iwwerhaapt Formation continue unzebidde respektiv fir iwwerhaapt vun enger finanzieller Subventioun ze profitéieren. An d'Regierung huet och vun Ufank u gesot, datt mer bei där cibléierter Approche wëlle bleiwen, datt mer bei enger Populatioun, déi méi vulnerabel ass vum Alter hier, vun der Formatioun hier, och bei deem héijen Taux de subventionnement wëlle bleiwen. An dat fannt Der jo och an den Texter erëm. An ech denken, et ass vu jiddwerengem hei begréisst ginn.

Et huet de Mëtten an der Debatt deelweis esou geklongen, wéi wa mir hei géife reglementéieren, wat d'Entreprisen a maximaler Formation continue sollte maachen. Neen, dat ass et jo net. Mir regléieren hei, wat dee staatleche Kofinanzement ass. Mä ech hu virdru gesot: Et ass eng Responsabilitéit vun all Eenzelnem, et ass eng Responsabilitéit vun engem Patron, an et ass och eng Responsabilitéit vum Stat. An d'Entreprise bleift an der Responsabilitéit. A se kann natierlech selbstverständlech iwwert déi Montante vu Stonnen, déi hei genannt goufen, däitlech erausgoen, wa se dat am Interessi vu sech selwer an am Interessi vun deene Beschäftegten dann och esou gesäit.

Ech hu gesot: Vill Budget ausginn, vill Geld ausginn, dat garantéiert nach net, datt et ukënnt bei deenen, wou mer gär hätten, datt et ukënnt. Duerfir maache mer dee Recadrage hei, datt et do ukënnt. Et garantéiert och nach net, datt mer eng Formatioun hunn, déi vun héijer Qualitéit ass. An ech denken, datt dat wierklech den nächste Schrëtt muss sinn. An eenzel Riedner sinn dorop agaangen.

Ech hätt gär, datt mer och nach am Laf vun dëser Legislaturperiod en Text eran an d'Chamber bréngen, an de legislative Prozess bréngen, fir och ze kucken, wéi mer d'Qualitéit garantéieren. Well et bréngt näischt, datt e Salarié eng Formation continue mécht, datt se finanzéiert gëtt, sief et vum Patron eleng oder och nach kofinanzéiert gëtt iwwert de Statsbudget, wa se net wierklech vun héijer Qualitéit ass a wa se deem Beschäftegten net wierklech hëlleft a seng Employabilitéit an Zukunft och nach stäerkt. Dat muss d'Zil sinn. A mir brauchen en Organ, deen en A dorobber wërft, an datt net all Formatioun herno nach wäert iwwerhaapt kënne stattfanne respektiv net all Formatioun och nach vun engem Kofinanzement ka profitéieren, mä datt mer déi, déi den Qualitéitsstandarden entspriechen, datt mer déi och nach ganz besonnesch ënnerstëtzen.

Mir stellen eis vir, datt mer eng Akkreditéierungsprozedur aféiere fir d'Formateuren - dat sinn haaptsächlech Entreprisen, well zanterdeem dat heiten a Kraaft getrueden ass, ass do e ganze Secteur, och e Wirtschaftssecteur vu Formatiounen entstanen -, datt net jiddweree muer ka seng Entreprise opmaachen a soen: „Elo bidden ech emol den Entreprisen hei am Land Formatiounen un.", mä datt ee fir d'Éischt eng Akkreditéierung brauch, mat där mer sécherstellen, datt d'Qualitéit gewärleescht ass, éier mer dann duerno och iwwer e Kofinanzement kënne schwätzen.

Dat wäert nach Diskussiounen bedeite mat de Chamberen, souwuel der Chambre des Salariés wéi och de Chambres patronales, déi och kloer Virstellungen doriwwer hunn. Mä ech denken, datt een awer do op e Modell ka kommen, dee jiddwerengem Satisfaktioun gëtt, a wou mer e grousse Schratt no vir, net am Budget, mä virun allem an der Qualitéit vun deene Formatioune kënne maachen.

Här President, ech hunn d'Impressioun, d'Madamm Hetto hätt eppes ze soen oder wéilt mer eng Fro stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Majo, wann Dir d'accord sidd, dann huet d'Madamm Hetto d'Wuert.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Selbstverständlech sinn ech d'accord!

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Villmools Merci, Här President. Ech hunn effektiv eng Fro. Här Minister, Dir hutt selwer elo gesot, dass Der am Laf vun deem nächste Joer wëllt e Gesetzesprojet erabréngen, fir eng Analys ze maache vun de besteeënde Formatiounen.

Ech stellen Iech d'Fro: Firwat hutt Der dat net virdru gemaach? Firwat hutt Der dat net gemaach, éier Der elo higitt a spuere gitt?

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Well mer eis sécherlech och scho mat där doter Thematik beschäftegt hunn. Ech hu virdrun nach eng Kéier ganz kloer gesot, ech wëll dat nach eng Kéier widderhuelen: Et geet net nëmmen drëm, fir hei maximal vill Geld auszeginn.

Ech bedaueren, datt dat e bëssen d'Approche war an den Debatten de Mëtten: „Mir gi vill Geld aus, also ass et gutt." Jo, mir solle Geld ausginn. Mir solle kucken, datt dat Geld bei deenen ukënnt, bei deenen Entreprisen a bei deene Salariéen, wou et wierklech hëlleft. Dat ass dee Recadrage, dee mer hei maachen. An da solle mer och nach kucken, datt déi Formatiounen, déi ugebuede ginn, vun héijer Qualitéit sinn. An dat ass deen nächste Schratt, dee mer onbedéngt musse maachen. Do hu mer schonn dru geschafft.

Wann dat dann dat Eenzegt ass, wat eis hei nach trennt de Mëtten, Madamm Hetto, datt mer et hätte sollen ëmgedréit maachen oder zesumme maachen, da mengen ech, da géife mer och finalement nach alleguerten zefridden hei erausgoen.

Dat ass op jidde Fall den nächste Schratt, dee mir elo uginn. An ech hu mech hei engagéiert, datt mer och dat an dëser Legislaturperiod nach op de Wee bréngen.

Villmools Merci fir d'Zoustëmmung, fir déi, déi dann de Mëtte wëllen zoustëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert den Ensembel vum Projet de loi 6883 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6883 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

32-mol Jo, 26-mol Neen. Domat ass de Projet 6883 adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Fränk Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Georges Engel), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas) M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm (par M. Marcel Oberweis), Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Jean-Marie Halsdorf,), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Marc Spautz), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Claude Wiseler), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Gilles Roth), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet (par Mme Octavie Modert);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisem Ordre du jour ukomm a gesinn eis muer de Mëtteg um zwou Auer erëm. Villmools Merci. D'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 17.49 heures)

SÉANCE 42

MERCREDI,
28 JUIN 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Communications
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Dépôt d'une motion par M. Gast Gibéryen
- *M. Gast Gibéryen*

4. 7047 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau
- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Gérard Anzia*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes (interventions de M. Gusty Graas et M. André Bauler), Mme Cécile Hemmen, M. Henri Kox, M. Gusty Graas (question de M. Aly Kaes), M. Gast Gibéryen (question de M. Gusty Graas et interventions de Mme Josée Lorsché), M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. 7106 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement à la Convention européenne sur les paysages, fait à Strasbourg le 15 juin 2016
- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Gérard Anzia*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 7125 - Projet de loi portant approbation de l'amendement de Kigali au protocole de Montréal relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone, adopté à Kigali le 15 octobre 2016
- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 7088 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre la pollution de l'atmosphère
- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den Här Oberweis.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Här President, léif Frënn, Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Ministesch, wann een iwwer Ëmwelt heibanne schwätzt, soll een awer wéinstens e puer Sekonne verweile bei Sujeten, well aner Saache ginn oft esou séier ofgemaach, mä iwwert d'Ëmwelt ass et derwäert, dass mer driwwer schwätzen!

(Brouhaha)

Ech soen dem Henri Kox Merci fir säi Rapport, lénks a riets, mëndlech a schréftlech.

Ech hunn nach e puer Bemierkungen awer zu dësem Gesetzestext. Et geet jo hei drëm, dass déi FCKWen, déi sougenannt Hydrofluorocarbonen, duerch dëse Kigali-Amendement op der Montrealer Konferenz (veuillez lire: zum Montrealer Protokoll) vu '87 aus der Atmosphär erausgeholl ginn. Et ass jo awer erstaunlech, dass am Joer '87 op der ganzer Welt deen Accord séier fonnt ginn ass. Firwat? Ma well mer alleguerten eis bewosst ware '87, dass duerch déi Ozonschichtverdënnung iwwert dem Nordpol Hautkriibs géif kommen. An dat betréfft jo net nëmmen déi Leit an Afrika, mä dat betréfft jiddwereen! An domadder ass eben dann deemools ganz séier deen Accord fonnt ginn. Et ass ee vun den effikassten Accorden, dee geholl ginn ass.

D'Konsequenz dervun ass déi, konnt een noliesen, dass ee mëttlerweil ka soen, dass zwou Millioune Mënschen an der Welt manner vun Hautkriibs befall ginn, Tendenz och da steigend.

Et soll och domat bedéngt ginn, dass d'Erhéijung vun der Atmosphärentemperatur ëm 0,5 Grad Celsius reduzéiert soll gi bis 2100, an dat an der Limitt vun 1,5 Grad Celsius nom Paräiser Klimaprotokoll.

Leider gëtt et awer och e Wermutstropfen dran. Déi Drëps ass ganz einfach, dass d'Delaien ze laang sinn. Et gëtt am Amendement vu Kigali geschwat vu bis 2040 - dat ass nach laang bis dohinner -, do gëtt versicht, dass de Verbrauch vun HFCen ëm 15% bis 20% manner soll sinn ewéi haut. An nach ëmmer ginn dann awer HFCen an d'Atmosphär geblosen.

Et ass och festgehale ginn, dass déi Reduktioun vun den HFCen duerch finanziell Zouwendungen aus dem Fonds multilatéral bei der UNO erreecht gëtt. Eist Land bedeelegt sech och, wéi gesot, am Kader vu sengen 120-Milliioune-Projet do mat drun.

Mä d'Fro awer ass déi: Wéi héich ass dann déi Enveloppe, déi mir do eraspeise genau fir dësen Domän, bei den Entwécklungslänner, fir esou schnell aus den HFCen erauszefannen? Mir musse jo bedenken, dass China an Indien nach monter do weiderproduzéieren!

No Aussoe vun der UNO, an dat ass dat Batterst dobäi, wann ech dat noliesen, fléissen nëmme 5% vun alle bereetgestallte finanzielle Mëttelen am Rame vun dëse ganze Klimawieselen an déi afrikanesch Länner - nëmme 5%! -, wou awer deemnächst wäerten zwou Milliarde Mënsche liewen.

Dofir ass meng Fro déi: Wär et net besser an deem heite Fall, mir géifen direkt dës Enveloppe dann net an dat Dëppe werfen, mä au contraire un ons fënnef Zillänner ginn: Mali, Burkina Faso, Niger, Senegal an de Cap-Vert?

An eng zweet Fro, Madamm Ministesch, do hunn ech de Mëtten nogelies gehat iwwer eng Etüd aus Amerika: An deem Montrealer Accord, an deem Vertrag, an och am Kigali-Amendement gëtt iwwerhaapt net iwwert den Dichlormethan geschwat. Deen ass guer net dran! An d'Wëssenschaftler soen awer, wann deen net gestoppt gëtt - et gëtt jo ëm eng Millioun erausgeblosen, Tendenz steigend -, dann dierft d'Schléisse vun der Ozonschicht ëm 30 Joer verlängert ginn. Dat heescht, alles, wat mer haut maachen, fir d'HFCen erauszekréien, gëtt mat dem Dichlormethan no hanne gedréckt.

Dat gesot an déi Froe gestallt, soen ech Merci an ech bréngen och den Accord vun der CSV eran.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Oberweis. Den Här Negri huet d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci Här President. Ech wëll och dem Rapporteur Henri Kox e grousse Merci soen an den Accord vun eiser Fraktioun ginn. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Hahn, wann ech gelift.

M. Max Hahn *(DP).*- Ech géif mech deem uschléissen a ginn och heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei a soen dem Rapporteur och Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och fir d'Éischt e grousse Merci un den Här Kox fir säi Rapport.

Ech mengen, et ass ganz interessant, fir eng Kéier kuerz anzehalen an nach eng Kéier iwwert déi Zuelen nozedenken, déi mer hei offréiert kruten. Wa mer dat hei ëmsetzen - an d'ADR stëmmt et mat, well mer eis jo prinzipiell och zum Schutz vun der Atmosphär bekennen an et och gutt fannen, datt d'Ozonschicht geschützt gëtt -, mä loosse mer awer emol nach eng Kéier nodenken iwwert d'Effikassitéit vun dësem Accord.

Hei gëtt gesot, wann en ëmgesat gëtt, also an deene beschtméigleche Konditiounen, spuere mer oder kënne mer verhënneren 0,1 Grad bis 2050. Dat ass awer ënnert deene Konditioune gewiescht - an dat steet och esou dran -, ier d'Amerikaner decidéiert hunn, aus dem Paräiser Accord erauszeklammen. Dat sinn 32% vun de Weltemissiounen am CO_2. Bei dësen Emissioune wäert et sech an äänleche Gréisstenuerdnungen och verhalen, soudatt mer hei schwätzen, ënnert deene beschtméigleche Konditiounen, vun engem Ënnerscheed an der Temperatur bis 2050 vun 0,07 bis 0,08 Grad Celsius.

Wat ass weltwäit, wat kann dobäi de Bäitrag si vun enger Agglomeratioun wéi Lëtzebuerg, vun ongefëier 600.000 Leit, am weltwäite Volume vun den Ausstéiss? Do si mer bei 0,00000001 dorëmmer! Ech mengen, däers muss ee sech einfach bewosst sinn, wann een déi Zuelen hei kuckt, wat eisen Apport ass: weltwäit praktesch näischt! An den Effet vun dësem Accord op d'Erhëtzung ass och praktesch net méi ze moossen. En ass schonn iergendwou am Beräich vun de Klimaschwankungen normal, oder och vun dem Iertum am Moossen, zumools wann ee weess, wéi schwaach eigentlech déi Donnéeë sinn, op déi sech dacks beruff gëtt, a wéi iwwerflächlech op verschiddene Kontinenten déi Donnéeë gesammelt ginn an da verwäert an un d'UNO virugi ginn. Do sinn nach enorm Defiziter.

Ech mengen, dat muss een einfach wëssen, wann een dat heite beuerteelt, wat wierklech den Impakt vun esou engem Accord ass wéi deem heiten. Obscho mer näischt dergéint hunn, wéi gesot, mä et soll ee sech däers awer bewosst sinn.

Nach zwou Froen un d'Madamm Minister, wa mer scho vum Ozon schwätzen:

Mir hunn, wann d'Wieder ganz waarm ass, jo och Limitatioune vun de Vitessen op de Stroossen duerch d'Ozonbelaaschtung. Mä gëtt et eng Miessung, déi wierklech den Zesummenhang tëschent der Reduzéierung - hei am Land, schwätzen ech - vun der Vitesse op der Autobunn an der Reduzéierung vun der Ozonbelaaschtung hierstellt?

Mir hunn näämlech hei am Land wahrscheinlech nach ëmmer net, an dat ass meng Fro un d'Madamm Minister, een direkte Lien tëschent den anthropogenen Ozonbelaaschtungen oder Ofgasen a verschiddene Ballungszentre wéi Esch oder der Stad an de Miessstatiounen zu Beidler an zu Veianen, wou biogen, volatill Precurseure vum Ozon gemooss ginn, déi allerdéngs vollkommen natierlech sinn an eben och net kënnen duerch de Verkéier oder eng Limitatioun vum Verkéier direkt betraff ginn. Dofir, wéi effikass sinn dann eigentlech déi Vitesselimitten op den Autobunnen? Sinn déi wierklech an deem Sënn effikass a justifiéiert? Do wär et interessant, eng Kéier d'Positioun vun der Regierung ze héieren.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ginn et keng weider Wuertmeldungen?

(Négation)

Dann huet d'Madamm Ëmweltministesch d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert, ech hat u sech net vir, nach eng Kéier zu dësem Projet ze schwätzen, well ech gemengt hat, dass mer eis alleguer eens wären hei am Haus, an ech mengen awer, dass ech richteg héieren hunn, dass jiddwereen dermat d'accord ass, dass mer eis alleguerte fir de Klimaschutz asetzen. Dat heiten ass de Kigali-Amendement zum Montreal-Protokoll. De Montreal-Protokoll, dee sech mam Ozon beschäftegt, dësen hei (veuillez lire: an de Kigali-Amendement), dee sech mat fluorizéierenden Zäregaser beschäftegt, ass an der Dynamik vu Paräis entstanen. An zwar an der Optik, dass dat heiten e Feld ass, wou mer vu Killanlage schwätzen, déi mer schnellstméiglech reduzéiere sollten, wou mer natierlech ënnerschiddlech Startpositiounen hunn, esou wéi mer et an anere Beräicher och hunn. Mir hunn eng jett Länner, déi eréischt um Komme sinn, wou et awer definitiv méi Besoin ginn ass, fir do Killanlagen anzesetzen, a wou mer versichen, no an no eisen Job ze maachen an déi ze reduzéieren, fir dass mer awer bis 2050 eng Reduktioun vun 0,1 Grad hunn a bis 2100 vun 0,5 Grad.

Wat awer, wa mer kucken, wéi mer musse reduzéieren, e Bäitrag ass fir de Klimaschutz. A wa mer dat heiten net gemaach hätten... Sécherlech sinn d'Europäer ëmmer méi ambitiéis, mä et ass en Amendement zu engem Protokoll, wou mer jiddweree weltwäit mat op de Wee huelen. Dofir wëllt Lëtzebuerg jo och hëllefen. An dofir hu mer direkt och nach zu Kigali gesot: Mir wäerten eis Responsabilitéit iwwerhuelen a sécherlech am Kader vun dësen Aktiounen eise Partnerlänner, an do wende mer - an dat awer als Äntwert och nach op d'Fro, déi koum - natierlech déiselwecht Kritären un, wéi mer och an der Klimafinanzéierung usetzen, well dat heiten ass Klimafinanzéierung konkret mat eise Partnerlänner um Terrain, do, wou mer och den Know-how hunn, do, wou mer den Zougang hunn, genau déi Regiounen ze ënnerstëtze mat Projeten, wéi mer hei kënne méiglechst schnell agéieren, fir ebe grad déi fluorizéierend Zäregaser erauszekréien. Ech mengen, dat ass awer e wichtege Bäitrag, dee mer hunn.

An ech mengen awer och, dass all Mesuren, déi mer maachen, fir de Verkéier ze reduzéieren, méi flësseg ze maachen op den Autobunnen, zum Beispill duerch eng Reduktioun vun der Vitesse méi flësseg ze maachen, wichteg sinn a manner als Aschränkung solle gesi gi wéi als Bäitrag, dee jiddweree soll leeschten, fir ebe grad déi negativ Effete vun eisem Wirtschaften an ënner anerem vun eisem Transport, deen doduerch entsteet, ze reduzéieren.

Ech mengen, dass ee sech sécherlech nach eng Kéier separat kann iwwert déi eenzel Mesuren ënnerhalen. Mir hunn elo ganz rezent d'ailleurs jo och nach eng Kéier e Loftqualitéitsprogramm erausginn. Mir wäerten och selbstverständlech weider doriwwer informéieren. Dir wësst et, mir informéieren ëmmer iwwer ze héich Ozonwäerter. An eng vun deene Mesuren, déi awer definitiv eng Fluiditéit bréngt an eng gewësse Reduktioun, ass awer d'Erofsetze vun der Vitesse op den Autobunnen. An ech mengen, dass mer do kengem op d'Féiss trëppelen, wa mer déi Mesure huelen, déi d'ailleurs och an anere Länner op dëser Welt als gutt empfonnt gëtt.

Ech soen Iech Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Ëmweltministesch.

A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7125 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7125 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss: 60-mol Jo. Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Da froe mer déi un. An dat ass dann esou decidéiert.

A mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, de Projet 7088, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Loftverschmotzung. An d'Wuert huet erëm de Rapporteur, den Här Henri Kox.

7. 7088 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre la pollution de l'atmosphère

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President. Et schléisst u sech un dat un, wat mer virdrun diskutéiert hunn. Hei geet et ëm d'Gesetz vum 21. Juni 1976, wat amendéiert gëtt, eben, wéi gesot, iwwert d'Loftqualitéit. An et betrëfft haaptsächlech d'Bensinner, also d'Carburanten, den Diesel wéi de Bensinn an awer och d'Biocarburanten, wéi déi genannt ginn. An et ass eng Applikatioun oder Emsetzung vun enger Direktiv 9870/CE, déi an dësem Gesetz verankert gëtt. An et geet an där Direktiv haaptsächlech drëms, eben och eng Reduktioun vun den Zäregase vun deene Carburante virzegesinn an dat ëm 6% bis 2020.

Déi Direktiv ass zwar schonn ëmgesat ginn, awer an engem Règlement grand-ducal. An hei geet et drëms, dat an dat Gesetz ze integréieren. Firwat an dat Gesetz? Ma an deem Gesetz ginn awer heimadder d'Sanktioune festgeluecht, fir wann ee sech net dorun hält. An Dir kennt jo déi Geschicht ëm d'Biodieselen a Biogate, ech wëll do net op déi Detailer agoen, mä hei gëtt dat an d'Gesetz integréiert, dass éischtens Sanktioune kënne gemaach ginn. A wann ee vu Sanktioune schwätzt, Ämenden, da muss een awer och deemjéinege Rekursméiglechkeete ginn. An dat gëtt dann och mat engem Amendement entspriechend verankert.

An déi zweet Saach ass natierlech och, fir d'Recherche, fir festzestellen, ob ee sech net drun hält, och méi breet opzemaachen, gëtt hei adaptéiert, dass och eng Ëmweltgewerkschaft sech deem uschléisse kann an och ebe kloe kann, wann ee sech net dorunner wëllt halen. An dofir ass et eng Ëmännerung vun dem Gesetz vum 21. Juni 1976.

De Statsrot hat eng Rei vu Remarquen, ënner anerem och eng Opposition formelle, insbesondere well d'Definitioune vun deenen eenzelne Carburanten net eendäiteg genuch waren. An déi sinn dann och entspriechend agefloss, soudass mer eng zweet Navette gemaach hunn, oder eng éischt Navette mam Statsrot, fir eben déi Klarifikatiounen am Gesetz festzehalen.

Déi zwou Chamberen, d'Chambre des Métiers, mengen ech, d'Chambre des Métiers huet en Avis ginn, an deem u sech näischt inhaltlech zum Gesetz gemaach gouf.

D'Gesetz selwer gouf de 7. November 2016 deposéiert. Wéi gesot, de Statsrot hat eng éischt Remarque, dofir déi Opposition formelle. Déi hu mer do kënnen änneren. De 15. Februar 2017 gouf ech als Rapporteur bestëmmt. Den 2. Avis vum Statsrot koum de 24. Abrëll 2017. An et ass nach eng zweet Navette gemaach ginn, effektiv, fir dat alles ze klarifiéieren, wat de Statsrot wollt hunn. An deen ass den 13. Juni 2017 komm. An den 21. Juni hu mer dëst Gesetz eenheetlech, also unanime an der Kommissioun ugeholl. An ech géif dann och hei den Accord vu menger Fraktioun zu dëser Gesetzesännerung bréngen. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo den Här Oberweis.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, Madamm Ministesch, och elo erëm eng Kéier dem Henri Kox Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

Wéi e gesot huet, ass dëse Projet de loi erëm eng Kéier e Stéckelche Bausteng an enger verbesserter Ëmwelt- oder Loftqualitéit. Dat ass ze begréissen a vun alle Bänke gëtt dat jo och gemaach.

Mä maache mer ons awer keng Illusiounen! D'Zuel vun de Gefierer am Verkéier wiisst bestänneg, siefen dat PKWe wéi LKWen. Hei an och an der drëtter Welt oder an de Schwellelänner, dat ass ganz kloer. Et gëtt méi Bensinn, méi Diesel verbraucht an domadder klammen awer weltwäit d'Emissioune vun Dreifhauseffekter.

Ee Véierel vun allen CO_2-Emissioune gëtt dem Verkéier zougeuerdnet. An de Weltklimarot huet a sengem Paper d'lescht Joer gesot, si schätzen eng Verduebelung bannent 30 Joer. Awer net nëmmen den CO_2 ass ee vun den Dreifhausgasen, déi mer musse bekämpfen, vill méi schlëmm ass och nach de Stéckstoff. Dat ass zwar keen Thema heivun, ech wëll just derbäi verweilen, dass mer net vergiessen, dass dat alles konnex ass am Verkéier.

Oft läit dee Wäert wäit iwwert dem Seuil vu 40 Mikrogramm pro Kubikmeter, an d'Weltgesondheetsorganisatioun schreift dat jo esou vir. Si wëllt de Wäert souguer erofsetzen. An engem rezenten Artikel konnt ech liesen, dass d'NOx-Emissioune vun den neien Dieselmotore mat der Euronorm 5 méi héich si wéi déi vun der Euronorm 4. D'Fro ass déi: Wou ass d'Entwécklung do higaangen?

De Grenzwäert läit momentan bei 80 Milligramm pro Kilometer. An a Wierklechkeet, wann ech emol heiansdo esou eng Autoszeitung an de Grapp huelen, stellen ech fest, bis zu 1.000 Milligramm pro Kilometer gëtt do ausgestouss, wäit iwwert dem Seuil, deen erlaabt ass.

Dat gesot, wollt ech awer op ee Punkt an dem Exposé des motifs hiweisen, dee mech awer interpelléiert huet. Et geet iwwert de Rekurs vun de Biocarburanten, mat deenen d'Fournisseuren d'Zil vun de 6%, déi den Henri Kox ugesprach huet, erreeche sollen. Et gouf heibanne schonn ëfters iwwer Biocarburante vun der éischter an der zweeter Generatioun geschwat. Mir waren ons deemools eens, déi éischt Generatioun kéint et jo wuel net sinn, well dat sinn d'Iesswueren an den Tank gestach, an dat kann, wann ech déi Millenniumgoals 2030 kucken, jo wuel net goen, dass mer Iesswueren huelen, fir an den Tank ze stiechen.

Awer bei der zweeter Generatioun, do ass momentan e massiivt Uklamme vun dem Uplanze vu Palmuelech. Als Konsequenz ginn et Länner wéi Indonesien a Malaysia, do ginn et riseg Flächen, gréisser wéi Benelux, déi ofgebrannt ginn, ofgeholzt ginn, fir do ganz einfach Palmuelechplanzen ze setzen. Net nëmme verléieren d'Mënschen do hir Heemecht, mä och d'Déieren, ech denken un den Orang-Utan, dee jo op der Verléierersäit steet, hu keng Chance méi. Den Afloss op déi regional Biodiversitéit hëlt erschreckend Moossen un. Op eng schänterlech Aart a Weis gëtt vun de Länner, déi ons hei de Wee wëlle weisen, notamment der USA a China, riseg Lännereien iwwert de Land Grabbing geholl an da ginn d'Leit verdriwwen an dorop ginn da sougenannte Palmueleche gesat. Mëttlerweil si mer bei 57 Milliounen Hektar, Tendenz klammend.

A wat nach vill méi erschreckend ass, wann ee liest, an do war, dass do Kanneraarbecht gemaach gëtt, dass Kanner agesat ginn op de Plantagen an d'Kanner gi bespréit mat dem Herbicide Paraquat. Déi stierwen ons do ewech, mä mir fueren hei monter mat Autoe weider an hannerfroen dat net.

Et gëtt mëttlerweil scho gutt Usätz. Gott sei Dank nëmmen huet de WWF sech elo do responsabel gezeechent an huet de ronnen Dësch fir eng nohalteg Palmuelechproduktioun ageruff, den RSPO.

Meng Fro dann un d'Madamm Ministesch, eng ganz kleng Fro: Wellech Garantien hu mir dann iwwerhaapt, dass mir hei am Land mat zertifizéiertem Palmuelech iwwer ons Fournisseure beliwwert ginn, déi jo ausserhalb dem Land sinn, Rotterdam a weess Gott wou, an déi ons de Carburant an d'Land bréngen?

De beschte Wee ass - maache mer ons näischt vir heibannen! - de Wee iwwert déi douce Mobilitéit, wa mer net méi wéilte fueren. Mä leider gëtt nach gefuer. Mä an engem Land, wou et 700 Autoen op 1.000 Leit gëtt, ass dat a mengen Aen e schwieregt Unterfangen.

Merci fir d'Nolauschteren an ech bréngen den Accord vun der CSV an.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Dann huet d'Wuert den Här Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President. Och e grousse Merci un eise Rapporteur Henri Kox.

Als LSAP si mer frou, dass een elo gesäit, dass jo en Ëmschwong kënnt vum Diesel op de Bensinner, wat effektiv eis Ëmwelt nach vill méi schount, an zemools mat dësem Gesetz gëtt dat jo ënner Strof gesat. Dofir gi mer och domadder den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Da wär et um Här Hahn.

M. Max Hahn *(DP).*- Ech kann et och ganz kuerz maachen. Merci dem Rapporteur an ech ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, villmools Merci. Och Merci un den Här Kox fir säin, mengen ech, zweete Rapport de Mëtten.

Une voix.- Drëtten.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Den drëtte schonn!

Et ass fir eis e Gesetz, wat mer gär géife matstëmmen, wann et hei just ëm de Schutz vun der Atmosphär géif goen, also ëm d'Reduktioun vu Schadstoffer an den Treibstoffer. Mä déi Analys eleng gräift ze kuerz.

Et sinn eng Rei Aspekter, déi ee muss kucken. Dat Éischt ass natierlech duerch déi nei Donne an der internationaler Klimadiskussioun. Ebe well d'Amerikaner erausginn, stellt sech och d'Fro vun der Kompetitivitéit am Transportsecteur nei an notamment am Lofttransport. Mir mussen also kucken an den Diskussiounen, déi mer an der nächster Zukunft, an den nächste Jore féieren, wéi eng Länner sech nach zu wéi engen Ziler eventuell engagéieren a wéi eng Konsequenzen dat huet an deene Beräicher, wou mir e kommerziellen internationalen Interessi hunn, fir do eng konkurrenziell Situatioun kënnen ze erhalen.

Dat Zweet ass, et ass e ganz strengt Gesetz. An e Reflex, dee mer ëmmer erëm feststellen, dat ass, datt eng Tendenz besteet, zemools am Ëmweltberäich ganz besonnesch streng ze sinn. Och mir sinn der Meenung, et sollt ee streng sinn. Mä ech wëll an e puer Wierder erklären, datt et och Grenze gëtt.

Éischtens gëtt emol hei de Code de procédure civile an deem Sënn ëmgeännert, datt net d'Douane soll Strofen anzéien, mä direkt den Enregistrement. An et ass och en Automatismus bei Strofen, dat ass och eppes, doriwwer kann ee laang philosophéieren. Mä ech wëll hei just feststellen, datt relativ héich Strofe relativ séier automatesch verhaange ginn. Och dat ass eppes, wat mech als Bierger a priori net begeeschtert.

Mä eisen Haaptproblem bei dëser Diskussioun, wéi dacks am Ëmweltberäich, ass, datt mir als ADR keng parallell Justiz wëllen, keng parallell Police, kee parallelle Parquet. An dat ass awer ëmmer méi an deenen Ëmweltgesetzgebungen, wou d'Baueren dacks betraff si mat besonnesch strenge Kontrollen, wou Dag an Nuecht kënnen Installatioune besicht ginn, souguer den Domizil ka besicht ginn. An de System ass eigentlech ëmmer, datt d'Membere vun der Administration de l'environnement de Statut vum Officier de police judiciaire kréien, wéi och an dësem Gesetz, wou d'Kadere vun der Kategorie A1 an A2 dee Pouvoir kënne kréien. An da kënne se Dag an Nuecht déi Installatioune besiche goen, inklusiv les locaux réservés à l'habitation, den Domizil, vun hallwer siwe moies un. Ass dat néideg?

Éischtens, wann et onbedéngt néideg ass, géif et jo duer, wann d'Police dat géif maachen, eventuell mat enger spezieller Formatioun an opgrond vun engem Mandat. Musse mer all Kéiers der Ëmweltverwaltung déi do Pouvoire wierklech ginn? Geet net eng Police mat där néideger Formatioun, deem néidege Personal duer, fir dat ze maachen?

An och mam Parquet muss ee sech eng Kéier iwwerleeën, ob mer déi Evolutioun, déi mer an deene leschte Joren haten, fir bei den ONGen eigentlech ëmmer zouzeloossen, fir kënne Plainte ze féieren, ob dat haut nach justifiéiert ass. Fréier, a mir hunn dat och esou gesinn, wor et vläicht wichteg, fir e gewëssenen Drock an der Ëmweltpolitik ze maachen, well net jiddwereen dat eescht geholl huet. An da war et gutt, fir och den Ëmweltschutzorganisatiounen e gewëssene Rôle ze ginn. Haut ass dat anescht. Haut ass dat anescht, well all politesch Partei sech zum Ëmweltschutz bekennt, well e grousst Bewosstsinn an der Ekonomie bei alle Partner ass, datt dat wichteg ass, datt et muss gemaach ginn.

An et steet am Gesetz eppes, wat interpelléiert. De Ministère public, also de Parquet, souguer wann en d'Totalitéit vun deenen Interessie soll verdeedegen, déi hei am Gesetz enumeréiert sinn - esou steet et wuertwiertlech dran, d'Totalité vum Intérêt social gëtt ofgedeckt duerch de Ministère public -, gi mer trotzdeem nach den ONGe Pouvoiren, fir kënne Plainte ze féieren. An do stellt sech d'Fro, genausou wéi mat de Pouvoire vun de Membere vun der Administration de l'environnement mat Polizeirechter, ob mer dann net sollte mat engem Parquet zefridde si vu Spezialisten, vu Juristen an ophalen, fir parallell Parqueten oder parallell Institutiounen do anzeféieren.

Et ass eng Fro vun der Rechtsstaatlechkeet. Well och déi ONGe si jo net ëmmer fräi vun Interessen. Et ass jo net esou, datt, well een eng Ëmweltschutzorganisatioun ass, ee vun haut op muer fräi vun Interessen, fräi vun Aflëss ass an nëmmen der gudder Saach géif déngen. Och do gëtt et Interessen, och do gëtt et finanziell Interessen, och do gëtt et Interessegruppen. An et gëtt keng demokratesch Kontroll.

E Parquet muss sech wéinstens géintiwwer enger Justiz, engem Justizminister justifiéieren, en ënnersteet deem zum Deel, dee sengersäits vun engem Parlament kontrolléiert gëtt. Eng Ëmweltschutzorganisatioun ënnersteet kenger vun deene Kontrollen. An och do muss een also ganz bewosst op d'Risiken opmierksam maachen. Mir sinn interesséiert als ADR, datt d'Problemer am Ëmweltschutzberäich juristesch a polizeilech esou verfollegt ginn, wéi et néideg ass, ouni iwwerdriwwe Strengt an am strikte Respekt viru rechtsstaatleche Strukturen. An un dat wëlle mer eis halen. An dofir stëmme mer dëst Gesetz net mat.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Bon, d'Gesetzesännerung vun haut betrëfft déi 6%eg Verbesserung vun der Sprittqualitéit. Déi kritt elo Gesetzeskraaft an et sinn Amendë virgesinn, déi e Fournisseur bei engem Verstouss géint déi Oplagen an Zukunft bezuele muss. Iwwert d'Héicht vun der Amende kéint sech natierlech diskutéiere loossen. Mä am Kader vun der Direktiv iwwert d'Qualitéit vum Spritt, déi hei ganz einfach an d'national Gesetzgebung transposéiert gëtt, verstoppt sech awer och eng vill méi prinzipiell Diskussioun.

Éischtens stellt sech d'Fro vum Stellewäert vum Agrospritt, dee fir d'Erreeche vun dësem 6%egen Zil bei anere Spritt ka bäigemëscht ginn. Ech mengen, den Här Oberweis ass virdru ganz gutt dorobber agaangen. De groussen Deel vun deem Agrospritt kann nääämlech weiderhin aus Planze kommen, déi eigentlech primär fir d'mënschlech Nutritioun kultivéiert ginn. A mir wësse jo och ganz genee, datt duerch dëse Verdrängungseffekt d'Produktioun vun Iesswuere weltwäit méi kleng gëtt an d'Präisser klammen. D'Resultater vun dëser Politik kenne mer: Ënnerernäerung an Hongersnéit, grousst mënschlecht Leed, dat oft zum Doud oder zur Flucht féiert.

Dernieft weise vill Etüden och, datt duerch d'Änderung vun der Buedemnotzung, duerch d'Ofholzung vu Bëscher, d'Entstoe vu Monokulturen a schlecht Buedemwirtschaft d'CO_2-Emissiounen tendenziell méi héich sinn, wéi wa mer keen Agrospritt géifen hierstellen.

Ech ka mech nach erënneren als Journalist viru bal zéng Joer elo, a Brasilien esou eng Fabrik visitéiert ze hunn, wou Bioethanol produzéiert gouf. An do konnt ee sech als Journalist net mat Employéen einfach esou ënnerhalen, nëmme mat deenen, déi vun der Direktioun selektionéiert goufen. Dat si ganz fei Betriber. Also niewebäi gesot: Heiansdo wann et ëm Geld geet, da verschwënnt d'Meenungsfräiheet an d'Fräiheet vun de Journaliste ganz schnell. Dat däerf een och net vergiessen. Soit! - Kleng Klammer.

Zweetens stellt sech d'Fro vun der Berechnung vun der CO_2-Intensitéit vu verschiddenen Energieträger. An d'Äntwert drop steet net am Gesetz, mä am Règlement grand-ducal. An do kann ee gesinn, datt Spritt op Basis zum Beispill vun de Schistes bitumineux oder eben dem Sanduelech déiselwecht CO_2-Intensitéit zougerechent kritt wéi de konventionelle Pëtrol. Dat dierft awer net sinn, well d'CO_2-Intensitéit vun Energie op Basis vu Sanduelech ëm 50% méi héich läit wéi beim Pëtrol. An derbäi kënnt och nach den CO_2-Ausstouss aus der Extraktioun vu Sanduelech och dem Schistegas, dee verhältnisméisseg nach vill méi héich läit.

Geneesou gëtt et grouss Ënnerscheeder duerch d'Hierkonft vun der fossiller Energie a wéi se op der Plaz extrahéiert gëtt. Och deem gëtt guer net Rechnung gedroen. Anstatt also derfir ze

suergen, datt knaschteg Energieträger lues a lues verschwannen an hir Importeure méi héich taxéiert ginn, maachen d'Direktiv an déi heiten Transpositioun hinnen d'Dier nach méi grouss op.

Déi 6%eg Verbesserung ka soumat um Pabeier vläicht erreecht ginn, mä a Realitéit gëtt ëmmer méi CO_2 an d'Atmosphär gepompelt. Dozou muss een och nach soen, datt mir als déi Lénk am Dezember 2014 - dat war mäi Virgänger, de Justin Turpel nach - eng Motioun hei abruecht haten, déi genee virun där Gefor gewarnt hat an d'Regierung opgefuerdert hat, fir zu Bréissel ze intervenéieren.

Dat ass, mengen ech, net geschitt. Déi Motioun ass versant, wann een esou wëllt soen. A mir kënnen eis wahrscheinlech och virstellen, firwat. Well kanadesch Energiekonzerner hu mat Hëllef vun hirer Regierung eng grouss Lobby-Aarbecht zu Bréissel gemaach an eng net differenzéiert Approche bei den Energieträger als wichteg Konditioun fir d'Zustanekomme vum CETA-Accord forcéiert, deen ëmmer als esou fantastesch par rapport zum TTIP duergestallt gëtt, wéi Kanada souwisou och esou fantastesch par rapport zu den USA duergestallt gëtt, nëmme well se vläicht e méi charismatesche Premierminister hunn. Mä dat ass d'Iwwerfläch. Et muss een derhannert gesinn.

D'EU-Kommissioun ass doropshin agebrach an huet hir ambitiéis Approche fale gelooss. Ob eis Regierung an dëser Fro einfach just elo den Asaz verschlof huet oder awer a Wierklechkeet d'Zustanekomme vun engem Fräihandelsaccord mat Kanada iwwer klimapolitesch Bedenke gestallt huet, kann nëmme si beäntwerten.

Dofir, Här President, och wa mir d'Gesetzesännerung u sech ënnerstëtzen, si mer der Meenung, datt déi kruzial a problematesch Punkten net am Gesetz, mä am Règlement grand-ducal stinn. An dofir wäerte mer eis mat Prudence derbäi enthalen.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet d'Madamm Emweltministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Hären Deputéierten, fir d'Eischt och mengersäits e grousse Merci un de Rapporteur, den Henri Kox, an un d'Virriedner.

All eis Biocarburanten, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, sinn als nohalteg zertifizéiert, no de Virgabe vun der EU. Dat, fir op dem Här Oberweis seng Fro ze äntwerten. An et ass esou, dass mer wëssen, dass 40% vun de Biocarburanten aus Offall bestinn. Et sinn nach 13% Palmuelech dran. An ech mengen, all deenen, déi hei schwätzen a soen: „Mir musse méi fir de Klimaschutz maachen a mir musse méi maachen, dass mer eis asetze géint d'Ofholzen", deene ginn ech alleguerte recht. An dat wëll ech och hei eng Kéier soen.

An ech mengen dofir: Dee sécherste Wee ass wierklech, e Paradigmewiessel am Transport ze hunn. Mir als Lëtzebuerg sinn um Schaffen. Mir investéieren haut ganz aneschters, wesentlech méi an den ëffentlechen Transport an an d'duuss Mobilitéit. Mir versichen, léisungsorientéiert ze schaffen. Dofir: Sécherlech, reduzéieren ass dat eenzegt Mëttel, wat op Dauer wäert hëllefen, fir och eis Klimaziler ze erreechen. An ech mengen, dat huet awer jiddwereen heibanne verstanen, mä ech wollt awer trotzdeem eng Kéier präzis op Är Fro äntwerten: Jo, se sinn als nohalteg zertifizéiert, no Virgabe vun der EU.

Da wëll ech awer nach eng Kéier, well et awer elo zweemol vum Här Kartheiser hei erwäänt gouf, op déi nei Donne zréckgoen. An ech wëll awer nach eng Kéier och op dëser Bün betounen, dass d'Lëtzebuerger Regierung, an ech mengen, jiddweree vun eis huet dat betount an de leschte Joren, wierklech der Meenung ass, dass den Här Trump wierklech e kolossale Feeler gemaach hat, andeems e versicht, mat Politicken aus dem 19. Jorhonnert d'Defien aus dem 21. Jorhonnert ze léisen, dass e réckwäertsgeriicht Politicke mécht an op Dinosaurier-Technologië setzt amplaz op d'Mënschen, op hir Emwelt an op e konsequente Klimaschutz.

An d'ailleurs mengen dat och déi meescht Amerikaner. D'amerikanesch Industrie mengt dat souguer selwer och. En huet jo vill Leit, déi sech mëttlerweil vun em ofgewannt hunn. A mir wäerten als Lëtzebuerg sécherlech weider positiv mat de Regiounen zesummeschaffen, och an Amerika! Mir hunn hei zu Lëtzebuerg e Memorandum of Understanding, also e Vertrag, mat zum Beispill Kalifornien a Baden-Württemberg, wou mer wäerte konkret Klimaschutz maachen.

An dat heescht, et sollt ee sech wierklech... An dat fannen ech insbesondere haut immens traureg, dass Dir elo zweemol mat populisteschen Aussoen hei op dëser Bün versicht hutt, en Doute opzeruffen, ob et wichteg ass, de Verkéier ze reduzéieren, deen eis selwer jo méi schuet awer, wéi en notzt, wa mer all Dag stresseg am Stau stinn a wa mer op d'Verkéiersdoudeger kucken, insbesondere wéinst schlechter Loftqualitéit.

Dofir mengen ech, dass et wierklech gutt ass, dass mer eis net Froe stellen iwwert den Impakt, mä d'Fro stellen, wat mir selwer hei am Alldag fir de Klimaschutz wäerte maachen. An do hu mer Iddien, fir d'Leit mat anzebannen, well dorëms geet et, dass mer eng Transitioun hikréien an déi méiglechst schnell, fir déi schlëmm Folge vum Klimawandel, déi mer och hei zu Lëtzebuerg hunn, ze konterkaréieren.

Dann eppes zu den OPJen. Hir Pouvoiren - an do verweisen ech op den Text - si streng limitéiert. A wann et ëm d'Nuecht geet, da musse grav Indicen do sinn, wou dës OPJen, déi awer Spezialiste sinn - de Parquet, dat ass jo méi en Allrounder; hei si Spezialisten - als Spezialiste fir de Parquet operéieren. An dofir ass et awer e wichtege Punkt, dass mer grad, wa mer e grousse Verdacht hunn an Indicen derfir do sinn, kënnen Ëmweltschied a Schied, déi dann och der Allgemengheet herno zulaaschte falen, feststellen.

An ech mengen, dofir sinn de Rôle an déi Pouvoire vun den OPJe gerechtfertegt, well si si streng limitéiert a se limitéiere sech drop, wann et Indice-gravë gëtt. En plus hu se e Mandat vum Juge d'instruction. An ech mengen, dass mer domadder awer déi Fro beäntwert hätten.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

Da si mer um Enn vun eiser Diskussioun iwwert de Projet 7088 ukomm a mer géifen zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7088 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer: 54-mol Jo, 3-mol Neen an 3 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: M. Gilles Roth;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen: de Projet 7110, eng Direktiv iwwert den Zougang zu genetesche Ressourcen. An de Rapporteur, mir si scho bal dru gewinnt, ass den Här Henri Kox.

8. 7110 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°511/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux mesures concernant le respect par les utilisateurs dans l'Union du Protocole de Nagoya sur l'accès aux ressources génétiques et le partage juste et équitable des avantages découlant de leur utilisation

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Jo. Merci, Här President. Effektiv geet et hei ëm d'Ëmsetzung vun engem europäesche Reglement, och d'Exekutioun dervun. An et geet, wéi virdrun och scho gesot an deem Gesetz vu virdrun, ëm d'Applikatioun vun deenen Accorden oder Protokoller, déi mer international ënnerschreiwen.

An hei geet et ëm e ganz wichtege Protokoll. Dat ass de sougenannten Nagoya-Protokoll. An deem Nagoya-Protokoll geet et ëm d'genetesch Ressourcen, insbesondere an den Entwécklungslänner. An et geet drëms, e Partage juste, équitable ze assuréieren, dass och déi, déi d'Ressourcen hunn an deene Länner, awer och entspriechend do kënnen dervu profitéieren, wann e Wësse méi do erauskënnt, wéi dat haut de Fall ass.

An ech mengen, de Kolleeg Marco Schank war deemools bei deem Nagoya mat implizéiert. An ech mengen, dass dëse Protokoll, dee jo iwwert de Schutz vun der Biodiversitéit handelt, och da muss agehale ginn. An dëst Gesetz exekutéiert e Reglement vun der Europäescher Unioun, fir eben dee Protokoll esou gutt wéi méiglech da kënnen anzesetzen, dass dat och agehale gëtt, an dass wierklech déi Länner op eng gewësse Souveränitéit kënnen zréckgräifen, an dass net op déi sougenannt, wat och schonn haut de Mëtten a verschiddenen Debatten zur Tagung komm ass, ausbeuteresch Aart a Weis virgaange gëtt, wéi dat esou oft de Fall ass an deem Sënn.

Wat beschreift dat Gesetz? Et beschreift natierlech eng ganz Rei vu Méiglechkeeten. Éischtens, dass déi Applikatiounen agehale ginn. An dann huet een natierlech an engem demokratesche Rechtsstat Recoursméiglechkeeten. All dat ass implizitt an dësem Gesetz da verankert ginn.

De Statsrot hat awer op engem Punkt eng Opposition formelle, well de Gesetzesprojet d'Propos hat, e Comité virzegesinn. E Comité, deen dann d'Applikatioun, de Suivi sollt maachen. Awer de Statsrot huet eis d'Constitutioun rappeléiert, dass et net um Legislateur wär, der Exekutiv virzeschreiwen, no wéi enger Aart a Weis si dat an hire Kompetenzen ëmzesetzen huet.

An dofir hu mer einfach gemengt als Kommissioun, dem Statsrot ze suivéieren. An dofir hu mer dee Comité interministériel, esou wéi e virgesi war, och aus der Gesetzespropos erausgeholl. Nichtsdestotrotz gëtt et awer intern vun der Exekutiv esou gehandhabt, an dat no Récksprooch mat der Ministesch, déi déi Erklärung an der Kommissioun ginn huet, dass dat souwisou de Fall wäert sinn, dass déi Applikatioun vun deem Gesetz oder deem Protokoll och akribesch dann nogeholl gëtt.

Vläicht just nach zu den Daten. D'Gesetz selwer gouf den 20. Januar 2017 deposéiert. De Statsrot, wéi gesot, huet den 13. Juni säin éischten Avis ginn, mat där Opposition formelle. D'Chambre de Commerce hat och net direkt inhaltlech eppes auszesetzen. Déi huet hiren Avis den 20. Januar 2017 ofginn. A mir hunn de 14. Juni 2017 mech als Rapporteur festgeluecht, wou mer och nach eng Kéier diskutéiert hunn iwwert déi Propos, déi mer dem Statsrot da ginn hunn. An den 21. Juni gouf de Rapport an der Kommissioun eestëmmeg ugeholl.

An ech ginn dann och hei nach eng Kéier den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den Här Marco Schank.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV).*- Jo. Merci, Här President. Ech wollt fir d'Éischt dem Kolleeg Henri Kox als Rapporteur vun dësem Projet Merci soe fir de schréftlechen a mëndleche Rapport. An hien huet zu Recht gesot, datt de Protokoll vun Nagoya e ganz wichtegen ass, e wesentlechen ass, well en eng Aart juristescht Bollwierk géint d'Biopiraterie duerstellt. An dat virun allem, well, ech soen emol déi Länner - déi äermste Länner, hätt ech bal gesot -, d'Entwécklungslänner, awer och Schwellelänner a virun allem indigen Vëlker vun deem Protokoll profitéieren.

Ech wollt awer eng Fro un d'Madamm Minister stellen, well viru Kuerzem ass mer e Rapport an de Grapp gefall vun zwou ONGen, nämlech „Public Eye" an „Natural Justice". Déi hunn eng Partie Divergenzen opgewisen an deem Protokoll... éischter Divergenzen tëschent de Legislatioune vun der EU an deene Länner, déi als Fournisseur kënne wierken, also an der Ëmsetzung vum Protokoll. An ee vun dëse Widderspréch ass den Ament vun der Acquisitioun vun enger bestëmmter Ressource.

D'EU ass nämlech der Meenung, datt d'Obligatioun vun deem sougenannten „Access and Benefit Sharing" eréischt an deem Moment spillt, wou den Accès, also de physeschen Accès zu enger Ressource spillt. An op där anerer Säit gesäit awer d'Legislatioun vu ganz ville Länner, also sougenannt Fournisseuren, vir, datt d'Obligatioun vun deemselwechten „Benefit Sharing" schonn da besteet, wann den Accès zu enger Ressource virun der Adoptioun vun dem Protokoll vun Nagoya geschitt ass. An dat ass e ganz wesentlechen Ënnerscheed.

An dann ass eng zweet Lacune, déi ech och an deem Rapport gesinn hunn, datt gesot gëtt, datt all Transfer vu geneteschem Material Deel vun engem entspriechenden Accord muss sinn. Mä d'Resultat ass awer dann, datt et quasi onméiglech ka ginn, géint den Accès an déi illegal Notzung ausserhalb ebe vun engem gemeinsamen Accord unzekämpfen.

An duerfir wollt ech d'Madamm Minister froen, ob se déi Doleancen do deelt respektiv ob eventuell Beméiunge sinn op europäeschem Plang oder doriwwer eraus, fir dann do Nobeserungen un där entspriechender Reglementatioun ze maachen.

Ansonste géif ech dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Den Här Negri huet d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President. An och nach eng Kéier Merci dem Rapporteur Henri Kox.

Ech mengen, mam Protokoll vun Nagoya gëtt de Raubbau vun der genetescher Biodiversitéit gestoppt an den Drëttlänner. An dat begréisse mer. An domadder ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Hahn.

M. Max Hahn *(DP).*- Well alles gesot ass, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei. An ech soen dem Rapporteur da fir d'Véiert de Mëtteg e grousse Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll vläicht mat engem Kommentar ufänken. D'Regierung huet elo gesot, d'Madamm Minister huet gesot, et wär Populismus, vun där neier Donne an Amerika ze schwätzen. Dat ass eng Realitéit! Et ass eng Realitéit, datt dee gréissten Emetteur op der Welt aus deem Accord de Paris erausgeklommen ass! A wann een dat a seng Politik wëllt iwwersetzen a mat an d'Iwwerleeungen erabezitt, dann ass dat ganz einfach...

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Mat Effet 2021, Madamm Loschetter.

...eng Saach vu politescher Verantwortung, fir sech ze iwwerleeën: Wat huet dat fir Konsequenzen op eis Ekonomie, europawäit, lëtzebuergwäit? Gëtt et e Risiko vun „Carbon Leakage"? Gëtt et e Risiko vun Delokalisatioun?

Dir kënnt mat Kalifornien Accorde maachen. Kalifornien huet net déi amerikanesch Schwéierindustrie. Dat ass u sech ganz schéin, mä et ass net d'Léisung vun deenen neie Problemer, déi sech eis stellen am Beräich vum Schutz vun der Atmosphär.

Et ass éischter eppes anescht, wat mer Suerge mécht. Mir mécht Suergen an där ganzer Klimadebatt, zu där mir eis bekennen - Schutz vun der Atmosphär ass wichteg, Ëmweltschutz ass wichteg -, mä egal wéi d'Wieder ass: Wann et reent, wann et waarm ass, kënnt all Kéiers e Gréngen heihinner: „Et ass waarm dobaussen, et reent dobaussen, mir si kuerz virun der Apokalyps! Et ass eng Katastroph!" Esou kann een net räsonéieren! An et ass eng Fro: Wëlle mer hei Politik mat Verantwortung a Realismus? Ma dat ass dat, wat d'ADR Iech presentéiert. Oder hätte mer gär eng Politik mat Ideologie,...

(Brouhaha)

...blannemännerches, wou déi gréng wierklech Spezialisten dra sinn?

(Protestations)

Mir hunn hei eng Partei, déi gréng, dat ass déi, déi Politik mat der Angscht wëllt maachen, déi all Kéiers, wa Wolleken um Himmel sinn, seet: „Passt op, wat mer musse maachen! Dir musst gréng wielen, well soss lafe mer an d'Katastroph eran!" Dat ass sécher falsch!

Wat dee Sujet hei ugeet, do wëll ech awer der LSAP an der DP soen, datt se sech vun deene Gréngen iwwert den Dësch zéie gelooss hunn!

Plusieurs voix.- Ah!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dat hei ass keen...

(Brouhaha)

Dat ass keen Ëmweltschutzdossier, den Accord vun Nagoya. Et ass en ekonomeschen Dossier, LSAP! Et ass e Fuerschungsdossier, DP, well et geet drëm, eisen Industrien hei am Land, eise Fuerschungen an Europa an zu Lëtzebuerg en einfachen Zougang zu genetesche Ressourcen ze ginn, ouni Bürokratie, mat engem Quelleschutz, ouni wa méiglech Problemer fir Transportfirmen, déi déi Saachen transportéieren, an ouni datt déi Industrien oder Fuerschungslaboratoiren all hir Sourcë mussen all Kéiers opleeën!

Dat ass de Sënn dervun: Schutz vun der Industrie, Schutz vun der Fuerschung! An Dir hutt den Dossier. A wat maacht Der? Dir maacht alt erëm eng Kéier d'Police judiciaire, d'Administration de l'environnement, alt erëm eng Kéier parallell Parqueten. Dat ass eng gréng Politik, déi eigentlech d'Interesse vum Land an dësem Dossier verkennt. An ech kann der LSAP an der DP net felicitéieren, datt se Iech déi Méiglechkeet do ginn hunn!

Mir als ADR - ech soen et nach eng Kéier -, mir si ganz gäre bereet, um Ëmweltschutz voll matzeschaffen, awer éischtens, an engem realistesche Kontext,...

(Interruption)

...mat Verantwortung, ouni de Leit Angscht ze maachen, am Interessi och vun eisen ekonomeschen Akteuren, well vun deene liewe mer, a schlussendlech ouni parallell Justiz an ouni parallell Polizei opzebauen. An dowéinst stëmme mir dee Projet hei net mat.

Ech soen Iech Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Et voilà!

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Keng weider Wuertmeldungen? Dann huet d'Madamm Ëmweltministesch d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Ech soe vun hei aus dem Rapporteur e grousse Merci, dem Här Schank fir seng Remarquen och e Merci. Ech schaffe selwer am Moment am Klimaberäich vill fir indigen Vëlker. Mir hunn hinnen elo gehollef, eng Plattform ze schafen, well mer einfach mierken, wéi ongerecht...

An, Här Kartheiser, et deet mer leed, ech mengen, dass Dir awer do d'Realitéit verkennt. Wa jiddweree géif esou wirtschaften, wéi mir wirtschaften, an dat an alle Beräicher, da wär dat desastréis! An ech mengen, dass mir eis sollten alleguerte fir méi Gerechtegkeet asetzen a virun allem derfir asetzen, dass mer eis natierlech Ressourcen, déi d'Basis vun eisem Liewe sinn, well ouni Äerd, ouni Buedem, ouni Waasser, ouni... an, kënne mer eigentlech weder wirtschaften nach liewen. Dofir ass et awer wichteg, dass mer eis Basis erhalen.

Et geet och net drëm, Angscht ze maachen. Et geet hei drëm, dass mer zesumme mat alle Länner eng méi gerecht Welt... Hei schaffe mer géint d'Biopiraterie. Ech soen dem Här Schank Merci fir seng Umierkungen. An ech kucken dat ganz gären no.

Fir de Rescht soen ech deenen anere Fraktioune Merci fir d'Ënnerstëtzung op dësem Feld. An ech mengen, dass mer hei verantwortlech handelen am Interessi vu jiddwerengem, wa mer deem heiten zoustëmmen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm a mir géifen iwwert de Projet 7110 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7110 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer: 57-mol Jo, 3-mol Neen. De Projet ass mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par Mme Cécile Hemmen), M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Sidd Der dermat d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Villmools Merci! Ech ginn Iech Rendez-vous den nächsten Dënschdeg.

An d'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 17.24 heures)

SÉANCE 43 MARDI, 4 JUILLET 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Communications
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. Interpellation de M. André Bauler au sujet des effets potentiels d'une sortie du Royaume-Uni de l'Union européenne sur la place financière internationale de Luxembourg

et

Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la feuille de route pour la sortie du Royaume-Uni de l'Union européenne
- *Exposé de l'interpellation: M. André Bauler*
- *Exposé de l'heure d'actualité: M. Laurent Mosar (dépôt de trois motions et d'une résolution)*
- *Débat: M. Marc Angel, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Roy Reding, M. Marc Baum, M. Franz Fayot*
- *Prises de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *M. Laurent Mosar (parole après ministre), M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Motions et résolution: M. Laurent Mosar*
- *Résolution 1: M. Marc Angel, M. Marc Baum, M. Laurent Mosar, M. Marc Angel, M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes (intervention de M. Claude Wiseler), M. Claude Wiseler*
- *Vote sur la résolution 1 (rejetée)*
- *Motion 1: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, M. Laurent Mosar*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*
- *Motion 2: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, M. Laurent Mosar, M. Marc Baum*
- *Vote sur la motion 2 (rejetée)*
- *Motion 3: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, M. Laurent Mosar, M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, M. Félix Braz, Ministre de la Justice (interventions de M. Claude Wiseler)*
- *Vote sur la motion 3 (rejetée)*

5. 6997 - Projet de loi modifiant le Code pénal et le Code de procédure pénale, en vue de transposer la directive 2014/62/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 relative à la protection pénale de l'euro et des autres monnaies contre la contrefaçon, et remplaçant la décision-cadre 2000/383/JAI du Conseil
- *Rapport de la Commission juridique: M. Franz Fayot*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, Mme Simone Beissel, Mme Josée Lorsché, M. Gast Gibéryen*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Jean Asselborn, M. Félix Braz et M. Pierre Gramegna, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.34 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E gudde Mëtteg, léif Kolleeginnen a Kolleegen! Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen de Premierminister, ob d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen huet.

(Négation)

Dat ass am Moment net de Fall, mä dat kënnt sécher herno. Ech soe Merci.

2. Communications

An ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung an der Administratioun erakomm sinn, ass un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite verdeelt ginn.

Communications du Président - Séance publique du 4 juillet 2017

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***7154** - Projet de loi portant création d'une représentation nationale des parents et portant modification*

1. de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental,

2. de la loi du XXXXXX ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation,

3. du Code de la sécurité sociale

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 30.06.2017

***7155** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 30.06.2017

***7156** - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2016*

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 03.07.2017

***7157** - Projet de loi du [--] relative aux marchés d'instruments financiers et portant:*

1. transposition de la directive 2014/65/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 concernant les marchés d'instruments financiers et modifiant la directive 2002/92/CE et la directive 2011/61/UE;

2. transposition de l'article 6 de la directive déléguée (UE) 2017/593 de la Commission du 7 avril 2016 complétant la directive 2014/65/UE du Parlement européen et du Conseil en ce qui concerne la sauvegarde des instruments financiers et des fonds des clients, les obligations applicables en matière de gouvernance des produits et les règles régissant l'octroi ou la perception de droits, de commissions ou de tout autre avantage pécuniaire ou non pécuniaire;

3. mise en œuvre du règlement (UE) n°600/25014 du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 concernant les marchés d'instruments financiers et modifiant le règlement (UE) n°648/2012;

4. modification de:

a. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

b. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

c. la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière;

d. la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances; et de

e. la loi modifiée du 15 mars 2016 relative aux produits dérivés de gré à gré, aux contreparties centrales et aux référentiels centraux et modifiant différentes lois relatives aux services financiers; et

5. abrogation de la loi modifiée du 13 juillet 2007 relative aux marchés d'instruments financiers

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 03.07.2017

***7158** - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal du 14 novembre 2016 concernant la protection de la sécurité et de la santé des salariés contre les risques liés à des agents chimiques sur le lieu de travail*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 03.07.2017

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Zum Ordre du jour. D'Presidentekonferenz huet Iech deen Ordre du jour virgeschloen, deen Der matgedeelt krut.

Sidd Der mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An de Mëtten hu mer als Haaptpunkt en duebelen Debat iwwert de sougenannte Brexit um Ordre du jour, duebelen Debat, well mer mat enger Interpellatioun vum Här André Bauler iwwert d'Konsequenze vun deem Brexit op eis Finanzplaz saiséiert sinn a gläichzäiteg mat enger Aktualitéitsstonn iwwert d'„roadmap" vum Brexit, déi vun der CSV-Fraktioun ugefrot ginn ass. Mir wäerten also gemeinsam iwwert déi zwee Anträg, iwwert déi zwou Demanden diskutéieren.

An d'Presidentekonferenz huet Iech virgeschloen, dass mer dee Moment och d'Riedezäiten, déi jeeweils fir eng Interpellatioun a fir eng Aktualitéitsstonn virgesi sinn, kumuléieren an dass mer deementspriechend also och e bësse méi Riedezäit hu wéi just bei enger Interpellatioun. An ech géif da proposéieren, dass mer direkt mat eiser Diskussioun ufänken, se lancéieren, fir d'Éischt mat der Interpellatioun vum Här André Bauler an dann direkt hannendru mam Antragsteller vun der Demande d'Heure d'actualité, deen och gläichzäiteg de mandatéierte Spriecher, Haaptspriecher vun der CSV ass.

An ech géif d'Wuert dann direkt weiderginn un den honorabelen Här Bauler. Ech gebrauchen nach ëmmer dee mandatéierte Spriecher, obwuel dat jo net méi esou am Gebrauch ass. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

4. Interpellation de M. André Bauler au sujet des effets potentiels d'une sortie du Royaume-Uni de l'Union européenne sur la place financière internationale de Luxembourg

Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la feuille de route pour la sortie du Royaume-Uni de l'Union européenne

Exposé de l'interpellation

M. André Bauler *(DP), interpellateur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, d'Stëmmung a Groussbritannien ass fir de Moment net déi euphoreschst. Fir d'Éischt an hirem laange Règne huet d'Kinnigin Elisabeth II hir Trounried den 21. Juni an engem eppes manner feierleche Kader virgelies. D'Raimlechkeete bloufen zwar déi traditionell, mä d'Queen koum net wéi gewinnt an der laanger wäisser Robe an d'House of Lords, och huet si keng Kroun méi um Kapp gedroen an ass och net an der gëllener Statskutsch bis an d'Parlament gefouert ginn. Si huet e bloen Hutt gedroen an een dezent, blot Kleed. D'Kroun ass op engem roude Kësse virun hir an dem Krounprënz an d'Parlament eragedroe ginn. Um bloen Hutt ware giel Knäpp ze erkennen. Eenzelner huet dat un den europäesche Fändel erënnert.

Den Deputéierte Paul Flynn goung souguer esou wäit, fir den Hutt vun der Queen als en Anti-Brexit-Hutt ze qualifizéieren.

Här President, d'Atmosphär a Groussbritannien no de Wahle vum 8. Juni ass, wéi gesot, net déi bescht. D'Tories goufe geplëmmt a sinn op zéng Deputéiert vun der séier konservativer nordirescher DUP ugewisen. D'Wahle sollte si eigentlech méi staark maachen, mä elo si se awer an enger geschwächter Positioun, fir de Brexit duerchzezéien. Mat hirer Entscheedung, fir aus der Europäescher Unioun auszetrieden, huet déi brittesch Regierung e komplizéierte Prozess an d'Weeër geleet, deen dorobber erausleeft, d'Kaarten an Europa nei ze stéckelen.

Den 23. Juni 2016 war de Brexit per Referendum entscheet ginn. Den Austrëtt aus der Europäescher Unioun war fir vill iwwerzeegten Europäer mat engem politeschen Äerdbiewen ze vergläichen. Et wousst zwar jiddwereen, dass d'Engländer zënter dem Ufank vum europäesche Projet hir eege Virstellung haten an dacks net grad galant a kollegial mat hire Partner um Kontinent ëmgespronge sinn.

Déi Eeler ënner eis erënnere sech sécherlech nach ëmmer gären un d'Maggy Thatcher, wat geruff huet: „I want my money back!" Trotz all deem Gekregéils...

(Interruption)

Pardon, Här Fayot, net onbedéngt gären, Dir hutt recht!

Trotz all deem Gekregéils ware si dach awer ëmmer e wichtege Partner an der Europäescher Unioun an och fir Lëtzebuerg. De Referendum hannerléisst e batteren Nogeschmaach, dat, well e Groussbritannien déif gespléckt huet, souwuel d'Populatioun wéi de politeschen Establishment. Fir d'Éischt en neie Premier, dunn eng „roadmap" fir en haarde Brexit, Neiwahlen, déi déi konservativ Partei hätte stäerke sollen, de Verloscht vun der absolutter Majoritéit am Parlament, dem House of Commons, intern Diskussiounen iwwert déi nei Regierungsbildung, d'Ofhängegkeet vun der DUP et cetera.

Den Artikel 50 vum Lissabonner Traité ass Enn Mäerz duerch eng Notifikatioun zu Bréissel a Kraaft getrueden. D'Verhandlungszäit ass ugelaf. Si leeft iwwer zwee Joer. De Wecker tickt an um Enn kéint et, wann all Seeler räissen, zu engem haarde Brexit kommen.

Bei all deem Hin an Hier musse sech déi englesch Politiker awer och konkret Froen iwwer hir zukünfteg Bezéiunge mam Kontinent stellen. Soll et an d'Richtung vu bilateralen ad-hoc-Verträg mat der EU goen? Oder soll den norwegesche Modell als Orientéierung déngen? Dat géif bedeiten, dass d'Britten am europäesche Wirtschaftsraum bleiwe kéinten a souguer an den europäesche Budget abezuele géifen, wat awer éischter onwahrscheinlech ass. Oder si maachen et wéi Neiséiland, e Stat, deen iwwert d'Welthandelsorganisatioun WTO just op kommerziellem Plang mat der Europäescher Unioun verbonnen ass.

Am Moment weess nach keen, wouhinner d'Rees goe wäert. Béis Zonge behaapten, d'Britte wéisste selwer net, wat um Enn erauskéim. Wéi sot Theresa May esou schéin: „Brexit means Brexit!" A si huet bäigefüügt: „A mir wäerten en Erfolleg dorauser maachen!" Ob dat esou einfach goe wäert, wéi si dat am Ufank geduecht huet, dierf elo scho bezweifelt ginn, virun allem nom Mësserfolleg bei de leschte Parlamentswahlen.

Den 19. Juni sinn dann d'Verhandlunge vun der brittesch-europäescher Scheedung ugaangen. Emol kucken, wou mer an zwee Joer landen: Gëtt et eng Brochlandung oder wäerte mer dach „soft" landen? „Wait and see", géifen d'Engländer soen.

Här President, bei all deem Kuddelmuddel wësse mer awer eppes sécher, an zwar, dass dës Situatioun elo schonns Auswierkungen huet, an déi international Mäert hunn eis dat scho gewisen: eng allgemeng Onsécherheet, wat déi wirtschaftlech Zukunft ugeet, keng Planungssécherheet fir d'Investisseuren a fir d'Entreprisen, déi op europäesche Mäert präsent sinn an op déi Mäert do ugewise sinn.

Verschidden Akteuren hunn duerfir schonn am Hierscht 2016 entscheet, wéi se hir wirtschaftlech Relatioune mam Kontinent och am Fall vun engem Brexit weiderféiere kënnen. Si waren hire Clienten dat einfach schëlleg. An anere Wierder: Egal wat beim Brexit erauskënnt, vill international aktiv Finanzakteuren hunn e Plang, wéi se hir Entreprisen ab 2019 opstelle wäerten, fir weider hir Geschäfter an der EU maachen ze kënnen.

Här President, de Brexit huet zu engem Verloscht u Glafwierdegkeet gefouert. Investisseuren ausserhalb vun der EU hu sech gefrot a froe sech, wat dann elo an a mat Europa lass ass. Si froe sech: „Mat wat fir engem Europa hu mer et an Zukunft ze dinn? Solle mer eis zukünfteg méi op London axéieren oder ass et net awer besser, e Stützpunkt am kontinentale Bannemaart ze behalen? Oder brauche mer déi zwee?"

Här President, England war ëmmer en dynameschen Akteur an der EU, besonnesch wann et ëm finanztechnesch Sujete gaangen ass. An deem Sënn verléiere mer als Lëtzebuerger Land en Alliéierten a verschiddenen Dossieren.

De Brexit wäert d'EU fragiliséieren a kéint Lëtzebuerg mëttel- oder laangfristeg Schued brénge. Et kann ee sech also net iwwert de Brexit freeën. De Brexit gesäit fir Lëtzebuerg an enger éischter Phas, also à court terme, éischter positiv aus mat neie Leit an neien Aktivitéiten, déi bei eis komme wäerten a mat hirem Know-how an hirer spezifescher Aktivitéit eis Finanzplaz beräicheren.

Op wirtschaftlechem Plang gëtt et souwuel Chancë fir eist Land wéi awer och Geforen. Dëst huet dermat ze dinn, dass eise stäerkste Lien mat England iwwert d'Finanzplaz vu London leeft. Eis Finanzplaz ass ganz dacks complementaire zu där vu London. Konkret bedeit dat, dass, wann et hinne gutt geet, et eis och gutt geet. Mir sinn, mir waren a mir bleiwe Partner.

Här President, et kann een de Brexit aus Lëtzebuerger Siicht awer net verstoen, wann ee sech net e bësse mat eiser Finanzplaz auserneesetzt, well och eis Finanzplaz e staarken Afloss op d'Bildung vun eisem nationale Räichtum huet. Jo, e gudden Deel vum Kuch, deen all Joer hei am Land gebak gëtt, hu mer eiser Finanzplaz ze verdanken. Ech soen dat, ouni d'Finanzplaz glorifizéieren ze wëllen.

Ma mir mussen de Realitéiten awer an d'A kucken. All véierte bis all drëtten Euro an eisem Statsbudget kënnt direkt oder indirekt aus Aktivitéite vun der Finanzplaz. An der Schwäiz ass dat Gewiicht manner staark. Do sinn et just 10%, een Zéngtel also.

D'Haaptstäerkt vun eiser Finanzplaz ass hir Diversitéit. Dacks gëtt an dësem Zesummenhang vun engem ganzen Ekosystem vun Akteure geschwat. D'Banken, d'Fongen, d'Bourse, d'Assurancen, d'Reassurancen, d'Auditeuren, d'Beroderfirmen, d'Affekotebüroen et cetera, alles dat mécht eis staark. Dësen techneschen Know-how ass net vun haut op muer entstanen, mä en ass iwwert déi lescht Jorzéngte lues a lues opgebaut ginn. Dat huet och dermat ze dinn, dass déi politesch Entscheedungsinstanzen hei zu Lëtzebuerg ëmmer op Zack waren, wann et geheescht huet, Gesetzgebungen am Interêt vun der Finanzplaz ëmzesetzen. Denke mer nëmmen un déi éischt UCITS-Fongendirektiv vun 1985.

Här President, bleiwe mer bei de Fongen. Bei den internationale Fonge si mer déi éischt Finanzplaz weltwäit an insgesamt gekuckt si mer weltwäit déi éischt an der Fongenindustrie no Amerika. Op EU-Niveau si mer déi éischt Fongenindustrie.

Lëtzebuerg ass och de Backoffice vun angelsächsesche Firmen, awer net nëmmen. Och hei am Land ginn etlech Fonge konzipéiert. An dësem Sënn ass et och erfreelech ze gesinn, dass eis Universitéit kierzlech e Fuerschungsaccord mat der ABBL ënnerschriwwen huet am Beräich „know your customer". Dublin ass a bleift awer den Haaptkonkurrent vu Lëtzebuerg bei der Verwaltung vun de Fongen. Lëtzebuerg ass awer besser opgestallt, well mer virun allem e multilinguaalt an diversifizéiert Émfeld hunn. Et ka sinn, dass méi UCITS-Fongen zu Dublin an zu Lëtzebuerg mussen opgeluecht ginn.

Et wäert och sinn, dass méi AIFD-Fongen hei zu Lëtzebuerg opgeluecht wäerte ginn. Mir hu jo d'lescht Joer nach déi respektiv Gesetzgebung hei am Parlament gestëmmt. A Polen ass net genuch Substanz fir verschidden Aktivitéite fir Fongen. Polen huet éischter am Backoffice, an der Kontabilitéit eng Spezialisatioun.

Lëtzebuerg huet ee Fort, eng Masse critique u Wëssen an un Know-how. Englesch ass fir Lëtzebuerg eng offiziell Sprooch am Bankeberäich. Fir Frankfurt a Paräis, déi op hir jeeweileg Landessprooch setzen, ass dat net esou. Just déi nordesch Länner an Holland akzeptéieren Englesch als offiziell Sprooch. En Nodeel an der Belsch ass deen, dass déi ganz Bankelegislatioun an zwou Sproochen iwwersat muss ginn, wuelgemierkt d'Sprooch vis-à-vis vun den Autoritéiten.

Englesch ass fir Lëtzebuerg also eng Stäerkt, eng Tromp. Mir mussen dës Sprooch, denken ech, nach méi an d'Vitrinn stellen. Am Finanzberäich leeft mëttlerweil villes, wann net alles, op Englesch. Zu Lëtzebuerg ass de Prospekt also an dräi Sprooche formuléiert. An dëse klengen, ma guer net esou onwichtegen Detail mécht eis als Finanzplaz méi attraktiv. Mir hunn international eng ganz staark Positioun an de Fongen. D'Manager kennen eis Positioun. Brittesch Fongen hunn deeselwechte Problem wéi d'Banken. Géife si am Fall vun engem Brexit den europäesche Pass oder Passeport verléieren, well se eben an engem Land implantéiert wieren, dat dann net méi an der Europäescher Unioun wier, da misste se sech an engem anere Memberland nidderloossen.

Bei de Fongen ass et dacks esou, dass d'Produiten zu London ausgeschafft, spréch konzipéiert ginn. Dat nennt een och d'Ingénierie financière. D'Fonge ginn also haaptsächlech zu London entwéckelt an iwwer Lëtzebuerg opgeluecht a verdriwwen. Et gëtt also an engem gewëssene Mooss eng Complementaritéit tëschent Lëtzebuerg an der Londoner City. Mir si souzesoen e Backoffice vu London, well dës Fongen dacks hei bei Finanzinstituter deposéiert sinn, well hei d'Administratioun leeft, well hei zu Lëtzebuerg de Risk Management vum Produit gemaach gëtt an d'Tresorerie ugeluecht ass.

Mir stinn natierlech a Konkurrenz zu anere Finanzzentre wéi Frankfurt, wéi Paräis oder Amsterdam. Mä mir mussen eis guer net verstoppen, well mer vill Sprooche kennen, och um reguléierenden Niveau. Lëtzebuerg huet och e stabillt politescht Émfeld, dat ganz genau weess, wéi wichteg d'Fonge fir d'Finanzplaz a fir eise Sozialstat sinn.

Lëtzebuerg verfüügt och mëttlerweil iwwer e Set vun internationale Schoulen, denke mer un d'International School zu Déifferdeng! Gutt News an dësem Kontext: Den 10. Oktober d'lescht Joer hat den Investmentmanager M&G ugekënnegt, eng nei Plattform zu Lëtzebuerg opmaachen ze wëllen. Et handelt sech heibäi ëm eng SICAV, déi sech u Clienten ausserhalb vu Groussbritannien riicht. D'„Financial Times" hat an dësem Zesummenhang vun der éischter grousser Post-Brexit-Finanzentscheedung geschwat.

Lëtzebuerg ass also weider attraktiv fir Fongen. Och am Beräich vun der FinTech kann eis Plaz interessant ginn. Verschidde Firme gi sech London guer net méi ukucken. Si interesséiere sech direkt fir eis, well se einfach sécher wëlle sinn, dass se och nach an zwee Joer hir Produiten an der Europäescher Unioun am Bannemaart verkafe kënnen.

Här President, wat déi klassesch Banken ubelaangt, esou schaffe ganz vill Haiser mat engem sougenannten „split setup". Dat heescht, si hunn hiert Mammenhaus zu London an eng Filial hei am Land. Dëst ass meeschtens een Hub, eng liicht Versioun vum Headquarter, deen da bei eis ass. All Bank muss elo fir sech selwer entscheeden, fir sech selwer kucken, wéi se an Zukunft strukturéiert ass a wéi se fonctionnéiere wëllt. Si muss sech d'Fro stellen, wéi vill Geschäfter se um Kontinent muss hunn, fir de Passeport européen ze kréien.

Brittesch Finanzhaiser musse vläicht méi Leit vu London op de Kontinent bréngen, fir nach d'Autorisatioun ze kréien, fir iwwerhaapt nach am EU-Bannemaart aktiv ze sinn. Och net brittesch Banken iwwerdenken hire Modell elo. Eng nordesch Bank huet an deem Kontext ëm déi 50 Leit wéinst dem Brexit op Lëtzebuerg bruecht.

Här President, Lëtzebuerg huet eng ganz dynamesch an innovativ Bankeplaz mat enger grousser brittescher Präsenz. An duerfir si mer och fir verschidden Instituter interessant. Loosse mer och net vergiessen, dass eis Plaz mëttlerweil e gudde Ruff genéisst! Dank dem Engagement vum Finanzminister Pierre Grame-

gna si mer vun alle groen a schwaarze Lëschten erof. Eis Virdeeler sinn also net nëmmen de Britte bekannt: flexibel Produkter zum Beispill am „wealth management", also an der Strukturatioun vum Patrimoine.

Et sinn dëst Finanzinstrumenter, déi der ganz normaler Fiskalitéit ënnerleien. Lëtzebuerg wäert awer manner Aktivitéiten am Beräich Investmentbanking unzéien, einfach well mer do par rapport zu Frankfurt manner Know-how hunn.

E Wuert zu de Quartiers généraux: Hei gëtt ëmmer nees d'Fro gestallt, ob mer systemesch Banken unzéie kënnen. D'Experten, déi ech op der Finanzplaz besiche konnt, soen engem, dass déi sech wuel kaum wäerte vu London op Lëtzebuerg deplacéieren. An dach wäerte grouss Finanzgruppen hire Footprint an der EU nei ausriichten. Esou si mer hei zu Lëtzebuerg den Hub fir net europäesch Länner. D'Schwäizer Banke si léiwer bei eis komm, well och mir kleng sinn an eng grenziwwerschreidend Approche hunn. Mir hunn d'Expertise vu China, mir hunn d'Expertise vu Südostasien an esou weider. Et gëtt hei zu Lëtzebuerg eng Proximitéit zu den Autoritéiten, dat wësse Länner ausserhalb vun der EU ze schätzen. Net fir näischt si schonn Ufank November 2016 dräi nei Bankenhaiser, Finanzinstituter op Lëtzebuerg komm. J.P. Morgan hat zum Beispill ugekënnegt, Plazen op Lëtzebuerg transferéieren ze wëllen.

Et soll awer elo kee gleewen, dass vun haut op muer Dausende vu Leit vu London eriwwerkommen. London bleift och weiderhin en „global player" an der internationaler Finanzwelt mat ronn 150.000 Leit, déi op der Finanzplaz zu London schaffen.

Här President, nach e puer Wuert zur Lëtzebuerger Bourse. Mir sinn en fait eng ganz kleng Bourse, wat de klasseschen Aktienhandel ugeet. Mä mir sinn awer ganz staark am Beräich vum internationalen Handel mat Obligatiounen. Lëtzebuerg ass do wierklech en Haaptpartner an Europa. Den „Who is who", wéi dat esou schéin heescht, vun der Weltwirtschaft ass och hei zu Lëtzebuerg. Iwwer 40.000 international Wäertpabeiere gi bei eis quotéiert.

Well dëst e Geschäft ass, wou mer mat ganz ville Länner ausserhalb vun der Europäescher Unioun handelen - ongeféier d'Halschent vun den Transaktiounen op eiser Bourse -, besteet hei méi e grousse Risiko, wann d'EU als solch geschwächt ass, well verschidden Akteure sech vun eis ofwenne kéinten. Ech denken do besonnesch un de südostasiatesche Raum.

Singapur an Asien riskéieren nom Brexit, méi interessant fir international Operatiounen ze ginn. Mir mussen also gutt oppassen, dass international Wäertpabeieren net op anere Plaze gehandelt ginn. Dofir muss e konkreten, sprécht fairen Deal mat London fonnt ginn. Soss verléiere mir als Europa. Och Irland verléiert dann. E Brexit ass also an engem gewëssene Mooss eng Gefor fir d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Bourse.

Här President, mir sollten den Assurancësecteur awer net aus den Ae verléieren. Wann am Ufank vläicht geduecht gouf, dass dëse Beräich manner vum Brexit impaktéiert wier, esou stellt sech zanter de leschte Méint eraus, dass mer en fait besonnesch hei nei Akteuren unzéie kënnen. Och wa Lloyd's sech elo fir Bréissel a géint Lëtzebuerg entscheet huet, esou huet den amerikaneschen Assureur AIG awer schonn am Mäerz ugekënnegt, op Lëtzebuerg ze kommen, dann einfach, fir sécherzestellen, dass si hir Geschäfter och no engem Brexit weiderféiere kënnen.

Dësen Deal ass wichteg, well e richtungsweisend ass. AIG ass esou eng grouss Gesellschaft, dass och nach aner Akteure sech op Lëtzebuerg deplacéiere wäerten. Esou huet Hiscox zum Beispill am Mee ugekënnegt, op Lëtzebuerg ze kommen. Am Abrëll huet FM Global sech och fir dëse Schrëtt entscheet. Am Juni war et dann och nach RSA.

Firwat dann elo Lëtzebuerg fir d'Assurancen? Ma éischtens hu mer e separate Regulateur - de Commissariat aux assurances -, dee gewinnt ass, international opgestallten Entreprisen ze reguléieren. An zweetens ass Swiss Re schonn hei am Land, wat neien Akteure weist, dass dëse Modell zu Lëtzebuerg soutenabel ass.

Här President, komme mer zu de Schlussfolgerungen. D'City vu London wäert bestoe bleiwen. Si wäert eng Rei Aktivitéiten a Bänker verléieren, an dach ass vill Bewegung am Dossier. An et ass gutt, dass mir eis dobaussen als Lëtzebuerger Finanzplaz, als Lëtzebuerger Land positionéieren, dass mer also e gesonden Honger weisen.

Eis Agence Luxembourg for Finance ass ganz aktiv um Terrain an och d'ABBL an d'ALFI féiere Gespréicher mat Banke respektiv mat Fongemanager. Den Haut comité de la place financière hat am Fréisummer d'lescht Joer eng Taskforce zum Thema an d'Liewe geruff, déi e Rapport ugeholl hat mat de Punkten, déi et nach unzepake gëllt.

Luxembourg for Finance huet dës och ëmgesat. Si féiere weider Eent-zu-eent-Gespréicher. Si sinn also an direktem Kontakt. Si sinn an de Medie präsent. Lëtzebuerg soll also och weider net zu London mam Fändel ronderëm lafen, wéi anerer dat maachen oder gemaach hunn, oder mat der Scheierpaart wénken. Mir hu scho selwer en Erkennungswäert an eng Renommee, a mir kënnen dës nach weider verstäerken. Dat geschitt, wéi gesot, zesumme mat eise Partner, wéi der ALFI oder der ABBL.

D'Lëtzebuerger Finanzplaz schreift sech an e gudde Kader an. Nach hu mer heiheem eng Liewensqualitéit, déi een zu Paräis oder zu London net virfënnt. Vill Famillje si frou, fir an esou engem Ambiente ze liewen. Denke mer un eis Fräizäitinfrastrukturen, eis international an engleschsproocheg Schoulen an un eis Kulturlandschaft, an där ee sech erhuele kann!

Kuerzfristeg gekuckt hu mir d'Méiglechkeet, fir weider Aktivitéiten op Lëtzebuerg ze zéien. Dobäi sollt ee sech net wéi Asgeier op London stierzen, seng Avantagen awer ganz kloer bekannt maachen.

International Akteure soe sech: „Wa mir schonn zu Lëtzebuerg sinn, da wëlle mer kucken, wéi eng Aktivitéiten aus England kënnen eriwwergeholl ginn. Wou si mer also an der Zukunft mam Gros vun eisem Business präsent? Wéi kann een eis Aktivitéiten zu Lëtzebuerg erweideren? Wou si mer schonn aktiv? Wat hu mir? Wien a wat kéint eriwwerkommen?"

D'Akteuren zu London froe sech: „Wat ass eise Setup? Wéi kënne mer mat engem Minimum u Substanz zu Lëtzebuerg aktiv sinn, ouni deen aktuelle Setup op d'Kopp ze geheien?"

A mir mussen eis froen: „Wat kënne mer spezifesch fir si ubidden? Wéi vill kënne mer verléieren, géife mer näischt ënnerhuelen?"

Esou oder esou, ech hunn et virdru gesot, Dausende vu Leit wäerte vu London net eriwwerkommen. D'Finanzingenieure bleiwen dohannen, an och déi héichbezuelte Manager. Et wäert also net de CEO sinn, dee kënnt, mä de Sales-Manager.

Laangfristeg sinn d'Auswierkunge méi schwéier anzeschätzen, well een net genau weess, wéi de Brexit d'Eurozon als Ganzt beaflosse wäert, mä esou oder esou musse mer weider innovativ bleiwen, dat souwuel wat d'Finanzplaz an hir Akteuren ugeet, wéi och wat d'Zesummespill tëscht Politik a Wirtschaft ubelaangt.

Här President, Groussbritannien war an ass e wichtegen Alliéierte vu Lëtzebuerg, grad am Finanzsecteur. Lëtzebuerg wäert dat och weiderhi bleiwen. Dofir musse mir och an Zukunft weider zesummeschaffen. Mir wäerte Partner bleiwen. An dësem Dossier ginn et wierklech all Dag nei Evolutiounen, soudass de Finanzminister am beschte gestallt ass, fir eis vläicht nach e puer Präzisiounen ze ginn.

Ech wollt de Finanzminister dofir froen, wéi hien zurzäit d'Auswierkunge vum Brexit op Lëtzebuerg aschätzt, dat an deene verschiddene Beräicher vun eiser Finanzplaz, vun de Fongen, iwwert d'Banken an d'Bourse bis hin zu den Assurancen.

A wat fir engem Mooss kann et duerch de Brexit zu enger weiderer Diversifikatioun vun eiser Finanzplaz kommen? Huet den Här Minister an dësem Kontext méi präzis Informatiounen iwwer potenziell nei Aktivitéiten? Kann hien eis och e puer Indikatioune ginn, wat fir spezifesch Beruffsprofiller duerch de Brexit op Lëtzebuerg komme kéinten?

Mir wëssen, dass Luxembourg for Finance eng exzellent Aarbecht mécht. Wéi gesäit d'Promotioun vun der Finanzplaz an den nächste Méint aus? Wou leie méiglech Chancen a Risike vun engem spéideren Handelsaccord mat Groussbritannien, soubal si definitiv d'Europäesch Unioun verlooss hunn, dat souwuel fir d'EU als Ganzt, wéi och fir eis als Lëtzebuerger Land am Spezifeschen?

A wéi engem Mooss riskéiert den ekonomeschen Abroch a Groussbritannien duerch d'Schwächung vum brittesche Pond duerch déi allgemeng Onsécherheet an déi finanziell Verflichtunge vis-à-vis vun der Rescht-EU - et gëtt jo vu 60 Milliarden Euro geschwat -, zu engem konjunkturelle Réckgang am Bannemaart ze féieren? Wéi kënne mir als Lëtzebuerg dorobber virbereeden?

Dat wieren e puer Froen, déi ech mer erlaben, an de Raum ze stellen.

Här President, erlaabt mer zum Schluss vu menger Interpellatioun e puer allgemeng Iwwerleeungen. D'Noriicht vum Brexit war fir d'Europäesch Unioun e Schock. D'Angscht, dass et zu engem Zersetzungsprozess an der EU kéim, war grouss. Nach viru Méint wousst keen, wéi déi hollännesch oder déi franséisch Wahlen ausgéingen, an ob et nach eventuell zu engem Frexit kéim. E Frexit wier wierklech den Ufank vum Enn gewiescht. Elo awer schéngt d'EU lues a lues nees d'Kéier ze kréien.

D'Krise vun de leschte Joren dierften effektiv bei ville Bierger zu enger Gewëssenserfuerschung gefouert hunn. Vill Mënschen an der EU hu verstanen, dass Europa, den Euro, de Schengen-Raum, déi fräi Zirkulatioun vun de Bierger, dass dat alles keng Selbstverständlechkeet ass. Se hu begraff, dass d'Europäesch Unioun eng Chance ass. Dës Chance huet vu fréiere Generatioune missen erkämpft ginn.

Et ass un deenen haitege Generatiounen, fir d'Errungenschaften an d'Wäerter vun dëser EU ze verdeedegen. E Bléck op d'Weltkaart weist eis séier, wéi grouss mer sinn a wou mer stinn. All deenen, déi un der EU als gemeinsame Friddensprojet zweifelen, soll een dofir d'Fro stellen: Gëtt et an der Zäit vun der Mondialisatioun eng Alternativ zu Europa? Wier den Nationalstat wierklech d'Alternativ?

Mir Lëtzebuerger wëssen zanter dem 19. Jorhonnert, dass mer eis ni hätten entwéckele kënnen, wa mer eis net a gréisser Wirtschaftsraim integréiert hätten. Dat war eis eenzeg Chance, fir als klenge Stat ze iwwerliewen. All deenen, déi d'Europäesch Unioun a Fro stellen, sollt ee soen: „Da kuckt op déi Millioune Britten, déi d'EU net verloosse wollten an déi elo verzweifelt sinn, well se wëssen, dass de Brexit hinne kee Gléck bréngt! Kuckt op déi Millioune Britten, déi an zwee Joer d'Avantagë vun der fräier Zirkulatioun verléieren an dofir en héije Präis musse bezuelen!"

Millioune Britte wiere frou, wa se an der EU bleiwen dierften. All dës Mënschen hu verstanen, dass d'EU méi ass wéi eng Wirtschaftsgemeinschaft an e Bannemaart. Europa ass och eng Wäertegemeinschaft, déi eis an enger ëmmer méi komplexer a rauer Welt méi staark maachen a schütze soll. Dat sollte mer eis ëmmer virun Aen halen, wa mer iwwer Europa diskutéieren.

Ofschléissend wollt ech allen den Akteure vun der Finanzplaz, déi ech an de leschten zéng Méint begéint hunn, Merci soe fir hir Rotschléi a Reflexiounen. Dat huet mir perséinlech vill gehollef, fir dës Interventioun ze preparéieren a mer e bessert Bild ze maachen. E spezielle Merci un de Ben Jacoby aus eiser Fraktioun fir d'Begleedung an Iech alleguer fir d'Opmierksamkeet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bauler. An d'Wuert huet elo den Här Laurent Mosar, deem seng Fraktioun, d'CSV, d'Aktualitéitsdebatt ugefrot huet. Den Här Mosar ass och uschléissend Riedner vu senger Partei. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Exposé de l'heure d'actualité

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, Här Statsminister, Dir Häre Ministeren, et sinn elo bal gutt dräi Méint hier, datt déi englesch Premierministesch Theresa May offiziell d'Scheedungsprozedur vun der Europäescher Unioun ageleet huet. Vun elo u gëtt also, wärend zwee Joer emol mindestens, iwwert d'Trennungsmodalitéiten tëschent Groussbritannien an der Europäescher Unioun verhandelt. An d'Resultat vun dëse Verhandlunge muss dann och vum englesche Parlament ofgeseent ginn.

Ob et zu enger frëndlecher oder enger knaschteger Scheedung kënnt, steet haut nach an de Stären. Wat wäerten d'Konditioune vun der Stee sinn? Wat kënnt no der Scheedung? Wéi intensiv wäert no engem Brexit dat europäesch-brittescht Verhältnis nach sinn? A wat geschitt, wann et dann iwwerhaapt net zu enger Eenegung kënnt? Alles dat si Froen, op déi et haut nach keng Äntwerte gëtt.

Här President, aleedend zu menger Interventioun wëll ech dem Kolleeg André Bauler Merci soe fir déi Initiativ, déi e geholl huet, fir haut eng Interpellatioun iwwert d'Konsequenze vum Brexit ganz besonnesch op d'Finanz- an d'Bankeplaz unzefroen.

Ech wäert mech a menger Interventioun fir d'Éischt mat deene méi generellen Erausfuerderunge vum Brexit beschäftegen, fir mech dann herno mat de Chancen an de Risike vun esou engem Brexit och fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg ze beschäftegen.

Bei dëser Prozedur geet et also drëms, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Mariage, deen elo 43 Joer gedauert huet, tëschent dem Vereenegte Kinnekräich an der Europäescher Communautéit opzeléisen an ze liquidéieren. Déi drëttgréisst Vollekswirtschaft vun Europa wäert net nëmmen den europäesche Bannemaart, awer och d'Zollunioun verloossen.

All Aussoen, souwuel vun der Madamm May wéi och vun anere Vertrieder vun hirer Partei, weisen éischter drop hin, datt d'Regierung Kurs op e sougenannten „haarde Brexit" hëlt. Historesch ass et awer vläicht interessant, drun ze erënneren, datt genau op därselwechter Plaz, wou d'Madamm May Mëtt Januar déi grouss Linne vum Brexit opgezeechent hat, näämlech mëtten a London, am Manchester House, déi fréier Premierministesch Margaret Thatcher am Abrëll 1988 d'Virdeeler vum europäesche Bannemaart an den héchsten Téin gelueft hat. Genau vun deem Zougang zu engem Maart vun entre-temps 500 Millioune Mënsche sinn d'Madamm May an hir Regierung genee 29 Joer méi spéit amgaangen, sech ze verabschiden.

Wann ee weess, wat bei dëse Brexit-Verhandlungen um Spill steet fir all eenzelt EU-Memberland an natierlech virun allem och fir Groussbritannien, da kann ee sech virstellen, wéi zéi a laangwiereg dës Verhandlunge wäerte ginn.

D'Objektiv vun der Europäescher Unioun muss et allerdéngs sinn, alles ze ënnerhuelen, fir ze evitéieren, datt de Brexit d'Dieren opmécht fir aner populistesch a protektionistesch Deriven. Allerdéngs, an och do si mir eis, mengen ech, an dësem Haus all eens, kann d'Ausmooss vun dëser Erausfuerderung och eng Chance fir Europa duerstellen an - wie weess? -, datt dësen haarde Brexit vläicht en neien Impuls fir mindestens e Käreuropa ka mat sech bréngen.

All dëst ass alles, mä keen Acquis. Nach gëtt et awer eng Rei Ursaachen, fir ze hoffen. Well et ass och am Interêt vu Groussbritannien, datt dës Trennung net an e Rousekrich ausaart, well déi zwou Säite mussen och nom Brexit nach e fairt a kooperatiivt Verhältnis mateneen opbauen.

An all Bedeelegt, souwuel op brittescher wéi och op europäescher Säit, musse sech hirer historescher Verantwortung bewosst sinn, déi op hinne laascht. Si musse sech bewosst sinn, datt et bei de Verhandlungen net drëms geet, Pluspunkten ze maachen an ze beweisen, wien dee Stäerksten ass, mä et geet virun allem ëm den Erhalt vu Fridden a Wuelstand a ganz Europa, also och a Groussbritannien. Wann eis dat näämlech net geléngt, drot dee ganzen europäesche Projet mam Brexit ënnerzegoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll versichen, an deenen nächste Minutten opzezeechnen, wat d'Verhandlungspositiounen op deenen zwou Säite sinn, awer och op déi ganz grouss a wesentlech Erausfuerderungen, déi sech eis alleguerte stellen, anzegoen.

Als Éischt sollt a misst een awer wëssen, datt am Géigesaz zu deenen oft haarden Téin, déi vun der Insel eriwwergedroe ginn, d'Verhandlungspositioun vun de Britten net onbedéngt déi allerbescht ass. Déi brittesch Wirtschaft ass vill méi op gutt Wirtschaftsbezéiunge mat Europa ugewisen, wéi dat ëmgedréit de Fall ass.

Zwou Zuele virop, déi och déi ongläich Trëmp am Verhandlungspoker däitlech maachen: 44% vun de britteschen Exporter ginn an aner EU-Staten. A Groussbritannien steet nëmme fir 8% vun Exporter vu Firmen aus deenen iwwreg bleiwenden EU-Länner.

Wa sollten an Zukunft Handelsbarrièren tëschent Groussbritannien an der EU opgestallt ginn, wäert dat sécherlech fir déi meescht EU-Länner, mat virop Däitschland, awer och fir eist Land, alles aneschters wéi agreabel sinn. Mä fir Groussbritannien, Dir Dammen an Dir Hären, wären esou Handelsbarrièrë carrement eng Katastroph.

Op där anerer Säit spillt d'Zäit géint d'Britten. D'Banken an d'Entreprisë sinn näämlech am Moment an enger totaler Onkenntnis, wat d'Bedéngunge sinn, an deene si an Zukunft Geschäfter mam Festland kënne maachen, wann d'Kinnekräich da spéitstens 2019 austrëtt. Derbäi kënnt, datt, wann d'Gespréicher ouni Resultat géifen ausgoen, wat keen hofft a wënscht, wat awer net komplett vun der Hand ze weisen ass, an et keen Handelsvertrag och wäert ginn, am Prinzip automatesch no 2019 Douanestaxe fälleg sinn. Dat wier schlecht fir all Bedeelegt, awer ganz besonnesch batter fir déi brittesch Exporteuren.

An dëser Hypothees kéint Groussbritannien natierlech op eng substanziell Reduktioun vun de Steiersätz op d'Betriber setzen, mä och do muss ee wëssen, datt si elo schonn op 20% sinn a bis 2020 wëllen op 17% erofgoen.

Nach, Här Finanzminister, wäert et schwiereg ginn, déi 12,5% vum Nopeschland Irland ze erreechen. A souguer wa se dann dat och nach géife fäerdegbréngen, hunn awer déi ausländnesch Investisseuren eigentlech all Interessi, an Irland ze bleiwen, well si kënne jo hei weider vun de Virdeeler vun enger EU-Memberschaft profitéieren.

Här President, wann een also ganz genau d'Analys vun der Situatioun op där anerer Säit

vum Ärmelkanal mécht, stellt een eigentlech fest, datt Groussbritannien net schrecklech vill Trëmp an der Hand huet an d'Europäesch Unioun eigentlech um laangen Hiewel sëtzt.

Ech muss Iech dofir soen, datt, wann et sécherlech Risike fir déi europäesch an och déi lëtzebuergesch Wirtschaft gëtt, ech net zu deene gehéieren, déi am Brexit nëmme schwaarz Wolleken iwwer Europa an der Europäescher Unioun gesinn. An dëst ass dann och eigentlech e gutt Beispill dofir, datt am Géigesaz zu deem, wat oft an der Unioun vu Kritiker ënnerstallt gëtt, si eigentlech guer net esou schlecht opgestallt ass fir de Fall, datt ee vun de Memberen dës Unioun vun haut op muer wëllt verloossen.

Ech wëll awer gradesou kloer de Mëtten hei betounen, datt dës Trëmp, déi d'Europäesch Unioun an der Hand huet, nëmme kënnen ausgespillt ginn, wann d'Europäesch Unioun sech net vu London wäert auserneendividéiere loossen a verschidde Memberstaten net versichen, hir eegen Interessen a bilateral Accorde mat London ofzesécheren. Dëst ass fir mech wahrscheinlech déi gréisste Gefor. An déi brittesch Regierung an hir Chef-Ënnerhändler wäerten och alles probéieren, fir esou eng Divisioun zwëschen eenzelne Memberlänner erbäizeféieren.

Här President, erlaabt mer, an deem Kontext och op ee Punkt anzegoen, deen absolutt wesentlech ass, wat d'Finanzdéngschtleeschtunge betrëfft - och de Kolleeg Bauler huet schonn zu Recht drop higewisen -, dat ass dee vum europäesche Finanzpass.

Heizou wëll ech nach eng Kéier an Erënnerung ruffen, datt iergendeen Agreement, dee vun iergendengem Regulateur aus iergendengem EU-Memberstat ausgestallt gëtt, automatesch eng Autorisatioun fir den Territoire vun der gesamter Unioun bedeit. Vun deem Moment un, wou de Brexit also effektiv gëtt, ass déi Autorisatioun, déi vum brittesche Regulateur ausgestallt gëtt, just nach op Groussbritannien limitéiert an et zielt net méi fir de Rescht vun der Europäescher Unioun.

Wa mir näämlech op dësem fir mech kruziale Punkt géife wëllen eng Ausnam zouloossen, géif dat quasiment d'Enn vun der Europäescher Unioun bedeiten, well se dann d'Diere wäit géif opmaache fir all extra Regelen.

Här President, erlaabt mer dann och, op e puer méi praktesch Froen iwwert de Brexit anzegoen, déi méi genereller Natur sinn.

Eng éischt fundamental a wesentlech Fro ass natierlech déi vun der fräier Zirkulatioun vun de Bierger a ganz besonnesch natierlech där vun den EU-Bierger, déi a Groussbritannien liewen, an ëmgedréit deene villen englesche Matbierger, déi an aneren EU-Memberlänner en neit Doheem fonnt hunn, och hei zu Lëtzebuerg.

Fir meng Fraktioun a fir mech muss et kloer sinn, datt et hei e Regimm vu Reciprocitéit muss ginn, dee virgesäit, datt all dës Bierger weider voll am Genoss kënne bleiwe vun deene Rechter, déi si duerch déi eenzel europäesch Traitéen zougesprach kritt hunn. An dat gëllt virun allem natierlech fir illimitéiert Openthaltsrechter wéi awer och all sozial Gesondheets- a Pensiounsrechter.

Fir eis muss et kloer sinn, datt d'Zoustännegkeet fir all déi dote Bierger weider bei den europäesche Geriichtsbarkeete bleift. An dat muss och e Knackpunkt sinn an de Verhandlunge mat London. Ech weess, datt et op dësem Punkt net einfach wäert ginn ze verhandelen, mä ech sinn awer och nohalteg der Meenung, datt mer hei keng Konzessioun kënne maachen.

En drëtte Punkt ass deen, bis wat fir een Datum de Bierger an deene Rechter bleift, déi en am Moment jo nach ëmmer huet. Do ass am Moment den Datum vum 1. Mäerz emol an d'Land geschéckt ginn. Nach misst een awer wëssen, ob dat och deen Datum ass, deen herno zréckbehale gëtt.

En anere praktesche Problem, mat deem vill zukünfteg Bierger wäerte geplot sinn, ass deen, datt anscheinend d'englesch Regierung an d'Madamm May gär hätten, datt all eenzelnen EU-Bierger, deen am Moment an England ass, misst eng individuell Demande erareechen, fir kënne weider op der brittescher Insel ze bleiwen.

Iwwert déi Fro ass bis elo scho vill, ganz besonnesch an de Medien, diskutéiert ginn. An ech géif natierlech hoffen, datt mer herno e Regimm fannen, dee fir d'Alleréischt natierlech d'Reciprocitéit garantéiert, mä deen awer och souwuel den EU-Bierger a Groussbritannien wéi de brittesche Bierger am Rescht vun der Europäescher Unioun eng méiglechst onkomplizéiert Transitioun wäert erméiglechen.

Heizou wëll ech soen, Här President, datt sech am Moment och ganz vill brittesch Bierger hei zu Lëtzebuerg ganz seriö Suergen a Gedanken ëm hir Zukunft maachen. Mir sinn duerfir der Meenung, Här President, datt et wichteg wär, datt och d'Regierung hei e staarkt Signal un déi brittesch Communautéit vun eisem Land sent, datt si alles wëllt ënnerhuelen um Niveau vun de Verhandlungen, fir och d'Interesse vun alle brittesche Bierger ausserhalb vu Groussbritannien ze verdeedegen.

Am Kontext vum Brexit stelle sech iwwregens och, an dat héiert een all Dag, wann ee mat deene Bierger schwätzt, eng ganz Rei vu praktesche Froen, op déi déi Bierger net ëmmer eng Äntwert fannen. A mir géifen duerfir och, Här Statsminister, der Regierung suggeréieren, eng Aart Brexit-Guichet ze installéieren, deen alle brittesche Bierger hei am Land, souwäit dat natierlech méiglech ass, versicht, hir Froen ze beäntwerten a si och herno an all hiren administrativen Demarchë wäert ënnerstëtzen.

Ech mengen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt mir eise brittesche Matbiergerinnen a Matbierger hei am Land dat schëlleg sinn. An ech géif do och wëllen an deem Sënn eng Motioun beim President deposéieren.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant de manière générale les inquiétudes et les incertitudes relatives au droit de séjour post-Brexit des résidents britanniques en Europe continentale ainsi que des ressortissants luxembourgeois au Royaume-Uni,

- considérant que le Brexit ne constitue pas seulement une tragédie politique mais que la sortie du Royaume-Uni de l'Union européenne aura aussi des conséquences potentiellement dramatiques pour de nombreux ressortissants britanniques et leurs familles résident actuellement en Europe continentale en général et au Luxembourg en particulier, et réciproquement pour les ressortissants luxembourgeois et européens au Royaume-Uni,

- considérant enfin que, selon les déclarations des responsables politiques des deux côtés de la Manche, le sort des citoyens concernés constitue la première priorité politique dans un esprit de réciprocité,

invite le Gouvernement

- à s'engager au niveau du Conseil de l'Union européenne en faveur d'une solution durable permettant aux ressortissants du Royaume-Uni de continuer d'entrer et de rester librement sur le continent et aux ressortissants européens de continuer d'entrer et de rester librement au Royaume-Uni,

- à agir au niveau européen en faveur de la liberté de circulation des ressortissants britanniques et des ressortissants européens,

- à mettre en place un «help desk» pour les questions et démarches administratives relatives au Brexit des ressortissants britanniques au Luxembourg.

(s.) Laurent Mosar, Diane Adehm, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Här President, en zweete wichtege Punkt, wou am Moment ganz vill Froen opstinn, ass deen, wat d'Zukunft vun Nordirland an déi domadder verbonnen Diskussioun iwwert d'EU-Baussegrenze betrëfft. Wann ee sech hei e bëssen esou ëmhéiert, kritt ee mat, datt d'Fro vun engem erëm vereenten Irland am Hannergrond vun der Brexit-Diskussioun ëmmer erëm méi aktuell gëtt.

Wann ech bei Nordirland sinn, muss ech dann och weider d'Fro stellen, wéi et mat Schottland virugeet, wou jo och en Onofhängegkeetsreferendum an d'Haus steet, wou een elo nach net ka mat leschter Sécherheet soen, wéi deen ausgeet.

Also, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach ganz vill Froen, déi opbleiwen, woubäi natierlech d'Fro vun de Grenzen tëschent Nordirland an Irland an domadder den EU-Baussegrenzen och eng absolutt Prioritéit muss kréien.

Eng drëtt Fro, iwwert déi manner, zumindest an de Medien, diskutéiert gëtt, déi awer och fir ganz vill Onrou suergt, ass déi vun der Iwwergangszäit, wou ech dervun ausginn, datt déi brittesch Regierung op eng Rei Sonderkonditiounen, besonnesch fir den Automobill-, de Pharma- an de Finanzsecteur, wäert pochen. Hei wär ech och net oninteresséiert, d'Positioun vun der Regierung ze héieren, wéi d'Europäesch Unioun mat deene Fuerderunge vu London wärend der Iwwergangszäit wëllt ëmgoen.

Ech hunn iwwregens och do mat Interessi d'Aussoe vum vergaangene malteseschen EU-Ministerpresident, deen de Conseil presidéiert huet, dem Här Muscat, zur Kenntnis geholl, deen eng Kéier virun e puer Deeg gesot huet, datt senger Meenung no wärend der Iwwergangsperiod déi betraffe Secteure sech weider missten den Uerteeler vum Europäesche Geriichtshaff ënnerwerfen.

An deem Kontext ass dann och nach eng Kéier d'Fro opzewerfen, wéi et geet, wat déi Problematik vun den Noutebanken ugeet, well och do gëtt gefaart, datt bei engem ze vill abrupte Wiessel vun den Handelsspillregelen de Risiko besteet, datt wärend enger Iwwergangszäit keen Zougang méi zu verschiddene Finanzdéngschtleeschtunge kéint garantéiert ginn, déi bis elo vu London europawäit erabruecht gi sinn.

Perséinlech, an ech hunn dat virdrun och schonn ënnerstrach, gesinn ech zwar déi dote Gefor als manner akut, wann een elo scho weess, datt déi grouss Banken amgaange sinn, Servicer mat Aarbechtsplaze vu London a Richtung Paräis, Frankfurt, Dublin an da vläicht an hoffentlech och op Lëtzebuerg outzesourcen.

Véierte Punkt, an dat ass sécherlech vläicht deen, wou d'Verhandlungen, esou wéi üüblecherweis bei Scheedungen, mat deenen häerteste Bandagë wäerten ausgedroe ginn, näämlech de finanziellen Aspekt an domadder de Käschtepunkt fir Groussbritannien. Hei sinn an de leschte Woche vill Zuelen an d'Welt gesat ginn, déi sech meeschtens op tëschent 60 an 100 Milliarde belafen. Hei geet et natierlech virun allem drëm, sech emol eens ze maachen op en definitive Betrag, deen dann als déi sougenannten Indemnité de départ misst vu London bezuelt ginn.

An op där anerer Säit, an och dat ass eng Realitéit, wäerten natierlech d'Britten Usprréch géintiwwer der EU geltend maachen, wat hir Rechter an Undeeler um EU-Verméigen, notamment wat och d'Proprietéit vun enger Rei vu Gebailechkeeten ugeet. Allerdéngs, an ech mengen, do si mer eis och alleguerten eens, wäert dee Betrag, deen hei eventuell kéint a Rechnung gestallt ginn, manner importent si wéi deen, dee fir eng Indemnité de départ am Raum steet.

Mir mussen, an domadder sinn ech dann och scho beim fënnefte Punkt, natierlech och déi Fro kucken, wéi mer virufueren, wann dann an Zukunft London net méi zum EU-Budget mat contribuéiert. Och do ginn d'Zuelen auserneen. Déi eng schwätze vun engem Lach vun 10 Milliarden. Ech hunn och den Här Oettinger gelies, dee geet éischter vun engem Budgetslach vun 20 Milliarden aus.

Och dat wäert eng wesentlech Fro ginn, déi sech dann awer exklusiv un d'EU riicht, wéi an Zukunft dat dote Budgetslach wäert opgefëllt ginn. Ech géif och proposéieren, datt mer do mam Kolleeg vun der aussen- an europapolitescher Kommissioun, dem Marc Angel, eis vläicht eng Kéier an deenen nächsten Deeg a Woche géifen intensiv mam Wäissbuch vum Kommissär Oettinger beschäftegen, dat jo eng Gesamtreform vum EU-Budget virgesäit, well ech mengen, do geet et och ëm wesentlech méi wéi nëmmen d'Konsequenze vum Brexit.

Wann ech dann elo bei den europäeschen Debatte sinn, wollt ech awer och direkt op d'Roll vun eiser Chamber an der gesamter Brexit-Debatt agoen. Fir eis Fraktioun ass et näämlech eminent wichteg, datt d'Chamber méiglechst enk an déi Verhandlungen agebonne gëtt. Dat heescht fir eis eng regelméisseg Informatioun vun där oder deenen zoustännege Kommissiounen no all wichteger Verhandlungsronn. Mir géifen och virschloen, datt no där Verhandlungsronn entweder de Statsminister oder deen duerfir zoustännege Minister regelméisseg an d'Kommissioun géif kommen, fir eis do e Rapport ze maachen.

Last but not least ginn ech och dervun aus, datt d'Regierung, ier se engem eventuelle Verhandlungsresultat wäert zoustëmmen, natierlech och hei zréck an d'Chamber kënnt, wou mer dann an enger genereller Debatt och alleguerte kënne Positioun zu deem Verhandlungsresultat huelen. Och an deem Sënn wëll ech eng Resolutioun hei deposéieren.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

considérant

- qu'en 2006, la Chambre des Députés avait adopté une nouvelle stratégie en matière de traitement des dossiers européens pour répondre aux défis se posant à l'époque,

- que le traité sur l'Union européenne a par la suite donné une base juridique au contrôle de subsidiarité des parlements nationaux,

- que depuis la mise en œuvre de cette stratégie, la prise de décision au niveau de l'Union européenne a évolué et nécessite aujourd'hui une coopération plus étroite entre les pouvoirs législatifs et exécutifs,

- que la procédure de retrait du Royaume-Uni de l'Union européenne («Brexit») aura des conséquences profondes sur la situation politique et économique du Luxembourg et de l'Union européenne et qu'une implication étroite du législateur luxembourgeois est souhaitable,

s'engage

à s'impliquer étroitement dans la procédure de retrait du Royaume-Uni de l'Union européenne à travers

- une coopération étroite avec le Gouvernement pour déterminer en amont la position luxembourgeoise sur le Brexit,

- l'intervention du Premier Ministre, Ministre d'État respectivement des membres du Gouvernement dans les commissions parlementaires respectives avant et après chaque session de négociations entre l'Union européenne et le Royaume-Uni,

- l'invitation des membres luxembourgeois du Parlement européen à assister à ces réunions d'information et de consultation.

(s.) Laurent Mosar, Diane Adehm, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Här President, erlaabt mer da kuerz op d'Chancen an d'Risken anzegoen, déi ee Brexit och fir eist Land a ganz besonnesch fir säi Finanz- a Bankesecteur huet. Och hei - an ech mengen, de Kolleeg André Bauler huet dat eigentlech exzellent in extenso ausgefouert - si mir eis eens, datt Lëtzebuerg e ganz enkt Verhältnis mat der City of London ënnerhält. Och wat eis Exporter ubelaangt, ass Groussbritannien e wichtege Partner. Schlussendlech gëtt en net onwesentlechen Deel vun eisem Fongegeschäft och vu London aus gesteiert, soudatt et eigentlech an eiser alleguer wuelverstanenem Interessi ass, d'Nuebelschnouer mat Groussbritannien net definitiv ofzeschneiden, mä och no engem Brexit gutt Handelsbezéiunge mat London ze ënnerhalen.

Ech sinn duerfir och iwwerzeegt, datt de Brexit eng Rei vun interessanten Opportunitéiten, iwwregens net nëmme fir d'Finanzplaz, mä awer och fir den IT- an de Start-up-Secteur hei am Land kann opmaachen. Och um Niveau, an och dat huet de Kolleeg Bauler schonn ausgefouert, vum Fongegeschäft ass sécherlech nach ganz vill Loft no uewen. A ganz besonnesch déi Fongen, déi momentan vu London aus geréiert ginn an déi onbedéngt op den europäesche Pass ugewise sinn, musse sech jo an deenen nächste Wochen a Méint iwwerleeën, wéi se hir Aktivitéiten organiséieren.

Mir wären also, Dir Dammen an Dir Hären, gutt beroden, wa mer iwwer eng intelligent Manéier géife versichen, besteeënd Aktivitéite bei eis auszebauen, och wëssend, an ech mengen, och dat ass virdru gesot ginn, datt mir net onbedéngt outiléiert sinn, fir muer grouss systemesch Bankenhaiser mat e puer Dausend Mataarbechter vun haut op muer an eisem Land kënnen ze empfänken an opzehuelen.

Wéi soll eist Land, an och d'Regierung a seng Wirtschaft, sech dann elo an där Brexit-Diskussioun positionéieren? Ech géif behaapten, et géif zwou Aart a Weise ginn, wéi een dës Thematik kéint ugoen. Déi éischt ass eng reng wirtschaftlech, mä elo scho wichteg an enk Bezéiung mat Groussbritannien. A mir hunn also als Land all Interessi drun, och no engem Brexit dës Bezéiunge weider op engem héijen Niveau oprechtzëerhalen.

Déi zweet Approche ass méi eng existenziell fir d'Europäesch Unioun. Lëtzebuerg ass nëmme staark, wann d'Europäesch Unioun staark ass. Dat heescht am Ëmgedréiten, datt en Accord, deen ze vill avantagéis fir London géif ausfalen, riskéiere géif, aner Memberlänner op äänlech Gedanken ze bréngen, an domadder den europäeschen Edifice relativ schnell kéint zesummefale loossen, wat da ganz besonnesch och fir eng lëtzebuergesch Wirtschaft an hir Finanzplaz eng riseg Katastroph géif duerstellen.

Wat kann also elo eng Strategie vun enger lëtzebuergescher Regierung an enger dach net onkomplexer Thematik sinn?

An ech géif do wëllen d'Beispill huele vun engem vun eisen Nopeschlänner, näämlech der Belsch, déi, fir esou eng Strategie ze definéieren, e Groupe de haut niveau iwwert de Brexit agesat hunn, an deem all d'Forces vives de la nation sech zesumme beroden, wat hei eng optimal Strategie fir d'Belsch kéint sinn.

Eise Wonsch wär, Här President, datt d'lëtzebuergesch Regierung, an enker Ofstëmmung mat de concernéierte Milieuen, och grouss Linne vun enger Strategie géif definéieren, a ganz besonnesch, an dat ass fir eis fundamental, géif rout Linnen definéieren, déi am Kader vun de Brexit-Verhandlunge vun eis alleguerten net dierften iwwerschratt ginn. Ech denken hei virun allem a besonnesch u Froen, déi natierlech mam Fonctionnement vum Bannemaart zesummenhänken.

Bis elo huet d'Regierung net vill communiquéiert iwwer hir Strategie. Gewosst ass allerdéngs, an ech hunn et virdru scho gesot, datt d'Regierung anscheinend eng Strategieetüd an Optrag ginn huet, an derniewent fonctionnéiert och e Groupe de travail, dee sech soll mat alle Froen am Kontext vum Brexit auserneesetzen.

Mengen Informatiounen no, Här Finanzminister, ass dee Groupe de travail am Ufank een-, zweemol zesummekomm a soll awer elo an deene leschte Wochen a Méint net méi zesummekomm sinn.

Mir sinn eis, Här President, mengen ech, iwwer Partei- a Fraktiounsgrenzen eraus sécherlech eens, datt och eist Land, eis Wirtschaft, eis Finanzplaz vill bei engem Brexit ka verléieren, deemno wéi déi Verhandlunge wäerten ausgoen. Op där anerer Säit maache sech awer gradesou sécher eng Rei vun Opportunitéiten op, vun deenen och eise Finanzsecteur am allerwäiteste Sënn ka profitéieren. Mir sinn duerfir der Meenung, datt een hei als Regierung net soll aggressiv virgoen, mä op där anerer Säit awer och net naiv soll sinn. Mir sollen einfach prett sinn, fir nei an zousätzlech Aktivitéite vu London op Lëtzebuerg ze zéien, mussen eis duerfir awer eiser Meenung no e bëssen aneschters opstellen.

Ech hu mech am Virfeld vun der Debatt, grad wéi de Kolleeg André Bauler, mat villen Akteure vun der Finanz- a Bankeplaz ënnerhalen. An aus deenen Diskussiounen hu sech och eng Rei vu Propositiounen erauskristalliséiert, déi ech lech och elo kuerz wëll virbréngen an dann herno och dozou zwou Motiounen deposéieren.

Fir d'Alleréischt géife mir suggeréieren, Här Finanzminister, eng sougenannten Agence Brexit beim Finanzministère ze rattachéieren, wou Bierger an Entreprisen, déi interesséiert wären, vu London en Deel Aktivitéiten oder och ganz Aktivitéiten hei op Lëtzebuerg ze bréngen, kéinten all Zorte vun Informatioune kréien.

Ech wëll och direkt ënnersträichen: Hei geet et net virrangeg ëm Steierfroen, mä hei geet et villméi ëm praktesch Froen, déi déi Leit ëmmer erëm stellen, näämlech: Wou kann ech meng Kanner an d'Schoul schécken? Wou fannen ech en appropriéierte Logement? Wéi geet et mat Openthaltsgeneemegungen, wann et sech eventuell net nëmmen ëm brittesch Statsbierger handelt?

Dëst ass, an ech mengen, dat wëll ech och ganz kloer ënnersträichen, Här President, eng Fro vu genereller Kommunikatiounsstrategie, déi och par ailleurs iwwert de Brexit erausgeet. Allerdéngs schéngt et fir eis wichteg ze sinn, datt een och e Signal a Richtung potenziell Investisseure soll schécken, andeem een esou eng Agence mécht, déi da wierklech fir eventuell Interessenten hei soll op sinn. A mir erlaben eis duerfir och, an deem Sënn eng Motioun ze hannerleeën. Mir sinn awer ganz gär bereet, iwwert d'Detailer an d'Modalitéite vun esou enger Motioun och mat deenen anere Fraktiounen ze schwätzen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la procédure de retrait du Royaume-Uni de l'Union européenne («Brexit») aura des conséquences profondes sur la situation politique et économique de l'Union européenne,

- considérant que le Brexit pourrait constituer une opportunité pour l'économie en général et plus particulièrement la place financière, le secteur des assurances et le secteur des start-ups au Luxembourg,

- considérant qu'une agence unique et centrale pourrait favoriser et faciliter l'installation des entreprises et des particuliers au Luxembourg,

- considérant que cette agence aurait avec comme missions la prise en charge globale des entreprises comme de leurs salariés, en répondant à leurs questions sur l'immobilier, la délivrance des titres de séjour, la scolarisation des enfants, ainsi que la production et la publication de réponses aux questions fréquemment posées, le renvoi direct des requêtes spécifiques aux personnes et administrations responsables, l'organisation de réunions de haut niveau, la facilitation des démarches administratives et le rassemblement et la diffusion de toutes informations ayant trait au Brexit à travers les ministères et administrations,

invite le Gouvernement

- à étudier la mise en place d'une «agence centrale Brexit», localisée le cas échéant auprès du Ministère des Finances, pour faciliter les démarches administratives des particuliers, entreprises et investisseurs du Royaume-Uni souhaitant s'implanter au Luxembourg.

(s.) Laurent Mosar, Diane Adehm, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Eng aner Propositioun wär déi, déi eis och extrem interessant schéngt ze sinn, vum zoustännege Ministère analyséieren ze loossen, deen elo net hei ass - do geet et näämlech ëm den Héichschoulminister -, datt mer gär e Master iwwert d'Gestion des risques op eiser Uni géifen en place setzen. Dir wësst, ganz besonnesch den Investmentbanking ass eppes, wat am Moment zu London ganz vill Aktivitéite generéiert. Do ass e seriöen Interêt, deen Investmentbanking och hei op Lëtzebuerg ze bréngen. Mir hunn allerdéngs, wéi an aneren Domänen och, e risege Problem, well mer net déi néideg Kompetenz an Know-how hunn, fir do spezialiséiert Aktivitéite matzedroen.

Ganz vill Akteure vun der Plaz kritiséieren dat, eiser Meenung no zu Recht. Et gëtt zwar anscheinend eng Formatioun, ech wëll dat och direkt dem Finanzminister soen, et gëtt awer keen ofgeschlossene Master, an duerfir och eng Motioun, déi mir hei wëllen deposéieren, fir emol ze kucken, ob een net och esou e Master kéint op der Uni etabléieren. Et wier eng gutt Saach fir d'Uni an et wier eng ganz gutt Saach fir d'Finanzplaz.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que la discipline de la gestion des risques («risk management»), s'attachant à identifier les risques relatifs aux activités d'une organisation pour les traiter méthodiquement de manière à réduire l'impact éventuel de ces événements,

- considérant que le risque constitue un facteur inhérent aux activités du secteur financier et que les institutions financières sont confrontées à un besoin croissant de mieux structurer la maîtrise de leurs risques,

- considérant qu'à la place financière et notamment l'industrie des fonds, les activités de la gestion des risques sont constamment à la hausse ces dernières années, résultant particulièrement des nombreux développements réglementaires tels que les directives CRD, Solvency 2, UCITS et AIFMD,

- considérant que les dernières évolutions dans ce domaine de pointe introduisent continuellement de nouvelles pratiques de marché en ce qui concerne l'organisation et le contenu de la fonction «risk management»,

- considérant que les experts en gestion des risques sont prisés par les entreprises et qu'il y a la possibilité d'une pénurie de candidats pouvant engendrer des répercussions éventuelles sur les activités de la place financière luxembourgeoise,

- considérant qu'à part d'une formation continue dispensée par le Luxembourg Lifelong Learning Center il n'y a pas de formation universitaire complète offerte par l'Université du Luxembourg pourtant nécessaire pour le développement économique du «Standort» luxembourgeois et ses besoins en ressources humaines hautement qualifiées,

invite le Gouvernement

- à étudier la mise en place d'un cursus «Master in risk management» à l'Université du Luxembourg.

(s.) Laurent Mosar, Diane Adehm, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Wat aner Moossnamen um Niveau vum Brexit ubelaangt, wëll ech hei nach eng lescht Iddi mat erabréngen, déi eigentlech och, Här Finanzminister, iwwert de Brexit erausgeet an déi domadder ze dinn huet, datt mer och vläicht eng Kéier missten hei zu Lëtzebuerg iwwerleeën, ob et net eng Iddi wär, eng speziell Juridictioun an englescher Sprooch, fir Handelskonflikter ze tranchéieren, en place ze setzen. Och dat ass eng Iddi, déi a ville Kreesser scho säit Laangem zirkuléiert. Ech weess, datt dat an der Praxis net esou einfach ëmzesetzen ass. Et gëtt et an eenzelne Länner, et wär zumindest eng Kéier derwäert, doriwwer nozedenken.

Dat gesot, an da wär ech och scho bal um Schluss, Här President, feelt mir, an där ganzer Diskussioun iwwert de Brexit a seng Opportunitéite fir Lëtzebuerg, dach déi Strategie, déi d'Regierung eigentlech genau huet. Ech hunn et virdru gesot: Et gëtt e Groupe de travail, zesumme mat privaten Akteuren, deen, wéi gesot, zum Schluss elo net méi zesummekomm ass. Ech mengen, datt et awer och wichteg wär, wann ee vu Strategie schwätzt, datt een eventuellen Investisseuren eng mëttel- a laangfristeg Planungssécherheet gëtt, ganz besonnesch, wat d'steierlech Landschaft um Niveau vun der Betribsbesteierung ugeet.

Dir wësst, datt dat ëmmer erëm e Sujet ass, an ech kennen och Ären Engagement, Här Finanzminister, wat deen ominéisen „level playing field" ubelaangt. Mä och do, mengen ech, wär et wichteg, wann ee kéint deenen eventuellen Akteuren e Plang op dräi, véier Joer ginn, datt se wëssen, wou se um Niveau vun der Betribsbesteierung dru sinn. Ech weess och, datt dat vläicht net ëmmer esou einfach ass. Mä dat wär op jidde Fall e grousse kompetitive Virdeel, wa mir den Investisseuren esou eng Planungssécherheet kéinte ginn.

Eng Konklusioun ass, datt mir der Meenung sinn, datt, wa mir op eng intelligent Manéier eis Kaarte spillen, eis Finanzplaz eng Rei vu potenzielle Méiglechkeeten huet. Ech hunn et virdru gesot, et gëtt de Finanzsecteur, ech wëll awer och eng Kéier dorop insistéieren, datt den Assurancësecteur en extrem grousst Potenzial hei huet. An et ass jo an deene leschte Wochen a Méint schonn duerchgeklongen, et sinn eng ganz Rei vu groussen Assurancëgesellschaften, déi zousätzlech Aktivitéiten op Lëtzebuerg bruecht hunn, an et kommen nei Assurancëgesellschaften. Also och do besteet e Potenzial. Ech hunn et virdru gesot, dee ganze Start-up-Beräich, ICT-Beräich, och do, mengen ech, wäerte sech eng ganz Rei vun Opportunitéiten opmaachen.

Här President, ech géif mir dann also wënschen, wann elo d'Verhandlunge konkret ulafen, datt all Bedeelegt, d'Europäesch Unioun, awer och Groussbritannien, sech der historescher Verantwortung bewosst sinn, déi op hinne läit. Si musse wëssen, datt et an deene Verhandlungen net drëm geet, Pluspunkten ze sammelen, fir d'Wieler haut, muer an iwwermuer ze iwwerzeegen, datt si dee Beschten an dee Stäerksten sinn. Neen! Et geet hei ëm den Erhalt vu Wuelstand a Fridden. An zwar a ganz Europa, also och a Groussbritannien. Wann eis dat näämlech net geléngt, Dir Dammen an Dir Häre, dann dreet mam Brexit, de gesamten europäesche Projet ënnerzegoen.

A vläicht ass dat do jo finalement dat Positivt un deene ganze Brexit-Diskussiounen, datt ëmmer méi Mënschen an Europa erëm amgaange sinn ze spieren, datt de Réckzuch an dat Nationaalt alles dat, wat mir an deene vergaangene Joren erreecht hunn, riskéiert, op d'Spill ze setzen. D'Mënsche spieren einfach, datt am 21. Jorhonnert déi Welt dobausse sech net méi einfach ausspäre léisst. Si wëssen awer och, datt de sozialen Zesummenhalt fir d'Demokratie eng onverzichtbar Bedéngung ass. Alles dat mécht den europäesche Modell aus, an duerfir hunn ëmmer méi Mënschen d'Gefill, a si setze sech och duerfir erëm fir dëse Modell an.

Dëst ass u sech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng gutt Noriicht. An duerfir hunn och d'Politiker eigentlech all Grond, fir an Zukunft erëm heiansdo vill méi engagéiert op der Weltbün fir europäesch Wäerter anzetrieden.

Net ausgeschloss ass, an dat wär zum Ofschloss vu menger Interventioun mäi Wonsch, datt vläicht och d'Britte sech erëm enges Daags no „Good old Europe" géifen zréckseenen. An dann, Dir Dammen an Dir Hären, soll d'Dier fir si opstoen, well esou vill Souveränitéit solle mir am Emgang mat hinnen hunn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Mosar. Ech ginn direkt d'Motioune respektiv d'Resolutioun weider. An den nächste Riedner ass den Här Marc Angel fir d'LSAP, an hien ass och scho prett.

Débat

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Jo, Här President. Villmools Merci fir d'Wuert. Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech fänken u mat engem Merci un den Här Bauler an un den Här Mosar, déi d'Initiativ geholl hunn, fir dës Debatt ronderëm déi verschidde Facettë vum Brexit op den Ordre du jour ze bréngen. An ech soen hinnen och Merci fir hir Ausféierungen.

Dem Här Mosar wëll ech direkt zwou Saache soen. Dir huet d'aussen- an d'europapolitesch Kommissioun ugeschwat, Dir huet geschwat vum Lach, dat an den europäesche Budget géif kommen, an dat mir sollen an der Kommissioun beschwätzen, an och vun deem neie Positiounspabeier vum Kommissär Oettinger. Wéi Dir gesi kënnt, de Freideg, de 14. Juli hu mir de Kommissär Oettinger himself an der Kommissioun, da kënne mer déi Punkten do mat him diskutéieren.

Eng zweet Saach ass, Dir hutt och gefuerdert, dass regelméisseg d'Kommissioun muss informéiert ginn. Dir kënnt Iech erënneren, de Jean Asselborn war bei eis an huet eis informéiert, dass et de CAG ass, de Conseil des affaires générales, deen de Brexit suivéiert. An Dir wësst, dass de Jean Asselborn ëmmer bereet ass, en huet dat och gesot, eis do permanent um Lafenden ze halen, wann d'Thema Brexit am CAG um Ordre du jour ass.

Ech wëll a menger Interventioun virun allem op de Volet vun den Austrëttsverhandlungen agoen. Mäi Fraktiounskolleeg Franz Fayot wäert am Numm vun der LSAP de Volet „Auswierkungen op d'Lëtzebuerger Finanzplaz" behandelen.

Bei den Austrëttsverhandlungen, Dir Dammen an Dir Hären, do muss ee begréissen, dass d'EU 27 sech vun Ufank u gutt concertéiert huet, an dass kee vun der gemeinsamer Positioun ofgewach ass. Dat hat fir eis Europäer ganz kloer Virdeeler. D'Positioun vun der Europäescher Unioun war, dass et keng Virverhandlunge géif ginn, ier den Artikel 50 declenchéiert wier. Esou ass et komm, an d'Vereenegt Kinnekräich huet fir d'Éischt missen den Artikel 50 ausléisen.

D'Positioun vun der Europäescher Unioun war et och, dass fir d'Éischt iwwert den Austrëtt, an eréischt duerno iwwer en zukünftegen Handelsaccord géif verhandelt ginn. D'Vereenegt Kinnekräich huet dësen Zäitplang elo och ugeholl.

D'Positioun vun der Europäescher Unioun war, dass et e fairen Accord fir béid Säite sollt ginn, mä dass et mam „cherry picking" definitiv eriwwer ass. Fir dass et och weiderhin dozou ka kommen, muss d'Europäesch Unioun och weiderhin an hirer Positioun gëeent bleiwen. Alleguer d'Länner, mengen ech, an och alleguer d'Parteien heibannen, hunn et bedauert, dass et zum Brexit komm ass, an de Brexit ass näischt Positives. Vläicht eppes Positives ass et, dass de Brexit eis drun erënnert, dass déi Verhandlung eis drun erënnert, wéi eng Virdeeler een eigentlech huet, wann een als Unioun zesummegeschloss ass, dass ee gëeent méi staark ass an dass ee gëeent méi wäit kënnt a seng Interessien zesummen och besser verdeedege kann.

Dowéinst, mengen ech, ass et och esou wichteg, kloer ze soen, dass et an dëse Verhandlungen nëmmen eng Positioun gëtt, eng europäesch Positioun, keng 27 national Positiounen an och keng lëtzebuergesch Positioun, an dass et nëmmen een Negociateur gëtt, an dat ass de Chef-Negociateur Michel Barnier.

Dofir begréissen ech och d'Ausso vum President vum Europaparlament, dem Här Tajani, deen d'lescht Woch heibanne bei eis war an der Chamber, an dee gesot huet, dass et och fir d'Europaparlament nëmmen een Negociateur gëtt, an zwar den Här Barnier, mat deem een als Europaparlament natierlech enk wäert zesummeschaffen.

An deem Kader begréissen ech natierlech och ausdrécklech, dass den Här Barnier virun e puer Méint och hei bei eis an der Chamber war, fir eis d'Feuille de route fir de Brexit ze presentéieren, an dass e gesot huet, dass et wichteg ass, d'national Parlamenter ze informéieren, besonnesch an enger zweeter Etapp, wann et ëm en zukünftegen Handelsaccord geet, wou mir jo dann och verstäerkt mussen agebonne ginn.

Genausou wichteg, mengen ech, ass et och a mengen Aen, dass d'Negociatiounen transparent oflafe mussen, an den Här Barnier huet sech och dofir engagéiert. Well dëst wäert och e gewëssenen edukative Charakter hunn, an eis alleguer de Präis vun dem „Non Europe" erëm ganz kloer virun Ae féieren, dat heescht, wéi eng Avantagen e Land verléiert, wann et net méi Deel vun där Unioun ass.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, inhaltlech wëll ech kuerz op déi dräi Thematiken agoen, déi als Éischt verhandelt wäerte ginn: d'Rechter vun de Bierger, d'finanziell Engagementer vu Groussbritannien an d'Grenz zwëschen der Europäescher Unioun an dem Vereenegte Kinnekräich, a méi spezifesch, déi Grenz zwëschen der Republik Irland an Nordirland.

Ech fänke mat de Finanzen un, well ech mech do am kierzte faasse wëll. Loosse mer all déi problematesch Aussoe ronderëm eng Brexit-Rechnung op der Säit! D'Fro, déi sech stellt, ass déi, bis zu wéi engem Zäitpunkt Groussbritannien verflicht ass, seng finanziell Engagementer ze erfëllen.

Als LSAP si mir mam Prinzip, wéi d'Europäesch Kommissioun et an hirem Positiounspabeier duergestallt huet, ganz d'accord. Vum Prinzip hier muss et esou sinn, dass Groussbritannien all seng Engagementer vollstänneg muss erfëllen, déi et geholl huet, wärend et Member vun der Europäescher Unioun war.

Dëst geet vum Multiannual Financial Framework bis 2020 iwwert d'EU-Agencen, Programmer a Fongen. Den Detail vun den Engagementer, a virun allem d'Berechnungsmethod, fir den Undeel, deen ze bezuele bleift, ze bestëmmen, dat wäert Deel vun de Verhandlunge sinn.

Besonnesch um Häerz läit ons als LSAP, an dat hu mir vun Ufank un ëmmer betount, dass d'Bierger, an d'Bierger alleguerten, hir Rechter garantéiert kréien. An dat esou schnell wéi méiglech. Dobäi handelt et sech näämlech net ëm eng abstrakt Verhandlungsmass, mä ëm ganz konkret Eenzelschicksaler. Dofir begréisse mer, dass d'Europäesch Unioun wéi och d'UK sech alle béid dofir ausgeschwat hunn, dës Fro direkt an der éischter Verhandlungsronn ze behandelen.

D'Premierministesch Theresa May huet viru Kuerzem hire Positiounspabeier virgeluecht, wéi d'Rechter vun den EU-Bierger a Groussbritannien an Zukunft solle geregelt ginn. Am Virfeld hat si versprach, dass et eng generéis Offer

sollt sinn. Entre-temps gëtt nach vun enger fairer Offer geschwat. Mä déi Offer enthält awer wesentlech Knackpunkten, déi d'Offer guer net esou fair erschénge loossen. Et gëtt zwee grouss Knackpunkten, an dann eng ganz Rei klenger, wou den Däiwel, wéi esou oft oder wéi ëmmer, am Detail läit.

Déi grouss Knackpunkte sinn: Éischtens, d'Europäesch Unioun wëllt de sougenannte „Cut-off date", also deen Datum, vun deem un déi zukünfteg nei Regele solle gëllen, sou spéit wéi méiglech leeën, op den Datum vum definitiven Austrëtt vu Groussbritannien aus der Unioun. D'UK dogéint wëllen dësen Datum scho vill éischter usetzen, soudass manner EU-Bierger a Groussbritannien dervu profitéiere kënnen. Allerdéngs huet d'Madamm May an hirem Pabeier dësen Datum nach net präziséiert, soudass nach Verhandlungsspillraum bleift.

Awer un dësem grousse Knackpunkt hänken och eng Rei wichteg Detailfroen. Sou mussen, laut der Madamm May hirer Propos, EU-Bierger virun dësem Datum fënnef Joer ouni Ënnerbriechung am UK gelieft hunn, fir definitiv och kënnen dozebleiwen. Ma do stelle sech wichteg Froen: Wat bedeit „ouni Ënnerbriechung" zum Beispill fir Studenten, déi direkt nom Studium fir e puer Méint doheem waren an dann zréckkommen, fir a Groussbritannien ze schaffen? Ginn d'Studiejoren dann net méi ugerechent? A wa mer wëssen, dass et a Groussbritannien keen nationale Register gëtt, stellt sech och d'Fro, wéi een déi fënnef Joer Residenz beweise kann, zum Beispill, wann een als selbstständegen Entrepreneur geschafft huet?

Deen zweete wichtege Knackpunkt betrëfft déi iewescht Juridictioun, déi iwwert d'Rechter vun de Bierger waache soll. Fir d'Europäesch Unioun ass et eng kloer Linn, dass dëst den Europäesche Geriichtshaff ass an och bleiwe soll. Mä fir Groussbritannien kënnt dat anscheinend net a Fro, vu dass si sech jo an alle Beräicher vun der Juridictioun vum Europäesche Geriichtshaff wëlle lassléisen. Dëst gëtt also e wichtege Punkt an de Verhandlungen, wou mer haut nach net wëssen, wéi d'Léisung konkret soll ausgesinn.

Ech soen et nach eng Kéier: All dës Froe sinn net abstrakt, mä betreffe konkret Mënschenliewen. Si betreffen zum Beispill déi 6.100 Britten, déi hei zu Lëtzebuerg liewen a schaffen, a si betreffen och déi ronn 600 Lëtzebuerger, déi a Groussbritannien hiert Brout verdéngen. A si betreffen awer virun allem déi 1.200 Lëtzebuerger Studenten, déi haut op enger Universitéit a Groussbritannien studéieren.

Wann ech grad un eis Jonker denken, fannen ech et besonnesch besuergniserreegend, dass d'Madamm May an hirem Pabeier kee Wuert iwwert d'Zukunft vum wichtege Programm Erasmus gesot huet an dass et laut dësem Pabeier och kéint sinn, dass eis Studenten an Zukunft guer kee preferéierten Zougang méi zu den Unien a Groussbritannien kréien, an doduerch och nach vill méi héich Studiegebüre bezuele missten, an eventuell souguer e Visa bräichten, fir hire Studium weiderzefréieren.

Dofir maachen ech e waarmen Appell, dass d'Rechter vun de Studenten net vergiess ginn a sech fir si eng Léisung fënnt. Et kann a kengem sengem Interessi sinn, eise Jonken den Austausch an déi kulturell Erfahrungen ze erschwéieren.

An dësem Dossier gëtt et also eng ganz Rei Froen ze klären, wichteg Froen am Interessi vun de Leit. A mir wäerten dofir als LSAP d'Entwécklungen op dësem Punkt genau verfollegen.

Ech kommen zu mengem leschte Punkt, de Grenzen. Duerch den Austrëtt vu Groussbritannien aus der Europäescher Unioun entsteet jo, wéi mer all wëssen, eng nei EU-Baussegrenz, an dat ausgerechent tëschent der Republik Irland an Nordirland. Et ass schued, dass d'Situatioun vun Nordirland am Virfeld vum Referendum am Rescht vu Groussbritannien esou wéineg thematiséiert gouf, dass d'Konsequenzen op Nordirland am Virfeld quasi keen Thema waren, och wa vereenzelt probéiert gouf, dorop hinzeweisen.

Ech erënneren an deem Kontext och drun, dass d'Nordiren majoritär géint de Brexit gestëmmt hunn. Déi Grenz ass jo net iergendeng Grenz, mä et ass eng Grenz, wou et jorzéngtelaang zu ville bluddegen Ausenanersetzunge koum, an dat ass nach alles net esou laang hier. Et ass eng Grenz, wou nach bis an d'1990er Joren eran d'IRA Bomme geluecht huet an Attentater verüübt huet, wou mam „Good Friday Agreement" eréischt 1998 e politeschen Accord fonnt gouf, en Accord, deen duerch déi momentan Ereegnisser nees ënner Drock geréit.

Dass de Brexit géif Auswierkungen op dëst Gebitt hunn, war klor, och wann no dem Referendum relativ schnell d'Aussoe koumen, dass d'Grenz tëschent Irland an Nordirland e spezielle Status sollt kréien. Mä duerch den Accord, deen d'Tories an d'Theresa May no dem Wahldebakel vum 8. Juni mat der DUP geschloss hunn, geréit dëse „Good Friday Agreement" zousätzlech ënner Drock.

Et muss ee wëssen, dass e wesentleche Bestanddeel vum „Good-Friday-Agreement" virgesäit, dass de Pouvoir an Nordirland tëschent Protestanten a Katholiken, tëschent Unionisten a Republikaner gedeelt muss ginn, an dass d'Regierung zu Westminster sech dëse Parteie géintiwwer neutral verhält. Andeems d'Theresa May en Accord mat der DUP ageet, brécht si dësen Accord a riskéiert carrement de Fridden an Nordirland. Dat soen net ech, mä dat ass eng Ausso vum John Major, dem fréiere Premierminister vun den Tories, deen eng ganz zentral Roll gespillt huet bei deene Friddensgespréicher an den 1990er Joren.

Et geet hei ëm villes. Mir kënnen net riskéieren, dass et zu neien Ausbréch vun europäeschem Terrorismus kënnt, well eng konservativ Premierministesch falsch taktéiert huet an hir absolutt Majoritéit verluer huet.

Mä wéi kann de Status vun dëser Grenz herno praktesch ausgesinn? Ëmmerhin ass ee sech um politesche Prinzip tëschent alle Parteien eens, vun DUP an Tories iwwer Irland an déi aner EU-Länner. Fir d'Fro vun der Ausféierung ze klären, gouf bei der Europäescher Unioun elo en „high level group" zesummegesat, dee verschidden Zeenarien um techneschen Niveau virbereet. Vu dass Irland Deel vun der Zollunioun a vum gemeinsame Maart ass, muss et an Zukunft bestëmmte Kontrolle vun de Wueren erlaaben, fir dass do och Abuse verhënnert ginn. Et ginn hei scho Beispiller an der Praxis, esou zum Beispill un der Grenz tëschent Norwegen a Schweden, un deenen ee sech kéint orientéieren. Hoffe mer, dass déi do Verhandlunge positiv ausginn!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei den Austrëttsverhandlunge mat Groussbritannie läit de Ball net an eiser Hand. Mir hunn de Ball fräiwëlleg un d'EU weidergereecht a mir erliewe grad, dass dëst eng gutt Decisioun war. Dofir sollte mer eis Punkten innerhalb vun der EU promouvéieren an d'Verhandlunge verfollegen, mä mir sollen an dierfen net probéieren, eis vun de gemeinsame Positiounen ze entfernen, well dobäi géife mer am Endeffekt nëmme verléieren.

Zum Ofschloss wëll ech nach eng Kéier als President vun der aussen- an europapolitescher Kommissioun de concernéierte Regierungsmembere Merci soe fir hir Bereetschaft, ëmmer an d'Kommissiounen ze kommen, fir eis ze informéieren, besonnesch dem Ausseminister Jean Asselborn, deen, wéi gesot, an de CAG geet, dee Conseil, dee sech zu Bréissel mam Brexit beschäftegt.

Dofir soen ech Iech alleguerte Merci, och fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Angel. An den nächste Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Ech wéilt och direkt ugangs dem Fraktiounskolleeg, dem André Bauler, Merci soe fir seng gutt Initiativ. Hien huet och hei op dëser Plaz ausféierlech, ganz ausféierlech, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, dee ganze Volet vun der Place financière behandelt. Ech wäert also elo an der Suite net méi speziell dorobber agoen, vläicht eng oder zwou Remarquen derzou maachen.

Ech wéilt awer och op där anerer Säit dem Laurent Mosar Merci soen, datt mer hei d'Geleeënheet kréien, fir och kuerz iwwert d'Feuille de route - mir nennen dat elo ëmmer op Franséisch, fréier hu mer esou Saache „Roadmap" genannt, mä ech huelen un, datt mer et elo aus eisem Bléckwénkel kucken -, also iwwert d'Feuille de route zum Brexit ze diskutéieren. Ech wäert awer och nëmme kuerz op dee Volet agoen.

Ech mengen, wann een déi sougenannte Feuille de route kuckt, da kann een natierlech och zwee Aspekter kucken: Op där enger Säit natierlech och Lëtzebuerg a senge bilaterale Relatiounen, an dann natierlech deen anere Volet, d'EU, wou natierlech Lëtzebuerg Member ass an enger Schicksalsgemeinschaft.

Wat ech domadder wëll soen ass, datt een also och net soll vergiessen, datt mer awer weider bilateral Relatiounen, Gespréicher wäerten hu mat Groussbritannien. Groussbritannien war ëmmer e wichtege Partner, och fir Lëtzebuerg. Och - wéi soll ech soen? - wa mer dat net ëmmer aus dem Bléckwénkel als Member vun der Europäescher Unioun gesinn hunn. Dat heescht also och, datt mer an Zukunft natierlech weider wäerten als Lëtzebuerg déi Relatioune fleegen an heegen, an ech mengen, mir hate virun e puer Wochen zum Beispill e Statssekretär aus Groussbritannien hei, wou verschidde Gespréicher gefouert gi sinn.

Et ass an enger Zeitung schonn duergestallt ginn, wéi wann dat geheim Verhandlunge wieren, wéi wann do géifen EU-Verhandlungen torpedéiert ginn. Dat ass guer net de Fall, dat ass e ganz normale Prozess. An dat wäert och an Zukunft esou sinn, datt Lëtzebuerg och mat England op deenen engen oder anere Felder wäert bilateral Relatiounen hunn. Dat heescht guer net, datt een domadder déi Efforten an déi gemeinsam Approche, déi mer zesumme mat eise Memberen aus den EU-Länner hunn, doduerch a Fro stellt.

Ech mengen, Här President, dat hunn och scho meng Virriedner gesot: Mir hätten et jo léiwer gesinn, wann d'Britte bei eis bliwwe wieren, an et ass eben net esou. Dat bedeit awer elo och, an dat hat och scho mäi Kolleeg, den André Bauler, gesot, de Brexit ass, wann een also elo dee Volet Lëtzebuerg/Groussbritannien kuckt, och eng gewëss Chance fir Lëtzebuerg, ebe mat all deenen Opportunitéiten, déi sech do kënnen opmaachen um Niveau vun der Finanzplaz.

Ech ginn net méi dorobber an, wëll awer einfach eng Kéier kuerz soen, oder mech widderhuelen mat deem, wat ech virun engem Joer hei gesot hat: Datt eigentlech de Brexit keng Braderie war an ass, wou deen, deen am haartsten do seng Wuer wëllt upreisen, am haartste jäizt, datt deen herno déi beschte Geschäfter mécht. Datt do Lëtzebuerg, sou wéi ech dat, oder wéi mir dat och virun engem Joer proposéiert haten, e kille Kapp behalen huet. Datt an deem leschte Joer all d'Regierungsmemberen, besonnesch de Finanzminister, net haart op d'Tromm geschloen hunn, mä op hir Aart a Weis awer konsequent an onermiddlech d'Virdeeler vun eisem Site dobaussen duergeluecht hunn: Transparenz, Kompetenz, Know-how, kuerz Weeër an esou weider.

An et stellt sech och eraus, datt déi positiv Punkten, déi mer do kënne verbuchen, jo och op där anerer Säit ukommen. Ënner anerem och am Assurancësecteur stellt sech eraus, datt de Site Lëtzebuerg do ganz gutt Kaarten huet. An et ass jo och schonn eng Gesellschaft - mindestens eng Gesellschaft, wann ech dat richteg an de Medie verfollegt hunn -, déi schonn decidéiert huet, op Lëtzebuerg ze kommen. Dat einfach fir ze soen, datt an deem Volet, an där Feuille de route, wat Lëtzebuerg par rapport zu deenen Aspekter ubelaangt, mir eis do gutt preparéiert hunn, datt mer also do gutt preparéiert sinn op deen Zeenario respektiv op dat, wat do op eis zoukënnt.

Ech kommen dann op den europäesche Volet vun de Verhandlungen. Wat ass bis elo passéiert? Dat ass och elo näischt ganz Neies. Den Artikel 50 ass also declenchéiert ginn am Mäerz. Déi rout Linne sinn ausgeschafft ginn. An et ass och gutt, datt do - an dat ass awer bis elo wéinstens de Fall, an et ass ze hoffen, datt dat och esou weidergeet an deenen nächste Wochen a Méint - awer e groussen Zesummenhalt ass an der europäescher Gemeinschaft. Dat heescht, et si rout Linnen ausgeschafft ginn, déi och um Niveau vum Europaparlament guttgeheescht gi sinn an deenen natierlech och Lëtzebuerg zougestëmmt huet. Mir kënnen also ganz gutt mat deenen net nëmme liewen, mä mir stinn och hannert deene roude Linnen.

Bon, Enn Abrëll huet de Conseil jo och eestëmmeg déi grouss Prinzipie vun de Verhandlungen ugeholl, einfach fir ze soen: Europa ass also prett an Europa steet zesummen. An ech mengen, eleng dat schonn - wa mer awer wëssen, wéi mer heiansdo Schwieregkeeten an der Vergaangenheet haten op wichtegen Dossieren -, ech mengen, eleng dat hätte jo verschidde Leit virun e puer Méint net fir méiglech gehalen. Mä mir hunn et awer hei fäerdegbruecht, datt Europa et fäerdegbréngt, emol eng Kéier aus engem Mond ze schwätzen. Dat ass wierklech eng ganz positiv Saach. An och als Lëtzebuerg si mer jo dann en Deel vun deem enge Mond, a mir hu jo och als Linn, datt mer do solidaresch matverhandelen an all déi Efforten, déi mer do als europäesch Communautéit maachen, ënnerstëtzen.

De Kalenner an d'Prioritéite sinn elo festgeluecht. Wéi eng Dossiere gi wichteg? Wéi eng Dossiere gi komplizéiert? Ech wäert hei sécherlech kee ganze Relevé maachen. Bei verschiddenen Dossiere weess ee vläicht haut och nach net, wéi déi sech entwéckelen, wat do eventuell vu Schwieregkeete kann op eis zoukommen. Mä bon, déi grouss Linne stinn, zum Beispill bei de Finanzen, de Cadre financier pluriannuel 2014 bis 2020.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Iwwerall do, wou Groussbritannien am Moment drun deelhuele muss, bleiwe si och bis 2020 dran. An eréischt duerno kënne si sech eraussichen, a wéi enge Programmer si wëlle weider bleiwen, zum Beispill an der Recherche, am Programm Horizon 2020 oder am beléiften Erasmus-Programm. Ech mengen, dat si sécherlech Dossieren, wou een och kaum Schwieregkeete wäert fannen, well dat jo och zum Deel Programmer sinn, Horizon 2020 respektiv Erasmus, wou jo och aner Net-EU-Länner matmaachen. Herno spillt eigentlech jo dann déiselwecht Logik. Och wa Groussbritannien net méi Member ass, hu se awer dann - wéi soll ech soen?- déiselwecht Rechter wéi aner Net-EU-Länner an deene Programmer.

Aner grouss Linnen, déi de Moment schéngen ze stoen, dat sinn d'Grenzen. De „Good Friday Agreement", dee gëtt net op d'Spill gesat. Och d'Aarbechtsmethod ass festgeluecht ginn. All Mount sinn dann déi Verhandlungsronnen, déi stattfannen, vu jee enger Woch. Wat hei virun allem ervirzesträichen ass, ass, datt dat jo wierklech och ass, fir Transparenz ze schafen. An dat ass jo dat, wat heiansdo de Bierger an der EU Schwieregkeete mécht, firwat heiansdo d'Bierger Problemer mat der EU, mat Bréissel hunn, wéi se ëmmer esou schéi soen, dat ass, well se net derduerchgesinn, well se mengen, datt se Saache virenthale kréien. Duerfir, fannen ech, ass net nëmmen deen Usaz, mä d'Method ganz besonnesch wichteg, ech wëll dat hei ervirsträichen, also, et gëtt a voller Transparenz geschafft. D'Papere ginn ëmmer online gesat.

D'Britten, déi wollte vun Ufank un déi zukünfteg Relatiounen diskutéieren, ënner anerem, wat d'Handelsrelatioune betrëfft. Si hunn awer elo de Rhythmus vun den Europäer missten akzeptéieren, also, fir d'Éischt hire Réckzuch ze verhandelen, an eréischt an enger zweeter Phas déi zukünfteg Relatiounen.

De Rhythmus, dee steet. Wat derbäi erauskënnt, dat weess nach keen. Wäerte se am Espace économique européen sinn? An der Union douanière? Ech mengen, haut ass et schwiereg, fir do scho genau Resultater kënnen och nëmmen unzedenken. En cours de route wäerten do warscheinlech awer nach déi eng oder aner Fragezeichen an Ongewëssheeten optauchen.

Wéi de Michel Barnier gesot huet: „De Brexit, dat bedeit 44 Joer europäesch Relatiounen, déi réckgängeg gemaach ginn." E laangt Bestietnis, wat dann elo opgeléist gëtt. Et sinn d'Britten, déi d'EU verloossen, an net ëmgedréit. Dat heescht also, Groussbritannien gëtt als Drëttland vu senge Flichte vis-à-vis vun der Unioun entbonnen. Mä, dat heescht dann awer och op där anerer Säit, datt dann an Zukunft Groussbritannien net méi déiselwecht Rechter däerf hu wéi e Memberland. An et däerf, dat ass och scho virdru gesot ginn, dat ass jo och scho vum Premier an der Kommissioun eigentlech iwwerall ënnerstrach ginn, et däerf och keen „cherry picking", op Englesch, mä dann, well ech elo aus eiser Siicht hei kucken, keng „Korinthepickerei", fir d'Britte ginn. Déi véier Libertés fondamentales - Libre circulation des personnes, des biens, des services et des capitaux -, ech mengen, déi sinn ontrennbar, an et ka keen Accès op de Bannemaart ginn, dee just op e puer Secteure limitéiert ass. Et ass e Package, entweder alles oder näischt. D'Britte kënne sech also an deem Sënn net einfach zerwéieren, wéi et hinnen am beschte gefält.

Bon, eppes, wat awer och wichteg ass, an ech sinn och elo net deen Éischten haut de Mëtten, deen dat hei op der Chamberstribün ënnersträicht, dat sinn och d'Verhandlungen ëm d'Schicksal vun deenen dräi Milliounen Europäer, déi an Groussbritannien liewen oder schaffen a sech suergen, zum Beispill iwwer hiert Wunnrecht, hir Pensioun, hir Sécurité sociale. Do muss wierklech eng Solutioun am Interessi vun de Leit fonnt ginn. Ech mengen, dat ass wierklech eppes, wou mer mussen en A drop halen, dat ass ganz wichteg.

An deem Ganzen, ech mengen, mir kënnen haut de Mëtteg ganz vill Saachen uschwätzen, mä an deem Ganzen ass et esou wéi och virun engem Joer, wou mer nach net woussten, ob de Brexit kënnt, wou mer net woussten, wat all Dag eventuell Neies op een zoukënnt. Ech mengen, och elo bleift iwwert deem Ganzen eng gewëss Ongewëssheet an de Verhandlungen, virun allem och duerch d'Fragilitéit vun dem Theresa May an hirer Regierung respektiv der innepolitescher Situatioun a Groussbritannien.

Dir wësst et, am Moment hunn d'Tories décke Buttek an hire Reien. Mä ech mengen, et bréngt hinnen och elo näischt, wou se jo dann déi absolutt Majoritéit am House of Commons verluer hunn, erëm eng Kéier wielen ze goen. Et kann een och net esou oft wiele goen, bis datt dat Resultat steet, dat ee gären hätt.

Et gesäit een einfach: De Brexit ass eigentlech - dat ass eppes, wat ee fir d'Geschichtsbicher kann zréckbehalen -, de Brexit ass e Produkt vun interne politesche Reiwereien an England, tëscht an innerhalb vun de Parteien. An et wier eigentlech elo einfach ze hoffen, datt déi englesch Regierung, egal, wien dat dann och ass, datt se eng Kéier awer do vun - wéi soll ech soen?- där Aart a Weis fortkommen, an datt se wierklech kucken, am Interessi vun hire Bierger

ze handelen - ech maachen also och e bëssen den Affekot vun deene Verhandler -, an datt se also net erëm do ufänken, politesch Spillereien an hiren eegene Parteien ze maachen, well dat am Endeffekt natierlech och eng Inzidenz wäert hunn op d'Verhandlunge mat Europa. Dat mécht also d'Verhandlunge sécherlech net méi einfach.

Déi éischt Phas ass also elo de Réckzuch vu Groussbritannien, dee verhandelt gëtt. Ech wëll awer dann och drun erënneren, datt et eng zweet Phas wäert ginn. An dat ass dann iwwert den Accord, wéi déi zukünfteg Relatioune wäerte sinn. An déi Verhandlunge wäerten och net einfach ginn.

Ech mengen, elo gesäit et dann derno aus, datt et en Accord mixte wäert ginn. Dat heescht, en Accord, iwwert deen dann och déi national Parlamenter ofstëmme wäerten. An dat ass eng gutt Saach, well, ech mengen, virdrun hat och de Laurent Mosar déi Fro opgeworf. Et schéngt jo och eng Motioun ze sinn... Ech hu se elo nach net gekuckt, mä ech wäert dat awer och da maachen. Mä ech mengen, dat ass kloer: Eleng schonn doduerjer, datt et en Accord mixte ass, gi mer als national Parlamenter mat agebonnen. Als Parlamentarier fanne mer dat natierlech all eng gutt Saach. Dat ass gutt.

Wat natierlech och wichteg ass, dat ass, datt mer regelméisseg informéiert ginn. Ech mengen, dat ass awer och implizitt. Wa mer herno mussen iwwer eppes ofstëmmen, eis Meenung hei gefrot gëtt, da kann ech mer jo och nëmme virstellen, datt een doduerjer am Virfeld wäert informéiert ginn, datt mer sécherlech dann och herno dee ganze Package hei an allen Detailer wäerte presentéiert kréien.

Ech mengen, dat ass vläicht dann ofschléissend awer och nach déi gutt oder déi positiv Konklusioun: Wéi mer dann hei schaffen, éischtens, datt mer an Europa zesummen emol endlech eng Kéier aus engem Mond schwätzen, an och, wéi mer dat maachen, datt dat positiv ass fir d'Demokratie innerhalb vun Europa, awer och positiv fir eis national Demokratie, well mer do mat agebonne ginn. An ech mengen, dat ass awer ënnert dem Stréch eppes, wat een och kéint positiv ervirhiewen.

Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Eugène Berger. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Här Mosar hat am Januar vun dësem Joer no der Feuille de route gefrot, no där Groussbritannien aus der EU géif erausfueren. Nun, et kann ee jo soen, datt zwar nach ëmmer ganz villes onkloer ass, mä d'Feuille de route, déi ass jo mëttlerweil awer bekannt an déi steet.

De Michel Barnier, dee fir d'EU verhandelt, an de Brexit-Minister David Davis hunn de Kalenner viru 14 Deeg festgehalen. D'Terminer an d'Prioritéite fir d'Verhandlunge stinn. D'Feuille de route vun der Sortie steet, mä natierlech ass den Debat iwwert dës Feuille de route net iwwerflësseg an och net superfetatoire, wéi dat an eisem Parlamentsjargon heiansdo genannt gëtt.

Den Här Bauler hat scho virun engem Joer gefrot, wéi eng Auswierkungen de Brexit kéint op de Finanzsecteur an op d'Fongenindustrie hunn, ob et eventuell eng Delokalisatioun vun deem engen oder anere Firmesëtz géif ginn a wéi Lëtzebuerg sech kéint strategesch gutt positionéieren als Finanzplaz an enger EU ouni Groussbritannien.

Déi Froe si selbstverständlech och pertinent a beschäftegen d'Politik an déi concernéiert Kreesser och scho méi laang, och scho virum 23. Juni 2016, dem Dag vum Referendum. An esou ass et normal, datt et zu engem regelméissegen Austausch ënner Politiker an och ënner Institutioune kënnt.

An esou waren och schonn zum Beispill eise Vizepremier an eise Finanzminister de 25. a 27. Juli 2016, also e gudde Mount nom Brexit-Referendum, op enger Aarbechtsvisitt zu London a Bristol. An dofir war et mer genausou onverständlech wéi dem Här Berger, deen dat och opgeworf huet, datt ee Journalist aus dem „Wort" gemengt hat, een Artikel mussen ze publizéieren ënnert dem Titel: „Geheimtreffen mit politischer Sprengkraft", well eng Rei Leit am Abrëll 2017 de stellvertriedende Brexit-Minister David Davis getraff haten.

Well dee Gedankenaustausch muss ëmmer méiglech bleiwen, a selbstverständlech, an, ech mengen, do si mer eis och alleguerten eens gewiescht, däerf et keng getrennt Verhandlungen tëschent Groussbritannien an iergendengem anere Land, och net Lëtzebuerg, ginn, bis de Brexit iwwert d'Bün ass.

Madamm Presidentin, och wa schonn e bësse méi Liicht an de Finanzdschungel komm ass, schéngt et eis awer nach ëmmer net méiglech ze sinn, haut ze definéieren, wou d'Gewënner a wou d'Verléierer an deem Dossier hei wäerte sinn. Kloer schéngt ze sinn, datt de sougenannten EU-Pass, also déi „Passporting rights", fir d'Bankfilialen zu London eriwwer ass - ech hunn den Här Mosar héieren, an ech deelen do absolutt seng Vue -, soss kënne mer net zesummeschaffen, wa Regele fir déi eng gëllen a fir déi aner net.

Net kloer ass an eisen Aen och, wéi déi brittesch Banke mat deenen oft als lästeg empfonnten EU-Regularie wäerten ëmgoen. An och wann de Vertrieder vun der ADR, iwwregens deen eenzege Vertrieder hei an der Chamber, deen de Britte fir den Ausgang vum Referendum felicitéiert hat, ënner anerem gesot hat: „Si hunn d'Kontroll iwwer hir Legislatioun zréckkritt", mengen ech, datt dat awer net esou einfach wäert sinn an och net esou einfach däerf sinn.

Leit, déi sech an enger finanziell oder sozial prekärer Situatioun befannen, kënnen an engem Office social Hëllef froen. Wat d'Zoustännegkeete vum Office social ugeet, heescht et op guichet.lu: „Das Sozialamt ist mit folgenden Aufgaben betraut: (...) eine finanzielle oder matérielle Beihilfe in Form eines Vorschusses oder einer Zusatzzahlung veranlassen, wenn die gemäß der luxemburgischen oder ausländischen Gesetzgebung bezogenen Leistungen die anlässlich der Untersuchung des sozialen Umfeldes und der verfügbaren Daten festgestellten und zurückbehaltenen Bedürfnisse nicht fristgerecht oder nicht ausreichend abdecken."

An deem Kontext wéilt ech dem Här Sozialminister folgend Froe stellen:

1. Huet eng Persoun, déi den RMG bezitt, en Urecht drop, vun de Sozialbüroen an de Gemengen finanziell ënnerstëtzt ze gi respektiv Sue virgestreckt ze kréien, wa si wichteg Rechnungen - Stroumrechnung, Waasserrechnung - net méi bezuele kann oder schonn eventuell net méi bezuelt huet, och wann dat eng gréisser Zomm ass?

2. Sinn d'Gemenge verflicht, am uewe genannte Fall Hëllef ze leeschten oder gëtt et do e Spillraum?

Réponse (09.08.2017) de **Mme Corinne Cahen,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration:*

ad 1. Den Artikel 4 vum Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert d'Sozialhëllef (loi du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale) seet, dass all Persoun, déi um Territoire vu Lëtzebuerg ass, eng Sozialhëllef ka kréien. Dozou gehéieren natierlech och all déi Persounen, déi den RMG kréien.

Dës Hëllef ka verschidde Formen unhuelen:

- Den Office social bezilt d'Rechnung ganz, ouni e Remboursement ze froen.

- Den Office social bezilt d'Rechnung a freet d'Sue bei der Persoun zréck. De Remboursement kann iwwer länger Zäit lafen.

- Den Office social gëtt aner Hëllefen ewéi z. B. den Accès zu der Épicerie sociale; domat erlaabt en de Leit Suen zur Verfügung ze hunn, fir d'Rechnungen ze bezuelen.

Den Artikel 28 vum Gesetz vum 18. Dezember 2009 seet, dass d'Leit musse kënnen e liewensnoutwendege Minimum u Waasser, Stroum an Energie hunn. Hei geet et ëm den normalen Haushaltsbudget an et ass keng Limitt vun der Zomm virgesinn.

Et muss een awer dëst Recht och am Zesummenhang mam Artikel 7 vum Gesetz gesinn, dee seet, dass d'Leit mussen aktiv matschaffen («[...] En contrepartie de l'aide sociale accordée, l'office social est en droit de demander une participation active de la part des bénéficiaires aux mesures destinées à rétablir leur autonomie.»). Dëst heescht, dass eng Persoun, déi refuséiert hir Situatioun ze verbesseren a keng Rotschléi a Mesuren unhëlt, och e Refus ka kréien.

An dësem Kontext sief och gesot, dass de Projet de loi n°7113 iwwert de Revenu d'inclusion sociale (REVIS) a sengem Artikel 35 d'Méiglechkeet fir den Office social virgesäit, fir den Deel „frais communs" vum REVIS vun enger Persoun kënnen direkt vum FNS ze kréien, fir dëser Persoun hir Energie- a Wunnkäschten ze bezuelen.

ad 2. D'Gemenge bezuele 50% un de Fraisë vum Office social.

Decisiounen, ob eng Persoun Sozialhëllef kritt oder net, gi vum Conseil d'administration vum Office social geholl. Den Office social ass verflicht, all seng Decisiounen ze motivéieren. Den Office social huet eng ganz Rei vun Hëllefen, déi op déi individuell Situatioun vun der Persoun ugepasst ginn.

N°16
2016-2017

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

COMPTE RENDU DES SÉANCES PUBLIQUES N°16 - SESSION ORDINAIRE 2016-2017

«Lycéesreform»	p. 603	Sommaire des séances publiques nos44 à 46	p. 631	44e séance	Mercredi 5 juillet 2017
Cours «vie et société»	p. 621	Sommaire des questions parlementaires	p. Q270	45e séance	Jeudi 6 juillet 2017
Reprise des enseignants de religion	p. 627			46e séance	Mardi 11 juillet 2017

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

Kommemoratioun vum 75. Joresdag vum Generalstreik vun 1942

© Wëltzer Gemeng

Un der Gedenkzeremonie beim Monument national de la grève zu Woltz hunn ënner anerem de Grand-Duc Henri, de Chamberspresident Mars Di Bartolomeo, de Premierminister Xavier Bettel an de Wëltzer Buergermeeschter Frank Arndt deelgeholl.

De Chamberspresident Mars Di Bartolomeo bei senger Usprooch

„D'Erënnerung ass immens wichteg! Mir sinn all deene Mënsche schëlleg, déi hiert Liewe fir eis Fräiheet geaffert hunn, datt mir deenen Evenementer net nëmmen eng Plaz an de Geschichtsbicher ginn, mä och an eisen Häerzer, an eise Käpp." Dëst si Wierder aus dem Chamberspresident Mars Di Bartolomeo senger Usprooch zu Woltz bei Geleeënheet vun der Kommemoratioun vum 75. Joresdag vum Generalstreik, den 31. August 1942.

D'Ukënnegung duerch d'Nazien, fir jonk Lëtzebuerger ze zwangsrekrutéieren, hat 1942 zu deem Streik gefouert. D'Evenementer vun 1942 a vun de Krichsjoren insgesamt sinn en Deel vun eiser Mémoire collective, sot nach de Chamberspresident.

„Mir mussen eis Grondwäerter wéi Demokratie a Fräiheet an d'Mënscherechter mat aller Kraaft verteidegen a géint all Form vun Ënnerdréckung, Rassismus, Antisemitismus, Haassverbriechen, Friemenhaass an Terror kämpfen, hei bei eis an dobaussen", huet hie geschlussfolgert.

Une délégation parlementaire d'Ukraine accueillie à la Chambre

Excuses et remerciements à l'adresse du Luxembourg

La délégation parlementaire luxembourgeoise

Les représentants du Parlement ukrainien

À l'occasion de son passage à la Chambre des Députés le 18 septembre 2017, le groupe d'amitié Ukraine-Luxembourg du Parlement ukrainien («Verkhovna Rada») a présenté ses excuses pour un «malentendu» qui avait fait en sorte que le Luxembourg figurait toujours en Ukraine sur une liste noire de places financières «offshore», alors qu'il avait depuis longtemps disparu de ce genre de relevés établis par des organisations internationales comme l'OCDE. Ce n'est que suite à une visite du Ministre des Affaires étrangères luxembourgeois, M. Jean Asselborn, en mars de cette année à Kiev que le Grand-Duché avait été rayé de cette liste. «Dorénavant rien ne pourra plus nous freiner pour renforcer notre coopération», a dit M. Vitalii Korchyk, Président du groupe d'amitié. Les parlementaires ukrainiens ont ensuite remercié les autorités luxembourgeoises pour leur soutien.

Ils ont souligné les ambitions européennes de leur pays, sachant qu'il leur reste «beaucoup de travail pour éradiquer ce fléau» qu'est la corruption. La mise en œuvre de la grande réforme judiciaire serait un pas dans la bonne direction. Finalement, la délégation ukrainienne a remis au Président de la Chambre toute une documentation sur une grande famine qui a frappé l'Ukraine dans les années 1932 et 1933, qui a fait plusieurs millions de victimes et qui est entrée dans l'histoire sous le nom de «Holodomor».

La République des Fidji présidera la COP23

Pour la première fois un pays insulaire, en l'occurrence la République des Fidji, présidera la COP23 qui, pour des raisons logistiques, aura lieu à Bonn et non en plein milieu du Pacifique fin 2017.

«Nos priorités seront de maintenir la cohésion au sein de la COP et de défendre une politique inclusive», a expliqué l'Ambassadeur des Fidji, S.E. M. Deo Saran, lors de son entrevue avec M. Marc Angel, Président de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration.

Il a également exprimé le souhait de renforcer les liens bilatéraux entre le Grand-Duché et les Fidji. Cet ensemble d'îles situé dans l'océan Pacifique sud offre au Grand-Duché une porte d'entrée vers des opportunités de coopération dans la région.

En effet, le changement climatique a affecté avant tout les zones côtières des Îles Fidji dont de nombreux villages ont dû être relocalisés. Le récif corallien est également atteint, ce qui risque d'avoir des répercussions négatives non seulement sur le milieu océanique mais aussi sur le tourisme.

S.E. M. Deo Saran reçu par M. Marc Angel.

Eng gëlle Luucht fir kriibskrank Kanner

D'Chamber ennerstëtzt d'Campagne „Lëtz Go Gold", déi fir d'Situatioun vu kriibskranke Kanner sensibiliséiert. Wärend zwou Wochen ass d'Fassad vun der Chamber dofir owes gëlle beliicht.

Le Président de la Chambre des Députés a reçu…

…S.E. M. Louis-Alkiviadis Abatis, Ambassadeur de la République hellénique

…S.E. M. Urs Hammer, Ambassadeur de la Confédération suisse (visite d'adieu)

…le Général Romain Mancinelli, Chef d'état-major de l'Armée (visite d'adieu)

Cours «vie et société»

7010 - Projet de loi portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement fondamental et modifiant

1. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

3. la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire

Après l'introduction du cours «vie et société» dans l'enseignement secondaire et secondaire technique pour la rentrée scolaire 2016-2017, le projet de loi sous rubrique a comme objet d'introduire ce cours commun également dans l'enseignement fondamental. Le cours «vie et société» remplacera dès lors les cours qui sont actuellement y enseignés, notamment le cours d'instruction religieuse et morale ainsi que le cours d'éducation morale et sociale.

La création d'un cours commun, dénommé «vie et société», reflète l'obligation de neutralité de l'école publique par rapport aux questions concernant la conception du monde et le fait religieux. L'introduction d'un tel cours devient d'autant plus importante dans une société qui est marquée depuis maintes années par une diversité croissante de sa population scolaire, et, par conséquent, par une diversité des convictions confessionnelles et philosophiques.

Le nouveau cours commun en tient compte et offre à tous les élèves un apprentissage consacré aux différentes visions du monde et aux différents courants religieux, et ceci indépendamment de leurs convictions personnelles. L'objectif de l'introduction de ce cours est de présenter d'une manière objective les grands courants philosophiques et religieux et d'éduquer les élèves aux valeurs qui fondent le «vivre ensemble» de la société, tout en formant un rempart important contre l'intolérance, les préjugés et le racisme.

En vue de l'introduction du cours commun pour la rentrée scolaire 2017-2018, il y a lieu de procéder à un certain nombre d'adaptations au niveau des dispositions légales relatives à l'enseignement fondamental.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 05.07.2016

Rapporteur: M. Lex Delles

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

(Président: M. Lex Delles):

03.05.2017 Présentation du projet de loi
Désignation d'un rapporteur
Examen de l'avis du Conseil d'État
Adoption d'une série d'amendements parlementaires
28.06.2017 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
07.07.2017 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 11.07.2017
Loi du 2 août 2017
Mémorial A: 2017, n°695, page 1

Éducation plurilingue

7064 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;

2. de la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements des données à caractère personnel concernant les élèves

Le projet de loi introduit un programme d'éducation plurilingue dans les services d'éducation et d'accueil. Ce programme vise à profiter de la petite enfance en tant qu'âge particulièrement propice à l'apprentissage des langues, pour préparer les enfants au contexte multilingue de l'école et de la société du Luxembourg en général. La mise en place d'un tel dispositif a comme ambition de soutenir l'intégration des enfants au niveau de la communauté locale, de renforcer la cohésion sociale et d'offrir aux enfants dès le plus jeune âge les meilleures chances de départ et de réussite, indépendamment de leur milieu d'origine ou de leur situation socio-économique.

Le programme d'éducation plurilingue repose sur quatre piliers, à savoir:

- l'initiation aux langues luxembourgeoise et française: la familiarisation avec le luxembourgeois représente pour les enfants dont la langue d'origine est une autre un surplus de temps pour acquérir des bases solides sur lesquelles l'apprentissage de l'allemand pourra se fonder ultérieurement à l'entrée du cycle 2. La mise en contact avec le français permettra un accès plus naturel et décontracté à cette langue, avant même que des barrières linguistiques puissent se développer. En parallèle, une attention particulière est accordée au soutien et à la valorisation des langues d'origine des enfants;

- un partenariat avec les parents qui sont appelés à participer plus activement à la vie des structures d'éducation et d'accueil et qui sont impliqués plus systématiquement dans les questions relatives à la mise en œuvre du concept pédagogique de la structure d'éducation et d'accueil;

- une mise en réseau et la collaboration avec les services scolaires luxembourgeois: chaque structure d'éducation et d'accueil devra prendre des initiatives de coopération et de mise en réseau avec l'école fondamentale et les organismes nationaux d'aide et d'assistance;

- un encadrement gratuit de 20 heures hebdomadaires, pendant 46 semaines par an. Sont visés les services d'éducation et d'accueil du secteur public ou privé dûment agréés et reconnus comme prestataires de chèque-service accueil.

Parallèlement à la mise en place du programme d'éducation plurilingue, le dispositif du chèque-service accueil est revu. Des modifications au niveau de la tarification s'imposent non seulement pour soutenir davantage les familles qui en ont le plus besoin, mais aussi pour mieux l'adapter aux réalités des différentes situations familiales.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 21.09.2016
Rapporteur: M. Gilles Baum

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
(Président: M. Lex Delles):
27.07.2016 Présentation du projet de loi
31.05.2017 Désignation d'un rapporteur
Examen de l'avis du Conseil d'État
Adoption d'une série d'amendements parlementaires
05.07.2017 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
07.07.2017 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 11.07.2017
Loi du 29 août 2017
Mémorial A: 2017, n°791, page 1

Réforme de l'enseignement secondaire

7074 - Projet de loi portant sur l'enseignement secondaire et modifiant

1. la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

2. la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

3. la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement (Titre VI: de l'enseignement secondaire);

4. la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée;

5. la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement post-primaire;

6. la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;

7. la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote;

8. la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

9. la loi du 16 mars 2007 portant 1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue - 2. création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation;

10. la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle;

11. la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire;

12. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

13. la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance;

14. la loi modifiée du 29 juin 2010 portant création d'une réserve nationale de chargés d'enseignement pour les lycées et les lycées techniques;

15. la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers;

16. la loi du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale;

17. la loi du 24 août 2016 portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement secondaire et secondaire technique;

18. la loi du xxx ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation

Le projet de loi sous rubrique se fonde sur le projet de loi 6573 portant sur l'enseignement secondaire, déposé le 14 mai 2013 par Mme la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle en fonction à l'époque. Ainsi, un certain nombre de dispositions dudit projet de loi 6573 ont été intégrées dans le texte sous rubrique. Il s'agit, en l'espèce, des éléments suivants:

- la nouvelle dénomination des ordres d'enseignement (enseignement secondaire classique et enseignement secondaire général), la numérotation (7e à 1re) et la dénomination des classes, les programmes d'études aux classes inférieures et supérieures, le conseil de classe restreint dans les classes inférieures, les sections dans les classes supérieures, la certification en classe de 1re, les classes d'initiation professionnelle;

- les équivalences des diplômes;

- la création de classes à objectifs spéciaux ou classes spécialisées;

- les objectifs et des mesures pour l'élève en difficulté;

- la commission d'inclusion scolaire à l'enseignement secondaire et le plan de formation individualisé pour l'élève en difficulté;

- les activités périscolaires dans les lycées, les règles de conduite et des mesures disciplinaires;

- les structures de représentation;

- le service socio-éducatif dans les lycées;

- l'organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue.

Le projet de loi sous rubrique vise notamment à accorder aux lycées une plus grande marge de manœuvre au niveau de la pédagogie, du personnel et des finances leur permettant d'apporter des réponses adaptées aux besoins de leurs populations scolaires respectives.

Alors que le Ministère fixe le cadre et les objectifs et fournit les ressources qui permettent aux lycées de se développer, il revient aux lycées de choisir les démarches qu'ils jugent les mieux adaptées pour atteindre les objectifs fixés en matière d'organisation de l'appui scolaire, de l'encadrement des enfants ou jeunes à besoins éducatifs spécifiques, de l'assistance psychologique et sociale, de l'orientation des élèves, de la coopération avec les parents d'élèves, de l'intégration des technologies de l'information et de communication et de l'offre périscolaire.

L'offre scolaire ainsi que les démarches dans les sept domaines susmentionnés sont documentées dans un plan de développement de l'établissement scolaire (ci-après «PDS»). Chaque lycée doit se doter d'un tel PDS qui fixe les objectifs à atteindre, les moyens à engager et les modalités d'évaluation. Il porte sur trois années scolaires et est élaboré par la cellule de développement scolaire en concertation avec le conseil d'éducation, pour enfin être soumis pour avis à la conférence du lycée. Cette approche ascendante et participative implique tous les acteurs intervenant dans le lycée, du directeur jusqu'au représentant du comité d'élèves.

Le projet de loi sous rubrique a par ailleurs comme objectif d'assouplir la rigidité actuelle du système scolaire. Dans l'enseignement secondaire classique, le système des sections A, B, C, D, E, F, G ne permet plus de répondre aux attentes d'une société du 21e siècle qui se caractérise par une population toujours plus hétérogène aux talents de plus en plus diversifiés. En offrant la possibilité de nouvelles combinaisons de disciplines, on permet aux lycées au niveau local d'adapter les sections en fonction des besoins et aspirations de leurs élèves, tout en contribuant à la diversification de l'offre scolaire au niveau national.

Dans l'enseignement secondaire général, les potentialités des élèves sont davantage stimulées. Grâce à l'organisation des cours de langues et de mathématiques en cours de base et en cours avancés, les élèves des classes inférieures ont la possibilité de suivre un parcours plus ciblé et adapté à leur profil individuel.

De plus, afin d'aider l'élève à faire des choix pertinents et le mieux adaptés à son projet professionnel, la démarche d'orientation de l'enseignement secondaire général est revue.

Le présent projet de loi accorde une importance particulière à l'appui et à l'encadrement des élèves. Le texte prévoit un ensemble de mesures d'appui et d'encadrement pour soutenir les élèves en difficulté. Avec l'élaboration d'un PDS portant sur l'appui et l'encadrement des élèves, l'école se dote d'une démarche propre et adaptée aux besoins de sa population scolaire.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016
Rapporteur: M. Claude Lamberty

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
(Président: M. Lex Delles):
10.05.2017 Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
17.05.2017 Désignation d'un rapporteur
Continuation des travaux
24.05.2017 Présentation et adoption d'un projet de lettre d'amendement
28.06.2017 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
29.06.2017 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 06.07.2017
Loi du 29 août 2017
Mémorial A: 2017, n°789, page 1

Reprise des enseignants de religion

7078 - Projet de loi portant organisation de la reprise des enseignants de religion et des chargés de cours de religion et portant modification de 1. la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental; 2. la loi modifiée du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Archevêché, d'autre part, concernant l'organisation de l'enseignement religieux dans l'enseignement primaire

Le projet de loi sous rubrique a pour objectif de régler les modalités de reprise par l'État du personnel des enseignants et des chargés de cours qui dispensent actuellement les cours d'instruction morale et religieuse dans des classes de l'enseignement fondamental.

À partir de la rentrée scolaire 2017-2018, les cours de l'instruction religieuse et de la formation morale et sociale de l'enseignement fondamental seront remplacés par le cours commun «vie et société». Afin de répondre à l'obligation de neutralité confessionnelle et philosophique de l'école publique, le nouveau cours «vie et société» ne peut être dispensé que par du personnel jouissant du statut du fonctionnaire ou d'employé de l'État.

Or, aux termes de la Convention du 31 octobre 1997 entre l'Archevêché et le Gouvernement, coulés dans la loi modifiée du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Archevêché, d'autre part, concernant l'organisation de l'enseignement religieux dans l'enseignement primaire, l'État s'est obligé à protéger les intérêts professionnels des enseignants et chargés de cours désignés par l'Archevêché au-delà de la cession de ses engagements pris notamment avec leur rémunération. L'État s'est donc engagé à créer une offre de reprise qui:

- garantit la rémunération et la carrière actuelle des enseignants et chargés de cours;

- crée des perspectives professionnelles grâce aux procédures de validation des acquis de l'expérience et grâce à une offre de formation continue;

- permet d'aboutir à un emploi dans le domaine de l'éducation nationale.

Conformément à cet engagement, l'introduction du nouveau cours commun «vie et société», consignée dans une convention entre l'État et l'Église catholique, s'accompagne d'une offre de reprise du personnel des enseignants de religion et des chargés de cours de religion qui interviennent actuellement dans des classes de l'enseignement fondamental. Ces derniers auront accès soit à la réserve de suppléants, créée par la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental, soit à la réserve des auxiliaires éducatifs nouvellement créée.

La réserve de suppléants est réservée aux agents qui sont au moins détenteurs d'un diplôme de fin d'études secondaires et qui peuvent se prévaloir d'une connaissance adéquate des trois langues administratives. L'agent doit également suivre une formation théorique de 120 heures, répartie sur sept modules différents, ainsi qu'une formation pratique portant sur 30 leçons d'enseignement au sein des quatre cycles de l'enseignement fondamental ou d'une classe du Centre ou institut de l'éducation différenciée ou du Centre de logopédie.

Les agents ne disposant pas du niveau de qualification minimal requis pour intervenir dans la réserve de suppléants peuvent accéder à la réserve des auxiliaires éducatifs, nouvellement créée. Cette réserve donne accès à des tâches non enseignantes, essentiellement dans les domaines de l'aide, de l'assistance et de la surveillance. Pour y accéder, l'agent devra suivre une formation théorique de 90 heures ainsi qu'un module de spécialisation de 40 heures. La formation pratique se fera sous forme d'un stage d'observation de 30 heures.

Il est évident que cette offre de reprise devra impérativement respecter les dispositions légales régissant l'accès à durée indéterminée aux emplois de la Fonction publique.

L'offre de reprise dure trois ans à compter de la date d'introduction du nouveau cours «vie et société».

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

Rapporteur: M. Lex Delles

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

(Président: M. Lex Delles):

24.05.2017	Présentation du projet de loi
	Examen de l'avis du Conseil d'État
	Adoption d'une série d'amendements parlementaires
05.07.2017	Désignation d'un rapporteur
	Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
07.07.2017	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 11.07.2017

Loi du 2 août 2017

Mémorial A: 2017, n°696, page 1

Convention sur le mercure

7089 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Minamata sur le mercure, adoptée à Genève le 19 janvier 2013

Le projet de loi a pour objet d'approuver la Convention de Minamata sur le mercure, adoptée à Genève le 19 janvier 2013. L'objectif de la Convention est de protéger la santé humaine et l'environnement contre les émissions anthropiques de mercure et de composés du mercure. La Convention aborde ainsi tous les aspects liés à l'utilisation du mercure et prévoit notamment des mesures destinées à:

- interdire les nouvelles mines de mercure et abandonner progressivement les mines existantes;

- réduire l'utilisation, les émissions et les rejets de mercure provenant de l'extraction minière artisanale et à petite échelle d'or et des grandes activités industrielles;

- abandonner progressivement et réduire l'utilisation de mercure dans un certain nombre de produits et de procédés contenant du mercure ajouté, en particulier son utilisation dans les amalgames dentaires;

- restreindre le commerce et interdire la fabrication, l'importation et l'exportation de mercure et d'une large gamme de produits contenant du mercure ajouté, comme les piles ou les ampoules;

- contrôler et réduire les émissions atmosphériques et les rejets dans le sol et l'eau;

- garantir un stockage plus sûr et une gestion appropriée des déchets de mercure.

Au niveau européen, le Conseil a adopté un nouveau règlement sur le mercure, qui assure l'alignement de la législation de l'UE sur les dispositions internationales figurant dans la convention de Minamata, le 25 avril 2017. La décision du Conseil relative à la conclusion de la Convention a été approuvée par le Parlement européen le 27 avril 2017. Cette décision a approuvé la Convention au nom de l'UE, ouvrant ainsi la voie à sa ratification définitive.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 08.11.2016

Rapporteur: M. Henri Kox

Travaux de la Commission de l'Environnement

(Président: M. Henri Kox):

05.07.2017	Désignation d'un rapporteur
	Examen de l'avis du Conseil d'État
	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 11.07.2017

Loi du 28 juillet 2017

Mémorial A: 2017, n°703, page 1

Émissions industrielles

7090 - Projet de loi 1. modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés, 2. modifiant la loi modifiée du 9 mai 2014 relative aux émissions industrielles

Le projet de loi a pour objet d'assurer une transposition correcte de la directive 2010/75/UE du 24 novembre 2010 relative aux émissions industrielles, par le biais de modifications ponctuelles à la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés et à la loi modifiée du 9 mai 2014 relative aux émissions industrielles.

La directive 2010/75/UE a été transposée en droit national par la loi modifiée du 9 mai 2014 relative aux établissements classés. Les services de la Commission européenne ont formulé une série d'interrogations quant à la transposition en droit national et la mise en œuvre de la directive précitée.

Les autorités luxembourgeoises ont notifié une prise de position à ce propos, dans laquelle des propositions d'adaptations législatives ont été soumises, avec l'indication qu'un projet de loi serait introduit dans la procédure à court terme. Le présent projet de loi contient les modifications en question.

Dépôt par Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 09.11.2016

Rapporteur: M. Henri Kox

Travaux de la Commission de l'Environnement

(Président: M. Henri Kox):

17.05.2017	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
	Examen de l'avis du Conseil d'État
	Adoption d'une série d'amendements parlementaires
05.07.2017	Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 11.07.2017

Loi du 2 août 2017

Mémorial A: 2017, n°713, page 1

Surcharge de véhicules

7117 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Le projet de loi porte modification de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques, ceci dans l'objectif de transposer en droit national la directive (UE) 2015/719 du 29 avril 2015 modifiant la directive 96/53/CE fixant, pour certains véhicules routiers circulant dans l'Union européenne, les dimensions maximales autorisées en trafic national et international et les poids maximaux autorisés en trafic international.

Ladite directive prévoit la mise en place de mesures appropriées en ce qui concerne les infractions liées à la surcharge. Le projet de loi prévoit les sanctions en cas d'infractions contre ces dispositions.

Étant donné que le Code de la route prévoit déjà des sanctions en matière de surcharge, le projet de loi n'entend qu'introduire de nouvelles sanctions pour le chargeur et le transporteur dans le cadre d'un transport d'un conteneur ou d'une caisse mobile.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 09.02.2017

Rapportrice: Mme Josée Lorsché

Travaux de la Commission du Développement durable

(Présidente: Mme Josée Lorsché):

01.06.2017	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
	Examen de l'avis du Conseil d'État
22.06.2017	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 05.07.2017

Loi du 2 août 2017

Mémorial A: 2017, n°755, page 1

Commissions des loyers cantonales

7127 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

Le projet de loi 7127 a comme objet de modifier l'article 7 de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil afin de procéder à une simplification de la procédure de nomination des membres des commissions des loyers cantonales.

Dépôt par M. Marc Hansen, Ministre du Logement, le 25.04.2017

Rapporteur: M. Max Hahn

Travaux de la Commission du Logement

(Président: M. Max Hahn):

05.07.2017	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du texte
	Examen de l'avis du Conseil d'État
	Examen des avis des chambres professionnelles
06.07.2017	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 11.07.2017

Loi du 2 août 2017

Mémorial A: 2017, n°734, page 1

SÉANCE 44

MERCREDI,
5 JUILLET 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Message de M. le Président
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. 6932 - Projet de loi portant modification 1. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux, 2. de la loi du 24 décembre 1985 réglementant le droit de grève dans les services du secteur communal, 3. de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et 4. de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique - second vote constitutionnel
- *Rapport complémentaire de la Commission des Affaires intérieures: M. Yves Cruchten*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Max Hahn, M. Claude Adam, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*
- *Second vote constitutionnel sur l'ensemble du projet de loi*

5. 7117 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques
- *Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Roger Negri, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 7109 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de l'Ombudsman (2016)
- *Rapport de la Commission des Pétitions: Mme Martine Hansen*
- *Débat: M. Marco Schank, Mme Cécile Hemmen, M. Gusty Graas, M. Roberto Traversini, M. David Wagner*
- *Prises de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Nicolas Schmit, M. Romain Schneider, M. François Bausch et M. Dan Kersch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.04 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleegen, wann der Iech Plaz géift huelen, da maachen ech d'Sitzung op - e gudde Mëtteg - a stellen d'Fro direkt un d'Regierung, ob se eng Matdeelung ze maachen huet.

(Négation)

Dat ass am Moment net de Fall.

2. Message de M. le Président

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn haut déi traureg Nouvelle kritt, dass ee vun eise fréiere Kolleegen, de Jeannot Belling, ee vun eisen Éierendeputéierten, eis leider verlooss huet. Eis Gedanke sinn an dësem Moment bei senger Famill. An ech wollt Iech proposéieren, dass mer muer an eiser ëffentlecher Sitzung op säi Liewen a Wierken zréckkommen. Wann Der wëllt, géife mer dann elo just eng Minutt vu Recueillement maachen.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen Iech Merci.

3. Ordre du jour

Da wollt ech d'Chamber froen, ob se dermat d'accord ass, esou wéi eisen Nohaltegkeetsminister am Accord mat der Conférence des Présidents dat gefrot huet, fir de Projet de loi 7117, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Stroosseverkéier, deen als leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut virgesi war, direkt nom Projet de loi 6932 ze huelen.

Ass d'Chamber do dermat d'accord?

(Assentiment)

Et ass eng weider Demande komm, mä do wollte mer nach eng Kéier zesummen driwwer schwätzen, fir muer d'Motioun direkt no der Froestonn ze huelen. Mä et ass ee vun de Kolleegen aus der Conférence des Présidents, deen elo am Moment net hei ass. Mir maachen dat dann herno a mir präziséieren dat am Laf vum Dag.

Voilà, dat gesot, géife mer dann direkt zu eisem normalen Ordre du jour kommen. De Projet de loi 6932 ass dat Gesetz, wat mer an zweeter Liesung mussen traitéieren, an et geet ëm de Statut vun de Gemengebeamten. An den Här Rapporteur, den Yves Cruchten, ass prett, fir e klengen Zousazrapport ze maachen.

4. 6932 - Projet de loi portant modification 1. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux, 2. de la loi du 24 décembre 1985 réglementant le droit de grève dans les services du secteur communal, 3. de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et 4. de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique - second vote constitutionnel

Rapport complémentaire de la Commission des Affaires intérieures

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir hutt elo scho bal alles gesot.

(Hilarité)

Et ass esou, dass mer, wéi Der wësst, den 23. Mäerz dëst Joer hei déi Reform am Gemengesecteur fir d'Gemengebeamte gestëmmt hunn, och eestëmmeg. An Dir wësst och, dass ech deemools, wéi ech de Rapport gemaach hat, gesot hat, dass de Statsrot op engem Punkt net eens war mat der Kommissioun. Mir hate gehofft, dass eis Argumenter géifen duergoen, fir de Statsrot vun eiser Vue ze iwwerzeegen. En ass awer du bei senger Positioun bliwwen, soudass dunn déi Prozedur gespillt huet, dass mer elo nach eng Kéier mussen iwwert déi Reform ofstëmmen.

Ech wéilt mech dann och elo drop beschränken, op deen ee Punkt anzegoen an net méi déi ganz Reform ze diskutéieren, well mat der Reform insgesamt war de Statsrot natierlech averstanen.

De Statsrot huet eis ebe refuséiert, eng Dispens ze ginn op engem Punkt, op engem ganz präzise Punkt, an dat ass dee vum Detachement vum Gemengebeamten. Dir wësst, dass mer beim Stat, bei der Reform vun de Statsbeamten agefouert hunn, dass ee kann detachéiert gi vun enger Administratioun an déi aner. An natierlech hu mer och probéiert, well mer jo probéieren, déi zwee Secteuren esou no wéi méiglech uneneenzehalen, dat am Gesetz vun de Gemengebeamten ze maachen. Dat hu mer och do gemaach.

Mir gesinn allerdéngs en Ënnerscheed doranner beim Stat, an dat ass eben esou bei de Gemengen, mir hunn heiansdo Ënnerscheeder, déi et tëschent deenen zwee Secteure ginn, déi dann och mat der Spezifissitéit vun de Gemengen ze dinn hunn. Mir hu fonnt, dass et awer en Ënnerscheed wär, wann een de Patron géif wiesselen. Wann ee beim Stat vun där enger Verwaltung an déi aner wiesselt, dann huet een nach ëmmer deeselwechte Patron, mä wann ee bei der Gemeng detachéiert gëtt, da wiesselt een automatesch och de Patron.

Dofir ware mir der Meenung, dass mer dat sollten ausschléissen. Mir hunn nach eng Kéier de 27. Juni an der Kommissioun doriwwer diskutéiert. D'Parteie ware sech alleguerten eens a mir si bei eiser Iddi bliwwen.

Mir hunn natierlech och, dat gehéiert och zur Richtegkeet derzou, dervu profitéiert, fir zwee kleng materiell Feeler ze behiewen, déi sech an den Artikel 52 vum Gesetz ageschlach haten: Dat eent ass eng Terminologiesgeschicht, dat anert war e Renvoi, deen net ganz richteg war. Mir hunn do zum Beispill vun engem Paragraf geschwat, wat awer, wann een d'Gesetz genau kuckt, en Alinea war. Mir hunn dervu profitéiert als Kommissioun, fir dat ze redresséieren. A mir géifen dat dann och haut mat dem Vott vun haut alles richtegstellen.

Da géif ech vläicht awer eng Informatioun ginn, déi kéint interessant si fir alleguerten déi Leit dobaussen, déi mat deem Gesetz hei musse schaffen. Dat sinn natierlech d'Personalservicer aus deene ville Gemengen a Gemengesyndikater. Wann alles richteg leeft mat der Publikatioun, da wäert dëst Gesetz mat grousser Wahrscheinlechkeet den 1. September a Kraaft trieden, a wann ech och richteg verstanen hunn, sinn dann och d'Reglementer, déi derzougehéieren, bis da prett, soudass sech d'Servicer an de Gemenge kënnen drop astellen, fir den 1. September déi Reform ëmzesetzen.

Domadder hätt ech elo alles gesot a géif just nach den Accord vu menger Partei ginn. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. Da wär et um Här Gilles Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Ech soen och dem Rapporteur Merci fir säi Bericht. Zwou Saachen: Ech mengen, hei gesäit een, dass de Statsrot eigentlech eng ganz strikt Lektür mécht, wat de Gläichstellungsprinzip ubelaangt tëschent Gemengebeamten a Statsbeamten. Ech mengen, dat muss een och am Hannerkapp hale fir zukünfteg Reformen, déi an deene Secteure wäerte gemaach ginn.

En zweete Punkt ass deen, dass de Rapporteur drop opmierksam gemaach huet, dass dat Gesetz hei da sollt den 1. September a Kraaft trieden. Dat hei ass jo reng de Statut, mä doriwwer eraus si jo nach alleguerten déi aner Bestëmmungen, wat d'Gehälter ubelaangt oder déi Adaptatiounen an de Carrièrë vun den eenzelne Gemengebeamten, wou der effektiv vill drop waarden a wou d'Gemengen eng gewëss Onsécherheet hunn, och elo iwwert d'Vakanz, an duerno eventuell Echeancen, déi am Oktober ustinn. Do wier et gutt, wann de Minister sech awer haut géif festleeën, wéini dass déi Reglementer wéi och déi Gehaltsupassungen oder Carrièresupassunge géifen a Kraaft trieden, ob dat och op den 1. September vun dësem Joer ass.

Fir de Rescht ginn ech selbstverständlech nach eng Kéier den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Roth. Den Här Hahn.

M. Max Hahn *(DP).*- Bon, Merci un de Rapporteur. A mir bleift och näischt anescht, wéi den Accord ze ginn, nach eng Kéier den Accord, well virun dräi Méint hu mer e jo scho ginn, vun der Demokratescher Partei.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An den Här Claude Adam huet d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Och mir soen dem Rapporteur Merci a mir hunn eis Meenung och net changéiert. Dat heescht, déi gréng Fraktioun stëmmt d'Gesetz och haut.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Och e Merci vun eis un de Rapporteur. Et ass selbstverständlech, datt mir och dëse Projet stëmmen. Ech wollt just eng Fro opwerfen, vu datt mer zwou redaktionell Korrekture gemaach hunn am Gesetz: Ass dat elo kloer, datt dat net erëm als en éischte Vott ugesi gëtt? Ass dat kloergestallt?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat ass ganz kloer, Här Gibéryen.

Mir hunn dat an engem Bréifwiessel mam Conseil d'État gekläert an et ass ganz kloer, dass dat als technesch Adaptatioun ugesi gëtt. Also kréie mer kee Problem. Ech kann dat direkt clarifiéieren.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dann hätte mer nach den Här Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Jo, ech ginn dann och fir déi zweete Kéier den Accord vun déi Lénk zu dësem Projet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann huet den Här Innenminister, den Dan Kersch, d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Jo, ech mengen, et ass alles gesot. Jiddweree waart drop, dass mer alles kënnen ëmsetzen, wat an der Fonction publique schonn am Oktober 2015 ëmgesat ginn ass. Et huet 23 Méint gedauert. Vill Leit sinn ongedëlleg ginn. Dofir waarde se och mat ganz grousser Ongedold, dass mer dat endlech kënnen am Gemengesecteur maachen.

Fir den Här Roth ze berouegen, wëll ech soen, dass mer déi begleedend Règlement-grand-ducallen och alleguerten zu deem Datum wäerten a Kraaft stellen. Et gëtt nach eng kleng Diskussioun iwwert d'Employéen, mä ech sinn iwwerzeegt, dass mer dat och nach bis dohinner hikréien.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun a mir kënnen direkt zum Vott iwwergoen.

Second vote constitutionnel sur l'ensemble du projet de loi 6932

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo…

(Interruption)

Jo, mir droen deem Rechnung.

…eriwwer, mat där Präzisioun, dass ee Vott net fonctionnéiert huet oder net gegraff huet. Dann hätte mer Unanimitéit beim Vott. Ech hunn hei 59, mä da gëtt et wahrscheinlech 60 Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6932 est adopté en second vote constitutionnel à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par M. Marcel Oberweis), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Claude Wiseler), Mme Martine Mergen (par M. Gilles Roth), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Marc Spautz), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Gast Gibéryen);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Domat ass de Projet dann definitiv ugeholl. An ech brauch hei d'Fro net ze stellen, ob mer eng Dispens ginn, well hei hu mer keng Dispens kritt a mir hunn eis Hausaufgab elo gemaach.

Voilà, dat gesot, géif ech dann, konform zu där Decisioun, déi mer elo just geholl hunn, de Projet de loi 7117, eng Ofännerung vum Code de la route, virzéien. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

5. 7117 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Rapport de la Commission du Développement durable

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Projet de loi geet et zimlech technesch zou. Et geet ëm d'Gewiicht, ëm d'Gréisst, ëm d'Mass an ëm aner technesch Eegeschafte vun de Camionen, déi an der Europäescher Unioun ënnerwee sinn. Schonn zanter 1984 gëllen an deem Beräich maximal Normen, déi am Laf vun de Jore modifizéiert gi sinn, fir der technescher Entwécklung an deem Beräich Rechnung ze droen, dëst op Basis vun zwou EU-Direktiven, déi eng aus dem Joer 1984 an déi zweet aus dem Joer 2002, wou och de Persounentransport u Regele gebonne ginn ass, wat d'Gréisst vun de Bussen a vun den Autocaren ubelaangt.

Mam Projet de loi vun haut setze mer eng drëtt Direktiv ëm mam Zil, dat maximaalt Gewiicht, déi maximal Gréisst an déi maximal Mass vun de Gefierer aus ëmweltpolitesche Grënn eropzesetzen. Ganz einfach well Hybrid- an Elektromotoren zum Deel méi schwéier a méi grouss si wéi déi klassesch Motore vun de Camionen a mat Recht awer mussen zougelooss ginn, well se CO_2-Emissioune reduzéieren a well se insgesamt och méi ëmweltfrëndlech fonctionnéieren.

Aus Sécherheetsgrënn gëtt och duerch déi nei Direktiv de maximale Volume vun de Chauffeurskabinnen erweidert, well eng grouss Kabinn eng besser Vue op d'Strooss erlaabt. Eropgesat gëtt dernieft och d'Capacitéit vun den Autobussen an den Autocaren, fir den ëffentleche Persounentransport an Europa ze förderen. An zu gudder Lescht gëtt och nach d'Längt vun de Container am Beräich vum Transport multimodal minimal no uewen ugepasst, fir dee System ze harmoniséieren an d'Verlagerung vun de Gidder op d'Schinn ze vereinfachen.

Hei muss ee wëssen, datt déi maximal Mass vun de Camionen, déi an der Benelux ënnerwee sinn, schonn 1989 an engem deementspriechende Benelux-Accord vun deenen dräi Länner festgehale ginn ass. Deen Accord huet zum Deel méi héich Norme festgehale wéi d'Direktiv et virschreift. Dat heescht, datt mat dësem Projet de loi nach just mussen déi Normen no uewe revidéiert ginn, déi momentan ënnert dem Seuil vun der Direktiv leien. Dës Upassung geschitt net iwwert d'Gesetz, mä iwwert d'Modifikatioun vum Règlement grand-ducal, an deem d'Norme festgeschriwwe sinn.

Doriwwer eraus schreift d'Direktiv de Memberstate vir, e Sanktiounsregimm op d'Been ze setze fir de Fall, wou den Transporter sech net un d'Normen hält. Wat déi Sanktiounen ugeet, esou stinn der schonn eng ganz Rei an eisem Code de la route an haut geet et eis nach just drëms, déi Sanktiounen derbäizesetzen, déi nach feelen. Dat sinn notamment Sanktiounen, déi applizéiert musse ginn, wann d'Mass vun engem Gefier 10% iwwert der erlaabter Norm läit.

Fir déi Lëtzebuerger Transporteure bedeit dat e Verloscht vu véier Punkten um Führerschäin a generell eng Amende tëschent 25 an 250 Euro, egal wou d'Gefier immatrikuléiert ass. Déiselwecht Sanktioun zielt fir d'Transporteuren an d'Chargeure vu Container, déi déi maximal erlaabte Mass och ëm 10% iwwerschreiden, mä och fir d'Transporteuren an d'Chargeuren, déi eng gefälscht oder guer keng Deklaratioun vum Gewiicht virleeën.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, weder de Statsrot nach d'Chambre de Commerce nach d'Chambre des Métiers hate mat dësem ganz technesche Gesetz oder besser gesot Projet de loi e Problem. An ech denken, datt och d'Chamber hei keng weider Problemer gesäit an den Accord wäert ginn.

An deem Sënn soen ech Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Rapporteur. An d'Wuert huet elo den Här Aly Kaes.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV).*- Merci, Här President. Ech mengen, eis Rapportrice war extrem detailléiert a komplett. Duerfir eriwwregt et sech, nach eng Kéier am Detail op dee Projet anzegoen. Ech géif villmools Merci soe fir de Rapport, schréftlech a mëndlech, a ginn och den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Da wär et un dem Här Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Jo, Merci, Här Präsident. An och Merci un d'Rapportrice Josée Lorsché fir dee gudde Rapport. A mir ginn och domadder den Accord. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Gusty Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi hei huet u sech zwee interessant Aspekter, engersäits wat d'Sécherheet op de Stroossen ubelaangt, anerersäits awer och wat den Ëmweltschutz ubelaangt, soudatt mir selbstverständlech deem kënnen zoustëmmen. An ech ginn och natierlech der Madamm Lorsché eise Respekt, well se esou gutt Rapporte gemaach huet. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Och ech soe vun eiser Säit aus der Rapportrice villmools Merci a ginn och d'Zoustëmmung.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat mécht den Här Wagner mat Sécherheet och.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Här President, jo, dat maachen ech ganz gären. Mir ginn och eis Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann huet den Här Transportminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, ech wëll déi Harmonie net méi laang stéieren. Ech soen der Rapportrice Merci an och all den Deputéierte Merci fir d'Zoustëmmung.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An da gi mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7117 iwwer.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7117 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

59-mol ass ofgestëmmt ginn an d'Resultat ass unanime fir de Projet. Domat ass de Projet ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7117 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Marcel Oberweis), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Mergen (par M. Claude Wiseler), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Diane Adehm), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Lex Delles), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert. Merci.

Mir géifen dann zu dem nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et ass den Orientéierungsdebat iwwert den Aktivitéitsbericht vun dem Ombudsmann. Et ass dee leschte Rapport, wou d'Madamm Lydie Err responsabel war. An ech begréisse bei dëser Geleeënheet op der Tribün déi nei Ombudsfra - ech kréien dat ni eriwwer: den Ombudsmann -, d'Madamm Claudia Monti, a géif dann direkt de Rapporteur op d'Tribün bieden, den Här Marco Schank.

(Brouhaha et hilarité)

Ah, entschëllegt! D'Madamm Martine Hansen! Ech war an déi falsch Zeil geroden.

6. 7109 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de l'Ombudsman (2016)

Rapport de la Commission des Pétitions

Mme Martine Hansen *(CSV), rapportrice.*- Merci. Den Här Schank kënnt nach.

Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech gären e grousse Merci un d'Madamm Vera Haas, eis Sekretärin vun der Petitiounskommissioun, ofgi fir wierklech all hir Hëllef, déi se eis ginn huet.

Ech hunn déi grouss Éier, Iech kënnen de Rapport - et ass mäin éischten - vun der Petitiounskommissioun iwwert de Rapport d'activité 2016 vum Ombudsmann virzestellen. Et ass, wéi Der alleguer wësst - den Här President huet et gesot -, dee leschte Rapport gewiescht vun der Madamm Err, där ech am Numm vun der ganzer Chamber elo schonn e grousse Merci ausdrécke fir hir geleeschten Aarbecht als Mediateure an deene leschte fënnef Joer.

D'Madamm Err huet de Bilan vun hiren Aktivitéite vum leschte Joer den 2. Mäerz an der Chamber presentéiert. Doropshin huet déi zoustänneg Petitiounskommissioun all eenzel parlamentaresch Kommissiounen invitéiert, fir an deene Beräicher, wou si concernéiert waren, zum Rapport u sech hiren Avis ofzeginn. An d'Petitiounskommissioun ass dräimol zesummekomm, fir iwwert de Rapport ze diskutéieren, an huet schlussendlech dëse Rapport mat senge Konklusiounen, op déi ech dann nach méi am Detail wäert agoen, den 28. Juni an der Kommissioun adoptéiert.

Als Alleréischt wëll ech ervirsträichen, datt d'Verhältnis tëschent der Mediateure an der Chamber allgemeng souwéi och speziell mat der Petitiounskommissioun ganz gutt war, esou wéi dat eben och an deene leschte Joren de Fall war.

Wéi gewinnt kucke mer als Éischt op d'Statistike vun 2016. Tëschent dem 1. Januar an dem 31. Dezember huet den Ombudsmann insgesamt 857 Reklamatiounen erakritt. Et fält engem direkt op, datt dat der e gutt Stéck méi si wéi d'lescht Joer, do waren et der ganz genau 743, an och wéi déi Jore virdrun. Dat heescht, datt een zumindest emol dovunner kann ausgoen, datt d'Institutioun nach ëmmer gutt fonctionnéiert an och dobaussen ëmmer méi Visibilitéit a Gehéier kritt.

Den Taux de correction global louch nach ni esou héich wéi 2016, an zwar bei 84,1%, d'Joer virdrun am Verglach bei 80,1%. Vun deenen 857 Reklamatiounen, déi d'lescht Joer erakomm sinn, sinn der 625 clôturéiert ginn, 15 provisoresch an 217 sinn nach amgaangen ofgeschloss ze ginn. Vun dëse 625 clôturéierte Reklamatioune sinn der 548 als recevabel erkläert ginn. Dat entsprécht bal 88%. 77 waren der dogéint irrecevabel oder goufen aus verschiddene Grënn refuséiert.

Ech verweisen dann op de schréftleche Rapport fir Detailer zu de verschiddene Ministèren, wat do d'Zuele vu Reklamatiounen an den Taux de correction ugeet. Fir de statistesche Volet ofzeschléissen, wollt ech nach derbäifügen, datt déi meescht Reklamatiounen an de Beräicher Immigratioun - déi wéi och schonn dat Joer virdru bäi Wäitem vir leien -, da Sécurité sociale, Famill an Integratioun - dat ass nei - a Finanze leien.

Ech kommen da bei d'Reklamatiounen u sech. Hei ginn ech nëmme ganz kuerz drop an, schliisslech si se alleguer am Bericht vum Ombudsmann ze fannen, deen d'Madamm Err jo schonns hei virgestallt hat. Ech hunn et schonn ugedeit, och d'lescht Joer koume vill Reklamatioune, bäi Wäitem déi meeschten, déi den Ausseministère betreffen. An zwar ass et hei oft ëm Demandeurs de protection internationale gaangen, déi entweder schonns méintelaang, bis zu engem Joer, op eng Äntwert op hir Demande de protection internationale gewaart hunn, oder wéinst laange Waardezäiten, fir eng éischt Auditioun opgrond vun der Demande ze kréien.

Dat ass natierlech fir den Demandeur, dee schonn an enger verzweifelter Situatioun ass, alles aneschters wéi optimal. Mä d'Ausmooss vun deem Phenomeen, datt esou vill Mënschen op der Flucht sinn, hu mer bis ewell esou net kannt. D'Capacitéiten hunn nun emol och hir Limitten an d'Formalitéiten, déi virgi sinn, mussen natierlech och agehale ginn.

D'Mediatrice sträicht dann och ervir, datt d'Kollaboratioun mat der Direction de l'immigration, besonnesch och mam Service des réfugiés u sech exzellent wär, a begréisst och, datt ab dësem Joer hiren Effektiv soll eropgesat ginn, soudatt mer kënnen hoffen, datt dës Statistik, wat de Beräich Immigratioun ugeet, am nächste Rapport vum Ombudsmann däitlech besser ausgesäit.

Dann d'Reklamatiounen, déi de Familljeministère concernéieren: Déi hunn och en direkte Lien mat der Flüchtlingsproblematik, an zwar wat de Volet Integratioun ugeet. Vill Reklamatiounen hunn den OLAI betraff. Et hu sech vill Leit iwwert d'Konditiounen an de Foyeren an d'Ernärung an esou weider beklot. Hei ginn ech spéider nach eemol drop an, well d'Madamm Err och eng Recommandatioun zu dësem Punkt gemaach hat. Aner Reklamatioune sinn zum Beispill iwwert d'Transferten an aner Foyere gaangen oder iwwer laang Waardezäiten, fir e Rendez-vous mat engem Assistant social ze kréien an esou weider.

Hei ass et gréisstendeels de Problem vun Ënnerbesetzung vum Personal. D'Madamm Minister hat eis an der Kommissioun gesot, datt eelef Assitant-sociallen zoustänneg wäre fir 3.000 DPlen. Och dat misst also an Zukunft ugepaakt ginn.

Op déi aner Reklamatioune ginn ech net an. Wéi gesot, si sinn alleguer am schréftleche Bericht vum Ombudsmann ze fannen.

Een drëtte Punkt nennen ech „Vivre ensemble", genausou wéi d'Madamm Err dat an hirem Rapport gemaach huet. D'Madamm Err war näämlech am Joer 2016 mat 235 Reklamatiounen am Beräich vun der Immigratioun befaasst, am Verglach zu nëmmen 78 am Joer virdrun, dat heescht, eng Verdräifachung vun de Reklamatiounen innerhalb vun engem Joer. Et kënnt also net vun ongefäier, datt d'Madamm Err an hirem Rapport e gréissert Kapitel iwwert d'Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg agebaut huet. Ganz Europa ass zënter 2015 mat enger enormer Immigratiounswell aus dem Noen Osten an Afrika konfrontéiert.

Och hei zu Lëtzebuerg, a sengem dach beschränkten Territoire, ass d'Zuel vun den Immigranten extrem an d'Luucht gaangen, wat natierlech e groussen Impakt notamment op d'Ophuelstrukturen an op eis Gesellschaft a villen Hisiichten huet. Et ass en enormen Challenge fir eist Land, awer och speziell fir eis Gemengen. Bal all Ministère ass gefuerdert, sech där Problematik unzehuelen. Et ass zwar net esou, datt zu Lëtzebuerg de Phenomeen Immigratioun ganz nei wär. Am Géigendeel. Eist Land huet eng gréisser Erfahrung mat Immigratiounswellen an et kann een duerchaus mat Stolz festhalen, datt Lëtzebuerg als klengt Land et fäerdegbruecht huet, esou vill Leit aus anere Länner opzehuelen, déi sech relativ séier an och gutt integréiert hunn. Trotzdeem ass et awer nun emol esou, datt d'Mediateure an deem Beräich relativ vill Reklamatiounen d'lescht Joer erakritt huet.

Zum Beispill si leider net all Mineurs non accompagnés ënner gudde Bedingungen ënnerbruecht. Eenzelner mussen a schwieregen an net ideale Bedingunge liewen. Och bei kranken an handicapéierte Leit wär et hei éischter problematesch. E grousse Problem wär, laut der Madamm Err, den Zoustand vu verschiddenen Opnamstrukturen, virun allem, wat de Sanitär ugeet. Si hat do och eng Partie Visitte gemaach. An deem Kontext huet och den Ombudsmann eng Recommandatioun ginn, op déi ech spéider wäert zréckkommen.

D'Ernärung ass e weidere Punkt. Vill Leit sinn onzefridde mat der Qualitéit vun de Liewensmëttel, och well et hire Bräich a Gewunnechten net entsprécht. D'Madamm Mediatrice sträicht ervir, datt et wichteg wär, wann d'Strukture géifen iwwer Kiche verfügen, wou d'Leit selwer hiert lesse kéinte preparéieren. Dëst hätt net nëmmen de Virdeel, datt si esou kéinte kachen, wéi si et wéilten, mä et hätt nach en anere grousse Virdeel, datt si zumindest esou eng Beschäftegung hätten. An eng méi allgemeng Aféierung vun de Bons alimentaires, déi hinnen en Akafen a Supermarchéë géifen erlaben, wär begréissenswäert.

Ee grousst Thema ass awer och den Aarbechtsmarché. Obschonns e gudden Deel vun Immigranten e Studium oder soss eng Ausbildung gemaach hunn, hu si et schwéier, um Aar-

bechtsmaart unzekommen. A firwat? Ma virun allem, well si keng vun eisen dräi Landessprooche schwätzen. Dofir gëtt och d'Méiglechkeet ugebueden, fir, soubal eng Demande de protection internationale gestallt ass, dës Sproochen ze léieren. Et wär awer laut Ombudsmann net ëmmer evident fir jiddwereen, jee nodeems wou en ënnerbruecht ass, fir op déi Plazen ze kommen, wou déi Coursë proposéiert ginn. Hei muss also no Léisunge gesicht ginn.

De Logement zu Lëtzebuerg ass e weidert Thema, wat all d'Bierger oder vill a virun allem déi méi Jonk ganz staark concernéiert a belaascht hei zu Lëtzebuerg. Och vill Flüchtlingen, déi hire Statut accordéiert kritt hunn, fanne keng gëeegent Wunneng oder si gezwongen, zu puer e Logement ze deelen. Dann ass awer allerdéngs eng finanziell Barrière do. Colocatairë ginn dann als Communauté de vie considereiert, wouduerch da bei hinnen den RMG ganz oder zum Deel wäert fortfalen. Hei suggeréiert dofir d'Mediateure, datt eng Gesetzesännerung misst kommen, zum Beispill kéint een eng Ausnam accordéieren, wann all Colocataire beweise kann, datt en zu de Loyerskäschte bäidréit.

Natierlech misst een och hei déi néideg Moyene virgesinn, fir datt hei keng Abuse kënne bedriwwe ginn. Méi generell an deem Kontext mécht den Ombudsmann zwou Remarquen. Éischtens: E seet, all Gemeng misst bei den Accueilen a bei der Integratioun vun de Flüchtlingen op déi eng oder aner Manéier matmaachen, virun allem, well déi staatlech finanziell Hëllef net ëmmer duergeet, fir all déi ufalend Käschten ze decken.

An eng zweet Remarque: Vu datt bal all Ministère bei dëser Problematik involvéiert ass, wär e Comité interministériel begréissenswäert, esou den Ombudsmann weider, fir ebe méiglechst effizient a séier kënnen op déi verschidde Problemer, déi sech am Kader vun dem Accueil an der Integratioun vun de Flüchtlinge stellen, ze reagéieren.

D'Petitiounskommissioun huet heizou an hire Konklusioune festgehalen, datt si géif esou ee Comité begréissen a proposéiert dofir, déi schonns besteeënd Zesummenaarbecht tëschent de Ministèren am Kader vun esou engem Comité interministériel ze formaliséieren.

Eng aner Suggestioun betrëfft d'Akteuren am Accueil an an der Integratioun vu Flüchtlinge souwéi d'Flüchtlinge selwer. Als Aleedung zum Kapitel „Vivre ensemble" huet d'Madamm Err en Zitat vum Schrëftsteller Amin Maalouf an hirem Rapport integréiert. Ech zitéieren: «Plus vous vous imprégnez de la culture du pays d'accueil, plus vous pourrez l'imprégner de la vôtre.» An: «Plus un immigré sentira sa culture d'origine respectée, plus il s'ouvrira à la culture du pays d'accueil.»

D'Petitiounskommissioun hält an deem Sënn an hire Konklusioune fest, datt een déi besteeënd Formatioune vu Personal a Benevolle konsequent weiderféiere soll, datt een déi Efforte begréisst, déi hei schonns gemaach gi sinn, an datt och eng Formation spécifique à l'interculturalité, esou wéi den Ombudsmann se freet, och fir d'DPIen an d'BPIe wichteg wär fir d'Integratioun an d'Versteesdemech vun de verschiddene Kulturen.

Da géif ech nach e Kapitel iwwert d'Recommandatioune vun der Mediateur opmaachen. Mir si frou, datt d'Recommandatioun N°49 iwwert de Guide de bonnes pratiques administratives ëmgesat konnt ginn. An zwar ass deen am Januar dëst Joer vum Regierungsrot guttgeheescht ginn. D'Kommissioun besteet dann och drop, datt dee Guide an der Praxis soll konsequent ëmgesat ginn, datt d'Administratioune weider konsequent Efforte maachen, fir eng méiglechst einfach Ausdrocksweis ze benotzen, fir datt den Echange tëschent der Administratioun an den Administréierten esou einfach an zougänglech wéi méiglech ass.

Dann huet d'Madamm Mediatrice dëst Joer zwou Recommandatioune gemaach. Ech fänke vun hannen no vir un. Ech fänke mat där leschter un: D'Recommandatioun 52 hat ech a menger Ried scho ganz kuerz ugeschwat, et geet ëm dee laut Ombudsmann schlechten Zoustand vu verschiddenen Opnamstrukturen hei am Land. Besonnesch d'Sanitäre wären ebe laut Ombudsmann op ville Plaze problematesch. Dofir recommandéiert si dann och en externt Kontrollorgan, fir dës Strukturen op d'Been ze stellen. Déi Instanz misst neutral an onofhängeg si vun der Regierung.

An deemselwechte Kontext schléit d'Mediateure och vir, datt d'Notioun „privation de liberté" am Kader vun den internationalen Normen iwwer Mënscherechter soll ganz large interpretéiert ginn, soudatt se net nëmmen uwendbar wär fir déi Leit, déi tatsächlech an enger Struktur agespaart sinn, sief dat aus juristeschen oder administrative Grënn, mä och fir Leit, déi aus anere Grënn a Strukture sinn, wou se net ganz fräiwëlleg sinn, wéi dat bei de Flüchtlingen de Fall ass.

D'Petitiounskommissioun invitéiert an deem Kontext, datt all déi concernéiert Kommissiounen - an hei wäerten et virun allem d'Famille an d'Juridique sinn - sech sollen zesummesetzen, fir dëse Sujet unzeschwätzen, fir ze kucken, ob mer en externt Kontrollorgan brauchen, a wa jo, wien datt déi Aufgab kéint iwwerhuelen.

Dann déi lescht Recommandatioun, dat ass d'Recommandatioun 51. Déi betrëfft eng Revisioun vum Gesetz iwwert de Mediateur vun 2003. Hei sinn eng ganz Rei vu Propose säitens der Madamm Err gemaach ginn an déi sinn och an der zoustänneger Institutiounskommissioun eenzel duerchgekuckt ginn an duerchdiskutéiert ginn. An d'Petitiounskommissioun ralliéiert sech u sech den Aussoen an de Schlussfolgerunge vun der Institutiounskommissioun.

Hei verschidde Punkten, déi via punktuell Amendementer da solle geännert ginn:

Dat Éischt ass: De Begréff „Médiateur" soll ersat ginn duerch de Begréff „Ombudsman". Iwwregens steet dee Begréff „Ombudsman" och schonn an der Proposition de révision vun der Verfassung dran.

En zweete Punkt: En „droit d'autosaisine limité" soll an Zukunft agefouert ginn. D'Autosaisine kann nëmme punktuell fir en individuelle Problem gemaach ginn, an dat och nëmmen dann, wann déi concernéiert Persoun informéiert ginn ass a wa se hiren Accord ginn huet.

En drëtte Punkt: Et soll eng Frist agefouert ginn, bannent där d'Regierung Stellung zu enger Recommandatioun vum Ombudsmann muss huelen. Dat heescht awer net, datt déi och bannent engem bestëmmten Delai muss ëmgesat ginn. An deem Punkt wollt d'Kommissioun net matgoen.

Och soll eng Administratioun an engem Delai vu maximal engem Mount op eng Reklamatioun an Zukunft äntwerten.

E weidere Punkt ass: Wann den Ombudsmann net präsent ass, däerf hien enger anerer Persoun eng Délégation de signature ginn, allerdéngs awer just fir intern administrativ Decisiounen. D'Kommissioun war net derfir, engem aneren d'Méiglechkeet ze ginn, den Ombudsmann komplett ze representéieren.

Da soll d'Personal beim Mediateur enger Formatioun an der Mediatioun nogoen. Dës Formatioun kann awer u sech wärend hirem Engagement gemaach ginn. Et soll also keng Condition d'entrée sinn.

An d'Gesetz kënnt och d'Méiglechkeet drastoen, datt den Ombudsmann am Kader vu senge Missioune sech ka vun engem Expert assistéiere loossen.

A schlussendlech, wat d'Verankerung vum Ombudsmann an d'Verfassung ugeet, gëtt dat am Artikel 84 vun der Proposition de révision vun der Constitutioun schonns virgesinn. Hei steet, datt d'Chamber dem Grand-Duc d'Persoun vum Ombudsmann virschléit. D'Kompetenze ginn allerdéngs net an d'Verfassung ageschriwwen.

Ech wär dann och um Schluss vum Rapport ukomm a wollt awer nach eemol dovunner profitéieren, fir der Madamm Err, vläicht lauschtert se eis no, am Numm vun der Chamber e grousse Merci auszedrécke fir déi geleeschten Aarbecht an hiert Engagement als Vermëttler tëscht de Bierger an den Administratiounen an deene leschte fënnef Joer. Also e grousse Merci un d'Madamm Err, awer och un dat ganzt Team, wat derhannertsteet. An natierlech wënschen ech där neier Mediatrice, der Madamm Monti, en oppent Ouer an eng ganz glécklech Hand.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Rapportrice. An elo ass den Här Marco Schank drun.

Débat

M. Marco Schank *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, als Éischt e grousse Merci un eis honorabel Kolleegin Martine Hansen fir hiren detailléierte mëndlechen a schrëftleche Rapport.

A menger Interventioun am Numm vun der CSV-Fraktioun wollt ech mech mat där enger oder anerer Suggestioun respektiv Recommandatioun vum Ombudsmann beschäftegen. Ech wëll och nach eng Kéier betounen: „Ombudsman" ass en neutrale Begréff, an „Man" kënnt aus dem Schwedeschen an dat heescht „Leit", „Vollek", soudatt een dee Begréff och fir männlech a weiblech Biergerbeoptragte ka verwenden.

Ech wëll ufänke mat der Recommandatioun 49, déi d'Madamm Err am leschte Rapport - net an deem vun 2016, mä deem vun 2015 - spezifesch gemaach huet. An ech soen och gläich firwat. Dat ass e Sujet, deen an eisen Aen ee ganz, ganz wesentlechen ass; an enger moderner Demokratie souwisou.

An da kënnt derbäi, datt de Regierungsrot elo am Januar - de 27. Januar - déi sougenannt „Lignes de bonne conduite administrative" ugeholl huet, en Erfolleg, deen d'Madamm Err och fir sech verbuche kann an däerf. An trotz där Adoptioun elo am Januar duerch d'Regierung oder grad dowéinst ass dëse Sujet fir eis nach ëmmer vun enger grousser Aktualitéit an enger grousser Wichtegkeet, an dofir wëll ech och e bësselchen Zäit drop verwenden.

Déi „Lignes de bonne conduite administrative", dat sinn 19 Zeilen op enger gudder Säit, wou expressis verbis gesot gëtt: „Dat sinn 19 Rechter, déi d'Biergerinnen an d'Bierger vis-à-vis vu staatlechen Administratiounen zegutt hunn."

Dräi Beispiller: ënner anerem d'Recht, e frëndlechen, respektvollen an opmierksamen Accueil vun enger Verwaltung ze kréien, d'Recht op eng detailléiert Äntwert op e Bréif an enger klorer, einfacher Sprooch oder och d'Recht, sech kënne sur place ze explizéieren a säin Dossier ze consultéieren.

Am Communiqué vun der Regierung steet dozou, wéi se dat ugeholl huet am Januar, datt dës Regelen dem Code de bonne conduite administrative européen géifen entspriechen. An et steet awer och do, datt elo dës Regele keng Valeur réglementaire hätten, mä als „ligne de conduite informelle" fir staatlech Verwaltunge géifen déngen. An da kann een och nach do noliesen, ech zitéieren: «Ces lignes de conduite seront activement promues au sein du secteur public étatique et feront partie du programme de formation initiale et continue des agents de l'État.»

Doduerch stelle sech elo eng Partie Froen, näämlech déi, wéi et mat deem Guide do elo weidergeet. Fléissen dann elo systematesch déi 19 Regelen an d'Formation initiale et continue vun de Statsbeamten? Zweetens, ginn hei och nei Inhalter ausgeschafft fir dës Coursen? Huet dat, drëttens, direkt e Lien mat deenen neie Lignes de bonne conduite? Véiertens, sinn déi Coursen obligatoresch, deelweis oder all? Fënneftens, gëllen dës Regelen och fir d'Gemengeverwaltungen?

Dat heescht, eng Partie Froen, déi ech och wollt un d'Regierung adresséieren. De Fonction-publiques-Minister ass elo net hei, mä ech kéint da vläicht déi Froe schrëftlech stellen, wann ech herno keng Äntwert ka kréien.

Här President, ech wollt awer nach zum Sujet „einfach a verständlech Sprooch" am Ëmgang mat de Biergerinnen a Bierger vis-à-vis vun de Verwaltungen e puer Iwwerleeunge weiderginn. An dës Iwwerleeungen, déi sinn ënner anerem och vun der Madamm Err am Editorial vun hirem Rapport 2015 gemaach ginn.

Stéchwuert „Kommunikatioun": Dat ass net nëmmen d'Schlësselwuert fir eng gutt fonctionnéierend modern an oppe Gesellschaft, mä och fir e gerechten, transparenten an, ech hunn et virdru gesot, en demokratesche Stat.

Eis Demokratie ass net fir d'Lescht um Prinzip vum Kontakt tëschent dem Stat a senge Biergerinnen a Bierger opgebaut. Et berout sécher net nëmmen op deene periodesche Wahlgäng, mä besonnesch op enger bal alldeeglecher Kommunikatioun tëschent der Administratioun an dem Administré. Ma onglécklecherweis muss een haut vill ze dacks vu gewëssene Kommunikatiounsbarrièrë schwätzen tëschent den Administratioune respektiv den Administrés. An dëst läit net fir d'Lescht un där dacks vill ze komplizéierter Sprooch, engem, wann een esou wëllt, elitäre Langage, deen d'Verwaltunge benotzen a wouduerch villes méi schwéier gëtt.

D'Administratioun huet eng fundamental Aufgab. Déi Aufgab ass et, a Kontakt mam Bierger ze trieden an Informatioune kloer a korrekt ze iwwermëttelen. All Bierger, ob Lëtzebuerger oder Netlëtzebuerger, huet d'Recht op dës Informatiounen. An dofir soll d'Administratioun hir Kommunikatioun net gebrauchen, fir, ech soen emol, no bannen ze glänzen oder e méiglechst eloquente Vocabulaire virzeweisen, mä fir no bausse verstanen ze ginn.

De Stat soll eng Bezéiung mam Bierger opbauen, déi op géigesäitegem Vertrauen a Versteesdemech baséiert. An d'Administratioun soll sech an dësem Fall un de Bierger upassen an net ëmgekéiert. Déi zwee Akteure mussen um selwechten Niveau kënne kommunizéieren. An d'administrativ Informatioune musse kloer verständlech an eben ouni Mëssverständnisser iwwermëttelt ginn.

Dat heescht awer och op där anerer Säit, datt och de Bierger muss matschaffen an der Verwaltung déi néideg Renseignementer an den Delaien, wéi se nun eemol fixéiert sinn, an der Wouerecht entspriechend muss erareechen.

Eng schlecht Kommunikatioun ass duerfir net nëmmen ineffikass a mécht de Bierger onzefridden, mä ass och dacks e Catalyseur fir Konflikter. Den Ombudsmann huet eng Partie Prinzipien a Solutioune fir e bessert Mateneen an deem Kontext virgeschloen.

Just dräi wesentlech Aspekter:

Éischtens de Vocabulaire: Fir eng gutt mëndlech a schrëftlech Sprooch muss de Wuertschatz ugepasst ginn. Ouni adaptéierten a verständleche Langage ka keng positiv Relatioun entstoen. An d'Administratioune mussen en Effort maachen, fir hire Vocabulaire un de Bierger an eben och un déi heiteg Zäit unzepassen an domadder ze weisen, datt se sech reell fir d'Fra respektiv de Mann vun der Strooss interesséieren. An dat ass sécher e richtegen Defi, well eng einfach Sprooch ze gebrauchen, ass sécher méi séier gesot wéi gemaach.

Deen zweete Punkt gëllt speziell der schrëftlecher Kommunikatioun. Den Ombudsmann recommandéiert duerfir de Verwaltungen, éischtens, hir Lettres types ze limitéieren, generell Formulatiounen ze evitéieren, legal oder reglementaire Referenzen ouni Erklärunge wa méiglech ze evitéieren, kuerz Sätz ze maachen an iwwerhaapt Bréiwer esou verständlech wéi méiglech ze formuléieren an e strukturéierte Message ze iwwermëttelen.

An dann drëttens ass et wichteg, sech bewosst ze ginn, datt mir an engem Land liewen, wou een Deel vun eiser Populatioun mat ongefeier 170 verschiddenen Nationalitéite keng vun eisen dräi offizielle Sprooche versteet.

Dëst ass sécher eng grouss Erausfuerderung an dëser Problematik. An d'Madamm Err schreift duerfir, datt Länner wéi Kanada, Frankräich oder och d'Belsch ganz grouss Ustrengunge gemaach hunn, fir verständlech Courrieren ze formuléieren. A si gëtt eis och ee Beispill, wou et heescht, datt d'Beamte vun den Administratiounen an deene Länner mat spezieller Dictionnairesoftware equipéiert goufen, an dëst och a Verbindung mat eben de besonnesche Formatiounen, fir Wierder an Expressiounen ze evitéieren, déi definitiv onverständlech sinn.

Si schreift och, datt d'Membere vum Sekretariat vum Ombudsmann am Januar 2016 esou eng éischt Formatioun um INAP matgemaach hunn a selwer realiséiert hunn, datt den „langage clair et simple" eng séier komplex Matière ass.

All dës wichteg Suggestioune fir eng besser Kommunikatioun an en doduerch däitlech besseren Accès zu méi Demokratie vun deem fréieren Ombudsmann, der Madamm Lydie Err, wollt ech op dëser Plaz nach eemol däitlech ervirsträichen, well se esou wichteg sinn.

Här President, am Rapport vum Ombudsmann steet dann och fir 2016, datt vill Reklamatioune koumen - a bei Wäitem déi meescht -, déi den Ausseministère betraff hunn. Dat ass virdrun am Rapport gesot gi vun der Madamm Hansen. An zwar ass et hei dacks ëm Demandeurs respektiv Bénéficiaires de protection internationale gaangen. D'Madamm Err huet an hirem Rapport op net manner wéi eelef Säiten d'Problematik vun dem Accueil an der Integratioun vun den Demandeurs a Bénéficiaires de protection internationale zu Lëtzebuerg beliicht.

«Justifiée tant par l'actualité luxembourgeoise et internationale que par le nombre croissant de réclamations introduites auprès de la médiateure en matière d'immigration (...)», schreift duerfir och d'Madamm Err. An ëmmerhi krut hire Service - och déi Zuel konnt Der noliesen - net manner wéi 235 Reklamatiounen, géint 78 am Joer virdrun.

Här President, an dësem Kontext hunn ech mer déi Prises de position vun deene fir dës Thematik zoustännege Kommissiounen e bësse méi genee ugekuckt. An ech moosse mer och elo net un, déi Problematik am Fong ze kennen, an och net, d'Appreciatioune vum Ombudsmann korrekt kënnen ze evaluéieren.

Meng Meenung ass awer déi, datt een um Fong - vis-à-vis vun den Doleancë vum Ombudsmann mat sengen eelef Säiten - an iwwer méiglech Solutioune séier wéineg an de Reaktioune vun de Kommissiounen erëmfënnt. An der Stellungnam vun der Famille an Integratioun geet am Kader vun engem massiven Aflux vun Demandeurs d'asile vun der Komplexitéit vun der alldeeglecher Situatioun rieds, an datt et keng Solution toute faite géif an datt verschidde Mesuren einfach Zäit bräichten.

Dann nach dee Saz, wou, ech fannen, eng gewësse Resignatioun och matkléngt, datt den Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration, den OLAI, eelef Assistants sociaux zur Verfügung hätt, fir 3.000 DPI ze encadréieren, an dann dee Saz, datt d'Kandidaten, fir d'Personal vum Office ze verstäerken, ech zitéieren: «ne se bousculent pas à ses portillons».

Dann an der Prise de position vun den Affaires étrangères gëtt een an zwee kuerze Sätz gewuer, datt d'Direction de l'immigration zougëtt, datt, éischtens, d'Prozedur an der Vergaangenheet lues war, mä datt et amgaang ass besser ze ginn, an datt, zweetens, d'Direktioun der Meenung ass, datt et sech am Kontext vun deenen am Rapport zitéierte Beispiller vun der Madamm Err ëm Beispiller géif handelen, wou, Zitat: «l'exception confirme la règle».

An da froen ech mech nach, ob net och eng Stellungnam vun der Juridique sënnvoll gewiescht wier. Eiser Meenung no wier d'Recommandatioun vum Ombudsmann fir d'Mise en place vun engem Contrôle externe et neutre fir d'Structures d'hébergement oder och d'Notioun vun der „privation de liberté" wichteg genuch gewiescht, fir eng Prise de position ze rechtfertegen.

Stéchwuert „Logement": Och hei ënnersträicht den Ombudsmann, datt eng Solutioun kéint sinn, datt sech e puer Persounen ee Logement géifen deelen. Dëst hätt awer, wéi och am Rapport scho virdru gesot, en Impakt op den RMG, deen da verschidde Leit géife verléieren, well se an engem Stot géife wunnen. Hei géif dem Ombudsmann no eng Gesetzesännerung Hëllef bréngen, zum Beispill eng Ausnam am Gesetz virgesinn, wann all Colocataire beweise kann, datt hien de manière équitable zu de Loyerskäschte bäidréit. Eng aner Méiglechkeet, soen ech, wier och déi, datt kéint eng Kooperativ gegrënnt ginn. Dës Ureegung ass elo awer net vun de Kommissioune Logement respektiv Famille via Avis thematiséiert ginn.

Här President, mir hoffen duerfir, datt d'Regierung déi eelef Säiten aus dem Rapport vun der Madamm Err am Kontext vun der Problematik vun den Demandeurs a Bénéficiaires de protection internationale zu Lëtzebuerg net nëmmen zur Kenntnis geholl huet, mä mir wënschen eis, datt mat där viller Aarbecht nach eppes Sënnvolles wäert passéieren an entspriechend Solutiounen an dëser Problematik ëmgesat ginn.

Dann nach e kuerzt Wuert zur Recommandatioun N°52 fir d'Mise en place vun engem Contrôle externe vun de Structures d'hébergement fir DPI. Do huet d'Petitiounskommissioun unanime suggeréiert, datt d'Ressortskommissioune sech méiglechst geschwë solle begéinen, fir d'Situatioun ze klären.

An dann och just ee Saz zur Recommandatioun N°51. Do mengen ech, datt mer no deene gemeinsame Reunioune vun eiser Petitiounskommissioun mat der Institutiounskommissioun am Moment eigentlech alles gesot hunn. An d'CSV-Fraktioun ralliéiert sech de Konklusiounen aus dem Rapport fir d'Upasse vum Gesetz vum 22. August 2003 fir d'Schafe vun engem Mediateur/Ombudsmann zu Lëtzebuerg.

Ganz zum Schluss mäi Merci un eist Sekretariat, un d'Madamm Vera Haas, fir déi sëllechen Aarbecht, déi geleescht gouf. An dann awer och vun der CSV-Fraktioun e ganz groussen, éierleche Merci un d'Madamm Lydie Err fir hire laangen Engagement mat hirer ganzer Equipp, déi vill Aarbecht, déi se geleescht hunn.

An da wollt ech awer och, ech hunn et scho gemaach an der leschter Petitiounskommissiounssëtzung, am Numm vun der Petitiounskommissioun deem neien Ombudsmann, der Madamm Claudia Monti, all Guddes, vill Erfolleg wënsche bei hirer Tâche. A mir wäerte si och als Chamber, ech mengen, virun allem och als Petitiounskommissioun dobäi ënnerstëtzen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Schank. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Cécile Hemmen.

Mme Cécile Hemmen *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'Éischt wéilt ech och der Madamm Martine Hansen e grousse Merci soe fir hire schréftleche Rapport a virun allem hire gutt detailléierte mëndleche Rapport. Ech wéilt och elo schonn ervirsträichen, dass ech am Numm vun der LSAP natierlech och eis Unerkennung ausdrécke fir der Madamm Err hiert Engagement an och hir exzellent Aarbecht, déi se geleescht huet.

D'Chiffere vun hirem leschte Rapport weisen, dass d'Institutioun Ombudsmann hir Plaz an awer och hir Wichtegkeet an eiser Gesellschaft huet. Erënnere mer vläicht op dëser Plaz nach eemol drun, dass den Ombudsmann jo d'Funktioun huet vun der Mediatioun, vun der Concertatioun, vum Schutz a vun der Promotioun vun de Rechter an och vun der Incitatioun vun der Gläichstellung an der Applikatioun vun den Texter.

Ech sinn och iwwerzeegt, dass eis nei Ombudsmann, d'Madamm Claudia Monti, net nëmmen op der Héicht wäert sinn, wat hir Aufgaben ugeet, mä dass och duerch si an duerch hir Aktiounen a Recommandatiounen derzou bäigedroe gëtt, dass d'Funktionement vun eisen Administratioune sech nach verbessere wäert.

D'Madamm Hansen ass op ganz vill Sujeten an hirem Rapport am Detail agaangen, wéi ech scho gesot hunn, dofir wéilt ech mech eigentlech op zwou Recommandatioune beschränken, déi och schonn hei zitéiert goufen, d'Recommandatioun 51 an och d'Recommandatioun 52.

An der Recommandatioun 51 proposéiert d'Madamm Err eng Partie Modifikatiounen zum Gesetz vum 22. August 2003, wou souwuel d'Verfassungskommissioun wéi och d'Petitiounskommissioun domat averstane sinn, dass Propositioune vun dëse Modifikatiounen och kéinten ugeholl ginn. Och d'LSAP-Fraktioun dréit dës Konklusioune mat, a mir ënnerstëtzen och eng Proposition de loi, déi an deem Sënn ausgeschafft gëtt.

Am Kader vun der Verfassungsreform wäert d'Institutioun vum Ombudsmann och hir Plaz an der Verfassung hunn. Doriwwer si sech d'Memberen an der Kommissioun mëttlerweil eens.

Mä kucke mer eis den Text un, deen d'Madamm Err proposéiert huet, a kucke mer eis dee vläicht e bësselche méi genee ënnert der Lupp un. An hei ass et grad den Artikel 1, deen ee besonnesch misst an Evidence setzen, wou et heescht: «Institution et mission de l'Ombudsman». Hei misst een ausweiden an e weideren Abschnitt bäifügen, wou et drëms geet, dass den Ombudsmann all aner Missioune kéint uvertraut kréien opgrond vun engem spezielle Gesetz. Dësen Abschnitt, deen och un den Artikel 1 géif ugeknäppt ginn, mécht och Sënn am Hibléck op d'Recommandatioun 52, déi am Rapport vun der Madamm Err formuléiert gouf.

Effektiv, duerch d'Gesetz vum 11. Abrëll 2010, dat sech op d'Approbatioun bezitt vum fakultative Protokoll iwwert d'Konventioun géint d'Tortur an aner «peines ou traitements cruels, inhumains ou dégradants», ass de Mediateur designéiert ginn, fir d'extern Kontroll ze iwwerhuele vun de sougenannten «lieux privatifs de liberté». Dëse Service huet als Missioun, fir ze iwwerwaachen, ob déi international Normen an och dat nationaalt Recht a puncto Mënscherechter op eisem Territoire respektéiert ginn, iwwerall do, wou Leit agespaart sinn oder awer sech net fräi an der Gesellschaft bewege kënnen.

Och wann urspréinglech d'Missioun vum Ombudsmann jo déi war, déi vum Gesetz 2003 definéiert war, esou kann een awer soen, dass d'Missioun vum Service de contrôle, iwwert deen ech elo grad geschwat hunn, e grousse Succès war. An hirer Recommandatioun 52, déi a Relatioun mat dëser Missioun steet, freet d'Mediateure, dass d'Notioun vun der „privation de liberté" esou breet ewéi méiglech interpretéiert gëtt.

Et gëtt gefrot, dass dës Notioun sech op all verletzlech an ofgeschwächte Persoune bezitt, déi sech an enger Situatioun befannen, wou si sech wuel theoretesch an och rechtlech fräi kéinte bewegen, mä wou et am Prakteschen awer net de Fall ass. An deem Sënn hätt den Ombudsmann och d'Kompetenz, fir d'Structures d'accueil et d'hébergement vun den DPI respektiv de BPI ze kontrolléieren, fir och hei ze kucken, awéiwäit dass d'Minimalstandarde respektéiert sinn, déi vun den internationalen Norme virgesi sinn.

D'Sozialiste sti fir d'Fräiheet. Et ass ee vun eisen éischte fundamentale Wäerter, zesumme mat der Gläichstellung, der Solidaritéit an och der Sécherheet. An där Optik gëtt d'Recommandatioun N°52, déi den DPI an de BPI zeguttkënnt, natierlech vun der LSAP gedroen. Eng aner Usiicht vun der Fräiheetsaschränkung baséiert fir d'Mediateure op der Interpretatioun vum Artikel 5 vun der Europäescher Konventioun fir d'Mënscherechter, déi seet: „D'Privation de liberté limitéiert sech net nëmmen op déi klassesch Form vun Detentioun opgrond vun enger Festnam oder vun enger Veruerteelung. Et ginn nach eng sëllechen aner Formen."

Den Europäesche Mënscherechtsgeriichtshaff weist drop hin, dass een do nach ganz oder nach vill méi wäit ka goen, esou zum Beispill a Fäll, wou Leit a psychiatresche Strukturen ënnerbruecht sinn, vu Leit, déi a soziale Foyere sinn, Leit, déi an den Transitzone vu Fluchhäfe festgehale ginn, Leit, déi eng sougenannten „assignation à domicile" hunn, an esou weider.

Et ass allerdéngs och net oninteressant ze wëssen, dass an eisem Nopeschland Frankräich de Contrôleur général des lieux de privation de liberté souguer nach méi wäit wéilt goen, an en huet proposéiert, dass och d'Altersheimer, bei eis CIPA genannt, sollten engem externe Contôle ënnerleien. Et soll garantéiert bleiwen, dass eng vulnerabel Populatioun vun eiser Gesellschaft a Sécherheet an am Respekt vun de fundamentale Mënscherechter lieft. Och wann een elo net esou wäit muss goen, esou schéngt et awer wichteg an noutwendeg, dass mer am Kader vun der Diskussioun iwwert déi envisagéiert Ännerung vum Mediateursgesetz eng Definitioun vum Term „lieu de privation de liberté" brauchen, fir Kloerheet ze schafen, wat an de Kompetenzberäich vum Ombudsmann fält a wat net.

Här President, erlaabt mer zum Schluss awer nach eng Kéier, op d'Aarbecht en général vun der Mediateure Lydie Err zréckzekommen. Iwwer hir Rapporten déi lescht Joren ass ville vun eis richteg bewosst ginn, dass ganz dacks de Wee vun der Administratioun bei de Bierger net ëmmer deen einfachsten an dee liichtsten ass. Steierverwaltung, ADEM, Gesondheetskeess, an an an, hu mat Legislatioun a Reglementatiounen ze dinn, déi an hiren Terminologien dacks zimlech indigeste si fir de Bierger, an dee klengste Litige ka ganz séier beim Ombudsmann landen.

D'Lydie Err huet wärend hirem Mandat an der Institutioun vum Mediateur grad an deem Domän hirer Aarbecht e bëssen eng aner Nues gi wéi hire Virgänger. Der Lydie Err ass et net nëmmen drëms gaangen, eng administrativ-juridique Äntwert op all Eenzelfall ze ginn, mä sech doriwwer eraus och méi global mat der Approche vun de Verwaltunge vis-à-vis vum Bierger ze beschäftegen. D'Verwaltunge stinn am Déngscht vum Bierger, net ëmgedréit. D'Verwaltunge sollen dem Bierger hëllefen, zu sengem Recht ze kommen, an net en Hindernis, en Obstakel op deem Wee sinn.

Une voix.- Très bien!

Mme Cécile Hemmen *(LSAP)*.- Dofir huet d'Lydie Err och Wäert drop geluecht, dass iwwert den Eenzelfall eraus d'Verwaltungen hir Prozeduren, hir Formulairen, hir Texter, hir Informatiounen, hir Kommunikatioun a Fro stellen an och verbesseren, wa sech erausstellt, dass bestëmmte Problemer recurrent, also ëmmer erëm, optrieden.

D'Madamm Err huet wuel hir Mediatioun am Eenzelfall gemaach, awer och Mediatioun op engem méi generellen, strukturellen Niveau. An dat ass hir och gelongen. Haut kann ee soen, dass si dem Amt domat hire Stempel opgedréckt huet. Dofir verdéngt si eis vollsten Unerkennung, an als LSAP wënsche mer eis, dass déi nei Mediateure natierlech och an deem Esprit weiderfiert. Mir wënschen hir eng glécklech Hand do derbäi.

Merci fir Är Opmierksamkeet, an ech ginn och den Accord vun der LSAP fir d'Approbatioun vun de Konklusioune vum Rapport.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Merci, Här President. Um Niveau vun der EU gouf jo den Ombudsmann schonn 1992 agefouert. Bei eis huet dat e bësse méi laang gedauert, an zwar bis d'Joer 2003. Déi, déi deemools derbäi waren, wéi mer dat Gesetz gestëmmt hunn, déi kënne sech bestëmmt nach erënneren, datt net onbedéngt déi ganz grouss Euphorie op alle Bänke war. Mä entre-temps, mengen ech, si mer eis awer eens, datt dee Service sech haut zu engem, jo, et kann ee soen, wichtege Pilier vun eisem Rechtsstat entwéckelt huet.

Ech wëll hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir der Madamm Lydie Err och Merci ze soen am Numm vun der Demokratescher Partei fir déi Aarbecht, déi si an de leschte Jore geleescht huet. Et war net ëmmer einfach. Ech profitéieren och vun der Geleeënheet, fir hirer Succeseurin, der Madamm Claudia Monti, nach eng Kéier nodréiglech och meng Felicitatiounen hei auszespriechen an och, wéi gesot, hir all Guddes fir d'Zukunft ze wënschen.

Datt am Joer 2016 den Ombudsmann mat net manner wéi 857 Reklamatioune befaasst gouf, beweist jo u sech, datt jo awer, ech wëll net vun engem Malaise schwätzen, mä awer trotzdeem gewësse Problemer mat dem administrativen Oflaf a verschiddenen Domäne bestinn. Allerdéngs soll een net doraus d'Konklusioun zéien, datt dëse Statsapparat net géif gutt fonctionnéieren, ganz au contraire, och dat soll emol nach eng Kéier hei däitlech gesot ginn, datt mer awer kënnen houfreg sinn op eise Statsapparat. Dat gëllt selbstverständlech och fir d'Gemengen. Datt 85% vun deenen Doleancen, vun deene Kriticken, herno konnte positiv diskutéiert ginn, och dat schwätzt jo da fir de Service vun dem Ombudsmann.

Et ass och keng gréisser Iwwerraschung, datt déi meescht Doleancen, déi meescht Froen am Kontext mat der Migratioun stoungen. Ech mengen, dat ass e Problem, deen eis net nëmmen hei zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren ëmmer méi beschäftegt huet, mä och op europäeschem Plang. Et däerf een net vergiessen, datt 2016 ëmmerhi 660 Leit de Statut vum Refugié hei kruten.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt mer och op dëser Plaz schonn eng Rei gesetzlech Adaptatioune virgeholl hunn, zum Beispill den 10. Dezember 2015, wou mer jo awer och wichteg Verbesserungen am Interêt vun den DPIen hei gestëmmt hunn. Wa bis ufanks den 1990er Joren éischter d'Leit aus wirtschaftleche Grënn op Lëtzebuerg koumen, huet dat natierlech elo am Laf vun de leschte Joren trotzdeem immens geännert. Déi rezent Migratioun huet natierlech och e gewëssenen, jo, Bouleversement, kann ee scho bal soen, vun der lëtzebuergescher typescher Situatioun mat sech bruecht. Mä ech mengen, dës Vermëschung soll een net negativ gesinn, mä au contraire positiv, a glécklecherweis si mir jiddefalls bis haut dervu verschount bliwwen, datt déi staark Migratioun, déi op Lëtzebuerg komm ass, zu iergendwelleche Problemer gefouert hätt. An ech hoffen och an ech sinn och iwwerzeegt, datt dat an Zukunft net wäert aneschters sinn.

Op europäeschem Plang gesäit dat leider net ëmmer esou gutt aus. Mir wëssen, datt d'Europäer sech schwéierdinn, eng gemeinsam Positioun an där ganzer Problematik anzehuelen. Italien a virun allem Griichenland fille sech net zu Onrecht oft eleng gelooss. Wann een d'Situatioun op de griicheschen Inselen Lesbos, Chios oder Kos kuckt, dann ass dat alles aneschters wéi flott do. An net méi spéit wéi muer komme jo dann och déi 27 EU-Innenministeren zu Tallinn zesummen, fir iwwert dee ganze Problem nach eng Kéier am Fong ze diskutéieren. Da wäre mer och ganz séier bei der Tierkei, wou een natierlech och villes kéint soen. Ech wëll dat awer elo selbstverständlech net hei verdéiwen, just drun erënneren, datt d'Tierkei bis elo schonn zwou Milliarde vun der Europäescher Unioun krut, fir an där ganzer Problematik dann och aktiv ze ginn.

D'Situatioun huet sech net entspaant, och net hei zu Lëtzebuerg. Eng Rei Kriticken, déi am Rapport vum Ombudsmann formuléiert goufen, bezéie sech natierlech och op d'Strukturen. Sécher gëtt et eng Rei Defiziter, mä hei soll een allerdéngs och net pauschaliséieren an och net e Bild eriwwerginn, wéi wa mer net genuch Efforte géife maachen am Interêt vun den DPIen. Hei wëll ech drop hiweisen, datt an de leschte Wochen a Méint ganz vill Engagement gewise ginn ass vun eenzelne Gemengen. An net méi spéit wéi an deene leschten Deeg ass jo och zu Beetebuerg eng nei Struktur fäerdeggestallt ginn, wou da kënnen an deenen nächste Wochen elo 60 nei Leit opgeholl ginn.

Wa mer scho bei de Gemenge sinn, soll awer net verheemlecht ginn, datt et awer och do eng gewëssen Differenz gëtt am Engagement. Dir hutt Gemengen, déi sech wierklech gutt engagéieren, déi sech hirer Aufgab bewosst sinn, bei anere Gemenge vermësst een heiansdo awer trotzdeem eng gewësse Solidaritéit.

Wichteg, an dat ass jo aus dem Rapport méi ewéi eemol erauskomm, ass den Encadrement vun deene Leit. Et ass kloer, datt een deene Leit muss eng Perspektiv ginn. Et ass kloer, datt déi Leit beschtméiglech musse betreit ginn. Dat kéint zum Beispill och iwwert de Wee vun de Veräiner geschéien. Dat kéint och zum Beispill iwwert de Wee vun engem sougenannte Coaching geschéien. Et gëtt do Iddien, mir sollen also do ouni Zweifel eng offensiv Haltung anhuelen.

En anere Problem, deen ëmmer erëm hei soulevéiert ginn ass, ass dee vun de Sproochen. Jo! Obwuel een awer och do muss kloer soen: Wann ee Land do vläicht e gewëssenen Avantage huet, dann ass et awer grad Lëtzebuerg. Net nëmmen, datt mer méisproocheg sinn, mä et sinn och grouss Efforte gemaach ginn, datt hei awer och aner Sprooche kënnen dee Moment mat den DPIe benotzt ginn. Ech denken zum Beispill u Serbokroatesch, ech denken virun allem natierlech un Arabesch.

Ee ganz grousse Problem ass natierlech dee vun de Mineuren. Mir wëssen, datt dat eis ganz vill Problemer duerstellt. Virun allem ass et esou, datt natierlech eng Rei Mineuren och op eemol verschwannen. Dat héiert sech elo e bësselchen dramatesch un, mä mir kruten dat awer ganz kloer erkläert, et ginn och eng Rei Ursaachen duerfir, well eenzelner hiren Alter wëlle verstoppen. Mä Tatsaach ass, déi Mineu-

ren, déi onbegleet bei eis an d'Land kommen, musse besser encadréiert ginn. A fir eis als Demokratesch Partei ass et ganz kloer, datt een do muss eng méi kannergerecht Retentioun virgesinn, an do kéint een zum Beispill och u sougenannte Kannerheemer denken.

Da si mer och ganz séier beim Logement, eng vun den Haaptkriticken, déi vun der Madamm Err och hei definéiert ginn ass. Si berifft sech do op 16 Visitten, déi si duerch d'Land gemaach huet. Si huet och de Volet vun der Colocatioun hei opgeworf. Sécher, 16 Visitten, dat ass vill, mä och do, wéi gesot, loosse mer awer net de Feeler maachen an ze vill pauschaliséieren, well et sinn awer do ganz vill Efforten déi lescht Jore gemaach ginn.

Datt de Règlement d'ordre intérieur net iwwerall géif respektéiert ginn, kann ee vläicht éischter mat engem Niewesaz ofhaken, op där anerer Säit kann een awer och soen, datt et eng elementar Regel wär, déi awer ëmmer misst respektéiert ginn. Si huet sech dann och ganz vill mat de feelende Kichen a mat der Alimentatioun auserneegesat. Och do muss ee Verständnis hunn, wann déi Leit bei eis kommen. Si kommen aus engem ganz anere Kulturkrees an hu ganz aner Alimentationsgewunnechten. Op där anerer Säit muss een awer och hei soen, datt mat der Zäit ee sech awer och vläicht muss un nei Gegebenheeten upassen. An och do si jo awer grouss Efforte gemaach ginn, ech weisen zum Beispill op d'Weilerbaach hin.

Da gëtt och proposéiert, fir den RMG vläicht aneschters ze gestalten, méi large ze interpretéieren. Jo, mä et muss een awer och oppassen, datt dat net zu neien Abuse féiert. Ech wëll och drop hiweisen, datt awer do an deene leschte Méint eng gewëssen Ouverture gemaach ginn ass, wa Leit kënnen noweisen, datt se ënnert deemselwechten Daach, awer an zwee verschiddene Stéit oder dräi verschiddene Stéit liewen. Datselwecht gëllt och, wa se vu baussen eng gewëssen Hëllef kréien, iwwert de Wee vu gewëssenen Associatiounen, sief dat d'Caritas oder sief dat d'Croix-Rouge.

Datt Personaldefiziter um Niveau vum OLAI bestinn, och dat ass näischt Neits, och dat ass schonn an deene leschte Joren e puermol hei monéiert ginn. Obwuel een nach eng Kéier muss hei ënnersträichen, datt de Moment eng ronn eelef Assistants sociaux fir 3.000 DPIen zoustänneg sinn, kann een also ënnert dem Strich soen, datt déi Leit ouni Zweifel eng ganz gutt an eng enorm Leeschtung hei vollbréngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een de Rapport duerchliest, da geet et natierlech net nëmmen ëm de Volet DPI a BPI, op déi ech nach eng Kéier kuerz wäert zréckkommen, wann et ëm d'Recommandatioune geet. Et sinn natierlech och eng Rei aner Kritiken, Suggestiounen, déi formuléiert ginn, wat och richteg a wat och gutt ass. Ech wëll net am Detail drop agoen, siefen dat Subsiden, siefen dat Allocatiounen, sief dat um Niveau vun der Sécurité sociale, ënner anerem och, wat de Remboursement vu Fraisen am Ausland ubelaangt, wann do emol en Dokter vergiess hätt, am Virfeld déi néideg Autorisatioun auszestellen, datt da Leit duerno net méi an de Genoss vun deem Remboursement kéimen. Och dat, mengen ech, ass awer nozevollzéien, an datt och do vläicht soll eng Léisung fonnt ginn, ass jiddefalls verständlech.

Da gëtt den Internetsite, ënner anerem, vun der ADEM hei kritiséiert. Ech mengen, dat soll een och net punktuell ze vill isoléiert gesinn. Eppes ass ganz kloer, an dat gëllt net nëmme fir all Administratioun, dat gëllt fir all ëffentlech Institutioun: datt se Soin mussen drop leeën, datt den Internetsite permanent ugepasst gëtt. Well dat ass nun ebe praktesch elo schonn déi éischt Informatiounsquell, wou d'Leit sech drop referéieren, an doweinst soll dat en Appell un all déi sinn, déi do Verantwortung droen.

Als Gemengepolitiker ass ee jo och gewinnt, datt ee vill Reklamatioune kritt, wat zum Beispill d'Ausstelle vu Baugeneemegungen ubelaangt. Datt och do den Ombudsmann regelméisseg ageschalt gëtt, iwwerrascht jiddefalls net.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll selbstverständlech dann awer och op déi Recommandatiounen ze schwätze kommen. Ech mengen, dat ass e bëssen d'Substanz vun dem ganze Rapport hei. Ech wëll awer direkt hei ënnersträichen, datt dat jo awer och näischt Neies ass, do si jo eng ganz Rei Recommandatiounen dran, iwwert déi mer hei scho jorelaang diskutéieren.

Do geet et u mat der Ännerung vum Numm. Sécher, wann een „Ombudsmann" seet an et kuckt een dat vum reng Lëtzebuergeschen hier, dann huet een d'Tendenz ze mengen, dat wär masculin, ass et awer mat Sécherheet net. Wann een d'Etymologie vun deem Wuert méi genee analyséiert, da weess ee jo awer, datt dat eppes aneschters duerstellt. Et ass scho virdrun hei gesot ginn, et kënnt aus dem Schwedeschen. Op Franséisch ass dat den „hommes des doléances". Et ass iwwregens och keng nei Fonctiouns, dat ass et schonn ënnert de Réimer ginn. Mir jiddefalls als Demokratesch Partei sinn natierlech der Meenung, datt ee scho soll den Numm änneren. Firwat? Wa mer vun „Mediateur" schwätzen, da benotze mer e Sammelbegréff, an d'Fonctioun vum Mediateur gëtt et op ganz villen Niveauen an eisem Stat, soudatt dat kann zu gewëssene Konfusioune féieren.

Dann ass ëmmer erëm och d'Demande gestallt ginn, datt soll de Mediateur respektiv den Ombudsmann an d'Konstitutioun ageschriwwe ginn. Dat geschitt jo u sech elo implizitt. Verständnis hu mer och, datt d'Fro gestallt gëtt: „Majo, kéint ech net méi Kompetenzen um Niveau vun dem Schutz vun de Mënscherechter kréien?" Datt elo eng zousätzlech Ausweidung soll komme vun dem Kompetenzberäich op Établissements de droit privé, do si mer allerdéngs e bësselche méi reservéiert. Mir mussen oppassen, datt mer do d'Dieren net ze vill opmaachen.

Datselwecht gëllt fir den Droit d'autosaisine limité a verschiddene Fäll. Ech schwätzen hei zum Beispill vu systemeschen Dysfonctionnementer, do kéint et ouni Zweifel utile sinn. A ganz limitéierte Fäll kënne mer eis et och virstellen um Niveau vu verschiddene Verwaltungen, Administratiounen, allerdéngs no Ofsprooch mat deenen zoustännege Responsabele vun deenen Administratiounen.

De Kärpunkt ass natierlech - an dat ass näischt Neits, dat ass eng Fuerderung, déi scho vum fréieren Ombudsmann gestallt ginn ass -, fir de Kompetenzberäich insgesamt auszeweiden, an zwar, datt och soll d'allgemengt Recht op Investigatiounen agefouert ginn. Mir mussen allerdéngs och do oppassen, datt mer eis dann net ze vill no un e juridictionnelle Charakter bewegen. Duerfir, och hei si mir a priori net direkt dergéint, mä awer mat ganz klore Limitten.

D'Propos, datt d'Regierung elo soll no engem gewëssenen Delai Positioun zu enger Recommandatioun bezéien, ass eng Normalitéit, géif ech soen. Et ass net ëmmer flott, an dat erliewe mer jo op villen anere Pläng, wann ee laang, ze laang, op eng Äntwert vun enger Administratioun vun der Regierung waart. Doweinst si mer och der Meenung, datt hei eng Kéier soll en Delai ouni Zweifel fixéiert ginn. Datselwecht gëllt fir eenzel Verwaltungen, déi sech munchmol exzessiv Zäit huelen. Dat kann an däerf et net ginn. En Administré huet d'Recht, no engem räsonabelen Delai - ech betounen: räsonabelen Delai - eng Äntwert ze kréien.

Delikat ass natierlech och d'Fro vum Délai de suspension de recours. Och do si mer als Demokratesch Partei trotzdeem e bësse méi reservéiert, well et däerf een net vergiessen, datt een hei am Fong geholl och direkt an e juridictionnellen Oflaf agräift.

Wat d'Nominatioun ubelaangt: Sécher muss eng Nominatioun kloer vu parteipoliteschen Iwwerleeunge getrennt ginn. Hei gëtt eng Majorité qualifiée gefrot. Awer och do si mer éischter der Meenung, datt dat zu dësem Zäitpunkt net opportun ass.

Et geet vill rieds hei iwwert d'Formatioun, engersäits iwwert d'Formatioun vum Ombudsmann selwer, dee soll eng zousätzlech Ausbildung an der Mediatioun hunn. Jo, awer dat kann net eng Condition préalable sinn. Mir sinn domat d'accord, datt déi no enger Nominatioun vläicht kann imposéiert ginn. Wat d'Personal ubelaangt, ass et, géif ech soen, och evident, datt d'Personal och permanent soll gewëssen zousätzlech Formatioune kréien.

De Remplacement: Et gëtt ëmmer erëm hei gefrot, datt ee quasi misst e Vizeombudsmann nennen. Do soen ech awer ganz éierlech am Numm vun der Demokratescher Partei, datt mer net där Meenung sinn. Mir bleiwe ganz kloer bei eiser Positioun: Et soll een Ombudsmann ginn! Wat allerdéngs net ausschléisst, datt gewësse Fonctioune vläicht kënnen delegéiert ginn, zum Beispill wat eng Délégation de signature ubelaangt, awer och nëmme fir limitéiert Aktivitéiten.

Vläicht dann nach e Wuert zur Recommandatioun 49 iwwert de Guide de bonnes pratiques administratives, dee jo elo vun der Regierung ugeholl ginn ass. Och do soll ee ganz éierlech sinn, ech mengen, do stinn awer, ech wëll net dat Wuert „platitude" hei benotzen, mä et stinn awer eng Rei Saachen dran, déi elementar sinn. Mir brauchen net an e Guide ze schreiwen, datt e Beamten, wann den Télefon schellt, soll frëndlech sinn, datt e Bréif soll an engem gewëssenen Delai beäntwert ginn. Dat sinn elementar Saachen. Mä et ass awer trotzdeem gutt, datt dat do elo zréckbehale ginn ass, dat soll a muss dozou bäidroen, datt de Service um Bierger soll verbessert ginn, well am Zentrum steet nach ëmmer de Bierger. An de Bierger huet e gewëssent Recht, och op en anstännege Service kënnen zréckzegräifen. Op där anerer Säit muss een awer och esou éierlech sinn ze soen, datt de Bierger net ëmmer eppes Onméigleches verlaangen däerf.

Vläicht dann nach e lescht Wuert iwwert d'Sprooch. Jo, et ass alles ëmmer méi komplex ginn déi lescht Jorzéngten, et ass net ëmmer esou evident, sech an den Texter erëmzefannen. Och mir, also zumindest schwätzen ech do emol fir mech, sollen esou éierlech sinn ze soen, datt mir munchmol och eppes mussen zweemol liesen, dräimol liesen, bis mer eppes verstinn. Duerfir kann een also novollzéien, datt d'Leit dobaussen oft Schwieregkeeten hunn, Bréiwer ze identifizéieren, nozevollzéien, wat domadder gemengt ass. Datt elo gesot gëtt, mir solle méi eng einfach Sprooch gebrauchen, ass vum Prinzip hier ganz kloer richteg, ech wëll awer och do virdru warnen: Dat soll elo net heeschen, datt mer d'Sprooch u sech solle vernoléissegen a mengen, wann zwee, dräi grammatesch Feeler an engem Bréif vu fënnef Zeile wären, datt dat esou e Kavaléiersdelikt wär. Also, mir däerfen hei net d'Dier opmaachen an d'Sprooch op eemol als eppes duerstellen, wat net méi déi Bedeitung hätt.

Une voix.- Très bien!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Mir sollen an enger klorer, einfacher Sprooch communiquéieren, awer an enger soignéierter Sprooch, och an Zukunft. Et si jo och do schonn eng Rei Efforten am Rapport gemaach ginn, e sougenannten „Lexique" huet een do erëmfonnt, wou dann och bei der Annex am drëtten Deel iwwert den Accueil an d'Integratioun verschidden Terme scho präziséiert ginn. Ech fannen dat e gudden Ufank. Et soll een d'Leit wierklech esou vill méi méiglech, beschtméiglech informéieren, awer ëmmer, wéi gesot, mat engem gewëssene Soin, wat d'Sprooch ubelaangt.

D'Recommandatioun 52, dat ass dann déi, déi schonn e puermol hei diskutéiert ginn ass, do geet et jo ëm de Contrôle vun de Strukture fir Flüchtlingen. Och do si mir als Demokratesch Partei trotzdeem e bësselche méi zréckhalend, wat d'Fuerderungen ubelaangt. Et däerf een net vergiessen, et geet hei nach ëmmer ëm d'Dignitéit vu Leit, et geet ëm d'Dignitéit vun DPIen, et geet ëm d'Dignitéit vu BPIen. En iwwerméissege Contrôle ka sech och kontraproduktiv auswierken. Doweinst menge mir, datt déi Struktur vum OLAI de Moment awer genuch Contrôle hiergëtt, fir u sech alles anstänneg ze iwwerwaachen.

De Comité interministériel, jo. Awer et däerf een net vergiessen, datt mer jo schonn den HCPN hunn, deen ënnert der Tutelle vum Statsminister steet an deen awer scho gewësse Méiglechkeeten huet, fir de Rôle dovunner ze iwwerhuelen. Also och do besteet vläicht net eng absolutt Necessitéit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss nach eng Kéier: Ech gi ganz gären zou, datt meng Partei, wéi mer d'Gesetz hei gestëmmt hunn, och net vun Euphorie an d'Luucht gespronge war, mä et erkennt een awer ganz gären un, datt de Service Ombudsmann, déi Institutioun, kann ee scho bal soen, sech an deene leschte Jore ganz positiv entwéckelt huet. Et ass e wichtege Pilier vun engem Rechtsstat. Et gëtt dem Bierger, dem Administré, vill méi Méiglechkeeten, géint Onzoulänglechkeete virzegoen, an dat ass dat, wat eng Demokratie virun allem auszeechent. Doweinst gesi mir an, datt et als Demokratesch Partei wichteg ass, datt een déi Institutioun, déi Fonctioun do nach wie vor staark respektéiert, mat gewëssene Limitatioune selbstverständlech. Datt mir eis awer net verschléissen, fir gewëssen Adaptatioune vum Gesetz virzehuelen, ass evident.

Ech wëll awer ofschléissend och nach dem Martine Hansen Merci soe fir säin ausféierleche Rapport.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Graas. An d'Wuert huet elo den Här Traversini.

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Grazie, Presidente.

Une voix.- Ooh!

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Léif Kolleegen a Kolleeginnen, nodeems de President Italienesch hei geschwat huet, hunn ech mech dat dann och haut getraut.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Da sot elo, wat Der ze soen hutt!

(Hilarité)

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Oh, ech wollt vum Nidderkuerer Match vu gëschter schwätzen, mä ech maachen dat net.

(Hilarité)

Fir d'Éischt e Merci un d'Martine Hansen fir de Rapport.

Une voix.- Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Dat war e ganz gudde Rapport. Nach net oft hunn ech esou e gudde Rapport hei héieren. Als Éischt e kuerze Rappell vun der Recommandatioun, déi all Joer op en Neits hire Wee an de Rapport vum Ombudsmann fënnt. An déi gréng Fraktioun mécht och all Joer - et ass op alle Fall scho fir d'Véiert, wou ech dat hei maachen - de Virschlag vun enger breeder Definitioun vun der Missioun vum Ombudsmann.

déi gréng si weiderhin der Meenung, datt den Ombudsmann soll iwwerall do kënnen aktiv ginn, wou eng „mission de service public" assuréiert gëtt. Dat ass meeschtens do, wou ëffentlech Gelder fléissen, fir de Finanzement vun esou engem Service ze ënnerstëtzen, awer net nëmmen. Dat kann am Beräich ëffentlechen Transport sinn, mä och an de Maisonrelaisen, a private Schoulen, an de Lycéeën an esou weider.

Mir mengen och nach ëmmer, datt et eng kloer Ongerechtegkeet ass, wann en Deel vun de Bierger a Biergerinnen am Fall vun engem Konflikt mat engem Prestataire de service kann op den Ombudsmann zréckgräifen, an deen aneren net. Et ass net relevant, ob engem säi Kand zum Beispill an engem ëffentlechen oder engem privaten agreéierte Foyer de jour versuergt gëtt. Wann eppes schifgeet, wann eppes net an der Rei ass, muss ee kënnen op de Service vum Ombudsmann zréckgräifen.

Wat an dësem Kontext wichteg ass, ass, datt et eng kloer Definitioun vum Begréff „service public" gëtt. Schonn an der Orientatiounsdebatt 2012 war gesot ginn, datt d'Institutiounskommissioun den Optrag sollt kréien, fir eng genee Definitioun vun dëser Notioun ze liwweren. An där Definitioun sollt zum enge fir d'Éischt d'Natur vum Service berücksichtegt ginn an op där anerer Säit de Prozentsaz vun den ëffentleche Finanze gekuckt ginn. Bis ewell gouf nach keng Léisung fonnt, déi dëse Problem zefriddestellend kéint léisen. Mä déi gréng Fraktioun wäert dës Iddi weiderhin nach ëmmer ënnerstëtzen.

Une voix.- Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Da géif ech gären e puer Wierder iwwert d'Statistiken aus dem Rapport verléieren. Och déi si schonn hei kommentéiert ginn. Et kann een alles souwuel an der Madamm Hansen hirem Rapport wéi och an der Madamm Err hirem Rapport noliesen. Och dëst Joer läit den Taux de correction global vun eisem Ombudsmann iwwer 80%, wéi gesot ginn ass, 84,1%, fir ganz genau ze sinn. Fir dësen héijen Taux, dee beandrockt, ass mengen ech der Madamm Err an hirer Equipp e grousse Merci auszedrécken. Vun 857 Dossieren, déi si erakruten, sinn der 625 ofgeschloss ginn. Den héijen Taux de correction global schwätzt also ouni Zweifel fir déi gutt Aarbecht vun eiser Mediateure, déi säitdeem si hiert Amt ugetrueden huet, sech dorëms beméit huet, bei Fäll vu Litigë béid Säiten un den Dësch ze bréngen, perséinlech Kontakter ze schafen a Méssverständnisser, déi méiglecherweis am Virfeld tëschent deenen zwou Parteien entstane sinn, aus dem Wee ze raumen.

Och der Madamm Err hir onkomplizéiert Aart a Weis, fir mat hire Clienten ze schwätzen an hinnen d'Sachlag oder komplizéiert Texter a Reglementer ze erklären, dréit sécherlech zu dësem imposanten Taux de correction bäi. D'Institutioun vum Ombudsmann ass un éischter Stell fir d'Bierger do a soll och op eng Aart a Weis fonctionnéieren, déi fir d'Bierger novollzéibar ass, ouni ofzeschrecken. D'Madamm Err huet dat a mengen Aen extrem gutt gemaach.

Datt sech hannert all deenen Zuelen a Statistiken am Rapport awer all Kéiers reell Leit mat reele Problemer a Schicksaler verstoppen, dat solle mer net vergiessen. An d'Madamm Err huet och derfir gesuergt, datt dat net geschitt. E groussen Deel vum Rapport vun dësem Joer huet si enger besonnesch vulnerabeler Populatioun vun eisem Land gewidmet: de Refugiéen.

Et ass engersäits eng gutt Noriicht, datt vill Demandeurs de protection internationale de Wee bis bei den Ombudsmann fannen, wa se Problemer mat Administratiounen hunn. Dat weist, datt d'Institutioun vum Ombudsmann bekannt ass bei dëser Populatioun, wou d'Informatiounen aus verschiddene Grënn, dorënner d'Sproochebarrière, potenziell méi lues fléissen, an awer och, datt d'Akteuren um Terrain, souwuel déi staatlech wéi och d'ONGen,

eng gutt begleedend a berodend Aarbecht leeschten.

Op där anerer Säit ass et natierlech net ganz esou positiv, datt vill Dossieren, déi den Ombudsmann an de leschte Joren ze traitéieren hat, vun DPIen agereecht goufen. Dat weist dann awer och, datt do insgesamt e gewëssene Malaise besteet, deem mir eis sollten unhuelen. Ëmmerhin handelt et sech jo do besonnesch ëm prekariséiert Leit, déi dacks Grujeleges an hirer Heemecht an op der Flucht erlieft hunn an déi hei am Fong geholl ausgeliwwert sinn, fir dat emol esou krass hei ze soen, fir hiert Liewen nach eng Kéier frësch opzebauen. Mir sollten doriwwer nimools vergiessen, datt Lëtzebuerg selwer e Migratiounsland ass an datt et grad deen andauernden Hin an Hier vu verschiddene Bevëlkerunge war an ëmmer nach ass, deen eis iwwert d'Jorhonnerten zu deem gemaach huet, wat mer haut sinn.

Souguer den iwwerzeegtste Stacklëtzebuerger muss feststellen, datt esou Konzepter wéi Grenzen an Natiounen zu enger impressionanter Bedeitungslosegkeet zréckbréckelen, wann een e puer Generatiounen no hannen a seng Familljegeschicht wulle geet. Mir sinn alleguerte Migranten a Kanner vu Migranten. An et verbënnt eis vill méi mat deene Mënschen, déi haut am Mariendall, an der Weilerbaach oder am Pafendall op eng besser Zukunft hoffen, wéi mer am éischten Ablack mengen.

Dofir sollte mer eis déi siwe Säite Recommandatiounen aus dem Rapport wierklech zu Häerzen huelen an esou wäit, wéi et nëmme méiglech ass, ënnerstëtzen an ëmsetzen.

D'Madamm Err war dann och selwer an e puer Opfangstrukture fir Refugiéen, fir sech e Bild vun de Liewensbedingungen dobannen ze maachen. Et gëtt jo bekanntlech Problemer mam Iessen, déi duerch d'Berichterstattung an der Press scho vill kommentéiert gi sinn. Et ass haaptsächlech e kulinaresche Kulturschock, dee sech do ofspillt, an et kéint een da mat relativ einfache Mëttel och do Léisunge fannen, entweder doduerch, datt een a Buffetsform zerwéiert oder andeems een d'Méiglechkeet gëtt, selwer anzekafen a selwer ze kachen. Iwwregens gëtt dat och schonn an deene leschte Méint a ganz ville Strukture gemaach an doriwwer sinn ech extrem frou.

Wann een dat gescheit ustellt, kéint een dorauser souguer e flotte Projet maachen, bei deem d'Refugiéë sech éischtens emol kënnen iwwert d'Kache besser kenneléieren, si kënne sech zesummen organiséieren, si kënnen zesummen akafe goen, dat heescht, déi verschidde Kompetenze kënne se matenee verbannen.

Eng aner Recommandatioun vum Ombudsmann betrëfft déi personaliséiert Begleedung duerch d'Assistant-sociallen. Déi ass am Moment extrem schwiereg, well all Assistant social sech ëm e puer Honnert, wann net méi, muss këmmeren. Et feelt u Personal an et wier flott - an ech weess, datt d'Familljeministesch amgaangen ass mam OLAI -, nach Leit anzestellen. Et wier op alle Fall gutt, wann dat ganz schnell géif geschéien. Ech weess och, datt et net einfach ass, esou Leit ze fannen.

D'Wunnengssich ass, grad wéi bei den Duerchschnëttslëtzebuerger och, fir de Refugié eng riseg Erausfuerderung. Ganz zu Recht gëtt dann am Rapport kritiséiert, datt déi aktuell Regel, no där eng Communauté de vie am Zesummenhang mam RMG gerechent gëtt, just kann derzou féieren, datt d'Leit net op de Wee vun enger Wunngemeinschaft an engem gedeelte Loyer ginn.

Eng Ännerung vun dëser Regel géif iwwregens net nëmmen de Refugiéen zeguttkommen, mä och aneren Deeler vun eiser Populatioun. Ech denken do zum Beispill un d'monoparental Familljen, déi Problemer hunn, eng Wunneng ze fannen, oder déi duerch hir héich Wunnengskäschte riskéieren, wéi Der all wësst, an d'Aarmut ze falen.

Och ganz zu Recht, wéi ech fannen, kënnt d'Madamm Err dann nach eemol op déi Diskussioun vum Verdeelerschlëssel vun de Refugiéen op déi verschidde Gemengen zréck. Et gi Gemengen, déi vill a gutt Aarbecht leeschten, fir d'Refugiéen ze logéieren, ze encadréieren a se op hiert neit Liewen an der Mëtt vun eiser Gesellschaft virzebereeden. An et ginn déi, déi manner solidaresch sinn, souwuel mat de betraffene Leit selwer wéi och mat deenen anere Gemengen.

Mir als Gréng hunn eis nach ëmmer fir eng gerecht Verdeelung vun dëser Aufgab op all d'Gemengen ausgeschwat. An datt dës schwéier Aufgab och eng Chance mat sech bréngt fir eng Gemeng an hiert Zesummeliewen, do ginn ech gäre kuerz Beispiller aus menger Gemeng. Mir versiche wierklech, do all Organisatioun, déi mer hu vun de Veräiner, mat de Refugiéen zesummen ze maachen, sief dat d'Buergbrennen oder aner flott Manifestatiounen. An ech muss soen, datt et wierklech e flotten Austausch ass, dee mer hunn.

Mir hunn och als Gemeng e Service gegrënnt, dee sech haaptsächlech ëm Refugiéen a Benevoller këmmert, well de gréisste Feeler ass et, wann ee Benevoller huet a si wëssen net, wou se gebraucht ginn. Dat heescht, et wier e Service, wou eng Gemeng dann einfach déi Verbindung maache kann, wat e Benevolle ka maachen a wat am Fong geholl vun där anerer Säit verlaangt gëtt. Wann dann déi Benevoll sech mellen a si kréie keng Äntwert op dat, wat se wëllen hëllefen, da bleiwe se net laang benevoll an déi nächste Kéier, wou se gebraucht ginn, da si se net do. Vu Sport guer net ze schwätzen. Ech mengen, datt dat och eng ganz flott Saach ass.

Et ass fir déi leschte Kéier, datt mir an der Chamber e Rapport vun der Madamm Err an hirer Funktioun als Ombudsmann analyséieren an debattéieren. Dofir géif ech gären e puer Wierder als Merci u si riichten. D'Madamm Err huet sech an deene leschte fënnef Joer onermiddlech agesat, fir als Vermëttler tëschent dem Bierger an dem Stat derzou bäizedroen, datt d'Bierger méi einfach zu hire Rechter kommen. Si huet an all hire Rapports annuels Verbesserunge vun den administrative Prozesser oder der Gesetzgebung virgeschloen. Si huet derzou bäigedroen, datt d'Inegalitéite konnte besäitegt ginn. An ech mengen, mir sinn eis all eens - hoffen ech emol -, datt si der Institutioun vum Ombudsmann an eisem Land zu enger Visibilitéit an zu engem positive Bild bei der Bevëlkerung verhollef huet, déi dës awer nach relativ jonk Struktur bis ewell nach net hat.

Des Weidere kann ech feststellen, datt sech d'Reaktivitéit vun den Administratiounen an de Gemengen, déi vum Ombudsmann mat Reklamatioune vu Bierger konfrontéiert goufen, iwwert d'Joren extrem verbessert huet. Déi ufänglech Skepsis vun de Servicer, vläicht och Angscht, datt do een Externe sech amëschen an deen interne Fonctionnement a Fro stelle kéint, spieren ech haut bal net méi. An et spiert ee méi eng Bereetschaft, fir matzeschaffe mat dem Ombudsmann a mat senger ganzer Equipp.

Den Ombudsmann ass elo e Partner. E gëtt als Partner ugesinn. Och dëst ass eng extrem positiv Entwécklung a weist alt nees, datt den Ombudsmann eng immens wäertvoll Institutioun ass, net zulescht dowéinst, well hei de Bierger an enger aktiver Roll an aus Eegeninitiativ eraus dozou ugehale gëtt, eis demokratesch Institutiounen ze verbesseren an domadder ze stäerken.

Fir hiren onermiddlechen Asaz wärend deene leschte fënnef Joer am Déngscht vun de Bierger a vum Land wëll ech der Madamm Err an natierlech och hirer motivéierter Equipp e grousse Merci am Numm vun der grénger Fraktioun ausschwätzen.

Zu gudder Lescht wëll ech awer och deem neien Ombudsmann, der Madamm Claudia Monti - e schéinen Numm op alle Fall -, vill Freed an eng glécklech Hand mat hirer Aufgab wënschen.

Ech hoffen och, datt dat exzellent Aarbechtsverhältnis tëschent dem Service vum Ombudsmann an der Chamber weiderhi seng Friichte wäert droen. An um Enn dann och e spezielle Merci un d'Vera Haas, déi administrativ Mataarbechterin vun der Petitiounskommissioun, fir hir exzellent Aarbecht. Merci dem Marion a Merci, datt Der mer nogelauschtert hutt. A Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Arrivederci!

M. Roberto Traversini *(déi gréng).*- Arrivederci!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An nächste Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Et ass schonn e puermol hei gesot ginn, ech maachen dat awer och nach eng Kéier, well dat heiten ass dee leschte Bericht, dee mer unhuelen, deen ënnert der Madamm Lydie Err als Ombudsmann redigéiert gouf. An dofir och vu menger Säit a vun der Säit vun déi Lénk wierklech all eis Remerciementer un d'Madamm Err, déi wierklech eng ganz gutt Aarbecht wärend hirer Mandatsperiod gemaach huet.

A selbstverständlech wäerte mir och nach der Madamm Monti an och hire Mataarbechter vill Gléck wënschen an och vill Ausdauer. Mä ech mengen, jiddereen, deen d'Madamm Monti kennt, weess jo och, datt si dat alles huet. Op jidde Fall Ausdauer a Gléck, dat wënsche mer hir.

Den Ombudsmann ass an der Tëschenzäit als Institutioun an der Bevëlkerung ukomm. Dat ass gutt, well et och eng wichteg Ulafstell ass. A well et esou eng wichteg Ulafstell ass, bleiwen ech weiderhin der Meenung, datt mer awer och - et sinn e puer Wierder doriwwer verluer ginn - mussen iwwer e puer Detailer vum Selektiounsmodus diskutéieren an e vläicht och reforméieren.

Mir haten och viru Kuerzem nach, wéi deen neien Ombudsmann selektonéiert gouf, proposéiert, datt ee sech kéint virstellen, datt déi verschidde Kandidaten, déi sech gemellt haten, sech och der Chamber kéinte virstellen. Et koum dunn och zu enger Minireform: Déi verschidde Kandidatinnen a Kandidate si vun der Conférence des Présidents gehéiert ginn.

D'Conférence des Présidents sinn d'Fraktiounscheffen, d'Representantë vun de Sensibilitéiten an natierlech och de Chamberspresident selwer. Dat ass natierlech e Fortschrëtt, deen ee muss begréissen. Ech mengen, datt et weiderhin néideg wier, datt ee sech awer trotzdeem iwwerleet - elo hu mer e bësse méi Zäit, e puer Joer op jidde Fall -, ob een dat net awer vläicht e bësse méi ausweit. Et kéint en Hearing sinn. Et muss net onbedéngt déi ganz Chamber sinn. Et kéint een dat och begrenzen op déi eng oder aner Kommissioun: d'Petitiounskommissioun, d'Institutiounskommissioun, zesumme mat der Presidentekonferenz. Why not? Also et kéint ee sech dat awer och scho virstellen, datt een déi Prozedur e bësse méi opmécht, well schlussendlech muss och all eenzelnen Deputéierten hei seng Stëmm ofginn.

D'Iddi, fir dat esou e bësse méi transparent ze maachen, ass a mengen Aen u sech och eng Aart a Weis, fir den Ombudsmann a seng Institutioun u sech ze stäerken, fir op kee Fall den Doute planéieren ze loossen, datt bei dësem wichtegen Amt iergendwéi eng Persoun selektionéiert gëtt, net onbedéngt wéinst hire Kompetenzen. Ech mengen, dat war bis elo nach net de Fall, mä de Problem ass jo ëmmer, datt et kéint op jidde Fall esou opgeholl ginn. An ech mengen, dat wier net onbedéngt gutt.

Ech wëll awer och ënnersträichen, fir datt een awer ganz kloer ass, datt zum Beispill d'Parteizougehéiregkeet vun engem Ombudsmann net onbedéngt heescht, datt déi Persoun duerno hir Aarbecht net en toute indépendance géif maachen. An ech mengen, dat kann ee souguer gesinn: Souwuel den Här Fischbach, den éischten Ombudsmann, wéi och d'Madamm Lydie Err ware prominent Parteipolitiker an hunn trotzdeem wierklech an totaler Onofhängegkeet gehandelt. An ech mengen, dat huet wahrscheinlech och domadder ze dinn, datt, wann ee grad och nach aus enger Partei kënnt, ee vläicht e bësse méi Efforten och mécht, fir méi iwwert d'Parteilinnen an d'Parteigrenzen eraus an iwwerhaapt fir méi onofhängeg kënnen ze schaffen. Also dat muss een awer och natierlech nuancéieren.

D'Propos, déi zwar net zréckbehale gouf, fir d'Wahl op Zweedrëttelmajoritéit eropzesetzen, doriwwer kann een diskutéieren. Ech mengen, bis elo ware mer der Meenung, am Rapport op jidde Fall, datt een dat net zréckbehale kann. Mä ech menge vläicht awer, datt et eng Diskussioun wäert ass.

Ee vun de Problemer, dee mer awer och seriö mussen ugoen, ass de Kompetenzberäich selwer vum Ombudsmann. Zurzäit ass e limitéiert op staatlech Administratiounen, op Gemengen, op Établissement-publicken. De Problem ass awer deen, datt et aner Strukture ginn, déi am Kader vum private Recht fonctionnéieren, mä déi eng Mission de service public erfëllen. Dat kënne Schoule sinn, dat kënne Crèchë sinn, dat kënnen Altersheemer sinn an esou weider an esou virun.

Wa scho privat Strukture Missiounen erfëllen, déi een am Kader vun enger Mission de service public versteet, da sinn ech awer och der Meenung, datt een dës Strukturen net wéi normal Privatentreprisë soll behandelen. An dat si se jo och net, vu datt se awer trotzdeem zum Deel, heiansdo och zum groussen Deel, vun der ëffentlecher Hand, also vun de Steiergelder och matfinanzéiert ginn, direkt iwwert d'Subventiounen oder awer och indirekt, wéi mat de Chèque-servicen, wat eng ëffentlech Ënnerstëtzung ass vu private Firmaen. Dat gesi mer bei de Crèchen. Et kéint een nach dorobber zréckkommen, ob dat och ganz effikass ass.

Wie vu Steiergelder finanzéiert gëtt, dee soll och de Steierzueler Rechenschaft ofleeën. A wann een e Service public leescht, da muss een och dem Public Rechenschaft ofleeën. Mir hunn am Bericht festgehalen, datt d'Notioun vun der Mission de service public misst klarifizéiert ginn. An ech mengen, dat wäert eng wäertvoll Diskussioun sinn.

Zum Schluss wollt ech nach op dee Punkt agoen, deen an dësem Rapport och méi am Fokus steet: näämlech all déi Plazen, wou Fräiheetsentzuch besteet, vum klassesche Prisong elo ofgesinn. Eng interessant Saach ass, datt den Ombudsmann eng ganz breet Definitioun vum Fräiheetsentzuch virschléit. Dat heescht, datt Fräiheetsentzuch och bedeite kann, datt ee sech an enger Struktur befënnt, wou een zwar theoretesch eraus kann, awer an der Praxis net eraus kann, wéi zum Beispill e Spidol. An anere Länner ginn et schonn Organismen, déi sech ëm esou Situatioune bekëmmeren, a mir sollen eis och dorunner inspiréieren.

Da kommen ech schlussendlech op e méi sensibele Punkt ze schwätzen, deen och schonn hei all Kéiers ugeschwat ginn ass an dee jo och am Zentrum ebe steet vum Rapport. Dat sinn déi Ophuelstrukture fir Asylbewerber. D'Madamm Err huet der am Ganze 16 visitéiert an déi si vu ganz ënnerschiddlecher Qualitéit. Ee vun den Haaptproblemer ass, datt gewësse Strukturen iwwerbeluecht sinn, soudatt heiansdo souguer zwou Familie sech een Zëmmer deele mussen. Dovunner ofgesinn, mengen ech, ginn et och ganz seriö Probemer, wat d'Formatioun ugeet vun de Sécherheetsagenten, déi och vu private Firmae kommen.

An enger Question parlementaire, déi ech zesumme mam Marc Baum gestalt hat un d'Madamm Integratiounsministesch, gouf verséchert, datt dës Agenten och eng Formatioun géife kréien, déi och geschlechtsspezifesch wier an un dës speziell Situatioun adaptéiert wier.

Ech zweifelen, muss ech awer soen. Ech zweifelen awer drun, datt dat esou einfach geet. Ech zweifelen drun, datt dës Leit, also déi Agenten - ech wëll hinnen dat net virwerfen, déi sinn net onbedéngt dofir forméiert gewiescht -, mä ech zweifelen drun, datt dës Leit eng seriö Formatioun kréien, aus deem ganz einfache Grond, datt een och eng aner Klack héiert an deemno wéi och grad vun deenen Agente selwer. An dofir misst een awer weiderhi kucken, ob déi Agente wierklech seriö ausgebilt ginn, étant donné, datt se dat par nature net si vun Ufank un.

Här President, et ass keng Fro vu Luxus, wann een derfir suergt, datt d'Ophuelstrukture fir Flüchtlinge korrekt fonctionnéieren. Propper Sanitären, wou d'Intimitéit och geschützt ass, Méiglechkeeten, selwer ze kachen, Raimlechkeeten, wou net onbedéngt bis zwou Familljen zesummeliewe mussen op enkem Raum, wéi dat och am Bericht beliicht gëtt.

De Problem ass deen, datt sech esou Frust bei de Leit accumuléiert, zemools bei deene méi jonken a vläicht och bei deene méi männlechen. An dat hëlleft kengem. D'Flüchtlinge kréien och oft nogeluecht, si misste sech gefällegst integréieren an dat géif dann och iwwert d'Sprooche lafen. Jo selbstverständlech. Dat géif dann och iwwer Lëtzebuergesch lafen oder Franséisch oder Däitsch. A wa méiglech och nach schnell, och wann déi Leit selwer heiansdo deemno wéi och net dat laténgescht Alphabet iwwerhaapt beherrschen.

Mat wat fir enger Sprooch soll een ufänken? Lëtzebuergesch ass natierlech ganz wichteg a ganz nëtzlech, mä Franséisch ass och ganz wichteg a ganz nëtzlech hei, zemools wann ee muss mat der Administratioun eens ginn. Dat heescht, esou einfach ass dat jo och net hei zu Lëtzebuerg, wann ee vu Leit fuerdert, einfach esou ganz schnell Sproochen ze léieren, zemools wa se e risegen Trauma hannert sech hunn, en Deel vun hirer Famill voire d'ganz Famill verluer hunn oder hiert Émfeld verluer hunn, eng Stad verluer hunn, déi net méi steet an esou weider an esou virun, a wa se duerno an enger ganz friemer Géigend mussen ukommen, wou se keng Repèrë méi hunn.

Dofir musse mir natierlech och derfir suergen, datt d'Flüchtlingen och d'Méiglechkeeten ausnotze kënnen, fir d'Sprooch kënnen ze léieren, well deemno wou si grad ënnerbruecht sinn, op méi isoléierte Plazen, wou d'Infrastrukturen inexistent sinn an d'Transportmëttelen ënnerentwéckelt sinn, do muss een derhannert goen.

Et ass och interessant ze gesinn, wéi déi ganz Fro vun de Flüchtlingen u sech Froen opwerft, déi déi ganz Lëtzebuerger Gesellschaft betreffen. Ech hunn elo grad vun der Ubannung un den ëffentlechen Transport geschwat, dee problematesch ass fir jiddereen, deemno wou ee lieft, mä do kann een och nach iwwert de Logement schwätzen. Dat ass och hei ugeschwat ginn, well wann ee vun engem DPI, also engem Demandeur de protection internationale, zu engem Beneficiaire gëtt, da kann een och eng regléiert Aarbecht fannen. Dat ass scho guer net einfach. Et ass schonn net einfach fir Leit, déi iwwerhaapt hei gebuer sinn, dann ass et ganz schwéier fir déi Leit do. Et kritt een RMG, et muss een eng Wunneng fannen. Mat engem RMG fënns de keng Wunneng! Iwwerhaapt souwisou, mat engem Mindestloun ass et och scho ganz schwéier.

Mat engem RMG kanns de natierlech och dann net an enger Wunngemeinschaft, an enger Colocatioun wunnen. Et gouf och scho gesot: Dat muss wierklech reforméiert ginn!

Dat heescht, unhand vun dësem Rapport hei ginn awer wierklech erëm Problemer beliicht unhand vun der Situatioun vu Flüchtlingen, déi awer déi ganz Bevëlkerung betreffen. An ech mengen, dofir ass et wichteg, datt mer och regelméisseg iwwert de Bericht vum Ombudsmann diskutéieren.

Voilà. Ech mengen, ech si schonn 30 Sekonnen iwwer meng Limitt. Ech soen Iech Merci fir nogelauschtert ze hunn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

Prises de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech mengen, mir kënnen elo net op déi Punkten agoen, déi net direkt an onsem Ressort sinn. Ech wëll awer vun der Geleeënheet haaptsächlech och profitéieren, fir der Madamm Err Merci ze soe wierklech. Ech hat mat hir eng ganz Rei, ech géif emol soen „stimuléierend" Reuniounen.

(Interruption)

An am Endeffekt si mer ëmmer zu engem gudden a positive Resultat komm fir d'Leit. An ech mengen, dat ass och absolutt wichteg. Ech wëll och nach eemol soen, datt si deen Job vum Ombudsmann mat extremem Engagement ausgefëllt huet. Haut gëtt net méi diskutéiert, ob deen Job wichteg oder net wichteg ass, en ass Deel vun onsem demokratesche System. Ech ka mech gutt erënneren, wéi mer op anere Plazen déi Diskussiounen haten. An et ass eigentlech déi Dier, déi de Bierger sech heiansdo erëm an Erënnerung ruffe soll, wann en a Konflikt ass oder Problemer huet mat den Autoritéiten oder haaptsächlech mat der Administratioun. Et ass also e wichtege Bestanddeel vun onser Demokratie.

Wat déi Punkten ugeet, déi vläicht elo net esou ugeschwat gi sinn, mä déi awer am Rapport stinn, wëll ech emol éischtens soen: Et ass keng geziilte Recommandatioun do. De Punkt vun dem Reclassement, e schwieregt Gesetz, wat ech hei mat mengem Kolleeg vun der Sécurité sociale deelen, ass ugeschwat. Mä ech stellen awer och hei fest, datt mer an deene meeschte Fäll, iwwer 78% vun de Fäll, déi ons ugedroe gi sinn, eng positiv Léisung fir d'Leit fonnt hunn. Dat weist éischtens emol d'Utilitéit vun der Institutioun Ombudsmann, well d'Leit ouni déi Institutioun wahrscheinlech net onbedéngt recht kritt hätten.

An dat anert ass d'Fro vun den Aarbechtsdoktere bei der Aptitude aux postes à risques. Bon, d'Aarbechtsdokteren ënnersti mir net direkt, mä ech muss soen, do si mer konfrontéiert mat engem ganz komplizéierte Problem, well mir hunn einfach net genuch Aarbechtsdokteren am Land. An och all Demandë beim Ombudsmann änneren dat net esou séier, wann ee ganz einfach déi Aarbechtsdokteren net fënnt.

Mä ech verstinn awer, datt mer mussen eng Léisung fannen, wann duerch de Fait, datt een net dee Certificat vum Aarbechtsdokter fir d'Aptitude aux postes à risques huet, dann eng ganz Rei Problemer op eemol kënnen entstoen, notamment beim Reclassement. An do musse mer eng pragmatesch Léisung fannen, well och ganz oft Leit net bei den Aarbechtsdokter geschéckt gi vun hirem Employeur respektiv ganz laang mussen drop waarden, bis si iwwerhaapt e Rendez-vous kréien.

Voilà, dat als e puer Remarquen zu deene Punkten, déi am Rapport iwwer meng Kompetenzen ugeschwat gi sinn. An ech wëll natierlech och vun där heite Plaz der Successeur vun der Madamm Err alles Guddes wënschen an ech freeë mech elo schonn op eng äänlech positiv Kollaboratioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Aarbechtsminister. An den Här Sozialminister, den Här Romain Schneider, huet d'Wuert.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Vu mir aus och e puer Wierder. Fir d'Éischt och e Merci un d'Lydie Err fir déi Zesummenaarbecht, déi ech iwwer all déi Joren hat. Ech hat d'Chance jo, ewell an der viregter Regierung och am Kader vun deene ganze Kompetenzen am Beräich vun der Agriculture a vun der Viticulture mat hir zesummenzeschaffen, wou mer ëmmer probéiert hunn, aktiv d'Problemer ze léisen. An dat war och an deene Beräicher elo de Fall, a virun allem an der Sécurité sociale. Dofir e grousse Merci, och un d'Rapportrice fir dee flotte Rapport.

Ech mengen, mir hate jo als Ministeren d'Geleeënheet, och eis Punkten anzeginn op déi Recommandatioune respektiv déi Suggestiounen, déi koume säitens vum Ombudsmann zu deenen eenzelnen Theme respektiv och zu de Kaderausriichtungen. Ech mengen, et si Recommandatiounen, et si Suggestiounen, déi ee ganz seriö hëlt. Dat maache mir op jidde Fall. Ech maachen et op jidde Fall a menge Ministèren dauernd.

An ech muss soen, an deem Volet, dee jo eigentlech dee gréisste betrëfft, dee vun dem Beräich vun der Sécurité sociale, deen ëmmerhin iwwer 800.000 Assuréen huet, wou also jiddwereen dermat ka betraff sinn, deen iergendee Fall huet, deen en net ka geregelt kréien oder net esou positiv geregelt ka kréien, wéi e mengt, ass et evident, datt een ëmmer erëm muss um Ball bleiwen, fir ze kucken - an ech mengen, de Marco Schank huet et gesot -, fir och einfach de Leit ze erklären, wat et heescht, wat d'Decisiounen heeschen.

Et muss een natierlech dobäi oppassen, datt een och all Kéiers dee juristesche Kader mat beliicht, well eng Äntwert, déi einfach ass, ass net ëmmer déi aner Ofdeckung. Dofir hunn ech meng Leit beoptragt, datt mer probéieren, dat dote mateneen ze verbannen: méi no beim Bierger, méi einfach fir de Bierger, ouni awer ze vergiessen, datt hannendrun natierlech och Recoursméiglechkeete sinn, déi ee muss ofgedeckt hunn.

An ech mengen, datt mer grad an dësem Beräich, wann d'Agence eSanté eng Kéier komplett steet, eng ganz Rei vu Vereinfachunge wäerte kréien an och nach méi e geziilt a konstruktiivt Schaffen hannendru ka sinn.

Op jidde Fall, och vu menger Säit nach eng Kéier der Lydie Err e grousse Merci an och der Madamm Monti vill Erfolleg an e gutt Zesummeschaffen an deenen nächste Joren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat wäre mer um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. An ech ginn Iech Rendez-vous muer de Mëtten um zwou Auer fir d'Fortsetzung vun eisem Ordre du jour. Merci.

(Fin de la séance publique à 15.52 heures)

SÉANCE 45

JEUDI,
6 JUILLET 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Hommage à la mémoire de M. Jeannot Belling, député honoraire

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. Heure de questions au Gouvernement

Question n°270 du 5 juillet 2017 de M. André Bauler relative au rôle de l'ITM dans la prévention des maladies professionnelles, en particulier les pneumoconioses, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- *M. André Bauler - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*

Question n°271 du 6 juillet 2017 de M. Marco Schank relative au service d'autopartage appelé «car sharing», prévu par les CFL, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

et

Question n°272 du 5 juillet 2017 de Mme Josée Lorsché relative aux initiatives du Gouvernement dans le domaine du covoiturage, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Marco Schank, Mme Josée Lorsché - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°273 du 6 juillet 2017 de M. Roger Negri relative à la configuration future du carrefour et du bypass souterrain à l'endroit de l'actuel giratoire «Gluck», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Roger Negri - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°274 du 6 juillet 2017 de M. Gast Gibéryen relative à l'extension de la N7 à partir du Fridhaff, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Gast Gibéryen - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°275 du 6 juillet 2017 de M. Marc Spautz relative aux prestations familiales en espèces et en nature, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

- *M. Marc Spautz - Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration*

Question n°276 du 6 juillet 2017 de M. David Wagner relative aux travaux d'extension du Lycée technique de Bonnevoie, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. David Wagner - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°277 du 6 juillet 2017 de Mme Françoise Hetto-Gaasch relative à la prise en charge du traitement de la maladie du lipœdème par la Caisse nationale de santé, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale

- *Mme Françoise Hetto-Gaasch - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*

Question n°278 du 6 juillet 2017 de Mme Martine Hansen relative à la promotion de produits régionaux luxembourgeois et aux suites données à la pétition n°668 «Lëtzebuerger Produkter an der ëffentlecher Restauratioun», adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

- *Mme Martine Hansen - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs*

5. Motion de M. Gast Gibéryen relative au nouvel horaire des CFL et à la refonte des lignes ferroviaires 60a et 60b

- *Exposé: M. Gast Gibéryen*
- *Discussion générale: M. Laurent Zeimet, M. Roger Negri, Mme Josée Lorsché, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen (intervention de M. Gusty Graas), M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (dépôt d'une documentation)*
- *Vote sur la motion (rejetée)*

6. 7074 - Projet de loi portant sur l'enseignement secondaire et modifiant

1. la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

2. la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

3 la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement (Titre VI: de l'enseignement secondaire);

4. la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée;

5. la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire;

6. la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;

7. la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote;

8. la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

9. la loi du 16 mars 2007 portant - 1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue - 2. création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation;

10. la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle;

11. la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire;

12. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

13. la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance;
14. la loi modifiée du 29 juin 2010 portant création d'une réserve nationale de chargés d'enseignement pour les lycées et les lycées techniques;
15. la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers;
16. la loi du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale;
17. la loi du 24 août 2016 portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement secondaire et secondaire technique;
18. la loi du xxx ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Claude Lamberty*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen (dépôt d'une motion), M. Lex Delles (interventions de Mme Martine Hansen et M. Claude Wiseler), M. Claude Haagen, M. Claude Adam (interventions de M. Marcel Oberweis et M. le Ministre Claude Meisch), M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (interventions de M. Claude Wiseler, Mme Martine Hansen et M. André Bauler)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, Mme Martine Hansen*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Nicolas Schmit, M. Romain Schneider, M. François Bausch, M. Fernand Etgen, M. Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Gudde Mëtteg! Ech maachen d'Sëtzung op a froen d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

(Négation)

Am Moment net.

2. Hommage à la mémoire de M. Jeannot Belling, député honoraire

Da komme mer op déi manner gutt Nouvelle zréck, déi mer gëschter kruten. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn déi traureg Flicht, Iech den Doud vun eisem fréiere Kolleeg, dem Här Jean-Nicolas, genannt Jeannot Belling matzedeelen, dee gëschter am Alter vu 65 Joer vun eis gaangen ass.

De Jeannot Belling war eis all als jovialen a weltoppene Miseler bekannt, och wann hien 1952 an der Stad op d'Welt komm ass a seng Kandheet an der Alstad ronderëm de Palais verbruecht huet, wou seng Elteren d'Wiertschaft „Am Tram" haten.

Nodeems seng Aarbecht als Douanier hien op d'Musel gefouert huet an hie sech 1975 mam Maisy Schumacher, déi gebierteg vun der Musel war, bestuet huet, huet hie sech hei am wuelste gefillt an ass ni méi vun do fortgaangen.

1978 ass hien der Demokratescher Partei bäigetrueden. Hien ass ganz séier aktiv an der Partei ginn, an dëst ganz besonnesch um Gemengenniveau, wou hien 1982 Conseiller ginn ass, 1994 Schäffen an dräi Joer duerno, also 1997, Buergermeeschter vun der Gemeng Réimech.

Hien huet sech um Niveau vun der Gemengepolitik ganz staark fir d'Liewensqualitéit, d'Moderniséieren an d'Verschéinere vu Réimech agesat, well d'Potenzial vum Tourismus fir seng Stad him kloer war. Esou huet hien d'Haaptplaz autofräi gemaach, en neie Camping geschaaft, d'Schlittschongspist an als fréiere Schwëmmer an der Nationalequipp natierlech och d'Schwämm renovéiere gelooss.

Esou war hie schonns Enn de 50er Joren Héichleeschtungssportler a war sechs Joer laang an der Schwamm-Nationalequipp. Hie war iwwregens deemools och Landesrekordmann op 1.500 an op 800 Meter Crawl.

De Jeannot Belling hat och Talent fir Musek, souwuel wat d'Instrumenter ugeet; sou huet hien Akkordeon, also Harmonika, Querflütt, klassesch Gittar an och Piano gespillt. Mä säi wuel bekanntest Instrument war seng Stëmm, vun där vill Leit sech bei den Optrëtter vum Réimecher Cäcilië-Chouer konnten erfreeën.

1999 huet hie fir d'Éischt bei Chamberwahle matgemaach an ass, nodeems de Carlo Wagner an d'Regierung geruff ginn ass, an d'Chamber komm. Hie war Deputéierte bis 2004 a war Member vun deene parlamentaresche Kommissiounen, déi sengen Interessen a sengem Engagement entsprach hunn. E war och Member an der Delegatioun vun der Assemblée parlementaire Benelux.

Dem Jeannot Belling louchen d'Problemer vum sougenannten „drëtten a véierten" Alter um Häerz. Esou ass hien net nëmme wärend 20 Joer President a Sekretär vun der Lokalsektioun gewiescht, mä säit 2014 och Nationalpresident vun der Amiperas.

Hie war och am Verwaltungsrot vu Protransplant a wärend ville Joren am Syndicat d'initiative vu Réimech aktiv an huet och ëmmer vill Freed beim Keelen am Veräin «Réimech 78» gehat.

D'Liesen, a ganz besonnesch déi Lëtzebuerger Literatur, hunn hie passionéiert. Bicher hu säin Aarbechtszëmmer gefëllt an hien huet mat vill Enthusiasmus an Talent bei Sangspiller an Theaterstécker matgemaach.

Mat dem Jeannot Belling ass e frëndlechen an engagéierte fréiere Kolleeg vun eis gaangen, un dee mer eis nach ganz gären erënneren. Senger Famill wëll ech am Numm vun der Chamber eist déift Matgefill an eis éierlech Sympathie ausdrécken.

An ech géif Iech bieden, obwuel mer dat gëschter scho gemaach hunn, nach an Erënnerung un de Jeannot Belling fir eng Minutt un hien ze denken.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen Iech Merci.

3. Ordre du jour

Dann eng kleng Modifikatioun zum Ordre du jour. Op Ufro vum Här Nohaltegkeetsminister mam Accord vun der Conférence des Présidents gëtt proposéiert, d'Motioun vum Här Gibéryen direkt no der Froestonn ze behandelen.

Ass d'Chamber mat där Propositioun d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

4. Heure de questions au Gouvernement

A mer géifen dann zum éischte Punkt vun eisem eigentlechen Ordre du jour iwwergoen: d'Froestonn un d'Regierung. D'Regele kennt Der. An ech géif Iech och bieden, Iech un d'Riedezäit ze halen.

Déi éischt Fro kënnt vum Här André Bauler un den Aarbechtsminister iwwert d'Roll vun der ITM bei der Präventioun vun Aarbechtskrankheeten, professionelle Krankheeten. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°270 du 5 juillet 2017 de M. André Bauler relative au rôle de l'ITM dans la prévention des maladies professionnelles, en particulier les pneumoconioses, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

M. André Bauler *(DP).*- Merci, Här President. D'Funktioun vun der ITM, der Gewerbeinspektioun, ass net nëmmen d'Virbeugung vun Accidenter, mä och d'Präventioun vun de professionelle Krankheeten, dat heescht d'Expositioun op Schied zum Beispill chemescher a biologescher Natur. D'Expositioun kann iwwert d'Haut goen oder, méi geféierlech nach, iwwert d'Longen an d'Bronchen. Ech war e puermol selwer Zeie vun esou Situatiounen, wou Aarbechter Verbundsteng geschnidden hunn ouni Waasser an ouni Mondschutz.

Dofir wollt ech dem Här Aarbechtsminister just folgend Froe stellen: Éischtens, mécht d'ITM Kontrollen an deem Sënn op de Schantercher? Zweetens, wat ass d'Verantwortung vun de Patronen? Drëttens, wësst Der ongeféier, wivill där Fäll am Joer Usproch op eng Indemnitéit umellen am Kader vun enger Maladie professionnelle? A véiertens, ass den Här Minister gewëllt, d'Roll vun der ITM an der Präventioun ze stäerken?

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bauler.

An d'Wuert huet den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat, wat den honorabelen Deputéierten uschwätzt, dat nennt een am medezinnesche Fachjargon - mä, ech mengen, Dir hutt jo en Noper, deen Iech doriwwer ka vill Explikatioune ginn - Pneumoconiose. An dat ass eng Longekrankheet, déi effektiv eng ganz Rei vun Ursaache kann hunn.

An dozou gehéiert notamment déi berüümte Silicose, wou mer wëssen, datt haaptsächlech d'Biergaarbechter an der fréierer Zäit, wou mer Minnen haten, ganz oft betraff waren. Dozou gehéiert awer och déi Longekrankheet, déi een duerch Asbest kritt. An dozou gehéieren och aner Longekrankheeten, wéi Fibrose, déi een duerch Graphite - an dat ass zum Beispill eng Saach, déi hei ugeschwat ginn ass - ka kréien. Ech wëll elo net déi Lëscht weiderféieren. Dat fënnt een alles, wat fir eng Krankheetssituatiounen a -fäll do concernéiert sinn.

Ech mengen, wat hei ugeschwat ass, dat ass effektiv haaptsächlech d'Präventioun. Dat heescht ze kucken, datt déi dote Krankheeten, déi elo haaptsächlech och um Bau entstinn...- wa mer dervun ausginn, datt den Asbest relativ gutt erfaasst ass an och do all grouss Präventioune geholl ginn -, mä an deenen dote Fäll, déi sech besonnesch um Bau erëmfannen, gëllt et präventiv virzegoen.

An do ass natierlech d'ITM concernéiert, mä net nëmmen. Dat do ass och besonnesch eng Saach, déi direkt d'Assurance accident ugeet wéi och d'Aarbechtsmedezinn. Déi Leit, déi op eemol esou Symptomer hunn, déi musse jo am Prinzip och bei den Aarbechtsdokter goen, deen da feststellt.

Ech kann Iech awer elo haut net soen, wivill Fäll datt do en cause sinn. Ech hunn dat och nach ni esou a Statistike fonnt. Ech kéint probéieren nozekucken, souwuel bei der Assurance accident wéi och an der Aarbechtsmedezinn, wivill Fäll eventuell do bekannt sinn. Dat kann ech Iech haut net soen.

Wichteg ass natierlech, datt mer déi Reglementatioun, déi jo an enger Rei vu Reglementer drasteet, wat d'Sécurité et santé au lieu de travail ubelaangt, an och besonnesch dat Gesetz vun '99 applizéieren. An do huet d'ITM natierlech e Rôle. An ech ginn och dervun aus, an ech hunn och dem Direkter vun der ITM un d'Häerz geluecht, och déi doten Aspekter mat eranzehuelen, fir ze kucken, datt, wann een op engem Chantier Situatioune gesäit, wou effektiv esou Stëbs entsteet, wat herno ka schlëmm Konsequenze fir d'Gesondheet vun de Leit hunn, een effektiv dann och probéiert, dat ze änneren.

Moyene gëtt et. D'Moyene sinn eigentlech technesch Moyenen haaptsächlech. Ech weess och net, ob e Mondschutz ëmmer dat Bescht ass, mä et gehéiert derzou. Dozou gehéieren natierlech och Apparater, déi maachen, datt wéineg Stëbs entsteet. Déi si vläicht e bësse méi deier, mä et ass awer haut wierklech keng gréisser Problematik, fir esou Apparater anzesetzen, déi mat Waasser funktionéieren an duerfir och dann empêchéieren, datt Stëbs entsteet.

D'Präventioun ass den Zentrum vun deem Thema. Dir wësst, et ass op Honnerte Chantieren, wou esou Situatioune geschéien. Dat heescht, mir kënnen net elo op all Chantier ee schécken a kucken, ob elo dee Steen do esou geschnidde gëtt mat där Maschinn, wou mer wëllen, mä mir wäerten dann elo un d'Entreprisen eng Circulaire schécke vun der ITM, zesumme mat der Assurance accident eventuell, fir ze soen: „Passt op déi do Problematik op! Maacht, datt d'Leit net deem Stëbs exposéiert sinn, deen effektiv déi do Risiken - nach eemol, Pneumoconiose - ka provozéieren!"

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat war eng Punktlandung! Merci, Här Minister.

Da si mer saiséiert mat zwou Froen, déi eng iwwert de Carsharing an déi aner iwwert de Carpooling. Ech géif proposéieren, dass déi zwee Froesteller hir Froe kéinten noenee stellen an den Här Minister dann op déi zwou zesummen äntwert.

(Interruption)

Dir hutt dann eng gewëssen Indulgence. Ech mengen zwar, dass et mat véier Minutten duergeet, och wann et zwou Froen zu engem äänleche Sujet sinn.

Den Här Schank huet d'Wuert.

- Question n°271 du 6 juillet 2017 de M. Marco Schank relative au service d'autopartage appelé «car sharing», prévu par les CFL, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- Question n°272 du 5 juillet 2017 de Mme Josée Lorsché relative aux initiatives du Gouvernement dans le domaine du covoiturage, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Marco Schank *(CSV).*- Voilà. Merci, Här President. Meng Froen dréien ëm de geplangte Carsharing-Projet vun den CFL. An enger Äntwert op eng Question parlementaire am Februar dëst Joer sot den Nohaltegkeetsminister, datt an enger éischter Phas op deenen 20 am meeschte frequentéierte Garen zu Lëtzebuerg fir d'CFL-Clienten eng 100 Autoe géife prett stoen. Duerno soll de Projet och op Garen am noen Ausland ausgedeent ginn.

Ech hunn elo gelies, datt «CFL Mobility», eng privat Sociétéit, déi der CFL gehéiert, deen nationale Carsharing soll bedreiwen. An hire Geschäftsführer, den Här Jürgen Berg, huet an der Press gesot, de Projet géif elo am richtege Moment kommen - ech zitéieren - «(...) car tous les éléments sont réunis pour que cela fonctionne».

Mech géif interesséieren, wat dat heescht a wéini et soll tatsächlech ugoen. Ass et richteg, datt déi Sociétéit amgaangen ass, Leit anzestellen? Et ass vu 15 bis 20 Persoune rieds gaangen an deem Artikel.

Den Här Berg sot an der Press sënngeméiss, datt am Hierscht - «à l'automne» - net nëmmen den nationale Reseau fir Carsharing vun den CFL an deene wichtegste Garen am Land prett wier, mä och an deene wichtege Gare fir d'Frontalieren an an deene wichtegste Pôles d'échanges mat de Zones d'activités. Ben, den Hierscht, dat ass geschwënn, dat ass an dräi Méint. Ass dat esou mat där Date limite?

Et huet och vum Här Berg geheescht, déi zwee aner Operateuren am Carsharing zu Lëtzebuerg, den „Carloh" fir d'Stad Lëtzebuerg an den „City Mov'" fir d'Nordstad, wiere keng Konkurrenz fir d'CFL. A bei där Ausso däerf d'Fro erlaabt sinn, ob d'Offer dann openeen ofgestëmmt ginn ass vun deenen dräi Operateuren, well jo net all Operateur déiselwecht Viraussetzunge respektiv Zilsetzungen huet.

Ech hu mer och soe gelooss, datt d'Moyenne de trajet bei „City Mov'" bei 20,5 Kilometer läit, dergéint bei „Carloh" bei 170 bis 200 Kilometer, wat jo scho méi op een „Rent a car" erausleeft. Duerfir och meng lescht Fro: d'Fro nom Public cible vun dem Carsharing.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Schank. An d'Madamm Lorsché ass als Nächst un der Rei. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Merci, Här President. Meng Fro geet an déiselwecht Richtung wéi déi vum Kolleeg Marco Schank, mä se ass méi allgemenger Natur. Ech mengen, ech muss d'Virdeeler vum Carpooling net laang opzielen. Se si bekannt. Se besti jo, éischtens, an der Reduktioun vun de Käschte fir deen Eenzelnen, well d'Käschten opgedeelt kënne ginn, an zweetens awer och doran, datt d'Zuel vun den Autoen op de Stroosse massiv reduzéiert ka ginn. Dat féiert jo natierlech net nëmmen zu manner Stau, mä och zu enger massiver Reduktioun vun den CO_2-Emissiounen an zu der Verbesserung vun der Loftqualitéit.

Vu datt zu Lëtzebuerg nach ëmmer 82% vun alle Strecken am Privatauto zréckgeluecht ginn

an datt duerchschnëttlech an eisem Land net méi wéi 1,2 oder 1,1 Persounen an engem Privatauto fueren, hutt Dir decidéiert, Här Minister, de Carpooling konsequent auszebauen an och d'Grenzregioun mat anzebezéien, nieft allen anere Moossnamen, déi Der schonn ergraff hutt, fir d'Mobilitéit an eisem Land ze verbesseren.

Meng Fro ass an deem Kontext globaler Natur, méi generell ebe wéi déi vum Här Schank. Ech wéilt en allgemenge Bilan kréien iwwert dat, wat schonn en place ass, an dann awer och, wat Dir nach alles wëlles hutt, fir méi Leit derzou ze bewegen, hire Privatauto am Alldag mat anere Leit ze deelen.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och.

An d'Wuert huet elo den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. A Merci och deenen zwee Deputéierte fir déi Froen. Carsharing a Carpooling, och wann et d'nämlecht kléngt, ass net dat nämlecht. Dat eent ass: „Ech lounen en Auto", an dat anert ass: „Ech lounen eng Plaz, fir matzefuere mat engem aneren am Auto."

Vläicht fir d'Éischt zum Carsharing. De Projet ass um Lafen. D'Gesellschaft ass gegrënnt ginn den 21. Mäerz dëst Joer. Entre-temps gëtt et och en Numm fir déi Gesellschaft, wéi se soll heeschen. Ech wëll deen dann hei exklusiv der Chamber als Éischt matdeelen. E wäert „Flex" heeschen, wéi Flexibility, „Flex". Et si scho siwe Leit agestallt gi bei der Gesellschaft.

Si sinn och baséiert zu Waasserbëlleg. Do ass eng Filial gegrënnt gi vun den CFL, déi zu Waasserbëlleg an der Gare Waasserbëlleg hire Siège huet. De System wäert ufänke mat 20 Statiounen a 85 Gefierer, dovunner 15% Elektrogefierer. A bis 2026 gëtt ugestrieft, fir 100% Elektrogefierer ze hunn.

D'Zilpublikum ass kloer: e Complément zu dem Zuch. Dat heescht, et ass am Fong, fir datt den Zuch e verlängerten Aarm kritt, wann een et esou wëllt huelen. Dat heescht, datt d'Zuchnotzer eng Sécherheet hunn, datt jee nodeem, wuer se fueren, se och op enger Gare kënnen op en Auto zréckgräifen. Dat heescht, dat gëtt hinne gewësse Garantien, datt se méi flexibel sinn, wa se den Zuch och kënnen huelen.

Also, et ass am Fong en Zilpublikum, wat e bëssen aneschters ass, géif ech soen, wéi bei deenen anere Systemer. Duerfir ass d'Tarifikatioun och ganz sécher net grad d'nämlecht. Dat ass awer net dramatesch.

Op wat soll opgepasst ginn? Dat hat ech der Eisebunn un d'Häerz geluecht, dat ass, datt déi Systemer, déi et zu Lëtzebuerg gëtt, elektronesch matenee kompatibel sinn, datt mer herno alles op d'mKaart dropkréien an de Client de Choix huet ze wielen, wat e wëllt notzen.

Et ass och esou, datt de Projet am September wäert am Detail virgestallt ginn. Da wäerte mer et och anhalen, wéi mer et versprach hunn, datt Enn November, géif ech soen, de System operationell ass. An och d'Zilsetzung, iwwert d'Grenzen eraus ze goen, déi bleift an der Optik bestoen, mä et geet elo mat 20 Statioune lass. Déi befanne sech op deene wichtege Plazen, laanscht Garen, Pôle-d'échangen, awer duerch d'ganzt Land verspreet, vun Norden, Süden, Oste bis Westen. Jiddweree kritt seng Statioun.

De Carpooling, wat d'Madamm Lorsché freet, dat ass och e Projet. Do si mer schonn eng länger Zäit oder e gutt Joer amgaangen, drun ze schaffen. Mir haten en europäesche Marché négocié lancéiert, fir eng Firma ze sichen, déi eis déi Service-Plattform soll schafen. Dat heescht, dat ass jo am Fong eng Service-Plattform, déi ganz staark op d'digital Technik opbaut, mat Geolocalisatioun an esou weider, déi ganz innovativ wäert sinn.

Eelef Firmen hate matgemaach. Am zweeten Tour sinn der dräi zréckbehale ginn. An net méi spéit wéi haut de Moien hunn ech ënnerschriwwen, wien den Zouschlag kritt huet. Ech kann Iech dat awer nach net matdeelen, well zwou Wochen Delai sinn - dat ass den Delai -, déi aner kréie jo elo matgedeelt, datt se net geholl gi sinn, wou se kënnen Asproch huelen.

Et ass awer esou, datt och do de Projet wäert genau am Timing agefouert ginn, wéi mer et virgesinn haten, an zwar Enn des Joers. Oktober/November wäert e fir de grand Public lancéiert ginn. Et ass och eng grouss Konferenz den 20. November an der Chambre des Métiers iwwer Mobility Management. An déi wäerte mer notzen, fir dat ganz grouss virzestellen.

Mir hunn och hei zum Zil, fir... An et si scho ganz vill Firmen, mat deene mer Kontakt hunn, fir direkt mat Firmen zesummenzeschaffen, datt mer eng Masse critique kréien, déi ganz grouss ass am Ufank, datt d'Angebot och, fir matzefueren, gutt ass. An och do kann ech Iech awer den Numm soen, well deen ass och do erausgewielt ginn, och exklusiv, well deen ass eréischt och gëschter decidéiert ginn. Dat wäert heeschen „Copilote". Dat heescht: „Ech fuere mat, ech sinn e Kopilot." An et ass och e Wuert, wat sech an alle Sprooche relativ gutt eegent, wat jiddweree versteet.

Also déi zwou Neierungen, souwuel de Carsharing wéi de Carpooling, wäerte bis Enn des Joers a Betrib goen, niewent enger ganzer Rei anere Saachen am Eisebunnssecteur, ech mengen, déi Der entre-temps kennt an déi mer och nach genuch wäerte bekannt ginn an deenen nächste Méint.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister.

A mer kommen zu der nächster Fro, gestallt vum Här Roger Negri a betreffend déi nei Kräizung an de Bypass beim haitege Rond-point Gluck.

- Question n°273 du 6 juillet 2017 de M. Roger Negri relative à la configuration future du carrefour et du bypass souterrain à l'endroit de l'actuel giratoire «Gluck», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Mir haten den 30. Juni, quasi virun engem Joer, de Projet gestëmmt vun der neier Nationalstrooss iwwer Bouneweg, den Houwald. An do war och déi nei Configuratioun vum Rond-point Gluck, deen ëmgebaut gëtt an eng Kräizung mat Luuchten.

Wann een elo e bëssen awer kuckt, wat alles do geschitt um Ban de Gasperich an esou weider iwwer e Joer, an och, wou een elo gesäit, dass d'Rue Gluck och zou ass - do wollt ech direkt d'Fro drunhänken, ob déi erëm eng Kéier sollt opgoen -, do wollt ech de Minister awer vläicht nach eng Kéier froen an deem Sënn, dass ee sech awer e bësse Gedanke mécht, an Dir kënnt Iech erënneren, Här Minister, dass sengerzäit eise Spriecher, de Georges Engel, sech och schonn e bëssen déi Froe gestallt huet...

Well, wat mer immens gutt fannen: Mir baue jo en Tunnel elo ënnert der Kräizung Richtung vun der Stad, Richtung Süden, ob een dann net awer kéint an déi Richtung goen, wou een elo plangt... Ech kann Iech dat soe vu Mamer, wou och am Rond-point Tossebierg en Tunnel gebaut ginn ass, ënner schwéiere Konditiounen, wat am Fong geholl e bësse schued ass, dass een net profitéiert aus pragmatesche Grënn, fir an déi aner Richtung datselwecht ze maachen.

Dofir geet meng Fro an déi Richtung. Compte tenu vun där Situatioun, dass do elo wierklech vill gebaut gëtt, dass et och elo schwiereg gëtt, zemools wou Der, mengen ech, och elo déi gutt Decisioun geholl hutt, fir d'Autobunn vun Diddeleng vun der Grenz op dräi Spuren ze maache bis an d'Stad eran, bis an d'Croix de Gasperich an d'Croix de Cessange, déi ganz Geschicht, ass et e bësse vläicht eng Fro, ob een net kéint pragmatesch virgoen.

Well ech wëll just am Argument dat heite soen: Sengerzäit... An ech ka mech nach aus mengem fréiere Beruff dorunner erënneren, wéi schwiereg et war, d'Rocade de Bonnevoie mat der Penetrante do ze bauen, wou et jo awer normal virugeet an d'Stad, wou ee quasi kann, wéi mer alleguerte wëssen, iwwert déi al Bréck zweespureg an den Tunnel do fueren erëm vum Saint-Esprit. Ob dann net aus där Consideratioun awer wierklech en onnëtze Fläschenhals do gebaut gëtt, fir dass déi Leit aus dem Süden awer tant soit peu eng Chance hunn, nach normal an d'Stad ze kommen. Si gi jo séier elo erausdrainéiert. Dat wär am Fong meng Fro.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An den Här Nohaltegkeetsminister ass erëm um Tour.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci och dem Här Negri fir déi Fro. Déi ass net nei. Mir haten déi och, wéi e selwer seet, laang diskutéiert an der Kommissioun, wéi mer deemools de Gesetzesprojet gestëmmt hunn. An et gëtt am Fong och keen neie Moment zënter der Kommissioun, wou mer d'Gesetz gestëmmt hunn, an haut.

Et muss een oppassen: Weder de Rond-point Gluck haut, nach an Zukunft d'Kräizung, déi do op der Plaz wäert amplaz kommen, si jo eppes Isoléiertes. An et kann ee sech vläicht Saache virstelle mat Sous-terrain, datt een elo a priori mengt, dat kéint Sënn maachen, mä et muss een déi Kräizung do gesi mat anere Kräizungen a Verbindung. An duerfir si jo och Simulatioune gemaach gi vun de CMT respektiv et si ganz genau Analyse gemaach gi vun enger ganzer Rei Büroen, wéi een déi Kräizung am Zesummespill mat all deenen anere Saache soll kucken.

Mir musse se jo ëmbauen, fir datt se méi Capacitéit kritt. A mir musse kucken, datt mer se awer och esou regléiert kréien, datt se net ze vill duerchlässeg ass op béide Säiten, well dat soss Inzidenze kann hunn op aner Kräizungen. Dat heescht, wa mer elo hei zwee Sous-terraine bauen, virun allem deen, deen elo verlaangt gëtt, dann huet dat natierlech eng immens Inzidenz op aner Luuchtekräizungen. An dat ass an de Simulatiounen hei erauskomm. An duerfir gëtt och nëmmen deen ee gebaut.

An déi Kräizung wäert och fonctionnéieren. Dat ass jo och net souwisou dat Eenzegt, wat mer maachen an deem Raum, fir datt de Verkéier soll besser goen. Dir musst jo wëssen, datt mer och souwisou... Den Tram wäert gebaut ginn, déi nei N3 wäert nach aner Fonctionalitéiten hunn, soudatt een dat am Zesummespill muss gesinn.

An dann hoffe mer jo och an Zukunft, datt duerch déi vill Investissementer mat der Gare Houwald an esou weider... D'Fluxe vun den Autoe musse mer och kucken, datt mer déi, wann net zréckgedréckt kréien, mindestens dierfe se net nach weider wuesse par rapport zu den Aarbechtsplazen, déi mer do an deem Eck schafen.

Also, wéi gesot, et gëtt keen neie Moment. An aus deene Grënn, wou ech gesot hunn, vun dem Oppassen op den Impakt op aner Kräizungen, loosse mer de Projet esou, wéi en elo gestëmmt ginn ass vun der Chamber. An esou wäert en dann och ëmgesat ginn.

Merci.

(Interruption)

Jo, d'Rue Gluck, dat ass natierlech keng Statsstrooss. Also, dat ass eng Gemengestrooss. Da musst Der eng Ufro am Stater Gemengerot maachen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Minister.

An déi nächst Fro kënnt vum Här Gibéryen un den Nohaltegkeetsminister, deen direkt kann heibleiwen, a se dréit sech ëm eng eventuell Vergréisserung vun der N7 vum Fridhaff un. Här Gibéryen!

- Question n°274 du 6 juillet 2017 de M. Gast Gibéryen relative à l'extension de la N7 à partir du Fridhaff, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech mengen, et ass regelméisseg, datt mer heibannen iwwert den Ausbau vun der Nordstrooss schwätzen. Eng Kéier vum Fridhaff an d'Éislek, déi aner Kéier vum Fridhaff Richtung Colmer-Bierg. Ech wëll mech haut méi beschäftege mat der Fro vum Ausbau vum Colmer-Bierg op de Fridhaff.

De Minister huet de 6. Januar d'lescht Joer op eng Question parlementaire vun de Kolleegen Hansen, Schank, Kaes an Eicher geäntwert, datt d'Regierung decidéiert hätt, deem Stéck vun deem Tronçon Prioritéit ze ginn, fir déi ze sécheren, a se op zweemol zwou Spuren auszebauen. An därselwechter Äntwert huet de Minister gesot, datt do e wichtege Site archéologique wier, wou nach géie Fouillë gemaach ginn. An déi géifen dann nach bis 2016 weidergoen. An en huet gesot, laut dem aktuelle Stand, wéi gesot Januar 2016, kéint een dermat rechnen, datt en Avant-projet détaillé bis Hierscht 2016 kéint virleien.

Duerfir meng Froen un den Här Minister, wéini datt ee mat deem Avant-projet, dee fir den Hierscht 2016 virgesi war, rechne kann; zweetens, ob déi Etüden, wat de Site archéologique ubelaangt, an der Zwëschenzäit fäerdeg sinn; a wéini datt ee kéint mat engem Avant-projet détaillé rechnen.

An déi véiert Fro: Wéini datt ee kéint, méi mëttel- oder laangfristeg gesinn, eng Kéier mat engem Projet de loi rechnen. Fir wéini datt d'Regierung den Ausbau vu Colmer-Bierg Richtung Norden/Fridhaff programméiert huet, wéini datt ee kéint dermat rechnen, datt dee Projet hei an der Chamber kéint zum Vott kommen, vu datt mer jo wëssen, datt all déi Projeten do vun der Etüd bis de Projet, bis se ugefaange ginn, bis se fäerdeg sinn, e Jorzéngt däerften daueren. An duerfir meng Fro, wéini datt mer konkret mat deem Projet kéinten ukommen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An den Här François Bausch huet erëm eng Kéier d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President, an och Merci dem Här Gibéryen fir déi Fro. Ech mengen, bei deem Stéck, wat en do freet, gëtt et am Fong zwou Sektiounen. Déi éischt Sektioun, dat ass déi vu Colmer-Bierg op Ettelbréck, also déi sougenannte B7, déi dann eng Kéier eng A7 gëtt, wa se bis fäerdeg ass. An dat Zweet ass den Accès ZANO um Fridhaff, also d'N27A mat der B7.

D'Léisung a puncto Kaméidi; et ass jo och e grousse Problem vu Kaméidi gewiescht an deem Eck bei Colmer-Bierg. Do ass eng Etüd gemaach gi mam Environnement zesummen, déi läit och elo vir, wou och festgehale gëtt, wat muss an den APD vum Gesetzesprojet ageschriwwe ginn, fir datt mer do keng Problemer kréien a puncto Kaméidi.

Den Tracet ass och ëmgeännert gi wéinst den archäologesche Fouillen, also wéinst deem Site, dee mer do fonnt hunn. Deen ass och elo definéiert. Mir komme laanscht déi Ausgruewungen. Also dat, wou mer nach virun, ech géif soen, engem hallwe Joer e bësse Bauchwéi haten, wéi mer dat géifen hikréien, ass awer elo erreecht ginn, soudatt d'Administratioun, also d'Stroossebauverwaltung elo amgaangen ass, en detailléierte Plang, also den APD, auszeschaffen, esou séier wéi méiglech. A wann den APD bis fäerdeg ass, dat ass jo am Fong och d'Gesetz, dat geet dann duerch de Regierungsrot a wäert an der Chamber deposéiert ginn.

Ech kann elo hei nach net e genauen Datum soen. Ech ginn awer dervun aus, datt et nach an deenen nächste Méint ass. Also bis Enn des Joers misst den APD, géif ech soen, fäerdeg sinn. An da kënnt en och duerno als Gesetz an d'Chamber.

Zu dem Tronçon B, do hunn ech den Arrêté ënnerschriwwen, wat d'Ausschreiwung ubelaangt, dat heescht, dee ganzen Ëmbau vum Fridhaff mat de Bypassen. Do fänken d'Entreprisen elo gläich u mat schaffen a si prett. Si wäerte wahrscheinlech direkt nom Congé collectif ufänke mat schaffen. Also, dat heescht, déi zwou Sektiounen. Déi eng geet wahrscheinlech elo relativ séier, an déi aner Sektioun, soubal mer d'Gesetz, den APD fäerdeg hunn, deposéieren ech en. An do wäerte mer och kucken, esou séier wéi méiglech do unzekomme mat den Aarbechten.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och.

An déi nächst Fro kënnt vum Här Marc Spautz an dréit ronderëm d'Familljenzoulagen. Se riicht sech un d'Familljeministesch. Här Spautz!

- Question n°275 du 6 juillet 2017 de M. Marc Spautz relative aux prestations familiales en espèces et en nature, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här President, Madamm Minister, ech wollt d'Fro stellen: De Juli 2016 huet d'Regierung e Projet de loi deposéiert, wou et ëm d'Upassung a Geldleeschtungen oder a Saachleeschtungen un de Salaire médian geet, wat d'Evolutioun vun de Kannerzoulagen ubelaangt.

Am Oktober 2016 huet de Conseil de... net de Conseil de Gouvernement, mä de Conseil d'État gesot, si géifen an deem Projet d'Demande de plus-value normative vermëssen. Si hu fonnt, dat wier «tributaire de la volonté politique» an dann en «manque de cohérence». An dat war am Oktober 2016.

Opgrond vun aneren Dossiere war et bis elo nach net méiglech, dass mer an der Kommissioun konnten doriwwer schwätzen. Dofir meng Fro un d'Regierung, wéi et elo domadder ausgesäit, wat do ënnerwee ass. Kënnt do en neie Projet? Gëtt dee Projet amendéiert?

Well vum Oktober bis elo sinn awer e puer Méint vergaangen. Net dass een herno ënner Zuchzwang kënnt, wann dat soll an d'Realitéit ëmgesat ginn.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet d'Madamm Familljeministesch, d'Madamm Corinne Cahen.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Villmools Merci, Här President. Merci dem Deputéierte Marc Spautz fir seng Fro.

Et ass effektiv en Text, deen op engem Accord baséiert, deen d'Regierung den 28. November

2014 mat de Gewerkschaften ënnerschriwwen huet. Doropshin hu mer mat de Gewerkschaften zesummen deen Text ausgeschafft. A wéi Der richteg gesot hutt, ass den Avis vum Statsrot elo schonn eng Zäitchen do. D'Diskussiounen dorëms sinn awer nach net definitiv ofgeschloss. D'Regierung wäert natierlech en temps utile doriwwer kommunikéieren. Ech erënneren drun: Et geet drëms, d'Prestations en nature et en espèces ze analyséiere par rapport zu der Evolutioun vum Salaire médian. A wann een dann do en Ecart feststellt dee Moment, da soll eng Adaptatioun kommen.

Ech mengen, Dir hutt schonn zitéiert, wat am Avis vum Statsrot steet. Mä onofhängeg vun deem Mechanissem, dee jo en technescht Instrument ass, wëll ech nach emol drun erënneren, dass d'Regierung weider massiv an d'Familljen an an d'Kanner investéiert. D'nächst Woch wäert Der hei an der Chamber iwwer e Gesetzesprojet ofstëmmen, dee vu September un d'gratis Kannerbetreiung wäert aféieren. Och wäerten d'Chèque-servicë méi gënschteg ginn. Dat heescht, dass d'Eltere manner wäerte bezuele fir d'Chèque-servicen, wann hir Kanner an eng Maison relais ginn zum Beispill. Domadder entlaaschte mer d'Familljen nach emol extrem. Do wäert d'Regierung ganz, ganz vill dran investéieren.

An da wëll ech awer och nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Regierung am Moment dru schafft, fir d'Schoulbicher fir all Kanner an all déi Jugendlech an de Lycéeë gratis ze maachen. Do schaffe mer am Moment drun, an ech sinn och sécher, dass mer dat och nach wäerten an dëser Legislaturperiod maachen. Dat heescht, et brauch ee sech am Fong keng Suergen ze maachen ëm d'Prestatiounen en nature et en espèces, well do investéiere mer massiv dran, soudass déi souwisou vill, vill méi séier evoluéiere wéi de Salaire médian. Mä mir schaffen awer och natierlech weider un deem Text a virun allem um Avis vum Statsrot, deen Dir ganz richteg och zitéiert hutt.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Minister.

An déi nächst Fro kënnt vum Här David Wagner, riicht sech un den Nohaltegkeetsminister an dréit ronderëm d'Vergréisserung vum Lycée vu Bouneweg.

- Question n°276 du 6 juillet 2017 de M. David Wagner relative aux travaux d'extension du Lycée technique de Bonnevoie, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo. Merci, Här President. Den Här Lamberty huet et scho verstanen. Ech wollt déi Fro stellen opgrond vun enger Question parlementaire, déi den Här Lamberty gestallt hat, mä ech hätt awer nach weider Froen, déi souwisou dat net ausschléissen, wat justement d'Vergréisserung ugeet vum Lycée technique de Bonnevoie a wou en zweeten Appel de candidatures gestallt ginn ass am Kader vun enger PPP, enger „public private partnership".

Den Här Minister huet e Méinden op d'Fro vum Här Lamberty geäntwert no zwee Méint. Dofir hu mer eis och d'Fro gestallt, firwat et esou laang gedauert huet, fir einfach nëmmen ze äntwerten, u sech hätt de Chantier nach net ugefaangen. Et wier net esou gewiescht, datt en éischte Prestataire ugefaangen hätt an dat duerno näischt gi wier an esou weider.

Meng Fro wier awer trotzdeem, well, wéi de Mierscher Lycée zum Beispill gebaut ginn ass an dat hei votéiert ginn ass an hei an der Chamber diskutéiert gouf, gouf och zu Recht, och vum Här Kox mengen ech, an der Debatt gesot, et misst ee kucken, well et eng PPP war, dat heescht, schonn eng Form vu Privatisëierung, wéi een dat duerno evaluéiert, also datt een eng Evaluatioun misst maachen, ier een eng nei PPP géif ënnerhuelen. Wat richteg ass! Den Här Minister hat och a senger Äntwert op d'Fro vum Här Lamberty gesot, mir hätte gutt Erfahrunge mam Mierscher Lycée gemaach. Gëtt et do eng Evaluatioun? Ass do iwwerhaapt eng Evaluatioun gemaach gi vun der PPP vum Mierscher Lycée? Dat wier interessant, fir ze wëssen, awéifern déi gutt Erfahrunge gemaach gi sinn.

An als Zweet awer prinzipiell d'Fro: Mengt den Här Minister, datt eng „public private partnership" wierklech eng gutt Saach ass, fir e ganzen Deel vun enger Schoul an deem Fall ze geréieren oder fir prinzipiell Schoulen ze bauen an duerno och nach ze geréieren? Wuel wëssend, datt d'ëffentlech Hand do elo villes verléiert an datt mer dann och net innerhalb vun der Chamber doriwwer diskutéiere fir esou gréisser Projeten.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, Der hutt d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Och dem Här Wagner Merci fir déi Fro.

Éischtens emol, et ass net eng Vergréisserung vum Lycée technique Bouneweg, mä e gëtt komplett nei gebaut. Dat heescht, dat Gebai, wat do besteet, verschwënnt a gëtt ersat duerch e komplett neit Gebai. Et ass also schonn eng opwendeg Geschicht, déi mer do maachen.

Zweetens, dee Lancement, also mir hate jo d'Ausschreiwung vun där PPP scho lancéiert, deen huet missen annulléiert ginn aus engem ganz banale Grond, well déi sechs Offeren, déi virlouchen, alle sechs net d'Konditiounen erfëllt oder net all d'Konditiounen erfëllt hätten, wéi se am Cahier des charges virgesi waren. Also duerfir ass eis näischt aneschters iwwreg bliwwen, wéi e Relancement ze maachen. Also dat heescht, et war net komplett, d'Dossiere waren net komplett.

Et geet awer elo schnell weider. D'Ausschreiwung ass lancéiert. Mir verléieren am Ganzen duerch de Fait, datt mer am éischte Worf kee fonnt hunn, dräi Méint, soudatt mer am gesamten Timing wäerten awer à peu près do bleiwen, datt mer Enn 2020, Ufank 2021 déi Schoul kënnen opmaachen.

Ass eng Evaluatioun gemaach ginn? Natierlech ass eng gemaach gi vu Miersch an déi ass einfach positiv gewiescht. Ech wëll net behaapten, datt eng PPP méi bëlleg gëtt, wéi wann ech en ëffentlech normal finanzéieren. Et gëtt och net onbedéngt méi deier, dat hänkt dervun of, wéi d'Marchéskonditioune grad sinn. Mä wat awer sécher ass: Et geet méi séier, wéi wa mer iwwert deen anere Wee fueren. An hei ass e groussen Drock do bei der Schoul, fir déi ebe relativ séier gebaut ze kréien.

Mir kommen an de Prozedure méi séier weider a mir hu vun Ufank un - dat dierf een awer och net ënnerschätzen - e kloren Iwwerbléck iwwert d'Fonctionnementskäschten. Dat heescht, et ass jo net de Stat, deen déi herno dréit, mä den Exploitant, also net deen, deen d'Schoul hält - d'Schoul fonctionnéiert als ëffentlech normal -, mä et ass deen, dee fir d'Botzen zoustänneg ass a kuckt, datt d'Heizungen an alles an der Rei sinn a fonctionnéieren, wéi et beim Mierscher Lycée och ass.

An do ass kloer eng Evaluatioun gemaach gi vun dem Mierscher Projet an déi ass u sech ganz positiv. An duerfir ass d'Konklusioun och net, datt mer an Zukunft e lauter PPPe maachen, mä datt mir geziilt kucken, jee nodeem wat fir ee Projet mer wëlle maachen, wou dat Sënn mécht, wéi zum Beispill hei, wou mer gäre ganz schnell weiderkommen, an datt mer dann dat Instrument zéien. An ech mengen, Dir wësst jo och, datt mer nach x Projeten an der Chamber lafen hunn oder wäerte lafen hunn an den nächste Méint vun neie Schoulen, déi mer wäerte bauen, déi dee ganz normale Wee gebaut ginn, iwwer en normaalt Gesetz, wéi dat an der Vergaangenheet bis elo de Fall war. Also et bleiwen éischter Ausnamefäll an et gëtt net zur Regel.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Minister.

Déi nächst Fro kënnt vun der Madamm Hetto-Gaasch, riicht sech un de Sozialminister an dréit ronderëm d'Prise en charge vum Traitement vum Lipödem.

- Question n°277 du 6 juillet 2017 de Mme Françoise Hetto-Gaasch relative à la prise en charge du traitement de la maladie du lipœdème par la Caisse nationale de santé, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Lipödem ass eng chronesch Krankheet, déi just d'Frae betrëfft. Eng vun zéng Fraen ass hei concernéiert. Et ass eng Stéierung vun der Fettverdeelung, wouduerch d'Fettzellen am Kierper am Gewebe vun der Ënnerhaut am Fong geholl krankhaft vergréissert sinn.

Derbäi kënnt och, dass d'Lymphe net méi gutt offléisse kann an d'Flëssegkeet sammelt sech dann an den Zellzwëscheraim. Et bilde sech Ödemer. Déi Fraen hunn extrem vill Péng a si kréien och ganz séier blo Plazen, ouni dass se sech musse fest gestouss hunn.

Et gëtt verschidden Therapien. D'Kompressiounstherapie, wou d'Patientin flaachgestréckten, op Mooss gemaachte Kompressiounsstrëmp de ganzen Dag muss undoen. De Käschtepräis läit hei tëschent 350 an 800 Euro. A wou et wichteg ass, dass si op d'mannst en zweet Puer huet, fir ze wiesselen, an all sechs Méint muss si och neier kréien, well dann déi aner ausgeleiert an och ouni Wierkung sinn.

Zweetens, déi manuell Lymphdrainage, déi de Lymphsystem stimuléiert. Hei sinn zwou bis fënnef Behandlungen d'Woch noutwendeg. Hei mussen d'Patientinnen awer mëttlerweil, zanter sechs Méint, selwer 30% vun de Käschten iwwerhuelen, wat zu enger Eegebedeelegung vun tëschent 750 an 2.500 Euro pro Joer ka féieren.

An drëttens dann d'Operatiounen, déi dat krankt Fettgewebe eraussaugen.

Et ass kloer, dass d'Leit och hiren Deel selwer musse bäidroen duerch noutwendeg Bewegung, duerch adaptéiert Ernärung, mä dat eleng geet awer net duer. An duerfir wollt ech de Minister froen, ob en net dach awer bereet wier, de Leit eng Grëtz méi entgéintzekommen, wat déi finanziell Entlaaschtung ubelaangt. Duerfir misst fir d'Éischt de Lipödem als Pathologie lourde unerkannt ginn.

Zanter dem 01.01.2017, also vun dësem Joer un, iwwerhëlt d'CNS jo d'Lymphdrainage net méi zu 100%, mä nach just zu 70%. Do wollt ech froen, ob de Minister gewëllt ass, de Patienten nees en 100%ege Remboursement vun der Lymphdrainage zouzesoen an och d'Zuel vun de Sitzungen net just op aacht ze begrenzen, well d'Leit mussen alt véiermol d'Woch dohigoen, an domadder gëtt de Patient jo am Fong geholl quasi forcéiert, dass en all zweet Woch muss eng nei Ordonnance bei den Dokter siche goen, wat dann och erëm mat Käschte verbonnen ass.

Ass de Minister gewëllt, d'Käschte vun deenen deiere Kompressiounsstrëmp do bis zu 80% ze iwwerhuele bei zum Beispill véier Puer pro Joer? An ass de Minister bereet, och de Stadium véier kloer ze definéieren, ab deem d'CNS bereet kéint sinn, fir Operatiounen ze rembourséieren? Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An de Sozialminister, den Här Romain Schneider, huet d'Wuert.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President, fir kënnen op déi Fro ze äntwerten. Merci der Madamm Deputéiert fir d'Froestellung. Ech mengen, ech ginn de Mëtteg eng Kéier ee Supplement eigentlech zu där schréftlecher Äntwert, déi ech lech an dem Här Halsdorf scho ginn hat am Februar 2017 (veuillez lire: Mäerz 2017), wou ech genau op eng Rei vun eenzelne Punkten agaange war.

Et ass awer richteg, datt d'Fro gestallt ginn ass, a vläicht vu mir aus eng perséinlech Bemierkung derzou: Ech kann dës Fraen an dës Meedercher ganz gutt verstoen, vun deenen ech an deene leschte Méint héieren hunn, an dat scho virun där Problematik, déi elo dobaussen och diskutéiert gëtt, déi jo richtegerweis diskutéiert gëtt; ech kann déi ganz gutt verstoen! Well niewent deene moralesche Problemer, déi do sinn, niewent deenen ästheteschen, ass och ee Volet vu Péng do. An ech mengen, et ass ganz kloer esou, datt ee selbstverständlech dorobber muss reagéieren.

Et ass och esou, datt, am Géigesaz zu deem, wat een héiert oder liest, et ganz wuel véier Niveaue gëtt a fënnef Typpe vu Lipödem. A beim Niveau véier kënnt ee Lymphödem derbäi. An ech mengen, wann Der d'Fachliteratur kuckt, gesitt Der, datt déi Niveauen do ganz kloer opgelëscht sinn. An ech mengen, et ass och op Basis vun deem, wou mer och schonn eng éischt Decisioun geholl hunn an engem vun deenen dräi Felder, déi jo ugeschwat gi sinn - et ginn der jo dräi -, fir entgéintzewierken.

Dat Éischt ass deen operative Volet. Dat heescht do, wou eigentlech eng operativ Therapie gemaach gëtt. Dat ass e Volet, deen net all Fra an net all Meedche wëllt maachen, well effektiv hannendrun de Succès och net zu 100% ka garantéiert ginn. Mir hunn do awer direkt reagéiert an ab dem 1. Januar 2017 rembourséiert d'CNS dës Fraise bei enger Operatioun am Kader ebe vum Niveau véier. Dat ass en éischte Volet, wou mer d'CNS scho beoptragt hunn, an ech kommen herno och bei där zweeter a bei där drëtter Partie dorop zréck, bei der Kompressiounsversuergung respektiv och bei der manueller Lymphdrainage, fir ze kucken am Kader vun deenen neie Mesuren, déi mer maachen an déi mer an der Quadripartite mat de Sozialpartner wäerten diskutéieren, fir och déi auszeweiten.

Dir wësst, datt mer virun allem - dat, wat Der zitéiert hat - vun der sougenannter manueller Lymphdrainage gesot hunn - an dat steet och an der Äntwert op Är Fro -, datt mer géifen am zweete Semester 2017 ee Bilan dovunner maachen. An datt mer dann och gewëllt sinn, effektiv déi Participatioun och nach eng Kéier ze erweideren, déi jo de Moment effektiv op 70% reduzéiert ass, wann et net eng Pathologie lourde ass, wéi Der gesot hutt. Dir wësst awer och, datt Ausname kënne gemaach ginn, wa Rapport-médicalle beweisen, datt effektiv dës Versuergung respektiv dës manuell Lymphdrainage och muss gemaach ginn. Och do kann et ausgeweit ginn.

Wat dee ganze Volet vun der Kompressiounsversuergung - déi Strëmp, déi Der zitéiert hutt - ugeet, hunn ech mat ganz ville Meedercher a Frae geschwat. Do sinn et se net alleguerten, déi dat doten effektiv och verdroen oder déi et wëllen, dat ass net ëmmer eppes ganz Agreabeles. Mir kennen et zum Deel dohier, wa mer emol länger am Fliger eng Kéier fléien an esou eng nëmmen e puer Stonnen undinn. Mä dat doten ass och eng ganz schwéier Belaaschtung, och wann et selbstverständlech eng aner Zort vu Kompressioune sinn. Mä och hei si mer gewëllt, ganz einfach am Kader vun der Quadripartite mat de Sozialpartner driwwer ze diskutéieren, fir am Kader vun all deene Mesuren, déi geholl ginn, och Schrëtt ze maachen.

Mä ech mengen, Lëtzebuerg ass ab dem 1. Januar 2017 dat eenzegt Land an Europa, dat effektiv e Remboursement mécht. An ech mengen, dat ass en éischte Virdeel. Dat ass do, wou et eng gesetzlech Krankekeess ass. Ech schwätze vun enger gesetzlecher Krankekeess, dat ass aneschters wéi d'DKV et cetera, selbstverständlech ginn et do aner Méiglechkeeten. Mä am Moment ass Lëtzebuerg dat eenzegt Land, wat ee Remboursement mécht. A mir si gewëllt (veuillez lire: dat weiderzeféieren), virun allem och am Interêt vun all deene Meedercher a Fraen, déi dat doten hunn, wou een, wann een déi Biller gesäit, effektiv och gesäit, wat fir eng Péng, wat fir eng moralesch Péng a virun allem och wat fir en ästheteschen Ausbléck dat ka sinn.

Voilà. An deem Sënn, mengen ech, hoffe mer, datt an deenen nächste Wochen och déi Leit kënne Satisfaktioun kréien. Et muss een awer och, mengen ech, ganz kloer soen, datt dat doten een Thema ass, dat scho länger Zäit besteet an dat effektiv elo an deene leschte Méint méi thematiséiert gëtt, an datt mir eigentlech direkt reagéiert hunn an an där nächster Zäit och wäerten drop reagéieren. Merci bien.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

An déi lescht Fro fir de Mëtte kënnt vun der Madamm Martine Hansen an dréit ronderëm d'Promotioun vu Lëtzebuerger Produkter an der ëffentlecher Restauratioun. Madamm Hansen!

- Question n°278 du 6 juillet 2017 de Mme Martine Hansen relative à la promotion de produits régionaux luxembourgeois et aux suites données à la pétition n°668 «Lëtzebuerger Produkter an der ëffentlecher Restauratioun», adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 13. Januar hate mer hei an der Chamber een ëffentlechen Debat zur Petitioun „Lëtzebuerger Produkter an der ëffentlecher Restauratioun". Als Konklusioun war festgehale ginn, datt an der Landwirtschaftskammer soll eng Plattform gegrënnt ginn, wou Responsabeler aus der Landwirtschaft, Veraarbechtung, Vermaartung an der kollektiver Restauratioun sollen zesummen no Léisunge sichen, fir ebe méi regional Produkter an der kollektiver Restauratioun anzesetzen. Dëst ass wichteg fir eis Landwirtschaft.

Dofir meng zwou Froen un den Här Minister. Déi éischt Fro: Firwat gëtt et dës Plattform, déi viru sechs Méint esou festgehale ginn ass mam Här Minister, nach net? An zweetens: Wéini gëtt dës Plattform bei der Landwirtschaftskammer gegrënnt? Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Hansen. Ech wollt awer just drop hiweisen, dass eng Fro mat bal deemselwechten Inhalt gestallt gi war an de Minister och drop geäntwert hat,...

(Exclamations)

...ouni allerdéngs de geneeën Datum ze nennen. Ech wollt dat just soen. Dir wësst, dass mer am Prinzip Froen, déi scho gestallt a beäntwert sinn, net nach eng Kéier an därselwechter Sessioun kënne stellen. Mä ech gesinn, de Minister ass awer bereet, fir drop ze äntwerten. Dann ass dat esou.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Merci, Här President. Dir hutt recht. Ech wäert am Fong dat widderhuelen, wat ech an der Question parlementaire N°2803 (veuillez lire: 2802) vun der Madamm Martine Hansen zesumme mam Här Marco Schank schonn am Mäerz vun dësem Joer ënnerstrach hat: Datt de Ministère amgaangen ass, zwee Dossieren ze finaliséieren, näämlech dee vum

Agrement vun de Labelen an duerno dee vun der Plateforme d'échange.

Wat deen éischte Punkt betrëfft, also dee vum Agrement vun de Labelen, sinn d'Texter esou wäit fäerdeg, datt ech se nach virun der Summervakanz dem Regierungsrot ka presentéieren. Et handelt sech dobäi ëm legislativ Texter iwwert d'Aféierung vun engem offiziellen Agrement vu Labelen an déi ëffentlech Hëllefen, déi ee Label an deem Kontext ka kréien. Dës Texter gesinn ënner anerem eng Rei Nohaltegkeets- a Qualitéitskritäre vir, déi och kënnen am Kader vum Marché-publics-Gesetz an engem Cahier des charges bei der ëffentlecher Ausschreiwung agesat ginn.

D'Regierung huet och wëlles, am Kader vum Marché-publics-Gesetz een elektroneschen Tool zur Verfügung ze stellen, deen NoA - nohalteg akafen - heescht an deen engem op eng kloer an einfach Manéier soll weisen, wat vu Kritären an ee Cahier des charges kënnen afléissen, jee nodeem, wéi eng Kategorie vu Produkter viséiert sinn.

An där Kategorie „Alimentation" kënnen de Logo, den Agrement mat sengem Stäresystem oder och nach déi eenzel Nohaltegkeets- a Qualitéitskritären, déi mäi Ministère ausgeschafft huet, opgelëscht ginn.

Wat elo d'Plateforme d'échange betrëfft, esou si mer de Moment amgaangen, ze préiwen, ob ee „Groupement d'intérêt économique – GIE" eng méiglech juristesch Form kéint sinn, fir de Lëtzebuerger Liewensmëttelproduzenten an den ëffentleche Kantinnen esou eng Plattform unzebidden, an där si sech kënnen iwwer eng méi intensiv Benotzung vu regionale Produkter an eisen ëffentleche Kantinnen austauschen. Mir mussen dat awer nach op seng Akzeptanz a Praktikabilitéit ënnersichen.

Jiddefalls muss dëse GIE eng equilibréiert Representativitéit vun alle concernéierten Akteuren, souwuel vu staatlecher wéi och vu privater Säit, garantéieren. Dëse GIE misst vun engem „Matchmaker" dirigéiert ginn, deen zum Beispill bei der Landwirtschaftskammer kéint ugesidelt ginn an deen an aller Souveränitéit an Onofhängegkeet mat de concernéierten Akteuren a mat der Hëllef vun der Plateforme d'échange Solutiounen zu eventuellen Hürde proposéieren an ausschaffe kann.

Ech wëll awer an deem Kontext och nach eng Kéier hei ervirsträichen, datt schonns eng gutt Viraarbecht gemaach ginn ass, a wëll allen Akteure vun dëser Plaz aus ee grousse Merci ausspriche fir hiren Engagement an dësem Dossier. Merci villmools!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat si mer um Enn vun eiser Froestonn ukomm a mer géifen, wéi mer dat virdru proposéiert an decidéiert hunn, zu der Motioun vum Här Gibéryen iwwert déi nei Zuchhorairen an Ëmännerunge bei den Zuchlinne 60a a 60b iwwergoen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

5. Motion de M. Gast Gibéryen relative au nouvel horaire des CFL et à la refonte des lignes ferroviaires 60a et 60b

(Motion déposée en séance publique n°42 du 28 juin 2017 - à consulter au compte rendu n°15/2016-2017 en page 566)

Exposé

M. Gast Gibéryen *(ADR), auteur.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Motioun, déi haut hei zur Diskussioun an zum Vott kënnt, huet am Fong, wéi de President et gesot huet, am Zesummenhang mat deenen neie Fahrpläng ze dinn, méi spezifesch wat d'Zuchverbindunge vu Wuelmereng a Frankräich respektiv Ëtteng an d'Stad ubelaangt.

Et ass net fir d'Éischt, datt mer doriwwer heibannen diskutéieren. De Kolleeg Gusty Graas huet an deem Zesummenhang de 16. Mäerz eng parlamentaresch Fro gestallt. De Minister huet den 28. Abrëll doropshi geäntwert. Den 3. Mee huet den ADR-Conseiller Vic Haas zu Diddeleng am Gemengerot eng schréftlech Fro gestallt, wou dann och de 5. Mee de Buergermeeschter an der Gemengerotssitzung drop geäntwert huet.

Den 22. Mee huet de Rëmelenger Gemengerot, de 24. Mee de Käler Gemengerot an de 26. Mee den Diddelenger Gemengerot all Kéiers eestëmmeg eng Resolutioun oder eng Motioun ugeholl, wou se eng Rei vu Fuerderungen un d'Regierung gestallt hunn. Datt do dräi Gemengeréit eestëmmeg eng Decisioun geholl hunn, eng Motioun gestëmmt hunn, beweist, datt d'Suergen an deenen dräi Gemenge grouss sinn, an datt do och all d'Parteien, all d'Parteien, déi hei an der Chamber si plus d'KPL, deene Resolutiounen oder Motiounen zougestëmmt hunn, beweist dat ëmsou méi.

Déi Motioun, déi ech hei deponéiert hunn, dréit den Text erëm, deen am Gemengerot vun Diddeleng ofgestëmmt ginn ass, eestëmmeg ofgestëmmt ginn ass. An den Zweck vun der Motioun ass, datt mer mengen, datt et e staarkt Zeeche wier, wann d'Chamber heibannen och hir Solidaritéit an hir Ënnerstëtzung zu den Ängschten an zu de Fuerderungen, déi déi dräi Gemengeréit am Interessi vun hire Bierger hunn, duerch e Vott ënnersträiche géif an, wéi gesot, Solidaritéit an Ënnerstëtzung zu deenen dräi Gemengeréit géif weisen.

Ech erënneren nach eng Kéier drun, datt all d'Parteien, déi hei an der Chamber sinn, an deenen dräi Gemengeréit déi Motioun matgedroen hunn. Dat hei ass textlech genau déiselwecht Motioun, wéi se am Gemengerot vun Diddeleng gestëmmt ginn ass.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Gibéryen. Gëtt et dozou Wuertmeldungen? Neen, Här Minister, fir d'Éischt emol den Här Negri an den Här Wagner. Wie wëllt d'Wuert nach ergräifen? Den Här Zeimet.

Bon, ech géif proposéieren, dass mer dann deen normale Wee huele wéi ëmmer. Da wär et um Här Zeimet.

Discussion générale

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Mir deelen och d'Suergen, déi zum Ausdrock bruecht goufen an deene Gemengen. Mä éischtens emol maache mer eng Feststellung, datt awer, wa mer eis elo an enger Motioun vun der Chamber op Aussoe vun enger ADR-Sektioun beruffen, muss ech soen: Dat kënne mer elo esou net matdroen an enger éischter Phas, dat fanne mer e bësse komesch vun der Prozedur hier.

Wat awer elo den Inhalt ugeet: Wéi gesot, mir deele schonn déi Suergen, datt d'Leit wëlle gutt Verbindungen hunn. Mä den Här Gibéryen huet selwer gesot: Déi Fro ass schonn e puermol hei ugeschwat ginn an de Minister huet schonn e puermol dorobber geäntwert. An zanterdeem déi Resolutiounen ugeholl goufen, oder déi Motioun, ass jo och scho munches gesot ginn an opgekläert ginn, wat déi nei Horairen elo mat sech bréngen.

An Dir fuerdert jo eigentlech an där Motioun och eng Verbesserung vum Service. Dat ass jo u sech de But, deen Der wëllt erreechen. Mir sinn awer éischter der Meenung vum Minister, datt dat, wat proposéiert gëtt am neien Horaire, genau just dat do wäert mat sech bréngen, näämlech eng Verbesserung vum Service, andeems mer d'Retarden, déi d'Zich am Moment hunn an déi d'Leit eben dervun ofhalen, vläicht méi op den Zuch eriwwerzeklammen, ofbauen. An dat géife mer nawell ganz gären ënnerstëtzen.

D'Gare vu Beetebuerg, déi jo och an dësem Zesummenhang awer ze nennen ass, muss moderniséiert an ëmgebaut ginn. Wat méi séier, wat besser. De Minister huet viru Kuerzem ugekënnegt, datt en dee Projet virgezunn huet. Dat ass eppes, wat mer begréissen an och ënnerstëtzen. An dofir si mir der Meenung, datt dat u sech eng Kontradiktioun ass an dëser Motioun, wat d'Feststellung ass a wat d'Fuerderung ugeet, an dofir géife mer déi Motioun net wëlle matdroen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Zeimet. Den Här Negri huet d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President, an och Merci dem Här Gast Gibéryen fir déi Fro.

Bon, ech mengen, ech kann déi Leit gutt verstoen, well ech och aus deem Eck kommen, vu Käl respektiv Diddeleng aus dem Käldall, dass déi sech elo dofir Suerge maachen, well elo eben déi Zich do ewechfalen a virun allem well de Problem do ass mam Ëmklammen.

Et muss een awer soen, dass ech mech ganz schlecht kann erënneren, a wann ech de fréiere Verkéiersminister, den Här Claude Wiseler kucken, mengen ech, hu mer awer selten an der Chamber schonn esou laang virun engem Fahrplanwiessel iwwert d'Fahrpläng vun der Eisebunn diskutéiert. An et ass mer awer och e bësse kuriéis.

(Interruption)

Ech mengen, de Problem geet awer e bësse méi wäit. Ech mengen, et muss een hei e bësse méi wäit kucken. Et ass effektiv de Problem, an ech kann dat aus menger eegener Erfahrung soen. Viru 40 Joer hunn ech jo an deem Eck do gewunnt an du sinn ech dann heiansdo vun Diddeleng oder vu Käl an d'Stad gefuer an et war ëmmer de Problem, dass een zu Beetebuerg huet missen ëmklammen, an dat huet sech nach net vill verbessert.

Ech mengen, do sinn déi héich Quaien a wann ech elo un eeler Leit denken, dann ass dat immens schwéier, do de Quai ze wiesselen. An et sinn och keng Lifter do an esou weider. An ech mengen, et wär ganz wichteg, dass do eppes geschitt. A wann ech de Minister richteg verstanen hunn, huet e jo och gesot, dass dee Projet zu Beetebuerg do géif virgezu ginn, dass dat méi einfach gëtt.

Dat schéngt mer awer den Haaptproblem ze sinn. Dee Wiessel, souwuel aus dem Käldall wéi vun Diddeleng, ass virun allem de Problem, dass een net um selwechte Quai ka wiesselen a virun allem, dass déi Quaien nach net surelevéiert sinn, wéi se an der Stad sinn. Ech mengen, dat wär e ganz wichtege Problem, ouni dee wär dat nëmmen hallef esou schlëmm.

Well, wëll ech dem Här Gibéryen soen, firwat gëtt déi Mesure do geholl? An ech mengen, ech kann do aus eegener Erfahrung schwätze vu mengem fréiere Beruff: Firwat gëtt dat do gemaach? Ech mengen, Dir wësst hoergenau, dass op där Streck do vu Beetebuerg an d'Stad eng nei Streck gebaut gëtt. Do gëtt elo den neie Quai Houwald gebaut. Do muss den Uschloss vun dem Norddeel vun der Gare Lëtzebuerg komplett ëmgebaut ginn, d'Zich mussen do deviéiert ginn op där besteeënder Streck, éier déi nei Streck fäerdeg ass. An da muss awer och de Süddeel vun der Gare Beetebuerg ëmgebaut ginn.

An do kann ech Iech nëmmen aus eegener Erfahrung soen, dass, wann elo näischt sech géif änneren, wann den Här Minister François Bausch elo d'Eisebunn géif zwéngen, opgrond vun deem, wat mer hei schwätzen, dass de Fahrplan dee bleift, deen en ass, d'Verspéidungen déi bleiwen, déi et sinn, mä da soen ech Iech, dass wärend deenen Aarbechten d'Verspéidungen nach vill méi grouss ginn.

An dofir kann ech mech och erënneren, dass ee bei esou Saache besser huet, et léisst een einfach e bësse manner Zich fueren an et gëtt een och Contrainten op, well déi Gemengen, déi elo zu Recht reklaméieren, dat sinn och déi, déi herno, wann déi nei Streck fäerdeg ass, genau vun där Saach do profitéieren. An dofir géif ech Iech als LSAP proposéieren, dass mer géint déi Motioun stëmmen. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Graas huet sech d'Wuert gefrot.

(Interruption)

Jo. Kee Problem. Den Här Graas.

Plusieurs voix.- Neen, neen!

(Concertation interne)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay. Doru wäerte mer net hänkebleiwen. Et ass esou bei de Gesetzesprojeten.

Madamm Lorsché! Deen ee Beetebuerger virun deem aneren.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Entschëllegt, Här President, ech hat virdru bei der Madamm Barra nogefrot a si huet zu mir gesot, ech géif nom Här Negri schwätzen an dorop hunn ech mech du verlooss. Ech hunn dat elo net gemaach, fir mech hei virzedrécken, mä ech hu mech un déi offiziell Prozedur gehalen, wéi se mir virdrun erkläert ginn ass.

Wéi Dir wësst, kommen ech och aus dem Raum Diddeleng-Beetebuerg a kennen d'Situatioun och doduerch zimlech gutt. Et ass ganz richteg, datt d'Zuchverbindungen tëschent Frankräich, Diddeleng an der Stad mat deenen neie Fahrpläng net optimal funktionéieren, an et ass och richteg, datt d'Direktverbindunge vun Diddeleng aus vill méi attraktiv si wéi Verbindungen, an deenen d'Passagéier, déi vun Diddeleng a Wuelmereng kommen, forcéiert ginn, op der Beetebuerger Gare ëmzesteigen.

Dat ëmsou méi, an et ass scho gesot ginn, well déi Gare net behënnertegerecht amenagéiert ass, well vill Leit Problemer hunn, well keng Lifter do installéiert sinn, an datt och Leit mat Kanner ëmmer Problemer hunn, fir mat de Kutschen an de Poussetten do duerch d'Unterführung ze goen.

Derbäi kënnt dann och nach, datt déi Zich, déi zu Beetebuerg stoe bleiwen a vun Diddeleng kommen, net ëmmer ganz gutt ofgestëmmt si mat deenen aneren Zich, déi an d'Stad fueren, an dowéinst weider Waardezäiten op d'Passagéier zoukommen.

D'Roserei vun de betraffene Bierger kënne mer duerfir verstoen. Derbäi kënnt awer, datt mer munches wëssen. Mir wëssen, datt d'Zuchstreck tëschent Beetebuerg an der Stad méi wéi saturéiert ass; och dat ass scho gesot ginn. Dat féiert zu Retarden, endlose Retarden, soudatt kee Mënsch sech méi kann op de Fahrplang verloossen.

A mir wëssen och, datt den Här Minister mat der ganzer Regierung zesummen all Hiewel a Bewegung setzt, fir den Eisebunnstransport an Zukunft optimal ze organiséieren am ganze Land a fir besonnesch op dëser Streck d'Capacitéiten auszebauen an déi Retarden, déi net méi akzeptabel sinn, ze verhënneren.

Aus deem Grond ginn ebe grad enorm Zommen an den Ausbau vun der Beetebuerger Streck investéiert an dernieft och an den Ausbau vun de Quaien an der Stad. An dernieft kënnt nach, datt de Minister ugekënnegt huet - dat war bei der Aweiung vun der Rue de la Gare zu Beetebuerg -, datt en d'Renovatioun vun der Beetebuerger Gare ëm dräi Joer virzitt, fir ebe just dee Problem vun der mangelhafter Accessibilitéit esou schnell wéi méiglech ze léisen.

An net zulescht huet en eng ganz Rei Kompenséierunge virgesinn, fir den Diddelenger Biergerinnen a Bierger entgéintzekommen. Ech denken, Dir wäert drop zréckkommen, Här Minister.

An deem Kontext sidd Dir am Gespréich mat der Diddelenger Gemeng, an Dir hutt och, wéi gesot, schonn eng Rei Question-parlementairë beäntwert an ëffentlech communiquéiert, fir déi Iwwergangsmoossnamen ze erklären an och déi zukünfteg Strategie vun den CFL ze presentéieren.

Aus all deene Grënn sinn och mir als Gréng der Meenung, datt dës Motioun net méi aktuell ass, mä éischter superfétatoire, well d'Äntwerten an d'Léisungsvirschléi schonn um Dësch leien, fir mëttel- a laangfristeg en optimaalt Netz hinzekréien. An dowéinst wëlle mir dës Motioun net ënnerstëtzen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madamm Lorsché. Den Här Graas hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Här President. Et ass natierlech kee frou, wann e gutt Zuchverbindunge respektiv Busverbindungen ewechgeholl kritt. Duerfir, an deem Sënn kann ee schonn novollzéien, datt d'Bierger respektiv déi politesch Autoritéiten, virun allem vun Diddeleng, an enger zweeter Phas och vu Käl a vu Rëmeleng, sech opgeleent hu géint déi Decisiounen, déi elo geholl gi sinn.

Wéi hei scho richteg bemierkt ginn ass, och vum Gast Gibéryen, sinn dat do u sech Decisiounen, déi iwwert de Wee vun enger Rei vu Question-parlementairë scho matgedeelt goufen. Et ass u sech keen neie Moment. Et sinn och vill Explikatioune matgedeelt ginn.

Ech mengen, mir wëssen och, firwat datt et leider huet missen zu deenen Decisiounen do kommen. Een, dee regelméisseg mam Zuch an d'Stad fiert, haaptsächlech d'Streck Beetebuerg - Lëtzebuerg, dee weess, datt haut praktesch keen Zuch méi ukënnt zu där Zäit, wou en ugekënnegt ass. Déi meescht Zich mussen am Agang vun der Gare Lëtzebuerg stoe bleiwen, well eben de Reseau iwwerlaascht ass a well den Agang an d'Stad Lëtzebuerg oft zou ass. An dowéinst ass dat och ze erklären, firwat hu missen Decisioune geholl ginn, fir datt déi Situatioun sech net nach méi verschlechtert.

Duerfir kënne mir awer op déi aner Manéier verstoen, datt virun allem déi Leit vun Diddeleng doriwwer net ganz frou sinn. Et däerf een allerdéngs net vergiessen, an et ass hei schonn e puermol ugeschnidde ginn, datt jo an deene leschte Wochen a Méint awer och en eeschthaften Dialog gefouert ginn ass, an datt een ënner kengen Emstänn hei kann direkt engem Minister oder enger Regierung e Virworf maachen. Datt déi Situatioun esou ass, ass awer bestëmmt och net d'Schold vun dëser Regierung!

Ech wëll och iwwerhaapt net engem direkt eng Schold hei ginn, mä d'Entwécklung huet dat mat sech bruecht. Engersäits ass et ganz positiv, datt den ëffentlechen Transport vill méi genotzt gëtt wéi fréier, anerersäits si mer natierlech mat dem Ausbau vum Reseau net schnell genuch virukomm.

Dat ännert sech elo. Et sinn eng ganz Rei grouss Chantieren, déi amgaange sinn. An een, deen, wéi gesot, den Zuch regelméisseg hélt, dee gesäit och, mat wat fir enger Rapiditéit, kann ee scho bal soen, deen enorm grousse Chantier vun där drëtter Streck, déi elo tëschent Beetebuerg an der Stad amenagéiert gëtt, virugeet. Dat léisst hoffen.

Op där anerer Säit sinn eng Rei aner punktuell Moossnamen, déi elo geholl gi sinn. Déi missten u sech derzou féieren, datt dat heiten éischter eng temporär Decisioun ass, datt vläicht an e puer Joer awer och déi Frequenz tëschent Diddeleng a Beetebuerg respektiv der

Stad verbessert ka ginn, andeems datt och déi Diddelenger an de Genoss komme vun enger Direktlinn.

Soumat ass déi Motioun, déi hei vun de Kolleege vun der ADR virgeluecht ginn ass, inhaltlech novollzéibar, ech mengen awer, datt se zu engem falsche Moment kënnt, well eben all Donnéeën um Dësch leien. A well de Minister ebe ganz kloer schonn an deene leschte Wochen derzou Positioun bezunn huet, menge mir och, datt se superfétatoire ass. Mir wäerte se als Demokratesch Partei och net stëmmen.

Ech hunn awer vläicht eng lescht Fro nach un de Minister, wat elo d'Streck tëschent Diddeleng a Beetebuerg ubelaangt. Do war emol eng Kéier ugeduecht ginn, fir zäitweis en Dedoublement vun där Linn virzehuelen, fir datt och kënnen zwee Zich sech kräizen. Dat heescht, datt am Fong geholl och d'Frequenz kann erhéicht ginn. Dat géif de Problem zu dësem Zäitpunkt net léisen, mä en vue vun enger méiglecher Verbesserung tëschent Beetebuerg an der Stad, wa bis déi nei Streck amenagéiert ass, wier et awer vläicht net schlecht, och schonn zu dësem Zäitpunkt sech doriwwer Gedanken ze maachen.

An, wéi gesot, ofschléissend nach däerf een net vergiessen, datt de Minister awer och elo zougestanen huet, datt eng Rei Busverbindungen zousätzlech virgesi sinn, haaptsächlech tëschent Diddeleng an der Stad.

An e lescht Wuert nach kuerz iwwert de Problem vu Rëmeleng - Käl. Och deen ass bekannt. Mä d'Statistiken hu jo bewisen, datt „nëmmen" - ech soen dat zwar elo zwësche Guillemeten - 90 Leit u sech direkt dovu betraff sinn. Ech mengen, heiansdo muss een awer och, wann een Decisiounen hëlt, dat Rationaalt, dat Ekonomescht matconsidéieren.

Wéi gesot ofschléissend, mir wäerten als Demokratesch Partei där Motioun hei net zoustëmmen. Ech wëll den Här Gibéryen an engem Punkt hei korrigéieren. En huet behaapt, zu Diddeleng hätt all Partei, déi hei vertruede wär, dergéint gestëmmt (veuillez lire: derfir gestëmmt). D'Demokratesch Partei huet zu Diddeleng am Gemengerot net dës Motioun matgestëmmt.

Plusieurs voix.- Firwat net?

M. Gusty Graas *(DP).*- Firwat net? Well se net do vertrueden ass.

(Hilarité)

Une voix.- An an deem nächste Gemengerot wahrscheinlech och net.

(Brouhaha et hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, just fir ze soen: Ech hunn net gesot, am Diddelenger Gemengerot hätten all hei an der Chamber vertruede Parteien derfir gestëmmt, mä ech sot, an deenen dräi Gemengeréit. A Käl a Rëmeleng, mengen ech, do ass d'DP och iergendwéi anzwousch matvertrueden.

M. Gusty Graas *(DP).*- Zu Rëmeleng hu mer se och net matgestëmmt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- An d'Wuert huet elo den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Här Gibéryen, Dir musst oppasse mat méi klenge Parteien am Minett; deemno wéi weess een net onbedéngt, ob se vertruede sinn oder net.

Här President, bon, wiem seng Schold ass et, datt mer an esou enger Situatioun sinn?

Ech mengen, mir wëssen dat all: Iwwer Jorzéngten ass keng uerdentlech ëffentlech Transportpolitik gemaach ginn zu Lëtzebuerg! Dat war inkompetent, et ass katastrophal. Et misst ee sech heiansdo d'Fro stellen, wéi Lëtzebuerg vläicht géif funktionéieren, wa mer souguer nach manner Suen hätte wéi dat, wat mer hunn. Well heiansdo - do sinn essenziell Saachen, déi wierklech net funktionéieren hei zu Lëtzebuerg - muss ee sech d'Fro stellen, wien a wéi regéiert gouf.

Mä anerersäits gëtt et awer trotzdeem weiderhin och e Konsensus, fir ze soen, datt mer e Wuesstum brauche vu 5% oder 6%, datt mer massiv Aarbechtsplaze mussen unzéien, zemools an der Haaptstad. Aarbechtsplazen, déi meeschtens net besat gi vu Leit, déi iwwerhaapt hei liewen. An d'Leit, déi hei liewen, déi musse souwisou d'Land verloossen, well et ze deier gëtt. Soit! Dat ass déi Situatioun, an där mer sinn.

Dat heescht, et gëtt awer e richtege Konsensus hei am Land, fir e Wuesstum ze hunn, dee kee Sënn mécht, an anerersäits ass dann, bis viru Kuerzem, guer keen Effort gemaach ginn am Transportberäich.

Mir wëllen net als déi Lénk behaapten, datt déi heite Regierung am Transportberäich guer näischt mécht. Mä et muss een awer bedenken, datt d'Sträichung vun eelef direkte Linne vun Diddeleng an d'Stad wierklech e Problem ass, besonnesch well Diddeleng eng Stadgare ass, wou d'Leit och zu Fouss oder mam Vëlo kënne kommen an esou defekt Mobilitéitskette keng Roll spillen.

Mir mengen, datt duerch d'Sträichung vun dësen Direktverbindungen d'Leit elo mussen op enger schlecht amenagéierter - dat ass schonn e puermol gesot ginn - Gare zu Beetebuerg ëmklammen, an dat hëlt hinnen natierlech och Zäit an Usproch.

Mir stëmmen déi Motioun awer mat, well mer net mengen, datt se superfétatoire ass, well an engem Land, dat am Verkéierschaos riskéiert ënnerzegoen, ass et zudéifst ongerecht an och e fataalt Zeechen, fir d'Zuchverbindung tëschent der Haaptstad an der véierter Stad am Land einfach ze suppriméieren, ouni datt eng attraktiv a klimafrëndlech Alternativ ugebuede gëtt.

Also et gëtt gesot, datt Alternativen do sinn, dofir bräichte mer déi Motioun net ze stëmmen. Et sinn e puer Saachen, wou mer kéinte soen, wat d'ADR hei seet, zum Beispill: Et dierf net manner Zuch gefuer ginn. Mir sinn der Meenung, datt nach méi Zuch misst gefuer ginn.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mir och.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Voilà. Bon. Mä trotzdeem wäerte mer...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mir och. Jo.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Trotzdeem wäerte mer déi Motioun matstëmmen.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An d'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Nohaltegkeetsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President, an och Merci fir d'Bäiträg vun den Deputéierten.

Och ech respektiv d'Regierung deelt d'Suerge sougutt vun de Leit wéi vun de Gemengen. An et ass och net, well mer déi Suergen net gesinn oder net verstinn, firwat mer eng Rei Saachen decidéiert hunn, mä et ass aus deene Grënn, déi ech schonn an e puer Question-parlementairë méi wéi eng Kéier ënnerstrach hunn, firwat mer dat maachen.

Et ass och net ganz richteg, wann een et hei duerstellt, wéi wann d'Verbindung suppriméiert wär. Éischtens emol gëtt et eng Verbindung vun Diddeleng iwwer Beetebuerg an d'Stad. Et bleiwen och zwou Direktverbindunge bestoen. Dat gëtt ëmmer esou gär vergiess, wa mer doriwwer diskutéieren, Här Wagner. An zwar hu mer souguer déi Verbindung, déi bestoe bleift, och nach verstäerkt.

Dat hunn ech och gesot, dat war op Basis vun Diskussiounen, déi ech mat der Diddelenger Gemeng hat - well et lafen och Gespréicher, et ass net esou, datt ech mat de Gemenge keng Gespréicher hätt -, do hu mer decidéiert, datt deen Zuch, dee virgesi war fir ze bleiwen als Direktlinn vun Dudelange-Usines, éischtens géif verlängert gi bis Volmerange-les-Mines, an datt mer dee verstäerken, soudatt ganz vill Leit, déi dann eng Direktverbindung e bëssen duerno verléieren, kënnen zréckgräifen op déi Direktverbindung, déi besteet, well déi da méi Capacitéit huet.

Et ass och esou, datt an deem Gespréich mat deene Gemenge mer eng ganz Rei Saache proposéiert hu fir d'Iwwergangszäit, well hei geet et net ëm eng Suppressioun, et geet ëm eng Transitiounsphas vun engem Fahrplang, deen, wëll ech awer soen, am Dezember, wann en a Kraaft wäert trieden, wesentlech Verbesserunge wäert mat sech bréngen, generell fir alleguerten d'Utilisateuren, duerch nei Garen, déi opginn, duerch de Funiculaire, dee mam Tram am Zesummenhang steet, awer och duerch de Reseau, dee méi stabill gëtt.

Well et huet jo kee Wäert, datt mer Verbindungen oprecht halen, an d'Verbindunge fonctionnéieren net. Wann d'Zich Verspéidung hunn, wéi se se haten an deem leschte Joer, dann notzt mech d'Verbindung näischt, da maachen ech d'Leit just rosen. A mir kréien duerch deen neie Fahrplang vill méi Stabilitéit. An et komme ganz grouss Neierungen, déi wäerte vill Verbesserunge mat sech bréngen; do wäerte mer nach zum gegebenen Zäitpunkt hei genuch ze diskutéieren hunn.

Ech hunn och mat de betraffene Gemengen diskutéiert an hinnen eng ganz Rei Saache proposéiert. Zum Beispill der Gemeng Diddeleng hunn ech eng Propos gemaach - déi gëtt och ëmgesat am September -, datt mer eng nei Buslinn oder eng Buslinn, déi besteet, déi haut just op Beetebuerg geet, verlängeren, an datt mer am Fong all d'Aktivitéitszonen, déi tëschent Beetebuerg an Diddeleng leien, mat enger Buslinn verbannen.

Dat war e grousse Schwaachpunkt bis elo, deen zu vill Verkéier gefouert huet. An da kënnen d'Leit sech decidéieren, zum Beispill mam Zuch op Beetebuerg ze kommen an do de Bus ze huelen an déi Aktivitéitszon, wou se hir Aarbechtsplazen hunn, wat menger Meenung no vill Verkéier wäert ewechhuelen aus den Uertschaften Diddeleng a Beetebuerg. An déi kritt och e ganz gudden Takt, déi Linn. Dat ass och nach eng zousätzlech Méiglechkeet - well et kënnt een och nach weider an d'Stad - fir d'Diddelenger Leit aus alle méigleche Quartieren, fir an d'Stad ze kommen.

Déi zweet Saach ass, ech hunn der Gemeng Diddeleng gesot, an der Iwwergangszäit géife mer eng Expressbuslinn aféieren, esou wéi mer eng hunn tëschent Réimech an der Stad Lëtzebuerg de Moment, an déi Expressbuslinn hält just op e puer Plazen am Zentrum vun Diddeleng a fiert da riichtduerch op de Kierchbierg bei de Pôle d'échange vum Tram, dee jo och am Dezember opgeet. An dee geet souguer net nëmmen, wéi et ausgesäit, bis bei de Rondpoint, also bis bei d'Gare Pafendall, mä bis op de Glacis, soudatt ee vun do och an den Zentrum eng bequem Verbindung huet.

An ech si souguer bal iwwerzeegt, haaptsächlech fir Leit, déi am Dag fueren, zum Beispill eeler Leit, ass dat méi bequem, dee Bus ze huelen op de Kierchbierg, wa se an d'Stad wëlle goen, wéi haut den Zuch. Well wann Der haut mam Zuch kommt, och mat enger Direktlinn, da musst Der op d'Gare fueren an da musst Der mam Bus vun der Gare zum Beispill nach op de Kierchbierg fueren oder an den Zentrum. An esou wéi d'Busstauen an der Stad de Moment sinn - ech hu jo den „temps réel" entre-temps bei de Bussen, duerfir weess ech dat -, braucht Der duerfir heiansdo eng Stonn, bis iwwer eng Stonn, wat verréckt ass. Dir braucht méi laang Zäit vun der Gare op de Kierchbierg mam Bus wéi vun Diddeleng an d'Stad mam Zuch.

Fir d'Gare Beetebuerg, et ass scho gesot ginn, dat hunn ech och de Gemenge versprach, datt mer déi baulech Mesuren, Quaien a Sous-terrainen, wäerte virzéien an datt mer dat relativ séier wëlle maachen, fir datt d'Ëmsteige méi bequem ass. An ech wëll lech awer och soen, datt et och vill Leit gëtt, déi dat haut scho maachen. Et gëtt zum Beispill en Zuch um Véierel op siwe vun Diddeleng op Beetebuerg, wou Leit weiderfueren an d'Stad; do sinn der méi dra wéi am Zuch um hallwer aacht oder eppes op hallwer aacht, deen haut direkt geet. Also et ass net esou, datt dat net genotzt gëtt.

Natierlech, ech verstinn dat, d'Zil soll sécher sinn, éischter déi Direktverbindung ze hunn. An dat ass och d'Zil, an dat hunn ech och der Gemeng Diddeleng gesot: „Wann déi Beetebuerger Streck fäerdeg ass, hu mer d'Zil, fir vu Volmerange iwwer Diddeleng en 30-Minutten-Takt anzeféieren, direkt an d'Stad." Mä dat kënne mer awer natierlech eréischt maachen, wa mer déi Capacitéite geschafen hunn, déi mer brauchen.

Här President, ech hunn och hei e ganze Koup Grafiken.

(M. François Bausch montre une documentation à l'audience.)

Ech wär frou, wann d'Deputéierten déi alleguerte kriten. Do ass dee ganze Resumé dran, sougutt wat mäi Virgänger gemaach huet vun Zich, déi bäigesat goufen, wéi och, wat ënner menger Period gemaach ginn ass. Do si vill Zich bäigesat ginn a Material kaaft ginn, mä leider effektiv ass den Netzausbau net séier genuch gaangen.

An ech hunn och en Tableau derbäigemaach, do gesäit ee schéin iwwert déi lescht 20 Joer, wivill investéiert ginn ass. Also an där Period, wou ech elo d'Responsabilitéit hunn, 2013, wann ech da bis 2023 huele vun dem Investissement pluriannuel, do steet: 3,8 Milliarden. Mä virdru waren et och nach eng Kéier 1,3 Milliarden. Dat heescht, mir hunn iwwer en Zäitraum vun 20 Joer an d'Eisebunn fënnef, jo iwwer fënnef Milliarden investéiert!

Ech defiéiere jiddwereen, och Iech, Här Wagner: Kuckt iergendwou an Europa, ob Dir, proportional gesinn, ee Land fannt, wat esou vill an d'Schinn investéiert wéi Lëtzebuerg! Et gëtt keent!

An duerfir gëtt et och kee Land, wat esou eng Croissance huet wéi mir zu Lëtzebuerg. Mir hu wärend 25 Joer, bis 2010, null Croissance gehat bei den CFL, an ab 2010 hu mer 60% Croissance vun de Reesender gehat. Och dat ass e Rekord an Europa, do kënnt Dir gär vergläichen. Mä, wéi gesot, déi Gespréicher lafen. Vill Mesurë si getraff, et wäerten der nach getraff ginn. Et ass just eng Transitiounsphas. An duerno wäert et vill besser goen, da wäert d'Offer fir jiddweree vill besser ginn, wéi se haut ass.

An, Här President, ech géif lech heimadder déi Tableauen iwwerreechen.

(M. François Bausch dépose une documentation sur le bureau de la présidence.)

Ech wär frou, wann och d'Press se kéint kréien. Da ka jiddweree sech dat eng Kéier ukucken.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och.

A mer géifen dann zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer: 5-mol Jo, 54-mol Neen. Domat ass d'Motioun ofgeleent. Merci.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Félix Eischen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

A mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen: d'Reform vum Enseignement secondaire. An den Här Rapporteur, den honorabelen Här Claude Lamberty, steet prett. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

6. 7074 - Projet de loi portant sur l'enseignement secondaire et modifiant

1. la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

2. la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

3 la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement (Titre VI: de l'enseignement secondaire);

4. la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée;

5. la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire;

6. la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;

7. la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote;

8. la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

9. la loi du 16 mars 2007 portant - 1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue - 2. création d'une aide à la formation, d'une prime de forma-

tion et d'une indemnité de formation;

10. la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle;

11. la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire;

12. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

13. la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance;

14. la loi modifiée du 29 juin 2010 portant création d'une réserve nationale de chargés d'enseignement pour les lycées et les lycées techniques;

15. la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers;

16. la loi du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale;

17. la loi du 24 août 2016 portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement secondaire et secondaire technique;

18. la loi du xxx ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Claude Lamberty *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt kaum Plazen an eisem Land, wou esou ënnerschiddlech Talenter, Interessen, Potenzialer a Perspektiven openeentreffen ewéi an eise Lycéeën. Eis Klassesäll spigelen d'Villfältegkeet vun eiser Gesellschaft erëm. Eng Gesellschaft, an där jiddwer eenzelne Schüler d'Méiglechkeet soll kréien, säin eegene Wee ze fannen an och ze goen.

A genee dat soll mat dëser Reform passéieren: no Méiglechkeet all Schüler d'Chance ginn, fir seng Perspektiv kënnen ze verwierklechen. Chancëgläichheete schafen ass nieft der Wëssensvermëttlung eng vun deenen zentralen Aufgabe vun der effentlecher Schoul. Eege Weeër goen, souwuel als Schoul, als Gebai, wéi och als Schüler, ass eng vun de Grondiddie bei dëser Modernisatioun vun eiser Lycéeslandschaft. Dëst féiert zu däitlech méi Chancëgläichheet an eise Schoule fir déi jonk Generatioun.

De Modell vu fréier ass haut net méi akzeptabel, well d'Welt vun haut ass eng aner wéi virun 10, 20 oder 30 Joer, dat souwuel, wat d'Schoulpopulatioun an d'Heterogenitéit vun de Klasseverbänn ubelaangt, wéi och, wat d'Erausfuerderungen an, an och baussent, de Schoulen ubelaangt.

Fréier war d'Schoulpolitik quasi eng Schoulschabloun, déi vum Ministère iwwert d'Land gestülpt gouf a wou all Schüler huet missen dra passen. Hues de als Schüler net an dat Schema gepasst, dann has de e Problem; hues de gutt dragepasst, dann ass alles säi Wee gelaf.

De Modell vun där enger Schoul steet dem Dynamismus an dem Innovatiounsgeescht vun eise Schoule vun haut am Wee a kënnt den Erausfuerderunge vum 21. Jorhonnert och einfach net méi no. Ech erlabe mer an deem Kontext drop ze verweisen, dass déi legal Basis vun eise Lycéeën zu engem ganz groussen Deel aus dem Joer 1968 staamt, eng Zäit, an där vum éischte Mann um Mound geschwat a gedreemt ginn ass, wärend mer haut vum éischte Mann um Mars schwätzen an dreemen.

Mir brauche Schoulen, déi sech kënne fräi entfalen, déi an hiren innovative Projeten ënnerstëtzt ginn an net ausgebremst ginn. Mir brauche Schoulen, déi eege Konzepter ausschaffen, fir déi villfälteg Talenter vun hire Schüler geziilt kënnen ze förderen. Mir brauchen ënnerschiddlech Schoulen, déi de Schüler ënnerschiddlech Weeër zu hirem Zil opweisen. Mir brauche Schoulen, déi et duerch déi geziilten Talentförderung de jonke Leit erméiglecht, eise Schoulsystem mat enger ofgeschlossener Qualifikatioun ze verloossen. Et sinn déi jonk Generatiounen, déi gestäerkt aus eisem Schoulsystem erauskomme mussen, fir hir eegen Zukunft, mä och fir d'Zukunft vun eisem Land. An anere Wierder, Här President: Mir brauchen ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler.

Ier ech op d'Kärpunkte vun der Modernisatioun ze schwätze kommen, hei nach e puer Wuert zum Historique. Déi viregt Regierung hat am Mee 2013 nach e Gesetzestext deposéiert, deen den Enseignement secondaire reforméiere sollt. Dat hat deemools allerdéngs fir e bëssen Opreegung gesuergt. An och de Statsrot hat mat ronn 40 Oppositions formelles säi Wiertche matgeschwat. Et sief gesot, dass d'Oppositions formelles vun deemools haaptsächlech op e Paradigmewiessel an der Interpretatioun vum Artikel 32 vun der Verfassung zréckzeféiere waren.

Esou wéi de Koalitiounsaccord vun dëser Regierung et virgesäit, fousst d'Modernisatioun vum Lycée op deem ale Projet de loi. D'Punkten, déi vum ale Projet de loi iwwerholl goufen, sinn zum Beispill d'Klassen, déi ëmgedeeft ginn, d'Schafe vun der Commission d'inclusion scolaire, de Conseil de classe restreint an d'Stäerkung vun der Representatioun tëschent Direktioun, Schüler an Elteren.

De Projet de loi, dee mir elo hei virun eis leien hunn, geet a Punkte manner wäit wéi de Projet de loi vun 2013. E setzt doriwwer eraus awer ganz nei Akzenter. E geet och heiansdo méi wäit, mä ganz besonnesch dréit e geziilt u Schrauwen, déi eis gutt Schoulen ab September nach besser maachen, an dat fir all d'Schüler. Fir et kloer ze soen: Mat dëser Reform gëtt näischt ofgeschaaft, wat haut gutt fonctionnéiert! Et ass éischter esou, dass d'Offer méi grouss gëtt, wat opgrond vun der Villfältegkeet vun eiser Schoulpopulatioun och absolutt néideg ass.

Eng vun den Haaptprioritéiten ass déi pädagogesch Autonomie, déi elo gestäerkt gëtt. D'Lycéeë sollen an Zukunft selwer hir Konzepter ausschaffen, déi un hir spezifesch Schoulpopulatioun ugepasst sinn. D'Schüler solle sech also an Zukunft net méi un d'Schoulen upassen, mä d'Schoule sollen den Interessen an Talenter vun de Schüler an awer och de regionale Beruffsdebouchéë Rechnung droen an deementspriechend agéieren.

D'Ziler, wat déi national Schoulpolitik ugeet, gi ganz kloer vum Ministère definéiert a ginn an engem nationale Referenzkader festgehalen. D'Schoul entscheet da selwer, mat wéi enge Moyenen, Offeren a Konzepter een dës Ziler wëllt erreechen. Déi eenzel Demarchë ginn am PDS, also am Plan de développement de l'établissement scolaire dokumentéiert a gëlle fir jeeweils dräi Joer. No dësen dräi Joer fënnt eng Evaluatioun statt an et gëtt gekuckt, wat gutt fonctionnéiert huet an op wéi engem Punkt eventuell och Adaptatiounen néideg sinn.

Wat d'Ausschaffe vun deem Plan de développement de l'établissement scolaire ugeet, fannen ech et ganz wichteg ze betounen, dass, äänlech wéi dat am Fondamental ass, vun ënnen erop geschafft gëtt an net vun uewen erof diktéiert gëtt. De PDS kënnt näämlech zustanen nodeems d'Besoine vun der jeeweileger Schoulpopulatioun analyséiert goufen an nodeems déi existéierend Offre scolaire a parascolaire gekuckt gouf. An all Lycée ass eng Cellule de développement scolaire chargéiert, de PDS zesumme mam Conseil d'education auszeschaffen. Et sinn also all d'Akteuren aus der Schoul do vertrueden: d'Schüler, d'Enseignanten, d'Elteren.

De PDS gëtt dann der Lycéeskonferenz virgestallt a vum Direkter approuvéiert. Mat dëser Approche kréien d'Lycéeën also op där enger Säit eng méi grouss Marge de manœuvre, ma ginn op där anerer Säit gläichermoossen och responsabiliséiert. Responsabiliséiert, fir d'Schouloffer weider ze diversifiéieren a fir a verschiddene wichtege Beräicher, wéi zum Beispill der Inklusioun vu Schüler mat spezifesche Besoinen oder dem Abanne vun de Schüler, Efforten ze maachen.

Här President, ech kommen zu engem weidere Kärpunkt vun dësem Projet de loi an zwar deene méi flexibele Sektiounen am Secondaire classique respektiv deene méi differenzéierten Niveauen am Secondaire technique oder, wéi en no der Reform wäert heeschen, am Secondaire général.

De System vun de Sektiounen am Classique wäert deene meeschten heibanne bekannt sinn. Ausser, dass déi al A2 an eng G ëmgedeeft gouf, huet sech zënter 1968 net ganz vill bei de Sektioune gedoen. Ab der Rentrée kënnt elo net nëmmen eng nei Sektioun derbäi, mä si kënnen zudeem och nach méi flexibel a jee no Besoin ausgeriicht ginn.

Fir eng gewësse Kohärenz bei de Premièresklassen ze behalen a verschidde Kombinatiounen ze erméiglechen, ginn déi eenzel Fächer a véier Voleten agedeelt. An zwar: e Volet «langues et mathématiques», e Volet «spécialisation», e Volet «formation générale» an e Volet «optionnel». Soumat gëtt déi schoulesch Offer iwwert d'Land weider diversifiéiert an d'Lycéeë kënnen eege pädagogesch Profiller ausschaffen, déi den ëmmer méi spezifesche Studien- a Beruffsbiller Rechnung droen.

Och am Secondaire général, also am geschwënn alen Technique, deet sech mat dëser Reform esou munches. Hei gëtt verstäerkt Wäert geluecht op differenzéiert Schaffen, fir besser op déi eenzel Stäerkten a Schwächte vun den eenzelne Schüler kënnen ze reagéieren an anzegoen.

Oft ass et näämlech esou, dass e Schüler am haitegen Technique duerch eng Schwächt an engem Fach, huele mer zum Beispill Mathé, keen Zougang huet zu engem méi héijen Niveau an engem anere Fach, wéi zum Beispill Franséisch. De Schüler ka sech also am Franséischen net wierklech weiderentwéckelen, aus deem eenzege Grond, well e Schwieregkeeten an der Mathé huet. Fir dat an Zukunft ze vermeiden, gi sougenannt «Cours de base» an «Cours avancés» op den ënneschte Klassen am Général agefouert. Dat gëllt op der neier Sixième - där aler Huitième -, wou esou Coursen am Däitschen, Franséischen a Mathé ugebuede ginn. An op Cinquième - där aler Neuvième - kënnt dann och nach Englesch derbäi.

Et gëllt also, an Zukunft méi op d'Stäerkte vun den eenzelne Schüler ze kucken, amplaz se wéinst de verschiddene Schwächten op der ganzer Linn ze bestrofen. Eng differenzéiert Approche ass, wéi gesot, hei d'Zauberwuert.

Resüméiert kéint ee bei deem heite Punkt soen: Fir do, wou d'Schülerpopulatioun relativ heterogen ass, am Enseignement secondaire général also, mat ville verschiddenen Talenter an Erausfuerderungen op Säite vun de Schüler, fir do eng beschtméiglech Perspektiv fir déi Jonk ubidden ze kënnen, gëtt am Secondaire général alles vill méi flexibel. Et geet hei ëm eng individuell Profillstäerkung vun deem jeeweilege jonke Mënsch. Dem Schüler hëllefen, wou et néideg ass, an en do förderen, wou e scho gutt ass: Dat ass de Wee, deen hei ageschloe gëtt, zum Wuel vum Jonken.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

E Wuert och zur Orientatioun. All Lycée muss eng eege Cellule d'orientation hunn. Déi Cellule ass responsabel fir d'Démarches d'orientation, déi am PDS festgehale gi sinn. D'Iddi hannendrun ass, dass d'Schüler besser kënne begleet ginn an der Orientatioun, wéi dat bis elo de Fall war.

Op Septième a Huitième gëtt et en Avis provisoire. Enn der Huitième gëtt den Dialog mat den Eltere verdéift. An um Enn vun der Neuvième decidéiert dann de Conseil iwwert d'Fräigab fir d'Sektiounen, déi duerno opginn. Et gëtt eng Orientatioun unhand vun de Resultater vum Schüler, mä natierlech och unhand vu sengem Profill, senger Entwécklung an unhand vun deem, wat op der jeeweileger Sektioun duerno gefrot ass.

Madamm Presidentin, eng weider Prioritéit vun dësem Projet de loi ass den Appui, also d'Nohëllef an d'Hëllef fir de Schüler. D'Schüler léieren näämlech net alleguerte gläich séier a verschiddener brauche verstäerkt Hëllefstellung, fir zum Zil ze kommen. Duerch eng méi kohärent Approche vun de Lycéeë sollen d'Schüler besser betreit ginn a jiddwereen do ofgeholl ginn, wou e grad steet.

Net nëmmen, dass dëst ee vun deene siwe wichtege Kärdomäner ass, fir d'Qualitéit vun der Schoul ze bewäerten, de Projet gesäit och Mesurë vir, fir den Appui an den Encadrement vun de Schüler ze verbesseren. Ech denken dobäi un d'Méiglechkeet vun obligatoreschen Appuien oder un d'Méiglechkeet vun engem sougenannte Parrainage tëschent engem Schüler aus enger ieweschter Klass an engem Schüler aus enger ënneschter Klass.

Net zulescht wäert och d'Commission d'inclusion d'Prise en charge vu Schüler mat spezifesche Besoinen assuréieren an a bestëmmte Fäll en individualiséierte Formatiounsplang fir déi concernéiert Schüler proposéieren.

Dem Service psycho-social et d'accompagnement scolaires, SPAS genannt, fält och an Zukunft eng immens wichteg Roll zou. De SPAS hëlleft Schüler, déi Problemer hunn doheem, psychologesch oder och schoulesch, mä hëlleft och den Enseignanten, déi déi Schüler an de Klassen hunn, mat de Besoins spécifiques.

Madamm Presidentin, léif Kolleegen a Kolleeginnen, d'Schouloffer un d'21. Jorhonnert upassen, heescht och, op Beräicher setzen, déi vläicht keng laang Traditioun hunn, mä dofir eng grouss Zukunft. Eppes ass gewëss: Den digitale Beräich huet net nëmmen Zukunft, en ass d'Zukunft!

Déi Jonk solle fréi d'Méiglechkeet kréien, sech un d'Welt vum Numerique erunzetaaschten. Hei entstinn d'Aarbechtsplaze vun haut a vu muer. Dat geschitt am Lycée, ënner anerem mat deene versprachenen Tabletten, déi ee kann zu besonnesche Konditioune kréien, fir se am Schoulalldag dann och ze benotzen. Den iPad ass hei keen „nice to have", mä de Schoulsak vu muer. Mä dat geschitt virun allem awer och mat der Aféierung vun enger neier Sektioun, d'Sektioun I, «informatique-communication».

Den Akzent gëtt kloer op dee ganze Secteur vum TIC, dat sinn d'Technologies de l'information et de la communication, geluecht, dat heescht, op alles, wat mat Programmatioun, Bases de données, Informatik, Physik a Mathé ze dinn huet. Ab der Rentrée gëtt dës Sektioun, déi sougenannten „e-Skills" férdert, an de Future Hubs am LTE zu Esch an am Lycée des Arts et Métiers an der Stad ugebueden. Am Norde soll de Lycée zu Clierf nozéien, soubal d'Diere fir déi iwwernächst Rentrée opginn.

Ech hunn am Ufank vu menger Ried vun Zukunftschancen a Perspektive geschwat. Wa mer eise Jonken dës wëlle bidden, da musse mer eis schoulesch Offer och deementspriechend upassen. A Beruffer, an deenen nei Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien dra sinn, dat sinn nun emol Zukunftsberuffer.

E weidere Schwéierpunkt an dësem Projet de loi läit ganz kloer an der neier Participatiounskultur/-struktur. D'Lycéeë sollen den Echange tëschent Elteren an de Schüler förderen. Dat geschitt engersäits duerch Demarchen, déi am PDS opgelëscht sinn, anerersäits sollen duerch d'Conférence nationale des élèves déi néideg Ressourcen zur Säit gestallt ginn, fir autonom an onofhängeg kënnen ze schaffen.

D'Schüler sinn déi éischt Betraffen an domat am bescht Platzéiert, fir iwwer hir Schoulen ze schwätze respektiv Verbesserunge virzeschloen. An och d'Eltere sollen an Zukunft méi mat agebonne ginn. De Projet de loi iwwert d'Schafe vun enger nationaler Elterevertriedung ass de Moment jo nach um Instanzewee.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Häre, ech hoffen, ech konnt Iech a menger kuerzer Zäit en Abléck an dës Modernisatioun vum Lycée verschafen. Ech denken, et ass e groussen a wichtege Projet, deen eis Schoullandschaft moderniséiert an no vir bréngt an deen eise Schüler am Land zeguttkënnt. Am Vierdergrond steet, wéi gesot, déi vergréissert Autonomie, déi eis Schoullandschaft wäert diversifiéieren, se un d'21. Jorhonnert upasst an aus eise gudde Schoule besser Schoule fir jiddweree wäert maachen.

Wéi gewinnt, fannt Der den Detail vun allen Adaptatioune grad wéi och déi eenzel Avise vu Statsrot a Beruffschamberen a mengem schréftleche Rapport.

Zum Schluss wëll ech awer nach e puer Mercie lassginn. Merci de Kolleeginnen a Kolleegen aus der Educatiounskommissioun fir hir konstruktiv an zum Deel och kritesch Mataarbecht. Merci besonnesch och dem Joëlle Merges, der Kommissiounssekretärin, fir d'Ënnerstëtzung beim Rapport. Merci dem Minister Claude Meisch a senge Beamten, déi ëmmer en oppent Ouer bei Froen haten. A schlussendlech Merci Iech alleguerte fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Rapporteur Claude Lamberty. Als éischt ageschriwwe Riednerin hunn ech d'Madamm Martine Hansen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, d'Madamm Delvaux hat beim Projet de loi 6573 iwwert d'Reform vum Secondaire breet Consultatioune gefouert.

An ier ech elo virfueren, wëll ech awer fir d'Éischt nach dem Rapporteur, dem Här Lamberty, Merci soen, well soss hunn ech dat herno vergiess. Also, villmools Merci!

(Hilarité)

Sou! D'Madamm Delvaux hat och ganz vill Avise gefrot. All Lycée war zum Beispill opgefuerdert ginn, fir een Avis ofzeginn. Et ass natierlech dunn och ganz vill kontrovers diskutéiert ginn - ech ka mech nach ganz gutt dorun erënneren -, an dat och, well d'Reform eng Partie grondleeënd Ännerunge mat sech bruecht hat. Ech gi just e puer Beispiller.

De Sproochenunterrecht am Secondaire général sollt méi flexibiliséiert ginn. Am Général wären d'Sektiounen u sech nei definéiert ginn. Am Général an am Classique wär op Deuxième en Travail personnel encadré agefouert ginn. Dat ware ganz vill Diskussioune ginn. Do wär et ëm eng Aarbecht gaangen, wou eemol eng Kéier net nëmme Wëssen an de Kapp u sech eragestoppt gi wär, mä wou definitiv kompetenzorientéiert hätt misse geschafft ginn, geplangt ginn, Informatioune siche goen, Outile siche goen, realiséieren, evaluéieren an esou weider. D'Schoulentwécklung wär méi kohärent definéiert ginn an esou weider. Et war liichte Sprengstoff dran.

D'Madamm Delvaux hat och net deen einfache Wee gesicht, mä si war sech bewosst - ech ginn

emol zumindest dovunner aus, mä vläicht kënnen d'LSAP-Kolleege mer dat nach bestätegen -, datt et wichteg wär, bei esou enger déif gräifender Reform mat den Akteure vum Terrain ze diskutéieren, si mat an d'Boot ze huelen.

Iwwert dëse Projet de loi 7074 vum Här Meisch ass, au contraire, net vill diskutéiert ginn. Et ass u sech schonns e bësse komesch, et ass verdammt roueg a mir schwätzen awer iwwer eng Lycéesreform. Firwat? Do gëtt et a mengen Aen e puer Ursaachen.

Eng éischt: Am Verglach zur geplangtener Reform Delvaux ass dat heiten - ech iwwerhuelen dem Här Meisch seng Wierder - sécherlech „keng Makroreform", esou wéi hien dat d'lescht Joer op dëser Plaz u sech fir d'Beruffsausbildung annoncéiert hat, mä et ass éischter „eng Mikroreform".

A wann d'Madamm Delvaux hei ënner anerem nach all Schoul opgefuerdert hat, een Avis ofzeginn, esou si bei dësem Projet de loi emol net d'Direkteren als Collège des directeurs gefrot ginn, fir een Avis ofzeginn. Ass dat normal? Neen! Et ass u sech katastrophal. Esou eng Reforme musse mat de Leit vum Terrain gemaach ginn, Stéchwuert: Participatioun. An d'FEDUSE huet dee Mangel u Kommunikatioun de Moie jo nach eng Kéier bekräftegt.

An drëttens: Hei huet de Courage gefeelt, fir de Sproochenunterrecht unzepaken. Dat ass schued. Et ass eng verpasste Chance, awer wahrscheinlech och ee Grond, firwat net vill kontrovers iwwert dëse Projet de loi diskutéiert ginn ass.

Allgemeng: Als CSV hate mer zwielef Amendementer gemaach. Zwee sinn der ugeholl ginn. Ech géif bal mengen, déi hätte missen ugeholl ginn, well soss wären - ënner Gänseféisschen - „Feeler" am Gesetz gewiescht. Déi aner zéng si refuséiert ginn. Ech wäert nach op eenzelner agoen.

A just eng kleng Klammer: Den Här Minister hat et net fir absolutt noutwendeg fonnt, fir an d'Kommissioun ze kommen, wéi mer d'Amendementer virgestallt hunn. Dat seet och schonns eppes aus, wéi erwënschenswäert konstruktiv Oppositiounsaarbecht ass.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Wat ännert dann elo mat dësem Gesetz?

De Rapporteur ass definitiv am Detail op déi meeschte Punkten agaangen. Ech gi just op sechs Punkten an: éischtens, den Opbau vum Enseignement secondaire, déi nei Etiketten; zweetens, d'Participatioun, d'Matsproocherecht, d'Schoulentwécklung; drëttens, d'Classes inférieures; véiertens, d'Classes supérieures an déi domadder verbonnen Autonomie; fënneftens, de Sproochenunterrecht; a sechstens ginn ech awer och nach op de Premièresexamen an.

Sou! Ech fänke beim Opbau vum Enseignement secondaire un, déi nei Etiketten. Den Här Lamberty huet gesot: „eng Ëmdeefung". De Secondaire classique bleift de Classique. Den Technique gëtt elo de Général. D'Beruffsausbildung bleift d'Beruffsausbildung, mä déi gëtt aus dem Général erausgeholl.

Ech weess, datt do heroesch Diskussioune gefouert gi sinn, well am Ufank sollt u sech de Classique de Général ginn, wat vläicht och e bësse méi logesch gewiescht wär. Mä de Classique wollt awer de Classique bleiwen. Dunn huet den Technique gesot: „Ma wann Dir wëllt de Classique bleiwen, da gi mir de Moderne." An dat ass awer och näischt ginn. Dunn ass den Technique dann eben de Général ginn.

D'Etikett ännert also. Dat wäert awer kee groussen Afloss op d'Schoul, d'Schoulhalen, d'schoulesch Resultater um Terrain hunn. A fir méi Kloerheet suergt dësen Etikettewiessel sécherlech net. Ech hat den Enseignement général gegoogelt. Da fënnt een: «(...) est le parcours le plus classique, amenant les élèves vers les études supérieures.» Entsprécht dat eisem Technique? Op jidde Fall misste mer de Google emol informéieren, datt hei zu Lëtzebuerg dann alles e bëssen anescht ass, well wann de Général den «parcours le plus classique» ass, dann hu mer een hei, deen nach plus que plus classique ass, näämlech eise Classique!

Wéi gesot: Et bréngt näischt! Et ass just eng Etikettenännerung, déi awer net onbedéngt fir méi Kloerheet suergt. Mä et mécht der Kaz kee Bockel.

Deen zweete Punkt: d'Participatioun, d'Matsproocherecht, d'Schoulentwécklung am Allgemengen. Dräi Begréffer, déi fir d'Schoul wichteg sinn an déi am Prinzip eppes Positives bedeiten. Ech wëll hei fir d'Eischt betounen, datt d'Schoulentwécklung definitiv ganz wichteg ass, datt se awer nëmme mat de Leit vum Terrain an net iwwer hir Käpp ewech ka funktionéieren, datt eng participativ Leedung den A an O vun der Schoulentwécklung an och vun enger gudder Schoulleedung ass.

A gleeft mer et: Wann ee gären Neierungen an d'Schoul bréngt, dann ass et wichteg, d'Enseignanten, dat educatiivt Personal, déi ganz Schoulcommunautéit dovunner ze iwwerzeegen a si mat anzebannen! Wa si mat decidéieren, wa si derhannert stinn, wa si mat Verantwortung iwwerhuelen, da kënnt een als Schoul weider. Dat geet awer nëmmen, wann zumindest eng gewëssen Demokratie, ee gewëssent Matsproocherecht an der Schoul garantéiert ass.

Dat alles däerft ech u sech engem Politiker aus der Demokratescher Partei net musse soen, mä verschidden Ännerungen an dësem Projet de loi ginn awer definitiv géint all demokratesch Versteesdemech. Ech ginn lech zwee Beispiller.

De Proffecomité als Vertriedung vun den Enseignanten ass ofgeschaaft ginn. Deen ass ersat ginn duerch de Comité de la conférence du lycée, eng Vertriedung also vum gesamte Personal vun der Schoul. Dat ass prinzipiell net schlecht. Just eng kleng Klammer: Hei hätt een och kënnen d'Aufgaben e bëssen upassen, well do war just Copy-and-paste gemaach gi vum Comité des enseignants.

Dëse Comité de la conférence du lycée huet ënner anerem als Aufgab, d'Personal bei der Direktioun ze vertrieden. Dat ass och gutt. Mä laut Gesetz kann d'Direktioun och Member vun dësem Comité sinn. Dat heescht, d'Direktioun ka mat dësem Gesetz als Member vum Comité Doleancë bei sech selwer virbréngen. Logesch fanne mir dat net. D'Majoritéitsparteien hunn awer eisen Amendement, wou mer virgeschloen haten, fir dat ze präziséieren, datt d'Direktioun net dierft Member vum Comité vun der Konferenz sinn, eestëmmeg ofgeleent. D'CSV wollt hei Klorheet. D'Majoritéit huet dës Klorheet eben ofgeleent, wou ech wierklech net verstinn, firwat, well den normale Mënscheverstand seet engem jo awer, datt, wann esou ee Comité soll funktionéieren, dann d'Direktioun net kann dra sinn.

An dann, wat an eisen Ae vill méi schlëmm ass, dat ass de Fonctionnement vum Conseil d'éducation, esou wéi et hei am Projet de loi elo virgesinn ass. De Conseil d'éducation ass deen offizielle Gremium an der Schoul, wou Elteren dra sinn, wou Schüler dra sinn, wou Enseignanten dra sinn an d'Direktioun dran ass. Dëse Gremium hätt u sech iwwert d'Charte scolaire ze decidéieren, misst u sech déi autonom Aktioune vun der Schoul guttheeschen, zum Beispill nei Schoulofferen, misst u sech den Accord iwwert d'Verdeelung vum Budget ginn an esou weider.

Firwat soen ech „hätt", „misst", an net „mécht" an „decidéiert"? Mä ganz einfach, dëse Gremium riskéiert, mam Här Meisch sengem Gesetz elo just nach Schäinaufgaben ze kréien. Well kennt Der de Sproch: Paragraf 1: De Chef huet ëmmer recht. Paragraf 2: Wann de Chef eng Kéier net recht huet, dann trëtt erëm Paragraf 1 a Kraaft. A genau esou riskéiert et elo beim Conseil d'éducation ofzelafen! An dat huet u sech kee gefrot. Wann den Direkter näämlech elo eng aner Meenung huet wéi d'Majoritéit vum Conseil d'éducation, dann decidéiert wien elo, nom Gesetz? Ma den Direkter!

Dat heescht, just den Direkter huet ze decidéieren. Déi aner riskéieren, zu Blummestäck ze mutéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass dach absolutt demotivant fir jiddwereen, dee wëllt matschaffen! A mir brauche Leit, déi wëlle matschaffen a matdenken. Dat hei ass net gutt esou. Mat dësem Gesetz riskéieren déi Gremien, déi kéinten ebe matschwätzen a matdiskutéieren, zu engem Pro-forma-Gremium ze degradéieren. Als CSV si mer hei dergéint.

Mir haten och en deementspriechenden Amendement gemaach, mä Dir kënnt lech et jo denken: D'Majoritéitsparteie ware sech eens, fir dëst natierlech net unzehuelen. A wat war d'Erklärung? D'Autonomie ass eng éischt. Dësen u sech positive Begréff vun Autonomie gëtt hei komplett detournéiert an dat ass schlecht fir d'Schoulentwécklung.

Eng zweet Erklärung war: Et wär «dans l'intérêt du bon fonctionnement de l'établissement». Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass genau de Contraire! Dëst ass kontraproduktiv fir ee gudde Fonctionnement vun der Schoul. Ech soen et nach eemol: Et ass komplett demotivéierend, wann een de Leit, déi solle matschaffen, matdiskutéieren, matdenken, vun Ufank u seet: „Dir kënnt dat zwar maachen, mä wa mer eis net eens ginn, dann decidéiert awer den Direkter."

An zweetens, gleeft mer et, wann den Direkter sech net eens gëtt mam Conseil d'éducation, wat bestëmmt net dacks virkënnt, mä wann et virkënnt, dann ass ee Problem do. An da muss derno gekuckt ginn an et däerf net einfach de Paragraf 2 vu mengem Sproch virdrun antrieden. Da muss een Drëtten ee Bléck drop werfen an tranchéieren. Do huet de Minister ganz einfach eng Verantwortung ze iwwerhuelen. Autonomie heescht net, datt de Ministère keng Verantwortung méi soll oder däerf iwwerhuelen.

D'Majoritéitsparteie wëllen op där enger Säit an der Grondschoul kee Supérieur hiérarchique an der Schoul, soss géif näischt méi funktionéieren. Se pochen do op déi an hiren Aen absolutt noutwendeg Basisdemokratie. An am Lycée poche se genau op de Contraire! Wou ass do d'Kohärenz? Wéi eng Logik stécht do derhannert?

Als CSV hu mer eng kohärent Vue. Mir si fir een Direkter mat klorem hierarcheschem Pouvoir, net fir eng absolutt Basisdemokratie, souwuel an der Grondschoul wéi och am Lycée. Mir si fir een Direkter, deen awer mat de Leit schafft. Eng participativ Leedung vun enger Schoul ass wichteg a muss erméiglecht ginn a gefuerdert ginn.

Just nach eng kleng Remarque zum Schülercomité: Dëse kritt elo ee Sall an dat noutwendegt Material. Dat ass gutt esou. Mä duerch dës Bestëmmunge vum Conseil d'éducation gi si an och d'Elterevertrieder mat dësem Gesetz, wat d'Matsproocherecht ugeet, sécherlech net gestäerkt.

Dann, d'Schoulentwécklung mam Schoulentwécklungsplang, PDS, der Cellule de développement scolaire, der Charte scolaire mam Profill, Projet d'établissement, Projet d'innovation pédagogique an esou virun ass an dësem Gesetz alles aneschters wéi kloer an iwwersiichtlech definéiert a beschriwwen an och alles aneschters wéi kohärent zur Grondschoul. Dat Ganzt ass kee Ganzt.

Esou sinn zum Beispill fir de PDS hei siwe Punkte virgeschriwwen, zum Beispill den Appui, d'Zesummenaarbecht mat den Elteren, d'Orientatioun, nei Technologien an esou weider, déi mussen dran enthale sinn. Mä et gëtt zum Beispill weder d'Verbesserung vun der Unterrechtsqualitéit - den Enseignement ass awer den „core business" vun de Schoulen an dat ass beim Grondschoulgesetz esou beim PDS virgesinn - nach gëtt d'Wuelbefanne vun de Schüler, wat ee wichtege Facteur ass fir d'Réussite scolaire, hei behandelt. A wann déi Saache géife behandelt ginn, da wär et u sech eng Grondviraussetzung, datt eng intern Evaluatioun och iwwert déi zwee Punkte gemaach gëtt. An dat wär immens wichteg, wann ech de Qualitéitskreeslaf vun enger Schoul, wann ech där... Wann ech eng Schoul gäre wëll verbesseren, wär dat immens wichteg.

Mir haten als CSV hei e puer Amendementer proposéiert. Déi sinn alleguer - wéi kéint et anescht sinn? - refuséiert ginn.

Erlaabt mer just nach eng kleng Remarque zu de spezifesche Regelen d'ordre intérieur, déi an der Schoulcharta festgehale ginn an déi méi wäit kënne goe wéi dat, wat am Règlement grand-ducal iwwert d'Règles de conduite festgehalen ass. Als CSV si mer och hei der Meenung, an dat aus praktesche Grënn, datt de Ministère eng Verantwortung huet, fir sécherzestellen, datt hei näischt festgehale gëtt, wat onsënneg ass oder souguer géint verschidden aner Regele verstéisst. Dir kënnt elo soen: Dat do ass net esou wichteg. Mä et ass awer wichteg an der Praxis.

Ech ginn lech e Beispill: A menger fréierer Schoul hate mer zu där Zäit schonn eng Charte scolaire, dat heescht, dat ass elo näischt extrem Neies. Do war an der Charte scolaire zesumme mat der Schoulcommunautéit festgehale ginn an deene spezifesche Regelen, well mer gefëierlech Beruffer ausüben, datt mer bei Verdachtsfäll kéinten Drogen- an Alkoholskontrolle maachen. An ech kann lech soen, déi Charte scolaire war vum Ministère approuvéiert ginn. An ech kann och soen, datt ech frou war, well ech war tëschenduerch eng Kéier an d'Schoulkommissioun hei geruff ginn, well ech anscheinend an d'Fräiheet vun de Schüler géif agräifen. Ech mengen, dorop wëll ech net agoen. Mä dat géif awer eng Approbatioun vum Minister ginn, eng Ofsécherung vun der Schouldirektioun, der Schoulcommunautéit bedeiten. D'Schoulen hu keng Juristen an et si keng Juristen. Natierlech bedeit dat awer och Matverantwortung vum Ministère, mä ech mengen, dat ass säin Job.

An op där anerer Säit géif dat awer och u sech eng Garantie bedeiten, datt d'Kierch am Duerf bleift. Dat ass vläicht elo e schlechten Ausdrock bei dëser Regierung. Loosse mer soen, fir datt alles an de Limitte bleift. An och do, mengen ech, huet de Minister eng Verantwortung. Och dat ass säin Job.

Dofir hate mer och per Amendement proposéiert, fir den Text esou bäizebehalen, wéi en am ale Gesetz war, näämlech datt dës Regele misste vum Minister approuvéiert ginn. Dat war vun der Majoritéit refuséiert ginn. Eng éischt Erklärung war, aus dem Bauch eraus, géif ech elo emol soen: „Da misst de Minister alleguer d'Regelen duerchkucken." Also, mir hu keng Honnerte vu Lycéeën, an déi Regele ginn och net all Dag geännert. Dat ass ze packen!

Déi zweet Erklärung war d'Autonomie. Ech soen: D'Autonomie gëtt heiansdo mëssbraucht, fir datt de Ministère manner Verantwortung muss iwwerhuelen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, eng kleng Klammer hei opzemaachen. Mir haten nieft dësem Amendement nach e puer anerer gemaach, fir eng Partie praktesch Problemer um Terrain ze verhënnere respektiv fir juristesch Onsécherheeten aus dem Wee ze schafen. Zum Beispill wat d'Surveillance bei Deplacementer vun de Schüler innerhalb vun der Schoulzäit ugeet. Ech ginn hei net op den Detail an, mä ech wëll just soen, datt mir, d'Oppositioun, dës Amendementer net maachen, fir d'Majoritéit rosen ze maachen - heiansdo hunn ech dat Gefill, datt d'Majoritéit dat géif unhuelen -, mä mir maache se, well mer u sech konstruktiv gäre wëlle matschaffen a well mer gäre wëlle probéieren, déi praktesch Problemer u sech ze verhënneren. Well Onsécherheeten erschwéieren d'Aarbecht um Terrain onnëtz, an dofir kann ech u sech net verstoen, datt déi automatesch ëmmer refuséiert ginn.

Sou! Da kommen ech bei mäin drëtte Punkt: Classes inférieures. Hei ännert sech mat dësem Gesetz am Classique am Prinzip näischt. Am Secondaire général ginn elo, den Här Lamberty huet dat gesot, op de Sixième- a Cinquième-Klasse fir d'Sproochen a fir d'Mathé jeeweils ee Cours de base an ee Cours renforcé organiséiert. Dat ass u sech näischt dramatesch Neies. Dat ass de PROCI-System. An ech si frou, datt de PROCI-System an deem Punkt elo verallgemengert gëtt. Dat ass an eisen Ae gutt esou. Ee Schüler soll net wéinst enger Schwächt an engem Fach automatesch an alle Fächer mussen op ee méi niddregen Niveau wiesselen. Do, wou e staark ass, soll en op sengem méi héijen Niveau gefuerdert ginn, an do, wou e méi schwaach ass, soll en op deem Niveau ënnerstëtzt ginn. Natierlech mam Zil, fir eventuell duerno och op dee méi héijen Niveau ze kommen.

Fir d'Orientatioun ze verbesseren, gi Stages d'orientation agefouert. Och dat begréisse mer als CSV. Mä haalt wann ech gelift déi praktesch Emsetzung am A! Op jidde Fall muss verhënnert ginn, an ech weess, datt do ee Problem besteet, datt déi Schüler aus dem ländleche Raum, well manner Betriber do sinn, well den ëffentlechen Transport net esou gutt organiséiert ass, do ee Stage maachen, wou se grad hikommen, an net onbedéngt do, wou se interesséiert wären, fir hinzegoen. Eng allgemeng Fro kéint een och stellen, ob Stagen net sënnvoll wären am Enseignement secondaire classique.

Da kommen ech bei d'Supérieursklassen. Do ännert sech am Enseignement secondaire général mat dësem Gesetz näischt. Am Classique kënnt elo d'Sektioun Informatique-communication bäi. Dat begréisse mer als CSV. Mir sinn natierlech och frou, datt déi Sektioun op Clierf kënnt, soubal wéi de Lycée opgeet. Mä allgemeng muss een awer soen, datt d'Informatik als een Outil de travail iwwerall, allgemeng an der Schoul an an all Fach misst méi agesat ginn an u sech och net nëmmen op deenen iPad-Klassen. Iwwerall gëtt dagdeeglech mam Computer, mam Internet geschafft, just net an all Schoul.

Eppes, wat mech drun erënnert, wéisou ech heiansdo drun zweifelen, datt mer am digitalen Zäitalter ukomm sinn, dat ass, wann ech d'Schüler gesinn, déi nach ëmmer mat deem urale Klassebuch, wéi mir et schonn haten, do an der Hand ronderëmlafen, déi et dann um Enn vum Schouljoer vläicht och nach verschwannen dinn. Mir hunn digital Klassebicher. Mir sinn am digitalen Zäitalter. Firwat férdere mer dat net méi?

A wa mer een digitaalt Klassebuch hätten, dann hätte mer schonn en éischte Schratt an déi richteg Richtung gemaach, well dann hätte mer an all Klassesall op d'mannst ee Computer stoen.

Sou! Déi klassesch Lycéeë kréien elo, fräi laut dem Här Meisch sengem Sproch: „Verschidde Schoule fir verschidde Schüler", méi Autonomie, fir Optiounsfächer unzebidden a fir d'Sektioune méi flexibel ze organiséieren. Dëst ass net iwwert d'Gesetz, mä iwwer Règlement grand-ducal geregelt, mä ech wollt trotzdeem kuerz heirop agoen.

D'CNEL an och d'FAPEL hunn an hirem Communiqué och op verschidde Problematiken higewisen. Fir d'Éischt wëll ech awer soen, datt villes vun deem, wat elo als nei an d'Fënster gesat gëtt, schonns besteet, näämlech de Projet d'innovation pédagogique, de Projet d'établissement, d'Margen, fir eng bestëmmte Stonnenzuel anescht ze organiséiere wéi den

üübleche Stonneplang, d'Charte scolaire, de Profill vum Lycée. Och déi zwou Saache stounge schonn am Gesetz vun 2004. De PDS, de CDS ass net komplett nei, stoung awer esou net am Gesetz. Et ass elo gutt, datt et an d'Gesetz kënnt. Et war awer schonn a verschiddene Schoulen. Dat, wat eben nei ass, sinn déi Optiounen, datt déi kënne méi flexibel organiséiert ginn.

Allgemeng soe mer als CSV: Méi Autonomie ass prinzipiell gutt, mä d'Qualitéit muss garantéiert ginn, de Wiessel tëschent de Schoule muss weiderhi méiglech sinn, Chancëgerechtegkeet muss gi sinn. Mir brauche vergläichbar Ugebueder iwwerall am Land. Mir musse verhënneren, datt d'Schüler, déi zum Beispill hei an der Stad wunnen, ee grousse Choix hunn tëschent deene verschiddene Kiischten um Kuch, déi ugebuede ginn, well se ebe vill Schoulen hunn, an déi um Land dat musse maachen, wat de Lycée eben decidéiert. Dat heescht, déi Kiischt huelen, déi grad do ass. Op jidde Fall musse mer ee regionalen, lokalen an domadder och soziale Schoulclivage hei zu Lëtzebuerg verhënneren.

Bei där méi flexibeler Organisatioun vun de Sektiounen hätt ee sech dofir och kënnen d'Fro stellen: Firwat net dem Schüler an der eenzelner Schoul méi Choix loossen, anstatt datt d'Schoul de Choix hëlt? Et wär organiséierbar. Et wär natierlech e bësse méi Opwand.

D'Chancëgerechtegkeet queesch duerch d'Land géif awer doduerch verbessert ginn. Wann ech d'Metapher vum Här Meisch geschter huelen, hien huet eise Lëtzebuerger Schoulsystem verglach mat engem Restaurant mat engem Menü. Ech mengen, et war e Schnitzel a Fritten.

Den Här Meisch wëllt elo gäre mat dësem Gesetz u sech vill verschidde Restaurante mat jeeweils engem anere Menü schafen. Mir hätten u sech léiwer, wann d'Schüler an hirem Restaurant ënnerschiddlech Menüen ugebuede kriten. Dat heescht, wou de Schüler de Choix hätt, ouni datt en direkt misst de Restaurant wiesselen, wann em eppes net schmaacht.

Allgemeng Autonomie däerf ni zu engem onkontrolléierbaren, oniwwersiichtleche Wirrwarr vu Lycéeë féieren, wou kee méi d'Iwwersiicht huet. Well wa kee méi d'Iwwersiicht huet, dann hu mer vläicht fir all Schüler säi Lycée, mä ech weess net, ob all Schüler säi Lycée fënnt. Also do muss dru geschafft ginn. Et muss am Sënn vun der Chancëgerechtegkeet an der Qualitéitsgarantie koordinéiert an encadréiert ginn. An och do huet de Ministère eng Verantwortung.

Mäin zweetleschte Punkt: de Sproochenunterrecht. Ech hunn et schonns ufanks gesot, hei huet de Courage gefeelt. Dat wären natierlech Diskussioune ginn, mä dës Diskussioune musse gefouert ginn. Dëse Projet de loi gesäit fir den Technique, de Général, deeselwechten Niveau C1 vir fir Däitsch a Franséisch wéi fir de Classique, an am Englesche gesäit en am Général de B2 vir, am Classique de B2+. Mä Däitsch a Franséisch um Niveau C1, am Technique genausou wéi am Général (veuillez lire: am Classique).

Den SEW schreift a sengem Avis, dat wär zwar ganz luewenswäert, dat wär awer leider onrealistesch. Do kënne mer als CSV dem SEW nëmme recht ginn. Ee Gesetz soll sech awer realistesch Ziler setzen. Mir haten och an deem Sënn zwee Amendementer virgesinn, méi realistesch a méi flexibel fir de Schüler. Mir sinn nämlech der Meenung, datt mer net onbedéngt fir all Schüler seng Schoul musse schafen, mä datt eis ëffentlech Schoule méi e flexibelt Ugebuet musse schafen, fir besser op déi ënnerschiddlech Fäegkeeten an déi ënnerschiddlech Usprécher vun de Schüler kënnen anzegoen.

An an deem Sënn, wéi gesot, hate mer zwee Amendementer proposéiert. Mir hate proposéiert, fir déi dräi Sproochen, déi definitiv musse gemaach ginn - Däitsch, Franséisch an Englesch -, op zwee verschiddenen Niveauen unzebidden. Am Secondaire général, wou de Minister elo seet, Däitsch a Franséisch mussen um Niveau C1 sinn, d'selwecht wéi am Classique, géife mer proposéieren, eng Sprooch um C1 an de Choix de l'élève, awer mindestens eng Sprooch. Wann deen der gäre wëllt dräi maachen, da kann en der dräi maachen, mä e muss mindestens eng maachen. An am Classique hu mer proposéiert, datt e mindestens zwee Coursen um Niveau avancé muss huelen - hien huet awer de Choix - an deen anere Cours ass um Niveau B2+. Dat heescht, mir hunn un den Niveauen näischt geännert vis-à-vis vum Projet de loi vum Här Meisch.

Den Här Meisch sot elo de Moien - also mir hate schonns ee klenge Face-à-face de Moien -, hie wär erféiert, esou eng Propos vun eis ze héieren. Ech wëll hei just nach eemol betounen: Éischtens, mir géife beim Classique, genausou wéi den Här Meisch, zwou Sproochen um Niveau C1 aféieren. A souguer mindestens zwou. Dat heescht, de Schüler, wann e wëllt, kéint der och dräi um Niveau C1 hunn an eng Sprooch um Niveau B2+. Just bei eis hätt de Schüler eben de Choix. Dat heescht, hie kéint Däitsch a Franséisch um C1 maachen oder hie kéint Däitsch an Englesch um C1 maachen. Oder hie kéint och Franséisch an Englesch maachen. Oder eben, wéi gesot, déi dräi. Do wär also definitiv keen Nivellement vers le bas. Et wär just méi flexibel fir d'Schüler a besser un d'Heterogenitéit ugepasst.

Den Här Meisch sot als Erklärung och nach: „Mir brauche Leit, déi, wa se Redakter ginn, héich Carrièrë beim Stat maachen, Enseignanten an esou weider, da musse gutt am Däitschen an am Franséische sinn." Mä mat eiser Propos hu se jo nach all Méiglechkeeten. Een, dee wëllt Statsbeamte ginn, ma dee weess, datt e gutt muss Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch kënnen. Dee muss säi Choix upassen. Mä ech gi jo emol dovunner aus, datt eise Classique net nëmmen do ass, fir Statsbeamten auszebilden.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Et ginn och nach aner Beruffer a wichteg Beruffer, wou mer gutt ausgebilte Leit brauchen. Statsbeamte si wichteg, wéi gesot, awer eis Ekonomie lieft net nëmme vun hinnen.

Da sot den Här Meisch och nach - an ech mengen, den Här Lamberty sot dat och -, e wéilt näischt änneren, wat gutt funktionéiert. Do soen ech: Et funktionéiert net gutt. Well eis ëffentlech Schoul hiert Ugebuet eben net flexibiliséiert, gëtt de Classique fir vill gutt Schüler zougemaach.

D'Amendementer sinn, dat brauch ech Iech wahrscheinlech net ze soen, ouni vill Diskussioune refuséiert gi mam Argument, doriwwer misst een diskutéieren. Et wär net esou einfach ze decidéieren. Et wär ee Paradigmewiessel. Dir Dammen an Dir Hären, wéini diskutéiert een dann iwwert de Sproochenunterrecht, wann net bei der Reform vum Lycéesgesetz? Als CSV bedauere mer, ech soen et nach eemol, datt de Sproochenunterrecht net ugepaakt ginn ass.

Ech bleiwen da bei de Sproochen. Déi englesch Sprooch gewënnt lafend u Bedeitung. D'Regierung schéngt och där Meenung ze sinn, wann ech „Nation Branding" héieren, wann ech „Let's make it happen" héieren an esou weider. Englesch gëtt och um Aarbechtsmaart an op den Unien ëmmer méi wichteg an, dat ass ee grousse Virdeel, d'Schüler sinn un dëser Sprooch interesséiert. An dovunner misst een u sech profitéieren. Ech bedaueren och, datt heiriwwer net diskutéiert ginn ass. An an deem Sënn deposéieren ech am Numm vun der CSV eng Motioun, wou mer d'Regierung opfuerderen, fir Englesch ab der Septième anzeféieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- constatant que selon le rapport actuel de la Commission européenne concernant «L'apprentissage des langues étrangères par les enfants européens», l'anglais est la langue·étrangère la plus enseignée (97,3%) dans les pays de l'Union européenne au niveau de l'enseignement secondaire inférieur;

- notant que selon le même rapport, la proportion d'élèves qui apprennent l'anglais au niveau primaire a connu une tendance à la hausse la plus forte de 18,7 points depuis 2005, atteignant un total de 79,4% en 2014;

- considérant que selon les chiffres récents d'Eurostat concernant l'apprentissage des langues au Luxembourg, 100% des élèves apprennent l'allemand et le français tandis que 59,7% des élèves apprennent l'anglais à l'enseignement secondaire inférieur;

- notant que dans le régime de l'enseignement secondaire supérieur, 85,8% des élèves apprennent le français, 81,3% l'allemand et 70,9% l'anglais;

- sachant que l'anglais a acquis dans le monde d'aujourd'hui une importance cruciale en tant que langue de communication internationale;

- considérant que face à la globalisation, et alors que le monde universitaire est de plus en plus concurrentiel, l'anglais est devenu la langue des chercheurs;

- considérant dans ce même contexte et suite notamment à l'internationalisation des étudiants, que de plus en plus d'universités offrent sinon des cursus entiers en anglais du moins certaines formations supérieures spécifiques, de sorte que la langue de Shakespeare a sa place dans les milieux universitaires européens non anglophones;

- notant que les futures générations seront encore davantage habituées à travailler dans un contexte international;

- constatant en effet que pour de nombreuses entreprises l'anglais est devenu la langue de travail par excellence, de sorte que sa maîtrise peut s'avérer un critère de sélection déterminant,

invite le Gouvernement

- à introduire l'apprentissage de l'anglais dès les classes de 7ème de l'enseignement secondaire classique et secondaire général.

(s.) Martine Hansen, Sylvie Andrich-Duval, Françoise Hetto-Gaasch, Martine Mergen, Laurent Zeimet.

Ofschléissend nach kuerz zum Examensreglement op Première. Manner Fächer am Secondaire classique ass am Prinzip gutt. Mä bleiwen d'Qualitéit an d'Gerechtegkeet garantéiert respektiv wéi mécht een dat? Ginn Épreuve-communnen agefouert an deene Fächer, wou keen Examen ass, zum Beispill? Ginn et Double-correctionen, fir eben d'Vergläichbarkeet ze maachen? Et sinn nach vill Froen do.

Allgemeng muss een awer soen: Firwat ass dat esou kuerzfristeg annoncéiert ginn? Ech géif souguer soen: iwwert de Knéi gebrach ginn. Am Abrëll huet de Minister an enger Pressekonferenz ënner anerem annoncéiert, datt am Complement vum Diplom géifen d'Notte vun deene Branchë vun Deuxième drastoe kommen, déi de Kandidat op Première net méi hätt. Et war dunn eng gewëssen Onrou do. Firwat erëm retroaktiv? Dat do ass net fir d'Éischt. D'Schüler, déi betraff sinn, wou d'Notte vun der Deuxième sollten op de Complement kommen, wousste bis zur Pressekonferenz nach net, datt dat awer esou wär. Du waren awer schonn zwee Trimesteren eriwwer.

Ech hunn dunn och eng Question parlementaire an deem Sënn gestallt an ech krut virgëschter eng Äntwert. An an där Äntwert dementéiert den Här Minister elo formell dës Informatiounen. Dat heescht, hien dementéiert formell seng Affirmatiounen aus senger Pressekonferenz, aus sengem Pressedossier. Hien dementéiert formell dat, wat am Projet vum Règlement grand-ducal steet, dee mir déi lescht Woch nach kritt hunn. Hien hätt sech et elo anescht iwwerluecht, nodeems e mat den Direkteren an der CNEL geschwat hätt. Mä do muss ee sech da froen: Firwat schwätzt een dann net am Virfeld mat de betraffene Leit? Stéchwuert: Participatioun. An net emol fir d'Alleréischt eng Pressekonferenz maachen.

Déi Fro, déi awer nach ëmmer opbleift: De Minister hat jo awer erkläert, firwat dës Notte vun Deuxième wichteg wären, näämlech „fir eng méi komplett Zertifizéierung kënnen ze kréien". Dës Erklärung liicht mer och an. Dat géif dann awer elo fortfalen. Firwat, wann et Virdeeler hätt, dann net einfach ee Joer waarden an d'Änneruna gemeinsam mam Général maachen? Heiansdo hunn ech d'Gefill, wéi wann den Technique, de Général vergiess gi wär bei deenen éischten Iwwerleeungen. Also firwat ginn esou Annerungen net a Rou preparéiert?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetz begréisse mer eenzel Punkten, zum Beispill d'Neierungen am Cycle inférieur vum Enseignement secondaire général, d'Verallgemengerung vum PROCI-System an deem Punkt.

Mir bedaueren awer, datt bei der Ausschaffung vun dësem Gesetz keng grondleeënd Diskussioune mat de Leit vum Terrain gefouert gi sinn, Stéchwuert: Participatioun. Mir bedaueren och, datt mat dësem Gesetz d'Participatioun an der Schoul, déi noutwendeg ass fir eng gutt Schoulentwécklung, d'Schoulleedung geschwächt gëtt. A mir bedaueren, datt eenzel Punkten net praxisno am Gesetz behandelt ginn.

Et ass och extrem schued an och net ze verstoen, datt op ville Plazen de Courage gefeelt huet, wéi zum Beispill, fir de Sproochenunterrecht fundamental unzepaken. An dofir stëmme mer als CSV géint dëse Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Madamm Hansen. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Lex Delles. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

M. Lex Delles *(DP).*- Merci villmools. Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech fir unzefänken dem Här Rapporteur villmools Merci soe fir säin exzellente schréftlechen an och mëndleche Rapport.

D'Modernisatioun vum Lycée stellt d'Weichen, fir datt eis Schoulen am 21. Jorhonnert ukommen. Laang genuch hu mir schonn Zäit verluer, andeem mer versicht hunn, déi schoulesch Erausfuerderunge vu muer mat de Léisunge vu gëschter ze léisen, andeem mer versicht hunn, d'Schüler op eis Vergaangenheet amplaz op hir Zukunft virzebereeden. Mir brauche vill méi eng modern Schouloffer, déi un d'Realitéite vun eiser haiteger Gesellschaft ugepasst ass, déi differenzéiert ass an déi op d'Beruffer vu muer virbereet. Esou gesäit jiddefalls fir d'DP d'Schoulpolitik aus.

Wa mer virdrun héieren hunn, datt d'Kierch soll am Duerf bleiwen, datt sech Froen doriwwer gestallt gi sinn, wéi dat dann elo soll sinn: Majo dach, et soll esou sinn, a grad och bei de Riedner vun der CSV. Ech mengen, wann hei gesot gëtt, datt de Minister an enger Kommissioun net derbäi war, muss ech awer soen, fir dat awer der Fairness halber hei richtegzestellen, datt de Minister - ech sinn eréischt säit véier Joer hei an dëser Chamber -, et muss een awer soen, datt de Minister a praktesch all Kommissioun do ass an datt de Minister, ob mir eng, zwou oder dräi Kommissiounen hunn, all Kéiers sech wierklech Zäit hëlt, aner Saachen, aner Obligatiounen, déi en huet, ofseet, fir kënne wierklech hei an d'Kommissioun ze kommen! An ech mengen, datt den Här Meisch wierklech do eng exemplaresch Aarbecht mécht an datt e wierklech do...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Just hei waren d'Amendementer virgestallt ginn.

M. Lex Delles *(DP).*- ...all Kéiers...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et ass wichteg, Här Delles,...

M. Lex Delles *(DP).*- Jo, en ass awer a wierklech...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ganz wichteg!

M. Lex Delles *(DP).*- ...bal all Kommissioun do. Dat ass elo Oppositioun/Majoritéit. Do ass wierklech kee Spill. Hei ass et wierklech, datt den Här Minister all Kéiers do ass.

An et huet mech awer och am Virfeld vun dëser Debatt e bësse gewonnert, datt dëse Projet an éischter Linn dorunner gemooss gëtt, ob et dobausse rumouert oder net. Et héiert een näischt méi, et héiert een iwwerhaapt näischt: Dann ass et och näischt!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Neen.

M. Lex Delles *(DP).*- Dat hu mer haut de Mëtten nach bal esou...

Ma loosst mech dach ausschwätzen!

(Brouhaha)

Dat huet een...

(Interruption)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Den Här Delles huet eleng d'Wuert.

(Interruption)

M. Lex Delles *(DP).*- „Et héiert een näischt, dann ass et och näischt", héiert een, an haut de Mëtte waren déi Wierder erëm bal d'nämlecht! Mir sollen eis vill méi driwwer freeën,...

(Brouhaha)

...datt mir elo - freeën, an ech betounen och „freeën"! -, datt mir no jorelaangem Hin an Hier an no villen Diskussiounen iwwer eng Lycéesreform kënnen ofstëmmen, an dat Ganzt och, ouni datt jiddwereen op d'Barrikade klëmmt!

Et gouf dee gréisstméigleche Konsens gesicht an deen ass och fonnt ginn. Ech wëll drun erënneren, datt de Bildungsminister Claude Meisch dofir net manner wéi 45 Lycéeë besiche gaangen ass, fir perséinlech an am Dialog mat Direkteren a Schüler gewuer ze ginn, wou de Schong dréckt a wou ee kann Upassunge maachen.

A wann ech de President vun der Proffegewerkschaft FEDUSE de Moien um Radio richteg verstanen hunn - well ech hunn nämlech och nogelauschtert -, wier et éischtens emol wichteg gewiescht, datt no laangem Stëllstand iwwerhaapt emol e puer Veränneruna kommen, an zweetens, datt déi Akzenter gesat ginn, déi eis Schoule brauchen. D'Gespréicher hunn also zu eppes gefouert.

Doriwwer eraus gouf sech jo och op Avise baséiert, déi schonn zum éischte Projet virlouchen. An och de Collège des directeurs war vun Ufank un agebonnen. Si hu souguer an Aarbechtsgruppe mat un de Reglementer geschafft. Grad si hunn zum Beispill insistéiert, datt d'Regierung net mécht, wat elo vun der CSV gefrot gëtt, nämlech datt all Schüler seng Fächer op der Sektioun a sengem Lycée kéint eraussichen. Dat géif d'Schoule virun immens grouss Erausfuerderunge stellen a wier organisatoresch net ze meeschteren.

Déi eenzel Lycéeë misste jo och dann ënnerschiddlech Plage-horairen ubidden. Do stellt sech d'Fro, ob méi kleng Lycéeën ausserhalb der Stad dat iwwerhaapt géifen organisatoresch hikréien. Ech denke besonnesch un déi kleng Lycéeën am ländleche Raum, wéi zum Beispill Clierf oder Réiden. Falls déi Schoulen dat net kéinte stämmen, géif dat net grad zu

enger Diskriminatioun féieren? An eisen Ae wier de Modell vun der CSV, den Effekt also kontraproduktiv.

A firwat soll een iwwerhaapt eppes iwwert de Koup geheien, wat gutt fonctionnéiert? D'Zil kann et jo net sinn, alles ze reforméieren, just fir duerno kënnen ze soen: „Majo, mir hunn eng Makroreform op den Instanzewee gesat." Eis Schoule si gutt, awer net gutt fir jiddwereen. Dat gëtt mat dësem Gesetz op de Leescht geholl.

Kärpunkt vun der Modernisatioun vum Lycée ass sécherlech déi schoulesch Autonomie. Dat ass och gutt esou, well Eenheetsbräi schmaacht deene mannste Schüler. An Zukunft sollen d'Schoule besser kënnen op déi verschidden Talenter, Potenzialer, mä och Besoine vun hire Schüler agoen an hir Konzepter a pädagogesch Approchen deementspriechend upassen. D'Schoule réckele soumat méi no bei hir Schüler, déi wéi gesot selwer Programmer kënnen ausschaffen, déi hirer Meenung no am beschten op hire Schülerprofill passen. Dëst ass ouni Zweifel en enorm wichtege Schratt a Richtung vun enger méi diversifizéierter Schoullandschaft, déi jo vu ville Säite gefuerdert gëtt.

Ech verstinn dofir och net richteg d'Kritik, datt de Ministère sech domadder géif senger Verantwortung entzéien. Ech géif et am Géigendeel verantwortungslos fannen, wann een d'Schoule géif an hirem Dynamismus an am Innovatiounsgeescht ausbremsen a wann een net géif op de Wee goe vun ënnerschiddleche Schoule fir ënnerschiddlech Schüler.

Vergiesse mer jo och net, datt d'Schoulen dës Autonomie net fir näischt kréien. Si ginn och responsabiliséiert a mussen a siwe Kärberäicher vun der schoulescher Entwécklung eegen Demarchen ausschaffen, déi dann am PDS dokumentéiert ginn. De Ministère leet kloer d'Ziler vun deenen eenzelne Beräicher fest an d'Schoule kréien d'Verantwortung an d'Fräiheet, mat hire Moyenen an eegenen Demarchen dës Ziler ze erreechen.

Et ass an deem Kontext och immens wichteg, datt esou vill wéi méiglech Akteuren un deem Prozess kënnen deelhuelen. De PDS soll d'Resultat vun engem konstruktive Matschaffe vun der ganzer Schoulcommunautéit sinn, eng Aart Roadmap, déi duerno vun esou vill wéi méiglech Leit soll gedroe ginn an déi d'Erfahrung an d'Kompetenze vun deene verschiddene Leit um Terrain soll erëmspigelen.

D'DP begréisst jiddefalls ausdrécklech dës Approche: eng Approche vun ënnen erop anstatt vun uewen erof. Allgemeng mécht dës Regierung vill, fir d'Akteuren um Terrain mat anzebannen an datt d'Projete vun der Schoulcommunautéit gedroe ginn. „Bottom-up" seet een an dësem Kontext.

Net nëmmen a Lycéeën, och an der Grondschoul hu mir kierzlech hei an der Chamber de gewielte Schoulpresident zum Chef d'orchestre vun enger Equipp gemaach, enger Equipp, déi zesummen hire PDS festleet. Fir d'DP huet dat basisdemokratescht Element seng fest Plaz an der Schoulbänk.

Madamm Presidentin, de Rapporteur huet et virdru gesot: Och kënnen an Zukunft d'Sektiounen am Classique méi flexibel gestalt ginn. Déi rigid Kastenbaustruktur ass eiser Gesellschaft an der Villfältegkeet vun hiren Talenter einfach net méi ugepasst. Zudeem erfëllt dëst och net méi d'Erwaardunge vu villen Universitéiten, déi sech ëmmer weider spezialiséieren an dat och vun hire Studente verlaangen. Mat ënnerschiddleche Kombinatiounen erlabe mer de Lycéeën och hei, sech e Profill ze ginn an d'Schüler geziilt a verschiddene Beräicher ze spezialiséieren, déi um Aarbechtsmarché awer och gefrot sinn. Jee no Regioun oder Demande wier et zum Beispill méiglech, eng Sektioun C op d'Spezifissitéite vun den Ingenieuren auszeriichten oder der Biochemie oder nach enger ganz anerer Kombinatioun. Wéi gesot: ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler.

Parallell dozou sinn am Moment och sougenannt Kompetenzpolen amgaangen ze entstoen. Dozou ziele sécher d'Future Hubs mat de Lycéeën LTE, dem Arts et Métiers an dem zukünftege Lycée Edward Steichen zu Clierf oder Lycéeën, déi den Entrepreneursgeescht förderen, wéi zum Beispill den ECG, de Lycée technique vu Lalleng oder de Lycée Privé Marie-Consolatrice. D'Autonomie vun de Schoulen ass net nëmmen eng enorm Chance fir d'Schoule selwer, mä virun allem fir d'Schüler. Si gi méi geziilt an hiren Interesse gefërdert a kréie soumat d'Dier zu bessere Startchancen am Beruffsliewen opgemaach.

Madamm Presidentin, d'Zäite vu Griffel a Schifertafel sinn eriwwer. Mir sinn am Zäitalter vu FinTech, Big Data, Robotik ukomm. Dat ass e Fait, deem sech och mussen d'Schoulen upassen. Den Zuch huet d'Regierung Gott sei Dank net verpasst, souguer am Géigendeel: Si sëtzt heibäi an der Lokomotiv!

Vu Klengem u sollen d'Kanner spilleresch un déi nei, intuitiv Léiermethoden erugefouert ginn. Si solle fréi ufänken, e Gespier fir dat Digitaalt ze kréien. Dat ass de Fall am Fondamental, wou zum Beispill d'App „MathemaTIC" d'Coursë méi lieweg an innovativ mécht. Och déi versprachen iPade wäerten hiren Deel dozou bäidroen.

Virun allem wäert awer och déi nei Sektioun I fir déi néideg Kuelen an der Lokomotiv suergen. Si steet am Mëttelpunkt, wann et ëm d'Förderung vun de sougenannten „e-Skills" geet. Mir gehéieren hei zu den „first mover" an dësem Beräich, déi d'Potenzial vun dëse Kompetenzen erkannt hunn an déi d'Schüler an d'Welt vum Numerique antauche loossen. Gläichzäiteg schloe mer mat dëser Sektioun och eng Bréck zum zukünftegen Aarbechtsmarché, op deem informatesch Kenntnisser ëmmer méi gefrot ginn. D'Schoule kommen also definitiv am 21. Jorhonnert un.

Madamm Presidentin, besser Startchancen an d'Beruffsliewe kritt een nëmmen, wann een d'Chancen net scho fréi an der Schoulcarrière verbaut huet. Zwee Drëttel vun eise Schüler sinn am Général ageschriwwen. Am Verglach mam Classique treffen hei nach vill méi Schüler mat ënnerschiddlechen Hierkonften, Mammesproochen a sozialen Hannergrënn openeen. D'DP huet ëmmer betount, datt dës Diversitéit eng grouss Chance fir eis Gesellschaft wier, mä gläichzäiteg och Ursprong vun enger ganzer Partie Differenzen an der Schoul.

Am Général soll dofir an Zukunft méi differenzéiert enseignéiert ginn. Mir kënnen eis et och einfach net leeschten, datt zum Beispill e frankofone Schüler wéinst enger Mathéschwächt net ka sengem Niveau no Franséisch oder Däitsch léieren. Mam Aféiere vum sougenannten „cours de base" an den „cours avancés" gëtt de Problem un der Wuerzel ugepaakt. Op der Huitième sollen esou Coursen am Franséischen, Däitschen an an der Mathé ugebuede ginn, éier dann op Neuvième d'Englescht derbäikënnt.

Fir d'DP ass dëst e wichtege Punkt, deen et de Schüler an Zukunft erlaabt, deen Niveau an der Schoul ze suivéieren, deen am beschten zu hire Stäerkte passt, ouni awer hir Schwächten ze vernoléissegen. Dës differenzéiert Approche ass scho laang gefrot, ma elo gëtt se ëmgesat.

Madamm Presidentin, eppes, wat d'Schüler och dierft freeën, dat ass, datt d'Unzuel vu Premièresexamen op sechs erofgeet, an dat fir all Sektioun. Dat ass einfach eng Fro vu Chancëgläichheet tëschent deenen ënnerschiddleche Sektiounen hei am Land, mä virun allem och par rapport zu de Schüler am Ausland. Hei zu Lëtzebuerg mussen d'Primaner näämlech bäi Wäitem am heefegste wärend den Exame schweessen. Mat dëser Verbesserung kréien d'Schüler ab der nächster Rentrée méi Zäit, fir sech op déi eenzel Examen ze preparéieren, wat sech dann och hoffentlech an den Notten erëmspigelt.

Eis Schüler kënnen awer souwisou méi wéi dat, wat op hirem Diplom steet. Vill Charakteristike vun eisem Schoulsystem komme guer net richteg zum Virschäin: eisen héije Sproochenniveau, d'Engagement vun deenen eenzelne Schüler wärend hirer Schoulcarrière oder d'Fächer, déi si schonn op Deuxième haten. All dës Saachen zeechnen de Schüler aus, ma stinn duerno net schwaarz op wäiss op hirem Ofschlossdiplom. Dat wäert sech an Zukunft mat engem sougenannten „complément au diplôme" änneren. D'Universitéiten an d'Patrone solle wëssen, wat se un eise Schüler wierklech hunn.

Och gëtt d'Partenariat tëschent Schoulen, Elteren a Schüler gestäerkt. Dëst ass e weidere Baustee vun enger neier Participatiounskultur an och an eise Schoulen. Fir d'DP sinn d'Elteren an d'Schüler ouni Zweifel wichteg Partner an der Schoulentwécklung. Dofir begréisse mer och, datt d'Lycéeë sech an Zukunft musse Gedanke maachen, wéi se d'Elteren an d'Schüler wëlle mateneen abannen. Zudeem gëtt jo och op nationalem Niveau eng Elterenrepresentatioun geschafen, déi als Porte-parole beim Ministère op en oppent Ouer soll stoussen.

Madamm Presidentin, déi schoulesch Autonomie, déi méi diversifiéiert an differenzéiert Schouloffer, déi nei Participatiounskultur an d'Upasse vun eise Schoulen un d'Erausfuerderunge vum 21. Jorhonnert, et sinn ënner anerem dës Akzenter, déi eis gutt Schoule fir all Schüler besser a méi gerecht maachen. Mir sinn als Demokratesch Partei dovun iwwerzeegt, datt mir mat dësem Gesetz de Kader setzen, fir an Zukunft besser den ënnerschiddlechen Talenter, Potenzialer an och Besoine vun eise Schüler kënnen nozekommen. Dat war d'Zil an dat gouf erreecht!

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Lex Delles. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Haagen *(LSAP)*.- Merci, Madamm Presidentin. D'Reform vum Secondaire: Wann ech hei nolauschteren an och schonn an der Kommissioun, ech mengen, da fanne mer e Konsens hei am Haus an och dobaussen, datt mer eng Reform am Secondaire brauchen. A wat fir eng Richtung datt déi Reform geet, doriwwer gëtt diskutéiert. Mir constatéieren awer alleguerten zesummen, datt mer déi Reform am Secondaire brauchen, well ganz einfach eis Gesellschaft ännert, well eis Aarbechtswelt ännert a ganz einfach och, well d'Offer dobaussen, d'Unie ronderëm Lëtzebuerg, hei zu Lëtzebuerg och aner Kritäre wäerten opstellen, soudatt mir eis Studenten, eis Schüler, eis Kanner musse fit maachen ebe fir déi nei Orientéierungen, déi do gefrot ginn.

Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zu der Geschicht vun der Demokratisatioun vun eisem Land zënter senger offizieller Grënnung gehéiert och d'Demokratisatioun vun eise Schoulen. D'Lycéeë goufen opgemaach fir all Geschlechter. A mir hunn am Laf vun der Zäit d'Schoulflicht ëmmer nees verlängert, fir méi Jonken eng gutt Formatioun mat op de Wee ze ginn.

Eist Land, an dat ass e puermol ugeschwat ginn, huet sech entwéckelt vun enger Agrarnatioun, duerno engem Industriestat bis zu engem Land mat engem performante Finanzsecteur. Eis Schoul huet déi dach awer radikal Transformatioun, déi dës Entwécklung och an eiser Gesellschaft mat sech bruecht huet, musse begleeden. Mat der aktueller Digitaliséierung, iwwert déi vill geschwat gëtt, an der erwaarter Robotiséierung vu ganzen Deeler vun eiser Wirtschaft, vun eiser Ekonomie, wäert et och an Zukunft zu radikalen Transformatioune kommen. Eis Schoule mussen eis Kanner also op dës Transformatioune virbereeden.

Dat maache mer mat dëser Lycéesreform. Mir ginn deene Jonken eng héich Qualifikatioun mat op de Wee, déi et hinnen erlaabt, en Universitéitsstudium oder en Héichschoulstudium weiderzefëieren a spéider e Beruff ze hunn, an deem se sech als Mënsch an als Bierger entfale kënnen. Mir bekämpfen also an deem Sënn och direkt de Chômage a mir festegen och eis demokratesch Wäerter an eiser Gesellschaft.

Madamm Presidentin, déi vill kritiséiert Autonomie vun de Lycéeën ass beileiwe keen Trick vun engem midde Minister, wéi ech oft héieren hunn, dee sech aus senge Responsabilitéite wëllt stielen, mä et ass eng Necessitéit, an ech sinn am Ufank drop agaangen, déi de Realitéiten an eisem Land muss Rechnung droen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg eng ganz heterogen Schülerpopulatioun an de leschte Jorzéngte bäikritt a mir hunn e Lycée, dee gréisstendeels nach op der Reform vun 1968 opbaut, enger anerer Zäit wéi haut.

Déi hei geplangt Autonomie erlaabt et de Lycéeën, d'Erausfuerderungen, déi déi Heterogenitéit mat sech bréngt, ze meeschteren. Dëst andeems mer de Schoulen d'Méiglechkeet ginn, a verschiddene Beräicher méi eegestänneg Decisiounen ze huelen: bei der Organisatioun vum Appui scolaire, dem Encadrement vun de Jonke mat spezifesche Besoinen, der psychologescher a sozialer Hëllef, der Orientatioun vun de Schüler, der Kooperatioun mat den Elteren - ech denken, e ganz wichtege Volet vun enger participativer Schoul. An och déi dobausse parascolaire offréiert schoulesch Aktivitéite kënnen en Deel dozou bäidroen.

Et sinn d'Lycéeën an hiert Personal, déi dagdeeglech mat deene Kanner, mat deene Studenten am Kontakt stinn, déi am beschte wëssen, wou de Schong dréckt a wéi se d'Talenter vun deem engen oder deem aneren am beschte förderen. Op de Schüler ugepasst Methoden hëllefen an deene Beräicher méi wéi eng generell Decisioun vum Ministère op nationalem Niveau. Dorëms geet et bei der Autonomie.

An dëst ass iwwregens och net komplett nei: Schonn 1989 hu mer ugefaangen, de Schoulen et ze erméiglechen, verschidden Optiounen am Kader vun de Sektiounen unzebidden. Ech denken dobäi u verschidde franséisch Filièren oder de Bac international am Athénée an un déi rezent ugekënnegt chineesesch Coursen och am Athénée an am Lycée Aline Mayrisch. Och, an dat ass traditionell, sinn et hei zu Lëtzebuerg ëmmer verschidde Lycéeë ginn, déi verschidde Secteuren ugebueden hunn. Ech brauch nëmmen un d'Hotelschoul ze denken, un de Lycée technique agricole, un den ECG oder un d'paramedezinnesch Beruffer bei Lycéeën.

Et geet also och drëms, deene Lycéeën, déi dat wëllen - an ech insistéieren: déi et wëllen, et gëtt hei kee forcéiert -, d'Méiglechkeet ze ginn, fir selwer iwwer bestëmmte Spezialiséierungen decidéieren ze kënnen. De Ministère, an dat ass eis als LSAP ganz wichteg, muss natierlech weider derfir suergen, datt de System op nationalem Niveau kohärent bleift. Et däerf op där enger Säit net zur Konkurrenz tëschent de Lycéeë kommen an op där anerer Säit geet et awer drëms, och zum Beispill d'Landesplanung am A ze behalen. D'Proximitéitslycéeë sollen an deem Sënn net komplett verschwannen a musse sech ergänze bei der Offer vu verschiddene Coursen.

De Lycée wäert also säi Profill definéieren am Plan de développement scolaire, un deem senger Ausschaffung dat ganzt Personal vum Lycée, mä och d'Schüler selwer an d'Eltere bedeelegt sinn. Eis Sektioune sinn den Ament ze vill rigid an erlaben et ganz einfach net, op där enger Säit eng wëssenschaftlech Sektioun ze suivéieren an awer och eng méi pousséiert humanistesch Formatioun unzetrieden. Mir schafen d'Sektiounen net of, mä mir maache se op, fir dem Schüler méi Choixen ze ginn a sech besser op d'Exigenze vun den Universitéite vun haut kënne virzebereeden.

An deem Sënn begréisst d'LSAP och d'Aféierung, et ass e puermol ugeschwat ginn, vun der neier I-Sektioun: Informatik a Kommunikatioun. Bei den aktuellen Evolutiounen an der Aarbechtswelt, déi ech d'éinescht ugeschwat hunn, ass d'Wichtegkeet vun esou enger Sektioun natierlech och evident.

An deem Sënn kierze mir och d'Unzuel vun den Examensfächer, mäi Virriedner ass dorobber agaangen, op Première.

Madamm Presidentin, déi grouss Erausfuerderung vun eiser Schoul ass et haut, mat där grousser Sproochevillfalt ëmzegoen. Mir sinn der Meenung als LSAP, datt de Plurilinguisme eng Beräicherung an eng Chance fir Lëtzebuerg a seng Awunner ass. An der Interpellatioun, ech mengen, et war vum Här Adam, déi mer ongeféier viru sechs Méint haten iwwert de Plurilinguisme am educative Lëtzebuerger System, hu mir als LSAP kloer Stellung bezunn. Mir sinn do zur Konklusioun komm, datt d'Méisproochegkeet ouni Zweifel déi gréissten Erausfuerderung ass a bleift, mat där eise Schoulsystem konfrontéiert ass.

D'Schoul muss deene kommende Generatioune genuch Sproochekenntnisser mat op de Wee ginn, fir an eiser méisprooocheger Gesellschaft eens ze ginn a fir kënne Fouss ze faassen, besonnesch op eisem Aarbechtsmaart. An engems däerfen awer d'Kompetenzen, déi mir vun de Schüler verlaangen, net zu enger Barrière gi fir hir zukünfteg Entwécklung. Et ass do, wou een de Spagat muss maachen.

An engem Land, an deem ëmmer méi divers Populatioune liewen, ass dat natierlech net gradesou einfach a wäert och ëmmer erëm a Reforme vum Secondaire a vum Fondamental zu Diskussioune féieren. Mir wëllen awer net - an ech mengen, do si mer eis och alleguerten eens -, datt et dowéinst an der Schoul zu Echecke kënnt, déi net ze rechtfertege sinn. Wéi ee Gefale maache mer näämlech engem Jonken, deen allgemeng talentéiert ass, mä Schwieregkeeten huet an enger vun deene Sproochen: Däitsch, Franséisch oder Englesch, wa mer him dowéinst ee beruffleche Wee oder eng Ausbildung blockéieren? Wéi ee Gefale maache mir domadder am grousse Ganzen och eiser Gesellschaft als Ganzt?

D'LSAP setzt weider op Innovatioun a Qualitéit am Lëtzebuerger Schoulsystem. Bei de Sprooche brauche mir dofir eng differenzéiert Approche, fir dës Erausfuerderung ze meeschteren.

Oft, an dëst wësse mer jo schonn zënter verschiddene Joren opgrond vu verschiddenen Etüden, d'MAGRIP-Etüd oder opgrond vun de PISA-Resultater, sinn doduerch Schüler mat auslänneschen Originnen an aus engem méi wéi sozial schwaache Milieu vun deem Problem betraff. Ech wëll just drun erënneren, datt de generelle Reglement iwwert d'Schoulen nach ëmmer besteet an datt dee seet - ech mengen, en ass iwwer 100 Joer al -, datt souwuel déi däitsch ewéi déi franséisch Sprooch als Langues véhiculaires vum Enseignement sollte benotzt ginn. A wann een d'Realitéit kuckt, da mierkt ee ganz oft, wann ee Schüler an engem Fach net matkënnt, bedéngt duerch seng Sprooch, muss ee fir d'Éischt d'Terminologie an där Sprooch maachen an dann e lues a lues un dat Fach eruféieren.

Elo kann een driwwer diskutéieren, ob een dat op Däitsch soll maachen, ob een dat op Englesch soll maachen, ob een dat op Lëtzebuergesch soll maachen oder op Franséisch. Fakt

ass, datt een an deem Fach de Schüler, de Student un dat Fach an un dat Wësse soll eruféieren.

Mir begréissen dofir och d'Aféierung vun normalen a vun avancéierte Sprooch- a Mathematikscoursen op den niddrege Klassen am Général. Doduerch, datt mir de Schüler méi Choixe ginn, versiche mer, dës Ongerechtegkeet esou wäit wéi et geet aus der Welt ze schafen. Sécher, domadder ass d'Problematik an der Schoul net ee fir alle Mol geléist.

Madamm Presidentin, mir kommen an Zukunft net derlaansicht, fir eise Sproochenunterrecht weider ze analyséieren a weider ze adaptéieren. Dat ass, wéi gesot, déi grouss Erausfuerderung vun eisem Schoulsystem. Ech war dofir och net iwwerrascht, an enger rezenter parlamentarescher Äntwert vum Minister Meisch ze liesen, datt aktuell een Aarbechtsgrupp „Sproochen" sech doriwwer Gedanke mécht, a begréissen dat och am Numm vun eiser Fraktioun. Dësen Aarbechtsgrupp schafft un engem globale Konzept. Mir mussen eis mat där Problematik auserneesetzen an och no dëser Reform weider Pisten analyséieren, wéi mir eise Schoulsystem méi effizient a gläichzäiteg och méi gerecht kënnen opbauen. Dëst mam Zil, fir eben déi sozial Ongläichheeten esou wäit wéi méiglech ze reduzéieren.

Kolleeginnen a Kolleegen, déi Suerg louch och, an et ass schonn ugeschwat ginn, am Kär vum Reformprojet vun der deemoleger LSAP-Ministesch Mady Delvaux. Ee Reformprojet, deen a grousse Linnen an dësem Gesetz vun der aktueller Koalitioun als Basis iwwerholl ginn ass. Schonn 2013, wéi den Text virgestallt gouf, huet et geheescht, et wéilt ee méi Flexibilitéit am Enseignement vun de Sproochen aféieren an och de Schüler méi Choixe ginn, sech ze spezialiséieren.

Erlaabt mer dofir, am Numm vun der LSAP der Mady Delvaux nach eng Kéier Merci ze soe fir déi grouss Aarbecht an Efforten, déi si fir dës Reform gemaach huet. Jorelaang huet d'Mady Delvaux d'Consultatioune mat den Akteuren um Terrain gefouert. An déi Consultatiounen, an dat wësse mer alleguerten, waren net einfach, waren och contestéiert. Eng Kéier muss een och eng Decisioun huelen. A wann ee Reformen uschreit, da wësse mer alleguerten, datt et ganz schwiereg ass, bei sämtlechen Akteure vum Terrain ee Konsens ze kréien. Ugeschwat op déi sëllechen Opposition-formellen, waren déi alleguerten, an dat wësse mer och, historesch bedéngt duerch den Artikel 32.(3) vun der Constitutioun.

Fakt ass awer och, wann een elo d'Durée kuckt, wéi laang datt mer iwwer eng Reform am Secondaire schwätzen, denken ech - an do, mengen ech och, hu mer ee Konsens -, datt et héich Zäit gëtt, datt mer op jidde Fall och eng Reform ëmsetzen. Vill Akteure soen: Et ass besser, Dir gitt an déi dote Richtung! Gitt an déi Richtung! Ech denken, datt et am Interêt vun de Studenten a vun de Schüler ass, eng Reform unzekuerbelen an dann natierlech och dozou Ëmännerungen ze maachen. Et wäert beileiwen net déi lescht Reform sinn, déi mer am Fondamental oder wéi an dësem Fall am Secondaire wäerte maachen, well mer eis mussen dru winnen, datt d'Aarbechtswelt ännert an eben och eis Gesellschaft ännert.

Wann ech elo héieren, datt iwwert dës Reform net vill Gedäischs gemaach ginn ass, dann ass dat och vläicht opgrond vun deene Consultatiounen, déi virdru gefouert gi sinn, datt vläicht Gras iwwert déi initial Kriticke gewuess ass oder och vläicht scho well Deeler vu Lycéeën een Deel vun deene Changementer anticipéiert hunn an haut scho méi Eegeninitiativen a verschiddene Beräicher huelen.

Dofir wëll ech och ganz kloer soen, datt d'Schoul an Zukunft nach evoluéiere muss a wäert, well och eis Gesellschaft net wäert stoe bleiwen. Dat ass, an dat hunn ech gesot, beileiwen net déi lescht Schoulreform, déi mer hei wäerten diskutéieren, presentéieren a och zur Ofstëmmung wäerte bréngen.

Madamm Presidentin, d'Wëssen, dat d'Schoul eise Kanner mat op de Wee gëtt, muss idealerweis wéi eng Zort Liichttuerm an engem Mier vun Ongewëssheet wierken. Erlaabt mer hei déi liicht pathetesch Metapher, mä ech wëll domadder eigentlech nëmmen den Eescht vun der Problematik, iwwert déi et haut geet, ënnersträichen. Wann eise Schoulsystem et net fäerdegbréngt, déi Jonk op d'Erausfuerderunge vu muer ze preparéieren, ma dann erleide se ganz einfach Schëffbroch.

Vergiesse mer net, datt d'Formation initiale als éischt Zil huet, fir ze enseignéieren, mä awer och eng Responsabilitéit dréit, fir déi Jonk zum kritesche Bierger an enger fräier an demokratescher Gesellschaft ze maachen. «L'École doit être l'endroit où on apprend à penser», sot de Marcel Gauchet. Et gëtt, Kolleeginnen a Kolleegen, an dat musse mer eis an dëser Diskussioun konstant virun Aen halen, en extrem enke Lien tëschent der Schoul an eiser Gesellschaft, eiser Demokratie. Eng schwaach Schoul, déi Deeler vun der Gesellschaft ausschléisst, féiert deemno an eng schwaach Demokratie, déi och Deeler vun eiser Gesellschaft wäert an Zukunft ausschléissen.

Madamm Presidentin, fir eis als LSAP ass d'Schoulpolitik de Grondsteen, op där d'Sozialpolitik muss opbauen. Eng gerecht an equitabel Schoul fir jiddwereen heescht net, datt jiddwereen dat nämlecht muss léieren a kënnen, mä just, datt mer jiddwerengem senge Kompetenzen a Choixen no et erméiglechen, eng qualitativ Educatioun ze kréien. Eng Educatioun, déi hinnen d'Chancen offréiert, net eng Educatioun, déi se hënnert.

Dofir géif ech, nodeem ech dem Rapporteur Merci gesot hu fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport, och den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Claude Haagen. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Adam. De Mëtte si vill Clauden am Asaz. Här Claude Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam zweeten Ulaf a leider just mat de Stëmme vun der Majoritéit setze mer dann haut d'Reform vum Enseignement secondaire op d'Schinn. An effektiv, nodeems d'Madamm Delvaux mat ganz vill Oppositioun konfrontéiert war, ass dës Kéier de Projet zimlech schnell an och ouni nennenswäert Oppositioun duerch d'Instanze gaangen. Oppositioun kréie mer der e bëssen hei an der Chamber, mä ech mengen, dat gehéiert zum demokratesche Spill.

Ech hunn et ganz interessant fonnt, och der Madamm Hansen nozelauschteren. Bei der Madamm Hansen, déi d'Schoulwelt gutt kennt an déi zum Beispill och schonn eleng iwwert den Numm, wéi mer déi Enseignemente sollen nennen, gewisen huet, wéi komplizéiert dat ass, fir iwwerhaapt eng Eenegung ze fannen, fannen ech et schonn eigentlech erstaunlech, datt se net och méi unerkennt, wéi grouss de Konsens awer an de Schoulen ass fir déi hei Reform.

D'Madamm Hansen war och mat der Ausso: „Bei dëser Reform passéiert näischt, duerfir reegt sech keen driwwer op" zitéiert ginn an der Press. A mir sinn der Meenung, grad och wéi den Här Haagen gesot huet, datt mer mat dëser Reform kee Schlussstréch ënnert d'Erneierung vun eise Secondairesschoule kënnen zéien. Mä am Géigesaz zu der CSV si mir awer der Meenung, datt bei dëser Reform ganz vill passéiert.

An datt keng nennenswäert Oppositioun géint dee Projet entstanen ass, ass virun allem drop zréckzeféieren, datt de Minister sech gutt ugeluecht huet mat engem Tour duerch sämtlech Lycéeën an de Kontakt mat de Leit vum Terrain gesicht huet. Jo, en hat och vläicht d'Chance, datt mer keng brutal Ännerungen am Sproocheregimm virgesinn hunn. En hat och d'Chance, datt d'Apess méi mat sech selwer beschäftegt ass, wéi datt se Zäit huet fir aner Saachen.

(Hilarité)

Mir fannen dat awer gutt, datt de Minister de Konsens gesicht huet an och fonnt huet, well de Sproch kéint vun der CSV sinn: „Reforme mécht ee jo schliisslech mat den Enseignanten an net géint se." An duerfir ass dat, wat d'Madamm Hansen geiergert huet, datt et esou roueg ass, eppes, wat eis freet, datt dat awer roueg iwwert d'Bün gaangen ass.

Mir si sécher, datt mer an deenen nächste Joren nach méi Flexibilitéit am Ëmgang mat de Sprooche brauchen. Mir sinn awer och der Meenung, datt déi Mesuren an dësem Gesetz an déi richteg Richtung ginn. Mir kënne wäertvoll Erfahrunge sammelen a mat de Schoulen zesummen eise Sproocheregimm weiderentwéckelen.

Madamm Presidentin, mir sinn net der Meenung, datt mat dësem Projet de loi näischt an eise Schoule passéiert. Ganz am Géigendeel! Ech probéieren dann och all deenen, déi gudde Wëllen hunn, ze erklären, firwat datt mir zu där Meenung komm sinn. Ech kann och net op all Punkt agoen, mä ech gräifen déi Punkten op, déi fir eis déi wichtegst sinn, an ech erënnere bei där Geleeënheet un de Rapport vum honorabele Claude Lamberty, deem ech och wëll Merci soe fir seng zwee, säi mëndlechen a säi schréftleche Rapport.

En éischte Punkt, an dee schéngt esou banal ze sinn, datt bis elo nach keen deen opgegraff huet: Eng vun de gréissten Ännerunge mat, an eisen Aen, ganz nohalteger Wierkung ass d'Ëmbenennung vun de Klassen. Et ass wierklech banal. Mir benennen d'Klassen aus dem fréiere Lycée technique haut Enseignement secondaire général, no deemselwechte Prinzip wéi déi aus dem fréieren Enseignement secondaire, haut Enseignement classique.

Nodeems ee Schüler seng Cyclen am Enseignement fondamental ofgeschloss huet, kënnt en op eng Septième. Packt en déi Septième, kënnt en op eng Sixième an da geet dat esou weider. A wann en all seng Klasse gepackt huet, dann huet en eng Première. An da musse mer duerno, wann dat eis dann interesséiert, hannendruschreiwen, a wéi engem Regimm datt en dat gemaach huet.

Den Här Oberweis wëllt mer eng Fro stellen.

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Jo, Madamm Presidentin, ech wollt den Här Adam drun erënneren, am Joer 2007 an dësem Sall hunn ech deemools d'Madamm Delvaux gefrot gehat, dass et un der Zäit wier, dee System ze änneren. An ech ka mech erënneren, deemools, dat war just viru Chrëschtdag, ass dat mat Applaus festgehale ginn, well ech deemools gesot hunn, dass ech jorelaang där jonker Leit viru mer hat an der Klass, fir déi et en Drama war, dass se eng Treizième haten. A mir hunn hinnen oft genuch missen als Enseignantë Pabeiere matgi fir op d'Universitéit, dass dat gläichgesat wär. Op dee Punkt freeën ech mech awer och perséinlech.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Da stëmmt haut derfir!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci. Dann hu mer wéinstens ee Punkt, wou mer ee Member vun der CSV hunn, deen eppes gutt fënnt, wat mer maachen.

(Brouhaha)

Déi eigentlech banal Neierung...

(Coups de cloche de la présidence)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Lues! Den Här Adam huet eleng d'Wuert, wann ech gelift.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Déi eigentlech banal Neierung, déi näischt kascht huet ausser vläicht engem Beamte vum Ministère de l'Éducation nationale vill Nerven a schloflos Nuechten, well deen huet missen alleguerten déi nei Klassen an den informatesche System erafidderen, ass fir eis eng Mesure, déi d'Akzeptanz vum Secondaire général bei den Elteren a Schüler wäert nohalteg beaflossen a vill méi wäert bewierken, wéi ganz vill iwwerluechte Sonndesriede vun deene leschten zéng Joer. An duerfir soen ech da fir d'Éischt dem Här Oberweis Merci fir déi Iddi, der Madamm Delvaux Merci an och dem Här Meisch Merci, datt en déi Iddi weider bestoe gelooss huet an datt mer déi haut kënnen ëmsetzen.

Eng zweet a wichteg Neierung betrëfft natierlech den Ëmgang mat de Sproochen. Am Enseignement secondaire général féiere mer d'Méiglechkeet an, souwuel an der Mathé wéi an de Sprooche Coursen op zwee Niveauen ze organiséieren: Cours de base a Cours avancés. Dat wäert et de Schüler erméiglechen, Lacunnen opzeschaffen an net wéinst engem Fach an hirer schoulescher Carrière stiechen ze bleiwen.

Natierlech kann ee kritiséieren, datt am Lycée classique an am Cycle supérieur praktesch näischt mat de Sprooche geschitt. Mä mir gesinn dësen éischte Schrëtt emol positiv: Et kënnt Bewegung an d'Spill, mir kënnen Erfahrunge sammelen an doropshin eisen Ëmgang mat der Sproochevillfalt an eisem Land änneren a verbesseren.

Ech hu schonn hei an der Chamber gesot: Fir eis sinn d'Europaschoulen, wat den Ëmgang mat der Méisproochegkeet betrëfft, dat Beispill, wat mer mussen analyséieren, adaptéieren a fir eis ëffentlech Schoule weiderentwéckelen. Erfahrungen hu mer schonn am Internationale Lycée zu Perl gesammelt. Mir sammelen der a verschiddenen ëffentleche Schoulen, déi de Bac international ubidden. Mir sammele wäertvoll Erfahrungen an der Internationaler ëffentlecher Schoul zu Déifferdeng. An ech war frou, wéi ech virun enger Woch de Minister Meisch um Radio héieren hunn, wou hien annoncéiert huet, datt hien am Zentrum an am Norde wëllt speziell Sproocheprogrammer an zwee Lycéeën ubidden, déi sech un europäesche Programmer orientéieren. Vläicht, wann de Minister Zäit huet, kann en och hei op dëser Plaz e puer Detailer nach zu deenen Iddie ginn. Iddien, déi mir a priori positiv fannen an ënnerstëtzenswäert.

E weidere wichtege Punkt vun dëser Reform ass och, datt déi verschidde Schoule méi Autonomie kréien. An dem Rapport vun der Schoulkommissioun steet souguer, et wier e Paradigmewiessel: D'Leit an der Schoul géifen elo éischter agéieren an net méi just exekutéieren. D'Schoulautonomie huet Virdeeler, si huet awer och e puer Nodeeler. Prinzipiell si mir fir eng Schoulautonomie, déi sech an engem Kader, dee vum Ministère de l'Éducation nationale gesat gëtt, kann entwéckelen. Nationale Referenzkader heescht dat.

Wann een déi grouss Verschiddenheet vun de Kanner bei eis kennt, kann et net een Eenheetsmodell fir se all sinn. An awer, ech hunn dat och scho méi oft gesot, fanne mir de Motto „Vill verschidde Schoule fir vill verschidde Kanner" net glécklech. Firwat? Majo, mat deem Sproch riskéiere mer, d'Acquise vun 20 Joer Inklusiounspolitik an eise Schoule liicht op d'Spill ze setzen. Mat e bësse schlechtem Wëllen, ech ënnerstelle kengem schlechte Wëllen, mä mat schlechtem Wëlle kann een dee Sproch weiderdeklinéieren: Mir brauchen eng Schoul fir Kanner mat Lernschwieregkeeten, mir brauchen eng Schoul fir Kanner mat Migratiounshannergrond, mir brauchen eng Schoul fir d'Surdouéen a mir brauchen eng Schoul fir d'Sousdouéen. Dat, mengen ech, ass net esou geduecht. Duerfir hu mer méi mat der sproochlecher Ausriichtung wéi mat der Ausriichtung vun der Reform e Problem.

Mir sinn och nach ëmmer der Meenung, datt de Lycée de proximité fir all Kanner, déi an der Noperschaft vum Lycée wunnen, net iwwerholl ass, mä schonn eleng aus verkéierstechnesche Grënn nach ëmmer richteg ass, besonnesch fir d'Schüler vum Cycle inférieur.

Ech ginn dervun aus, datt mer datselwecht mengen, Här Minister: Mir brauchen eng ëffentlech Schoul, déi esou flexibel ass, datt se mat der Heterogenitéit an eiser Gesellschaft an an eise Schoulen eens gëtt. Autonomie vun de Schoulen ass ee Moyen, fir ze hëllefen. Aner Moyene sinn de Plan d'étude, eng aner Approche zu de Sproochen, den Appui an den Encadrement vun eise Schüler.

Eng gewëss Autonomie vun de Lycéeën dréit de Beméiunge vun den Direktiounen an den Enseignantë Rechnung. Dat wäert d'Aarbecht vum Terrain op an dat ass gutt esou. Et ass schonn e bëssen erstaunlech, datt den SEW dës Reform kritiséiert, well se den Enseignanten ze vill Matsproocherecht géif ginn. Fairerweis fir den SEW muss ee soen, datt en awer och a sengem Rapport kritiséiert a fäert, datt mer zu enger Situatioun «de pouvoir des directions des lycées» kéimen, déi ecrasant géif ginn. Also et ass awer schonn och e Gläichgewiicht beim SEW.

Eng gewëss Autonomie vun de Lycéeën ass gutt, well et nun emol esou ass, datt net all Lycée alles kann ubidden an datt et och haut scho Lycéeë gëtt, déi sech Schwéierpunkte ginn. Mir mengen och, datt d'Autonomie net op d'Käschte vun deene klenge Lycéeë muss goen, éischter am Géigendeel. Do muss een dat natierlech suivéieren, an ech mengen, de Minister mécht dat och. Mir brauchen déi Villfalt an déi ass net zu Laaschte vun deene Klengen oder deene Groussen.

D'Autonomie vun de Lycéeën, ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, stéisst un hir Grenzen, wann et ëm d'Zertifizéiere geet. Mir gesinn zurzäit keng Alternativ zum nationalen Ofschlossexamen. Natierlech gëtt et och haut scho verschidde Premièresdiplomer. An Zukunft gëtt et der wahrscheinlech nach méi. Mir hunn eng Classiquespremière an eng Technikespremière, oder eng Généralspremière, pardon, eng mat enger Rei Fächer, déi net bei jiddwerengem d'selwecht sinn, e Premièresexame plus Notte vu Fächer vun Deuxième an esou weider an esou virun.

Mir begréissen dat, erënneren awer drun, éischtens, datt een Diplom engem Schüler nëmmen eppes zertifizéiere kann, wat en och kann, an zweetens, datt en Diplom vun enger Première XY muss deeselwechte Wäert hunn, ob en am Norden oder am Süden oder am Zentrum oder am Oste geschriwwe ginn ass.

D'Autonomie an de Lycéeën däerf och net esou wäit goen, datt een e Wiessel vun engem Lycée an deen aneren onheemlech schwéier mécht. Mir kënnen eis net engersäits drëm beméien, d'Passerellen tëschent dem Régime classique an dem Régime général opzebauen an duerch eng galoppéierend Schoulautonomie d'Passerellen anzeräissen. Mä duerfir hu mer jo den nationale Referenzkader, deen derfir wäert suergen, datt dat net geschitt.

Madamm Presidentin, mir begréissen all déi Mesuren, déi an dësem Gesetz stinn an eng Verbesserung vum Appui a vum Encadrement fir d'Schüler bréngen. Mir fannen et och gutt, datt d'Lycéeën elo, d'selwecht wéi am Fondamental, eng Commission d'inclusion scolaire kréien.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mir begréissen och, datt mer an Zukunft wëllen e weidere Schwéierpunkt Internet an Informatik setzen. Mir sinn der Meenung, datt et gutt ass, fir eng I-Sektioun ze schafen. Mir fannen awer virun allem och, datt d'Compétences numériques transversal Kompetenze sinn an duerfir an alle Klassen an an alle Regimmer gefërdert solle ginn. An et ass och wënschenswäert, datt Open Data matabezu ginn an net just déck Virementen u Microsoft gemaach ginn.

An et schéngt an eisen Aen och ganz wichteg, de Support technique auszebauen, an zwar systematesch a massiv. Mir kréien ëmmer erëm nach erzielt, datt et engagéiert Enseignantë sinn, déi mat vill Asaz an am Weekend den technesche Support an hire Schoule musse maachen. Déi staatlech Hëllefsdéngschter sinn net ëmmer an der Lag, fir schnell ze reagéieren, wann e System zesummebrécht. Et ass wichteg, datt, wa mer all Schoul mat Tabletten oder Äänlechem equipéieren, datt, wa mer ëmmer méi interaktiv Tafelen an eis Schoule kréien, mer dann och personell esou opgestallt sinn, datt schnell kann op technesch Panne reagéiert ginn.

Här President, mir begréissen et och, datt d'Eltere méi matabezu ginn an de Lycéeën. Mir fannen et gutt, datt een Elterevertrieder am Comité de discipline vertrueden ass. Wann et drëm geet, ob ee Schüler muss vun der Schoul verwise ginn, da concernéiert dat natierlech och d'Eltereschaft. A mer verstinn eigentlech net, firwat datt d'Chamber vun de Statsbeamte sech do dergéint ausschwätzt. Mir begréissen och, datt d'Schülerkonferenz opgewäert gëtt. D'CNEL hat sech jo am Virfeld vun dësem Gesetz och kompetent, géif ech mengen, zu Wuert gemellt.

D'Avise vun deenen anere Beruffskummere si jo duerchweegs positiv. An déi Punkten, déi si opwerfen, kënne mer ënnerstëtzen. D'Chambre des Salariés seet zum Beispill, datt et schued ass, datt déi zwee Ordrë vum Secondaire no verschiddene Regele funktionéieren. Ech hu jo scho gesot, wéi wichteg datt mir d'Gläichbenennung vun de Klasse fannen. Dat ass an eisen Ae schonn ee klenge Paradigmewiessel an do hu bestëmmt schonn eng ganz Rei Leit genuch drun ze knaen. Et ass Bewegung an d'Spill komm an d'Entwécklung ass jo nach eréischt am Ufank.

Et ass fir eis och net glécklech, datt mer am Secondaire classique d'Orientatioun no der Quatrième maachen, am Secondaire général awer schonn no der Cinquième. An et wier och gutt, wann d'Schüler vum Secondaire classique och ee Kontakt mat der Aarbechtswelt kéinten hunn. Dat gëtt iwwregens och vun dëse Schüler selwer esou empfonnt. Dat wier och am Interessi vun enger besserer Orientatioun. Eng Orientatioun, wou mer déi Verbesserunge vun dëser Regierung unerkennen a begréissen, wou awer selbstverständlech ëmmer nach Sputt no uewen ass.

Mir sinn och zefridde mat enger Rei vun Ouverturen, déi dëst Gesetz am Secondaire mécht. Esou zum Beispill de méi grousse Choix, deen d'Schüler innerhalb vun de Sektioune kréien. Et ass och dervu geschwat ginn, scho vun de Kolleegen hei ernimmt ginn, datt de Premièresexame manner Fächer préift an duerfir awer complementaire Notte kënnen derbäi sinn. Dat sinn alles Entwécklungen, déi mer begréissen.

Här President, mir si frou, datt mer dës Lycéesreform, déi sech schonn 2011 mat engem Avant-projet de loi ugekënnegt huet, schlussendlech esou schnell iwwert d'Bün kritt hunn an datt mer awer eng grouss Akzeptanz bei de Schoulpartner dobausse fonnt hunn. Dat neit Gesetz trëtt also fir d'Rentrée 2017-2018 a Kraaft, wa mer dat dann haut stëmmen, wou ech dru gleewen. D'Gesetz stëmmen ass e ganz wichtegen Akt, d'Gesetz ëmsetzen ass een net manner wichtegen Akt. De Minister hat gesot, et géif eng Iwwergangszäit gi vu ronn engem Joer, bis all Bestëmmunge mussen ëmgesat ginn.

Ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz an ech wier frou, wann de Minister eis nach herno vläicht kéint e bëssen eppes iwwert déi praktesch Ëmsetzung vun dësem Gesetz soen. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus e grousse Merci un den Här Lamberty, deen eis wéi ëmmer e komplizéiert Gesetz ganz kloer presentéiert huet.

Et ass interessant, hei de Rieden nozelauschteren. Ech wëll vläicht ufänke mat de Kommentaren, déi vu menger Nopeschpartei hei, der CSV bruecht gi sinn an dëser Diskussioun. Ech si jo och en Oppositiounspolitiker, ech muss awer soen, datt ech Problemer hu mat där Argumentatioun, déi d'CSV hei bréngt. Et ass eigentlech net nozevollzéien, datt eng CSV, déi hei seet: „Et ass eng kleng Reform, eng Mikroreform", nëmme ganz kleng Beanstandungen eigentlech virbréngt. Si stellt dee Gesetzesprojet vun der Regierung net grondsätzlech a Fro. Si mécht esou kleng..., wann dat do eng Mikroreform ass, da proposéiert d'CSV esou infinitesimal Veränneren an dann ass se eigentlech net d'accord.

Et ass och fir mech erstaunlech, ze mierken, datt d'CSV wëllt esou d'Englescht promouvéieren, och an enger Motioun eis dat hei proposéiert, ouni ze soen, ob op Septième, wat se proposéiert, Englesch soll fakultativ oder obligatoresch agefouert ginn. Et ass awer e wichtegen Ënnerscheed. Dat steet net dran! A virun allem wonnert et mech, datt d'CSV net den Ënnerscheed mécht tëschent Sproochen, déi hei am Land benotzt ginn, a Sproochen, déi en offizielle Statut hunn. Däitsch a Franséisch hunn en offizielle Statut, dat sinn Amtssproochen niewent Lëtzebuergesch. An ech mengen, an der Diskussioun muss een deem awer an engem Parlament Rechnung droen. Dat si grondsätzlech Ënnerscheeder.

D'CSV ass hei nach an enger Nostalgie vun där Regierung virdrun, vun den Delvaux-Reformen, mä d'Zäiten hu sech awer geännert. Wann och d'CSV hei seet: „D'Schüler misste méi Choix hunn", da freet ee sech awer wierklech: Ass dat iwwerhaapt ëmsetzbar, mat deene komplizéierten Erausfuerderungen, déi d'Schoulen elo souwisou scho kréien, wa se hir Sektioune musse méi flexibel maachen?

Et ass fir eis net nozevollzéien. Mir sinn och net d'accord mat dësem Gesetz, awer ech mengen, datt mer vill, vill besser Ursaachen hunn. An et ass iwwregens, an elo kommen ech awer un eis Gambia-Parteien, wann ech héieren, datt dëst Gesetz justifiéiert gëtt vun der Säit vun de Regierungsparteie mat esou Sätz wéi: „Mir brauchen dëst Gesetz, well d'Gesellschaft sech geännert huet" oder „well d'Gesellschaft sech ännert", dann ass dat natierlech eng Banalitéit. Dir kéint gradesou gutt soe wéi den Här Trudeau a Kanada: „Well mer am Joer 2017 sinn." Dat geet eleng net duer. Mir musse kucken...

(Interruption)

Mir musse kucken, wat elo hei genau proposéiert gëtt an dat bewäerten.

Et si gutt Punkten an dësem Gesetz. Ech wëll dat soen: Et sinn eng Rei Punkten, déi eis och gutt gefalen. Zum Beispill méi Inklusioun ass eng gutt Saach fir déi Jonk an d'Kanner mat spezifesche Besoinen. Och, an dat däerf een och net vergiessen, wéi déi Surdoués, dat ass jo och extra ernimmt ginn am Gesetz, och dat ass e wichtege Punkt.

Et ass och gutt, datt d'Schoule méi Autonomie kréien an en eegene Profill. Dat ass sécher gutt, mä dat ass net bis zu Enn geduecht. Well wie seet „eegene Profill" - wat jo hei gewënscht ass, méi Autonomie -, dee seet och „Konkurrenz tëschent de Schoulen". Et gëtt ëmmer esou gemaach als hätt dat eent mat deem aneren näischt ze dinn, als wär dat eent net eng logesch Konsequenz vun deem aneren. Dach! Wie seet „eegene Profill", dat féiert zu enger gewëssener Konkurrenz, awer et ass net bis zu Enn geduecht.

Eng Konkurrenz tëschent de Schoulen, déi mer noutwendegerweis à moyen terme kréien, dat géif och heeschen, datt d'Schoule méi e grousst Matsproocherecht hunn, wat déi Schüler ugeet, déi sollen dohikommen. Et bedéngt eng Rei vun Encadrementsmoossnamen, fir sozial Ongerechtegkeeten oder regional Ongläichgewiichter ze verhënneren.

Dat heescht, mir ginn op e Wee, dee mer prinzipiell begréissen als ADR, mä deen hei net bis zu Enn geduecht ginn ass, mat all senge Konsequenzen. Autonomie vun de Schoulen, do soe mir däitlech: Jo! Konkurrenz souguer och: Jo! Awer et bedéngt Begleedungsmoossnamen, fir dat kënnen effikass ze steieren.

Mir hunn hei eng Rei vu Reflexiounen, déi mer nach musse féieren iwwert d'Ausriichtung vun der Schoul. Et ass gesot ginn - et ass jo de Slogan vun der Regierung -: „Ënnerschiddlech Schüler, ënnerschiddlech Schoulen." Mä wat d'Regierung... E Gedanken, deen an dem ganze Gesetz net virkënnt, dat ass eigentlech dee Gedanke vun der Integratioun. Dat ass den Androck, wéi mer en dacks hunn an Texter vun der Regierung, och an der Schoul, datt dat eigentlech en Domän ass, deen an de Vergiess geroden ass. En Usproch, deem d'Schoul sech net méi wëllt stellen. Et gëtt gesot: „Jiddweree kritt seng Schoul", awer den Integratiounswëllen, fir jiddwereen an eng lëtzebuergesch Gesellschaft, fir dat esou ze ënnersträichen, kënnen ze integréieren, dee feelt.

Mir hunn eng heterogen Schoulpopulatioun - dat seet jiddwereen -, mä wat ass d'Konsequenz dovunner, datt mer ëmmer méi international Filièren an eiser ëffentlecher Schoul hunn? Wat ass d'Konsequenz dervun, datt mer och ëmmer méi international Schoulen zu Lëtzebuerg hunn? Mä dat féiert jo derzou, datt eng Rei op jidde Fall vu Schüler, déi net mat deem traditionelle lëtzebuergesche Modell, der Dräisproochegkeet, wéi mir se kennen an esou weider, d'accord sinn oder fir sech eppes anescht wënschen, an déi munch aner Angeboter eriwwerwiesselen, déi et ëmmer méi gëtt.

Dat heescht, u sech ass den Ëmkéierschloss dovunner, datt déi lëtzebuergesch Schoul erëm méi tendenziell homogen gëtt iwwert d'Zäit, well jo esou vill anerer dee Wee verloossen. Oder ass dat net de Fall? Kuckt d'Regierung dat doten? An dann hu mer et an eisem traditionelle Schoultyp vläicht iwwert d'Zäit och erëm mat méi enger homogener Schoulpopulatioun ze dinn. Et ass eng soziologesch Fro, déi mer mussen am A behalen.

Dat Zweet ass d'Ausriichtung vun der Schoul. Et ass gesot ginn, datt d'Schoul sech de Schüler soll upassen. Dat ass sécher net falsch, mä och dat geet net duer. Als Land, als Politik hu mer och eng grondsätzlech Aufgab, an déi ass, fir ze kucken: D'Schoul als Agent an eiser Gesellschaft, wéi kann déi sech afügen? Wat ka si bäidroen, fir dëst Land a seng eegen Zukunft ze projezéieren als Stat, als Gesellschaft, als Land? Net nëmmen op de Schüler bezunn, mä och an eiser staatlecher Form. Wat kënne mer maachen, fir eis Gesellschaft, eis Lëtzebuerger Geschicht, eis Gesellschaft an d'Zukunft ze projezéieren? Och do huet d'Schoul en Optrag. An och dee gëtt an dësem Gesetz net ernimmt. En ass awer legitimm, well all Land stellt sech déi Fro. An déi ëffentlech Schoul huet den Optrag, och d'Gesellschaft an hir Zukunft ze projezéieren.

Dozou gehéiert et och, datt mer déi traditionell Dräisproochegkeet vum Land bäibehalen. Et ass en Defizit vun dësem Gesetz. An ee vun deene Grënn, firwat mir et net stëmmen, dat ass, datt deen Usproch, dee virun e puer Joer erfonnt ginn ass an dee mer begréisst hunn, näämlech fir eng lëtzebuergesch Sektioun an de Lycéeën anzeféieren, datt deen net erfëllt ginn ass.

Dat ass en Usproch, deen eng Ambitioun hat, deen och de Wäert vun der Lëtzebuerger Sprooch ënnerstrach hätt. Hei ass en net erfëllt ginn. Eng Regierung, déi nach viru Kuerzem e 40-Punkte-Programm wollt presentéieren iwwert de Wäert vun der Lëtzebuerger Sprooch, huet hei wierklech eng grouss Chance verpasst, fir kënnen hir Glafwierdegkeet mat deem Beweis ze ënnermaueren. Dat huet se net gemaach. A jiddweree gesäit do, wéi eng Konklusioune sech imposéieren.

Och sinn do Nodeeler, e relativ liichtfankegen Émgang mat de Sproochen an de Schoulen awer festzestellen. Wann et elo méiglech gëtt, den Technique oder de Général an enger Filière praktesch ganz op Franséisch ze maachen, stellt sech eben d'Fro vun der Integratioun an der Méisproochegkeet. An och wann een elo seet: „Mir kënnen d'Mathematik zum Deel op Däitsch maachen", da muss ee warne virun engem Feelschluss. Mathematik op Däitsch ass net onbedéngt méi einfach wéi Mathematik op Franséisch. Et ass dacks e Feelschluss, fir dat esou unzehuelen, zemools wann da spéider d'Sprooch erëm muss geännert ginn. Alles dat si Falen oder Problemer, déi eventuell kënnen optauchen.

En anere Grond, firwat d'ADR géint dat Gesetz hei ass, ass, datt den Nivellement vers le bas net gestoppt gëtt. An et ass eis awer wichteg, datt mer eng Schoul mat Qualitéit a mat Leeschtungsusproch hunn, och well eist Land net eleng dosteet, mä an der Konkurrenz steet mam Ausland, mat der Groussregioun. An et wär wichteg, fir do Gesten ze setzen.

Déi Diskussioun iwwert de Premièresexamen ass symptomatesch. Ech wëll déi elo hei net féieren, mä hei gëtt gesot: „Et ass gutt, mir ginn op sechs Fächer erof." Esou als wär dat en Naturgesetz, als misste mer dat net hannerfroen oder net kënnen anescht iwwerleeën.

Mä wär et am Kader vun engem Nation Branding net och méiglech gewiescht alternativ, fir ze soen: „Eise Premièresexamen huet einfach méi Niveau wéi deen aneren", deen ze valoriséieren an domadder eise Schüler, déi am Ausland wëllen op eng Universitéit goen, e Plus matzeginn? Dee Wee ass net gewielt ginn. Et ass direkt gesot ginn: „Mä mir passen eis dann un. Mir setzen den Niveau erof", esou als wär dat en Naturgesetz. Ech mengen net, datt dat en Automatismus muss sinn.

D'Promotiounskritäre si relativ niddreg. D'Faiblessen an d'Lacunne solle gekuckt ginn amplaz d'Talenter. Mä firwat net Feeler verbesseren? Mir gesi jo am Statsexamen an op villen anere Plazen am private Secteur, wéi grouss d'Onzefriddenheet ass mam Niveau vun de Schoulen duerch d'Kompensatiounsméiglechkeeten, duerch d'Opspléckung am Domaine de compétences, déi och hei am Gesetz virgesi sinn.

D'Grammaire gëtt net ernimmt. Wa vun de Sproochen hei an deem Gesetz geschwat gëtt, da gëtt geschwat vu Sprooch a Literatur, souguer vu Komparatistik. Awer datt dat op Basis vun enger zolitter grammatikalescher Beherrschung vun der Sprooch soll sinn, och dat gëtt net méi ernimmt.

Mir hunn eis also d'Fro gestallt, ob et net nach zu méi enger grousser Flucht vu Kanner a Privatschoule kënnt. An dat ass eng grouss sozial Ongerechtegkeet. An et muss een der LSAP ëmmer erëm virun Aen halen, datt si et ass mat hirer Schoulpolitik, déi u sech eng sozial Ongerechtegkeet hierstellt. Well déi gréisste sozial Gerechtegkeet besteet dach doranner, datt een onofhängeg vun deem soziale Milieu, wou een hierkënnt, eng gratis ëffentlech Schoul huet, déi engem zu enger héijer Qualifikatioun verhëlleft.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- An dat ass hei net méi de Fall: d'Aféierung vun enger sozialer Ongerechtegkeet duerch d'Erofsetze vum Niveau vun der ëffentlecher Schoul.

(Interruption)

Fir eis wieren nach aner Saachen dran. Ech gesinn, datt ech e bëssen ënner Zäitdrock sinn, dofir wëll ech just nach op ee Punkt agoen, deen awer ganz vill Leit hei am Land betrëfft. An dat ass d'Situatioun vun deene Kanner, déi a Scheedungs- oder Trennungssituatiounen doheem musse liewen.

Et wär, mengen ech, eng Selbstverständlechkeet gewiescht, datt an dësem Gesetz festgeschriwwe gi wär, datt d'Schoul mat deenen zwee Elterendeeler muss - muss! - a Kommunikatioun sinn, datt déi zwee Elterendeeler mussen d'Zensure kréien, datt se mussen um Lafende gehale ginn, wat mat hirem Kand an der Schoul ass.

Dat wär eng Moderniséierung gewiescht, net d'Erofsetze vum Niveau. Dat ass keng Moderniséierung. Dat ass e Verloscht u Qualitéit. Awer d'Abezéiung vun deenen zwee Elterendeeler an hir Responsabiliséierung, hir Ermächtegung, och hir Autoritéit ze respektéieren, dat wier eng Moderniséierung gewiescht an eisem Schoulsystem. An och déi Chance gouf leider verpasst.

An aus all deene Grënn wäert d'ADR dëst Gesetz net matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- De leschten ageschriwwene Riedner fir dëse Projet ass den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Bon, wann ee mat engagéierten Enseignantë schwätzt, wann een och liest, wat se schreiwen, da kënnt ëmmer erëm datselwecht, net nëmme bei dëser Reform, mä et ass scho bal symptomatesch, datt keen Dialog gefouert gëtt mat den Enseignanten, mat de Gewerkschaften.

Dat ass eppes, wat net den Här Meisch erfonnt huet, dat ass scho virdru gemaach ginn. Ech hunn et selwer och als Schüler erlieft deemools, als Schoulgewerkschaft. Ech hunn ëmmer den Androck, datt de Ministère de l'Éducation nationale, well et e komplizéierte Ministère ass a well en esou schwéier Reforme muss duerchsetzen, konfrontéiert ass och natierlech mat verschiddene Corpsen - dat sinn d'Schüler natierlech, d'Proffen, d'Enseignanten, d'Elteren an esou weider -, a well et och eng wichteg Tâche ass, datt oft de Choix gemaach gëtt, fir einfach emol derduerch ze goen a fir dann Decisiounen ze treffen, ça passe ou ça casse. A wuel wëssend, datt och den Engagement zu Lëtzebuerg, sief e politesch oder gewerkschaftlech, u sech ëmmer méi schwéier gëtt, well d'Leit ëmmer manner Zäit hunn, da kann een esou Saachen duerchzéien.

Ech mengen, et ass eng allgemeng Iwwerleeung, wann een driwwer diskutéiert: „Jo, et huet bal keen eppes gesot. Et ass net wouer." Mä hunn d'Leit och ëmmer d'Méiglechkeet, sech esou ze engagéieren, wéi se et wéilten? Zemools Enseignanten. Et ass net ëmmer esou evident, entgéint deem, wat ee kéint mengen.

Ech mengen, et sinn zwou Saachen, zwee Punkten, déi eis staark dru stéieren an déi och

erklären, firwat mir wäerten dëse Projet de loi net matstëmmen.

Jo, mir ginn an eng Richtung vun der Kreatioun vun autonome Schoulen a Lycéeën, déi a Konkurrenz matenee sinn. D'ADR bemängelt, datt et net wäit genuch geet, mä de Fait nëmmen, datt d'ADR, den Här Kartheiser, virdrun och gesot huet a saluéiert huet, datt et awer schonn e bëssen an déi Richtung vun der Konkurrenz geet, ass eng Bestätegung vun deem, wat och d'Gewerkschafte soen, an hir Ängschten, an d'CNEL d'ailleurs och, d'Schülerrepresentatioun.

Elo hu mer en anere Problem justement. Dat ass dee vun der Selbstbestëmmung vun den Akteuren an der Schoul, well trotz alledeem hu mer an de Schoule weiderhin, och wann de Conseil d'éducation do ass... dat sinn alles schlussendlech konsultativ Organer, wou d'Direktioun duerno eppes ze soen huet. Dat heescht, a Wierklechkeet hu mer Konkurrenz an net Solidaritéit tëschent de Schoulen an eng solidaresch Schoulpolitik. An anerersäits hu mer u sech éischter managerial Methoden, awer keng richteg Selbstbestëmmungsmethoden, wou Schüler, wou Proffen innerhalb vun engem Gebai wierklech kënne gestalten.

Mä iergendwéi ass et jo och normal, wann de Projet de loi iergendwéi net demokratesch ausgeschafft ginn ass. Dat heescht, wann e mat wéineg Diskussioun mat de betraffene Leit ausgeschafft ginn ass, dann ass et jo och kee Wonner, datt mer schlussendlech och kee ganz demokratesche System hunn.

Iwwerhaapt, och wat d'Matsproocherecht vun de Schüler ugeet, do hätt ee sech awer kënnen nach iwwerleeën... Eng kleng Klammer; dat huet nach kee gesot, mengen ech, hei, ausser ech hätt et verpasst, mä: D'Matsproocherecht vun de Schüler kéint nach gestäerkt ginn. Mir hunn e Gesetz iwwert... Also, mir hunn e Conseil national des élèves, mir hu Schülercomitéën. Déi gi gewielt. Virun 30 Joer war dat nach net esou systematesch.

Mä et kéint ee sech awer virstellen, datt déi Wahlen och e bësse méi systematesch gefouert ginn, dat heescht all zwee Joer zum Beispill oder all Joer, dat hänkt dovunner of, nationalwäit, datt do eng richteg Campagne gemaach gëtt, fir dat ze promouvéieren, datt och Schüler, déi a Schülercomitéë sinn, ënnerstëtzt ginn an esou weider an esou virun.

Ech mengen, do ass och d'CNEL, déi Saache mécht, mä déi hunn och net ëmmer d'Mëttelen, fir dat alles ze maachen. Ech mengen, dat ass eppes, wat een och hätt kënne betruechten, fir justement och de Schüler déi Méiglechkeeten ze ginn, fir sech kënnen ze engagéieren an hinnen och de Goût ze ginn, fir sech ze engagéieren.

Ech mengen awer och, de Problem mat Educatiounsprojeten an och mat dësem Projet de loi ass, datt net alles drasteet, mä datt een u sech a Wierklechkeet e bëssen den Androck kritt ze wëssen, a wat fir eng Richtung e geet. A wa mer soen, datt et wierklech an eng Richtung geet vu Konkurrenz a vun Deelprivatiséierung vun de Schoulen, lues a lues, scheibchenweise, da kann een dat natierlech net am Text esou direkt erëmfannen. Mä an de Fakte wäert dat awer an déi Richtung goen.

An ech mengen, datt all déi Ängschten, déi do bestinn, fir ze soen, datt mer verschidde Lycéeë wäerte kréien, op verschiddene Plazen, geografesch, deemno wéi, datt se aner Profiller hunn an aner Coursen ubidden, dat ass eng Realitéit. A mir kënnen dat jo och scho gesinn. Bei der Uni ass et jo esou. Bei der Uni am Uni-System ass et jo esou. Do ass et jo esou, datt Chairë finanzéiert ginn an datt schlussendlech d'Unie quasi total ofhängeg si vun der privater Industrie, fir iwwerhaapt Coursen unzebidden, wat ganz problematesch ass fir d'Recherche a wat d'Recherche an eng ganz gewësse Richtung dréckt. A mir fäerten, datt et och beim Lycée an déi Richtung wäert goen.

De Slogan, jo, deen heescht: „Verschidde Lycéeë fir verschidde Schüler." Den Här Claude Adam huet sech awer zu Recht kritesch gewisen - hei ass en - par rapport zu dësem Slogan, mä ech mengen, de Slogan, dee seet dat aus, wat awer wierklech och u sech ugeduecht ass. Well a Wierklechkeet misste mer jo éischter an eng Richtung goen, datt all Lycée soll do si fir all Schüler a sech un all Schüler adaptéieren.

Mä natierlech, da gëtt gesot: „Mä all Lycée, all Schoul kann net alles ubidden, all Cours ubidden" an esou weider. Ech weess net, ob all Lycée all Cours muss d'selwecht ubidden. Dat war och fréier net onbedéngt ëmmer de Fall. Dann huet ee missen de Lycée wiesselen, wann een Italienesch oder Spuenesch geléiert huet zum Beispill. Mä ech mengen awer, fondamentalement musse se datselwecht kënnen ubidden. Mä natierlech, dat bedeit immens vill Investitiounen. Dat kascht eppes! Dat kascht Enseignanten an dat kascht Infrastrukturen, wa mer dat wëllen hunn.

Mä wa mer eng ëffentlech Schoul wëllen hunn, déi iwwerall geografesch alles ubitt oder quasiment alles ubitt, wat een och an enger anerer Schoul huet, a Schoulen, wou och eng Kogestioun existéiert mat de Schüler a mat de Proffen, déi och Projete kënne maachen, dat existéiert souwisou elo och schonn, mä déi e richtegt Matsproocherecht hunn, da kënne mer an eng Richtung goe vun enger universaler ëffentlecher Schoul, déi sech awer och u Gegebenheete kann adaptéieren, ausgoend vun den Erfahrunge vun de Leit, déi do liewen. E Beispill wier zum Beispill, jo, den „e-Skills", also Informatikscoursen deemno wéi, well do wësse mer, datt dat immens wichteg ass.

Ech hunn zwar héieren, si wieren nach ëmmer net op der Héicht, deemno wéi. Virun 30 Joer, an den 90er Joren, wou et ugefaangen huet, do hate mer esou eppes total Debilles. „Logo" huet dat geheescht, mat enger Schildkröt, déi... Enfin, dat war absurd, et huet kengem eppes bruecht. Mä anscheinend, hautzudaags, an dat wollt ech scho bal net gleewen, am Joer 2017 sinn d'Infoscoursen awer och nach e bësse vétuste. Vläicht ännert dat. Ech hoffen dat, mä op jidde Fall ass et wichteg.

Mä huele mer un, wann elo gewësse Gebaier dee Profill hunn, wou se dat och ubidde fir Informatikscoursen, also „e-Skills" an esou weider, wat en immensen Invest wäert sinn... An dat wäert wahrscheinlech net all Schoul kënnen ubidden a si muss vläicht Drëttpartner fannen an esou weider, fir dat ze maachen, dann hu mer en Desequiliber, well mir sinn der Meenung, datt all Schüler wierklech déi Skills muss hunn an der Informatik, quitte datt se déi meeschtens bal och scho beherrschen, eendeiteg besser wéi mir. Dofir mengen ech, dat ass eng Richtung, wou ee misst oppassen.

An dann nach eppes. Da schwätzen ech nach schnell zur Motioun. Englesch. Déi englesch Sprooch, bon, dat kléngt ëmmer gutt ze soen: „Englesch ass wichteg. Et ass déi international Sprooch. Jiddweree schwätzt Englesch op der Welt." Grosse erreur! A jiddweree schlecht. Also, vill Leit schwätze schlecht Englesch op der Welt. An déi, déi ganz gutt schwätzen, déi verstees de meeschtens net,...

(Hilarité)

...well Englesch eng richteg komplex Sprooch ass.

Dat heescht, et geet drëms: Natierlech muss een Englesch beherrsche kënnen, mä ze mengen, datt een ëmmer méi Englesch mécht, fir op en Niveau ze kommen, dee wierklech den Niveau vun engem Anglofone wier, vun engem Native Speaker, dat erreeche mer net, ausser déi, déi et wierklech wëlle studéieren, déi an en anglofont Land ginn an esou weider.

Mä a Wierklechkeet, mir hu grouss Illusiounen doriwwer, well u sech geet e gewëssent Englescht duer. A ganz pousséiert Englescht au détriment da vu Sproochen, déi mer awer pour le coup wierklech richteg gutt musse kënnen, wéi Franséisch an Däitsch, dat wier a mengen Ae keng gutt Iddi.

A Portugal hu se, ech weess net, virun 20 Joer ongeféier dat Franséischt als Friemsprooch duerch Englesch progressiv ersat, well se wollte modern sinn. Duerno koum d'Kris, 2008. A jonk Portugisen hu misse Portugal verloossen, vill a lusofon Länner wéi Brasilien an Angola. An déi aner, wuer? Mä do, wou grouss portugisesch Communautéite sinn: Lëtzebuerg natierlech, d'Belsch, d'Schwäiz - déi franséisch Schwäiz -, de Quebec, Frankräich, also Länner, wou Franséisch geschwat gëtt, mä si schwätze meeschtens nëmmen Englesch.

Do hate se e puer Schwieregkeeten. An dat mierkt een och hei. Ech mengen, do muss een e puer Illusiounen ofschafen. Dovunner ofgesinn, mir wäerten dofir dëst Gesetz net matstëmmen. An d'Motioun, ech mengen, do enthale mer eis.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat huet d'Regierung d'Wuert: den Educatiounsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e Merci un alleguerten d'Riedner haut hei am Parlament. Ech denken awer och un all déi Deputéiert am Laf vun deene Joren, an et ware jo awer fënnef Joer, wou hei am Parlament, am Land, an der Gesellschaft dobaussen, virun allem och an de Schoulen, ronderëm d'Schoulen diskutéiert gouf; hinnen e Merci fir all déi Bäiträg, déi hei koumen, déi Reflexiounen, déi geleescht goufen, déi finalement awer hei an engem Text konnte münden, dee mer haut elo hoffentlech wäerten unhuelen. Deen Text gouf virgestallt haut de Mëtteg hei vum Rapporteur Claude Lamberty. Him natierlech och e Merci fir déi schrëftlech a mëndlech Presentatioun.

Ech wëll nach eng Kéier op e puer Aspekter zréckkommen, wann Der erlaabt.

Et ass gesot ginn, mir hätten hei net ganz besonnesch Courage gewisen, wat de Sproochenunterrecht ubelaangt. Ech froe mech, wat fir ee Courage et dann hätt misse sinn. Mir sinn amgaangen, permanent nei Sektiounen opzemaachen, déi eng aner Langue véhiculaire hunn. D'Gesetz vum Lycée Michel Lucius gouf viru Kuerzem hei gestëmmt. Bei der leschter Rentrée huet déi International Schoul zu Déifferdeng hir Dieren opgemaach mat deem Succès, dee mer kannt hunn, datt et bei der nächster Rentrée déi International Schoulen zu Déifferdeng an zu Esch wäerte sinn.

D'ailleurs kann ee sech d'Fro stellen, wou d'CSV beim Vott vun deem Gesetz war: Se huet et net matgedroen. Wien also do de Courage hat a wien net, dat sollte mer dann emol nach eng Kéier kucken.

Ech hunn och...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Aus liicht anere Grënn awer.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ech hunn och annoncéiert - et ass de Mëtten hei vum Claude Adam gesot ginn -, datt mer genau déi dote Schoulmodeller och wëllen ausbauen - en héiert et net esou gär -, fir awer och ënnerschiddlech Modeller ze hunn, déi d'Schüler da kënne wielen, déi och hirer Sproochebiografie méi staark kënne Rechnung droen.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Esou ass dat ganz gutt, Här Minister.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- An ech hu mer extra Méi ginn, Här Adam. Dir gesitt, wann ech mer Méi ginn, da klappt dat. Da klappt dat! Da klappt dat och, fir och deenen eenzelne Profiller vun de Schüler do méi staark kënne Rechnung ze droen, datt mer déi Offer wëllen ausbauen am Zentrum vum Land, well et eng gratis international Offer ass, an och am Norde vum Land.

(Interruption)

Jonglënster ass net Zentrum, et läit awer no derbäi. Ech wëll Iech soen, datt mer an Diskussioune si mat der Schoul zu Jonglënster, fir do och eng international Offer ze maachen. Op jidde Fall eng germanofon Offer, fir och där Populatioun, déi sech oft an eisem reguläre Schoulsystem schwéierdeet mam Franséischen, an där Regioun deementspriechend eng Offer kënnen ze bidden. Héchstwahrscheinlech och eng anglofon Offer derbäi, well mer och mierken, datt ganz vill engleschsproocheg Kanner an de Primärschoulen an där Regioun sinn, déi duerno och an international Privatschoule ginn, déi eigentlech guer kee Fouss an eis ëffentlech Schoul setze bis elo, fir deenen awer eng Offer kënnen ze maachen.

Datselwecht gëllt, wat déi germanofon Offer ubelaangt, och fir de Lycée vu Clierf. Och do si mer an der Diskussioun mat der Direktioun, déi mat hirer Equipp jo amgaangen ass, d'Rentrée 2018 ze preparéieren, wann dat Gebai wäert opgoen. A mir viséieren och do d'Offer vun enger agreéierter Europaschoul, wat eng zousätzlech Offer da virun allem och an deenen éischter ländlech strukturéierte Géigenden ass, wat eng Offer ass, déi bei dat derbäikënnt, wat do besteet, a wat eng Offer ass, denken ech, déi, wa mer eis Analyse jo e bëssen eescht huelen, awer wéi d'Fauscht op d'A bei déi Populatioun, déi mer an deene Regiounen hunn, och passt. Ob et nieft enger germanofoner Offer zu Clierf och eng aner ass, eng frankofon, dat si mer nach amgaangen ze kucken.

Wann hei gesot gëtt, souwuel am Enseignement secondaire général wéi am Enseignement secondaire classique, wa mer se elo emol schonn esou wëllen nennen, géife mer d'Sproochen net differenzéieren a mir géifen do all Schüler ee wéi deen anere behandelen, da wëll ech awer soen, datt et wuel Méiglechkeete gëtt, ze differenzéieren: E Schüler huet d'Méiglechkeet, ze kompenséieren an enger Sprooch, net nëmmen an enger Sprooch, mä an all Fach. E kann dat an der Regel iwwer seng ganz Schoulcarrière ewech maachen. Ass dat net eng Form vun Differenzéierung, wann ech zum Beispill am Franséischen iwwer eng Rei vu Joren ewech do kompenséiert hunn, herno mäin Diplom och kréien an och do am Franséische kompenséiert hunn? Déi Méiglechkeet hu mer.

Mir hunn och d'Méiglechkeet d'ailleurs, fir Sproochen ewechzeloossen op den ieweschte Klassen, och am klassesche Lycée. Dodrop elo nach eng Kéier eng zousätzlech Differenzéierung ze grefféieren, dat ouni Reflexioun, ob déi Differenzéierung, déi haut schonn existéiert, net awer scho problematesch vläicht wär, do warnen ech nun awer wierklech virdrun, well ech awer feststellen - an dëser Deeg si mer erëm amgaangen, Diplomer uechtert d'ganzt Land ze verdeelen -, datt all Joer 1.200, 1.300 oder 1.400 Schüler e Premièresofschloss kréien aus dem klassesche Lycée, dat um Niveau vun deenen dräi Sproochen, déi haut gefrot sinn. Wëlle mer systematesch deene Schüler d'Méiglechkeet huelen?

(Interruption par Mme Martine Hansen)

Oder... Neen, Madamm Hansen, loosst mech wann ech gelift ausschwätzen!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Neen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ma neen, loosst mech wann ech gelift awer elo schwätzen!

Oder deene Schüler d'Fërderung och net ginn an d'Ufuerderung och net ginn, fir datt se hir Sproochekompetenzen op deen doten héijen Niveau an deenen dräi Sproochen entwéckelen an deene siwe Joer, wou se am klasseschen oder och am generelle Lycée sinn? Dat froen ech mech awer, ob dat dee richtege Wee ass, well mer awer duerno och musse Perspektive schafen an d'Beruffswelt eran, am Secteur public an och am Secteur privé, wou d'Sproochenufuerderunge sécherlech net méi kleng wéi am Secteur public sinn. Duerfir denken ech, ass dat net dee richtege Wee. An duerfir wëlle mer dat, wat haut gutt fonctionnéiert, bäibehalen, an do, wou mer nach net eng adequat Offer hu fir d'Schüler, do wëlle mer nach nei Offere schafen.

Wann dann nach gesot gëtt, wat d'Sproochen ubelaangt, hei hätt d'Regierung oder meng Persoun net deen néidege Courage, da kënne mir d'nächst Woch kucken, wann hei iwwert déi multilingual Fréifërderung geschwat gëtt, wou de Courage dann erëm eng Kéier ganz, ganz grouss wäert sinn, wien dann hei vu Courage wäert strotzen.

Och d'Sektiounen à la carte opzemaachen, datt et net eng Schoul ass, déi seet: „Meng Sektioun gesäit esou aus an de Schüler hëlt se oder e geet vläicht eng äänlech Sektioun an eng aner Schoul sichen", mä datt de Schüler eigentlech à la carte do seet: „Ech hätt gären esou vill Franséisch an ech hätt gär esou vill Mathé an ech hätt gär esou vill Philosophie an esou vill Geschicht", dat, denken ech, ass nun awer och net dee Modell, deen et ka sinn!

Ech wëll elo hei guer net herno vun enger Première schwätzen, wou een nach Turnen an Zeechnen hat an nach e bësse Philo gemaach huet. Dat wëll ech hei guer net maachen. Dat kréiche mer nach evitéiert. Mä, Madamm Hansen, Dir hutt eis virgeworf, wat net stëmmt, mir hätten d'Direkteren hei net genuch mat agebonnen. Et ass op Urode vun den Direkteren, datt mer vun deem dote Modell, deen effektiv an der Diskussioun war, d'Fanger ewechgelooss hunn, virun allem op Urode vun den Direkteren aus Schoulen, déi net eng grouss Capacitéit hunn, déi am ländleche Raum sinn, well déi gesot hunn: „Dat doten iwwerschreit eis Capacitéit, mir kréien dat doten net organiséiert. Et gëtt e Chaos, wéi mer en an der Formation professionnelle erlieft hunn." An duerfir si mer vun deem dote Modell ofgeréckelt.

Eis elo hei ze reprochéieren, mir géifen eppes maachen, wat eigentlech de Wahlméiglechkeete fir de Schüler net géif gerecht ginn am ländleche Raum, dat fannen ech nun awer e staarkt Stéck! Gradesou wéi et e staarkt Stéck ass, hei ze behaapten, mir hätten net genuch mat den Direktiounen diskutéiert. Mir hu mat en alleguerten diskutéiert. Mir hunn am Groussen an am Klenge mat hinnen diskutéiert a villes, ënner anerem dat heiten, ass nogelauschtert ginn an ass an dee Projet hei mat agefloss.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, Dir erlaabt eng Präzisioun vun der Madamm Hansen?

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo. Wa meng Zäit gestoppt gëtt, dann erlaben ech et.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Selbstverständlech.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech war direkt ugeschwat ginn. Merci, Här President. Dat, wat den Här Minister hei seet, ass u sech, datt e mat den Direktere wahrscheinlech iwwer verschidde Règlement-grand-ducalle geschwat huet. Ech hunn an der Kommissioun gefrot, ob een Avis vun den Direkteren, vum Collège des directeurs do wier. Du war relativ laang iwwerhaapt näischt gesot ginn an du krute mer gesot: „Ben, et wieren eenzel Punkten ugeschwat

ginn, a verschiddene Rapporte misst een dat erëmfannen."

Dunn hunn ech gefrot, ob mer déi Rapporten da kéinte kréien, mä mir hunn näischt kritt. Also, et ass definitiv keen Avis vum Collège des directeurs iwwert dës Gesetz do. Merci.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Dat heescht jo net, datt net mat den Direktioune geschwat ginn ass! Ech si wärend iwwer engem ganze Schouljoer, an dat huet mech iwwer en hallwen Dag an der Woch kascht, duerch d'Schoule gaangen. Ech hu mat 45 Lycéeën diskutéiert: mat den Direktiounen, mat de Proffecomitéen, mat den Elterecomitéen, mat de Schülercomitéen, mat de Vertrieder vum SPOS a mat deene vun der educativer Equipp. Mir hunn diskutéiert a mir hunn nogelauschtert. Virun allem hu mer nogelauschtert! Da soll awer keen heihinnerkommen a soen, mir hätten hei net dat Gesetz do an déi Iwwerleeungen am Dialog mat all deene Concernéierten um Terrain developpéiert! Da froen ech mech awer, wat een dann ënner Dialog ka verstoen!

A mir hunn eenzel Punkten…

(Interruption)

A mir hunn eenzel Punkten och mam Collège des directeurs diskutéiert a souguer mat, ech wëll net soe verhandelt, mä verbessert. Mä wann ech um Dësch sëtzen an ech diskutéieren eppes mat, wat mécht dat fir e Sënn, duerno nach eng Kéier en Avis derzou ofzeginn? Et ass dach vill méi produktiv, amplaz datt mir am Ministère eppes maachen an den Direkteren et pour avis ginn a mat deem Avis maachen, wat mer wëllen, bei d'Direkteren ze goen, mat hinnen ze schwätzen a mat hinnen dat ofzemaachen. Ënner anerem dee Punkt, deen ech elo hei gesot hunn, dee mer ganz besonnesch um Häerz louch.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- E Wuert nach zu där Approche, déi, mengen ech, awer an eenzelne Käpp nach ëmmer dran ass, datt all Schoul d'selwecht misst fonctionnéieren; notamment d'CSV huet awer och staark an déi dote Richtung hei argumentéiert. Mir loossen de Schoule gäre Fräiraum. Mir loossen de Schoule gäre Fräiraum, well ganz vill Positives entstanen ass am Laf vun deene leschte Joren. Dat ass net mäi Meritt. Dat ass de Meritt vun deenen Enseignanten, vun deenen Educateuren, vun deenen Direkteren an deenen Adjointen, déi an deene jeeweilege Gebaier hei am Land Verantwortung iwwerhuelen, déi d'Problemer gesinn hunn an déi Léisungen dorobber fonnt hunn.

Vun uewen erof elo ze soen, datt d'Orientatioun esou muss goen, datt et fir Inklusioun just ee Wee gëtt, datt et fir d'Diskussioun mat den Eltere just eng Method dierf sinn, dat ass jo awer falsch, well et alles dat futti mécht, wat en place ass, well et déi Leit demotivéiert, déi dat doten opgebaut hunn. An ech weess emol net, wien een am Gebai herno nach eng Kéier misst motivéieren an iwwerhaapt géif fannen, fir nach eng Kéier nei de Steen de Bierg eropzerullen. A mir wësse jo awer, datt mer dann a konfliktuelle Situatioune gewiescht wären.

A fir dëst Gesetz hei ëmzesetzen, do brauche mer Rou, mer brauche Vertrauen, mer brauchen och de Konsens mat den Akteuren an der Schoul, déi gleewen, datt dat heiten eppes Festes ass, wat fir si vu Bedeitung ass. An ech kann Iech soen, ech sinn am Laf vun deene leschten Deeg vill op Diplomiwwerreechunge gewiescht, an iwwerall, iwwerall, wann ech mat den Direkteren a mat den Enseignantë geschwat hunn, ass gesot ginn: „Hoffentlech kënnt dat dote Gesetz elo, well mer brauchen et! Well et e Kader ass fir eis Weiderentwécklung, esou wéi mir se hei um Terrain gesinn."

Da wëll ech nach kuerz drop agoen, datt hei gemaach ginn ass, wéi wann elo d'Participatioun vun den Elteren an de Schüler géif ofgewäert ginn. Ech wëll Iech soen, datt mer all Schoul eng Demarche hei operleeën am Kader vun dem Plan de développement scolaire, sech musse Methoden ze entwéckelen, wéi se mat Elteren an och mat Schüler participativ zesummeschaffen. Dat ass nei. Dat ass eng Obligatioun, déi huet elo Gesetzeskraaft, wann dee ganze Pak hei a Kraaft ass. Da froen ech mech wierklech, wou een drop kënnt, datt eigentlech elo do manner Participatioun méiglech wär a gewënscht wär.

Och wann een elo hei seet: „Et gëtt keen elektronescht Klassebuch." Dach, et gëtt elektronesch Klassebicher, déi a ganz ville Schoulen haut och scho gebraucht ginn. Et ka sinn, datt et nach net iwwerall de Fall ass, mä och do wäerte mer de Schoulen eng Demarche operleeën, eng gesetzlech virgeschriwwen Demarche am Kontext vum Plan de développement scolaire. Och do musse sech ganz konkret Gedanke gemaach ginn a Projeten entwéckelt ginn, wéi d'Digitaliséierung an hirer Schoul wäert weidergoen, wéi de Prozess vun den iPad-Klasse wäert weidergoen, a wat fir enge Fächer datt se dat wäerte maachen, mat wat fir enge Formatioune fir d'Enseignanten dat wäert gemaach ginn, wéi d'Kommunikatioun tëschent Elteren, Enseignanten an och de Schüler ka gestäerkt ginn, och iwwert deen dote Wee, iwwert déi digital Outilen, dat wäert alles dorannerfléissen. An déi Schoulen hu sech duerno drun ze halen. Hei de Contraire ze inszenéieren (veuillez lire: insinuéieren), do froen ech mech wierklech, wéi een dann dorobber kënnt!

Gradesou wéi wann ee seet, den Travail d'envergure wär ersatzlos gestrach ginn. Deen ass net ersatzlos gestrach ginn! Mir hu mëttlerweil Schoulen - an et misst ee wierklech emol an d'Schoule kucke goen, wat do lass ass, wéi lieweg déi ass a wéi innovativ den Terrain an de Schoulen ass -, déi sech als Entrepreneurshipschoulen definéieren, déi ganz genau an deem dote Projetsgeescht fonctionnéieren. An dat net nëmmen op enger Deuxième, mä dat iwwer all hir Klassen, wat mer encouragéieren, wou mer bonnes Pratiques sammelen, wat mer vernetze mat deenen anere Schoulen a lues a lues wäerte kënnen eriwwergoen. Et muss een awer esou éierlech sinn, datt, wa mer an der Zilsetzung eis eens sinn a mir nennen dat vläicht op eemol aneschters, een dann net heihinnerkënnt a seet, dat wär alles aus dem Projet gestuerwen an dat wär erausgestrach ginn. Dat, denken ech, ass net deen Debat, dee mer hei sollte féieren.

Här President, ech gesinn, d'Zäit leeft mer fort. Duerfir wëll ech ganz kuerz nach eng Kéier dorobber ze schwätze kommen, datt hei gesot gëtt, dat wär e klengt Gesetz, do wären net vill Änderungen dra gewiescht. Ech weess, datt dat hei net haut decidéiert wäert ginn, dat muss iergendwann duerno eng Kéier beuerteelt ginn, wat dann den Impakt vun dësem Gesetz op d'Entwécklung vun de Lycéeën alleguerten doruechter war. Ech soll et net decidéieren a gradesou wéineg, mengen ech, obläit et engem aneren, hei ze decidéieren, well jiddwereen huet jo wahrscheinlech eng virgefaasste Meenung.

Ech liesen awer, wa sech doruechter an anere Länner, an Nopeschländer momentan Regierunge bilden a Regierungsprogrammer geschriwwe ginn, wat sech do fir eng ganz Regierungsperiod virgeholl gëtt an der Éducatioun. A wann ech kucken, wat mer mat dësem Pak elo fir de Secondaire hei zu Lëtzebuerg alles wäerten änneren, da weess ech net, wat déi aner Länner maachen. Well da steet eigentlech do guer näischt méi dra par rapport zu deem grousse Pak, dee mer hei awer haut de Mëtteg zum Vott brénge respektiv iwwer aner Weeër schonn a Kraaft triede gelooss hunn.

A wann dann…

(Interruptions)

Dir hutt eist kuerzt Gespréich de Moien um Radio, Madamm Hansen, jo ugeschwat gehat. Wann dann do d'Fro gestallt gëtt: „Jo, wat géift Dir dann duerno änneren un engem Gesetz, wat Dir als eng mini Mikroreform bezeechent?", an d'Ännerung duerno ass awer an der Nanodimensioun, déi Der duerno ukënnegt,…

(Hilarité)

…da froen ech mech awer…

Mme Martine Hansen *(CSV).*- …jo nach net fest.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Da froen ech mech awer wierklech,…

(Brouhaha)

M. André Bauler *(DP).*- Zéng exposant minus néng.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- …wéi eng Kopplabunz…

(Interruption)

…datt een do muss schloen, fir nach iergendwéi riicht stoen ze bleiwen.

Mir hunn, Här President, mat deem Gesetz hei villes a Bewegung bruecht, schonn ier d'Gesetz gestëmmt ass, well sech an all de Schoulen déi Iwwerleeungen do gemaach gi vum Profill vun der Schoul, vun aneren Offeren, déi kënnen entstoen, vun anere Mechanismen, déi mussen en place gesat ginn, fir datt d'Schüler besser encadréiert ginn, fir datt d'Schoul sech méi staark de Besoine vun de Schüler upasst a fir datt d'Schoul sech och méi staark dem Besoin vun der Gesellschaft kann upassen. A mat deem Gesetz wäert dat sécherlech nach eng Kéier un Tempo gewannen. Duerfir wëll ech deenen Deputéierte Merci soen, déi de Mëtteg hei mat derfir stëmmen.

E Wuert nach, Här President, vläicht zur Motioun, wann Der erlaabt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ech géif kuerz wëlle soen, datt mer éischtens Schoulen hunn, wou d'Englescht ab der Septième enseignéiert gëtt.

Zweetens wëll ech awer soen, datt ech et scho skurrill fannen, wa vun enger Partei proposéiert gëtt, déi hei seet, mir misste méi dialogéieren, méi mat de Gremie schwätzen, datt elo op eemol d'Chamber hei soll decidéieren, ouni datt mat iergendengem geschwat ginn ass, datt generell misst Englesch an all de Schoulen, ob se dat wëllen oder net, op Septième agefouert ginn. Dat fannen ech nun awer e bësse gelungen.

Ech schwätze jo mat deene Leit. An déi soe mer, d'Programmkommissioun am Engleschen, déi roden eigentlech dovunner of, dat dote systematesch ze maachen, well se soen: „Et ass besser, mir maachen et mat sechs Stonnen intensiv op der Sixième, wéi mat zwou oder dräi Stonnen unzefänken op der Septième."

Trotzdeem ënnerstëtze mer déi Projeten innerhalb vun der Schoulautonomie, fir et och schonn ab der Septième ze maachen. Dat gëtt den Elteren an de Schüler d'Méiglechkeet, dohinner ze goen an déi Schoul ze wielen, wou et ugebuede gëtt, wa se dat da wëllen a wa se dat dann interessant fannen. An ech fannen, datt mer momentan op jidde Fall sollen derbäibleiwen, well et jo nach ganz, ganz aner Repercussioune géif mat sech bréngen, ënner anerem d'Fro: Wat géife mer da manner op der Septième maachen? Déi wier jo och nach ze tranchéieren. An déi hunn ech weder an der Motioun nach an der Diskussioun hei gekläert erëmfonnt. Duerfir wär ech éischter frou, wa mer zu dësem Zäitpunkt déi Motioun do net géifen zréckbehalen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm.

A mer géifen direkt iwwert de Projet de loi 7074 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7074 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss: 32-mol Jo, 28-mol Neen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nancy Arendt), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An, esou wéi ech gesinn, si mer domat bal um Enn vun eiser Diskussioun, wa mer net nach d'Motioun hätten.

Motion 1

Ech froen, wie Stellung zur Motioun wëllt bezéien. Selbstverständlech fir d'Éischt… Ech mengen, den Auteur huet se presentéiert?

(Assentiment)

Ginn et Wuertmeldungen derzou? Den Här Adam an den Här Kartheiser.

Den Här Adam huet als Éischt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Wéi ech elo gesinn hunn, datt ech als Eenzegen nach vun der Majoritéit wëll schwätzen, hunn ech mech trotzdeem gemellt. Ech hunn näischt un der Erklärung vum Minister auszesetzen. Ech wëll awer nach eng Kéier betounen, datt ech et schonn eng komesch Approche fannen. Mir sinn eis alleguerten eens, datt d'englesch Sprooch eng wichteg Roll spillt an déi Roll gëtt och ëmmer méi grouss, mä ech sinn awer och der Meenung, grad wéi de Minister, datt mer am Dialog mat de Schoule solle schwätzen, ob mer do eng Ännerung maachen.

An zweetens warnen ech awer och viru Schnellschëss, besonnesch an där heiten Debatt! Einfach de Fait, datt d'Englescht um Virmarsch ass, kann awer net heeschen, datt mer da fir jiddwereen op Septième d'Englescht aféieren als Cours, well mer eis éischtens mussen iwwerleeën: Op d'Käschte vu wat geet dat? Wat huele mer dann ewech?

Une voix.- …an der Motioun!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Wat kënnt amplaz?

An zweetens hätt ech och gären eng Analys, datt mer wéissten: Wou si mer dann iwwerhaapt dru mam Engleschen an eise Schoulen? Wivill Englesch kënnen eis Schüler? Ech hunn den Androck, wéi wann déi Generatiounen no eis am Engleschen op enger Première méi wéisste wéi mir an der Zäit, am Franséischen eventuell net esou vill. Dann hätt ech awer och gären, datt mer dat géifen analyséieren an dorauser Konklusiounen zéien an net hei mat engem quasi Schnellschoss wëlle probéieren, sämtleche Lycéeën ze imposéieren, fir Englesch op Septième ze maachen.

Duerfir stëmme mir natierlech net fir dës Motioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dann nach den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, villmools Merci, Här President. Ech war e bësse verwonnert, wéi ech dësen Text gesinn hu vun der CSV. Nodeem den Här Juncker gesot huet, datt Englesch ëmmer manner wichteg géif ginn a Franséisch ëmmer méi wichteg géif ginn, kënnt d'CSV zu Lëtzebuerg elo…

(Brouhaha)

…mat engem Geste, deen an déi aner Richtung geet.

Et ass awer fir eis esou, fir elo iwwert den Text selwer ze schwätzen, et feelt eng ganz wichteg Präzisioun an dësem Text. Mir sinn eis als ADR, wéi all Mënsch heibannen, mengen ech, vollkomme bewosst, datt Englesch net nëmmen eng wonnerschéi Sprooch ass, mä eng wichteg Sprooch, an datt mer frou wären, wann esou vill Leit wéi méiglech déi Sprooch op engem ganz héijen Niveau géife schwätzen. Mä awer fir iwwert d'Schoul hei ze schwätzen, misste mer wëssen, an et steet net dran, ob d'CSV gär hätt, datt mer obligatoresch Englesch op Septième sollen aféieren oder fakultativ Englesch op Septième sollen aféieren.

Dat ass eng aner Diskussioun. Wann et fakultativ ass, begréisse mer dat selbstverständlech. Wann et obligatoresch ass, dann hu mir als ADR awer eng grondsätzlech Positioun: Mir hunn eng Situatioun, wou eis eegen Nationalsprooch, eng vun eisen dräi Verwaltungssproochen, nämlech Lëtzebuergesch, net duerch dëst Gesetz gestäerkt gëtt. Wou mer ëmmer soen, datt op Lëtzebuergesch op Septième soll obligatoresch och méi seriö enseignéiert ginn, mat Grammaire, mat Literatur, an net nëmmen op Septième op anere Sproochen.

An eis Prioritéit, wann et drëm geet, nei obligatoresch Coursen anzeféieren, dat ass selbstverständlech bei eiser Nationalsprooch, bei Lëtzebuergesch. Wann also d'CSV eis seet, datt et eng fakultativ Initiativ ass, da stëmme mer hir Motioun gäre mat. Wann et awer drëm geet, fir obligatoresch Englesch anzeféieren, da soe mir als ADR: „Nee merci. Eis Prioritéit ass eis Nationalsprooch."

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Däerf ech äntwerten?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Madamm Hansen, selbstverständlech.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Just eng Äntwert. Also mir haten…

Une voix.- Do gëtt et keng Koalitioun méiglech.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Mir hate scho gemengt obligatoresch, well fakultativ ass am Prinzip elo schonn alles méiglech bei de Schoulen.

Plusieurs voix.- Ah!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Also hate mer scho gemengt obligatoresch. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Keng weider Wuertmeldungen? Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratioune sinn ënnerwee.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer: 24-mol Jo, 36-mol Neen. Domat ass d'Motioun 1 ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 37 voix contre et 23 voix pour.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Martine Mergen), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir sinn um Enn vun eisen Aarbechte vun de Mëtten ukomm. Ech soen Iech Merci a ginn Iech Rendez-vous fir déi nächst ëffentlech Sëtzung den nächsten Dënschdeg.

Merci! An d'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 17.34 heures)

SÉANCE 46 MARDI, 11 JUILLET 2017

Présidence: Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *Mme Simone Beissel, Vice-Présidente*

2. Communications
- *Mme Simone Beissel, Vice-Présidente*

3. Ordre du jour
- *Mme Simone Beissel, Vice-Présidente*

4. 7089 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Minamata sur le mercure, adoptée à Genève le 19 janvier 2013
- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Marco Schank, M. Roger Negri, M. Max Hahn*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi*

5. 7090 - Projet de loi 1. modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés, 2. modifiant la loi modifiée du 9 mai 2014 relative aux émissions industrielles
- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 7089 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Minamata sur le mercure, adoptée à Genève le 19 janvier 2013 (suite)
- *Dispense du second vote constitutionnel*

7. 7134 - Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée technique pour professions de santé et d'un hall des sports Logopédie à Strassen
- *Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Georges Engel, M. Gusty Graas*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

8. 7064 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;

2. de la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements des données à caractère personnel concernant les élèves
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Gilles Baum*
- *Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch (interventions de M. le Ministre Claude Meisch et Mme Martine Hansen), M. Claude Lamberty (interventions de Mme Martine Hansen, M. Claude Wiseler, M. Max Hahn et M. Eugène Berger), M. Claude Haagen, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (interventions de Mme Martine Hansen et M. Claude Wiseler)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

9. 7010 - Projet de loi portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement fondamental et modifiant

1. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

3. la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Lex Delles*
- *Discussion générale: M. Laurent Zeimet (interventions de M. le Ministre Claude Meisch, Mme Viviane Loschetter, M. Claude Lamberty, M. le Ministre Claude Meisch et M. Franz Fayot), M. Claude Lamberty (interventions de M. Laurent Zeimet), M. Georges Engel (interventions de Mme Martine Hansen et M. Laurent Zeimet), M. Claude Adam (intervention de M. Laurent Zeimet), M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Lex Delles), M. David Wagner (interventions de M. Georges Engel)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (intervention de M. Laurent Zeimet)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

10. 7078 - Projet de loi portant organisation de la reprise des enseignants de religion et des chargés de cours de religion et portant modification de

1. la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

2. la loi modifiée du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Archevêché, d'autre part, concernant l'organisation de l'enseignement religieux dans l'enseignement primaire
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Lex Delles*
- *Discussion générale: M. Laurent Zeimet, M. Georges Engel, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (intervention de M. Fernand Kartheiser)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

11. 7127 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil
- *Rapport de la Commission du Logement: M. Max Hahn*
- *Discussion générale: M. Marc Lies, Mme Taina Bofferding, M. Claude Adam, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Marc Hansen, Ministre du Logement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. François Bausch, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Carole Dieschbourg et M. Marc Hansen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

1. Ouverture de la séance publique

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Dir Dammen an Dir Hären, gudde Mëtteg! Ech maachen heimat d'Chambers-sëtzung vum 11. Juli 2017 op.

Ech wollt direkt d'Regierung froen, ob se wëllt eng Kommunikatioun maachen.

(Négation)

Dat schéngt mer net de Fall ze sinn.

2. Communications

Da wollt ech verschidde Kommunikatioune maachen:

1) Déi éischt Kommunikatioun betrëfft d'parlamentaresch Ufroen, déi erakomm sinn. Déi sinn um Büro deposéiert.

2) Déi zweet betrëfft d'Projet-de-loien, déi säit där leschter Sëtzung erakomm sinn. Déi sinn un d'Parteien an déi politesch Sensibilitéite verdeelt ginn.

3) An dat Drëtt: Gradesou sinn och d'Petitiounen, déi erakomm sinn, un d'Parteien an déi politesch Sensibilitéite verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 11 juillet 2017

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi suivant a été déposé à l'Administration parlementaire:

***7159** - Projet de loi portant approbation de l'accord de dialogue politique et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République de Cuba, d'autre part, fait à Bruxelles, le 12 décembre 2016*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 05.07.2017

3) Les demandes de pétition publique et la demande de pétition ordinaire suivantes ont été déposées:

***822** - Demande de pétition publique: Änderung des Code de la route - Erlaubnis für Motorradfahrer sich am Stau vorbeizuschlängeln - Gesetzesanpassung nach österreichischem Vorbild*

Dépôt: M. Frederic Becker, le 20.06.2017

***823** - Demande de pétition publique: Création/modification du Code de la route afin de protéger les cyclistes sur les routes du Luxembourg*

Dépôt: M. Fabricio Prado Cauche, le 21.06.2017

***824** - Demande de pétition publique: D'Verréckele vum Datum vun den Noexamen fir d´Ofschlossklassen am Enseignement secondaire a secondaire technique*

Dépôt: M. Jeff Trierweiler, le 27.06.2017

***825** - Demande de pétition publique: Indépendance des mandats au Luxembourg*

Dépôt: M. Ronald Mordiconi, le 28.06.2017

***826** - Demande de pétition publique: An dëser Petitioun geet et drëm, dass Foyerkanner net gutt behandelt ginn.*

Dépôt: M. Damien Almeida, le 29.06.2017

***827** - Demande de pétition publique: Transport public gratuit pour les chômeurs*

Dépôt: M. Pascal Wrisez, le 05.07.2017

***828** - Demande de pétition ordinaire: Politique tarifaire des établissements financiers*

Dépôt: M. Nico Hoffmann, Président de l'ULC, le 05.07.2015

***829** - Demande de pétition publique: Le Bitcoin comme 2e monnaie légale au Luxembourg*

Dépôt: M. Robert Bigdowski, le 07.07.2015

3. Ordre du jour

Zum Ordre du jour wollt ech Iech Folgendes froen a folgend Propose maachen.

Wéinst Time-Management-Problemer vu verschiddene vun eise Ministere wollte mer Iech Folgendes proposéieren: Haut ass de leschte Punkt de Projet de loi 7134. Dora geet et ëm de Lycée technique pour professions de santé an d'Logopedie. Dee steet momentan op der leschter Plaz. An ech wollt Iech froen, ob Der d'accord sidd, fir deen op d'Plaz 3 eropzehuelen, dat heescht no de Modèle-de-basen.

(Assentiment)

Okay. Merci dofir.

Dann eng zweet Ännerung, déi ech wollt proposéieren: Den Donneschdeg de Mëtteg, do ass beim leschte Projet, deen de Centre socio-éducatif betrëfft, gefrot ginn, ob Der d'accord sidd, fir dee vun der leschter Plaz op d'Positioun 2 eropzehiewen.

(Assentiment)

Wonnerbar. Dann ass dat esou aktéiert. An dann ännere mer den Ordre du jour esou ëm.

Mir hunn e ganze Koup flott a wichteg Projeten haut um Ordre du jour. Fir d'Éischt fänke mer u mat Technik. Mir hunn en éischte Projet, dee geet ëm de Merkur. Dat ass eng Konventioun vu Minamata a Japan, fir Merkurproblemer, wat jo eng héichgëfteg Substanz ass, ze regléieren. An ech géif dann direkt dem Rapporteur Henri Kox d'Wuert ginn.

4. 7089 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Minamata sur le mercure, adoptée à Genève le 19 janvier 2013

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Madamm Presidentin. Jo, hei geet et ëm d'Konventioun vu Minamata, dat heescht a Japan. An et geet drëms, de Merkur, also de Quecksëlwer, besser an de Grëff ze kréien, fir och seng geféierlech Auswierkung op de Mënsch an op d'Ëmwelt ze reguléieren an am beschten och ze reduzéieren, soudass déi Auswierkungen net méi kënne sinn.

Dir wësst, de Quecksëlwer gëtt nach a ganz villen industrielle Prozesser agesat an e kënnt och deels duerch d'Verbrennung vu Kuel an d'Ëmwelt. Och fir all déi, déi haut e schéine Rank a Kette mat Gold unhunn: E gëtt leider och beim Goldschürfen agesat, wat a sech eng ganz geféierlech Auswierkung fir d'Ëmwelt huet.

D'Konventioun selwer seet als Objektiv, fir, éischtens, d'Gesondheet vun de Leit ze schützen an natierlech den Environnement, also d'Ëmwelt am Allgemengen, och ze schützen. Dofir gëtt probéiert, am ganzen Zyklus, wou de Quecksëlwer agesat gëtt, ze reduzéieren. Dat ass do, wou en aus dem Buedem kënnt respektiv do, wou en agesat gëtt an den industrielle Prozesser, respektiv do, wou en duerch natierlech Phenomeener entsteet, fir dat och an de Grëff ze kréien. Dofir ass déi Konventioun zustane komm. An et geet drëms, och en Zil ze setzen. En Zil, dat seet, 2020 méiglechst vill Produiten, d'Fabrikatioun, d'Importatioun an d'Exportatioun vun enger Rei vu Produiten, wou de Quecksëlwer mat dran ass, total ze verbidden.

Et ass och e Fong zur Verfügung gestallt gi vun der Europäescher Kommissioun, insbesondere fir ze kucken, dass an den ënnerentwéckelte Länner och déiselwecht Prozedur agesat gëtt, wéi dat och an den industrielle Länner de Fall ass.

De Projet gouf den 8. November 2016 deposéiert. De Statsrot huet säin Avis de 27. Juni ginn. D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce hunn hir Avise ginn. Ech selwer gouf de 5. Juli 2017 hei vun der Kommissioun als Rapporteur bestëmmt, a gläichzäiteg hu mer den Avis vum Statsrot aviséiert. An d'Kommissioun huet och hiren Aval dozou ginn. Dofir mengen ech, dass déi Konventioun jo just eng Artikelnummer huet.

An domadder bréngen ech den Accord vun der gréinger Fraktioun a soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marco Schank.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV).*- Madamm Presidentin, eise Merci un de Kolleeg Henri Kox fir de mëndlechen a schréftleche Rapport. De Minamata-Protokoll ass e Kompromëss. A wesentlech Beräicher vun där Konventioun, déi wierken och als esou een a sinn och a priori releativ wéineg ambitionéiert. D'ONGen hunn duerfir och schonn 2013, wéi dee Protokoll guttgeheescht ginn ass, kritiséiert, datt d'Konventioun dee globale Quecksëlwerausstouss kaum wäert erofsetzen an d'Affer vun der Minimata-Katastroph géifen entwürdegt ginn.

Déi gréisst Erausfuerderungen, dat ass ugeklongen am Rapport, si sécher d'Regioune mat enger héijer Merkurbelaaschtung duerch Biergbau, wéi virun allem an Deeler vun Afrika, awer och a Latäinamerika. An hei ass eben eng Emissiounsreduktioun immens schwéier, well d'staatlech Kontrollméiglechkeeten ageschränkt sinn a berufflech Alternativ fir Goldschürfer feelen.

Vill wäert dervun ofhänken, wéi zolidd deen entspriechende Finanzéierungsmechanismus wäert gefëllt sinn. Deemno wäert et sech eréischt no 2020 weisen, wéi effikass dann d'Konventioun wäert sinn.

Mat der Zäit ka sech dëse Protokoll eiser Meenung no awer zu engem wierkungsvollen Instrument entwéckelen, fir d'Quecksëlweremissiounen erofzesetzen. A fir d'EU huet et deemools och schonn, wéi ënnerschriwwe gouf, geheescht: „Dat ass fir eis eng wichteg Etappevictoire", mä fir en Erfolleg draus ze maachen, do muss awer, mengen ech, weider verhandelt ginn a weider dru geschafft ginn.

An duerfir och meng Fro un d'Madamm Minister, ob dee Prozess amgaangen ass, fir genau dat ze maachen, näämlech weider ze verhandelen an un enger Weiderentwécklung vun deem Protokoll ze schaffen.

Domat géif ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Schank. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Jo, villmools Merci, Madamm Presidentin. An och Merci un de Rapporteur, den Henri Kox, fir säi gudde Rapport. A mir ginn domadder och den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Negri. Dann hunn ech den Här Max Hahn ageschriwwen.

M. Max Hahn *(DP).*- Jo, ech géif datselwecht maache wéi de Kolleeg Roger Negri. Ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport. An ech ginn dann heimat och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Hahn. Wann ech elo richteg informéiert sinn, huet keen anere sech ageschriwwen zu deem Projet.

Ass dat esou?

(Assentiment)

Gutt! Merci.

Da géif ech direkt der Madamm Carole Dieschbourg als Ëmweltministerin d'Wuert ginn.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Ech soen natierlech och dem Henri Kox e grousse Merci fir de Rapport an och dem Marco Schank fir déi Bemierkungen, déi gemaach goufen, well in der Tat ass et wichteg, dass mer dat elo maachen, well et gëtt och elo weider geschafft. Et ass virgesinn, dass, wa mech net alles iert, am September eng COP ass an elo genau un där Ëmsetzung do geschafft gëtt.

An ech ginn Iech ganz recht: Et ass e wichtege Schrëtt, a fir mech och en immens wichtegt Zeechen, dass Lëtzebuerg dat elo genau zu dësem Zäitpunkt och mécht, fir dass mer och prett sinn an als Partie zumindest schonn emol um Pabeier derbäi sinn.

Ech soen Iech Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci der Madamm Minister. Da sinn d'Diskussiounen domat ofgeschloss a mir kënnen direkt mat der Ofstëmmung ufänken.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7089

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann duerno d'Procuratiounen.

Mir hunn e wonnerbart Resultat: 60 Stëmme fir dëse Projet 7089. Ech soen Iech villmools Merci.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Félix Eischen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Angel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da kënne mer direkt schonn zu deem zweete Projet kommen, deen och technescher Natur ass, och ganz wichteg. Do geet et ëm d'Établissements classés an iwwer d'industriell Emissiounen. An ech ginn erëm eng Kéier direkt dem Rapporteur Henri Kox d'Wuert.

5. 7090 - Projet de loi 1. modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés, 2. modifiant la loi modifiée du 9 mai 2014 relative aux émissions industrielles

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Madamm Presidentin. Effektiv geet et hei ëm d'Emissioune vun industrielle Produkter. Dofir muss d'Gesetz geännert ginn, well mer keng ganz korrekt Ëmsetzung vun der Direktiv vun 2010/75/UE haten, well e puer Remarquë komm sinn.

Et geet u sech bei den Émissions industrielles oder bei dëser Prozedur ëm déi europäesch Kommodosgesetzgebung. Wat heescht europäesch Kommodosgesetzgebung? Mir hunn eng Rei Betriber, déi am europäesche Benchmarking sinn, also déi verglach gi mat den europäesche Betriber. Wéi eng sinn dat? Dat kann ee vläicht eng Kéier kucken. Dat ass eng Arcelor natierlech, dat ass Cimalux, dat ass Hydro Aluminium. Dat sinn u sech déi ganz grouss Betriber, déi awer och mat Emissioune verbonne sinn. Dat ass also eng Guardian.

Dat sinn awer och grouss landwirtschaftlech Produktiounen, wou eng grouss Déierenunzuel sinn; kommt, ech soen elo emol iwwer 2.000 Schwäin. Déi hunn och Emissiounen. An déi ënnerstinn net nëmmen der Lëtzebuerger Kommodosprozedur, mä och der europäescher Kommodosprozedur. An dës Direktiv gouf ëmgesat an engem éischte Gesetz vum 9. Mee 2014. A mir hunn awer och dervu profitéiert: Duerch d'Omnibusgesetz hu mer déi Lëtzebuerger Kommodosprozedur jo och e bësse vereinfacht. An dëst Gesetz erlaabt eis, elo souwuel déi Gesetzgebung ze ännere wéi och d'Gesetzgebung vun den Émissions industrielles.

D'Objektiv ass natierlech och ganz kloer vun deem Gesetz: Och déi eenzel Industriebetriber an engem Schema, an enger Trajectoire ze hunn, fir hir Ausstéiss esou gutt wéi méiglech an de Grëff ze kréien.

Ech wëll kuerz op den Avis vum Statsrot nach agoen. Am éischten Avis vum Statsrot hate se u sech keng grousswäerteg Remarquen, keng Oppositions formelles. En huet u sech just eppes monéiert, well mer mat dëser Ännerung vun deem Gesetz och de Recours erabréngen, well wann en industrielle Betrib jo kontrolléiert gëtt, ass am Ënnerscheed zu der Lëtzebuerger Prozedur déi europäesch Prozedur enger Evaluatioun ënnersat.

Dat heescht, e Rapport muss geschriwwe gi fir d'Europäesch Kommissioun. An natierlech, wann e Rapport geschriwwe gëtt, wa Sanktioune kënne kommen, da muss jiddwer eenzelne Betrib och kënnen dergéint ugoen. An de Statsrot huet awer gemengt, dass de Recours innerhalb vun dräi Méint soll kënne gemaach ginn. Mir hunn awer an all de Lëtzebuerger Gesetzgebunge just 40 Deeg. An d'Kommissioun huet awer festgehalen, dass mer bei deene 40 Deeg solle bleiwen. Dat war keng Opposition formelle, dat war eng Suggestioun vum Statsrot. Mir hunn et awer och dobäi belooss, soudass déi 40 Deeg do schlussendlech an d'Gesetz agefloss sinn.

Mir haten awer eng Navette gemaach. Dat heescht, mir hunn nach eng Kéier Amendementer eraginn, well just dee Moment d'Omnibusgesetz geännert gouf. An dat hu mer dann och integréiert, näämlech déi nei Klassifikatioun vun der Lëtzebuerger Kommodosgesetzgebung. An deem Avis ass dat natierlech vum Statsrot och ganz positiv aviséiert ginn, soudass op deem Punkt dann och keng Remarquë méi komm sinn.

Vläicht zu den techneschen Donnéeën oder zu den Datumen. Den 9. November 2016 gouf dëst Gesetz deposéiert. Dem Statsrot säin éischten Avis war vum 9. Mee. D'Chambres de Commerce an des Métiers hunn hir Avisen och ginn. Ech selwer gouf de 17. Mee 2017 nominéiert, fir dëse Rapport ze maachen. An de Statsrot hat de complementairen Avis de 27. Juni ginn. De 5. Juli gouf dëse Rapport eestëmmeg an der Kommissioun ugeholl.

An domadder sinn ech fäerdeg mat der Explikatioun zu dëser Ännerung vun engem wichtege Gesetz, näämlech den industriellen Emissiounen. An ech ginn den Accord vun der gréinger Fraktioun.

Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Ministesch, fir d'Éischt emol dem Henri Kox e grousse Merci fir de Rapport, mëndlech a schréftlech. Ech géif net erausgoen, wann ech net dräi kleng Froen hätt un d'Madamm Ministesch.

Am Artikel 1, do gëtt geschwat iwwert déi „best available technologies", also dat Bescht, wat mer kënnen asetzen. Ech hu mech gefrot gehat, a bestëmmt muncheree freet sech, deen no bei esou enger Firma wunnt: Huet deen eenzelne Matbierger e Recht ze kucken, ob déi Firma da wierklech dat Bescht asetzt? Well ech soen an der Mathematik gëtt et dat Wuert „onendlech". Onendlech plus eent ass erëm eng Kéier onendlech.

Wann also een noweist, dass eng Besserung um Marché ass, wéi kënne sech déi eenzel Firmen dergéint schützen, oder musse se norëschten, well et elo gefrot gëtt?

Déi zweet Fro, déi ech mer gestallt hunn an och meng Fraktioun, dat ass sécher emol mat deem ganzen Zesummenhang vun deem Rapport, dee mer gëschter Owend héieren haten iwwer eng Firma, déi hei Pollutioun gemaach huet. Am Artikel 5 (10) gëtt jo gesot: All Entreprise muss derfir suergen, wa se ophält, dass hire Site keng Contaminatiounen op Buedem, Loft a Waasser mécht. Ergo muss een och oppassen, wat déi Firma mécht.

Dofir ass meng Fro déi: Kënne mir mat dësem Gesetz hei déi Firmen an d'Bringschuld bréngen, déi Dreck gemaach hunn? A wie bezilt dat? Et ka jo net sinn, wéi deemools bei der Goudronsfabrik, dass déi ganz e Kraaftakt gemaach huet a bezuelt huet. Ech mengen awer, et wär un der Firma virzesuergen, dass, wann eng Kéier e Problem kënnt, dass si dat muss selwer finanzéieren.

Déi lescht Fro ass e bësse méi heikel. Dat ass den Artikel 21. Do gëtt geschriwwen iwwert déi sougenannten H- an R-Wäerter. Or, wann een emol op Google nosiche geet, wat dann déi H-Wäerter sinn an och déi R-Wäerter: Dat sinn immens geféierlech Substanzen. Et gëtt geschwat vun: kriibserreegend, Schied un der Genetik, Ëmweltschied, Biodiversitéit.

D'Fro ass déi: Misste mer net alles ënnerhuelen, dass esou - kommt, mir soen - toxesch Stoffer iwwerhaapt net op de Marché kommen? Well soss misst een d'Leit jo alleguer avertéieren, déi no bei esou enger Firma wunnen, a soen: „Passt op, hei wunnt Dir an engem Gebitt, wou esou Saachen agesat ginn an emol entwäiche kéinten!"

Dofir, meng Fro ass ganz einfach: Kënne mer eis dogéint wieren?

Merci villmools.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Oberweis. Als nächste Riedner hunn ech den Här Roger Negri ageschriwwen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Madamm Presidentin. An och e grousse Merci un de Rapporteur, den Här Henri Kox. Ech fannen dat hei eng ganz wichteg Direktiv, déi mer um europäeschen Niveau hei ëmsetzen, well dat gëtt eis och d'Méiglechkeet, dass mir vis-à-vis vun eisen Noperen, déi ronderëm sinn, déi eis heiansdo esou gär Anlagen op eis Grenz setzen, och kënnen do e Wiertche matschwätzen.

Villmools Merci. An domadder ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Negri. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP).*- Jo, dann, d'selwecht wéi virdrun, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei, a géif dann och dem Rapporteur, dem Henri Kox, nach eng Kéier Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Hahn. Dann hunn ech nach den „Déivid" Wagner ageschriwwen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Madamm Presidentin.

Une voix.- „Déivid"!?

M. David Wagner *(déi Lénk).*- „Déivid"/ David, dat ass egal. Madamm Presidentin, mir wäerten dëse Projet de loi matstëmmen. E klengt Bedenken: De Mouvement écologique hat virgeschloen, datt d'Dossieren och en ligne kéinte sinn, well d'Bierger net onbedéngt sech ëmmer esou deplacéiere kënnen. Mä trotzdeem wäerte mer dëse Projet de loi matdroen.

Ech soen Iech Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Gutt! Villmools Merci dem Här Wagner. Dann ass et un der Regierung. Ech ginn nach eng Kéier der Madamm Ëmweltminister Carole Dieschbourg d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Ech wëll dann och vun dëser Plaz aus dem Henri Kox fir säi Rapport Merci soen. An ech wëll kuerz versichen, op déi dräi Froen anzegoen.

Déi éischt Fro: Natierlech ass et esou, dass all Ëmweltdonnéeën, déi d'Firmae musse liwweren, ënner Aarhus falen, dat heescht och mussen asehbar sinn. Dofir wëlle mer jo suergen, dass d'Bierger, déi am Ëmfeld vun engem Betrib liewen, och wëssen, wat do ass.

An et ass natierlech esou, dass, wa mer en technologesche Sprong maachen, a mir hunn där Firmen och am Land, wou et no an no eben drun ass, dass Investitioune musse gemaach gi fir zum Beispill Emissiounen, grad wann et ëm Loftverschmotzung geet, wann et do besser Technologien gëtt, dass déi no an no mussen ugepasst ginn. Do hu mer rezent och grouss Ustrengunge gemaach a gesinn och, dass een no an no weiderkënnt.

An duerfir si mer och frou, wa mer engersäits garantéiere kënnen iwwer Aarhus, dass engersäits Transparenz herrscht, wat an de Betriber geschitt a wéi eng Auswierkungen déi op d'direkt Ëmfeld vun de Leit hunn, an op där anerer Säit, wann d'Technologië sech weiderentwéckelen, dass no an no Betriber och do hir Responsabilitéit huelen. An do hu mer jo och Modeller, wou haut schonn eng Zesummenaarbecht ass a gemeinsam Meetinge sinn, wou een no an no mat Betriber awer e gutt Stéck weiderkënnt, notamment och zum Beispill am Süde vum Land.

Et ass natierlech esou, dass mer och hei an deem Beräich de Pollueur-payeur-Prinzip hunn. Wann een e Schued mécht an en ass nach do, da muss deen deen natierlech och bezuelen. A wann et eng Cessation d'activité gëtt, da gëtt halt ganz genau gekuckt, dass näischt iwwreg bleift vun där Aktivitéit op deem Terrain, deen déi Firma geholl huet.

Dat ass natierlech, an do hu mer mat der Vergaangenheet ganz vill ze kämpfen... Dofir si mer jo och, an dat steet och am Regierungsprogramm, amgaangen, zum Beispill un engem Buedemschutzgesetz ze schaffen. Et ass awer haut schonn esou, dass mer bei der Cessation d'activité kucken, dass keng Réckstänn an dem Ëmfeld direkt bleiwen.

An dann, natierlech schaffe mer souwuel national wéi international, dat besonnesch am Beräich vun der Kreeslafwirtschaft, drun, dass een no an no déi toxesch Stoffer aus Materialien erauskritt, fir dass mer no an no eng méi nohalteg Wirtschaft och kréien an dass mer d'Problemstoffer oder d'toxesch Stoffer no an no aus Produktiounen erauskréien.

Dat ass e groussen Challenge. Dorunner schaffe mer ënner anerem an deem ganze „Waste Package" am Moment, dee mer amgaange sinn, international, europäesch ze diskutéieren. An dat wäert och sécherlech ee vun de groussen Theme sinn, iwwert déi mer um Enn vum Joer nach eng Kéier ënner Ministeren op der UNEA 3 wäerte schwätzen. Do geet et näämlech genau dorëms: eng pollutiounsfräi Welt ze designen. Dat huet ganz vill scho mat Produktiounsprozesser a Betriber ze dinn.

Ech mengen, dat waren dräi pertinent Froen, op déi ech elo hoffe geäntwert ze hunn, déi elo net ganz direkt mam Projet ze dinn hunn. Ech freeë mech awer iwwert déi grouss Ënnerstëtzung.

Villmools Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Madamm Minister. D'Diskussioune sinn elo ofgeschloss a mir fänken direkt mat der Ofstëmmung un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7090 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Prokuraen. De Vott ass ofgeschloss.

Mir hu wéi virdrun en exzellent Resultat: 60 Jo-Stëmmen. De Projet de loi 7090 ass also ugeholl. Iech alleguerte villmools Merci fir dee Vott.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Angel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Elo awer, Dir Dammen an Dir Häre Kolleegen Deputéierten, et muss een ëmmer alles léieren: Mir mussen nach d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ginn. Sidd Der alleguerten d'accord?

(Assentiment)

6. 7089 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Minamata sur le mercure, adoptée à Genève le 19 janvier 2013 (suite)

Dispense du second vote constitutionnel

Passt op, de Projet de loi 7089, dee virdru vum Mercure, plus dësen, bei deenen zwee ass d'Dispens vum zweete Vott ze accordéieren!

(Assentiment)

Très bien! Dat ass dann esou aktéiert.

Ech begréissen dann de Bauten- an MDDI-Minister hei, dee komm ass, well mer jo just virdrun e Changement vum Ordre du jour gemaach hunn. Mir kommen elo zum Projet de loi, deen ëm d'Konstruktioun geet vum Lycée technique des professions de santé a vun enger grousser Sportshal fir d'Logopedie zu Stroossen, lauter gutt Saachen. Dofir huele mer dat elo vir. An ech ginn direkt der Madamm Rapporteur, der Madamm Josée Lorsché, d'Wuert. Madamm Lorsché, et ass un Iech.

7. 7134 - Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée technique pour professions de santé et d'un hall des sports Logopédie à Strassen

Rapport de la Commission du Développement durable

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Merci. Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi kritt de Lycée technique des professions de santé e weidert wichtegt Standbeen an eisem Land, fir deem groussen Zoulaf vu Schülerinnen a Studenten am Beräich vun de Gesondheetsberuffer gerecht ze ginn a fir d'Offer ze optimiséieren.

Wéi Dir wahrscheinlech wësst, ass den LTPS, wéi e genannt gëtt, am Joer 1995 iwwer e Gesetz geschafe ginn. Momentan regruppéiert dëse Lycée véier verschidden Ausbildungszentren innerhalb vun enger administrativer Struktur.

Deen éischten ass an der Stad Lëtzebuerg ugesidelt, an der Rue Barblé no beim CHL, wou den LTPS säi Siège huet, deen zweeten um Val Saint André zu Stroossen, deen drëtten zu Bascharage an dee véierten zu Waarken.

Wéi den Numm et seet, assuréiert dëse Lycée d'Ausbildung am Beräich vun de Gesondheetsberuffer an orientéiert d'Schüler an zéng verschidde Filièren: déi vum Aide-soignant, déi vun der Sage-femme, wéi et op Franséisch genannt gëtt, der Hiewan, wou ech nach keen Titel fir d'Häre fonnt hunn, déi vum Infirmier mat all de Spezialisatiounen, déi an deem Beruff méiglech sinn, déi vum Assistant technique médical an der Radiologie oder an der Chirurgie, a schlussendlech och an déi méi theoretesch Filière vun de Gesondheetswëssenschaften.

Am November 2016 louch d'Zuel vun de Schüler a Studenten am LTPS bei insgesamt 1.450, mat steigender Tendenz. Allerdéngs feelt et dësem Lycée am Zentrum vum Land un adequaten Infrastrukturen, fir eng gutt Ausbildung kënnen ze assuréieren, mam Resultat, datt d'Schüler an d'Studenten an där Regioun a provisoresche Pavillonen ënnerbruecht sinn.

Well d'Formatiounen, déi den LTPS ubitt, ganz attraktiv sinn an ëmmer méi Jonker unzéien, mä och well d'Dauer vun der Formatioun verlängert ginn ass, ass de Besoin un Infrastrukture mat der Zäit gewuess. Aus deem Grond huet d'Regierung am Joer 2013 decidéiert, de Site vu Bouneweg, wou schonn e Lycée virgesi war, falen ze loossen an deen neie Lycée um Val Saint André zu Stroossen ze bauen. Dëse Site ass net nëmme méi grouss wéi deen zu Bouneweg, e bitt och nei Opportunitéiten a puncto Zesummenaarbecht mam CHL, virun allem bei der Organisatioun vu Stagen.

Madamm Presidentin, mam Projet de loi vun haut geet et wéi gesot net ëm de Volet vun der Formatioun, soudass ech do net weider wäert drop agoen an och net op déi Inhalter, déi do dermat verbonne sinn, mä et geet ëm de Finanzement vun den Infrastrukturen, déi um Val Saint André solle gebaut ginn.

Dat sinn der am Ganzen dräi: Déi éischt besteet aus dem Lycée selwer mat enger Capacitéit vun 1.200 Schüler a Studenten, déi zweet aus engem Internat mat 35 Logementer fir groussjäreg Schüler a Studenten, déi hir Ausbildung am Lycée maachen. Derbäi kommen nach 14 Logementer fir jonk Leit, déi ënnert der Responsabilitéit vum SNJ, dem Service nationale de la jeunesse vun der Éducation nationale, an där Struktur wäerten ënnerbruecht ginn.

Dobäi handelt et sech ëm Leit, déi sech an enger sozial schwaacher Situatioun befannen a keng Mëttelen hunn, fir e Logement ze finanzéieren. Déi Leit gi wärend hirer Ausbildung op där Plaz logéiert an encadréiert, woubäi ech mer déi kleng Remarque awer wéilt erlaben, datt dës 14 Logementer just eng Drëps sinn op e waarme Steen, wann ee bedenkt, wéi héich d'Wunnpräisser iwwerhaapt am Land sinn an datt déi meescht jonk Leit sech kee Logement kënne leeschten, wa se nach an der Ausbildung sinn. Ëmmerhin ass dës Approche awer e ganz gudden Usaz, dee Schoul soll maachen.

Eng drëtt Infrastruktur, déi mat dësem Gesetz finanzéiert gëtt, besteet aus enger Sportshal mat Piscine fir de Centre de logopédie, deen iwwer 235 Schülerinnen a Schüler huet. Dës Schoul läit direkt niewent dësem Site a verfüügt momentan net iwwer adequat Sportsinfrastrukture fir Kanner mat spezifesche Bedürfnisser. An dofir ass et och gutt, dass esou eng Infrastruktur op dësem Site dann entsteet.

Fir d'Detailer vum gesamte Bausprojet - dat sinn der eng Hällewull - an och fir den Amenagement vum Bausseberäich verweisen ech léiwer direkt op mäi schréftleche Rapport an op den Document parlementaire 7134, an deem de ganze Konstruktiounsprogramm mat alle Pläng an allen Detailer festgehalen ass.

Bleift nach ze bemierken, datt d'Administration des bâtiments publics grad wéi bei anere Konstruktiounen och bei dësem Projet ganz vill Wäert op ekologesch an nohalteg Baumaterialien leet an och op en nohaltegt Energiekonzept mat allem, wat dozou gehéiert, vu Fotovoltaik bis Notzung vu Reewaasser an enger gudder Isolatioun, der Notzung vun natierlechem Liicht an esou weider. Och dozou fannt Der sämtlech Detailer an de schréftlechen Dokumenter vun dësem Projet de loi.

Well et sech, wéi gesot, ëm e Finanzéierungsgesetz handelt, wëll ech ofschléissend nach drop hiweisen, datt d'Kreditter fir d'Realisatioun vun dësem Projet iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires lafen, sou wéi bei all de Schoulprojeten.

De gebrauchte Montant läit bei engem Total vun 109,4 Milliounen Euro a begräift net nëmmen de Bau, mä och d'Virbereedungsaarbechten an d'Ausstattung vun de Gebaier mat alle Miwwelen an der Informatik. D'Käschte fir de lafenden Ënnerhalt a fir d'Energieconsommatioun am Joer leie bei eppes iwwer néng Milliounen Euro a gehéieren net zu dësem Projet de loi.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, deposéiert gouf dëse Projet de loi den 11. Mee 2017 vum Nohaltegkeetsminister François Bausch. De Statsrot hat guer näischt un deenen dräi Artikelen auszesetzen, net emol e Komma, an huet just gemengt, dass dee Lycée hei esou séier wéi méiglech sollt gebaut ginn. Bis et esou wäit ass, wäert awer nach eng Zäitche vergoen, well de Site nach net disponibel ass. Mä mir hoffen, dass och dat gläich wäert de Fall sinn.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a wënschen dem Lycée eng glécklech Zukunft, well d'Gesondheetsberuffer e wichtegen a ganz néidege Pilier vun eisem Gesondheets- a Sozialsystem duerstellen, deen op eng gutt Ausbildung vun de Studenten ugewisen ass.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci der Madamm Rapporteur Josée Lorsché. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Aly Kaes.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV).*- Jo, Merci, Madamm Presidentin. Ech erlabe mer, e grousse Merci ze soen un d'Rapportrice, d'Madamm Lorsché. Si huet dat exemplaresch gutt gemaach an do eriwwregt sech all Kommentar. An ech géif domadder och den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kaes. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Georges Engel.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Jo, Merci, Madamm Presidentin. Och vun eiser Säit wéilte mer den Accord ginn. Merci fir de gudde mëndlechen a schréftleche Rapport un d'Madamm Lorsché. An all Verbesserung an Erneierung vun Infrastrukture wäerte mir natierlech zoustëmmen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Engel. Dann hunn ech den Här Gusty Graas ageschriwwen.

M. Gusty Graas *(DP).*- Jo, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wann et ee Beruffsstand gëtt, wou nach ganz vill Entwécklungspotenzial dran ass, dann ass et ouni Zweifel dee vun de Gesondheetsberuffer. Et ass mer och eppes opgefall am Exposé des motifs, wat ech als ganz positiv wëll duerstellen, an zwar wou et ëm d'Aide-soignantë geet, wou drasteet, datt d'Jugend ganz vill Interesse un deem Beruff hätt. An et huet ee jo och d'Gefill, wéi wa se iwwerhaapt vill Interesse un deene Beruffer am Allgemengen hätten. Dat kann een nëmme begréissen.

Ech wëll och drop hiweisen, datt hei awer eng Rei positiv Aspekter ervirzesträiche sinn. Nodeems jo dat Gesetz vun 2007 keng Suite krut, hu mer elo en neie Site gesicht, an zwar no beim CHL. Dat wäert schonn d'Praxis och hëllefen ze verbesseren. Dann ass en aneren Aspekt, deen ee muss hei ënnersträichen, dat ass deen ekologeschen. Et gi ganz grouss Efforte gemaach, fir déi Gebailechkeeten esou wäit wéi méiglech och ekologesch ze amenagéieren.

Ech wëll och op den Aspekt hiweise vun dem Transport: Dass esou mann wéi méiglech Park-

plaze fir Schüler sollen amenagéiert ginn, ass net méi wéi richteg. D'Mobilité douce muss ouni Zweifel hei zousätzlech gefërdert ginn. Wann d'Architektur een och vläicht net onbedéngt direkt elo vum Stull rappt, sou muss een awer soen, datt eng Rei Elementer mat integréiert ginn, déi dat Ganzt awer méi flott gestalten, sief dat Holz, siefen dat déi rout Briquen, soudatt een am Endeffekt kann awer zefridde si mat dësem Projet.

Soudatt ech dann, wéi gesot, och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei bréngen an ech soen der Madamm Rapportrice dann och nach Merci fir hir verschidde Rapporten. Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci och dem Här Graas. Ech hu soss kee Mënsch méi ageschriwwen. Ass dat richteg?

(Assentiment)

Gutt. Da géif ech direkt dem Här Bauteminister François Bausch d'Wuert ginn.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, Madamm Presidentin, ech kann et dann och kuerz maachen: Ech wëll haaptsächlech der Chamber Merci soe fir déi breet Zoustëmmung.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Minister. Da sinn d'Diskussiounen ofgeschloss a mir kënnen direkt schonn erëm zu der Ofstëmmung kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7134 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Prokuraen. Sou, de Vott ass ofgeschloss.

Resultat, wonnerbar, 60 derfir, Unanimitéit. De Projet de loi 7134 ass ugeholl. Villmools Merci!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par Mme Cécile Hemmen), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech wollt Iech froen, ob Der eis d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel gitt.

(Assentiment)

Merci, Dir Dammen an Dir Hären.

Gutt, da komme mer elo erëm zu eisem Ordre du jour, wéi Der e kennt. Mir kommen elo zum Projet de loi 7064. Deen huet en duebelen Titel. Et geet ëm d'Jugend, mä et geet och ëm d'Traitements vun den Donnée-personnellen, wat d'Schüler ugeet. An ech géif direkt dem Här Gilles Baum als Rapporteur d'Wuert ginn. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

8. 7064 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;

2. de la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements des données à caractère personnel concernant les élèves

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Gilles Baum *(DP), rapporteur.*- Merci, Madamm Presidentin. Kolleeginnen a Kolleegen, Chancëgläichheet, dat ass e grousst Wuert, wat eise Klengsten awer net einfach esou an de Schouss gefall kënnt. Leider! Et ass un der Politik, et ass un eis, fir ze kucken an derfir ze suergen, dass all Kand onofhängeg vu sengem Elterenhaus, senger Hierkonft oder senger Nationalitéit an eisem Schoulsystem déiselwecht Chancë kritt, fir säi Wee ze fannen a säin eegene Wee ze goen.

Ech sinn iwwerzeegt, dass dëse Projet de loi d'Startchancë vun eise Kanner an eiser Schoul verbessert, andeems mer hinnen en natierlechen Zougang zu der Sproochevillfalt an eiser Schoul an an eiser Gesellschaft ubidden.

Et ass jo och net déi éischte Kéier, dass am Kontext vun de Sproochen hei an der Chamber doriwwer geschwat gëtt. An am Kader vun der Sproochendebatt hate mer jo hei schonn engagéiert a kontrovers diskutéiert, an ech géif da mengen, dass dat de Mëtten och wäert de Fall sinn.

Madamm Presidentin, wourëms geet et konkret an dësem Projet de loi? De 7064, deen änert d'Jugendgesetz vun 2008 of an och d'Gesetz iwwert déi perséinlech Donnéeë vun de Schüler. An et ass näischt aneres wéi d'Aféierung vun der méisproocheger Fréifërderung fir d'Kanner vun engem bis véier Joer an de Crèchen an an de Betreiungsstrukturen.

Et geet drëm, fir vum jonken Alter ze profitéieren, fir d'Kanner op eng kandgerecht Aart a Weis un d'Sproochen erunzefëieren an esou der méisproocheger Realitéit an eise Schoulen an an eiser Gesellschaft gerecht ze ginn. Dës Offer wäert d'Integratioun vun alle Kanner verbesseren an domat déi sozial Kohäsioun stäerken an zugläich schonn deene jéngste Kanner déi bescht Startchancen, déi bescht Erfollegsaussiichten erméiglechen, an dëst onofhängeg vun hirer sozioekonomescher Situatioun an onofhängeg vun hirer Familljesituatioun.

Dës Qualitéitsoffer fir d'Kanner vun engem bis véier Joer bréngt och 20 Gratisstonnen an der Kannerbetreiung pro Woch mat sech, an dat wärend 46 Wochen am Joer. Dëst gëllt fir d'Services d'éducation et d'accueil vum Stat a vun de Gemenge souwéi fir déi privat Träger, déi als Prestataire vum Dispositif Chèque-service accueil unerkannt sinn.

Och gëtt mat dësem Gesetz d'Tarifikatioun, also de Montant, mat deem de Stat d'Familljen ënnerstëtzt, iwwerschafft. De Chèque-service accueil fir Famillje mat Kanner vun null bis zwielef Joer gëtt ugepasst, fir eng qualitativ héichwäerteg Betreiung ze garantéieren. Dir erënnert Iech vläicht un de Projet de loi 6410, deen d'Qualitéitskritären an de Rameplang festgeluecht huet.

E puer aktuell Zuelen: Am Mee 2017, dat heescht viru ronn sechs Wochen, wéi den Dekont gemaach ginn ass, do hu vum Chèque-service accueil 47.813 Kanner profitéiert. An Enn 2016 gouf et 1.492 Agrementen am Beräich vun der Kannerbetreiung. Dat ware 699 Dagesmammen, 409 am konventionéierte Secteur an 384 am kommerzielle Secteur. A vun deene 1.492 waren 98% dem Dispositif Chèque-service accueil do bäigetratt, dat heescht, déi Kanner, déi do an der Obhut waren, konnte vum Chèque-service accueil dee Moment profitéieren.

Well mer d'Akommes an d'Familljesituatioun vum Beneficiaire vum Chèque-service accueil besser a Betruecht zéien, schaffe mir zudeem méi geziilt. D'Familljen, déi et am meeschte brauchen, ginn och am meeschten ënnerstëtzt.

Kolleeginnen a Kolleegen, et geet also an dësem Projet de loi ëm Chancëgerechtegkeet. Dat méisproochegt a multikulturellt Émfeld an eise Schoulen ass sonner Zweifel en Deel vun eisem Räichtum vun eisem Land. Déi Kleng si virwëtzeg géigeniwwer neie Saachen, also och vun de Sproochen. Wa se méi grouss sinn, kann et awer sinn, dass se mat Problemer konfrontéiert ginn. Et gëllt also, am jonken Alter unzesetzen, fir dass d'Kanner fräi an entspaant un déi verschidde Sprooche kënnen erugefouert ginn.

An der lëtzebuergescher Sprooch kënnt an dësem Prozess eng ganz zentral Roll zou. Lëtzebuergesch ass a bleift d'Integratiounssprooch, déi éischt Sprooch an eisem multilingualen Émfeld. Well d'Lëtzebuergescht no bei der däitscher Sprooch läit, steet d'Alphabetisatioun op Däitsch och ausser Fro.

Der lëtzebuergescher Sprooch eng zentral Roll zoukomme loossen, dat war och d'Zil vun der Éducation précoce, déi 1999 agefouert ginn ass. Mä zënterhier huet sech dat sproochlecht Émfeld hei am Land awer staark verännert. Iwwer 65% vun de Kanner, déi an de Precoce kommen, schwätzen doheem kee Lëtzebuergesch méi. Doduerch hunn natierlech och vill Kanner net genuch Lëtzebuergeschkenntnisser, wa se an d'éischt Schouljoer kommen, wou se dann op Däitsch alphabetiséiert ginn. A well schonn am zweete Schouljoer Franséisch derbäikënnt, kann et sinn, dass bei Kanner Schwieregkeeten an der schoulescher Entwécklung optauchen.

Aus deem Grond ginn déi lëtzebuergesch Kanner also fréi an an enger entspaanter Atmosphär un déi franséisch Sprooch erugefouert. Mä och Kanner, déi a Crèchë ginn, wou net Lëtzebuergesch geschwat gëtt, ginn un déi Lëtzebuerger Sprooch erugefouert. Deemno ass et och eng ganz kloer Stäerkung vun der Lëtzebuerger Sprooch.

D'Schoul muss eng Schoul sinn, wou sozial Ongläichheeten am jéngsten Alter opgehuewe ginn amplaz se ze verstäerken. A fir déi bescht Startchancen ze garantéieren, onofhängeg vum soziokulturelle Background, stëmme mir de Mëtteg déi sproochlech Fréifërderung, déi op spillieresch a flott Aart a Weis der Situatioun an eise Schoule gerecht gëtt.

Madamm Presidentin, de Programm vun der Fréifërderung baséiert op véier Pilieren. Et ass éischtens emol d'Entwécklung vun de sproochleche Kompetenzen, et ass awer och d'Zesummenaarbecht mat den Elteren, eng deelweis gratis Betreiung an d'Zesummenaarbecht mat de schoulesche Servicer.

Wat den Zougang zur lëtzebuergescher a franséischer Sprooch ugeet, stelle mer fest, dass d'Kanner, wa se kleng sinn, stänneg op Entdeckungsrees sinn, an dat bitt sech natierlech och beim deeglechen Ëmgang mat de Sproochen un, eng spillieresch Approche besonnesch fir déi Kanner vun engem bis véier Joer. Si entwéckelen mat Liichtegkeet den Zougang zur Sprooch a si fräi am Ëmgang mat de Sproochen. Déi Kanner, déi doheem kee Lëtzebuergesch léieren, hunn esou méi Zäit a gi méi geziilt gefërdert, fir an eiser Sprooch fit ze ginn an och fit ze sinn, wa se an d'Lëtzebuerger Schoul kommen. Awer och der Mammesprooch kënnt an dësem Gesetz eng ganz wichteg Roll zou.

De spillereschen Ëmgang mam Franséischen erlaabt e fräit, relaxt Eruntaaschten un dës Sprooch, éier linguistesch Hindernisser sech opbauen. Et ass also op kee Fall e rigiden Unterrecht am klasseche Sënn, mä vill méi e spillereschen Zougang iwwer Lidder, Reimer, Fangerspiller, kleng Geschichten, Theater.

An ech weess, dass haut schonn a ganz ville Strukturen a Klasse genau dat dote gemaach gëtt. A mir wëllen déi Approche verstäerken a verdéiwen.

Wat d'Partnerschaft mat den Elteren ugeet, esou wäert et sinn, dass d'Crèchen an Zukunft hir Dieren nach méi grouss opmaachen. Den Eltere gëtt eng zentral Roll zougedeelt, solle si sech dach méi aktiv an d'Liewe vun de Betreiungsstrukturen amëschen, sech asetzen, sech abréngen, besonnesch wat dat pädagogescht Konzept ugeet.

D'Schafe vun engem Eltererot an engem Representant vun den Eltere beweist dës nei participativ Approche. Duerch eng besser Zesummenaarbecht tëschent den Elteren an de Leit, déi an de Strukture schaffen, wäert souwuel d'Qualitéit wéi och d'Léierklima eropgoen.

Wat d'Personal ugeet, esou wäert et sinn, dass an all Struktur op d'mannst eng Persoun den Niveau C1 am Lëtzebuergesche muss hunn, sproochlech, an och den Niveau C1 am Franséischen. An dat fir Persounen, déi 40 Stonnen an der Woch an der Crèche schaffen.

Innerhalb vum Personal gëtt e Référant pédagogique du programme linguistique designéiert. Dee koordinéiert alleguerten déi Aufgaben, déi mat der Méisproochegkeet ze dinn hunn. En iwwerwaacht déi an e kuckt och, dass déi Aufgaben ëmgesat ginn.

All Struktur wäert och Initiativen ergräifen, fir mat de Schoulen an de Gemengen, awer och mat den nationalen Organismen zesummenzeschaffen. Si wäerte musse Formatiounen an Informatioune fir Elteren ubidden, awer och Diagnos an Ënnerstëtzung fir déi kleng Kanner, wann déi gebraucht ginn. D'Zil ass et natierlech, den Iwwergang an de Cycle 1 ze vereinfachen.

Wat déi gratis Stonnen ugeet, esou ass et esou, dass duerch d'Aféierung vun der multilingualer Sproocheférderung de Betreiungsstrukturen eng ëffentlech Missioun zudeelgëtt, näämlech d'Kanner besser op eise Schoulsystem virzebereeden. A fir dass esou vill Kanner wéi méiglech kënne vun dëser Offer profitéieren, wäert all Kand tëschent eent a véier Joer 20 Stonne gratis d'Woch betreit kënne ginn. Dat natierlech an der Limitt vun de Plazen, déi disponibel sinn.

Kanner, déi net vollzäit an enger Crèche betreit ginn, well se zum Deel an de Precoce ginn oder well en Elterendeel nëmmen hallef schafft, kënnen awer och am Kader vun der méisproocheger Fërderung zéng Stonne gratis kréien.

D'Iwwerschaffe vum Dispositif Chèque-service accueil. Nieft dem neie Sproocheprogramm wäert och d'Tarifikatioun vum Chèque-service iwwerschafft ginn, net nëmme fir déi Familljen ze ënnerstëtzen, déi et brauchen, mä och fir et un d'Realitéite vun de Familljen unzepassen. Dëst ass och Deel vum Regierungsprogramm, dee sech virgeholl huet, eng qualitativ héichwäerteg Offer am Beräich Kannerbetreiung unzebidden. Et geet ëm d'Chancëgläichheet vun den Elteren a vun de Kanner. Et geet ëm gläich Startchancen an d'Liewen, onofhängeg vun der sozialer Hierkonft.

Esou wäerten zum Beispill Stéit, déi manner wéi zweemol de Mindestloun verdéngen, zéng Stonne gratis méi kréien, wéi dat elo de Fall ass. Dat heescht, déi gratis Stonne gi vun dräi op 13 erop. Stéit, déi tëschent zwee- an dräimol de Mindestloun hunn, kréie fënnef Stonne gratis derbäi; pro Woch a pro Kand, versteet sech. An dat fir all Kand, soulaang d'Kand am Fondamental, dat heescht an der Primärschoul, ass.

De Projet de loi gesäit och nei Modalitéite vir, fir de Chèque-service accueil ze rechnen. Et gëtt vu Fall zu Fall gekuckt, wivill Kanner am Stot sinn, bei den Elteren oder beim Représentant légal. Awer och d'Garde alternée gëtt berücksichtegt. Also, mir droen hei enger weiderer Realitéit an eiser Gesellschaft Rechnung.

Madamm Presidentin, dëse Projet de loi ass awer och d'Resultat vun enger breeder Concertatioun mat villen Akteuren aus dem Secteur vun der Kannerbetreiung. Et gouf ënner anerem e regen Austausch mat der APEG, der Association professionnelle des éducateurs gradués, mat der EFJ, der Entente des foyers de jour, mat der FELSEA, der Fédération luxembourgeoise des services d'éducation et d'accueil pour enfants, dem LCGB, dem OGB-L an dem Syprolux. Den Input vun alle Partner, grad awer och wéi d'Erfahrung vun de verschiddene Pilotprojete konnten an dësem Projet de loi mat a Betruecht gezu ginn.

Madamm Presidentin, d'Schoul huet d'Missioun, fir sozial Ongläichheeten am jéngsten Alter opzehiewen an net ze verstäerken. Eng Fréifërderung, déi de Kanner op eng flott an ureegend Aart a Weis den Zougang zu der méisproocheger Schoul erlaabt, dréit zu méi Chancëgläichheet bäi. Ech sinn iwwerzeegt, an dat aus menger berufflecher Erfahrung, awer och duerch dat, wat ech all Dag mat menger Duechter, déi dräi Joer huet, erliewen, an och wa mer d'Resultat vläicht net muer an iwwermuer gesinn, da sinn ech awer fest der Iwwerzeegung, dass den Ëmgang mat de Sproochen an dem Stellewäert vun de Sproochen an eise Schoule sech duerch dëst Gesetz däitlech wäert verbesseren.

Zum Schluss wëll ech nach e puer Mercie lass ginn: de Kommissiounsmembere fir hiert flott Matschaffen, besonnesch awer och eiser ganz fläisseger Sekretärin, der Madamm Joëlle Merges, déi an de leschten Deeg ganz, ganz, ganz vill Aarbecht hat. Och e Merci un den Här Minister, deen an all Sëtzung vun der Chamberskommissioun derbäi war, an och senge Beamte vum Ministère, der Madamm Claude Sevenig, dem Här Patrick Thoma, an och dem Här Manuel Achten.

Wéi gewinnt, fannt Der den Detail vun allen Adaptatiounen, grad ewéi d'Avise vum Statsrot an de Beruffskummeren a mengem schréftleche Rapport.

Da soen ech Iech alleguer Merci. Ech soen Iech Merci, falls Der nogelauschtert hutt. An ech sinn iwwerzeegt, dass mer bei dësem Projet wäerte genausou eng breet Zoustëmmung fanne wéi bei deenen dräi Projete virdrun.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Rapporteur Gilles Baum. Als éischt ageschriwwe Riednerin hunn ech d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch. Madamm Hetto, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, et ass net fir d'Éischt, dass mer zu dësem Thema hei schwätzen. An et wäert Iech duerfir och net weider verwonneren, wann ech soen, dass mir als CSV mat dësem Gesetz absolutt net averstane sinn. An duerfir gëtt et eng ganz Partie vu Grënn.

De Minister huet eis wuel eng Lëscht vun Etüde geschéckt, jo, relativ jonken Etüden, déi behaapten, dass d'Zwee- an och deelweis d'Méisproochegkeet de klenge Kanner zeguttkënnt an dass se bis zu dräi Sprooche kënne wéi e Schwamm opsuckelen. Mä, fir dass dat ka fonctionnéieren, mussen d'Konditiounen, wéi a wou dat stattfanne soll, och klappen.

De Jim Cummins, Professer op der Uni vun Toronto, dee sech ënner anerem mat der Sproochentwécklung beschäftegt, dee seet do-

zou zum Beispill: «L'apprentissage d'une deuxième langue nécessite une exposition répétée et fréquente.» Wéi wëlle mer da sécherstellen, dass dës Konditioun och erfëllt gëtt?

D'Translanguaging-Theorien, op déi Der Iech jo esou gäre berufft, Här Minister, gi mëttlerweil vu ganz ville Wëssenschaftler ganz kritesch gesinn, och vu Wëssenschaftler hei am Land. D'Etüd „Easy As Pie? Children Learning Languages" ass ee wëssenschaftlechen Text, un deem sech och d'UNESCO orientéiert fir hire Rapport iwwert d'Sproocheléiere vu Kanner mat ënnerschiddlechem sproochleche Background. An dëse wëssenschaftlechen Text seet, dass eist Gehir dat ganzt Liewe laang fäeg bleift, fir méi Sproochen ze léieren.

Bei allen Etüden, op déi Dir verweist, läit och keng eenzeg vir, déi seet, dass d'Méisproochegkeet ab engem Joer de Kanner virunhëlleft, fir besser an eisem Schoulsystem eens ze ginn, wann et heescht: Mat sechs Joer ginn eis Kanner op Däitsch alphabetiséiert, egal mat wéi engem Sproochebagage si an d'Klass kommen.

Wa mer de Minister richteg verstan haten, da war jo eng vun den Ursaachen, wisou hien iwwerhaapt mat dësem Projet koum, dass d'Kanner doduerch sollte besser an eisem Schoulsystem eens ginn. Déi Lëtzebuerger Kanner sollte méi fréi mam Franséischen a Kontakt kommen. Wat se jo alleguer guer net gären an och anscheinend guer net gutt maachen, ech komme spéider dorobber zréck. An déi portugisesch Kanner sollte méi Lëtzebuergesch léieren, wat jo eigentlech d'Aufgab vum Precoce ass. Och dorobber kommen ech méi spéit zréck.

Fazit Nummer eent: Et gëtt keng wëssenschaftlech Basis, dass dat, wat hei geplangt ass, an eisem souwisou scho multilinguale Kontext seng Friichte wäert droen, wann d'Kanner e puer Joer méi spéit op Däitsch alphabetiséiert ginn.

Fir dass d'Betreiungsstrukturen awer elo net am Hierscht mam Fanger am Mond dostinn, kréie si e puer Iddie geliwwert, un deene si sech kënnen orientéieren. Aacht ënnerschiddlech Erfahrunge vu Pilotprojeten, méi oder manner gutt, un deenen d'Haiser sech sollen inspiréieren, fir hire Programm auszeschaffen. Dës Pilotprojete si just iwwer e puer Méint gelaf a sollen elo flächendeckend, jee no Populatioun, jee no Émfeld, kënnen iwwerholl ginn.

Dobäi ass net gewosst, ob dat iergendeppes bréngt, ob dës Modeller ee positiven Impakt hunn. Et ass net gekuckt ginn, ob dat sech an der Zäit positiv op de Kanner hir Sproochentwécklung auswierkt, well duerfir hätte jo déi Pilotprojete misse vergläichbar sinn a si hätte missen iwwer eng vill méi laang Zäit lafen, fir iwwerhaapt kënnen evaluéiert ze ginn.

De Prinzip „eng Persoun, eng Sprooch" funktionéiert tipptopp, wann en da systematesch ugewannt gëtt. Ee Kand, wat en Austausch mat enger Persoun wëllt, kritt ganz séier spatz, a wéi enger Sprooch dass déi Persoun mat him ka kommunizéieren. Wann et also erkennt, dass et muss en Effort an enger Sprooch maachen, déi net seng Mammesprooch ass, fir mat där Persoun kënnen ze kommunizéieren, dann ass d'Kand och bereet, deen Effort ze maachen. Et muss eng reell Necessitéit erkennen, zumindest am ganz jonken Alter.

Ee Kand, wat mierkt, dass eng Persoun zu verschiddene Momenter am Dag eng aner Sprooch schwätzt, sicht sech déi Sprooch eraus, mat där et am beschte vertraut ass. Dofir gesi mir och net an, dass et soll eppes bréngen, wann deeselwechten Erzéier dagsiwwer, och wann et zu gewëssene fixe Momenter ass, a verschiddene Sprooche mat de Kanner communiquéiert. De Prinzip „eng Persoun, eng Sprooch" ass leider an deenen aacht Pilotprojeten net iwwerall garantéiert.

Fazit Nummer zwee: Ganz kuerzweileg Pilotprojete solle flächendeckend als Inspiratioun gëllen. Si sinn net wëssenschaftlech iwwerpréift ginn, mä sollen awer elo generaliséiert ginn. Dat gesi mir als ee ganz geféierlechen Exercice un.

De Minister wëllt nieft der verstäerkter Förderung vu Lëtzebuerg a Franséisch awer och, dass d'Kanner hir Mammesprooch festegen. Et ass wichteg an och duerchaus nozevollzéien, mä wéi soll dat wann ech gelift iwwert d'Bün goen? Geet et duer, esou wéi dat elo hei geplangt ass, wann een d'Elteren encouragéiert, vill mam Kand an der Mammesprooch ze schwätzen?

Wéini sollen d'Elteren dat maachen? Owes, wann no aacht Auer endlech déi ganz Famill doudmidd doheem zesummekënnt, no engem laangen Dag vu schaffen, no engem laangen Dag an der Crèche? Abee, duerfir brauchen d'Eltere manner Stress. Si brauchen Zäit, méi Zäit, fir mam Kand ze schwätzen. A mir hate jo dofir och méi e flexibele Congé parental gefuerdert, fir ebe justement den Elteren...

(Interruption)

...déi Zäit zouzegestoen, déi se brauchen, fir mam Kand ze spillen, ze schwätzen a sech och mat em ze beschäftegen.

Wéi wëlle mer dann an der Crèche selwer d'Mammesprooch förderе respektiv d'Kanner encouragéiere se ze schwätzen? Geet et duer, wann een an der Crèche zum Beispill den Austausch tëscht Kanner mat därselwechter Sprooch ënnerstëtzt, oder muss d'Personal och capabel sinn, an där jeeweileger Mammesprooch ze communiquéieren oder op d'mannst verstoe kënnen, wat d'Kand wëllt ausdrécken?

Fazit Nummer dräi: d'Mammesprooch festegen. Jo, mä hei weess keen, wéi dat an der Praxis soll geschéien.

Wier et net besser, wann ee bei deem ganzen, schonn elo bestoende Plurilinguismus an de Crèchen den Akzent géif op Lëtzebuergesch als Verbindungssprooch setzen, fir dass d'Kanner mat deene villen ënnerschiddleche Mammesproochen - et kënnen der alt bis zu zwielef a méi an engem Grupp sinn - ënnereneen an enger gemeinsamer Sprooch iwwerhaapt emol kënne kommunizéieren, an domadder gläichzäiteg d'Basis schafen, dass d'Kanner, wa se bis an d'Spillschoul kommen, richteg gutt Lëtzebuergesch kënnen an et dann do derduerch och méi einfach wäerten hunn, op Däitsch alphabetiséiert ze ginn?

Et ass nääмlech bewisen, dass Kanner, déi gutt Lëtzebuergesch kënnen, och méi Liichtegkeet hunn, duerno op Däitsch alphabetiséiert ze ginn. Et gëtt eng Etüd vun der Madamm Engel a vun der Madamm Ertel vun der Uni.lu, déi dat ganz kloer beweist.

A wat hëlleft dat Ganzt iwwregens, Här Minister, deene Kanner, déi doheem weder Lëtzebuergesch nach Franséisch schwätzen, mä eng ganz aner Sprooch? Mengt Dir tatsächlech, dass se, wa se elo nach mat zwou weidere Sprooche konfrontéiert ginn, da besser an eisem Schoulsystem eens ginn, wou Däitsch esou eng wichteg Roll spillt? Wisou also net zum Beispill Lëtzebuergesch an Däitsch förderen, vu dass mer jo op Däitsch alphabetiséieren? An zemools wann ee weess, meng Kolleegin Martine Hansen huet dat schonn e puermol gemaach, dass déi 45% vun deenen Néngjäregen emol net déi national Lieskompetenzstandarden am Däitschen erreechen.

Wann d'Ursaach, fir Kanner ab engem Joer mat Franséisch a Kontakt ze bréngen, déi ass, dass d'Kanner solle méi fit am Franséische ginn, da muss een emol vläicht genee kucken, firwat dass dann esou vill Kanner Schwieregkeeten hu mam Franséischen. Wa mer mierken, dass eis Jonk net gutt sinn am Franséischen, dann déngt et och net onbedéngt, fir eppes Neies nach virun de Precoce ze druddelen. Mir léieren alleguer zeg Jore laang Franséisch a sinn awer net onbedéngt à l'aise an dëser Sprooch. Duerfir brauche mer ganz kloer eng Reform vum Sproochenunterrecht.

D'CSV ass der Meenung, dass ee misst higoen an déi franséisch Programmer richteg auserneenhuelen, op Inhalter hin analyséieren, d'Methodik, d'Grammatik, sech d'Fro stellen: Wéi eng Zäiten zu wéi engem Moment muss een dann iwwerhaapt kennen? Géif et net zum Beispill duergoen an der Primärschoul, de Present an de Passé composé an de Futur gutt ze kënnen, fir sech emol kënnen einfach auszedrécken an et dann no engem sechste Schouljoer fäerdegzebréngen, an enger Vakanz zwou Bulle Glace an eng Cola ze bestellen? Sech einfach emol ze trauen, sech op Franséisch auszedrécken!

Fir eis ass et ganz kloer, dass an der Primärschoul d'Methodik, fir Franséisch ze léieren, muss änneren. Do sidd Der jo anscheinend amgaangen, drun ze schaffen. Mä mir haten och d'Reform vum Secondaire, déi déi lescht Woch gestëmmt gouf, och sollen notzen, fir de Sproochenunterrecht ze flexibiliséieren a verschidde Sproochenniveaue fir alleguerten d'Schüler unzebidden. D'Martine Hansen hat och dozou eng ganz Rëtsch Amendementen eragereecht.

Well grad am Lycée kréie vill Schüler Problemer mat enger Sprooch. Mä grad hei paakt de Minister de Problem net un. Hei wäert sech näischt fir d'Schüler änneren, ausser am Technique cycle inférieur. Do gi Cours de base a Cours-avancéen offréiert.

Fir d'CSV muss de Sproocheproblem do ugepaakt ginn, wou e sech stellt: an zwar an der Schoul selwer. Mä mat dësem multilinguale Fréifërderungskonzept vum Här Meisch gëtt de Problem op där falscher Plaz ugepaakt.

Fazit Nummer véier: Ier een op spilleresch Aart a Weis d'Kanner ab engem Joer mam Franséischen a Lëtzebuergesche wëllt vertraut maachen, hätt een onbedéngt missten higoen a genee analyséieren, wat net esou gutt leeft an eventuell muss ofgeännert ginn am Apprentissage vum Franséischen. Et hätt ee seng Ziler misse kloer definéieren: Wou wëlle mer hikommen? An et hätt ee missen decidéieren, wéi eng Moyenen ee sech da wëllt ginn, fir dohinnerzekommen.

Déi gratis plurilingual Kannerbetreiung wäert eise Budget all Joers ëm mindestens 80 bis 100 Milliounen Euro belaaschten. Een imposante Montant fir eppes, wou mer net kloer wëssen, ob eppes derbäi erauskënnt, wou mer och net wëssen, wat soll derbäi erauskommen. Well, wéi sot de Minister op enger Table ronde? „An der Éducation non formelle setzt ee sech keng Ziler." An an deem Fall ass et jo och schwéier, eng Evaluatioun ze maachen.

Derbäi kënnt nach eppes ganz Wichteges. Esou ass et och net kloer, ob dat Ganzt elo fir d'Gemengen eng gratis Operatioun gëtt. Wann et Méikäschte fir d'Gemenge gëtt, op wivill chiffréiert Dir se, Här Minister?

(Interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Madamm Cahen hat déi lescht Woch am Kader vun der Froestonn hei gesot: „An da steet déi nächst Woch jo och nach d'gratis Kannerbetreiung um Ordre du jour." D'gratis Kannerbetreiung. Geet et finalement just ëm gratis Kannerbetreiung oder geet et ëm d'Fréifërderung?

20 gratis Stonne fir jiddwereen. Wou ass do déi sozial Selektivitéit? Hätte mer net besser, déi vill Sue méi an d'Qualitéit vun de Crèchen, sprech an de Personalschlëssel, ze investéieren, fir emol kënnen op déi primär Besoine vum Kand, vum ganz klenge Kand anzegoen? Reaktiounen op seng Mimik, seng Gestik, säi Gepoters a säin Handelen.

An duerfir brauch d'Personal Zäit. Wann ee mat de Leit nääмlech aus de Crèchë schwätzt, dann héiert ee ganz séier eraus, dass si an dëser wichteger Aufgab total iwwerfuerdert sinn, well se als een Erwuessene bei sechs klenge Kanner tëschent null an zwee Joer dat einfach net hikréien. A sot mer elo net - elo ass en net heibannen, den Här Engel -, eng Mamm géif dat och hikréien. Déi kritt jo kaum sechs Kanner mateneen, bannent zwee Joer.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Très bien!

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Fazit Nummer fënnef: Vill Sue ginn investéiert fir eppes, wou een net weess, wat an ob eppes dobäi erauskënnt.

Ech stellen dann och emol ganz kloer d'Fro: Wat brauch e Kand dann iwwerhaapt mat engem Joer? Et brauch Zäit, fir ze spillen, Zäit mat sengen Elteren, Zäit, fir seng Émwelt ze entdecken, Zäit, fir d'Reaktiounen op säin Handele richteg ze deiten, Zäit, fir sech ze entwéckelen, an zwar a sengem eegene ganz individuelle Rhythmus.

Hei gëtt dacks argumentéiert, dass fir d'Kanner duerch dëst Gesetz méi Chancëgläichheet spéider an der Schoul wäert entstoen. Et muss een awer wëssen, dass déi reell Problemer um Terrain net just am Schwätze leien, mä och nach op ganz aneren Niveauen.

Kanner, déi an eng Crèche kommen, kommen all mat engem komplett ënnerschiddleche Bagage. An dat hu mer kloer gesinn, wéi mer déi Crèche kucke waren, wou 50 Kanner aus zwielef verschiddenen Nationalitéite betreit goufen. D'Personal ass do méi wéi gefuerdert, fir schonns do fir Chancëgerechtegkeet ze suergen. Et heescht Retarden an der Motorik, der Sprooch am Allgemengen, dem kognitive Beräich an de soziale Kompetenzen opzeschaffen, d'Kanner richteg ze stimuléieren, well doheem vläicht keen dat mécht, hinnen Opmierksamkeet ze schenken, eng Bindung opzebauen, wou keng Bindung doheem stattfënnt, well duerfir vläicht d'Zäit oder munchmol och dat néidegt Wësse feelen.

Fazit Nummer sechs: Mir sinn der Meenung, dass, wa mer vu Chancëgläichheet schwätzen, déi op ganz aneren Niveauen dès le départ muss stattfannen, wéi just andeems een d'Franséisch- an d'Lëtzebuergesch-Schwätze förderт. Ee Kand vun engem Joer huet ganz aner, vill méi wesentlech Bedürfnisser, wéi mat zwou Sproochen a Kontakt ze kommen.

A wann dat Ganzt, dës plurilingual Fréifërderung, soll esou villverspriechend sinn, wéi de Minister dat jo iwwerall ukënnegt, da misst jo och all Kand eng Plaz garantéiert hunn, soss wiere jo déi Kanner, déi keng Plaz fannen, benodeelegt. Wéi, Här Minister, wëllt Der dat da garantéieren? A wat maachen déi Elteren, déi keng Plaz fir hiert Kand fannen? Sinn déi Kanner dann elo an Ären Ae méi schlecht preparéiert op eise Schoulsystem? Wéi wëllt Der dës Ongerechtegkeet dann aus dem Wee raumen?

Fazit Nummer siwen: Well net all Kand eng Plaz garantéiert huet an enger Struktur, déi déi plurilingual Fréifërderung praktizéiert, sinn déi Kanner, déi keng Plaz fannen, dem Minister sengen Argumenter en faveur vun der Fréifërderung no, am Nodeel. Deemno eng richteg Ongerechtegkeet.

Si mer net och hei amgaang, e gewëssenen Drock par rapport zu den Elteren opzebauen, déi sech zum Beispill bewosst derfir entscheet hunn, hir Kanner selwer ze erzéien? Gi mer hinnen net d'Gefill, dass, wann d'Fréifërderung da géif eppes bréngen, hir Kanner am Nodeel sinn, wa se doheem géifen erzu ginn? Huele mer net grad den Elteren de Choix ewech, a wéi enger Crèche, bei wéi enger Dagesmamm a wéi se iwwerhaapt hir Kanner wëlle betreit kréien?

Fazit Nummer aacht: Mir setzen d'Elteren, déi hir Kanner selwer oder bei anere Leit wëlle versuerge loossen, ënner Drock.

Dobäi muss ee sech wierklech d'Fro stellen, ob d'Eltere vun den 20 gratis Stonne wäerte profitéieren, well se vun der plurilingualer Fréifërderung iwwerzeegt sinn oder well se gratis ass. Dat wäert wuel ganz schwéier erauszefanne sinn.

Nieft dem Drock, deen hei par rapport zu den Elteren opgebaut gëtt, baue mer och e ganz groussen Drock zu de Crèchen op an zu de Maison-relaisen, well wa si sech net un d'Spillregelen halen, da fält fir si de Chèque-service accueil ewech.

Gefrot si Leit mat Niveau C1 am Lëtzebuergeschen an am Franséischen. Esou steet et emol am Gesetz. Mä wat heescht dat konkret? Een, deen eng Première huet, huet deen automatesch en C1, och wann en zum Beispill Franséisch iwwer Jore kompenséiert huet? D'Madamm Delvaux hat 2006 op de Premièren een Test gemaach, fir ze kucken: Wéi een Niveau hunn eis Premièresschüler dann am Franséischen? D'Resultat: Knapp 20% hunn den Niveau C1 erreecht.

Duerfir meng Fro: Wou sollen d'Crèchen an d'Maison-relaisen dann elo Educateure mat C1-Niveau am Franséische siche goen,...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- D'lescht Woch wollt Der den Niveau nach erofsetzen!

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- ... wann der esou wéineg an eise Schoulen erauskommen, déi dës Konditiounen erfëllen?

Mir hu guer net gesot, dass mer den Niveau wéilten erofsetzen. Mir hu just gesot: Mir wëlle verschidden Niveauen offréieren.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Mir wollten en iwwerhaapt net erofsetzen! Mir haten och zweemol den Niveau C1 gefrot...

(Interruption par M. Claude Meisch)

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Also meng Fro ass, Här Meisch: Hunn...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift! D'Madamm Hetto huet d'Wuert.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Meng Fro...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wollt Der eng Fro un de Minister stellen oder wéi?

(Hilarité)

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Ma ech stelle meng Fro un de Minister. Déi ass a mengem Text mat dran: Wou sollen d'Crèchen an d'Maison-relaisen dann elo Educateure mat C1-Niveau am Franséische siche goen, wann der esou wéineg an eise Schoulen erauskommen, déi déi Konditiounen erfëllen?

A wat geschitt, wann d'Personal bei aller Méi keng Leit fënnt, déi deene Sproochekritären entspriechen? Wéi wäerten déi Agents régionaux an deenen ënnerschiddleche Géigende vum Land d'Haiser bewäerten? Hu si do eng gemeinsam Linn, fir déi Kontrollen ze maachen? Hu si kloer Kritären? Wéi wäerten déi franséischsproocheg Crèchen domadder ëmgoen? Fanne si lëtzebuergesch Educateure mat C1-Niveau, déi se da wëllen an hir franséischsproocheg Equippen integréieren?

Fazit Nummer néng: Dëst Gesetz baut ee groussen Drock op par rapport zu de Crèchen an de Maison-relaisen a stellt dës Haiser viru gréisser organisatoresch Erausfuerderungen, déi trotz guddem Wëllen net onbedéngt ze bewältege sinn.

Ier ech zur Konklusioun kommen, och nach e Wuert zum Precoce, deem seng eigentlech Aufgab et jo zanter der Aféierung ass, d'Kanner mam Lëtzebuergeschen ze familiariséieren an hinnen och ze hëllefen, déi néideg sozial Kompetenzen ze kréien. Am Precoce, esou huet den Här Baum et och gesot, gëtt elo schonn an anere Sprooche gesongen, gebabbelt, Reimer gi gemaach.

Hätt een also net besser gehat, Här Minister, do unzesetzen a mat neiem Material, wat iwwregens vun de Leit vum Terrain gefuerdert gëtt, fir do ze hëllefen, d'Kanner nach besser op eise Schousystem ze preparéieren? Hätt een net besser gehat, derfir ze suergen, dass all Kand eng Plaz am Precoce huet?

Dir hutt mer selwer an enger Question parlementaire geäntwert, dass de Service d'éducation et d'accueil vun de Maison-relaise keng parallell Offer zum Precoce ass, well de Precoce zur formaler an dat anert zur nonformaler Educatioun géif gehéieren. Deemno ass de Precoce ee ganz wichtegt Joer am Liewe vun engem Kand. Hätt een also net besser gehat, emol do unzesetzen, amplaz elo hinzegoen an erëm nach eppes Neies virdrunzesetze fir Kanner ab engem Joer, also fir Kanner, déi grad emol just kënne lafen an déi just éischt Lauter kënne produzéieren.

An aus alle genannten Ursaache wäerte mir als CSV dëst Gesetz net stëmmen. D'CSV hätt sech gewënscht, dass ee sech heifir vill méi Zäit geholl hätt. Pilotprojeten: Jo, awer iwwer eng länger Zäit. Zousätzlech eng Begleedung mat Fachleit vun der Uni. Dorauser Konklusiounen zéien an dann iwwergräifend ubidden, wann dann d'Resultat eng reell Plus-value géif confirméieren. An dat géif sech jo eréischt fréistens am Cycle 2 / Cycle 3 weisen.

De Minister seet, am fréien Alter wier e Kand am rezeptivsten, fir vill Sproochen ze léieren. Dat mag sinn. Et ass awer duerno och net ze spéit, well mir alleguer heibannen hunn et jo och hikritt. Et muss een näämlech och wëssen, an dobäi beruffen ech mech och op wëssenschaftlech Aussoe vun zum Beispill dem Schwäizer Pädagog Remo Largo, dee virdru warnt, d'Kanner ze vill ze färderen, well een domadder riskéiert, genee de Géigendeel ze bewierken.

Wat brauche Kanner? D'Kanner brauchen Zäit, fir ze spillen, Rou, Léift, Opmierksamkeet, fir sech kënne weiderzëentwéckelen. Mir sollten derfir suergen, dass dat souwuel doheem wéi och an de Crèchen a Maison-relaise ka garantéiert ginn. Dat, wat elo hei de Mëtteg soll gestëmmt ginn, dat brauchen d'Kanner net.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci der Madamm Hetto. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi ech mech de leschte Mëttwoch op meng Rapporteursried zu der Lycéesreform virbereet hunn, hunn ech natierlech och mat vill Opmierksamkeet den RTL-Reportage iwwert der CSV hir Pressekonferenz nogelauschtert.

(Brouhaha)

Et war eng gutt Preparatioun.

Souwäit zu der gudder Nouvelle. Wann ech dann awer haut d'Vertriederin vun der CSV héieren, da muss ech Iech soen: Dann ass dat awer e bësse verwirrend par rapport zu der Linn vun der leschter Woch.

(Brouhaha)

Am Kontext vun der Sproochenoffer huet et d'lescht Woch geheescht - lauschtert gutt no! -, de Ministère misst seng Verantwortung iwwerhuelen. Et misst een iwwerall am Land...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Am Lycée!

M. Claude Lamberty *(DP).*- ...eng vergläichbar Offer schafen. De Ministère misst wëssen, wat a puncto Sprooche wou ugebuede gëtt. Ze vill Duerjernee wär net gutt, et géif soss e Wirrwarr ginn.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- An - passt gutt op! - virun allem kéint ee soss keng Chancëgerechtegkeet uechtert d'Land garantéieren. Souwäit fir déi, déi et nach net gesinn hunn, d'Madamm Hansen...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- ...am Lycée!

M. Claude Lamberty *(DP).*- ..de 5. Juli op RTL.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei deem heite Projet geet et ëm näischt aneres wéi ëm Chancëgläichheet, ëm besser Startchancen an eisem Schoulsystem, an dat fir alleguerten d'Kanner, onofhängeg vun der Mammesprooch oder der finanzieller Familljesituatioun.

Mir schafen heimat eng Qualitéitsoffer, déi u streng Kritäre gebonnen ass, déi d'Kanner soll op eng spilleresch a kandgerecht Aart a Weis op eis méisproocheg Schoul, op eis Gesellschaft virbereeden. D'DP wëllt keng Schoul, déi sproochlech a sozial Differenze verstäerkt. Mir hunn eis ëmmer derfir staark gemaach, datt all Kand déi nämlecht Chancë kritt, an eiser Schoul ze reusséieren. Kee soll vu virera benodeelegt ginn.

Fir d'DP soll eis Schoul erëm zu engem soziale Lift ginn. Ee Lift, deen och schonn eis Klengst mat erop soll huelen. Ee Lift, dee kee soll wéinst ënnerschiddleche Mammesproochen oder sozialen Hannergrënn am Keller hänke loossen. Mir wëllen eng Schoul, déi integréiert an net separéiert. Dofir ass dës Qualitéitsoffer vun enger Kannerbetreiung net nëmme méisproocheg, mä wärend 20 Stonnen an der Woch och nach gratis.

Madamm Presidentin, de Rapporteur, de Kolleeg Gilles Baum, ass schonn ausféierlech op déi verschidde Punkte vun dësem Projet de loi agaang. Ech wéilt a menger Interventioun awer nach fir d'DP e puer wichteg Saache kloerstellen.

Éischtens, firwat gëtt esou e grousse Wäert op eng méisproocheg Kannerbetreiung geluecht? Ma well mer de Realitéite vun eiser méisproocheger Gesellschaft Rechnung droen. D'Schoulen hunn déi grouss Verantwortung, Kanner mat verschiddene Mammesproochen an Hierkënft zesummenzeféieren.

D'Heterogenitéit vun de Kanner ass eppes, wat eis auszeechent, eis Gesellschaft staark mécht. Gläichzäiteg ass dës Heterogenitéit nun emol awer och Ursprong vun enger ganzer Partie vun Erausfuerderungen. Besonnesch déi sproochlech Barrièrë bereede ganz ville Schüler hautdesdaags Schwieregkeeten.

Ech soen Iech och näischt Neits, wann ech soen, dass dës Schwieregkeeten och heiansdo riskéieren, an Zweifel oder souguer an Ängschten eriwwerzegoen, déi verschidde Schüler bis an d'Beruffsliewe begleeden an hinne esou munche Steen an de Wee leeë kënnen.

Oft verspiere francofon Schüler sproochlech Schwieregkeete beim Däitschen an am Lëtzebuergeschen, a lëtzebuergesch Kanner di sech iwwerdeems mam Franséische méi schwéier. Dee Constat ass net nei, huet sech awer an de leschte Joren nach eng Kéier méi verstäerkt.

Haut hu praktesch d'Halschent vun eise Kanner e Migratiounshannergrond. 2003 war dat just en Drëttel. D'Fro ass, wéi mir dorobber reagéieren, ob mer esou weiderfuere wéi bis elo, oder ob mir de Courage an de Grapp huelen, fir nei Weeër ze goen an de Kanner hir sproochlech Differenze esou séier wéi méiglech probéieren auszegläichen.

Ech si selwer Enseignant an ech kann Iech versécheren: Wann d'Schüler bis emol richteg d'Flemm oder de Latz mat enger Sprooch hunn, dann ass et immens schwéier, hinnen nach eng Kéier de Goût an d'Loscht un enger Sprooch erëmzeginn. Dofir setze mer mat der méisproocheger Kannerbetreiung méi fréi un. An enger Zäit, wou d'Kanner tëschent eent a véier souwisou op grousser Entdeckungsrees sinn an alles opsaugen, quasi wéi e Schwamm, gëtt dovunner profitéiert, fir se spilleresch a kandgerecht un déi lëtzebuergesch an och franséisch Sprooch erunzeféieren.

Et ass dowéinst och falsch ze behaapten, eis Jéngst géifen elo ufänken an de Crèchë mat Sproochen „léieren". Neen! Si entdecke se. Si entdecke se vum selwen...

Une voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Duerch kleng Lidder, Kuerzgeschichten, Rollespiller entwéckelen d'Kanner e Gespier an en Ouer fir dës Sproochen an hire Virwëtz gëtt ugereegt. D'Freed an d'Loscht um Entdecke vun de Sprooche solle bei de Kanner am Mëttelpunkt stoen. Dëst, wéi gesot, souwuel wat déi lëtzebuergesch wéi och déi franséisch Sprooch ugeet.

Madamm Presidentin, allgemeng stellt ee fest, wann een am Gespréich mat de Leit ass, dass d'Aféiere vun der franséischer Sprooch an de Crèchë fir vill méi Gespréich suergt wéi déi lëtzebuergesch Sprooch. Fir vill Leit schéngt et evident ze sinn, dass an de Crèchë Lëtzebuergesch geschwat gëtt. Als eis Landesprooch an Haaptintegratiounssprooch kéint een dat jo vläicht och mengen. Dat ass awer net esou. Hei hu mir näämlech genau dee Wirrwarr, deen d'Madamm Hansen d'lescht Woch op der Tëlee ugeschwat huet. A ville Crèchë gëtt souguer kee Wuert - kee Wuert! - Lëtzebuergesch geschwat. Mam Programm vun der méisproocheger Kannerbetreiung ännere mir dat elo.

Ech fannen dat wichteg ze ënnersträichen, well d'Aféiere vun der Lëtzebuerger Sprooch oft am Gespréich ze kuerz kënnt. Mat der méisproocheger Kannerbetreiung kënnt Lëtzebuergesch also a Crèchen, wou bis elo just Franséisch geschwat gouf!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- D'Regierung stäerkt also ganz kloer déi lëtzebuergesch Sprooch als Haaptintegratiounssprooch vun eisem Land. Dëst mécht et ville Kanner, besonnesch mat frankofonen Hannergrënn, duerno méi einfach, sech an eiser Gesellschaft op Lëtzebuergesch ze integréieren an och am Cycel 2 dann an der Schoul op Däitsch liesen an och schreiwen ze léieren.

Zum Franséischen: Vill Leit soe mir, déi franséisch Sprooch géif hinne schwéierfalen. Si géife sech net trauen, Franséisch ze schwätzen. Si wéilten dat net onbedéngt. Si hätten oft Hemmungen, si hätten Angscht, Feeler ze maachen. Déi Angscht, déi soll an Zukunft guer net opkommen. D'Kanner solle guer keng Zäit méi hunn, esou Sproochebarrièren ze entwéckelen. Si solle méi ongezwongen un déi franséisch Sprooch erugefouert ginn a se mat Loscht a Freed entdecken.

Dass dëst op alle Fall eng immens grouss Chance fir d'Kanner, déi domadder méisproocheg erzu ginn, déi méisproocheg erliewen, dass dat eng immens grouss Chance ass, dat steet fir d'DP ausser Fro!

Madamm Presidentin, ech kommen awer och net derlaanscht, op déi virgehäiten „wëssenschaftlech Konzeptlosegkeet" vun dësem Programm anzegoen. Et gëtt souguer vun „Experimenter" geschwat. An deem Kontext begréissen ech et als Éischt emol,...

(Brouhaha et interruptions)

Une voix.- Dës Kéier net.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Keng Panik.

Une voix.- Dës Kéier net.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Et gouf scho ganz oft vun Experimenter geschwat, an ech bleiwen dann och emol bei deem Wuert!

(Interruption)

Et gouf souguer scho vun...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift, den Här Lamberty huet eleng d'Wuert!

M. Claude Lamberty *(DP).*- ...Experimenter geschwat.

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Lamberty!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Jo. Also, et gouf scho vun Experimenter geschwat. An deem Kontext begréissen ech et awer als Éischt emol, dass d'CSV sech wëllt ganz staark op d'Wëssenschaft beruffen.

Wann ech näämlech kucken, wéi e Sprooche-konzept aktuell an de Crèchen ugebuede gëtt - wou et am Fong méi dem Zoufall iwwerlooss gëtt, wie mat wéi enge Sproochen a Kontakt kënnt -, da war dat net ëmmer de Fall! Et géif mech näämlech staark wonneren, wann et eng op Lëtzebuerg baséiert Etüd géif ginn, déi den aktuelle Wirrwarr géif guttheeschen.

(Interruption)

Da kann ech mech och nach gutt un de leschte Samschdeg Mëtteg erënneren, wou nieft dem Minister Claude Meisch, der Madamm Hetto och d'Madamm Hu invitéiert war, déi Professer op der Uni.lu ass an déi zu genau deenen Theme fuerscht: Plurilinguismus a plurilingual Erzéiung. Hir Konklusioun: Et kéint ee roueg e gutt Gewëssen hunn, wann d'Kanner schonn a fréiem Alter spilleresch u méi Sproochen erugefouert ginn. Do dernieft huet de Minister Claude Meisch en Dokument an der Chamber deposéiert, dat sech mat wëssenschaftleche Referenzen auserneesetzt.

(Interruption)

Well dat awer anscheinend d'CSV nach ëmmer net iwwerzeegt, hunn ech elo nach en Dokument matbruecht. An ech mengen, Dir hutt et schonn alleguerten haut gesinn.

(M. Claude Lamberty montre une brochure à l'audience.)

Une voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Déi, déi et nach net gesinn hunn, ech ginn et gären herno eng Kéier ronderëm.

(Interruption et hilarité)

Et ass op alle Fall...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Sou, wann ech gelift e bësse Rou!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Et ass en Dokument...

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Lamberty, fuert virun, wann ech gelift!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Madamm Presidentin, ech loosse mech net aus der Rou bréngen.

(Interruptions)

Also dat Dokument befaasst sech mat „Méisproochegkeet ass eng Chance" an an deem Dokument hu mer unerkannte Wëssenschaftler an Experten an der Sproochesituatioun, déi Zitater dragesat hunn. Ech liesen Iech der e puer vir. D'Madamm Hélot vun der Universitéit vu Stroossbuerg: «Le programme d'éducation plurilingue au Luxembourg est vraiment très intéressant. Il crée un espace de possibilités et d'innovation pédagogique.»

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Also „interessant" ass nach kee wëssenschaftleche Beweis!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Dann hu mer vun der Uni Köln: „Kinder erwerben ihre Sprachen nicht additiv und nebeneinander, sondern dynamisch und komplementär. Sie entwerfen sprachenübergreifende Praktiken, wie auch das Phänomen der Sprachenmischung zeigt."

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ass dat Är wëssenschaftlech Etüd, déi Sätz do?

M. Claude Lamberty *(DP).*- Oder nach en drëtt: „Zweisprachige Kinder verstehen mehr Wörter...

Une voix.- Extraiten aus Etüden...

M. Claude Lamberty *(DP).*- ...als gleichaltrige einsprachige Kinder." Universität von Erfurt.

Wéi gesot, ech liese se elo net alleguer vir,...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dass Der all wësst: Et ass eng grouss wëssenschaftlech Etüd, wat Der do virgelies hutt!

M. Claude Lamberty *(DP).*- ...well et ass och keng Zäit, mä ech ginn dat awer ganz gären ronderëm, well...

M. Max Hahn *(DP).*- Et sinn Extraiten aus den Etüden...

M. Claude Lamberty *(DP).*- ...ech sinn zimlech iwwerzeegt, dass jiddwereen...

M. Eugène Berger *(DP).*- Mir hunn dat scho virun 30 Joer um ISERP esou geléiert!

M. Claude Lamberty *(DP).*- ...dodran eng flott Lektür wäert fannen.

Madamm Presidentin, ech kommen zu mengem zweete Punkt, deem iwwert d'Gratuitéit vun der Kannerbetreiung. De Programm vun der méisproocheger Erzéiung gesäit eng gratis Betreiung vun 20 Stonnen d'Woch 46 Wochen am Joer fir all Kand vir. Dat ass eng substanziell Entlaaschtung, déi villen Elteren hei am Land wäert zeguttkommen. Firwat mécht d'Regierung dat? Ma well de méisproochege Programm als eng Virbereedung op de Lëtzebuerger Schoulsystem ze gesinn ass.

Ech si jo scho virdrun op déi verschidde sproochlech Problemer agaang an hunn och gesot, zu wat dat hei am schlëmmste Fall kéint féieren. Wann een also dës Kannerbetreiung als Virbereedung op eng gratis ëffentlech Schoul gesäit, dann ass et novollzéibar, dass och all Kand vun enger gratis Virbereedung dorobber soll kënne profitéieren, an dëst eben onofhängeg dovun, aus wéi engem Elterenhaus ee Kand kënnt.

Eng aner Approche wier näischt aneres wéi eng Diskriminéierung, ausser natierlech, et wier een der Meenung, dass och déi ëffentlech Schoul net méi soll fir jiddweree gratis sinn. Dat géif mat eis op alle Fall net a Fro kommen!

Madamm Presidentin, d'DP setzt sech zudeem fir eng Politik an, déi de gesellschaftleche Realitéiten entsprécht an déi de Leit do wëllt entgéintkommen, wou et néideg ass. D'Kannerbetreiung ass esou e Fall. Et ginn ëmmer méi Stéit, wou déi zwee Elterendeeler wëllen oder musse schaffe goen. D'Familljebiller hu sech geännert, a Gott sei Dank hu se sech geännert! Et ass net méi esou, dass eleng de Papp schaffe geet an d'Mamm eleng derfir zoustänneg ass, sech ëm d'Erzéiung vun de Kanner ze këmmeren. Mir sinn an enger moderner Gesellschaft ukomm, wou et déi klassesch Rolleverdeelung eben net méi gëtt. Déi zwee Elterendeeler sollen d'Méiglechkeet hunn, schaffen ze goen a Carrière ze maachen. Och dat begréisst d'DP,

déi sech ëmmer fir d'Gläichstellung tëschent Mann a Fra agesat huet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Wann ech soen: „Déi zwee Elterendeeler sollen de Choix hunn, schaffen ze goen", dann ass et awer och eng Tatsaach, dass ëmmer manner Stéit et sech leeschte kënnen, net zu zwee schaffen ze goen. A wann een dann net d'Chance huet, eng Tatta, eng Bomi, e Bopi, eng Nopesch ze hunn an dorop zréckzegräifen, jo, da steet een do! Vergiesse mer och déi elengerzéiend Elteren net. Grad si sinn et nach méi, déi op eng Deelzäitbetreiung vun hire Kanner ugewise sinn. Si se eng Kéier verhënnert, musse se eng Kéier kuerzfristeg een op der Aarbecht ersetzen oder gi se eng Kéier kuerzfristeg krank, jo, da bleift oft näischt aneres iwwreg, wéi an eng Crèche ze goen.

Genau do komme mer de Familljen entgéint: Dës Regierung mécht d'Kannerbetreiung net nëmmen duerch kloer definéiert Qualitéitskritäre besser, si mécht se och nach gratis!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Madamm Presidentin, déi gréisst Oppositiounspartei gesäit dat anescht. Dat muss ee kloer an däitlech soen. D'CSV huet eng aner Vue op d'Realitéit, denkt weiderhin net an der aktueller Rolleverdeelung tëschent Mann a Fra. Dat ass net nëmme schued, mä virun allem awer och verwonnerlech, well et war dach den deemolege Premierminister Jean-Claude Juncker, deen 2008 fir eng gratis Kannerbetreiung agetrueden ass.

(Interruptions)

Am d'CSV-Wahlprogramm vun 2009...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift!

M. Claude Lamberty *(DP).*- ...steet dat och,...

(Coups de cloche de la présidence)

...dass d'Kannerbetreiung - lauschtert gutt no! -, dass d'Kannerbetreiung bis spéitstens 2015 ëmgesat géif ginn. Mir haten dat iwwregens och drastoen.

Une voix.- Vive den Här Juncker!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Madamm Presidentin, fir d'DP ass elo den Zäitpunkt komm, e Kader ze schafen, deen den Erausfuerderunge vun haut fir d'Familljen entsprécht. Dofir stëmme mir dat Gesetz. An ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Lamberty. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Haagen *(LSAP).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech denken - an dat kënnt aus deenen Debatten hei an der Chamber ervir, déi mer an deene leschte Méint schonn haten: Interpellatiounen iwwer Multilinguisme, dann d'Educatioun, wéi mer déi opbauen am Plurilinguisme, wéi mer mat der Sproochevillfalt hei am Land ëmginn -, et gëtt diskutéiert an datt verschidde Parteien, verschidden Akteuren zu verschiddene Konklusioune kommen, ass iwwerall de bonne guerre. Ech denke just, mir sollten dat Ganzt hei och kucken, wat d'Sproochevillfalt ubelaangt, am Interêt vun eiser Educatioun an och am Interêt vun der Ausbildung vun eise Kanner.

Dofir hu mer och net méi spéit wéi d'lescht Woch hei an der Chamber iwwert d'Sproocheproblematik zu Lëtzebuerg, an zwar am Kader vun der Lycéesreform, diskutéiert. An ech géif soen, mir waren eis alleguerten eens, datt de Multilinguisme eng Chance fir Lëtzebuerg ass, déi net vill Länner hunn. Doduerch, datt mer zu Lëtzebuerg nieft eiser Mammesprooch och nach Däitsch a Franséisch schwätzen, an Englesch kënnt ëmmer méi derbäi, ass et eis net nëmme gelongen, wirtschaftlech ze wuessen, mä virun allem ass et eis gelongen, zu enger oppener a multikultureller Gesellschaft zesummenzewuessen. Dora läit d'Essenz vun eisem Succès als klengt Land matzen an Europa. An dofir gi mer och vu villen europäesche Länner beneit.

Kolleeginnen, Kolleegen, haut liewen hei am Land Leit zesumme mat ronn 100 verschiddenen Natiounen an dat, och wann et natierlech gewëssen Erausfuerderunge mat sech bréngt, kann een awer constatéieren, datt dat an enger gewëssener Harmonie ass. An net enger allze laanger Zäit, an ech schwätzen hei och nëmme vun e puer Joer, do wunnen hei zu Lëtzebuerg méi Netlëtzebuerger, méi Auslänner wéi Lëtzebuerger. Haut schaffe schonn hei am Land méi Auslänner hei wéi national Residenten.

Mir wëllen natierlech, datt déi Leit sech esou gutt wéi méiglech bei eis integréieren. De beschte Wee, fir sech ze integréieren, ass eiser Iwwerzeegung als LSAP no, wann déi auslännesch Kanner déi ëffentlech Schoule vum Land besichen. En Immigratiounshannergrond däerf op kee Fall zu enger schoulescher Diskriminatioun féieren. Ech denken, och do si mer eis alleguerten eens. Dofir setze mir als LSAP weider op Innovatioun a Qualitéit am Lëtzebuerger Schoulsystem. Bei de Sprooche brauche mer dofir eng differenzéiert Approche, fir dës Erausfuerderungen, dës Challengen ze meeschteren.

Et ass fir eis als LSAP ganz wichteg, datt mer dat, wat mer an der Schoul enseignéieren, siefen et Sproochen oder aner Fächer, wëssenschaftlech begleeden. D'Recherche am Beräich vun der Méisproochegkeet muss eis hëllefen, déi beschtméiglech Choixe fir eis Schoul ze treffen, eis pädagogesch Methoden ze liwweren an een A dorobber ze behalen, wat Friichten dréit a wat net. An do ass och de Rôle vun der Politik gefrot, fir déi Konklusiounen ze droen. Dëst wäert an Zukunft am Enseignement an an der Educatioun ëmmer méi eng verstäerkt Flexibilitéit an Upassung u gesellschaftlech, sozial a wirtschaftlech Realitéite verlaangen.

Mir begréissen an deem Sënn d'Initiativ vum Educatiounsminister, fir schonn am Precoce d'Kanner fréizäiteg mat der Lëtzebuerger an der franséischer Sprooch ze familiariséieren. Mir verstäerken doduerjer op där enger Säit Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch an op där anerer Säit féiere mir e spillerese Kontakt - et ass schonn e puermol hei gesot ginn - mam Franséischen an, wat de Kanner am fréien Alter e Kenneléiere vum Franséische spéider am Fondamental méi einfach wäert maachen.

Méi Franséisch, Kolleeginnen a Kolleegen, bedeit net manner Lëtzebuergesch. Andeems mir haut hoffentlech dëse plurilinguale Kader fir d'Kanner tëschent engem a véier Joer aféieren, verbessere mer d'Integratiounschancë vun eisen auslännesche Matbierger an engems, wou mir och eis Kanner schonn op d'Léiere vun deenen dräi offizielle Sprooche vum Land wäerte preparéieren.

Madamm Presidentin, mir wëllen als LSAP, datt all déi Jonk eng qualitativ Educatioun hei am Land kréien an datt se am beschte virbereet ginn op déi méi héich Studien, déi d'Leit awer alleguerte maachen. D'Chancëgläichheet garantéieren gehéiert zu de wesentleche Missiounen, déi eis ëffentlech Schoul erfëlle muss.

Jonk Kanner, an dat ass schonn e puermol ugeschwat ginn, léieren d'Sprooche relativ einfach. Do ginn et verschidden Etüden, déi och kontrovers diskutéiert ginn, mat deenen ee sech muss auserneesetzen. Mä wann een am grousse Ganze kuckt, dann ass et awer virun allem esou, datt verschidden Experte soen - anerer soen de Contraire, mä och e Gros vun deene seet -, datt et méi einfach ass, wann d'Kanner zu Lëtzebuerg an der Schoul déi verschidde Sprooche kënnen op eng spillerese Aart a Weis zesumme kenneléieren, an datt dann och déi, déi vun doheem aus nëmmen zwou Sprooche schwätzen an zum Beispill kee Lëtzebuergesch hunn, och déi Chancen hunn.

No kuerzer Zäit léiere si dann, zum Beispill wa se net där Lëtzebuerger Sprooch mächteg sinn, ganz einfach, well d'Kommunikatiounssprooch tëschent de Kanner d'lëtzebuergesch Sprooch ass. Ech perséinlech maachen déi Erfahrung, wann ech an där Stad, wou ech hierkommen, Dikrech, elo alleguerten déi Kanner, déi vun de Refugiéë kommen, an d'Classe-d'accueilen huelen, an d'Classe-étatiquen huelen. Da mierkt een no enger gewëssener Zäit, datt déi Kanner déi verschidde Sproochen unhuelen, och op Lëtzebuergesch sech probéieren auszedrécken, an datt dat natierlech och zesumme mat deenen anere Kanner ka ganz benefique sinn, well do eng Integratioun kënnt. An déi Integratioun, déi spillt sech net nëmme bei de Kanner of, mä déi spillt sech an deem Sënn och of bei den Elteren, déi se mat begleeden.

Et ass also ganz wichteg ze betounen, an dat hu schonn d'Virriedner, mengen ech, in extenso hei gemaach, datt mer dat op eng spillerese Aart a Weis wäerte maachen. De Ministère huet eng ganz informativ Internetsäit gehollef maachen: enfancejeunesse.lu, wou ganz konkret Beispiller ze fanne sinn. Och dat ass vun de Virriedner hei schonn ugeschwat ginn. Theater, Spiller gi gemaach, wou ee sech och mat der Sprooch beschäftegt, wou unhand vu Poppentheater oder anere Geschichte kann un déi Sprooch erugeféiert ginn an een déi och kann entdecken. Oder zum Beispill gëtt och nach gekuckt, fir ganz einfach unhand vum Iessen, wat d'Kanner kréien, och do déi verschidde Sproochevillfalt mat kënnen ze entdecken.

D'Pilotprojeten, déi 2016 lancéiert gi sinn, hunn op jidde Fall, an dat muss ech awer hei trotzdeem soen, ganz positiv Erfahrunge gemaach. Elo kann ee soen: „Pilotprojete muss ee méi wäit dreiwen. Et muss een och d'Konklusiounen dann in extenso analyséieren." Dat ass richteg, dat kann een ëmmer behaapten, mä Fakt ass och, datt een och eng Kéier muss Decisiounen huelen, fir vläicht an dee Projet weider ze investéieren an deen dann och esou unzebidden.

Fir d'Kanner, wéi gesot, spilleresch, op eng lacker Aart a Weis mat deenen zwou Sproochen ze familiariséieren, féiere mer mat dësem Gesetz och de Référent pédagogique an, deen dat sproochlecht Konzept vun de Crèchë kontrolléiert a begleet. Fir dat ze kënnen, ginn deene Concernéierten déi néideg Formatiounen ugebueden. D'Crèchë mussen e Profill opstellen a Personal astellen oder forméieren, dat déi néideg Qualifikatioun huet, am Lëtzebuergeschen an am Franséischen.

Wann d'Crèchen all déi Konditiounen erfëllen, da kënne se och vum Finanzement vum Stat am Kader vun der gratis Betreiung profitéieren. Ech ginn elo hei och net méi am Detail dorobber an, dat ass och scho virdru gesot ginn. Ech wollt awer nach zwou Saachen an deem Kontext soen:

Dat Éischt ass, datt mir als Sozialistesch Partei begréissen, datt de Kanner eng gratis ëffentlech Bildung ugebuede gëtt, déi jiddwerengem déiselwecht Chancë gëtt. D'Crèchë bidden hei en ëffentlechen Déngscht un an als Géigeleeschtung gi si och dofir bezuelt, wéi gesot awer nëmmen an engem virgezeechente Kader, dee strikt muss a soll respektéiert ginn.

An deem Kontext wollt ech awer och nach soen, Madamm Presidentin, datt ech e bësse verwonnert sinn, datt d'CSV, déi esou e Modell verdeedegt huet an ëmmer fir eng gratis Betreiung, op jidde Fall menges Wëssens, agetrueden ass, wann et dann esou wäit ass, trotzdeem dat Gesetz iwwert d'gratis Betreiung hei net wäert matstëmmen. Dat fannen ech e bësse komesch!

(Interruptions)

E leschte Punkt, Madamm Presidentin: An deemselwechte Kontext, nieft der gratis Betreiung, déi jo awer trotzdeem och deene méi sozial schwaache Menagen zeguttkënnt, verbessere mer d'Offer vun de Chèque-servicen nach weider, dat andeems mer gratis Stonne fir déi Stéit mat méi klengem Akommes aféieren. Och hei kann ech mech nëmme wonneren, datt d'CSV net fir eng Verbesserung vun esou engem System matstëmme wëllt, well dat jo awer e System ass, deen ënner enger fréierer CSV-Familljeministesch agefouert an ëmgesat ginn ass.

(Interruption)

Mir mengen dat op jidde Fall net, datt mer dat esou solle maachen, a mir begréissen déi Verbesserungen, déi mat dësem Gesetz kommen.

Un éischter Plaz begréisse mer dee wichtege Schratt, dee mer hei maachen a Richtung vun enger méi qualitativer an de Realitéiten ugepasster Bildung am net formelle Beräich fir kleng Kanner tëschent engem a véier Joer.

Da begréisse mer natierlech d'gratis Betreiung. D'Gratuitéit vun den ëffentleche Schoule soll fir eis d'Regel sinn. Nëmmen esou garantéiere mir, datt jiddweree Plaz fënnt am sougenannten „ascenseur social".

Mir ginn och den Elteren heimadder d'Méiglechkeet, hiert professionellt a Privatliewen openeenofzestëmmen, a virun allem Fraen oder Monoparentalle kréien et doduerch méi einfach gemaach, schaffen ze goen, wa se dat dann och wëllen.

Dat Ganzt - et ass ugeklongen - kascht och eppes. Dat ass e puermol hei erwäänt ginn. Mir menge jiddefalls, datt déi Sue gutt investéiert sinn, well se an d'Zukunft vun eise Kanner wäerten investéiert ginn.

Madamm Presidentin, mat engem Merci un de Rapporteur fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport ginn ech heimadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Claude Haagen. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Mam Projet de loi, dee mer haut de Mëtten debattéieren, ännere mer engersäits d'Gesetz vum 4. Juli 2008 iwwert d'Jeunesse an anerersäits awer och d'Gesetz vum 18. Mäerz 2013 iwwert den Ëmgang mat de Schülerdaten. An ech wollt och fir d'Éischt e puer Wuert iwwert den Ëmgang mat de Schülerdate verléieren.

Et ass natierlech och ee wichtegen Deel vum Gesetz, et ass awer dee bei dësem Gesetz méi einfachen a méi iwwersiichtlechen an och dee manner ëmstriddenen. Mir hunn et hei, wéi esou oft, mat engem Akt, dem Zougréff op perséinlech Daten ze dinn, wou mer mussen d'Balance halen. D'Balance tëschent engersäits dem fundamentale Recht op de Respekt vu jiddwerengem sengem Privatliewen an anerersäits de legitimmen Interesse vun enger Administratioun, fir kënnen hir Aarbecht ze maachen.

D'Commission nationale pour la protection des données hat hiren Avis ofginn. Et war iwwregens deen éischten Avis, deen zu dësem Gesetz erakomm ass. An d'CNPD hat e puer punktuell Kriticken, virun allem beim aktuellen Artikel 8 vum Gesetz, wou se gefrot huet, fir nach méi präzis ze formuléieren, wien an aus wéi enge Grënn Zougréff op dës Daten hätt. D'Kommissioun ass dëse Suggestiounen nokomm an aus eiser Siicht ass d'Wo vun dem perséinlechen Dateschutz an de legitimmen Interesse vun der Administratioun am Equiliber.

Mir brauchen natierlech eng Rei Informatiounen iwwer eis Kanner, eis Schüler, fir kënnen déi Mesuren ze ergräifen, déi mer mat dësem Gesetz wëllen uwennen. An domat kommen ech dann zu den eigentleche Mesuren an zu der Philosophie vun dësem Gesetz.

Am Exposé des motifs geet et emol fir d'Éischt extensiv ëm d'Méisproochegkeet an eise Schoulen a Betreiungsstrukturen. Madamm Presidentin, mir hu festgestallt: D'Meenunge ginn auserneen. Et gëtt, muss ech soen, schonn eng Rei Sätz, déi ee scho bal net méi kann héieren an där Debatt. D'Zesummesetzung vun eiser Gesellschaft ass heterogen, besonnesch och, wat déi geschwate Sproochen hei am Land ugeet. Natierlech, mer brauchen nëmme virun d'Dier ze goen, mer héieren all Dag verschidden a vill Sproochen hei am Land.

Mir hunn dräi offiziell Sproochen an dovunner ass eng och nach d'national Sprooch. Mir sinn eis souguer eens, dat och an eis nei Verfassung ze schreiwen. Mer wësse just nach net, wéini datt mer dann déi nei Verfassung schreiwen.

D'englesch Sprooch gëtt ëmmer méi wichteg. Esou wichteg, datt mer d'lescht Woch nach hei eng Motioun vun der gréissster Oppositiounspartei haten, fir ouni Diskussioun mat de Schoulpartner, ouni och nëmmen déi allergeréngsten Expertise iwwert den Istzustand vun den englesche Sproochekenntnisser, d'Englesch op all Klass op Septième anzeféieren. Mir hunn déi Motioun ofgeleent. An ech mengen och, et war net fir d'Éischt, datt esou eng Motioun do war. Do bräichte mer och Etüden, ier mer esou eppes géifen decidéieren.

An natierlech fanne mer alleguerten d'Lëtzebuerger Sprooch wichteg a wëllen déi férderen, wou et nëmme geet. Zum Beispill d'Conférence nationale des élèves du Luxembourg, déi hat niewent enger ganzer Rei anere Bäitrag am Kader vun der Lycéesreform gefrot, fir op Septième, Sixième a Cinquième och Lëtzebuergesch enseignéiert ze kréien. Si haten awer och gemengt, d'Schüler wieren haut mat där viller Matière iwwerfuerdert. A mir woussten dunn net, ob mer d'Lëtzebuergesch op d'Käschte vum Franséischen, däers mer jo anscheinend net genuch kënnen, oder op d'Käschte vum Engleschen, dat ëmmer méi wichteg gëtt, oder op d'Käschte vum Däitschen, wat souwisou vill ze vill mann an eise Schoule gemaach gëtt, sollten aféieren. Duerfir war ech och net begeeschtert vun där Iddi.

An da gëtt et natierlech och nach Leit heibannen, déi fannen, mer misste méi Russesch an eise Schoule léieren. An ab der Rentrée kann ee Schüler op Sixième am Athénée Chineesesch léieren.

Iwwert déi interessant Pisten, déi d'Europaschoule fir eise Sproochenunterrecht bidden, schwätzen ech bal bei all Schoulprojet. Ech hunn dat dann och haut ugeschwat, mä ech ginn awer elo net weider an den Detail, well et geet jo haut net ëm d'Schüler, eis Zilgrupp si jo haut déi Kleng an déi ganz Kleng.

Wéi mer 1998 schrëttweis den Enseignement précoce agefouert haten, war jo och een Zil, d'Kanner sproochlech ze férderen. An ech wëll och ëmmer erëm derbäihänken: Dat war een Zil, och ee wichtegt Zil, mä et war net dat eenzegt Zil. Mir wollten och d'Motorik an d'sozial Emgänglechkeet an esou weider mat deem Projet férderen.

Mir haten, fir de Precoce anzeféieren, ënner anerem an de Spillschoule festgestallt, datt mer e Phenomeen vu sougenannten „sprachlose Kanner" hätten, an déi Zuel géif och zouhuelen. Et ass festgestallt ginn, datt de Phenomeen manner mat Migratiounshannergrond a méi mat sozialem Émfeld ze dinn hat. Nodeems mer 2009 d'Offer vum Precoce obligatoresch fir all Gemeng gemaach haten, ass dës Offer

awer nach ëmmer zimlech ënnerschiddlech pro Gemeng. Mir ginn dervun aus, datt dat sech awer och elo an Zukunft, vläicht och mat dem Impuls vun dësem Gesetz, wäert änneren.

Madamm Presidentin, mir hunn eng Entwécklung zu Lëtzebuerg, déi rasant geet. Mir hunn an deene leschten zéng, zwanzeg Joren esou vill Aarbechtsplaze geschafen, eis Wirtschaft ass esou attraktiv, datt eis Populatioun kräfteg gewuess ass, an zwar duerch d'Migratioun. An dat huet mat sech bruecht, datt mer vill Leit aus ville Länner am Land schaffen a wunnen hunn. A mer hunn awer och wéi all anert westlecht Land eng Rei Phenomeener an eisem Land, déi no Solutioune gefrot hunn an nach ëmmer froen. Jonk Leit, déi hir Schoul ofgeschloss hunn, kucken, onofhängeg vun hirem Geschlecht, fir um Aarbechtsmaart ënnerdaach ze kommen, an dat ass gutt esou. Jonk Leit gi laang an d'Schoul. D'Zäit, wou déi Jonk an der Schoul verbréngen, geet ëmmer méi wäit erop. An et ass logesch, datt ee sech dann och schwéierdeet, wann een eng Kéier de Wee an d'Beruffswelt fonnt huet, fir do länger Pausen ze maachen.

An da stellt sech natierlech ëmmer d'Fro, wéi een dann d'Famill an de Beruff ënner een Hutt kritt. D'Politik huet reagéiert an de fräie Maart huet och reagéiert. D'Crèchë si wéi Champignonen aus dem Buedem geschoss. Bei deene konventionéierten hat de Stat eng Kontrollméiglechkeet. Bis haut sinn et Virschréften iwwert d'Kannerzuel a Metercarré ginn, iwwert d'Personal an iwwert d'Mëttegiessen. Et war iwwerfälleg, datt de verantwortleche Ministère sech och eng Kéier ëm den Ëmgang mat de Sproochen an de Betreiungsstrukture géif bekëmmeren. Bis haut war et ganz egal, wéi eng Sprooch an der Crèche geschwat gëtt. Dat huet och derzou gefouert, datt mer a ganz ville Crèchen eng aner Sprooch als éischt Sprooch hu wéi d'Lëtzebuergesch. Mir fannen dat net dramatesch. Eng gutt Kannerbetreiung mat kompetenten an engagéierte Leit ass jo nu wierklech net un d'Lëtzebuerger Sprooch gebonnen. An déi Crèchë kënnen eigentlech och, wa mer dëst Gesetz gestëmmt hunn, esou weiderschaffe wéi bis elo.

Et schéngt eis awer nëmme legitimm an et schéngt eis souguer och eng Flicht vum Stat ze sinn, wann en d'Scolarisatioun vun eise Kanner am A huet, wann e Betreiungsplaze grousszügeg ënnerstëtzt. An dëse Projet huet an eisen Äen zwee Schwéierpunkter: Éischtens, d'Méisproochegkeet ze förderen an zweetens, och eng qualitativ héichwäerteg Kannererzéiung zum Deel gratis unzebidden.

De Projet këmmert sech ëm eng méisproocheg Erzéiung a setzt ee Kader, wéi dat soll goen. Et freet eis, datt et ëmmer iwwert d'Méisproochegkeet geet. Et gëtt ëmmer d'Wichtegkeet vun de Kanner hirer Mammesprooch betount. Mir fannen dat absolutt berechtegt. A wann ech virdru vun de sougenannten „sprachlose klenge Kanner" geschwat hat, da betrëfft dat grad just d'Defiziter an der Mammesprooch, an et ass egal, ob dat Franséisch, Däitsch, Englesch, Serbokroatesch, Portugisesch oder Lëtzebuergesch ass. An duerfir ass et och ganz wichteg, datt de Programme d'éducation plurilingue dräi Aktiounsfelder huet:

Éischtens, d'Entwécklung vun de Sproochekompetenze vun de Kanner an hirer Betreiungsstruktur. Do versti mir dee ganze professionelle Volet drënner. D'Éducatrices graduées, d'Educatricen an d'Mataarbechter schaffen ee Plang aus, wéi si dem Éveil aux langues wëllen an hire Strukture gerecht ginn.

Mir sinn immens frou, datt et schonn zënter 2016 eng Rei Pilotprojete gëtt, wou scho fläisseg an déi Richtung geschafft gëtt. Déi Pilotprojete gi jo och wëssenschaftlech vum SCRIPT begleet, an och dat ass wichteg. Well wann een dat net seriö genuch begleet, da riskéiert een eventuell, d'Nowéien dervun ze spieren.

Virum Schoulgesetz vun 2009 zum Beispill gouf et eng Rei Pilotschoulen, déi ënner anerem mat den neien Evaluatiounssystemer wollten Erfahrunge sammelen. Déi Aarbechte si leider ni ofgeschloss ginn an ech gesinn och nach déi widderhuelt Neifaassung vun de Bulletinen am Fondamental als Nowéien dervun, datt do d'Pilotphasen net zu Enn gefouert gi sinn. Kuerz: Mir kréien een nationale Referenzkader fir kleng Kanner am nonformale Bildungsberäich.

En zweete Pilier vun der Éducation plurilingue ass d'Vernetzung an d'Zesummenaarbecht vun deene verschiddene schouleschen a soziale Servicer. Dat ass an eisen Aen eng Noutwendegkeet an dat misst jo och eng interessant Geschicht ginn. Mir kréien eng grouss Zuel vu Beschreiwunge vun den Objektiver vun der méisproocheger Erzéiung, déi de multilinguale Kontext vu Lëtzebuerg als Basis hunn. A genausou vill Beschreiwunge vun de pädagogesche Prinzipien, déi d'Aarbecht um Terrain guidéieren.

Madamm Presidentin, dat ass ganz spannend. Do schreiwe mer e Stéck Sproochegeschicht. Et ass jo ganz an der Rei, wann dat ënnert dem Kader vum SCRIPT leeft, mä ech wier frou, wann do och eng Uni, an dësem Fall am léifsten d'Uni Lëtzebuerg, géif matschaffen. Ech weess net, wéi wäit dat de Fall ass, mä et ass op alle Fall e Wonsch, fir se méi ze héieren.

Ech ginn net esou wäit wéi d'Kolleege vun der CSV d'lescht Woch.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Déi wollten iwwer eng Motioun...

(Hilarité)

Déi wollten iwwer eng Motioun der Uni virschreiwen, wéi een neie Masterprogramm si soll ausschaffen. Duerfir hunn ech ze vill Respekt virun der Gewaltentrennung oder der Fräiheet vun der Wëssenschaft. Ech géif et awer legitimm fannen, mat der Uni en Dialog ze sichen, wéi een dee Wee, dee mer hei ginn, och wëssenschaftlech vun hinne begleede kann.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn e bësse verwonnert, datt vun der Uni.lu d'Impulser an d'Bäiträg zum Thema Méisproochegkeet eigentlech net méi präsent sinn, wéi se dat sinn.

An da kënnt en drëtte Pilier, an dat ass de Partenariat mat den Elteren. An et ass dee Pilier, deen eis och ganz wichteg ze si schéngt, an et ass och deen Deel, deen am schwieregsten ëmzesetzen dierft sinn. Et ass einfach gesot: D'Eltere mussen enk mat de Betreiungsstrukturen zesummeschaffen. Dat ass awer net ëmmer einfach. Dat huet och mam berufflechen a familiäre Status vum Kand sengen Elteren oder sengem Elterendeel ze dinn.

An awer: D'Abezéie vun den Elteren, d'Mathëllef vun den Eltere beim Schwätze léieren ass net ze ersetzen. Et ass jo esou, datt all Etüde soen, datt et vill méi ee prekäert Émfeld ass, dat zum Beispill e schoulesche Succès a Fro stellt, ewéi eng Méisproochegkeet. Duerfir ass et och gutt, datt mer d'Bedeelegung un de Käschten esou staffelen, wéi se hei am Gesetz gestaffelt ginn.

Mir féieren och mat dësem Gesetz fir all Elteren, onofhängeg vun hirer Pai, 20 gratis Stonne fir hir Kanner an, wa si hir Kanner dann an eng Struktur ginn, déi sech ee Sproocheförderungsprogramm gëtt. Mir ginn dervun aus, datt dat derzou féiert, datt relativ schnell relativ vill Strukturen esou ee Programm kréien. Dat huet d'Kolleegin vun der CSV och gesot. Si huet vun „Drock ausüben" geschwat. Ech soen dann: Dat ass e positiven Drock, deen op d'Strukturen ausgeüübt gëtt.

A well mir fannen, datt all d'Kanner sollen zesumme grouss ginn, huele mer och gären a Kaf, datt en Deel vun den Elteren, déi kéinten eng Crèche bezuelen, dës 20 Stonnen awer net bezuelen. Mir wëllen net verschidde Betreiungsstrukture fir Leit mat ënnerschiddleche Portmonnien. An dat wier an eisen Aen eng méiglech direkt Konsequenz, wa mer bei den 20 Stonne géifen Ënnerscheeder maachen.

Madamm Presidentin, ech hunn déi ganzen Zäit iwwert d'Crèchë geschwat. An der Kannerbetreiung gëtt et awer och nach en zweete wichtegen Akteur: d'Assistants parentaux oder d'Dagesmammen. Si spillen och eng wichteg Roll. Si kënnen de Kanner och méi ee klengen, gemittleche Kader ubidde wéi an de Crèchen, déi a mengen Ae leider oft ze grouss sinn. Datt hei am Reseau geschafft gëtt an och Weiderbildungen ugebueden an ugeholl ginn, ass wichteg. Mir sinn allerdéngs der Meenung, datt et hei zwee verschidde Betreiungsmodeller gëtt, déi sech mussen ergänzen: d'Dageselteren an d'Crèche. Déi hunn allen zwee hir Daseinsberechtegung, mä déi kënne mer net gläichschalten. An duerfir menge mer och, datt déiselwecht Usprech un de Plurilinguismus net kënne bei Dageseltere gestalt ginn. Mir haten do länger Diskussiounen an der Schoulkommissioun an dat ass an eisen Aen awer och gutt gekläert.

Fir ofzeschléissen, Madamm Presidentin, mir begréissen et, datt mer eis Betreiungsstrukture méi professionell opstellen, a mengen, datt all déi Mesuren zur Sproocheförderung nëtzlech sinn. Mir wënschen eis a Vertrauen deene Professionellen, datt déi nonformal Bildung och nonformal bleift. Mir kënnen a mussen eis Kanner förderen, andeems mer se spille loossen an zum Spillen animéieren.

D'Kanner léiere gären a vum selwen. A mengem perséinlechen Numm wëll ech awer och nach eng Kéier betounen, datt et awer och Konditioune gëtt, déi ee muss respektéieren, fir datt dat Léiere funktionéiert. Wa mer eis net fir déi Konditiounen interesséieren, wa mer mengen, Kannerkäpp géife wéi Gefässer funktionéieren, déi ee mam Triichter misst offëllen, da komme mer un dat, wat ee genannt huet: „den Nürnberger Trichter". An da riskéiere mer, zréckzekommen a Richtung Spéitmëttelalter.

Duerfir schéngt et eis evident ze sinn, datt och all déi Mesuren, déi mer hei huelen, am Interêt si vun de Kanner an am Interêt vun enger Förderung vun der Méisproochegkeet. Mir sollen awer net vergiessen, datt mer och d'Kanner Kanner si loossen an hinnen Zäit loossen a Raum loossen, fir sech spilleresch weiderzëentwéckelen.

Ech soen Iech Merci a bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Claude Adam. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Madamm President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus e grousse Merci un den Här Rapporteur, den Här Gilles Baum, deen eis de Projet presentéiert huet, ganz kompetent, wéi en dat ëmmer mécht.

An et ass vläicht fir mech eng Geleeënheet, nodeem d'Diskussioun jo awer schonn eng Zäit gelaf ass, fir fir d'Éischt op déi véier Haaptargumenter ze äntweren, déi d'Regierungsparteien eis hei presentéieren, fir dee Projet hei ze justifiéieren.

Dat Éischt, wat mer ëmmer héieren hunn, dat ass d'gratis Betreiung. Et ass praktesch wéi e Kaddo presentéiert ginn, deen d'Regierung elo den Eltere mécht. Mä ech wëll just rappeléieren: D'Regierung huet keng Suen. Et sinn d'Steierbezueler, déi déi Suen zur Verfügung stellen, d'Leit alleguer, déi Steiere bezuelen. Et sinn deenen hir Suen, déi ëmverdeelt ginn. An zwar gi se ëmverdeelt vun deene Leit, déi hir Kanner wëlle selwer erzéien - well déi kruten hir Allocatiounen am Zukunftspak alleguer gestrach, déi si bis dohinner haten - a se ginn ëmverdeelt an deen eenzege Familljemodell, deen dës Regierung ënnerstëtzt. An dat ass eng fundamental Ongerechtegkeet.

Et ass also eng Ëmverdeelung vun der Laascht vun der Kannererzéiung zulaaschte vun deene Familljen, déi hir Kanner selwer wëllen erzéien, au bénéfice des autres. An dat Element vun Ausgläich vu sozialer Gerechtegkeet, dat bis zum Zukunftspak dozou bestanen huet, ass komplett verschwonnen. Also gratis Kannerbetreiung gëtt et net. Et bezilt ëmmer een. Et sinn d'Leit, déi et bezuelen.

Dat zweet Argument waren déi wëssenschaftlech Studien. Et muss een dat am Detail kucken, dozou hate mer elo keng Geleeënheet. De Minister hat eis do Lëschten zur Verfügung gestallt vun deene Studien, mä deen éischten Androck ass éischtens, datt déi Studien dacks vu Soziologen erstallt ginn, siele vu Pädagogen a vu Linguisten, an dacks a Länner, déi eng komplett aner sproochlech Geografie hu wéi Lëtzebuerg: aus Wales, wou d'Zweesprochegkeet besteet tëschent Walisesch an Englesch, aus Däitschland a Frankräich huet den Här Lamberty eis Studien zitéiert, wou jo bekanntlech och eng Eesprochegkeet virherrscht. An Däitschland, bon, mat tierkesche Kanner, a Frankräich mat anere Kanner.

An datt Professere vun deenen Universitéiten interesséiert sinn, wéi dat Experiment zu Lëtzebuerg, wat op Käschte vun eise Kanner gemaach gëtt, ausgeet, dat kann ech novollzéien. Awer et ass net wëssenschaftlech domadder ënnermauert, datt dat eng gutt Saach wär fir d'lëtzebuergesch Kanner.

Dat drëtt Argument ass dat, wat d'DP hei gesot huet, d'DP wär derfir, fir net ze trennen, keng Segregatioun, mä Integratioun, d'Kanner zesummenzeféieren a keng Schoulen, déi d'Sproochendifferenzen nach förderen. Ma d'lescht Woch hate mer genau dat. Si maachen ëmmer méi anersprocheg Filièren an eiser ëffentlecher Schoul, ëmmer méi international Schoulen, mä dat Zesummeliewe vun de Lëtzebuerger Schoulkanner oder Jugendlechen, dat verréngert sech jo duerch d'Aféierung vun deene Schooltyppen. U sech ass d'DP-Schoulpolitik genau dat, wat den Här Lamberty hei kritiséiert huet! Et gëtt ëmmer méi Filièren an u sech ginn d'Kanner ëmmer méi verdeelt, genau no hire sproochleche Kritären.

An dat véiert Argument, wat heescht, et wier eng Saach vun der Chancëgläichheet. Gläich e puer Riedner vun de Regierungsparteien hunn dat un éischter Plaz genannt, dat Argument. An do ass eng Kontradiktioun am Rapport. Ech wëll Iech deen zitéieren, well et gëtt ëmmer gesot: „Et ass eng Saach vun der Chancëgläichheet, dofir musse mer d'Sproochen elo ännere goen."

Am Rapport steet, an ech zitéieren dat: «Ce n'est cependant pas l'origine linguistique des enfants qui détermine en premier lieu le succès ou l'échec scolaire.» An am Paragraf hannendrun, ech zitéieren: «Afin (...) d'offrir ainsi à tous les enfants les meilleures chances de réussite, le Gouvernement mise sur une initiation précoce et ludique au multilinguisme (...).» Also an engem Paragraf gëtt gesot: Et ass net d'Ursaach, d'Sproochen, an am Paragraf hannendru gëtt gesot: Ma et ass jo net d'Ursaach. Et bezitt sech drop, an awer ännere mer dat. Do ass keng Logik.

An et ass ganz kloer, ech mengen, déi gréng si jo Spezialisten, fir ze soen: „Et däerf ee Verschiddenes net vermëschen." Ekologie- a Sozialpolitik mussen zum Beispill ëmmer getrennt ginn, wann et ëm d'Taxen an de Gemenge geet. Dat ass en Argument, wat een ëmmer héiert. Mä wann een Ekologie a Sozialpolitik net soll matenee vermëschen, da kann een och Sproochepolitik a Sozialpolitik net matenee vermëschen.

Fir mech ass deen éischte Fazit also, datt déi Argumenter, déi d'Regierung bruecht huet, alle véier entweder op Kontradiktiounen, op Onwëssen oder op Onvollstännegkeet berouen an u sech falsch sinn. Mir sinn hei konfrontéiert mat enger Argumentatioun, déi méi ideologesch ass, wéi datt se op iergendenge Fakte kann opgebaut ginn.

Fir eis als ADR ass et ganz kloer: Fir eis ass d'Integratiounssprooch Lëtzebuergesch an näischt aneres. Mir hunn eng Situatioun hei am Land, wou mer elo geschwë bei 47,7% Auslänner, ech mengen, dat ass déi lescht Statistik, sinn. Elo ass d'Integratioun op Lëtzebuergesch nach méiglech. Mä wéi laang nach? Wou steiert dëst Land hin? Op wéi eng Parallellgesellschaften, op wéi eng Evolutiounen, op wéi eng zentrifugal Zukunft musse mer eis astellen, wa mer dee Rendez-vous elo verpassen?

Deen „Vivre ensemble", vun deem ëmmer geschwat gëtt, dee muss ee wëllen. An dee kann nëmme reusséieren, wa mer eis op eng Sprooch beruffen, an dat kann nëmme Lëtzebuergesch sinn.

Lëtzebuergesch ass fir eis Integratiounssprooch, Inklusiounssprooch, fir datt jiddweree kann un allen Aspekter vun eiser Gesellschaft deelhuelen, inklusiv dem Accès op d'Nationalitéit. Lëtzebuergesch muss an der Medezinn an am Commerce favoriséiert ginn. Mir mussen eis eege Kultur a Geschicht och kënnen un déi Leit vermëttelen, déi bei eis kommen. Dat ass eis Grondhaltung. An et ass déi eenzeg, déi fir eist Land eng Zukunftsperspektiv huet, déi eis et erlaabt, och an Zukunft als Solidargesellschaft virun ze fonctionnéieren.

Déi Argumenter an Detailer, déi nach bruecht goufen, do hunn anerer schonn drop reagéiert. Et ass fir d'Kanner virun allem emol wichteg, fir d'Éischt déi eege Mammesprooch kënnen ze festegen. A virun allem wann de politesche Wëllen dann do gewiescht wär vun dëser Regierung, fir Lëtzebuergesch ze stäerken, dann hätt jo kënnen e Gesetz agefouert ginn, dat virschreift, an all Crèche, inklusiv an deene frankofone Crèchen, déi mer hei am Land op kommerzieller Basis jo hunn, Lëtzebuergesch ze schwätzen.

Näischt huet eis do forcéiert, fir ze soen: Ma da muss och an deene bis elo lëtzebuergeschsproochege Crèchen elo Franséisch geschwat ginn. Dat ass einfach e Choix vun der Regierung gewiescht. An ech froe mech ëmmer, mat wéi engen Hannergedanken. Ech weess jo, d'Kolleege vun der LSAP - si hunn et haut net widderholl, mä mir wëssen et - hätte jo gär eng Alphabetiséierung op Franséisch à terme, dat hu se schonn e puermol gesot. Majo, wann ee gär eng Alphabetiséierung op Franséisch hätt amplaz op Däitsch, dann ass wahrscheinlech déi fréi Sensibiliséierung op Franséisch och keen harmlosen Hannergedanken. Et ass e weidere Schrëtt op d'Frankofoniséierung vum Lëtzebuerger Land. An ech mengen, mir mussen dat kloer erkennen.

Et ass och net duerchsetzbar. Déi Iddi vun der Regierung léisst sech duerchsetzen an deene Crèchen, wou bis elo Lëtzebuergesch geschwat ginn ass, well do déi Educateuren, dat Personal, wat do schafft, am Prinzip och Franséisch kann. Mä an deene franséischsproochege Crèchen, wou soll dat Personal hierkommen, wat Lëtzebuergesch kann?

A virun allem ass do dacks eng Mentalitéit, wann ee mat deene Leit schwätzt, déi do an deem Secteur schaffen, wou een, an ech mengen, dat ass eppes, wat mer aus villen Alldagssituatioune kennen, wou een dann ze héiere kritt: «Le luxembourgeois n'est pas une langue.» A mat där Mentalitéit gesinn ech net, wéi mer et kënnen hikréien, fir an deene franséischsproochege Crèchë Leit dohinnerzekréien, fir Lëtzebuergesch mat de Kanner ze schwätzen.

Derbäi kënnt d'Diskriminéierung vum Däitschen. Och dat hu schonn anerer gesot. An d'Diskriminéierung vum Däitschen ass net nëmmen en Aschnëtt an déi traditionell Dräisproochegkeet vun eisem Land, et ass och e weideren Obstakel fir Kanner, déi aus engem net romaneschsproochegen Ausland komme wéi all déi Slawen zum Beispill, déi hei sinn, a wéi déi Anglofon. Fir déi ass Däitsch däitlech méi einfach wéi Franséisch. An och do schafe mer nei Diskriminatiounen, genausou wéi mer géint all déi nei Diskriminatioune schafen, déi weder aus engem romaneschsproochegen nach lëtzebuergeschsproochegen Haus kommen, well se gläich mat zwou Friemsprooche konfrontéiert sinn amplaz just mat enger.

Et ass eng Konkurrenz fir déi Elteren, déi hir Kanner selwer wëllen doheem erzéien, well déi mengen, hir Kanner géifen eppes verpassen, wa se net dohi ginn. An all déi Facteuren zesumme bréngen eis als ADR zu enger klorer Iwwerzeegung, dat ass, datt mer eise Schoulsystem, Crèchen an éischte Cycle, net géife belaaschte mat där do Form vu Méisproochegkeet. Et ass einfach eng Weichestellung an déi falsch Richtung. Well wa mer ab deem do Alter, an där do Form, schonn d'Weichen a Richtung Franséisch stellen a Violatioun mat eiser traditioneller Sproochesituatioun am Land, op d'Käschte vun eise Kanner, op d'Käschte vu ville Kanner, déi aus anere Länner kommen, ma dann orientéiere mer eise ganze Schoulsystem mëttel- a laangfristeg anescht - dat ass och vläicht gewënscht - a mir maachen dat zulaaschten - an dat ass jo elo däitlech erkläert ginn - vun eise Kanner.

Et ass eng Politik, déi mir net matdroen. An Dir kënnt lech drop verloossen - ech soen dat hei ganz kloer -, datt, wann eng ADR eng Kéier an der Regierung ass, ass dat do eppes, wat geännert gëtt! Ech weess net, ob iergendeng Partei heibannen datselwecht Versprieche ka maache wéi mir. Dat heescht, wa mer an enger Regierung wären, datt dat do och géif geännert ginn.

Une voix.- Et wäert glécklecherweis ni geännert ginn!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech soen lech Merci. D'ADR stëmmt dat hei selbstverständlech net.

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kartheiser. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Madamm Presidentin. Eis méisproocheg Gesellschaft ass op Basis vun historeschen Entwécklungen entstanen. Historesch Entwécklungen am Beräich vun der Migratioun, mä och vun der ekonomescher, sozialer Transformatioun vum industrielle Lëtzebuerg zu enger Déngschtleeschtungsgesellschaft, souguer mat enger deelweis staarker internationaler Prägung.

Dee schnellen a radikale Wandel vun der Lëtzebuerger Gesellschaft säit dem Ufank vun de 70er Joren hannerléisst natierlech Nowierkungen a verschiddene gesellschaftleche Beräicher, déi enk mat der schoulescher Ausbildung zesummenhänken. Ëmmer méi Leit aus dem Ausland kommen op Lëtzebuerg op der Sich no enger Aarbecht. Een ëmmer méi groussen Undeel vu Kanner mat Migratiounshannergrond, wéi een esou schéi seet, integréieren eise Schoulsystem. An een ëmmer méi grousse Prozentsaz vu Kanner hu Schwieregkeete mam Léiere vun de Friemsproochen an eisem Schoulsystem.

Eise Service public soll also déi sozial an ekonomesch Integratioun vun den alen an neien Awunner förderen a stäerken, andeems en esou vill wéi méiglech an de Beräich vun der Educatioun investéiert a grousse Wäert op eng qualitativ héichgeschaten Ausbildung vum Educatiounspersonal an den Auszebildende leet.

Dëse Gesetzesprojet ziilt an déi richteg Richtung mam Usaz, e qualitative Referenzkader opzebauen am Beräich vun der Entwécklung vu méisproochege Kompetenze bei de klenge Kanner vun engem bis véier Joer. Datt den Accent beim Apprentissage vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch läit an domat als Sprangbriet, fir weider Friemsproochen ze léieren, kann déngen an ass och eng gutt Initiativ.

D'Fuerderung, datt de Kanner hir Mammesprooch an deemselwechte Kontext soll valoriséiert a weider gestäerkt ginn, kann een nëmmen ënnerstëtzen, well et och wëssenschaftlech bewisen ass, datt d'Maîtrise vun der Mammesprooch eng Viraussetzung ass, fir sech weider Sproochen unzëeegnen.

Bis elo gouf et am Beräich vun der net formeller Educatioun kee Referenzkader fir souwuel déi pädagogesch Ausbildung vum Personal wéi d'pädagogesch Mëttel, déi kënnen agesat ginn, fir de Kanner hir sproochlech Kompetenzen ze optimiséieren.

Leit, déi als wëssenschaftlech Experten am Beräich vun der multilinguistescher Pädagogik schaffen a fir hir Etüde regelméisseg dem Educatiounspersonal seng Methodik observéiere ginn, hu festgestallt, datt déi verschidde Strukture vun der Kannerbetreiung ganz verschidden un déi multilingual pädagogesch Methoden eruginn an ëmsetzen an datt et a verschiddenen Etablissementer ganz gutt klappt an an anere guer net, jee no Kompetenze vum Personal, dat do ass.

Mir mengen, datt dëse Projet de loi mat der Ambitioun, d'Sproochekenntnesser vun alle Kanner fréi ze fuerderen an hinnen domat eng méiglechst héich Chance op eng Reussite an eisem Schoulsystem ze bidden, nëmmen da luewenswäert ass, wann en net, wéi et elo de Fall ass, iwwert de Knéi gebrach gëtt.

Déi richteg Leit wären an eisen Aen déi Leit, déi als Fuerscher hei zu Lëtzebuerg täteg sinn a selwer Erfahrungen am lëtzebuergeschen Educatiounssystem gesammelt hunn, zum Beispill als Enseignant oder och hei ageschoult waren. Bei der Entwécklung a Vermëttlung vu multilinguale pädagogesche Methode géifen dës Fuerscher um Terrain mam Educatiounspersonal enk zesummeschaffen. Dat ass och elo schonn de Fall bei Fuerschungsprogrammer op der Uni Lëtzebuerg, déi zwar vum Ministère finanzéiert gëtt, mä zum Beispill net an d'Entwécklung vu Pilotprojete matagebonne gëtt.

Ech kommen och nach erëm op de Problem vum Zäitmangel zréck. D'Ëmsetze vun dësem Projet de loi setzt en Ëmdenken an eng Erneierung vun de Kompetenze vum Educatiounspersonal viraus. Dëst brauch vill Zäit, vill méi Personal wéi déi ugekënnegt 10% an och vill méi Formatiounsstonne wéi 32 Stonnen op zwee Joer verdeelt.

Eleng d'Formation continue, fir den neie Sproocheprogramm kënnen ëmzesetzen, muss op laang Dauer an intensiv vum Educatiounspersonal besicht ginn. An och déi administrativ Fuerderungen un datselwecht Personal, déi nach derbäikommen, sinn an dësem Fall eng Laascht. Eng besser Aarbechtsopdeelung duerch méi Personal an och méi Investissementer an d'Erweiderung vun den Infrastrukture sinn also néideg.

Madamm Presidentin, ech mengen, mer sinn eis hei offensichtlech net onbedéngt eens, wat e Service public ass. Ursënn war d'Ofschafung vun universale Rechter, déi all Bierger garantéiert kréien, duerch d'Aféierung, deemools, vun der sougenannter sozialer Selektivitéit, déi mir als déi Lénk léiwer als asozial Selektivitéit bezeechnen. Amplaz massiv ëffentlech Strukturen op d'Been ze setzen, goufe privat Strukture geschafen - si sinn deelweis wéi Champignonen aus dem Buedem geschoss - an déi awer duerch d'Chèque-servicë vun der Allgemengheet finanzéiert ginn, wou awer d'Qualitéit net geséchert ass an dofir e Referenzkader huet misse geschafe ginn. Mir hunn eis d'Liewen also eendeiteg méi komplizéiert gemaach, nëmmen aus Spuergrënn!

Domadder hätte mer bei der Kannerbetreiung ganz komplizéiert Calculle vermidde bei de Chèques-services accueil, déi dat solle kompenséieren, wat de Stat versicht, iwwer een an en hallwe Mount ze spueren. D'Leit schaffen hei zu Lëtzebuerg a si cotiséieren. Dofir solle se och d'Recht hu fir e richtege Service public, fir eng Kannerbetreiung, wou net klenglech gerechent gëtt, fir e Maximum ze spueren, do wou d'Spuerlogik näischt verluer huet.

Zum Schluss nach eng Remarque zu der restriktiver Notzung vun de Chèques-services accueil, wat d'Frontaliere betrëfft. Well déi hunn nääämlech theoretesch och en Urecht op dës sozial Déngschtleeschtung, well se jo och hei bei eis am Land schaffen a cotiséieren, mä si kënnen awer an der Praxis net dovunner profitéieren. Et ass nääämlech esou, datt d'Frontalieren aus praktesche Grënn hir Kanner do, wou se wunnen, och an d'Crèche oder soss eng Betreiung ginn, vläicht well se net mat hire Kanner am Stau wëlle stoen um Wee fir op hir Aarbecht.

Deen anere Problem ass, datt kaum eng Kannerbetreiungsstruktur a Frankräich, Däitschland oder an der Belsch d'Mëttel huet, déi lëtzebuergesch Fuerderungen un d'Prestatairë vun de Chèques-services accueil ze erfëllen. D'Kompetenzen, fir de lëtzebuergesche Referenzkader an d'Formatiounen, déi heimat verbonne sinn, an engem anere Land kënnen ëmzesetzen, leie jo net hei beim lëtzebuergesche Stat.

Dat heescht, mir si weiderhin als déi Lénk der Meenung, wa vun der sozialer Selektivitéit geschwat gëtt, datt dat awer a Wierklechkeet e richtege Feeler war an datt dat u sech e Mëttel ass, fir universal Rechter an universal Déngschtleeschtunge lues a lues ofzebauen. Dat huet net déi heite Regierung erfonnt, dat war schonn déi viregt Regierung.

Ech mengen, mir sinn als déi Lénk déi Eenzeg nach, déi der Meenung sinn, datt e richtege moderne Stat e richtege Service public brauch. Well elo si mer an der absurder Situatioun, datt mer weiderhin ëffentlech Gelder ginn u privat Strukturen, déi net ëffentlech sinn, wou et schwéier ass ze kontrolléieren. An och souguer, wann ee versicht, gutt Reformen ze maachen, wéi déi heiten am Usaz vläicht eng gutt Reform ass, da kann een dat trotzdeem net hikréien.

Dir sidd an enger Logik..., Dir wëllt einfach net verstoen, datt et eng Logik gëtt, datt soubal ee vum Service public ofkënnt, da kënnt een an Däiwelskichen an da kritt een näischt méi esou richteg kontrolléiert. Dofir, aus deenen Ongerechtegkeeten, an och déi Ongerechtegkeete souwisou, déi mer och hunn, wat d'Frontalieren ugeet, aus dësen Ursaache wäerte mir eis bei dësem Projet de loi enthalen.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Wagner. Ech hunn elo keen Deputéierte méi ageschriwwen. Ech géif dann direkt dem Här Jugend- an Educatiounsminister Claude Meisch d'Wuert ginn. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Villmools Merci, Madamm Presidentin. E grousse Merci och un all d'Intervenanten, ganz besonnesch de Rapporteur, de Gilles Baum, deen eis an dës Matière de Mëtten hei agefouert huet.

Ech wëll vläicht am Ufank nach eng Kéier de Fokus op dat, wat, wann een iwwer Kanner schwätzt, zwar am onwichtegsten ass, mä awer dorobber leeën, well et an der Debatt de Mëtten awer e bëssen ënnergaangen ass. Dat sinn déi finanziell Auswierkungen hei. Et ass esou, datt dat Gesetz hei 81 Milliboune pro Joer wäert kaschten: 18 Millioune fir déi 20 Stonne gratis, déi all Kand an Zukunft wäert hunn an enger Crèche, déi sech dësem Programm hei raccordéiert, an der Woch, tëschent eent a véier Joer, 23 Millioune fir Qualitéitsverbesserungen an de Crèchen, Formatioun vum Personal, 10% méi Personal, also Augmentatioun vum Personalschlëssel, a 40 Millioune fir Tariffsenkungen iwwert d'Alterskategorie véier bis zwielef Joer. Esou setze sech déi 81 Milliounen zesummen.

Et ass de Mëtten hei scho geschwat ginn, datt de Jean-Claude Juncker eng Kéier op dësem Pult hei stoung a gesot huet, fir hie wär à moyen terme d'Kannerbetreiung gratis unzebidden. D'CSV huet haart gejaut a gesot, neen, dat wär jo awer net fir déi kleng Kanner, net ab ee Joer. Op d'mannst mat deem Volet, ech wëll soen, datt ech dat néierens héieren hunn, déi Präzisioun, aus dem Mond vum Jean-Claude Juncker! Dat ass iergendeng „No-Interpretatioun", déi elo vun deenen, déi haut an der CSV d'Soen hunn, derbäigesat ginn ass.

Mä och souguer, wann et esou wär, misst d'CSV dach vläicht begréissen, datt mer och 40 Milliounen an d'Tariffsenkung vum Chèque-service fir d'Maison relais an der Alterskategorie vu véier bis zwielef Joer mat an dësem Pak hei dran hunn! Nun, ech hunn et net héieren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Eis ass et besonnesch wichteg, datt mer natierlech hei op zolittem wëssenschaftleche Fundament stinn, wa mer e Projet wéi deen heiten uginn. Dat hu mer vun Ufank u gemaach. Mir hunn déi Referenzfuerscherin, déi op der Uni Lëtzebuerg aktiv war, rekrutéiert fir d'Ausschaffung vun deem heite Konzept. Mir hu mëttlerweil och nach eng Kéier vill gelies doruechter a vill international renomméiert Sproochefuerscher kontaktéiert an hinnen eise Projet erkläert. A mir hunn dann haut - an de Claude Lamberty huet jo nach eng Kéier déi Affiche gewisen, mir hunn dat och nach eng Kéier an enger Broschür zesummegefaasst - quasi 40 international renomméiert Sproochefuerscher, déi genau dat heite bestätegen, datt eng méisproocheg Fréiförderung am Interessi vum Kand ass! Punkt!

A wann dann hei anerer zitéiert ginn, da muss ee se awer vläicht och an de Kontext setzen. D'Madamm Hetto zitéiert hei de wuelbekannten, ganz populäre Schwäizer Bildungsexpert, de Remo Largo. Mir haten och mam Här Largo Kontakt. Ech kann Iech soen, wat en eis geschriwwen huet, Madamm Hetto! Ech zitéieren: „Ich bin ganz begeistert von der Art und Weise, wie Sie mit dem Thema Sprachenerwerb umgehen. Der Ansatz ist sehr kindgerecht." Par contre seet en...

(Brouhaha)

Par contre seet en, datt de Friemsproochenunterrecht, wéi en op ville Plaze gemaach gëtt, net nëmmen hei, mä iwwerall gemaach gëtt, datt dat nach ëmmer - iwwer Vokabulär, iwwer Regelen - en „pädagogeschen Irrweg" ass. Dat seet de Remo Largo och am Zesummenhang vun dësem Konzept,...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Dat hu mir och gesot!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- ...wat mer amgaange sinn...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Et hätt ee sollen do upaken!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- ... landeswäit hei ëmzesetzen.

Ech hu gesot, datt mer eng Bildungsfuerscherin engagéiert hunn, fir dat Konzept auszeschaffen. Et wäert net dobäi bleiwen. Mir hu jo haut och annoncéiert, datt mer en zwielefkäppege wëssenschaftleche Bäirot schafen, fir dee ganze Projet ze begleeden. Ech denken - jiddwereen huet dat gesot -, dat misst jo hei op eng breet Zoustëmmung stoussen. Zwielef, och zum Deel vun deenen an déi 40 international renomméierte Bildungsexperten, national an international renomméierte Bildungsexperten, sinn an deem wëssenschaftleche Bäirot derbäi.

Si wäerten d'Ëmsetzung vun deem ganze Konzept hei begleeden, evaluéieren, beroden, och kucken, datt déi Agent-régionallen, déi d'Ëmsetzung um Terrain kontrolléieren, och suivéiert ginn an den néidege Feedback och do zesummefléisst an a béid Richtunge fléisst. Fënnef vun deenen zwielef Memberen an deem wëssenschaftleche Bäirot kommen och vun der Uni Lëtzebuerg. Dat ass de Mëtte jo hei gefuerdert ginn. Nun, genau dat doten, dat maache mer.

Ech wëll mech net heihinnerstellen a soen, dat hei wär eng grouss Revolutioun! Well dat, wat hei gemaach gëtt, dat fonctionnéiert an Dausende vu Crèchen hei am Land a queesch iwwert d'Welt, datt d'Kanner fréi mat méi Sproochen a Kontakt kommen, fir hir Kommunikatiounskompetenzen an hir Sproochevillfalt vun Ufank un ze favoriséieren. Mir hunn dat jo och nach eng Kéier, an dat ass de Mëtten hei gesot ginn, a Pilotcrèchen evaluéiert. Mir hunn doropshi Best Practices festgehalen, déi elo un aner Akteuren, un aner Crèchen am ganze Land kënne weidergereecht ginn.

Jo, a mir schreiwen hei fest, datt mer ebe souwuel déi franséisch Sprooch wéi och ganz besonnesch déi lëtzebuergesch Sprooch iwwerall gäre präsent hätten. Mir schéngen eis jo alleguerten eens heibannen ze sinn, wéi wichteg d'Lëtzebuerger Sprooch ass. Ma da kommt, da maache mer dat elo emol, datt mer eis e Sproochekader gi fir de Klengkandberäich, fir d'Klengkandbetreiung, wou Lëtzebuergesch muss präsent sinn an all Struktur!

Mä mir sinn eben och der Meenung, an do schénge mer eis dann net ganz eens ze sinn, datt d'franséisch Sprooch fir ganz vill Kanner och wichteg ass an datt se och fréi mat der franséischer Sprooch a Kontakt solle kommen. Jiddwereen, deen an de leschten Deeg Eltere begéint huet, déi an der Situatioun waren, datt se drop gewaart hunn, wéi dann d'Resultat vum Passage Fondamental-Secondaire gewiescht wär, all déi wëssen dach, wéi essenziell d'franséisch Sprooch ass fir de Schoulparcours, datt do geziddert gëtt, datt et wéinst dem Franséischen net duergeet, fir an de klassesche Lycée ze kommen. Kommt, da sidd dach emol éierlech: Jiddwereen huet déi doten Angscht bei sengen eegene Kanner! Mir kennen dach alleguerte Familljen, wou dat doten de Fall ass.

Nun, hei maache mer eppes! Net nëmmen am Sproochenunterrecht, am Cycle 2, 3 a 4, mä à la base! Well mer och do wëssen - an dat soen d'Wëssenschaftler eis, dat ass net eng politesch Fro, dat ass eng reng wëssenschaftlech Fro -, datt et eben eng Zäitfënster gëtt, wärend där ee mat Liichtegkeet, am Spillen eng Sprooch nach ka léieren, d'Haaptstruktur vun enger Sprooch och nach kann opsaugen, an datt den éischte Moment, wou mer haut an eisem Schoulsystem mat Franséisch a Kontakt kommen, nääämlech am Alter vu siwen, vun aacht Joer, datt déi Zäitfënster dann amgaangen ass definitiv zouzegoen. Datt mer dat ze spéit maachen an datt mer genau dat dote falsch maachen; duerfir gi mer op en anere Wee!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Da kéinte mer jo dann nach Englesch léieren.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- An duerfir konzentréiere mer eis hei net nëmmen op en Iwwerschaffe vun de Programmer an där

doter Altersstruktur respektiv vum Schoulmaterial a vun der pädagogescher Approche, mä mir setzen zum richtegen Zäitpunkt un, och mam Franséischen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Dann ass dat heiten awer e Gesetz, wat däitlech zur Entlaaschtung vun Dausende vu Familljen hei am Land wäert bäidroen, eng Entlaaschtung an der Héicht, jee no Familljesituatioun, jee no Kannerzuel, jee no Akommessituatioun, vun 1.000, 2.000, 3.000, 4.000, jo, souguer bis zu 5.000 Euro am Joer, wou d'Familllje mat Kanner, besonnesch déi mat méi Kanner, ganz besonnesch och wäerten entlaascht ginn. Dat ass eng Politik fir d'Familljen. Dat ass eng Politik fir d'Kanner. Dat ass méi Kafkraaft fir Familllje mat Kanner!

An et ass eng selektiv Politik, well akommesschwaach Kanner méi gratis Stonne kréien, net nëmmen tëschent eent a véier Joer, mä iwwert de ganze Barème vum Chèque-service ewech, och also tëschent null an zwielef Joer. Dat ass sozial Selektivitéit! Dat ass Kafkraaftstäerkung fir Familllje mat Kanner. An do ass offensichtlech de Mëtteg hei net jiddwereen dermadder d'accord gewiescht.

Mir wëllen eng besser Preparatioun vun de Kanner op d'Méisproochegkeet an der Schoul, an der Gesellschaft. Mir wëllen en onverkrampften Émgang och scho bei de Kanner mat eiser Méisproochegkeet. Duerfir wëlle mer ewechkommen dovun, datt mer eenzel Sprooche verbidden an de Betreiungsstrukturen a soen, et dierft nëmmen déi dote geschwat ginn. Mä mir sollten eis multilingual Realitéit mat an den Émgang och mat deene klenge Kanner eranhuelen, well kee seet, datt dat hinnen iergendeppes géif schueden.

An et baut se op: Et gëtt hinnen en natierleche Bezuch herno zu deene Sproochen, déi se do héieren, zu hirer Mammesprooch, dem Lëtzebuergeschen an och dem Franséischen. An dat an der Kontinuitéit herno iwwert d'Crèche eraus am Cycel 1, am Precoce, an der Spillschoul, fir datt mer duerno, wann et an d'Alphabetiséierung geet, wann et ëm Liesen- a Schreiweléiere geet am Däitschen an am Franséischen, méi eng homogen Sproochesituatioun am Klassesall virfannen, wéi mer dat haut hunn. Well dat ass haut d'Haapterausfuerderung fir d'Enseignanten am Cycel 2 mat där enormer Bandbreet vu Sproochekompetenzen an -situatiounen, mat där den Enseignant bei der Alphabetiséierung haut nach ëmmer konfrontéiert ass.

Mir hunn hei an deem ganze Pak dran, och fir d'Stäerkung vun der Mammesprooch, awer net nëmmen doweinst, en Abanne vun den Elteren an den Aktivitéits-, an de Betreiungsstrukturen, well mer fest der Meenung sinn, datt et net esou ka sinn, datt d'Elteren d'Impressioun kréien, och duerch dës Politik d'Impressioun kréien, datt se aus der Responsabilitéit eraus wären, datt et d'School, virdrun d'Crèche, duerno nach d'Maison relais, duerno vläicht nach aner Aktivitéite sinn, déi exklusiv sech ëm d'Kanner ze këmmeren hätten a wou den Erzéiungsoptrag wär. Neen, duerfir solle mer vum éischten Dag un, wann d'Kand an der Crèche schonn ugemellt gëtt, kloer maachen, datt dat net de Fall ass, datt d'Elteren eng Verantwortung hunn, an och fir dat Kand an der Crèche eng Verantwortung hunn, en Erzéiungsoptrag hunn, dee se wouerzehuelen hunn.

Dat kann iwwer eng Participatioun an der Gestioun vun där Struktur méiglech sinn. Dat kann iwwer gemeinsam Aktivitéite méiglech sinn. Mir brauche virun allem do eng nei Kultur vun der Participatioun, vum Zesummeschaffen tëschent Institutioun, hei d'Crèche, duerno d'School, an dem Elterenhaus op där anerer Säit. A mir brauchen och déi Vernetzung, déi an dësem Gesetz virgesinn ass tëschent de Betreiungsstrukturen, der Schoul, den Hëllefsdéngschter, der Gesellschaft, eben all deenen Akteuren am Land, déi fir Kanner an där doter Alterskategorie do sinn.

Dëst ass, Dir Dammen an Dir Hären, e weidere Qualitéitssprong an der Kannerbetreiung, virun allem an der Klengkandbetreiung. Dëst passt zu Lëtzebuerg. Dëst gëtt eis eng stabill Basis fir eis Méisproochegkeet. An et ass e gesond Fundament, op deem duerno de Sproochenunterrecht kann opbauen.

An, Madamm Presidentin, ech ka mer net richteg erklären, firwat een de Mëtteg hei mat Nee géif stëmmen. Well et muss een et jo awer nach eng Kéier kloermaachen: Firwat stëmmt een hei net fir dëse Projet?

(Interruption)

Wann een hei mat Nee stëmmt, dann ass een dergéint, datt mer an Zukunft d'Konditioun setzen, datt een héich Sproochekenntnisser, -kompetenzen am Lëtzebuergesche muss präsent hunn an der Crèche an am Franséische muss präsent hunn an der Crèche. Et ass een dergéint, datt d'Mammesprooch och iwwert d'Crèche zesumme mat der Famill, zesumme mat den Educateuren, den Educatricë soll gefërdert ginn. Et ass een dergéint, datt mer méi e bewossten Émgang mat der Sprooch an de Klengkandstrukture sollen hunn. Et ass een dergéint, datt mer d'Eltere méi kloer matabannen an der Gestioun an an den Aktivitéite vun deene Strukturen. Et ass een dergéint, datt mer de Strukturen 10% méi Moyene gi fir d'Personal, fir zousätzlecht Personal anzestellen. Et ass een dergéint, datt mer méi Formatioun ubidden, datt mer e Référent pédagogique hunn an datt mer dat Ganzt och nach kandgerecht maachen.

Wann een Nee stëmmt,...

(Interruption)

...da stëmmt een do dergéint an et stëmmt een och fir (veuillez lire: géint) eng däitlech Entlaaschtung vun de Familllje mat Kanner, mat ville Kanner, mat klenge Kanner hei am Land!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et mengt een haaptsächlech, datt Dir déi Ziler net erreecht, déi Der elo genannt hutt. Dofir stëmmt een dergéint!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- ...et ass keen Zil gesat, da brauch ee keent ze erreechen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Den Här Minister huet eleng d'Wuert.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- D'Madamm Hetto huet munneches och gesot, wat richteg ass. Näämlech wat richteg ass - Dir hat dat elo net erwaart vu mir, mä ech soen et nach eng Kéier ganz haart -:...

(Hilarité)

...Dir hutt munneches gesot, wat richteg ass! Näämlech wat kleng Kanner nach brauchen: Déi brauchen natierlech net nëmme Sproochen-input. Dat ass ganz evident. Déi musse ganzheetlech gefërdert ginn, hir Kreativitéit muss ënnerstëtzt ginn, hire Virwëtz muss ënnerstëtzt ginn, hir Bewegung muss ënnerstëtzt ginn, d'Motorik muss ënnerstëtzt ginn, déi sozial Kompetenze mussen ënnerstëtzt ginn. Ech denken, datt mer do eens sinn.

Mä, Madamm Hetto: Firwat hutt Der dann d'Gesetz iwwert d'Qualitéit an der Betreiung net gestëmmt virun iwwer engem Joer? Wou mer jo haut nach eng Kéier méi wäit ginn! Wann Der där doter Meenung sidd, datt dat doten alles esou wichteg ass, dann hätt Der dach am Februar 2016 hei misse mat Jo stëmmen!

(Brouhaha)

Une voix.- Genau! Richteg!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Mä ech weess, wéi et geet! Mat der CSV geet et näämlech ëmmer esou: Et dauert keng zéng Joer, et dauert wahrscheinlech emol keng fënnef Joer, da behaapt Der iwwerall, et wär Är Iddi gewiescht!

Villmools Merci.

(Brouhaha)

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Minister. D'Diskussiounen iwwert dëse Projet sinn elo ofgeschloss a mir fänken dann elo u mat der Ofstëmmung iwwert de Projet 7064.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7064 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Ofstëmmung fänkt un. Dann d'Procurationsstëmmen. De Vott ass ofgeschloss.

Resultat: 32 Jo-Stëmmen, 25 Nee-Stëmmen an 2 Enthalungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7064 est adopté par 32 voix pour, 26 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Engel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. André Bauler), Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marcel Oberweis) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Da wollt ech froen, ob Der d'accord sidd, fir d'Dispens vum zweete Vott ze accordéieren.

(Assentiment)

Villmools Merci fir dëse grousse Projet.

Da komme mer schonn zu deem nächsten, wat och e ganz wichtege Projet ass, de sougenannte Projet „VieSo". Dat ass de 7010. Do geet et ëm d'Introduktioun an dem Enseignement fondamental vun engem Cours commun „Vie et société", deen och bestëmmte Saachen ëmännert. An ech hunn elo de Pleséier, fir direkt dem Här Lex Delles d'Wuert ze ginn als Rapporteur vun dësem Projet. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

9. 7010 - Projet de loi portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement fondamental et modifiant

1. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

3. la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Merci villmools, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech verroden Iech bei dësem Projet de loi elo näischt Neies. Mir maache genau dat, wat mer schonn d'lescht Joer am Lycée gemaach hunn: Mir féieren eis Gesellschaft méi no zesummen.

Nodeems mer, wéi gesot, d'lescht Joer den „Vie et société" am Lycée agefouert hunn, maache mer elo dat nämlecht och an der Grondschoul. D'Reliouns- an d'Morallscoursë ginn also an der Grondschoul duerch en eenheetleche Cours „Vie et société" ersat.

Éier ech elo an d'Detailer ginn, erlaabt mer nach, Madamm Presidentin, e schnellen Historique iwwert de Reliouns- a Morallscours ze maachen. Bis 1968 hat de kathoulesche Reliounsunterrecht an eise Schoulen eng Monopolstellung, wann et drëm gaangen ass, d'Kanner an déi Jugendlech reliéis a moralesch ze erzéien. Den 10. Mee 1968 ass dës privilegéiert Stellung duerch e Gesetz op en Enn komm, notamment duerch d'Aféiere vun engem alternative Moralunterrecht am Enseignement secondaire an duerch d'Méiglechkeet, sech vun deenen zwee Coursen dispenséieren ze loossen.

30 Joer méi spéit gouf dunn och de Morallscours an der Primärschoul agefouert. Well awer ëmmer méi Schüler sech vun deenen zwee Coursen dispenséiere gelooss hunn an och vum System abuséiert hunn, gouf 2002 decidéiert, dës drëtt Méiglechkeet ofzeschafen. Säit deem Moment si mer also an der Situatioun, wéi mer se och bis haut kannt hunn.

An dëst soll sech awer elo änneren. De Regierungsprogramm vun 2013 gesäit näämlech vir - an ech zitéieren - «l'introduction d'un cours unique neutre et harmonisé d'éducation aux valeurs pour tous les élèves de l'enseignement fondamental et secondaire, lequel remplacera les cours actuels.»

Wat de Contenu vun deem neie Cours ugeet, huet d'Regierung drop gepocht, esou vill wéi méiglech Akteure mat anzebannen, fir dass dee Cours esou ëmfangräich wéi nëmme méiglech ka gestalt ginn. Et kann een also ganz kloer vun engem Entwécklungsprozess schwätzen, deen esou participativ wéi méiglech gestalt gouf.

Déi éischt Aarbechten zu deem Thema hu schonn 2014 ugefaang an hunn eng grouss Unzuel vun Akteure mat agebonnen. De Bistum, d'ALERF - also d'Association luxembourgeoise des enseignants d'éducation religieuse et morale dans l'enseignement fondamental -, d'Association luxembourgeoise des professeurs d'éthique, déi national Kommissiounen, déi sech ëm d'Programmer vu Reliouns- respektiv Moralscoursë këmmeren, an d'Initiativ „Fir de Choix". Dës Aarbechten hunn ausserdeem Etüden aus dem Quebec, der Schwäiz an Däitschland enthal, fir ze kucken, awéiwäit esou ee Cours Erfolleg kéint hunn.

Am zweete Semester 2014 huet de Ministère vun deene verschiddenen Avisen, déi Der am geschriwwene Rapport fannt, eng Synthees gemaach a kontrovers, mä konstruktiv mat deene verschiddenen Akteure weider diskutéiert. An 2015 koum et dunn zu der Konventioun tëschent dem Lëtzebuerger Stat an de Glawensgemeinschaften, déi de Wee fir e gemeinsame Wäerteunterrecht fräi gemaach huet.

D'Entrevuë mat deenen zoustännegen Akteuren, wéi zum Beispill de Syndikater SEW an SNE, der Associatioun AHA, der Association luxembourgeoise des professeurs d'éthique, der Fédération générale des instituteurs luxembourgeois, der Ligue luxembourgeoise de l'enseignement an der Initiativ „Fir de Choix", hunn et erméiglecht, de Ramenlehrplan ze publizéieren, an deem d'Ziler an déi grouss Orientatioune vum Projet presentéiert goufen.

Am Joer 2016 goufen du schlussendlech déi Lehrerhandreichunge presentéiert, déi den Enseignant am Alldag a Saache Preparatioun guidéieren. Eraus koum de VieSo-Cours, dee sech a sechs Themefelder andeelt: „Ich", „Mensch, Natur und Technik", „Ich und die anderen", „Kultur und Kommunikation", „Lebensformen, Welt und Gesellschaft" (veuillez lire: an „Große Fragen"). An deem leschten (veuillez lire: zweetleschten) Themefeld geet et zum Beispill ëm déi grouss Froe vun eiser Gesellschaft an ëm d'Zesummeliewe vun all de Bierger.

Am Allgemenge kann ee soen, dass Theme wéi Weltreliounen, Kulturen, Gewalt an Aggressiounen, Léift, Partnerschaft a Sexualitéit behandelt ginn. Et geet also drëm, Wäerter, ob reliéis oder net reliéis, de Schüler ze vermëttelen, op déi si hiert ganzt Liewen och kënnen zréckgräifen.

Madamm Presidentin, et geet, wéi gesot, drëms, d'Schüler zesummenzefëieren a se net wéinst verschiddene Glawensrichtungen oder Weltuschauungen ze trennen. Dëse Wäerteunterrecht garantéiert soumat, dass jiddwereen, all Kand aus eiser multikultureller Gesellschaft, an dee Cours mat agebonnen ass. Et gëtt also kee méi wéinst sengen Iwwerzeegungen oder wéinst sengem Glawe respektiv Netglawe vernoléissegt. Gläichberechtegung an Neutralitéit spillen also eng ganz grouss Roll.

Ech wëll kloer betounen, dass et sech hei net ëm eng einfach Vermëschung vun deenen zwee ale Coursen handelt, mä et geet éischter drëm, op eng responsabel an opgeklärten Aart a Weis un déi verschidde Liewensfroen erunzegoen. Dës Approche ass och an der Recommandatioun vum Comité des Ministres am Conseil de l'Europe festgehale ginn, déi sech als Zil gesat huet «de poursuivre des initiatives dans le domaine de l'éducation interculturelle concernant la diversité des religions et convictions non religieuses afin de promouvoir la tolérance et le développement du 'vivre ensemble'».

Madamm Presidentin, mir komme jo méi spéit nach op d'Reprise vum Personal ze schwätzen. Loosst mech awer scho virgräifen, datt de Ministère sech immens vill Méi gemaach huet, fir jiddwerengem eng fair Offer op den Dësch ze leeën! Duerno komme mer jo nach eng Kéier dorobber zréck.

Loosst mech zum Schluss vu menger Ried awer nach eng Kéier betounen, wéi wichteg de Cours „Vie et société" fir d'Lëtzebuerger Schoul wäert sinn! An esou enger heterogener an diversifizéierter Gesellschaft, wéi mer se hunn, ass et wichteg, op d'Integratiounen opzebauen, sech zesummen un een Dësch ze sëtzen an ze probéieren, all Akteure mat anzebannen. Dëst ass just mat enger gemeinsamer Approche ze léisen: engem gemeinsame Wäertecours.

Madamm Presidentin, fir de Rescht verweisen ech fir d'Avise op mäi schréftleche Rapport. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Rapporteur Lex Delles. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Laurent Zeimet. Här Zeimet, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären.

„Firwat soll ech änneren, wat gutt fonctionnéiert?" Dëse Saz vum Minister Claude Meisch iwwert d'Reform am Secondaire vun der leschter Woch, deen ass mer an Erënnerung bliwwen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Do hat deen emol recht!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Allerdéngs froen ech mech: Wann dat seng Maxime ass, firwat hält e sech net am Fall vum Reliounsunterrecht a vum Ethikunterrecht do drun?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Well dat net méi fonctionnéiert.

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- 70% vun de Leit hu sech fir de Choix tëschent Relioun an Ethik ausgeschwat. Iwwer 25.000 Ënnerschréfte koumen zesummen, fir de Choix ze halen. Gutt zwee Drëttel vun den Elteren hunn hiert Kand am Fondamental an de Reliounsunterrecht ageschriwwen. An awer proposéiert de Minister der Chamber haut d'Ofschafung vum Choix tëschent Relioun an Ethik. An eigentlech proposéiert en d'Ofschafung vum kathoulesche Reliounsunterrecht.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Richteg!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Firwat? Hu Reliounen näischt an der Schoul verluer? Zur historescher Wourecht gehéiert jo wuel och, datt de Stat sech net vun Ufank un ëm d'Erzéiung vun de Kanner wierklech gekëmmert huet, mä datt d'Bildung och vu kierchleche Strukturen assuréiert gouf. Dat kann een elo gutt fannen oder net gutt fannen, mä et ass nun eemol eng historesch Tatsaach.

Lues awer sécher huet dat sech iwwert d'Jore geännert, mä eng reliéis Erzéiung an der Schoul ass bliwwen. Sécher war et net richteg an der Zäit, eng reliéis Erzéiung opzezwéngen. Kee soll seng Kanner musse reliéis erzéien, wann en dat net wëllt, mä déi reliéis Erzéiung vun haut huet mat verschiddene Virstellungen an Erfahrunge vu fréier näischt méi ze dinn.

An ech froe mech, ob vill Leit heibanne sech d'Méi gemaach hunn, sech de Programm vum aktuelle Reliounsunterrecht unzekucken. Vläicht hätte sech da munch Viruerteeler iwwer Indoktrinatioun opgeléist. Vläicht hätte Virstellungen, déi op schlechten Erfahrungen oder Temoignagë baséieren, sech da verännert. Mir schafen och Mathé a Franséisch net of, well verschidden Titulairen hirer Missioun net gerecht ginn.

Ob eng konfessionell reliéis Erzéiung an der ëffentlecher Schoul wierklech keng Plaz soll hunn, däerf een anescht gesinn. A mir stelle fest, datt et och an de meeschte Länner vun der Europäescher Unioun eng Offer vu konfessionellem Unterrecht weiderhi gëtt. An awer ass an deene Länner net a Fro gestallt, datt Stat a Kierch getrennt sinn.

An dofir kënne mer net novollzéien, datt de Prinzip vun engem neutrale Stat onweigerlech muss derzou féieren, datt et an de Schoule kee konfessionelle Reliounsunterrecht dierf ginn. A besonnesch och net, wann eng breet Majoritéit de Wonsch huet, datt hir reliéis Erzéiung och an der Schoul gestäipt gëtt.

Wéi een dat organiséiert, dat ass eng aner Fro. De Reliounsunterrecht hei am Land huet iwwert d'Jore jo och evoluéiert. An den Här Delles hat dat jo nach eng Kéier elo just rappeléiert. An och an anere Länner gëtt et verschidde Modeller. An de 16 däitsche Bundesländer ass et ganz ënnerschiddlech organiséiert, vu Flichtfach bis Optioun.

Vun eiser Säit wär sécher Bereetschaft do gewiescht, fir driwwer ze diskutéieren, wéi eng Plaz e konfessionellen Unterrecht an der Zukunft sollt hunn, mä esou eng Diskussioun war leider net méiglech an och net gewënscht. Et war de Majoritéitsparteie vill méi wichteg, schnell den euphoresche Moment vun enger Koalitioun ouni CSV ze notzen, fir Fakten ze schafen.

(Interruption)

Merci fir d'Confirmatioun. A vläicht ass et awer e bëssen ze spéit deem engen oder aneren aus de Reie vun der Majoritéit opgefall, datt de Wonsch no engem konfessionellen Unterrecht net nëmme vu Wieler vun der CSV gedeelt gouf. Wann iwwer zwee Drëttel vun den Eltere fir hiert Kand de Choix vum Reliounsunterrecht maachen, da kann et sech bei dëse Leit net nëmmen ëm CSV-Wieler handelen.

An och déi komesch Virstellung, elo kéint een emol der CSV de Fonds de commerce kuerz a kleng schloen, ass dach zimlech traureg. Eleng schonns d'Virstellung, datt jiddwereen, deen de Reliounsunterrecht besicht, duerno zu engem treien CSV-Militant gëtt...

(Interruption)

Lauschtert emol no!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift, loosst den Här Zeimet schwätzen!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Loosst e schwätzen! Et gëtt interessant.

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Eleng schonn d'Virstellung, datt jiddwereen, deen de Reliounsunterrecht besicht, duerno zu engem treie CSV-Militant gëtt, ass genausou enk geduecht, wéi ze mengen, datt jiddwereen, deen emol an d'Mass geet, en CSV-Wieler wier. Well et ass jo och net esou, datt jiddwereen, dee Golf spillt, en DP-Wieler ass, an net jiddwereen, dee Vëlo fiert, e grénge Wieler ass, an net all OGB-L-Member...

(Brouhaha)

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Den Niveau geet an d'Luucht!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- ...d'LSAP wielt. Dofir ass et bedauerlech, datt et bei eis ëmmer nach a ville Käpp déi al Trennlinne gëtt. An déi dach ganz,...

(Brouhaha et interruption par la présidence)

...ganz ideologesch Virgeeënsweis huet al Grief nees opgerappt.

Bei eisen Noperen, do gëtt déi Diskussioun vill manner parteipolitesch gefouert. An Däitschland plädéiert d'Andrea Nahles, fréier Juso-Presidentin, fréier Generalsekretärin vun der SPD, fir e Reliounsunterrecht an der ëffentlecher Schoul. „Raum schafe fir en echte Choix", esou d'Wierder vun der Madamm Nahles.

An och de grénge Ministerpresident vu Baden-Württemberg, de Winfried Kretschmann, ass an dëser Fro net op der Linn vun eise Gréngen. Et stellt sech also d'Fro, firwat dës Majoritéit net eng manner parteipolitesch an ideologesch Approche geholl huet, firwat sech net emol beméit ginn ass, fir Konsens an dëser Fro ze fannen.

Wann eng breet Majoritéit vun Eltere sech eng reliéis Erzéiung fir hir Kanner wënscht, firwat soll déi Erzéiung net kënnen an der Schoul eng Plaz fannen? Wann et net soll am obligatoresche Schoulprogramm sinn, firwat net als Optioun? Oder hu mer awer léiwer an Zukunft erëm méi Privatschoulen?

Fräiwëlleg reliéis Erzéiung, och e Bekenntnis, soll kënnen an enger fräier Gesellschaft eng Plaz an der Schoul hunn. Mir sinn a bleiwen der Meenung, datt de Wonsch an de Choix vun den Eltere respektéiert muss ginn. An deen ass an dësem Fall ganz kloer: Eng breet Majoritéit huet sech eng reliéis Erzéiung vun hire Kanner och an der Schoul gewënscht.

Madamm Presidentin, datt eng reliéis Wëssensvermëttlung an der Schoul eng Plaz soll hunn, gëtt bal vu kengem a Fro gestallt. Wéi soll een déi Welt verstoen, an där mer liewen, wann een net Mindestkenntnisser iwwert d'Weltreliounen huet? Et ass jo net esou, wéi wann de Glawen an d'Reliounen op dëser Welt keen Afloss op dat politescht a gesellschaftlecht Liewen hätten. Ob a wat ee gleeft, ass wuel eng ganz perséinlech Decisioun, mä de Glawen a wat e bewierkt, huet och eng gesellschaftlech an, jo, och eng politesch Dimensioun. Am Gudden a leider och am manner Gudden.

D'Vereenegt State sinn net zulescht gegrënnt gi vu Leit, déi wéinst hirem Glawen hu missen eng nei Heemecht sichen. Si sinn och op dem Prinzip vun der Glawensfräiheet an der Trennung vu Kierch a Stat gegrënnt ginn. Viru 50 Joer war et fir vill Amerikaner nach ëmmer ondenkbar, datt e Katholik soll kënnen hire President ginn.

Wéi wëllt een d'Amerikaner verstoen, wann ee keng Notioun huet vu verschiddene reliéisen Iwwerzeegungen? Wéi wëllt een novollzéien, wat sech am Noen Osten ofspillt, am arabesche Raum ofspillt an direkt Konsequenzen op eist Liewen huet,...

(Interruption)

...wann ee keng Notiounen huet vu verschiddene reliéisen Iwwerzeegungen? D'Welt ass net manner reliéis ginn. Sécher gi Reliounen, gëtt de Glawen dacks méssbraucht, haut wéi an der Vergaangenheet. Mä mir wiere schlecht beroden, eise Kanner virzegauckelen, dat géif et net ginn oder et wier net wichteg, et ze verstoen.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Och wann de Stat neutral ass, heescht et net, datt de Stat soll blann si géintiwwer dem Glawe vu senge Biergerinnen a Bierger. Eng reliéis Wëssensvermëttlung wier sécher net vu Muttwëll, wann ee sech den aktuelle Slogan vun der DP fir d'Gemengewahlen ukuckt: „Mat Häerz a Séil."

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- „Mat Häerz a Séil."

M. Claude Lamberty *(DP).*- E ganz gudde Slogan.

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Déi Liberal schéngen also elo d'Existenz vun der Séil ze akzeptéieren oder...

(Brouhaha général)

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Elo rutscht et awer an de Cabaret of hei!

Une voix.- Dat heescht, d'Séil ass nëmme kathoulesch, oder wéi?

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Berouegt lech! De Slogan schéngt ze gräifen. Den Här Zeimet huet d'Wuert.

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin.

(Brouhaha)

Entweder wësse se net, wat d'Séil ass, oder si hunn et net verstan. Op alle Fall kann een do nëmme staunen.

(Brouhaha et interruption par la présidence)

Datt grad déi Partei, déi sech virdréckt, fir all Reliéises aus dem Gesellschaftsliewen ze verbannen, grad elo mat der Séil operéiert, fir hiert Engagement ze bezeien!

Eng neutral Wëssensvermëttlung iwwer Relioune muss also och an der Schoul eng Plaz hunn.

Madamm Presidentin, kann den neie Cours „Vie et société" dat leeschten, esou wéi et den deklaréierte Wëlle vun der Majoritéit ass? Mir sinn do méi wéi skeptesch, well mer den Avis vum Conseil des cultes gelies hunn. An de Conseil des cultes, wou all reliéis Gemeinschaften dra vertruede sinn, an net nëmmen déi kathoulesch Kierch - just datt et net zu engem Mëssverständnis kënnt -, huet a sengem Avis festgehal, datt de Programme-directeur zu „Vie et société" net de Recommandatioune vum Conseil de l'Europe gerecht gëtt.

«Il constate que le nouveau cours exclut largement le fait religieux», heescht et am Avis. Relioune spillen an deem Programm, esou wéi e bekannt ass, kaum eng Roll. A si hunn och an der Formatioun kaum eng Roll gespillt. Wat soll ee sech och vu Wëssen iwwer Reliounen an deene puer Stonnen uneegnen? De konfessionelle Reliounsunterrecht ass ofgeschaaft an d'Ethik gëtt generaliséiert. D'Relioun ass dobäi marginaliséiert.

Dës Recommandatiounen, déi och vum Conseil de l'Europe stamen, wou e seet, et géif net nëmmen drëms goen, fir de Glawe weiderzeginn, a virun allem géif et och drëms goen, Jonken ze vermëttelen, datt vill Leit sech eben och aus deene Quellen inspiréieren. An aacht Glawensgemeinschaften hei zu Lëtzebuerg hunn dat opgegraff a proposéiert, e gemeinsame Cours auszeschaffen. Mä dës Offer ass, wéi mer wëssen, direkt emol refuséiert ginn. An et ass net emol driwwer diskutéiert ginn. Den neie Cours, dovu si mir iwwerzeegt, wäert kaum eng Wëssensvermëttlung iwwer Reliounen a Glawen assuréieren.

Madamm Presidentin, zu menger Schoulzäit, do gouf et Heimatkunde. An do krute mer eis Gemeng, hir Geschicht méi no bruecht. Duerno koume Geo a Geschicht derbäi. Also ass et vum Klenge bis zu deem Grousse gaang. Géint e Cours, deen eise Kanner méi no bréngt, wéi mer zesummeliewen a wou mer hierkommen, huet keen eppes. Eng Biergerkunde, eng Instruction civique, wéi eise Stat an eis Gesellschaft am Klengen an am Grousse fonctionnéieren, dogéint huet keen eppes.

Och doriwwer hätte mer kënne schwätzen a mir hätte bestëmmt och e Konsens fonnt, wann en dann emol gesicht gi wier, mä dat eleng soll „Vie et société" jo net sinn. E gemeinsame Wäerteunterrecht soll agefouert ginn, heescht et an huet et ëmmer geheescht. Dat géif jo da bedeiten, datt mer vum Stat aus Wäerter viraussetzen, déi jiddwereen dann emol ze deelen huet. Spéitstens elo missten all Liberalem hei am Haus d'Hoer zu Bierg stoen.

Fir datt mer eis net falsch verstinn,...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Wann ech dat doten héieren, dann ass dat och esou, well et ass näämlech guer net esou an der Realitéit.

Une voix.- Jo!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Fir datt mer eis richteg verstinn: Mir menge schonns, datt et eng ganz Rei vu Wäerter gëtt, déi mer deelen a sollen deelen, mä mir wëssen och, datt mer eis an der Gewiichtung vun dëse Wäerter net ëmmer eens sinn. D'Spannung tëschent Fräiheet a Gläichheet ass eng Trennlinn, déi bis haut am politesche Liewe gëllt.

Kënne mer also staatlech dekretéieren, wéi eng Wäerter ze gëllen hunn? Oder musse mer net éischter Wäerter liewen, Wäerter, déi eis da guidéieren an déi eis Gesetzer inspiréieren?

Mir kënnen driwwer informéieren, wat an eiser Constitutioun steet, wat d'Mënscherechter sinn, op wéi enge Prinzipie se opbaut, mä de Stat ass net den Träger vun de Wäerter. De Stat setzt de Kader vum Zesummeliewen. Den Träger vun de Wäerter sinn d'Mënschen, déi aus verschiddene Richtunge kommen a verschidden Iwwerzeegungen hunn.

An dofir kann e Bekenntnis zu dëse Wäerter an en Akzeptéiere vun dëse Wäerter am eegene Liewen, an eisen Aen, net eesäiteg staatlech vermëttelt ginn. Well et gëtt net nëmmen ee Wee, well mer dem Stat eng Wäertevermëttlung net zoutrauen an och aus historescher Erfahrung wëssen, datt et net seng Aufgab ass a soll sinn.

„Der freiheitliche, säkularisierte Staat lebt von Voraussetzungen, die er selbst nicht garantieren kann", esou de Statsrechtler Ernst-Wolfgang Böckenförde. De Stat ass drop ugewisen, datt et an der Gesellschaft, déi en dréit, e Wäertekonsens gëtt. Dat kléngt paradox, dat ginn ech gären zou. Wa mer der Meenung sinn, datt de Stat soll neutral sinn, kënne mer net zäitgläich soen, de Stat soll d'Vermëttlung vu Wäerter garantéieren. De Stat kann zoustänneg si fir eng neutral Wëssensvermëttlung, awer net fir e Bekenntnis vu Wäerter, net fir eng Vermëttlung vu Wäerter.

Geet eng ganz reng neutral Wëssensvermëttlung duer, fir eng Gemeinschaft zesummenzehalen? Déi eng, déi gleewen dëst, déi aner gleewen dat. Déi eng gleewen näischt, déi aner wëllen net gleewen. Déi eng zweifelen, gleewen, wësse vläicht net genau, wat se gleewen. Mir wëllen op alle Fall kengem eppes opzwéngen. A mir däerfen och keen zu enger reliéiser Iwwerzeegung zwéngen.

Mir däerfen dann awer och keng Elteren zwéngen, hir Kanner an eng staatlech Wäertevermëttlung ze schécken. Och de Conseil d'État huet drop higewisen, datt et schonn e Spagat ass, fir d'Kanner net an eng Konfliktsituatioun ze bréngen tëschent deem, wat doheem vermëttelt gëtt, an deem, wat an der Schoul vermëttelt gëtt.

Mir wëssen, datt net all Familljeliewen harmonesch ass an datt d'Wäertevermëttlung net an all Famill gelieft gëtt. Mä dat bréngt eis awer sécher net zur Konklusioun, datt de Stat elo soll dës fundamental Missioun vun der Famill iwwerhuelen, well mir der Opfaassung sinn, datt et eng Decisioun vun den Elteren ass, wéi eng Erzéiung se de Kanner wëllen zeguttkomme loossen. An ech soen et nach eng Kéier: Zwee Drëttel vun den Elteren hunn hir Kanner an d'Relioun ageschriwwen.

Well mer der Meenung sinn, datt Traditioune sollen och respektéiert ginn, well se och fir den Zesummenhalt eng wichteg Fonctioun an eiser Gesellschaft erfëllen, jo, och eng Gesellschaft ausmaachen, well mer net erkennen, datt den neie Cours eng seriö reliéis Wëssensvermëttlung garantéiert, well mer kee staatlechen Eenheetswäertecours wëllen, dofir stëmme mer géint dëst Gesetz.

Et hätt ee sech aner Modeller kënne virstellen, déi manner radikal a manner kontrovers gewiescht wieren, déi manner Sträit an och manner Enttäuschung provozéiert hätten. Mä et wor net gewollt. Mir bedaueren dat!

An ech soen awer dem Rapporter Merci fir säi Rapport. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Ech hunn eng Wuertmeldung, Här Zeimet. Ass et eng Fro un den Här Zeimet?

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Et ass fir den Här Zeimet, jo.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Okay. Den Här Fayot wollt lech eng Fro stellen, Här Zeimet.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Ech hunn dem Här Zeimet elo gutt nogelauschtert. Hien huet, mengen ech, sënngemëiss gesot, dass de Stat sech soll eraushalen an deemno wéi dann och d'Schoul aus der Wäertevermëttlung, déi mer eise Jugendleche solle ginn. Dat heescht, den Här Zeimet ass net der Meenung, dass d'Schoul e Recht, eng Roll huet an der Vermëttlung, an der Verteidegung vun deene Grondwäerter, déi an eiser Verfassung zum Beispill verankert sinn: d'Grondrechter, d'Liberté publique, d'Mënscherechter. Dat sinn alles Grondwäerter vun der Lëtzebuerger Gesellschaft, vun der Europäescher Unioun.

An dat heescht, Dir sidd der Meenung, dass dat keng Roll ze spillen huet an der Lëtzebuerger Schoul?

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Neen! Ech mengen, dann hutt Der awer net ganz gutt nogelauschtert, well ech jo grad gesot hunn, datt mer als Stat och doriwwer sollen informéieren, wéi mer fonctionnéieren als Stat, wéi mer als Gemeinschaft och zesumme fonctionnéieren; mä fir datt een déi Wäerter dréit, fir d'Vermëttlung vun de Wäerter. A Bekenntnis zu Wäerter, dat ass net d'Aufgab vum Stat, dat ass d'Aufgab vun deenen, déi de Stat droen. Dat sinn d'Familljen, dat sinn och Parteien, dat si Gewerkschaften, dat sinn awer och d'Kierchen a reliéis Gemeinschaften.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci nach eng Kéier dem Här Zeimet. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mir d'lescht Joer fir d'Aféierung vum VieSo an de Lycéeë gestëmmt hunn, da wäert et lech natierlech och net wonneren, dass d'Demokratesch Partei natierlech och d'Aféierung vum selwechte Cours an eiser Grondschoul begréisst.

D'Grënn, firwat mir derfir stëmmen, sinn am Fong déi nämlecht wéi d'lescht Joer. Mir wëllen eng Schoul, déi eis Schüler net trennt an a verschidde Klassesäll opdeelt, wann et ëm déi essenziell Elementer vun eisem Zesummeliewe geet, wann et ëm déi grouss Liewensfroe geet, jo, wann et ëm Reliounsfroe gëtt. Mir wëllen hei den Dialog tëschent deene verschiddene Liewensopfaassungen a Glawensrichtunge schafen.

Fir d'Demokratesch Partei huet eng ëffentlech Schoul d'Aufgab, eng Plaz fir den Dialog ze schafen, d'Kanner zesummenzeféieren, dass si kënne vuneneen a matenee léieren, amplaz se a wichtege Froen iwwer eis Gesellschaft wéinst ënnerschiddleche privaten Usiichten, meeschtens am Elterenhaus, ze trennen. Mir wëllen eng ëffentlech Schoul, déi reliounsneutral ass, mä de private Glawe vun allen Eenzelne respektéiert.

Lëtzebuerg ass haut eng Gesellschaft, déi an deene leschte Joren eng staark Evolutioun erlieft huet. Gëschter huet de Statec eng nei Nott dozou publizéiert. Zu Lëtzebuerg liewe mëttlerweil ronn 590.600 Leit mat ronn 170 verschiddenen Nationalitéiten. Dat sinn ënnerschiddlech Leit, dat sinn ënnerschiddlech Nationalitéiten, déi an eiser Gesellschaft en Doheem fonnt hunn, an enger Gesellschaft, déi op reliounsiwwergräifend Wäerter wéi Respekt, Toleranz an Akzeptanz baséiert ass.

Mir sinn haut ebe vill méi multikulturell, vill méi international, multiethnesch oder och multireliéis wéi am leschte Jorhonnert. Eist friddlecht Zesummeliewen an där Gesellschaft, eis Weltoppenheet, dat si Saachen, déi eis iwwert d'Grenzen ewech auszeechnen an op déi mir wierklech kënnen houfreg sinn.

Dat gëllt och fir eis Jéngst. Och si wuesse ganz natierlech an eiser multinationaler Gesellschaft op. Si schléisse Frëndschafte mat Kanner vun anere Kulturen a Reliounen, genéissen d'Kichen aus allen Ecke vun der Welt. Si héieren a verstinn oder schwätzen zum Deel souguer déi Sproochen, déi se bei hire Kolleegen am Haus héieren. Alles dat geschitt ganz natierlech, ouni Zwang. Si liewen a spillen zesummen. Bis se dann an d'éischt Schouljoer kommen. Do gi se getrennt opgrond vun eppes, wat hinne bis elo friem war: dat „Aaneschtsinn", dat „Aaneschtgleewen". Ech fannen, dass dat net de richtege Wee ass. Dat ass net eppes, wat mer solle vermëttelen.

(Interruption)

Madamm Presidentin, beim neie Wäerteunterrecht geet et drëms, d'Realitéit vun eiser multikultureller a multireliéiser Gesellschaft an der Schoul ze thematiséieren an ze verdéiwen. Der Politik hir Aufgab ass et, op d'Froen, déi sech duerch gesellschaftlech Veränneruge stellen, eng Äntwert ze fannen. Dat erfuerdert heiansdo Courage, mä et ass a bleift absolutt noutwendeg.

Madamm Presidentin, wat ass dann d'Zil vum VieSo? D'Kanner sollen hir eege Wäerteuerdnung opbauen a gläichzäiteg léieren, deenen aneren hir ze respektéieren. Et soll eng engagéiert Ausenanersetzung si mat de grousse Liewens-, Gesellschafts- a Reliounsfroen. Toleranz a Respekt virun deem anere stinn dobäi am Vierdergrond. Toleranz a Respekt sollen de Schlëssel fir d'Kanner sinn, fir dass se déi weltwäit Zesummenhäng verstinn. Si sinn dofir vu grousser Wichtegkeet am Léierprozess an am Erwuessegi vun all eenzelnem Schüler. Et gëtt zudeem eng kritesch-reflexiv Approche gefërdert. De Cours soll de Kanner e Wee weisen, wéi se kënnen denken, an net, wat se mussen denken oder gleewen.

Eis Klassesäll spigelen d'Diversitéit vun eiser Gesellschaft erëm. Mir hu Kanner aus ënnerschiddlechen Elterenhaiser, aneren Hierkonften, mat anere reliéise Glawensrichtungen oder philosopheschen Usiichten. Dëse Cours soll de Fokus dofir op dat leeën, wat eis verbënnt, amplaz op dat, wat eis trennt.

Madamm Presidentin, esou e Cours mat esou sensibele Sujete rëselt een och net einfach esou aus dem Aarm. Der Regierung war et dofir vun Ufank u kloer, dass et éischtens seng Zäit brauch, fir esou e Cours op d'Been ze stellen, an zweetens, dass dëst net kéint vun uewen erof geschéien.

Mir begréissen et dofir ausdrécklech, dass sech am Virfeld dofir vill konzertéiert gouf. De Rapporteur Lex Delles, deem ech hei och Merci soe fir säin exzellente Rapport, ass drop agaang. Et huet een Avise gefrot, sech mat den Akteuren un en Dësch gesat an Aarbechtsgruppen an d'Liewe geruff. Dat ass vum Bistum bis bei déi laizistesch Associatioune gaangen. Et gouf also op Participatioun gesat an op e breeden Dialog, fir dee Cours zesummen auszeschaffen. Dofir wonnert et een och net, dass de Cours weder antireliéis nach areliéis ass, och wann ëmmer erëm probéiert gëtt, dat esou duerzestellen.

Ech ënnersträichen et ganz kloer: Et ass kee Fach géint iergendeen oder iergendeppes, mä et ass am Géigendeel e Fach fir eist gemeinsamt Zesummeliewen an eiser Gesellschaft.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- D'Reliounen, also net nëmmen de kathoulesche Glawen, si feste Bestanddeel vun deem Cours. Ech fannen, dass dat an dësen Zäiten och immens wichteg ass. An ech fannen et och immens schued, dass et der CSV hei u Courage feelt, fir en zäitgeméissen, moderne Cours unzëerkennen.

(Interruption)

Et geet ëmmerhin hei awer ëm Mënscherechter a Kannerrechter.

(Interruptions)

An ech wëll dann och nach eng lescht Remarque a Richtung CSV soen: Et ass net esou, dass d'Séil just un d'CSV géif goen.

Plusieurs voix.- Oh!

(Brouhaha et hilarité)

M. Claude Lamberty *(DP).*- Ech mengen net, dass Der e Monopol op dat Wuert hutt.

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Madamm Presidentin, wann Der erlaabt: Ech mengen awer, datt den Här Lamberty elo beweist, datt e wierklech net weess, wat d'Séil ass.

Plusieurs voix.- Jo.

(Brouhaha)

M. Claude Lamberty *(DP).*- Majo, ech hat mech drop gefreet, dass Dir dat hei géift erklären, mä et ass näischt komm!

(Interruptions)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Sou!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Dem Här Bauler...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Lamberty!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- ...trauen ech zou, datt e weess, wat et ass.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Zeimet, Dir sidd fäerdeg. Den Här Lamberty huet eleng d'Wuert.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Well Dir hutt jo domat ugefaangen, dofir hunn ech drop gewaart, dass Der mer et géift erklären!

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Okay, Här Lamberty, wann Der wëllt virufueren!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Dobaussen héiert een dann och ëmmer erëm, dass de Stat elo géif virginn, u wat ee soll gleewen oder wat richteg oder falsch wär. Mä och dat ass net esou. Am VieSo fënnt keng Missionéierung statt, weder an déi eng Richtung nach an déi aner. Dat wär och am Widdersproch mat der gewollter Neutralitéit. D'Kanner solle selwer hir Wäerteuerdnung zesummebauen.

Laanscht d'Grondsätz an d'Fundamenter vun eiser Gesellschaft, an dozou zielen eis Verfassung, d'Mënscherechter, géigesäitege Respekt, Toleranz, féiert kee Wee derlaanscht. Dat soll een dann och ganz kloer soen. Fir alles, wat doriwwer erausgeet, gëtt de Stat net vir, wat richteg oder falsch ass. Dat ass d'Realitéit an dat ass, firwat mat dësem Gesetz a mat dësem Projet eng gutt a modern Wëssensvermëttlung a Wäertevermëttlung an eise Grondschoule wäert ukommen. An dat ass och de Grond, firwat mir als DP-Fraktioun dat Gesetz wäerte stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Lamberty. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen: den Här Goerges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Merci, Madamm Presidentin. Vu dass mer hei schonn de Wäerteunterrecht, de VieSo, am Secondaire agefouert haten an dunn och schonn driwwer diskutéiert haten, en elo am fundamentalen Unterrecht aféieren, vu dass mer am Kader vun der Aféierung schonn eng Debatt an der Chamber haten, vu dass mer den 23. Februar 2016 hei schonn eng Interpellatioun haten op Ufro vu menger Kolleegin Taina Bofferding iwwer och dëse Sujet a vu dass mer d'Petitionäre vun „Fir de Choix" an der Chamberskommissioun och héieren hunn an och au vu vum exzellente Rapport vun dem Här Delles, wollt ech mech u sech nach e bësse méi kuerz faassen haut bei dësem Thema. Mä ech muss elo awer vläicht nach e bësse méi wäit aushuelen. Ech kommen awer herno nach eng Kéier drop zréck. Dir braucht awer keng Angscht ze hunn, ech zitéieren hei net aus dem Alen Testament, sou wéi ech dat d'leschte Kéier gemaach hat.

Une voix.- Oh!

M. Georges Engel *(LSAP).*- D'Positioun vun der LSAP huet sech an all deenen Diskussiounen, déi mer hei gefouert hunn, net geännert. D'LSAP huet an hirem Wahlprogramm 2013 stoen: „die Einführung eines einheitlichen, religionsneutralen Werteunterrichts in allen Grund- und Sekundarschulen", an dat wäert och haut geschéien.



Am Regierungsprogramm, de Lex Delles huet et virdrun opgezielt, steet et och ganz kloer dran, do sti véier Termen, déi ganz wichteg sinn: dass et en „cours unique“ gëtt, ee Cours fir alleguerten d'Kanner, dass et en „cours neutre“ gëtt, een, deen also net un eng Relioun gebonnen ass, dass et e Cours ass, deen „éducation aux valeurs“ wäert maachen an e Cours wäert sinn, deen „à tous les élèves“ wäert kënnen enseignéiert ginn. Dat ass eis extrem wichteg.

Iwwregens hat d'CSV jo och eppes an hirem Wahlprogramm 2013 stoen: Si wéilten de Wäerteunterrecht am Secondaire aféieren.

(Interruption)

Si waren dunn awer, wéi mer deen heiten agefouert hunn, leider dergéint.

Une voix.- Si haten et vergiess.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Vläicht si se dann haut fir dëse Cours, well dee steet net an hirem Wahlprogramm. Dat wier jo da wéinstens eng Logik.

Ganz wichteg ass, dat wéilt ech awer och nach hei ernimmen, et däerf een net vergiessen, dass d'Ofschafe vum Reliounscours an d'Aféierung vun dem Wäerteunterrecht op engem Accord berout, deen tëschent der Regierung an dem Bistum gemaach gouf am Januar 2015. Et muss een dat ëmmer nach eng Kéier rappeléieren. Och dat, mengen ech, ass wichteg, dass een dat seet.

(Interruption)

Iwwert d'Coursen, wéi dass se ukommen dobaussen, d'Coursen, déi den IFEN ubitt, muss ee soen, dass do e groussen Undrang besteet. Schonn dausend Interessenten hat den éischte Cours. Deen zweete Cours, deen am Hierscht soll ulafen, soll och fir 1.200 Leit nach eng Kéier sinn. Dat si 16 Stonne Cours, déi do gemaach ginn. Mä ech kommen herno nach eng Kéier an deem nächste Projet de loi op d'Personal ze schwätzen. Dat ass och e ganz wichtege Projet de loi.

Den Här Zeimet schéngt de Cours, dee mer hei wëllen aféieren, awer decidement net gelies ze hunn. Ëm wat geet et an dësem Fach? De kulturellen Hannergrond vun de Kanner a vun de Jugendlechen, dee gëtt an eisem Land ëmmer méi villfälteg. Dat ass eng gesellschaftlech Realitéit an där muss een och an d'A kucken. Mir liewen net méi 1968. Dat war e ganz gutt Joer, mä mir liewen awer net méi an deem Joer. D'Welt huet evoluéiert, d'Welt ass virugaangen, an och hei zu Lëtzebuerg. Also gehéieren och aner kulturell Hannergrënn an eis Lëtzebuerger Gesellschaft. Déi reliéis an déi moralesch Iwwerzeegunge vun de Famillje sinn net méi déi, wéi se nach viru 50 Joer waren.

D'ëffentlech Schoul muss also e Raum bidden, e Raum vun Dialog schafen. Mir brauchen en Zesummeliewen, wou mat Respekt an Toleranz mat dëser Diversitéit ëmgaange gëtt. VieSo bréngt also d'Kanner, et ass hei scho wéivillmol gesot ginn, beieneen an dividéiert se net an déi, déi gleewen, an an déi, déi net gleewen.

D'Ziler si ganz respektabel. An déi Ziler vun deem Cours misst awer heibannen, mengen ech, jiddweree kënnen deelen: d'Förderung vun der Toleranz, déi op Wëssen opbaut, d'Förderung vun demokratesche Wäerter, vun universelle Wäerter an enger Gesellschaft, déi vu ville Kulture beaflosst gëtt. An der Zäit, wa mer an der Primärschoul waren, op alle Fall zu menger Zäit war et esou, do war vläicht een Netlëtzebuerger an der Klass. Haut ass et ganz oft anescht an de Klassen. Haut hu mer oft Klassen, wou ee Lëtzebuerger dran ass, mat all deene kulturelle Begebenheeten, déi da matkommen.

Reliounen, an dat wëll ech dem Här Zeimet awer ganz kloer soen, gehéieren zu eiser Traditioun, déi eist dagdeeglecht Liewe méi oder manner geprägt huet. A fir dat ze verstoen, wéi dass eis Gesellschaft fonctionnéiert, muss ee Reliounen och erklären. A Relioune gehéieren och zu dësem Cours. Wann een de Cours dann och gelies huet, da konnt een dat och ganz kloer dran erkennen. Also et soll mer keen elo hei soen, dass iwwerhaapt net méi vu Reliounen an deem Cours geschwat gëtt!

Wat et awer net méi gëtt, an dat ass dee groussen Ënnerscheed: Et gëtt kee Bekenntnis zu enger Relioun. Dat ass e groussen Ënnerscheed zu deem Cours, wéi et en haut gëtt. Mä Relioune mussen erkannt ginn, a bei Relioune muss erkannt ginn, wat d'Relioune wëllen. An dat soll an deem Cours hei och erkläert ginn.

Da gëtt et eng kritesch-reflexiv Ausenanersetzung iwwer Froen, iwwer Iwwerleeungen, Erfahrungen aus dem Liewe vum Kand. Déi sollen d'Kand zu engem kriteschen an differenzéierten Nodenken ureegen.

An dann, dat drëtt grousst Zil, dat sinn dann déi grouss Liewens- a Gesellschaftsfroen, iwwert de Sënn vum Liewen, natierlech kandgerecht opbereet, déi sollen do natierlech och diskutéiert ginn.

An dat sinn alles Wäerter, zu deene mir vun der LSAP kënne stoen an och wäerte stoen. An ech sinn och ganz houfreg, dass mer dee Cours hei haut dann definitiv wäerten aféieren.

Zur Argumentatioun awer vum Choix, dat gouf jo och virdrun e puermol hei ernimmt. Wéi ee Choix hunn d'Leit dann haut? D'Leit hunn haut de Choix tëschent dem kathoulesche Reliounsunterrecht an tëschent engem anere Cours. Wéi ass et da mat den Zeugen Jehovas, mat der neiapostolescher Kierch, mat dem Islam, mat de Judden, mat den Hinduen a mat den afrikanesche Reliounen? Mat all deenen anere Reliounen? A gitt emol eng Kéier kucken, wivill Reliounen et iwwerhaapt gëtt! Fir esou vill Coursen hätte mer jo guer keng Zäit, fir dat an der Schoul anzeféieren.

Duerfir, de Choix, dee war awer nëmmen zimlech limitéiert! A mat deem neie Cours hei ginn alleguerten déi grouss Reliounen thematiséiert, hir Geschicht, hir Wäerter, a souguer déi Relioune vläicht, déi net am Cours direkt virgesi sinn, mä wann e Kand aus senger Erfahrung ka schwätzen, da gëtt an deem Cours hei och doriwwer geschwat.

Ech sinn och iwwerzeegt, dass dat an deem kathoulesche Reliounsunterrecht, dee bis elo an der Schoul war, och gemaach ginn ass. Jo, ech mengen dat och! Ech mengen, do ginn et och, goufen et och ganz vill ganz respektabel Enseignanten, déi dat och ganz gutt gemaach hunn.

(Interruptions)

Dann, dee Choix, deen Dir ëmmer preconiséiert, deen huet - an dat war esou an dat kënnt Der och net leugnen - eng Trennung tëschent de Kanner bruecht. Dat ass, wéi wann een eng Trennung iwwert de Choix vun der Mathé oder vun de Sprooche géif maachen.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Genau dat hu mer am Cycle inférieur festgehalen d'lescht Woch!

M. Georges Engel *(LSAP).*- Dat ass an deem heite Cours esou gemaach ginn, dat gëtt an deem heite Cours awer, dee mer elo hei aféieren, nei aféieren, net méi gemaach. Hei geet dat net méi iwwert den Niveau vum Glawen, mä et gëtt en „Vie et société“-Cours agefouert, deen also net méi zu deenen onnéidege Spannunge wäert féieren, zu deenen e virdru gefouert huet.

(Interruptions)

Plusieurs voix.- Wou waren dann do Spannungen?!

M. Georges Engel *(LSAP).*- An da vläicht och nach e Wuert zu deem, wat den Här Spautz an der leschter Interpellatioun hei gesot huet: Mir géifen elo d'Reliounen ofschafen.

Ma dat ass natierlech net de Fall! Déi eng Relioun gëtt aus der Schoul erausgeholl, mä iwwert d'Reliounen allgemeng gëtt an der Schoul weider geschwat. Si ginn also net ofgeschaaft, och dat muss een eng Kéier kloer soen. Dat gëtt gären dobaussen esou falsch rapportéiert. D'Relioune ginn net ofgeschaaft. Et kann een d'Relioun och weider liewen. D'Reliounsfräiheet ass ee Recht, wat an internationale Mënscherechts- an an internationale Konventioune steet, an zu deem steet mat Sécherheet dës Regierung och nach ëmmer. Duerfir, et soll ee wa méiglech esou Saachen och net zielen.

Oder ob mer elo...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Engel?

M. Georges Engel *(LSAP).*- Jo?

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Erlaabt Der, dass den Här Zeimet Iech nach eng Fro stellt?

M. Georges Engel *(LSAP).*- Majo bien sûr.

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Här Engel. Dir hutt elo just gesot, et wär zu Spannunge komm wéinst dem Choix. Duerfir géif ech gäre froen, ob Der eis dann e Beispill kënnt ginn, wou et da konkret zu Spannunge gefouert huet, well et e Choix gouf tëschent Reliounsunterrecht an Ethikunterrecht.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Ma ech kann Iech do gären e konkret Beispill gi vun enger Persoun, déi ech ganz gutt kennen an déi net am Reliounsunterrecht war, mä déi an dem Morallsunterrecht war, an déi da gesot krut, wou se drop ugeschwat gouf iwwer Gott an esou weider: „Jo, mä dir, Kanner, dir sidd jo net gleeweg, dir gitt souwisou direkt an d'Hell!“ Wann een dat engem klenge Kand seet, mengen ech schonn, dass dat eng Spannung kéint sinn.

(Brouhaha)

Dat sinn déi Situatiounen, déi et an der Schoul ginn.

Här Zeimet,...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Da loosst den Här Engel elo erklären, wann ech gelift!

M. Georges Engel *(LSAP).*- Här Zeimet, dat sinn déi Situatiounen, déi et an der Schoul ginn.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift, e bësse Rou! Den Här Engel huet eleng d'Wuert.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Ech mengen net, dass Dir wëllt, dass dat soll gesot ginn, mä déi ginn et awer an der Schoul. Déi kënnt Der net leugnen, mä déi ginn et.

(Brouhaha)

Déi ginn et op alle Fall net méi opgrond vun dësem Cours.

(Interruption)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift! Här Engel, Dir hutt eleng d'Wuert.

Här Engel, wann Der wëllt virufueren.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Jo, ech fueren och direkt weider. Wat...

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Allez!

M. Georges Engel *(LSAP).*- Wat mech...

(Interruption)

Wat mech nach gefreet huet, ze héieren, oder neen, net gefreet huet, wat mech nach gewonnert huet, ze héieren, an dat léisst awer déif blécken - an dat léisst awer déif blécken! -, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass, dass, wéi den Här Zeimet gesot huet, de Reliounsunterrecht de „Fonds de commerce“ vun der CSV wär. Ma dat...

(Brouhaha)

Dass mir elo mat deem Reliounsunterrecht hei de Fonds de commerce vun der CSV géifen zerschloen, dat hutt Der gesot! Ma dat léisst ganz déif blécken! Ech wéilt dat och just esou, kommentarlos hei stoe loossen.

Ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP fir dëse Cours. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Engel. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Madamm Presidentin, viru bal genee engem Joer hate mer hei an der Chamber de Projet de loi 6967 debattéiert a leider och nëmme mat de Stëmme vun der Majoritéit d'Gesetz gestëmmt. An domat hate mer d'Decisioun geholl, datt am Secondaire keng zwee Coursë méi, an zwar e sougenannte Reliouns- an e sougenannte Morallsunterrecht wären, mä datt mer ee gemeinsame Cours fir all Schüler hätten.

Mir haten och deemools, de 7. Juli 2016, eng lieweg Diskussioun a mir waren e bëssen erstaunt doriwwer, datt d'CSV de Projet net matgestëmmt hat, well en eigentlech op der Linn vun hirem eegene Wahlprogramm louch. An ech muss awer soen, méi erstaunt war ech perséinlech iwwert de Vott vun eise Kolleege vun déi Lénk, well ech eigentlech gemengt hat, si hätten den historesche Moment als solchen erkannt, mä gutt!

Zënterhier ass et zimlech roueg ginn ëm dat neit Fach am Secondaire. D'Uelzecht zitt weider duerch d'Wisen an den Himmel mécht eis och weider Wäin. A sollt dat emol manner de Fall sinn, dann huet dat méi mat der Meteo ze di wéi mat engem Schoulfach.

Haut dann, Madamm President, maache mer datselwecht wéi virun engem Joer, mä dës Kéier fir d'Primärschoul. Dat hat d'Regierung esou ugekënnegt, dat ass laang a breet diskutéiert ginn, an ech gesinn eigentlech och keng Ursaach, fir déi 16 Minutten, déi mer als Riedezäit zur Verfügung stinn, voll auszenotzen.

Duerfir wëll ech emol un éischter Stell dem honorabele Rapporteur, den Här Delles, Merci soe fir seng Rapporten. Do stoung alles dran. Ech wëll awer och dem Auteur vum Exposé des motifs vum Projet de loi, dee mer haut debattéieren, Merci soen. Hei ass näämlech en Historique ugefouert, dee kuerz a sachlech de Wee vun enger Entflechtung vun der ëffentlecher Schoul an der kathoulescher Kierch opzeechent. Dat ass eng interessant Lektür, déi op sechs Säiten och déi historesch Dimensioun vun dësem Gesetz däitlech mécht.

Wat den Inhalt vum Gesetz ugeet, faassen ech mech kuerz. déi gréng sinn, wéi all aner Partei heibannen, der Meenung, datt „d'Eltere sollen decidéieren, ob hir Kanner eng reliéis oder eng net reliéis Erzéiung kréien.“ „Eltere musse vill Décisiounen am Interêt vun hire Kanner huelen. D'Eltere sinn déi éischt Responsabel fir hir Kanner. An et gëtt Decisiounen, déi soll an däerf de Stat den Elteren net ewechhuelen. Dozou gehéiert de Choix, ob ee seng Kanner wëllt reliéis erzéien oder och net, an dee Choix muss de Stat respektéieren.“ Dat war elo e längert Zitat vum Här Zeimet senger Ried vum leschte Joer. An ech deelen déi Aussoen zu honnert Prozent, an och déi Ausso, datt de Stat den Elteren et och soll „erméiglechen, hire Choix mat hire Kanner ze liewen“.

Den Här Zeimet, deen ech en elo grad ugeschwat hunn, huet och virdrun e puer Saache gesot. Ben, fir mech ass et scho kloer, datt d'CSV jorzéngtelaang e bëssen am Schiet vun der kathoulescher Kierch gesurft huet, do, wou et hir gefall huet, an do, wou et hir manner gutt gefall huet, ass se dann och manner an deem Schiet gesurft.

Ech sinn ni der Meenung gewiescht, datt jiddwereen, deen an d'Mass geet, d'CSV wielt. An ech sinn och ni der Meenung gewiescht, datt all Mënsch, deen am Reliounsunterrecht war, d'CSV géif wielen, soss géif jo nach haut bal keen eppes aneres wiele wéi d'CSV.

Mä ech froen dann awer den Här Zeimet: Här Zeimet, sidd Dir dann der Meenung, datt een, deen an de Reliounsunterrecht geet, haut besser versteet, wat am Noen Oste geschitt wéi een, deen net an de Reliounsunterrecht gaangen ass? Sidd Dir dann och der Meenung, datt een, deen an de Reliounsunterrecht geet, d'amerikanesch Politik an den amerikanesche President besser versteet wéi deen, deen an de Morallsunterrecht gaangen ass? Dat war mir e bëssen esou duerchgeklongen an Ären Ausféierungen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Adam, den Här Zeimet wëllt Iech just eppes froen.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Jo. Ech wollt meng 16 Minutten net ganz ausnotzen, mä vläicht änneren ech meng Meenung jo nach.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Okay. Dir kënnt roueg Är Minutten ausnotzen. Här Zeimet, Dir hutt d'Wuert!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Den Här Adam huet mech ugeschwat, ech wëll em just seng Fro beäntwerten.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Gären!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Dir hutt eng Fro gestallt an Dir vermëscht meng Ried. Dir vermëscht dat Kapitel iwwert de Reliounsunterrecht, de konfessionellen, mat deem iwwert déi reliéis Wëssensvermëttlung, wou dat Zitat, dat Der elo genannt hutt, komm ass. Natierlech sinn ech awer schonn der Meenung, datt deen, deen an engem Reliounsunterrecht war, vläicht éischter en Zougang derzou huet wéi een, deen dat net gemaach huet. An ech si virun allem der Meenung, een, deen eng seriö reliéis Wëssensvermëttlung an der Schoul gemaach huet, dat, wat Der ugeschwat hutt, sief et d'Vereenegt Staaten, och dat war e Beispill, sief et den Noen Osten, besser kann novollzéie wéi een, deen dat net gemaach huet.

(Interruption)

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Jo. Merci, dat war e bëssen dat, wat ech...

Une voix.- Dat stelle mer guer net a Fro.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Dir bestätegt awer e bëssen dat, wat ech gefaart hunn. Wëssensvermëttlung an de Relioune wëlle mer jo grad just an der Schoul maachen. An Dir sot mer hei, datt een, deen an dem Reliounsunterrecht wier, dat eventuell (veuillez lire: dat eventuell besser verstoe géif), an et ass genau dee moraleschen Usproch, deen ech dem Reliounsunterrecht net zougestinn. Fir mech ass et keen Ënnerscheed, ob ee Jugendlechen an ee Kand am Reliounsunterrecht war oder an engem gutt gefouerte Moralunterrecht fir déi do Froen.

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Neen, ma natierlech, dat hunn ech jo och elo net gesot!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Ma da si mer eis jo eens, Här Zeimet. Mir haten eis net gutt verstanen, mä mer schéngen eis eens ze sinn. Wonnerbar!

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Et ass gutt. Wann ech gelift, Här Adam, wann Der wëllt virufueren.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Ech mengen, mer sinn eis och eens heibannen, datt dat net just fir déi kathoulesch Relioun gëllt, datt d'Eltere sollen hire reliéise Choix virliewen an och un hir Kanner weiderginn, och wann d'kathoulesch Relioun bis elo eng vill méi wichteg Roll gespillt huet wéi iergendeng aner Relioun bei eis am Land. Ech mengen, dat ass historesch bedéngt. Mir hu jo och nach aner Reliounsgemeinschafte mat hiren Unhänger hei am Land an déi Pluralitéit, déi mer an de Kulturen, an de Sproochen, an de Meenungen hunn, déi mécht och bei de Relioune keng Ausnam.

Mir hunn eis a villen internationalen Accorden derzou verflicht, all Relioune gläich ze behandelen. Dat ass net an alle Länner op der Welt esou. Et gëtt Länner, wou et eng Statsrelioun gëtt, wou aner Reliounen ënnerdréckt ginn, wou Leit, déi anescht gleewen, verfollegt a menacéiert ginn. A mir si frou, datt dat bei eis net esou ass. Mir sinn och frou, datt an eiser Verfassung steet, datt een och fräi ass, kenger Relioun unzegehéieren a kenger reliéiser Doktrinn ze follegen. Do si mer frou driwwer an dat soll och esou an eiser Verfassung stoe bleiwen.

Mir stounge virum Choix...

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Sch! Wann ech gelift, loosst den Här Adam elo schwätzen. Dir kritt duerno d'Wuert. Här Adam, Dir kënnt virufueren.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Mir stounge virum Choix, datt mer all Relioun, déi déi néideg Masse critique hat, an eis ëffentlech Schoul géifen eraloossen oder awer decidéieren, datt d'ëffentlech Schoul net déi richteg Plaz fir eng Glawensvermëttlung ass. Mir hu vun Ufank un dës zweet Positioun, d'Positioun vun eiser Regierung, déi Positioun, déi mer haut ëmsetzen, favoriséiert. A mir sinn houfreg drop, datt mer zu Lëtzebuerg de Wee gi vun enger Schoul, déi sech neutral verhält, wat d'Relioune betrëfft, déi sech duerfir awer beméit, eise Jonken eng Rei Wäerter vum gemeinsamen, solidareschen an demokrateschen Zesummeliewen ze vermëttelen.

Et ass eis souguer onverständlech, wéi grad just déijéineg, déi ëmmer ganz haart jäizen, de Stat misst sech aus den Elteren hiren Decisiounen eraushalen, wat d'Kannererzéiung betrëfft, esou staark drop bestinn, de Stat misst eng Panoplie vun ëffentlech finanzéierte Reliounsunterrechten an eisen ëffentleche Schoulen ariichten.

Mir deelen, wéi gesot, déi Astellung net. Mir droe mat, datt mir iwwert d'Konventiounen och de Reliounsgemeinschaften eng gewëss finanziell Hëllef ginn. Och mir erkennen de Phénomène religieux als Bestanddeel vun eisem gesellschaftleche Liewen un.

Mir begréissen d'Aféierung vun engem gemeinsame Cours „Vie et société". Mir si frou, datt mer no enger Rei Startschwieregkeeten - d'Emotioune waren nun emol héich am Ufank - et awer zu enger konstruktiver Zesummenaarbecht am Aarbechtsgrupp bruecht hunn. Mir si frou, datt vill Enseignanten déi Offer vu Formation continue fir dësen neie Cours ugeholl hunn. Mir stinn zu de Lignes directrices, wéi se am Gesetz formuléiert sinn. Mir fannen et richteg, datt mat dësem Gesetz den neie Cours „Vie et société" ee Cours gëtt, deen d'selwecht funktionéiert wéi all déi aner Coursen an der Schoul. Am Prinzip gëtt e vum brevetéierten Titulaire gehalen, e kann awer och wéi all déi aner Coursen dechargéiert ginn.

Mir ginn dervun aus, datt mer mat den Erfahrunge vun deenen nächste Joren och nach e puer Ännerungen, souwuel am Plan d'études wéi och am didaktesche Material wäerte kréien, esou wéi mer dat och bei anere Fächer kennen. D'Schoul ass jo schliisslech näischt Statesches.

Madamm Presidentin, wa mer dann haut decidéieren, an der Primärschoul dat ze maachen, wat mer virun engem Joer am Secondaire gemaach hunn, da gëtt et awer nach ee gréisseren Ënnerscheed: Mir hunn, anescht wéi an de Lycéeën, och nach d'Erausfuerderung, eng Rei Leit, déi bis elo de Reliounsunterrecht an der Primärschoul gehalen hunn an deenen hire Patron de Bistum war, ze iwwerhuelen an eng nei berufflech Carrière unzebidden. Och dat hu mer virgesinn, mä dat maache mer da mam Projet de loi 7078, dee mer nach haut de Mëtte wäerten debattéieren.

Dat gesot, Madamm Presidentin, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu der Aféierung vun dem Fach „Vie et société" an eise Grondschoulen an ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Adam. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Madamm President, Dir Dammen an Dir Häre, och e grousse Merci un den Här Delles, fir unzefänken, fir dee ganz gudde Rapport, deen en eis presentéiert huet.

Et huet, wéi den Här Zeimet gesot hat, eigentlech kee gestéiert gehat bis elo, datt mer dee Choix haten, also téschent dem Reliounsunterrecht an dem Morallsunterrecht an de Schoulen. Am Géigendeel, dat ass largement akzeptéiert ginn an der Gesellschaft. An déi Ännerungen, déi d'Regierung elo proposéiert, muss een dofir ganz kritesch hannerfroen. Ech mengen, dat Haaptargument, wat mer haut héieren, dat ass d'Neutralitéit. D'Neutralitéit vun der Schoul, wéi et heescht am Rapport, géintiwwer der Conception du monde.

Mä dat Neutralitéitselement vun der Regierung ass eng reng Hypokrisie. Well u sech ass dës Regierung ëmmer nëmmen dann un der Neutralitéit vun der Schoul interesséiert, wann et ëm d'Interesse geet, déi hir net sinn. Mä wann ee kuckt, wéi präsent dës Regierung da mat hir Politik an eise Schoulen ass? Wéi dacks si Politiker vun dëser Koalitioun an de Schoule präsent? D'Oppositioun bal net!

Wéi ass et mat der Sexualopklärung? Mam Genderunterrecht? Mat der Indoktrinatioun iwwert den Zentrum fir politesch Bildung? Mat der Opklärung a Propaganda fir déi Konzeptioun vun der Entwécklungshëllef, wou Milliounen all Joer investéiert ginn, fir just an de Schoule Reklamm ze maache fir d'Regierungspolitik? An déi Parteien, déi hei konsequent an de Schoule präsent sinn a konsequent an de Schoule militéiere fir hir Politik, déi schwätzen eis elo vun der Neutralitéit vun der Schoul, wann et ëm d'Relioun geet. Dat ass net glafwierdeg.

Dat Zweet ass grondleeënd, datt dës Regierung hei eng Organisatioun vum ëffentleche Raum, wat eng Verantwortung vun enger Regierung ass, verwiesselt mat enger Dominanz vum ëffentleche Raum, mat enger Verdrängung vun aneren Akteuren, mat enger Verdrängung vun de Reliounen aus dem ëffentleche Raum, dee se fir sech selwer beusprocht. E Monopolusproch, net nëmmen op d'Kannererzéiung, mä och op d'Wäertevermëttlung. Et ass en Zeeche vun Intoleranz, fir géint d'Kierchen am Beräich vun der Wäertevermëttlung, wou déi jo awer hiert Wëssen an hir Erfahrung hunn, wëlle virzegoen.

An dat anert Argument: Den Europarot gëtt nach zitéiert. An enger Resolutioun vum Conseil des Ministres vum Europarot - dat huet eng gewëssen Zäit gebraucht, fir déi nozeliesen a se iwwerhaapt ze fannen, esou wichteg ass se - gëtt dann och nach gesot... Et steet iwwregens an där Resolutioun vum Ministerrot vum Europarot kee Wuert, datt de Reliounsunterrecht misst ofgeschaaft ginn. Kee Wuert! Dat steet guer net dran, wat hei am Rapport awer zitéiert gëtt, mä et steet do, do soll eng interkulturell Erzéiung gemaach ginn. An dat interpelléiert, well wat ass eng interkulturell Erzéiung? Ass dat iwwerhaapt eppes, wat mir hei am Land wëllen?

Wann een nokuckt, wat heescht dat: interkulturell? Dat ass eppes, wat vill méi wäit geet wéi multikulturell. Interkulturell heescht, datt all Kulturen op enger Basis vu kompletter Gläichwäertegkeet musse betruecht ginn. Komplett Gläichwäertegkeet! Wa muer ee kënnt, dee Voodoo-Kulten huldegt an de Baron Samedi an de Baron Cimetière hei als gutt fënnt, dann däerfe mir keng Kritik doriwwer hunn, well d'Interkulturalitéit zwéngt eis zu der kompletter Gläichwäertegkeet vun der Unerkennung vun all anerer Kultur. Dat ass ee Wee, dee mir net matginn. Wie wëllt dann iwwerhaapt Interkulturalitéit?

Mä déi hei Regierung wëllt dat. Si huet souguer an dem urspréngleche Projet de loi, dat ass erausgeholl ginn opgrond vun enger Interventioun vum Statsrot aus legisteche Grënn, mä an där urspréngleche Beschreiwung, wat de Sënn vun deem Cours „Vie et société" ass, schreift d'Regierung selwer: «La tolérance dans la société interculturelle», also méi wäit wéi multikulturell. An et heescht do och an dem Projet vun der Regierung: «Le nouveau cours s'inscrira résolument dans une approche multiréférientielle.» Dat heescht, et gëtt och kee feste Bezuchspunkt méi. Mir abandonnéieren eis eege Kultur u sech. Mir hu kee feste Bezuchspunkt méi, dee mer eise Kanner wëllen offréieren, fir hinne mat op de Wee ze ginn, fir hinnen et iwwerhaapt kënnen ze erlaben, sech selwer ze fannen, Kulturvirstellungen ze hunn, e Wäertesystem opzebauen - well mer hinne kee feste Bezuchspunkt ginn.

Den Här Delles hat um Radio, um 100,7, nach dës Woch gesot: „Et gëtt kee Richteg a kee Falsch." An ech mengen, dat ass eppes, wat déi Approche vun der Regierung ganz gutt weist: Eigentlech déi Orientéierungslosegkeet, an déi mer eis Kanner eraloossen, wann den Här Delles oder d'Regierung hei eigentlech seet: „Et gëtt kee Richteg a kee Falsch. Mir sinn interkulturell, alles ass gläichwäerteg." An da wëlle mer dann do eppes opbauen.

Den Här Fayot, en ass elo net...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Kartheiser,...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, natierlech kann den Här Delles mer eng Fro stellen. Dir rechent mer dat awer net un u meng Zäit.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Jo, jo, dat ass kee Problem.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dat ass esou.

M. Lex Delles *(DP).*- Merci villmools, Madamm Presidentin. Merci villmools, Här Kartheiser. An deem Interview hunn ech gesot: Et gëtt kee Richteg an et gëtt kee Falsch. An deem Cours hei ass et net, fir ze soen: Eng gewësse Relioun ass richteg an eng aner Relioun ass falsch. Dat war an deem Kontext, wou ech dat gesot hunn, fir wierklech hei déi Offenheet ze weisen. An ech hunn net gesot: Hei geet et drëm, dass d'Regierung dee Choix do soll huelen. Hei ass wierklech an deem dote Kontext vun de Relioune geschwat ginn, dass an deem Cours do net gesot gëtt: Déi Relioun ass gutt, déi Relioun ass schlecht. Et ass dat, wat ech gesot hunn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Majo genau dat ass dat, dofir hunn ech dat Beispill vum Voodoo zitéiert mam Baron Samedi a mam Baron Cimetière. Genau fir Iech dat doten ze illustréieren, Här Delles, fir Iech praktesch op Ären Interview ze äntwerten. Wann Dir sot, et ass keng richteg a keng falsch, da schléisst Der all méiglech Kulten doranner an. An ech weess net, ob Dir Iech bewosst waart, wat dat do fir eng wäitreechend Ausso ass, déi Der haut hei nach eng Kéier widderholl hutt.

Et ass och net alles am Islam, menger Meenung no, richteg. D'Stellung vun der Fra am Islam ass zum Beispill e Sujet. Dir wëllt hei einfach ëmmer alles als gläichwäerteg duerstellen. Dat ass net esou. An ech mengen, datt, wann ee wëllt och d'Kanner zu enger Wäertevermëttlung oder zu engem kriteschen Denken animéieren, da muss een hinne virun allem emol eng Basis ginn, opgrond vun där se déi Saache kënnen evaluéieren.

Et ass d'Finalitéit vun engem Cours. Den Här Fayot hat déi Fro gestallt. De Reliouns- oder Wäertecours ass kee Cours d'instruction civique. Dat si grondsätzlech aner Saachen. Hei ginn aner Froe gestallt. Et gëtt d'Sënnfro gestallt, d'Verantwortungsfro vum Mënsch. Och an enger theologescher Perspektiv, a vill méi enger wäiter Perspektiv, an enger méi déiwer Perspektiv wéi just de Mënsch am Verhältnis zu engem staatleche Kader.

Mä wat d'Regierung hei eigentlech erreecht, dat ass de Relativismus, den Nihilismus. Dat ass eigentlech dee Wee, op dee sech dës Regierung engagéiert. Et ass net de Wee vun der ADR.

Mir wëllen, datt eis Kanner altersgerecht erzu ginn. Mir wëllen hinnen emol fir d'Eischt e Fundament ginn, fir kënne Wäerter ze verstoen a selwer fir sech ze adoptéieren. Well Kritik - et ass jo gesot ginn, den Objectif vum Cours ass, ëmmer kritesch ze hannerfroen -, mä wësst Der, wéi schwéier et ass, richteg kritesch ze hannerfroen? Dat bedéngt immens vill Wëssen, ier ee Kritik formuléiert. An dat Wësse kréie se net méi. An do ass de fundamentalen Denkfeeler. Et ass eng Inversioun vun der Sequenz vum Denken, fir esou hei ze argumentéieren.

Et gëtt e reliéisen Analphabetismus. Eis ganz Kultur, eis Wierder, souguer d'Wäertevirstellungen, déi hei solle vermëttelt ginn, déi sinn an eiser Kultur, an eiser Philosophiegeschicht net denkbar ouni den Apport vun de Reliounen.

Wéi sollen da kënne Wäerter vermëttelt ginn, ouni iwwer Reliounsgeschicht a Reliounswëssen iwwerhaapt kënnen op déi Quellen zréckzegräifen, déi et engem erlaben, ze verstoen?

Alles hei gëtt ausgeblennt. Mir hunn hei eis Musik, eis Architektur, eis Begrëfflechkeeten. Eis Philosophie ass esou enk verbonne mat der Relioun, datt et zu enger Form vu reliéisem Analphabetismus kënnt, an deem eis Kanner herno emol net méi déi kulturell a literaresch Referenzen erëmerkennen, déi eis eege Geschicht ausmaachen. Och dat ass eng Konsequenz, wann een ufänkt, Relioun aus eisem Liewe wëllen erauszedrécken.

Déi Diversitéit: Firwat ass eng Regierung, déi iwwerall eigentlech trennt, am Sproochenunterrecht, déi ganz vill Filièrë mécht, déi eigentlech iwwerhaapt kee Problem domat huet, Schüler ze trennen, awer esou empfindlech, fir se ze trennen am Reliounsunterrecht? Dat ass och eng Form vun Diversitéit! Et ass d'Kennenléieren an der Schoul vu verschiddene Glawensopfaassungen, u sech eppes Wäertvolles, eng Form vu Meenungsfräiheet, där et jo net gutt geet ënnert dëser Regierung. Well Reliounsfräiheet ass och eng Form vu Meenungsfräiheet! An och dat ass eppes, wat hei awer a Fro gestallt gëtt.

Mir als ADR si kloer fir de Choix, kloer! A wa mir - ech hunn dat virdru gesot an där anerer Diskussioun, hei soen ech et och -, wa mir an eng Regierung kommen, mir maachen dëst réckgängeg. Mir si fir de Choix! An ech weess eben net, ob aner Parteien dee Wee och ginn. Mir sti fir Meenungsfräiheet. Mir sti fir Reliounsfräiheet. Mir sti fir de Choix. An dat heescht, datt mer net fir all Relioun op der Welt, mä fir déi haaptsächlech zu Lëtzebuerg vertruede Reliounen e staatlech kontrolléierte Reliounsunterrecht an der ëffentlecher Schoul géifen erméiglechen.

Well wat heescht et, de Reliounsunterrecht an eng Sphär ze drécken, déi baussent der ëffentlecher Schoul ass? Mä de Stat verléiert d'Kontrollméiglechkeeten! An dat ass och e wichtegen Atout vun engem staatlechen oder staatlech matkontrolléierte Reliounsunterrecht an der ëffentlecher Schoul, well de Stat en Afloss huet op d'Programmer.

Wann een dat eraushëlt aus der ëffentlecher Schoul, verléiert och de Stat seng Kontrollméiglechkeeten. An an enger Zäit, wou mer iwwer Radikaliséierung schwätzen, wou mer iwwert de Risiko schwätzen, datt sech parallell Subkulture bilden, déi sech och kënne radikaliséieren, ass et dann net en Atout, fir de Reliounsunterrecht an der ëffentlecher Schoul ze organiséieren? Alles dat gëtt liichtfankeg opginn!

De Stat huet hei, e stellt en Usproch op e Wäertemonopol. A mir refuséieren dat. Et ass e Stéck Fräiheet, fir och anere wichtegen Akteuren an der Gesellschaft déi Méiglechkeet ze ginn, de Kanner, den Erwuessenen hir Wäerter ze vermëttelen an eben dann zu engem erwuessenen Uerteel ze kommen.

Mir respektéieren als ADR och d'Erzéiungsautoritéit vun den Elteren. Dëst Gesetz stellt en Agréff an d'Fräiheet vun den Elteren duer!

Mir wëllen och schlussendlech op d'Integratioun an eiser multikultureller Gesellschaft hiweisen, well mir hu keng Zukunft als Lëtzebuerger Gesellschaft, wa mer net d'Integratioun virundreiwen. Mä déi Integratioun, déi muss virun allem an der Instruction civique sinn, wou mer eis fannen ëm eise Stat. Mä si brauch net ze sinn an der Relioun, well an der Relioun ass en Ausdrock vun Diversitéit, vu Fräiheet vum Mënsch, vu Meenungsfräiheet, déi mer wëllen erhalen.

Aus all deene Grënn wäert d'ADR dëst Gesetz net matstëmmen an, wa mer d'Geleeënheet hunn, et mat Freed réckgängeg maachen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kartheiser. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här „Déivid" Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

Une voix.- Aah!

Une autre voix.- David!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- David! Pardon!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- David. Et ass Hebräesch an net Englesch.

(Hilarité)

Wa mer scho bei der Relioun sinn.

Merci, Madamm Presidentin. Bon, also et ass eng interessant Diskussioun. Et ass eng philosophesch Diskussioun, déi ee muss féieren.

(Brouhaha et interruptions)

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Dir enthaalt Iech!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Ech erklären Iech dat, wat Der net verstitt. Also a Wierklechkeet hu mir et u sech mat enger Aart Pseudokulturkampf ze dinn. Ech hat e bëssen den Androck elo - wann ech jiddwerengem nogelauschtert hunn: Jiddwereen huet elo mat

Wäerter ronderëm sech geschmass -, ech hat e bëssen den Androck, ëmzingelt ze si vu Paschtéier, vu konfessionelle Paschtéier a vu laizistesche Paschtéier. Mä si koumen all mat Wäerter: „Meng Wäerter géint deng Wäerter oder neutral Wäerter."

Ech wéilt soen…

M. Georges Engel *(LSAP).*- Mä just Dir kennt d'Wourecht?

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Neen, justement net! An ech wëll net iwwer Wäerter schwätzen! Well ech mengen net, datt een an der Schoul iwwert d'Wäerter soll schwätzen. Ech mengen, et ass eng phenomenal philosophesch Regressioun, zemools vun engem fortschrëttleche Camp, wann ee vu Wäerter schwätzt.

Well Wäerter, dat kënnt vun dëser Säit: Den Här Kartheiser ass komplett kohärent a senger Approche. An Dir provozéiert och esou Diskussiounen, déi den Här Kartheiser herno benotzt! Well d'Diskussioun iwwer Wäerter, dat war ni eppes vun der Lénker, dat kënnt ni, dat ass ni vun eis komm. An et wonnert mech e bëssen, datt dat lech wonnert. Mä et gi Fundamenter.

(Interruption et hilarité)

Mir soe jo net..., ech kommen nach drop zréck!

Andeems een de Reliounsunterrecht ofschaaft, duerch d'Ofschafung vum Reliounsunterrecht wäert et net dozou kommen, datt eis Gesellschaft méi kal oder méi konsumorientéiert gëtt. Si ass et scho laang!

An de Reliounscours, deen huet och net vill dogéint geleescht. Et muss een awer wëssen, well ech mengen, déi Diskussioun muss een an engem globale gesellschaftlechen an och ekonomesche Kontext gesinn: Mir liewen an enger Welt, d'Ekonomie zu Lëtzebuerg, am Kapitalismus - ech hunn et schonn héieren, Dir wousst, datt ech domadder kéim, jo! -, a wësst Der, dee gewënnt ëmmer géint alles. An dee gewënnt och géint d'Relioun.

(Interruption)

A vu datt zu Lëtzebuerg déi reliéis Autoritéite sech iwwer Joerzéngten dem Kapitalismus verschriwwen hunn an hirem grousse Kampf géint alles, wat rout war, géint déi Gottlos an esou weider, géint déi, déi gekämpft hu fir hiert Brout, maja, dat huet elo dozou gefouert, datt se selwer vum Kapitalismus gefriess goufen. Dir hutt op dat falscht Päerd gesat! Dat ass eng Konsequenz dovunner.

Awer fir déi aner Säit, wat och gëllt, d'Aféiere vum Cours „Vie et société", dat wäert och net dozou bäidroen, datt d'Gesellschaft méi oppe gëtt; si gëtt bestëmmt och net méi solidaresch. Well dobaussen, ausserhalb vun der Schoul, do ass d'Welt net méi esou solidaresch, an ëmmer manner. Do muss ee kämpfen, fir ze iwwerliewen. Do huet ee Konkurrenz. Do muss ee géint säi Matmënsch kämpfen an net zécken, fir deem seng Plaz ze huelen. An dat ass souguer quasi den offizielle Mantra vun eise Regierungen, an der ekonomescher Politik zemools.

Egal wéi gutt den Enseignant ass - an där ginn et der vill -, eis Gesellschaft huet d'Kräfte vum Geld entfesselt a liwwert se de Léiwen an der Arena vum Liewen. Wann Der mengt, Dir kéint Toleranz kréien, wéi Der dat nennt, oder Solidaritéit an och nach en ekonomesche System, deen op Konkurrenz berout, dann täuscht Der lech.

(Interruption)

Firwat net!

(Interruption)

Ech mengen, d'Schoul widderspigelt d'Gesellschaft, an d'Kontradiktioune vun der Gesellschaft, déi fanne sech an der Schoul erëm, a si widderspigelt och déi dominant Relioun. An déi dominant Relioun ass déi vun der Wuer. An ech denken nach drun, gëschter huet de Gilles Müller jo en Exploit erreecht, an ech hu ganz vill gelies: „Nation Branding"!

Deen Term kann ech einfach net ausstoen: Nation Branding. Nation Branding, Branding, dat ass eng Mark! D'Land ass zur Wuer verkomm, dat däerf een net vergiessen, wann een awer e bësse versteet, wat domadder gemengt ass. Mir musse Lëtzebuerg verkafen.

Ech wëll net esou wäit goen, Här Kartheiser, mä ech mengen, datt e Land aus Mënsche besteet, déi do liewen. Dat heescht, mir sinn an der Realitéit an enger Ideologie, wou alles zur Wuer degradéiert ass. Dat ass déi reell Relioun. An deen heite Cours, deen erënnert mech och e bëssen dorunner. Hei ginn esou Wäerter a Kulturen - philosophesch Kultur, politesch, reliéis Kultur - esou presentéiert wéi an engem Supermarché an et soll ee sech de Choix treffen, wéi wann ee Wäschmaschinne géif kafen an et hätt ee verschidde Modeller.

Wann een iwwer Wäerter wëllt schwätzen - an do muss ee ganz gutt oppassen, an do ass de fortschrëttleche Camp, dee muss ganz gutt oppassen -, wann een iwwer Wäerter wëllt schwätzen, da provozéiert een duerno Diskussioune wéi déi, déi den Här Kartheiser lassgetrëppelt huet, zum Beispill iwwert de Voodoo, wou en och mat Klischeeë komm ass. Ech weess, de Voodoo ass net ganz bekannt, mä et ass anscheinend eng ganz komplex Relioun, et geet iwwert de Baron Samedi eraus.

Oder iwwert den Islam! Well da seet een dach: Okay, dann hu mer den Islam. Oder d'Chrëschtentum. Mä wat ass den Islam? Wat ass d'Positioun vun der Fra am Islam? Weess een dat hei? Ass dat wierklech esou evident erauszefannen? Ech mengen net! Et ass guer net esou evident. An am Chrëschtentum, weess een dann dat? Oder am Juddentum? Et ass net esou evident. Et muss ee ganz gutt oppassen, wann een esou Diskussiounen ufëiert.

Ech mengen, an deem Cours gëtt eng Illusioun duerch eng aner ersat. D'Relioun kathoulescher Prägung als en Alpha an Omega vun der gesellschaftlecher Prägung gëtt ersat duerch eng Aart vermeintlech neutral Ideologie mat Wäerter, déi nach proklaméiert ginn, mä déi an der Realitéit u sech net méi gelieft ginn.

Bis elo war et esou: E Reliounscours hate mer, deen d'Gesellschaft versicht huet ze erklären aus enger chrëschtlesch-kathoulescher Perspektiv. Bon, duerno si mer e bësse weiderkomm a mir duechten: „Et kann een net jiddwereen, all Kand zwéngen, an dee Cours ze goen." An du gouf de Morallscours erfonnt, dee versicht huet, d'Gesellschaft aus engem netreliéise Bléckwénkel ze erklären.

An elo ass et esou, elo hu mer e Cours, deen den Usproch huet, d'Gesellschaft wäerteneutral ze erklären, wou nach verschidde Wäerter souzesoen neutral duergestallt ginn a wou ee sech dann erauspicke kann, wat engem am beschte schmaacht. Mä déi faméis Neutralitéit, déi gëtt et net. An dat ass och, mengen ech, den Hoken un dëser ganzer Saach.

Well d'Wäerter oder d'Kulturen, déi existéiere jo net vu sech selwer, déi sinn net einfach esou entstanen, déi sinn net vum Himmel erofgefall op d'Mënschen. Ech mengen, de Problem ass deen, wann een zum Beispill och vu Wäerter schwätzt, well et ginn... Toleranz zum Beispill. Dat Wuert „Toleranz" ass e puermol gefall. Toleranz, dat heescht dulden, net? Dat heescht u sech, da geet ee schonn dovunner aus, datt et Saache gëtt oder Mënsche gëtt oder Kulture gëtt, déi sinn net esou wéi ech. Ech sinn net Fan dovunner, mä ech toleréiere se, well ech minimal ziviliséiert sinn.

Mä kann ee wierklech d'Leit esou kategoriséieren oder Iddien esou einfach kategoriséieren, datt ee seet: „En ass aneschters, well ech eben aus engem chrëschtleschen oder atheistesche Raum kommen, an deen anere kënnt aus engem islameschen oder buddhistesche Raum", an et reduzéiert een deen och dorobber? An ech reduzéiere mech selwer. Muss een do toleréieren?

Muss een Homosexualitéit toleréieren? Dat heescht, dass een dat net immens gutt fënnt, mä et toleréiert een dat. Also, och esou vermeintlech positiv Ausdréck kënnen e bësse méi tricky sinn, mengen ech. Do muss een e bësse méi oppassen.

A mir mengen net, datt d'Schoul do ass, fir Wäerter, esou positiv se och deemno wéi awer kënne sinn, weiderzevermëttelen, mä fir d'Denke weider ze vermëttelen. A fir ze verstoen, firwat an engem gewëssene Moment en Evenement geschitt ass, en historescht Evenement geschitt ass, firwat gewësse Philosophien entstinn, Reliounen entstinn, politesch Stréimungen entstinn... Déi entsti justement aus der Geschicht vun de Mënsche selwer. Si hu se fabrizéiert. An et kann ee se net einfach esou presentéieren an der Vitrinn, well se vill méi komplex sinn a well se sech iwwerschneiden.

Ech menge justement, mir lafen e bëssen d'Gefor, fir eng essentialistesch Approche ze hunn. An ech géif gären och den Här Romain Hilgert zitéieren, deen och e ganz gudden Artikel geschriwwen hat am „Land", wou e seet: „Das Gesellschaftsbild von Vie et société in der Grundschule hat eine schwer kulturalistische Schlagseite. ‚Kultur' und ‚multikulturell' kommen gleich 59-mal vor, ‚Religion' und ‚religiös' sogar 82-mal. Die Menschen sind zuerst, was sie glauben und wie sie sprechen, einst ‚Rasse' genannt. Soziale, ökonomische und politische Kategorien werden nur am Rand erwähnt, (…)"

An ech mengen, dat ass de Problem, dee mer domadder hunn. Ech mengen, et gëtt Alternativen. Mir haten der och scho virgeschloen. Et gëtt Approchen an der Schoul an Disziplinnen, déi een de Kanner schonn didaktesch ka bäibréngen: Geschicht, praktesch Philosophie, wéi een dat nennt. Firwat souguer net Soziologie an esou weider an esou virun? Dat kann een de Kanner scho bäibréngen. Dat ka ganz interessant sinn. An do muss een dann net onbedéngt zu de Wäerter oder esou vermeintleche Wäerter recouréieren, fir duerno an eng ganz komplex Geschicht eranzekommen, fir dann neutral ze sinn iwwer eng Saach, wou ee par définition net kann neutral sinn.

Dat ass d'Ursaach, firwat mir… Et ass och keng Katastroph „Vie et société". Ech wëll dat awer och nach ënnersträichen. D'Welt geet net ënner. An et soll een och net d'Schoul iwwerschätzen. Also, ech sinn an de Reliounscours gaangen. Kuckt, wat aus mer ginn ass!

(Hilarité)

Also esou en Impakt muss et…

(Brouhaha)

An ee Joer Sainte-Sophie! Also, esou en Impakt huet et net onbedéngt. Neen, ech mengen, et däerf een et net iwwerschätzen. Et wäert weiderhin un den Enseignanten hänken, ob se e gudde Cours kënnen halen. Mä et ass net den Ennergang vun der Zivilisatioun. Et ass och elo net dee grousse Fortschrëtt, deen ee sech hätt kënne vun esou enger Regierung erdenken. Dofir wäerte mer eis enthalen.

Ech soen lech Merci.

(Interruption)

Den Engel!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Jo, den Här Engel.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Den Engel Albert.

(Hilarité)

M. Georges Engel *(LSAP).*- Den Engel huet eng Fro.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Sou! Also, sidd elo seriö! Den Här Engel huet elo d'Wuert.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Jo, ech hu just eng Fro un den Här Wagner. Bon, seng Virleeferpartei an Däitschland, d'SED, déi huet eng Kéier zéng Gebote vun der Moral a vun der Ethik erausbruecht. Duerfir, Dir sot ëmmer, Wäerter wären näischt vun der „Linke", ausser dat waren eng Kéier keng „Linke", da musst Der dat nach eng Kéier erklären.

Mä Dir hutt elo grad gesot, d'Wäerter, dat wär näischt vun der „Linke". Mä wéi dann anescht wéi als Wäert definéiert Der Fräiheet, Gerechtegkeet, Chancëgläichheet, „Liberté, Égalité, Fraternité"? Wat ass dat dann, wann dat kee Wäert ass, deen Der... Dir sot jo, dat wär näischt vun deenen „Linken", e Wäert? Wéi definéiert Der dann anescht...

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Neen.

M. Georges Engel *(LSAP).*- ...de Begrëff „Fräiheet", „Liberté, Égalité, Fraternité", Chancëgläichheet, Gerechtegkeet? Dat géif ech dann awer gär wëssen.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Wäerter wéi Egalitéit, Fräiheet erkämpft een. Déi hu sech erkämpft.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Mä sinn et Wäerter oder sinn et keng Wäerter?

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Eis Virgänger, dat war net d'SED. Dir hutt Är Fro gestallt. Ech gi meng Äntwert, Här Engel.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Mä sinn et Wäerter oder sinn et keng? Dat wëll ech wëssen.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Mir kënnen eng philosophesch Diskussioun féieren, Madamm Presidentin.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Et ass just eng Fro.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Zwou Minutten, zwou Minutten!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Eng hallef Stonn.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Zwou Minutten!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Eis Virgänger, dat war net d'SED. An zum Deel ass dat och... An deem Fall wieren et och nach d'Virgänger vun der Sozialdemokratie, wann Der d'Geschicht vun der SED kennt. Mä soit.

Eis Virgänger, dat waren zum Beispill d'Spuenkämpfer oder d'Resistenzler. Dat heescht, déi Wäerter, fir déi se agetruede sinn, vu Fräiheet, vu Gläichheet, dat ass eppes, wat een erlieft, an dat ass eppes, wat konkret muss sinn.

Wann een engersäits mat Wäerter dohinnerkënnt, an et seet een: „Et gëtt esou Wäerter abstrakt, mä an der Realitéit an am Alldag gi se net esou erlieft, wéi dat de Fall ass." Egalitéit gëtt an eiser Gesellschaft jo net erlieft. Déi, déi fir d'Egalitéit kämpfen, wéi d'Gewerkschaften, dat ass eng Realitéit. Dat heescht, Wäerter an der Schoul festzeleeën, ass gefëierlech, well da kann ee mat verschiddene Wäerter kommen. Verstitt Der dat?

De Problem ass deen, datt Lénker ni mat Wäerter komm sinn, mä mat der Erklärung - mat der Erklärung! -, rationeller Erklärung vun der Welt: Wéi entsteet eppes? An duerno a justement well se d'Welt verstinn, kënne se kämpfe fir esou Wäerter wéi Fräiheet, Emanzipatioun, Egalitéit, wat ëmmer eis waren.

A justement, wann een ufänkt, ideologesch esou virzegoe mat Wäerter, da kënnt een an Däiwelskichen, Här Engel.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Här Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci och.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Mir hunn elo den Tour gemaach vun all den Deputéierten, déi ageschriwwe sinn. Ech ginn dann elo direkt d'Wuert un den Här Jugend- an Educatiounsminister an dësem esou liewegen Thema, fir eis seng Positioun ze erklären. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Häre, e grousse Merci och un all d'Intervenanten haut de Mëtten hei an dëser Debatt, déi, ech mengen, an engem ganz anstännegen Toun gefouert ginn ass, zu engem ganz groussen Deel och sachlech gefouert ginn ass. E Meritt huet sécherlech dorunner och de Rapporteur, de Lex Delles. Ech mengen, e Meritt huet och de Spriecher vun der CSV, dee roueg geschwat huet, dee vill nogeduecht huet, mengen ech, wärend dem Schwätzen, och wann ech net ëmmer mat em d'accord war. Dorobber kommen ech nach. An e bësse Weltënnergangsstëmmung hate mer dann awer nach beim Fernand Kartheiser.

Et ass vum Claude Adam vun där historescher Dimensioun vun dësem Gesetz geschwat ginn. An effektiv, wann een zréckkuckt, dat éischt Schoulgesetz vun 1843, wat d'Educatioun fest an d'Hand vun der Kierch geluecht huet, do huet et schonn eng Zäitche gedauert, bis 1912, wou d'Schoul sech awer zum Deel emanzipéiert huet, wou de Bistum säin Droit de regard op déi regulär Schoulfächer awer huet missen opginn, de Reliounsunterrecht getrennt gouf, entkoppelt gouf vun deem normalen Unterrecht. Nach eng Kéier laang gedauert huet et, bis 1968, du war de Reliounsunterrecht obligatoresch, souwuel am Fondamental wéi och am Secondaire. 1968 eréischt gëtt de Moralunterrecht am Secondaire agefouert, a bis 1998 huet et gedauert, datt en och am Fondamental eng Realitéit gouf.

A bei all deen dote Schrëtt, iwwer 150 Joer eigentlech, gouf och iwwert de Sujet vun der Plaz vun der Relioun an der ëffentlecher Schoul diskutéiert, gestridden, heiansdo hefteg Debatte gefouert an der Politik an an der Gesellschaft. An d'Land war och méi wéi eng Kéier ganz kloer gespléckt an där doter Fro.

Zanter 1843 huet déi Entwécklung d'Plaz vun der Relioun, och d'Plaz dann ëmmer vun der kathoulescher Kierch an der ëffentlecher Schoul, awer och d'Entwécklung vun der ganzer Gesellschaft suivéiert. An am Réckbléck war et jeeweils eng Upassung u verännert gesellschaftlech Realitéiten, déi zu deem Moment, wou se geschitt ass, ganz oft hefteg ëmstridden a souguer ëmkämpft war, wou se awer och duerno, am Réckbléck ëmmer als richteg empfonnt ginn ass, an dat an engem ganz, ganz breede Konsens, och wann e sech eréischt duerno erausgebilt huet.

Datt dann d'Reliounen dominéieren an deenen dote Froen - d'Diskussioun ronderëm d'Relioun dominéiert an deenen dote Froen -, hu mer de Mëtteg och an der Debatt hei gesinn. Dir gesitt, et ass ganz, ganz vill iwwert d'Relioun diskutéiert ginn. An et ass awer och do nach ëmmer dee Punkt, deen dann awer geholl gëtt, fir ze beleeën, datt een net op enger Linn läit.

Ech mengen, datt dat Schoulfach „Vie et société" nach vill, vill méi ze bidden huet, a vill, vill aner Aspekter hätten och op d'mannst gradesou kënne beliicht ginn haut de Mëtteg an der Debatt wéi d'Reliounen. Haut, denken ech, ass et awer och esou, datt déi Diskussioun an dee Schratt, dee mer hei maachen, wuel begleet gëtt vun enger gesellschaftlecher Debatt, déi awer wäitaus manner hefteg gefouert gëtt, wéi dat bei deene Schrëtt virdrun, déi ech virdrun opgezielt hunn, nach de Fall war.

Eigentlech maache mer jo och zum Deel awer eppes ganz Normales am 21. Jorhonnert. Zum Beispill, doriwwer, datt Agenten, déi dem Bistum ënnerstallt sinn, an der ëffentlecher Schoul intervenéieren, denken ech, si mer eis eens, datt dat awer net an d'21. Joerhonnert gehéiert. Do misst eigentlech och eng CSV domadder kënne liewen, mat där Ausso. Wéi dat mat der ADR ass, dat weess ech net.

Doriwwer eraus wësse mer jo awer och, datt Lëtzebuerg haut en anert Land ass wéi nach bei deene Schrëtt, déi virdru gemaach goufen an där Entkopplung vu Relioun an der kathoulescher Kierch an der ëffentlecher Schoul. Lëtzebuerg ass haut extrem méi heterogen mat ville verschiddenen Nationalitéiten, ville verschiddene Kulturen, ville verschiddenen Traditiounen an och Reliounen, déi präsent sinn. A fréier wéi haut gouf et der och ëmmer a gëtt et der nach ëmmer, déi sech als reliéis empfannen, an anerer, déi sech awer och als net reliéis an net gleeweg empfannen.

An enger méi homogener Gesellschaft, an enger komplett homogener Gesellschaft géif d'Fro vun engem Reliouns- an Ethikunterrecht sech eigentlech aneschters stelle wéi haut zu Lëtzebuerg am Joer 2017. Do géif eng Generatioun hir Wäertevirstellungen an och hir reliéis oder net reliéis Iwwerzeegungen un déi nächst Generatioun viruginn. Nun ech denken, datt et richteg ass, datt mer haut d'Elteren do weider an d'Verantwortung huelen, an dat war jo och net kontestéiert ginn haut de Mëtten hei. Do stellt dat sécherlech kee Problem duer. D'Elteren, d'Reliounsgemeinschafte selwer, awer och déi net reliéis Denkrichtunge selwer sollen hir Iwwerzeegungen un eng nächst Generatioun kënne weiderginn.

Mir hu jo och hei en Iwwergangsmodell fir de kathoulesche Reliounsunterrecht geschafen, mat 40 equivalenten Temps-pleinen, déi och an enger Iwwergangszäit nach vum Stat un d'kathoulesch Kierch finanzéiert ginn: E kathoulesche Reliounsunterrecht, no hirer Responsabilitéit (veuillez lire: deen d'Kierch op hir Responsabilitéit) ausserhalb vun der ëffentlecher Schoul kann ubidden. Nun, dat funktionéiert nach ëmmer alles. Fir d'ëffentlech Schoul ass dat awer schonn net méi esou einfach an enger heterogener Gesellschaft, wann dann d'Wäertevirstellunge vun der Elteregeneratioun esou ënnerschiddlech dach awer sinn.

Mir missten entweder ganz vill verschidde Wäertecoursen aféieren, well déi zwou Alternativen, déi mer haut hunn, géife jo wahrscheinlech dem Spigelbild vun der Lëtzebuerger Gesellschaft haut net méi Rechnung droen. Och déi Propos, déi jo diskutéiert ginn ass an déi mer eis ganz seriö och ugekuckt hunn, vun engem Reliounenunterrecht, denken ech, wär do keng Äntwert drobber gewiescht, well esou Modeller nach ëmmer derzou féieren, datt Kanner no reliéisen oder net reliéise Virstellungen, meeschtens vun hiren Elteren, emol net vu sech selwer, getrennt ginn. An dat wëlle mer net.

A well d'Kanner, hir Elteren an eis Gesellschaft esou ënnerschiddlech sinn, wär et an den Ae vun der Regierung eng verpasste Chance, wann d'Kanner weider grad an där Situatioun a gleeweg an net gleeweg Kanner getrennt géifen, wou een iwwer Wäerter, de Sënn vum Liewen, d'Zesummeliewen an enger heterogener Gesellschaft nodenkt, diskutéiert a sech géigesäiteg soll kënne kenneléieren.

Wéi wëllt ee sech eigentlech kënne kenneléieren, sech respektéiere léieren, wa grad an deene Momenter, wou een iwwert déi dote Sujete schwätzt, deen, deen een nach net kennt, net däerf derbäi sinn a matdiskutéieren? Wéi kann d'ëffentlech Schoul esou hirer Roll gerecht ginn, fir eng Generatioun zesummen opwuessen ze loosse mat engem staarken Zesummenhalt trotz allen Ënnerscheeder an engem grousse Respekt fir de Glaawen oder och d'Weltopfaassung vu senge Matmënschen?

Erlaabt mer, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, den Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich ze zitéieren, wat en am Te Deum 2017 gesot huet: „An do ass dann deen neien Defi, datt mer alleguerten am Fridden zesummeliewen. Dee Fridde muss méi si wéi Toleranz, well eng Toleranz, dat heescht jo just, datt ech deem anere gewësse Rechter ginn. Et muss Respekt do sinn, ee fir deen aneren. Mer mussen een deen anere verstoen an net ëmmer direkt dat Allerschlechtst eis denken, wann een eppes seet, wat eis (...) net (...) honnertprozenteg passt." Dat sot den Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich am Te Deum vun dësem Joer.

Géigesäitege Respekt a géigesäitegt Verständnis kritt een, wann een deen anere kennt, weess, wat en denkt a vu wat en iwwerzeegt ass, weess, wéi deen anere grad zu deene Froe vum Liewe steet, déi eleng mat rationellem Denken eigentlech net kënnen erkläert ginn. E wierklech déifgräifende Respekt entwéckelt een awer net, wann een, grad wann et ëm reliéis oder weltanschaulesch Froe geet, d'Kanner auserneendividéiert. An deem Sënn stellt den neie gemeinsamen Unterrecht vun „Vie et société" eng enorm Chance fir den Zesummenhalt an och e friddlecht Zesummeliewen an eisem klenge Land duer, och wann e fir munchereen op deen éischte Bléck mat enger gewëssener Traditioun wäert briechen.

Dat neit Schoulfach „Vie et société" baséiert op dräi inhaltleche Schwéierpunkten. Et geet drëms, Wëssen a Verständnis vun de verschiddene Reliounen an och net reliéise Weltanschauungen ze vermëttelen. De Mënsch kann nëmmen dat verstoen an och nëmmen dat respektéieren, wat e kennt, an e brauch, an do sinn ech mat deem engen a mat deem aneren absolutt d'accord, och e Bagage, fir Reliounen an aner Weltanschauungen ze dekodéieren, ze verstoen, Phenomeener ze begräifen.

En zweete Pilier ass ganz no un deem, wat mer praktesch Philosophie géifen nennen, wou Dialog a Reflexioun ganz grouss geschriwwe gëtt, wou sech mat Froe vu Liewen a Gesellschaft ausenanergesat gëtt, och kritesch ausenanergesat gëtt, wou Jonker och mat engem kritesche Geescht solle geimpft ginn, mat deem se duerch d'ganzt Liewe solle goen.

An en drëtte Pilier vun deem neie Schoulfach Liewen a Gesellschaft ass d'Zesummeliewen. Dat ass eng Basiskompetenz fir d'Liewen an enger oppener an enger globaler Gesellschaft, déi net méi ewechzedenken ass.

An do sinn ech mam Laurent Zeimet dann awer net ganz eens, datt hei Liewen a Gesellschaft, dat neit Schoulfach, esou duergestallt ginn ass, wéi wann elo de Stat, wien och ëmmer dat da wär, am Numm vum Stat géif definéieren, wat fir eng Wäerter datt an deem dote Schoulfach an der ëffentlecher Schoul géife vermëttelt ginn.

Mir sinn eis alleguerten eens, datt et do ganz kloer e Kader muss ginn. Mënscherechter zum Beispill kënnen net a Fro gestallt ginn, kënnen net relativiséiert ginn. Mä op där anerer Säit geet et hei net drëms, fir virzedefinéieren, wat fir eng Wäerter enger nächster Generatioun do mussen ageimpft ginn. Mä et geet drëms, der nächster Generatioun d'Kompetenz mat op de Wee ze ginn, sech selwer bei där Villfalt vu Wäertvirstellungen do sech dat erauszesichen, wat zu engem passt, an awer och virun allem dat, wat aneschters ass, kennenzeléieren a respektéieren ze léieren. Dat ass den Usproch vun dësem Schoulfach. A wann een eppes aneres hei behaapt, jo, da sinn ech och bei deenen, déi awer behaapt hunn, et hätt een et eigentlech net am Fong gekuckt, oder et muss ee vläicht dann awer Ënnerscheeder genuch hei erausschielen, fir en negative Vott kënnen ze jugéieren.

Dee jonke Mënsch soll léieren, sech selwer e Bild ze maachen, d'Liewen an d'Gesellschaft ronderëm sech ze dekodéieren, sech kritesch mat allem ausenanerzesetzen an déi Ënnerscheeder net nëmmen auszehalen, mä och deem, deen anescht ass, mat Respekt ze begéinen, zesummen iwwer reliéis a weltanschaulesch Differenzen ewech sech ze engagéieren an zesumme Verantwortung ze iwwerhuelen, zesummen eis demokratesch Gronduerdnung ze verdeedegen, zesumme keen Zweifel un der universeller Gültegkeet vun de Mënscherechter opkommen ze loossen. Wann eis dat geléngt, dann hu mir zesumme vill erreecht fir e friddlecht Zesummeliewen zu Lëtzebuerg an an der Welt an och géint de leider vill diskutéierten an noutwendeg diskutéierte Phenomeen vun der Radikaliséierung.

Dat kann nëmme geléngen, wann all Denkrichtunge gläichermoosse präsent sinn. A wann ech soen, datt dësen historesche Schratt an enger gewëssener Rou dach konnt gemaach ginn, dann huet dat och domadder ze dinn, datt mir trotz der politescher Majoritéit, déi dëse Schratt matdréit, de Konsens mat der kathoulescher Kierch gesicht hunn, e Konsens, deen och säin Ausdrock an der Konventioun vum Januar 2015 tëschent der Kierch an dem Stat fonnt huet.

E méiglechst breede Konsens soll och gesicht ginn, wat d'Inhalter, d'Methoden an d'Léiermaterialien ubelaangt. Duerfir gouf de ganze Prozess och oppen an transparent dokumentéiert a souwuel de Conseil des cultes wéi och d'Vereenegung vun de laizisteschen Associatiounen - woubäi ech ëmmer gemengt hunn, datt nach aner Leit wéi déi, déi sech duerch de Conseil des cultes oder d'Vereenegung vun de laizisteschen Associatioune representéiert spieren, eigentlech och do misste méi staark nach mat erugezu ginn, déi sech allerdéngs net manifestéiert hunn - goufe regelméisseg consultéiert.

En Aarbechtsgrupp, dee paritéitesch besat war tëschent Reliouns- a Morallsenseignanten, begleet duerch Mataarbechter vum Ministère, huet um Inhalt vum Programm geschafft, un de Léiermaterialien an un de Léiermethoden. An och duerfir muss ech soen, ass et falsch, fir hei ze mengen, et kéint een elo politesch Ausenanersetzungen doranner féieren, datt Kritik um Programm, um Inhalt vun deem Fach geüübt gëtt. De Minister, dee schafft kee Fach aus, keng Inhalter, definéiert keng Léiermethoden an och keng Léiermaterialien. E beoptragt Leit domadder, dat maache mer hei bei „Vie et société", dat maache mer an all anerem Schoulfach esou.

A wann een dann hei seet, wéi de Laurent Zeimet et gemaach huet: „Relioun ass marginaliséiert, wat d'Contenue vu Liewen a Gesellschaft ubelaangt", dann ass dat eng Kritik, déi sech net un de Minister riicht. Duerfir soll ee sech dräimol iwwerleeën, ier een esou eppes wéi dat doten hei op der Chambertribün seet.

Dat ausgeschaffte Material kënnt Der alleguerten…

(Interruption)

Jo, ech sinn och fräi, meng Meenung dozou ze soen, dat maachen ech jo och hei.

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift, loosst den Här Meisch elo schwätzen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Wann Der all déi…

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Wann Der wëllt, da stellt eng Fro, mä flätscht net dran! Här Minister, Dir hutt eleng d'Wuert.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Et stellt kee méi eng Fro, et flätscht och kee méi.

(Hilarité)

Dat ausgeschafft Material fannt Der alleguerten op vieso.lu. Nei ass zum Beispill fir dëst Schoulfach, datt mer Verbindunge schafen tëschent der Programmkommissioun am Secondaire, déi jo scho fonctionnéiert, an deene Gruppen aus dem Enseignement fondamental, déi do d'Contenuen an d'Materialien definéieren, fir do wierklech e flotten a kohärenten Iwwergang ze kréien. Ech géif mer wënschen, mir hätten dat an anere Fächer an där doter Intensitéit och scho lafen.

Déi Formatiounen, déi ugebuede goufen - et ass alles schonn erkläert ginn a gesot ginn do derzou, denken ech -, hunn eng Dynamik lassgetrëppelt, déi esou grouss ass, datt mer all feststellen, datt ganz vill Titulaire-de-classen am Fondamental déi Formatioun gemaach hunn, dat Fach selwer wëllen enseignéieren, deem Fach eng grouss Bedeitung, eng grouss Wichtegkeet ginn, wierklech och wëllen hir Schüler an där doter Situatioun, fir iwwer Froe vu Liewen a Gesellschaft mat de Schüler ze diskutéieren, kenneléieren. Dat bréngt hinnen, denken ech, enorm vill - a bréngt wahrscheinlech och de Schüler enorm vill -, se a Situatiounen ze erliewen, wou et emol aneschters ass wéi am Mathematik-, am Franséisch- oder am Däitschunterrecht.

Et si ganz pädagogesch Kofferen ausgeschafft ginn. Ech mengen, ech brauch dat hei net nach eng Kéier alles ze beliichten. An de Claude Adam huet absolutt recht: Et ass elo e Fach wéi all anert och, wa mer dat Gesetz hei gestëmmt hunn. Mer leeën et eigentlech och an d'Hänn vun deenen, déi et duerno enseignéieren, wéi mer et mat all anerem Fach maachen. An et wäert net an et däerf net do stoe bleiwen. Mir mussen eis Erfahrunge maachen, mir musse ganz besonnesch am Ufank och dorauser léieren. A mir wäerten dat dann och deementspriechend adaptéieren, wann et noutwendeg ass.

Vläicht, Madamm Presidentin, wann Der mer ganz kuerz nach erlaabt - ech verspriechen lech, beim nächste Projet sinn ech och méi kuerz -, vläicht e Wuert nach zum Wuert „Séil".

Une voix.- Aah!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Wa mer d'Fach Liewen a Gesellschaft scho gehat hätten, dann hätte mer geléiert, datt dat Wuert eigentlech aus dem heednesche Glawe kënnt an datt domadder beschriwwe ginn ass, datt déi Doudeg weider an hirer Séil existéieren. D'kathoulesch Kierch huet sech duerno dann déi doten Terminologie an dee Begréff och ugëeegent a weidergefouert. Mir kennen en haut nach.

Et huet also net reng eppes mat dem C ze dinn, Här Zeimet. Duerfir kann een och dodrop zréckgräifen. An Dir hutt net de Monopol dorobber, mä…

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Dat huet och kee behaapt!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- …mä dat doten, dat si Froen, wéi se do bei „Vie et société" wäerten thematiséiert ginn. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Här Minister. D'Debatte wären u sech dann elo ofgeschloss. Da géife mer elo direkt un d'Ofstëmmung kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7010 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Prokuraen. D'Ofstëmmung ass fäerdeg.

(Brouhaha)

Et sinn 32 Stëmmen derfir, da schéngt den Apparat jo awer gaangen ze sinn. An da 26-mol Nee an zwou Abstentiounen. Sou, domat ass dëse Projet 7010 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Félix Eischen), MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze accordéieren?

(Assentiment)

Merci alleguerten.

Da komme mer zu deem nächste Projet. Dee bleift u sech am selwechte Secteur. Et ass de 7078. Do geet et ëm d'Reprise vun den Enseignanten an de Chargé-de-coursen, déi d'Relioun enseignéiert hunn. An ech ginn direkt dem Här Rapporteur Lex Delles d'Wuert. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

10. 7078 - Projet de loi portant organisation de la reprise des enseignants de religion et des chargés de cours de religion et portant modification de

1. la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

2. la loi modifiée du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Archevêché, d'autre part, concernant l'organisation de l'enseignement religieux dans l'enseignement primaire

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Merci villmools, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nodeems mer dann de Cours „Vie et société" an der Grondschoul agefouert hunn, schafe mer elo mat dësem Projet de loi d'ge-

setzlech Basis, fir d'Personal, wat bis elo déi Reliounscoursë gehalen huet, ze iwwerhuelen an op nei Posten ze affektéieren.

Ech wéilt vläicht am Ufank nach eng Kéier op d'Konventioun ze schwätze kommen, déi de Stat, de Bistum an déi aner Reliounsgemeinschaften de 26. Januar 2015 - wéi mir haut schonn e puermol héieren hunn - ënnerschriwwen hunn. Aus där Konventioun geet eben net nëmmen d'Schafe vum neien „Vie et société"-Cours ervir, mä eben och verschidden Obligatiounen, déi de Stat bei der Organisatioun vun der Reprise respektéiere soll. Dozou zielt ënner anerem, dass d'Enseignanten an d'Chargé-de-coursen an der Éducation nationale sollen ënnerdaach kommen an dass si keng Abousse bei hirer Carrière oder hirem Salaire sollen hunn.

Genausou soll de Stat och berufflech Perspektive schafen, sief dat duerch d'Unerkennung vun hirer Experienz oder duerch eng Offer u Formation-continuen. Ech mengen, dass et op dëser Plaz ganz wichteg ass, ze ënnersträichen, dass et net wéinst enger politescher Decisioun ka sinn, dass een eppes bei senger Carrière kéint verléieren. Och d'Tâche, déi d'Leit an Zukunft kréien, soll mindestens där entspriechen, déi se virdru beim Bistum haten. Fir d'Enseignanten, déi Deelzäit beschäftegt waren, gëtt d'Tâche jeeweils op 25, 50, 75 oder 100% opgerënnt, also no uewen.

Wa mer vun der Éducation nationale schwätzen, da si mer natierlech och direkt beim Stage a beim Cycle de formation. Hei war et ugeduecht ginn, alleguerten d'Leit ze dispenséieren, mä de Statsrot hat domat seng Schwieregkeeten. Elo ass et esou, dass d'Leit, déi virum 15. September 2017 scho mindestens dräi Joer Experienz hunn, vum ganze Stage dispenséiert ginn. Fir déi aner hänkt d'Dauer vum Stage vun der Dauer of, wéi laang se schonn de Reliounsunterrecht am Virfeld gehalen hunn.

Der Regierung goung et net drëms, deene betraffenen Enseignanten, déi vläicht scho säit Jorzéngte mat vill Häerzblutt an Iwwerzeegung Reliounscoursë ginn hunn, den Teppech ënnert de Féiss ewechzezéien. Et war der Regierung vun Ufank u wichteg, eng korrekt a fair Offer fir d'Enseignanten an d'Chargé-de-coursen ze schafen. Dat ass och geschitt.

Madamm Presidentin, wa mer eis ukucken, wien am Moment déi Reliounscoursen an eise Schoulen hält, da stellt ee fest, dass et grouss Ënnerscheeder bei de Leit ginn, souwuel wat hir professionell Experienz ugeet wéi awer och hir Etuden, Formatioun oder berufflech Qualifikatioun. Et ass also e ganz heterogene Grupp. Wa mer dann op där anerer Säit kucken, wéi strikt d'Konditioune sinn, fir an d'Éducation nationale eranzekommen, fir soumat eng héich Qualité scolaire ze garantéieren, dann ass et kloer, dass déi betraffen Enseignanten a Chargé-de-coursen net einfach esou hu kënnen iwwerholl ginn. Et huet ee jee no Qualifikatioun missen differenzéieren a Formatiounen ubidden, déi dem jeeweilege Profill zougeschneidert gi sinn.

Wéi geschitt dat dann elo konkret, Madamm Presidentin? Ma d'Enseignantë ginn an zwou grouss Kategorien agedeelt: D'Enseignantë mat engem Diplôme d'études secondaires kommen an d'Réserve des suppléants, déi jo schonn duerch d'Gesetz vum 6. Februar 2009 besteet. Da gëtt awer duerch dëse Projet de loi nach eng Kategorie geschafen, an zwar d'Réserve des auxiliaires éducatifs fir all déi Leit, déi eben net kënnen an d'Réserve des suppléants goen.

Ech fänke mat der Réserve des suppléants un. Nieft de gefuerderte Sproochekompetenze gesäit dëse Projet vir, si och eng Rëtsch theoretesch Formatioune maachen ze loossen. 120 Stonnen, fir genee ze sinn, déi a siwe Modullen opgedeelt sinn. Dat geet da vun der Legislatioun iwwert d'Pädagogik bis hin zu Sciences humaines, Éveil aux sciences an anerer. Hei si verschidden Dispensen och méiglech, jee no Profill vum Enseignant. Derbäi kënnt dann nach eng praktesch Formatioun vun ënner anerem 30 Unterrechtsstonnen an deene véier Cyclë vun der Grondschoul oder enger Klass vun der Ediff oder evidemment dem Centre de logopédie. Souwuel déi theoretesch wéi och déi praktesch Formatioun gi mat engem Examen sanktionéiert. Falls den Agent d'Exame packt, da kritt hien e Certificat de formation ausgestallt a kënnt definitiv an d'Réserve des suppléants.

An deem Kontext ass et och wichteg, ze soen, dass d'Leit, déi u Minimum 80% vun der theoretescher Ausbildung deelgeholl hunn an un der kompletter praktescher Ausbildung deelgeholl hunn, och an d'Réserve des suppléants kommen, allerdéngs dann hannert déi Enseignantë mat deem Certificat de formation. Dat nämlecht gëllt iwwregens och fir alleguerten déi iwwer 57 Joer.

À propos Alter. Och d'Altersdechargen, vun deenen d'Leit konnte beim Bistum profitéieren, bleiwen an hirer neier Funktioun bestoen. Et soll, wéi gesot, zu kengem Nodeel, zu kenger Verschlechterung vun den Aarbechtskonditioune kommen.

Wat hir Carrière ugeet, esou komme si an d'Carrière vun de Chargés de cours, also an d'Carrière E2. Den Agent fiert och beim nämlechten Echelon weider wéi deen, deen e beim Bistum erreecht huet.

Madamm Presidentin, ech komme bei déi zweet Kategorie, an zwar d'Réserve des auxiliaires éducatifs. Och si mussen éischtens emol e gewëssene Sproochenniveau opweise kënnen. Da kommen och bei hinnen nach eng theoretesch an eng praktesch Formatioun derbäi. Déi theoretesch Formatioun gesäit 90 Stonne vir, opgedeelt op 50 Stonnen Tronc commun a 40 Stonne spezifesch Formatioun. Zu der praktescher Formatioun gehéiert och nach ee Stage d'observation vun 30 Stonnen.

D'Leit, déi op d'mannst un 80% vun den theoretesche Formatiounen deelgeholl hunn an de komplette Stage d'observation suivéiert hunn, kréien dann de Certificat de formation ausgestallt.

Zu de Missioune vun de Leit an der Réserve des auxiliaires éducatifs kann ee soen, dass dës ganz villfälteg kënne sinn. Dat geet ënner anerem vum Accueil an der Surveillance vu Kanner oder Jugendleche tëschent de Coursen bis zu dem Encadrement vun de Kanner bei Ausflig oder soss regelméissegen Deplacementer oder dem Titulaire de classe mat enger Hand zur Säit ze goen. Och si behalen iwwregens hir Dechargen, déi si virdru beim Bistum haten.

Wichteg ze ënnersträichen ass och, dass et eng Offre de reprise ass, déi dräi Joer gëlteg ass. Et gëtt also kee gezwongen, sech vun haut op muer ze entscheeden.

Madamm Presidentin, zum Schluss kommen ech nach zu engem weidere Punkt vun dësem Projet de loi, an zwar deene 40 Vollzäitposten, déi solle beim Bistum bleiwen, fir kënnen ee Reliounsunterrecht an de Paren ze organiséieren. Dës gi weiderhi vum Stat finanzéiert, bis dës Leit an d'Pensioun ginn. Si ginn also duerno net méi ersat. Dat ass och, mengen ech, e faire Kompromëss, dass déi kathoulesch Kierch kann an enger Iwwergangsphas nach op Leit zréckgräifen, déi schonn eng gewëssen Experienz am Enseignement hunn.

Fir déi verschidden Avise verweisen ech gären op mäi schréftleche Rapport. An ech wëll awer och op dëser Plaz de Kolleegen aus der Educatiounskommissioun Merci soe fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht a ginn och heimat den Accord vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Rapporteur Lex Delles. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Laurent Zeimet. Här Zeimet, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, d'Majoritéit huet dann elo virun e puer Minutten de Reliounsunterrecht ofgeschaaft. Dës Decisioun huet natierlech och direkt Konsequenzen op d'Reliounsenseignanten, déi sech haut net gutt spieren, déi sech zum Deel zanter ville Joren an der Schoul engagéiert hunn,...

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

Neen, neen, Madamm Lorsché, si spiere sech net gutt!

…déi mat Freed a Begeeschterung hirem Beruff als Reliounsenseignant nogaange sinn, déi Kanner op hirem Liewenswee begleet hunn, déi Famille begleet hunn an déi och zu hirer Schoul gehéiert hunn an déi haut gesot kréien: „Däi Cours an Du, Dir sidd net méi gewollt." Ech soe bewosst: „Du bass net méi gewollt", an net: „Du gëss net méi gebraucht."

Der Majoritéit ass et drëms gaangen, de Reliounsunterrecht ofzeschafen. Mä dës Decisioun ass net ouni Konsequenzen op d'Liewe vun deenen, déi de Cours gehalen hunn. D'Ofschafung vum Reliounsunterrecht war vun der Regierung annoncéiert a gouf an der Konventioun mat der kathoulescher Kierch virun zwee Joer zementéiert.

Wéi en passant iwwert d'Käpp vun de Betraffenen ewech iwwert deenen hiert Schicksal konnt decidéiert ginn, dat bleift d'Geheimnis vun deenen, déi um Verhandlungsdësch souzen. Zwee Joer net wëssen, wat een erwaart, zwee Joer kontradiktoresch Aussoen iwwert déi eegen Zukunft héieren.

(Brouhaha)

Elo den 10. Juli... Ech mengen, déi gréng Fraktioun huet Froen, Madamm Presidentin.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Neen, ech mengen, Dir hutt eleng d'Wuert. Fuert emol virun!

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci. Elo den 10. Juli, nëmmen zwee Méint virun der Rentrée, gëtt et dann elo méi oder manner Gewëssheet. Eng Decisioun méi wéi op de leschte Stëppel. Woubäi mer eis jo bewosst sinn, datt eng ganz Rei vun deenen Dispositiounen eng réckwierkend Ofseenung vu Fakten ass, déi an de leschte Méint geschafe goufen.

De Projet de loi ass eréischt am Oktober 2016 deposéiert ginn, d'Konventioun mat der Kierch ass, wéi gesot, aus dem Januar 2015. Wéi onvirbereet de Minister an d'Regierung un dësen Dossier erugaange sinn, weist sech eleng schonns un dësem Zäitverloscht. Kee sollt eppes verléieren, huet et geheescht. Mä Dir musst jo awer verstoen, datt esou eng Ausso dach an den Ouere vun deene Betraffenen, vun de Reliounsenseignantë liicht zynesch kléngt, well natierlech verléiere se vill. Se verléieren hire Beruff. Se verléieren dat, wat se gär an engagéiert gemaach hunn. Se verléieren e Stéck vun hirer Biografie.

(Interruption)

Well natierlech, et ass e radikale Broch. An dëse radikale Broch, dee gehäit och e Schiet op dat, wat se bis elo gemaach hunn. An déi Reliounsenseignanten hunn ëmmerhin och am Optrag vun dësem Stat hire Cours an de Schoule gehalen. An dëse Stat seet hinnen haut: „Mir wëllen dee Cours net méi." An domat geet villes verluer fir eis Kanner, fir d'Enseignanten an och fir d'Gesellschaft.

Madamm Presidentin, wa mer eis fir e Moment gedanklech an d'Logik vun der Majoritéit versetzen, da soen ech: Dir hutt lech sécherlech beméit, fir de Leit eng Offer unzebidden. Se hunn eng berufflech Perspektiv. Se kënne weider mat Kanner schaffen.

Mä Dir hutt natierlech dee Problem, deen Der elo musst léisen, och selwer geschafen.

Une voix.- Richteg!

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Et ass schwéier, ze jugéieren, wéi Diskussioune verlaf sinn, bei deenen een net derbäi war. Et kann een awer nëmme feststellen, datt déi Leit, wa se aus Reunioune koumen, ëmmer méi veronséchert waren, wéi ier se an déi Reunioun eragaange sinn, an datt se laang hu missen op Äntwerte waarden. A fir vill Enseignanten ass et bis haut nach net novollzéibar, firwat et ni a Fro komm ass, datt och si vläicht kéinten dee Cours „Vie et société" halen an net nëmme Chargéë sinn, firwat de Bachelor en pédagogie religieuse guer keng Unerkennung fonnt huet, firwat se esou vill fir hir Coursen hu misse streiden a schliisslech bleiwen och nach eng ganz Rei vu Froen op, wat d'Auxiliaires d'éducation betrëfft.

Mir stëmmen dëst Gesetz net! Dat ergëtt sech eleng schonn aus deem Vott, dee mer virdru gemaach hunn. Mat eis wär et net zu enger radikaler Verbannung vum Reliounsunterrecht aus de Schoule komm. An ech hat a menger Ried virdrun och e puer Pisten opgezeechent, déi een hätt kënnen envisagéieren an déi och de Reliounsenseignanten eng Perspektiv gebueden hätten.

Dëse Projet ze stëmmen, géif bedeiten, dës Ofschafung vum Reliounsunterrecht nodréiglech dann awer nach ze akzeptéieren. Et géif och heeschen, d'Virgoen an den Ëmgang mat de Betraffenen nodréiglech guttzeheeschen. An näischt vun all deem kënnt a Fro. An dofir droe mer dëse Projet och net mat.

An ech soen awer och hei dem Rapporteur Merci fir seng Aarbecht. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Zeimet. Als nächste Riedner hunn ech den Här Georges Engel ageschriwwen. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi schonn an de viregte Rieden ënnerstrach gouf, berout d'Aféiere vum Cours „Vie et société" am Lycée wéi och am Fondamental op engem Accord tëschent dem Stat an dem Bistum, dee jo Patron war an dësem Fall. Dat, well dës Koalitioun déi reliéis Neutralitéit vun eise Schoule wëllt garantéieren.

De Stat huet sech awer och derfir engagéiert, fir de Reliounsproffen a -schoulmeeschteren nei Perspektiven ze bidden. D'Proffe goufen an d'Lycéeën integréiert an am Kader vun deem heite Gesetz setze mer dann dat Engagement vum Stat vis-à-vis vun de Betraffenen ëm, déi Reliounscoursen am Fondamental ginn.

Mir garantéieren hinnen also weider hiren aktuelle Salaire an hir Carrière. Vun Ufank u war dat d'Verspriechen an dat Versprieche gëtt och agehalen. Mir schafe professionell Perspektive fir si an erlaben hinnen, eng Aarbecht am Enseignement ze fannen. Mir maachen dat, well mer, wéi gesot, Engagementer am Kader vun eiser Konventioun mam Bistum hunn.

Madamm Presidentin, ech ginn net op d'Detailer vum Gesetz an d'Konditiounen, déi déi betraffe Persounen erfëlle mussen, an, dat huet den exzellente Rapport vum Här Delles scho gemaach. Ech wëll just prinzipiell ënnersträichen, dass mer hei wierklech no enger fairer Léisung gesicht hunn.

Fair net nëmme fir déi, déi bis elo déi Reliounscoursë ginn hunn. Déi dat och, wéi ech et virdrun och scho gesot hunn a menger Ried, zu engem ganz groussen Deel ganz gutt gemaach hunn, ganz engagéiert gemaach hunn an zum Deel och ganz objektiv a sécher och neutral allgemeng Wäerter vermëttelt hunn. Et ginn iwwerall schwaarz Schof, och heibannen an am…

Une voix.- 23!

(Brouhaha)

M. Georges Engel *(LSAP).*- ...an am Enseignement, iwwerall. Mä ech ginn dervun aus, dass deen absolutte Gros dat och ganz gutt gemaach huet. Fair net nëmmen, wéi gesot, fir déi, déi bis elo d'Reliounscoursë ginn hunn, mä och fair fir d'Schüler am Fondamental, déi et verdéngen, vu qualifizéiertem Personal ënnerriicht ze ginn.

Mir begréissen duerfir, dass Formatioune virgesi sinn, fir déi Betraffen och op den néidege schouleschen Niveau ze bréngen. Déi Formatioune variéiere jee nodeem, wéi eng Ufanksformatioun a wéi eng Experienz een huet. Dat huet den Här Delles jo och gesot.

Si kënne soit an d'Réserve des suppléants soit an d'Réserve des auxiliaires éducatifs, déi nei geschafe ginn ass, kommen. An 71 vun hinnen, déi d'Première oder eng Treizième haten, hunn dann och e Cours vun 120 Stonnen Theorie an 30 Stonne Praxis gemaach. A 55, déi eng Troisième oder eng Onzième haten, hunn déi 90 Stonnen Theorie an déi 30 Stonne Praxis dann och gemaach. Déi 71 schaffen dann och elo als Chargé am nächste Joer.

Domat ass dës Léisung dann och nach fair fir déi aktuell Suppléanten, déi och hu missen duerch déi Formatioun goen. Dat ass natierlech keen einfachen Iwwergang, dat si mer eis och alleguer bewosst. Wann ee jorelaang a sengem Beruff geschafft huet an dann op eemol eng nei Situatioun virfënnt, dat ass sécherlech net einfach fir déi ronn 140 Concernéiert gewiescht. An däers si mir eis alleguerten och bewosst. Deem ware mer eis och an der Kommissioun bewosst.

Mä wann een eng Decisioun hëlt, wou Konsequenzen dru sinn, da muss een natierlech och kucken, déi esou fair wéi méiglech fir déi Bedeelegt ze iwwerbrécken. An dat, mengen ech, hu mer hei gemaach. Dat war eis alleguerte bei all Diskussioun och een Haaptuleies.

Madamm Presidentin, et ass awer en néidege Schratt, dee mir hei huelen, fir ze garantéieren, dass eis Schoulen an Zukunft Wäerter vermëttelen, an deene sech all eis Schüler erëmfannen, andeems mer och sécherstellen, dass net just eng Reliouns Antrëtt an eis Schoule fënnt, mä andeems mer ebe grad de Schüler e Weltbild enseignéieren, an deem alleguerten d'Relioune virkommen.

Mir sinn der Iwwerzeegung, dass dat Zesummeliewe vun alle Konfessiounen an eiser Gesellschaft eis Gesellschaft och verbessere wäert. An domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Engel. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Madamm Presidentin, och de Vertrieder vun der CSV huet et festgestallt gehat: Mir hu mat deem Projet 7010 vu virdrun effektiv de Reliouns- an de Morallsunterrecht an eise Primärschoulen zugonschte vun engem eenzege Cours ofgeschaaft. Domat hu mer dann awer och déi Situatioun aus der Welt geschaaft, déi mir als Gréng ëmmer widderspréchlech fonnt hunn,

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

näämlech datt mer an eisen ëffentleche Schoule Leit schaffen hunn, déi zwee verschidde Patronen haten: engersäits d'Léierpersonal, dat direkt dem Ministère de l'Éducation ënnerstallt war a wou de Chef hiérarchique de Schoulinspekter war - an ab der nächster Rentrée den zoustännege Regionaldirekter -, an anerersäits d'Leit vum Reliounsunterrecht, vun deenen de Reliounsinspekter vum Bistum de Chef war.

Vun der nächster Rentrée u schaffen nëmme Leit an eisen ëffentleche Schoulen, deenen hiren direkte Patron de Ministère de l'Éducation nationale ass. A mir fannen dat gutt esou. Vum éischte Moment un, wou d'Regierung deklaréiert huet, si wéilt kee getrennte Reliounsunterrecht méi an den ëffentleche Schoulen, ass och ëmmer kloer gesot ginn a mam Bistum festgehale ginn, datt de Ministère sech senger Verantwortung vis-à-vis vum Personal net géif entzéien an all Mënsch, dee bis elo fir de Bistum an der Schoul geschafft huet, géif och an der ëffentlecher Schoul eng Plaz fannen.

Trotz dëser klorer Ausso ass et natierlech zu enger relativ grousser Onzefriddenheet beim Reliounspersonal komm, an dat aus Grënn, déi ech duerchaus novollzéie kann. Ech hunn net, wéi den Här Zeimet et e bëssen uklénge gelooss huet, d'Reliounsleit gesinn, ier se an d'Versammlung gaange sinn, an dann erëm, wa se aus der Versammlung komm sinn. Ech hat awer och Entrevuë mat deene Leit an ech hunn eigentlech zwee Grënn fonnt, wou déi Onzefriddenheet hierkomm ass, an, wéi gesot, se sinn novollzéibar.

Eng Persoun, déi decidéiert huet, wëlle Reliounsunterrecht ze halen, engagéiert sech op e bestëmmte Wee, mécht déi eng oder aner spezifesch Formatioun, moolt sech eng berufflech Carrière aus, setzt sech perséinlech a berufflech Ziler, plangt säi Liewen, an an engem Liewesplang ass d'Aarbecht nun emol eng ganz wichteg Komponent.

Wann ech da meng perséinlech Liewensplanung muss ännere, well eng Regierung, déi ech gewielt hunn oder net gewielt hunn, mir mat enger Decisioun e Stréch duerch d'Rechnung mécht, da sinn ech rosen. Dat ass mënschlech, dat ass verständlech, domat war ze rechnen.

An natierlech mécht e Mënsch sech Suergen, dee gesot kritt: „Dee Beruff, deen s du geléiert hues a fënnef, zéng, zwanzeg oder nach méi Joren ausgeüübt hues, deen huet keng Zukunft méi. Du kriss d'Garantie, datt een neie Patron dech iwwerhëlt, mä du kriss eng aner Aufgab. Du muss dech ëmbilden, du muss dech weiderbilden!" Datt esou e betraffene Mënsch sech ongerecht behandelt a bestrooft fillt, obschonn e soss näischt gemaach huet wéi seng Aarbecht, ass och duerchaus nozevollzéien.

Den Ierger aus de Reie vum Reliounspersonal, wéi et wierklech eescht ginn ass mat de Pläng vun der Regierung, wéi de Minister ugefaangen huet, dat ëmzesetzen, wat en ugekënnegt hat, war also net verwonnerlech, mä virauszegesinn.

Madamm Presidentin, mir mengen, datt eis Regierung, datt de Minister Meisch am Dossier Reprise vu Reliounsenseignantë ganz gutt geschafft huet, datt dat Gesetz, wat mir de Mëtten hei stëmmen, ee gutt a fairt Gesetz ass, datt de Minister dat Mënschemëiglecht gemaach huet, fir eng ganz gutt, eng gutt oder zumindest eng acceptabel Offer fir all Betraffenen ze fannen.

A wann ech och wierklech vill Verständnis fir d'Suergen an den Ierger vun de Betraffenen hat, wéi de Prozess ugefaangen hat, dee mer haut mat zwee Gesetzer ofschléissen, da wëll ech nach eng Kéier ganz bestëmmt am Numm vu menger Fraktioun soen: Éischtens, et war richteg a wichteg, e gemeinsame Wäerteunterrecht fir all eis Kanner anzeféieren. An zweetens, mat dem Gesetz vun der Reprise vum Reliounspersonal hu mer eng equitabel Léisung fir déi ganz Schoul fonnt.

Ech verstinn och, datt déi gréisst Oppositiounspartei géint de Projet de loi 7010 stëmmt. Do ginn eis Meenungen einfach auserneen. Dat kann een och net ewechdiskutéieren. Mä wann de Projet de loi 7010 bis gestëmmt ass, da verstinn ech awer net esou richteg, firwat datt d'CSV géint dëse Projet stëmmt. Well ech wéisst net, wat se mam Personal aneres gemaach hätt wéi dat, wat d'Regierung elo mécht.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Den honorabelen Här Delles huet a sengem Rapport déi grouss Linne vum Projet de loi opgezielt. Him ee grousse Merci. Ech brauch duerfir net alles ze widderhuelen, mä ech wëll awer däitlech maachen, firwat datt mir, déi gréng, déi erschaffte Solutioun vun dësem Projet de loi gutt fannen.

Éischtens, de Ministère huet selbstverständlech säi Wuert gehalen. All Reliounsenseignant, deen dat wëllt, gëtt vum Ministère iwwerholl a verléiert näischt an der Pai.

Zweetens, all Concernéierten huet vun elo un nach dräi Joer Zäit, fir seng Decisioun ze iwwerdenken. Dat heescht, dee kann zum Beispill soen, hie wéilt beim Bistum bleiwen oder eppes studéieren an dann awer nach beim Ministère ënnerdaach kommen. Dat ass eng Offer, déi ech als fair, ech géif souguer soe generéis géif bezeechnen.

Drëttens, all Mënsch ass méiglechst no bei senger Qualifikatioun agestallt ginn. Vun deenen 140 hunn der ronn 100 Zougang an d'Réserve des suppléants. Dat sinn déi mat Première. Fir eng ronn 40, déi en Troisièmes- oder en Onzièmesdiplom haten, ass extra eng Réserve d'auxiliaires éducatifs geschafe ginn. Dat ass gutt fir déi betraffe Leit an dat ass gutt fir d'Schoul. Ech mengen, den Här Engel hat liicht aner Chifferen. Meng komme vum Site vum Ministère vu virun engem Joer vläicht, mä ech mengen, an de grousse Linne stëmme se.

Véiertens, et ass probéiert ginn, de Leit gerecht ze ginn, ouni de System vum Zougang zu de Schoulen ze verbéien. An et ware souguer vum Ministère nach e bësse méi gënschteg Konditioune proposéiert ginn, den Här Delles hat et och hei gesot. Mir hunn eis awer un dem Statsrot säin Avis gehalen a wat eis betrëfft, net just, well et eng Opposition formelle war, mä well de Statsrot och recht hat mat senge prinzipielle Bedenken, datt mer eis scho sollen un d'allgemeng Regelen halen.

Fënneftens, et besteet och d'Méiglechkeet - an och dat huet den Här Delles gesot -, fir beim Bistum ze bleiwen. Dat ass eng Optioun, déi gëtt gäre vergiess. Well onzefridde ware virun allem déi Leit, déi e Bachelor en pédagogie religieuse haten. Si hunn dee Bachelor net unerkannt kritt. An ech muss och soen, mech huet et e bëssen erstaunt, datt zum Beispill d'Uni Lëtzebuerg awer och carrement näischt unerkannt huet vun deem Studium.

Et kann ee jo och Schoulmeeschter a Léierin studéieren, andeems een an d'Ausland geet. Et sinn der vill an der Belsch ënnerwee. An ech weess net, ob ee Kandidat op enger auslännescher Uni probéiert huet, Deeler vu sengem Bachelor en pédagogie religieuse unerkannt ze kréien. Dat sinn Decisioune vun Unien, dat géif mech mënschlech a berufflech schonn interesséieren, wat dann zum Beispill eng belsch Schoul gesot huet. Wann et do Erfahrunge ginn, da wäert ech déi no menger Ried hei wahrscheinlech zougestallt kréien. Ech freeë mech drop.

Et bleift awer och ze soen, datt et mir och e bëssen onverständlech ass, firwat ee mat esou engem Bachelor en pédagogie religieuse wëllt an d'ëffentlech Schoul wiesselen. Dat wier dach wierklech déi optimal Ausbildung, fir Reliounsunterrecht fir de Bistum ze halen.

Madamm Presidentin, ech hat am Ufank vu menger Ried gesot, de Reliounsinspekter wier de Chef vum Reliounspersonal gewiescht. Um Site vum Äerzbistum gëtt nach ëmmer ee Collège des inspecteurs de l'instruction religieuse et morale dans l'enseignement fondamental mat fënnef Leit gefouert.

Vun dëse Leit ass menges Wëssens ni geschwat ginn. Ech huelen un, datt si hir Inspektioun och net haaptberufflech gemaach hunn, fënnef Inspekteren op 140 Leit, dat wier soss awer ze vill generéis. Ech huelen och net un, datt si elo Directeur régional an eisem Enseignement fondamental ginn. Sinn an deem Sënn keng Usprëch un de Ministère gestallt ginn? Dat wier dann nach eng Fro, déi ech un de Minister stellen.

Ech brénge selbstverständlech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Adam. Als leschten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, och hei erëm e grousse Merci un den Här Delles, well en eis dee Projet esou kompetent präsentéiert huet. D'ADR ass jo net d'accord mat der Ofschafung vum Reliounsunterrecht a mir sinn an der logescher Folleg och net d'accord mat der Behandlung, mat där elo d'Enseignantë konfrontéiert sinn.

Et ass hei scho vill driwwer geschwat ginn, ech brauch dat also net nach eng Kéier alles am Detail ze widderhuelen. Just grondsätzlech kënne mir als Partei och net acceptéieren, datt esou vill Humiliatiounen awer geschitt sinn an esou vill Onsécherheeten déi Leit begleet hunn an der leschter Zäit. Et ass eng Manéier, wou d'Regierung, an dat erkennen ech hunn, probéiert huet, eng Léisung ze fanne fir déi Leit. Ech mengen, et ass jo och den absolutte Minimum, deen ee kann erwaarden. Awer trotz deem Chaos waren eng ganz Rei vu Situatiounen - ech wäert eng beschreiwen -, déi awer wierklech net acceptabel sinn.

Et ass onfrëndlech, wéi mat deene Leit ëmgaange ginn ass. Et ass einfach den Ennerscheed ze maachen, ob ee fräiwëlleg an d'Situatioun kënnt, datt een de Beruff wiesselt, oder ob de Stat dat imposéiert. A wann de Stat esou eppes imposéiert, da muss e sech och méi generéis weisen a méi Versteesdemech weisen, wéi dat hei geschitt ass.

Ech wollt op déi Situatioun, fir dat Beispill vun der Konfusioun och an den Diskussiounen e bëssen ze illustréieren, vun deenen Diskussiounen agoen, déi mer an der Kommissioun haten. Näämlech dat ass déi Verwendung fir d'Auxiliaires éducatifs. Wat sollen déi Leit maachen? Do ass gesot ginn: Si assistéieren an der Primärschoul, si intervenéieren net. Dat war d'Äntwert op déi Fro: Firwat sinn d'Sproochekenntnisser - am Ufank ware guer keng virgesinn - duerno ganz niddreg virgesinn? Opgrond vun engem Règlement grand-ducal - do kann een och diskutéieren, ob dat wierklech duergeet, do si fir déi dräi Sprooche B1, A2 an A1 virzegesinn -, dem Règlement grand-ducal vum 12. Mee 2010. Mä d'Äntwert war awer: Si intervenéieren net, si assistéieren nëmmen.

Elo kann een natierlech soen: Jo, mä wien assistéiert, dee muss och d'Sprooche kënnen, déi an esou enger Situatioun gefrot sinn. Mä da kënnt eng weider Kontradiktioun, do ass gefrot ginn: Wat maachen dann déi Auxiliaires éducatifs an de Vakanzen? Do ass gesot ginn: Déi maachen administrativ Aufgaben. Esou steet et an de Rapporte vun eiser Kommissioun. Jo, wien administrativ Aufgaben erfëllt, dee muss och erëm d'Sprooche kënnen. Also hei ass eng Konfusioun. Hei ass emol keng kloer Virstellung vun deem, wéi wierklech dee beruffleche Profill vun deene Leit soll an Zukunft ausgesinn.

Ech mengen, vill Virriedner hunn déi Situatioune beschriwwen, mënschlech Situatiounen. Fir eis ass eng Grondausriichtung do, datt, wann de Stat higeet an en hëlt den Dram vun deene Leit hirer berufflecher Existenz ewech - wéinstens an deem Sënn, datt se sech musse fundamental nei orientéieren -, dann huet dat mat Dignitéit a mat Respekt ze geschéien. An dat hu mer an der Approche vun der Regierung awer vermësst.

A fir dat och nach eng Kéier ze ënnersträichen, wäerte mir dëst Gesetz net matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kartheiser. Et ass elo keen Deputéierte méi hei ageschriwwen, da géif ech direkt dem Här Jugend- an Educatiounsminister d'Wuert ginn zu dësem Projet. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Madamm Presidentin. Ech mengen, et ass bal alles gesot heizou a villes kann ech deelen. Ech verstinn déi Gefiller, déi an deene betraffene Leit virgaange sinn, wou se vun där Annonce hei héieren hunn. Ech verstinn och, datt et dann net schnell genuch ka goen, fir konkret ze wëssen: Wat heescht dat dote fir eis?

Ech verstinn, datt, wann ee sech säi Liewe laang op eppes verlooss huet, op de politesche System verlooss huet, op, hei, datt an der ëffentlecher Schoul iwwert de Bistum géif Reliounsunterrecht ugebuede ginn, ee sech wahrscheinlech net konnt virstellen, datt dat géif änneren, datt dat e Beruffschoix war, datt een och nach Formatioune gemaach huet, fir dat kënnen ze maachen, an dat duerch eng politesch Decisioun op eemol net méi méiglech ass, ee sech do aus der Bunn gehäit virkënnt. Dat hunn ech vun Ufank un ëmmer ganz gutt kënnen novollzéien. Duerfir war et wichteg, datt d'Regierung och schonn an hirem Regierungsprogramm gesot huet, datt natierlech do kee géif fale gelooss ginn, datt mer natierlech géifen Offere fir eng Reprise maachen an datt mer eis do vläicht méi och engagéiert hunn, wéi eigentlech vläicht och noutwendeg gewiescht wär, souwuel fir dem Usproch mam Regierungsprogramm wéi och der Konventioun mam Bistum kënne gerecht ze ginn.

Finalement denken ech, ass et do och net nëmmen eng Fro gewiescht vu Geld a vu Carrière, mä och vu Motivatioun, fir eng nei Aufgab kënnen unzehuelen, an och, well mer wëssen, datt e Beruff och e Stéck mat Liewenszefriddenheet ze dinn huet, och déi an enger neier berufflecher Realitéit kënnen erëmzefannen.

Et ass gesot ginn, mir hätten do vill Zäit verluer. Jo, ech mengen, datt déi Diskussiounen, déi mer gefouert hunn, déi gemeinsam Reflexiounen, déi mer gefouert hunn, och deen Interessebildungsprozess a Meenungsbildungsprozess op der Säit vun de Concernéierten, déi eng Associatioun gegrënnt hunn, déi sech enger Gewerkschaft ugeschloss hunn, fir datt mer do och mat representativen Interlocuteure konnten zesummen diskutéieren, datt dat effektiv Zäit gebraucht huet. An ech denken och, datt mer haut gesinn, datt et richteg war, sech déi doten Zäit ze huelen, well mer awer aner Léisunge fonnt hunn, wéi se vläicht am Ufank iwwerhaapt virstellbar waren.

Datt et schwiereg géif ginn, war kloer, well mer wollten op där enger Säit Brécke bauen an eng nei berufflech Zukunft. Mir wollte se och esou proposéieren, datt do och individuell Weeër méiglech wären, datt een och do net seet: „Du hues dat do elo gemaach an duerfir muss de elo dat do maachen an et kënnt näischt aneres a Fro", mä datt mer do schonn de Choix och géife loosse fir déi Concernéiert, tëschent e puer Optiounen ze wielen, a gläichzäiteg op där anerer Säit awer ze soen: „Jo, iergendzwousch musse mer eis un de Fonctionnement vun der Éducation nationale halen, mer mussen eis un de Fonctionnement vun der Fonction publique halen a kënnen do net elo hei komplett derzou derogéieren."

Duerfir si mer jo herno op de Wee gaangen, fir ze kucken: Wat fir eng Basisformatioun hunn déi eenzel Leit? Wat brauch ee vu Formatioun, fir a gewëssen Aktivitéiten eranzekommen? Wat sinn normal Kritären, déi och aner Agenten, déi déi Aktivitéit do maachen, hu missen erfëlle vu Formatioun, vu Stagen, vu Beruffserfahrung an esou weider?, an eis do ganz, ganz no drun ze orientéieren.

Dat hu mer gemaach an dat huet d'Aufgab natierlech net méi einfach gemaach, huet awer haut, denken ech, vun haut aus un den Avantage, datt déi, déi, sief dat an enger Réserve des suppléants, sief dat op enger vun deene ganz villen anere Méiglechkeeten, wou ee vun

där Réserve des auxiliaires éducatifs kann hin och detachéiert ginn, datt een do net kënnt als een, deen elo e Bypass kritt huet, fir do eranzekommen, als een, deen net deeselwechte Bagage matbréngt wéi all déi aner, déi déiselwecht Aktivitéit maachen, mä als een, dee ka soen: „Ech hu meng Basisformatioun, ech hunn déi doten Zousazformatioun gemaach, ech erfëllen all Viraussetzunge wéi s du, du an du och, déi haut mat mir hei zesummeschaffen." Ech denken, datt dat fir d'Aarbechtsklima an Zukunft fir déi betraffe Leit extrem, extrem wichteg ass an datt dat och nach ëmmer de richtege Choix war.

Et si Gespréicher am grousse Grupp gefouert ginn. Ech war do och derbäi mat all deene Concernéierten, fir iwwer éischt Prinzipien ze informéieren an ze diskutéieren. Do huet ee gemierkt, datt net engem déi grouss Sympathie entgéintgesprongen ass. Et sinn awer och ganz vill Gespréicher tëschent eise Mataarbechter vum Personalservice vum Ministère an deene Concernéierte gefouert ginn, Eenzelgespréicher, eng Kéier, zweemol, dräimol, fir sécherzestellen, datt déi richteg Informatiounen eriwwergaange sinn, datt och mir richteg verstanen hunn: Wat ass eigentlech am individuelle Fall déi Perspektiv, déi een eigentlech gären hätt oder déi ee kann offréieren? Well dat awer ëmmer individuell huet missen och gekuckt ginn. Och dat huet Zäit geholl, mä och dat, denken ech, war awer richteg esou.

Mir hunn eis net nëmme bei der Reprise an deenen Offeren, déi mer gemaach hunn, leede gelooss vun den allgemenggültege Prinzipien, wie wat kann, wie wat fir eng Aktivitéit kann ausüben. Mir hunn dat och gemaach a maachen et an Zukunft, wann zum Beispill an der Réserve des suppléants festgeluecht gëtt: Jo, wat fir eng Aufgab iwwerhuelen ech elo ab nächste 15. September?

Ech wëll soen, datt net nëmmen déi, déi elo vun dësem Gesetz hei wäerte profitéieren, fir an d'Réserve des suppléants ze kommen, nach net wëssen, wat si de 15. September maachen. Och all déi aner haiteg Membere wëssen dat nach net mat Gewëssheet. Also do gëtt et och keng ongläich Behandlung tëschent deenen neie Memberen an deenen, déi haut schonn do sinn, mä datt herno och no deene Regelen, wéi se bis elo ëmmer gülteg waren, a wéi ech mer se am Enseignement fondamental och net aneschters konnt virstellen, gekuckt gëtt: Wien assuréiert wat fir ee Fach?

An do ass et méiglech, datt och een, deen elo Reliounsenseignant war, an Zukunft kann déi eng oder aner Stonn oder méi Stonne souguer „Vie et société" assuréieren, mä awer no deene Regelen, wéi mer se kennen. Haut si vill Stonnen, déi vu Chargéen aus der Réserve des suppléants assuréiert ginn, no deene Regelen, wéi mer se kennen, no deene Prioritéitsregelen. An dat ass och méiglech. Fest Verspriechen do ze ginn, hätt natierlech bedeit, datt een deenen, déi haut déi Rechter do hunn, déi haut en rang utile sinn, fir ze wielen, datt een deenen der och virun d'Féiss gesat hätt a virun d'Nues gesat hätt. Dat wollte mer net. Domadder hätte mer sécherlech och kee proppert Aarbechtsklima fir d'Zukunft gehat.

Déiselwecht Iwwerleeung huet eis och guidéiert, wann et ëm déi Diskussioun gaangen ass: Déi Leit, déi e Bachelor en pédagogie religieuse gemaach hunn, misste mer do net iergendwéi aner Weeër nach fannen, aner Aufgaben, an eng aner Kategorie aklasséieren? Jo, mir hunn dat gekuckt a mir kennen awer emol nëmmen am Enseignement fondamental ee Bachelor, an dat ass deen en sciences de l'éducation, dee mer unerkennen oder en equivalente vun enger anerer Héichschoul. An dat entsprécht nun awer emol net deem doten. An d'Uni Lëtzebuerg, de Claude Adam huet virdru gesot, do si ganz wéineg Iwwerschneidungen, esou wéineg, datt se kaum eppes konnten unerkennen. A bis elo konnt op jidde Fall kee beleeën, datt do hätt misse méi unerkannt ginn. Da kann een och net soen: „Ech hunn elo eng equivalent Formatioun!"

Mir hunn awer deene Concernéierten an där 120-Stonne-Formatioun, déi noutwendeg war, fir an d'Réserve des suppléants iwwerhaapt kënnen eranzekommen, d'office d'Halschent och guttgerechent. Op där anerer Säit, denken ech, hunn ech als Minister eng Verantwortung an ech mengen, et ass keen heibannen, deen dat wierklech am Häerz aneschters gesäit, datt mer och fir Remplacementer an der Schoul ze maache Leit brauchen, déi eng Basisnotioun vun Didaktik hunn an der Mathematik, am Franséischen, am Däitschen an och d'Legislatioun kenne vum Enseignement fondamental, fir ze wëssen, a wat fir engem Environnement datt se do intervenéieren. An duerfir hu mer awer missen e Minimum vu 60 Stonne fixéieren.

Ech wollt nach doriwwer erausgoen, net bei där 120-stënneger Formatioun, déi noutwendeg ass, fir an d'Réserve des suppléants eranzekommen, mä ech hat eng Propos gemaach un d'ALERF, d'Representante vun de Reliounsenseignanten, fir ze soen: Kommt, mir kucken an Zukunft bei der jäerlecher obligatorescher Formation continue, datt mer eventuell do Contenuen nach kéinten urechnen, datt ee vläicht do vun deene 16 obligatoresche Stonnen iwwert déi nächst zéng Joer op aacht Stonne géif erofgoen! Ech muss awer soen, datt dat och net zu engem Konsens gefouert huet an deenen Diskussiounen, soudatt et do och net méiglech war, méi wäit nach ze goe wéi dat, wat mer da virdru festgehalen haten.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Minister, erlaabt Der, den Här Kartheiser wëllt Iech gären eng Fro stellen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Selbstverständlech!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Madamm Presidentin. Och Merci, Här Minister. Ech wollt just froen: Hutt Der dann net dru geduecht, fir bei deem Bachelor en pédagogie religieuse do eng Iwwergangsléisung ze maachen? Et hätt een dat jo kënne gläichstelle mam Bachelor en sciences de l'éducation just fir déi Leit, déi e schonn hunn, bis déi da pensionéiert gi sinn. Och an aner Beräicher hu mer jo Iwwergangsléisunge gehat. Mä et hätt deene Leit awer wéinstens eng Unerkennung vun hiren Diplomer erméiglecht, ouni se weider ze humiliéieren. Kuckt emol…

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Här Kartheiser, Dir hutt e puermol haut de Mëtteg gesot, wann Dir bis an der Regierung sidd, da géif dat an dat änneren.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ech kann Iech soen: Soulaang ech d'Responsabilitéit an der Regierung fir d'Éducation nationale droen, intervenéiert keen an de Schoulen, deen net eng Basisnotioun huet vun der Didaktik an der Mathematik, am Rechnen, am Däitschen an am Franséischen!

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Neen, dat hu se net gemaach. Si hunn net an deenen dote Fächer enseignéiert. Si hunn net eng Formatioun doranner gehat. Dat ass meng Responsabilitéit, fir d'Qualitéit vum Enseignement fir all Kanner hei am Land ze assuréieren. An duerfir konnt ech a wäert ech op esou Fuerderunge wéi déi doten net agoen!

Ech hoffen, datt bei all deene schwieregen Diskussiounen, déi mer haten, Kloerheet ass elo fir déi Betraffen. Ech hoffen, datt e gutt Zesummewuessen an deenen Equippe wäert sinn, déi sech do wäerte bilden, souwuel an der Réserve des suppléants wéi och an der Réserve des auxiliaires éducatifs, wou mer jo innovéiert hunn, fir iwwerhaapt d'Méiglechkeet ze hunn, fir Weeër kënnen opzemaachen, wou déi Leit a ganz ënnerschiddlech Beruffsaktivitéite kënnen eragoen.

Dat kann dat sinn, wat hei beschriwwe ginn ass. Dat kann awer och an engem Lycée eng ausserschoulesch Aktivitéit sinn. Dat ka beim SNJ eng Aktivitéit sinn, dat ka bei de staatleche Kannerheemer eng Aktivitéit sinn. Do hu mer eng ganz Panoplie vu Méiglechkeeten opgemaach. De Choix läit net bei eis. De Choix läit bei deene Betraffenen, fir erauszefannen, wat een an Zukunft eigentlech wëllt maachen a wou engem seng Motivatioun läit. An ech hoffe finalement, datt do déi Betraffen alleguerten hir Motivatioun zréckfannen an och an hirer zukünfteger berufflecher Aktivitéit e Stéck Liewensfreed kënnen owes mat heemhuelen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Minister.

Dir Dammen an Dir Hären, mir fänken dann elo u mat der Ofstëmmung vum Projet de loi 7078.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7078 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Prokura.

De Vott ass ofgeschloss: 34 Jo, 26 Neen. Domat wär dee Projet 7078 dee Moment ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par M. Georges Engel), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Roger Negri), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze accordéieren?

(Assentiment)

Merci.

Sou! Bleift eis nach ee Projet, eng punktuell Ëmännerung vum Mietsgesetz, den „Bail à usage d'habitation", an och verschidden Dispositioune vum Code civil. Dat ass de Modèle de base. An ech géif direkt dem Rapporteur Max Hahn d'Wuert ginn.

11. 7127 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

Rapport de la Commission du Logement

M. Max Hahn *(DP), rapporteur.*- Merci, Madamm Presidentin. An eise Gemenge kann et emol virkommen, dass sech Locataire a Proprietaire net iwwert de Loyer eens ginn oder de Montant vun de Chargen. Dacks fanne béid ënner sech en Accord. Mä sollt dat net de Fall ginn, kënnt déi sougenannten „Commission des loyers", d'Loyerskommissioun also, an d'Spill. Dës Kommissioun muss dann decidéieren, ob d'Héicht vum Loyer unzepassen ass oder net. An deenen allermeeschte Fäll geet et esou. E Kompromëss kann iwwert deen dote Wee fonnt ginn, ouni dass dat Ganzt op d'Geriicht muss goen.

Zënter dem Gesetz vum 21. September 2006 hunn awer net méi all d'Gemengen hir eege Loyerskommissioun. Fir d'Gemenge mat manner wéi 6.000 Awunner ginn et kantonal Kommissiounen. Hei besteet also eng Ulafstell fir méi Gemengen zesummen. Am Gesetzesprojet, iwwert dee mir hei schwätzen, geet et ëm d'Vereinfache vun der Nominatiounsprozedur vu genau dëse kantonale Loyerskommissiounen.

Wéi gesot, am Moment ass d'Nominatiounsprozedur vun de Membere vun de kantonale Loyerskommissiounen net ëmmer praktesch. Ech erkläre mech: Fir Gemenge mat iwwer 6.000 Awunner ass et relativ einfach. Déi effektiv Memberen a Stellvertrieder gi vun de Gemengeconseilleren designéiert a vum Innenminister approuvéiert.

Wat awer elo déi Gemengen ugeet, déi manner wéi 6.000 Awunner hunn a fir déi domadder eng kantonal Loyerskommissioun zoustänneg ass, ass et bis elo méi komplizéiert. Déi verschidde Conseilleren aus all de Gemenge mussen zesummekommen, fir eng Lëscht mat Kandidate festzehalen. Et war awer net ëmmer einfach, all dës Leit zesummenzekréien, besonnesch well a verschiddene Loyerskommissiounen eng grouss Zuel u Conseilleren hu missen uwiesend sinn.

Dass et d'Distriktskommissariater ënnert där Form jo zanter dem Akraafttriede vum Gesetz vum 2. September 2015 net méi gëtt, brauch ech Iech heibannen net ze soen. An deem Sënn mécht de Gesetzesprojet vun haut och hei déi néideg Upassungen.

Déi elo grad beschriwwe schwéierfälleg Prozedur gëtt mat dësem Gesetzestext vereinfacht. Dat, andeems se duerch e Vote par correspondance ersat gëtt. Sou brauch da keng speziell Reunioun méi organiséiert ze ginn. Dës nei, vereinfacht Prozedur baséiert sech op den aktuelle Modell vun der Designatioun vu Gemengendelegéierten, déi an engem Syndikat méi wéi eng Gemeng representéieren.

Madamm Presidentin, souwuel d'Chambre des Métiers wéi och d'Chambre de Commerce gesinn dëse Gesetzesprojet positiv. Dat, well et zu enger Simplification administrative kënnt. Ech mengen, an engem Zäitalter vun Internet an iPad ass et richteg, eise Gemengeresponsabelen och d'Liewen esou einfach wéi méiglech ze maachen. Elo gëtt einfach e Bréif geschéckt, amplaz dass eng Reunioun vun all de Conseilleren aberuff muss ginn.

Wann ee weess, dass eis Leit an de Gemenge wierklech genuch Aarbecht hunn, kann een dës Ännerung nëmme begréissen. Ech mengen, dat schéngt eng Léisung ze sinn, déi jiddwereen zefridde sollt stellen.

Fir déi eenzel Avisen, Madamm Presidentin, verweisen ech op mäi schréftleche Rapport an ech ginn heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei. An ech soen Iech alleguer Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Rapporteur, dem Här Max Hahn. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Lies.

Discussion générale

M. Marc Lies *(CSV).*- Madamm Presidentin, Merci fir d'Wuert. Ech maachen et kuerz. Bon, ech mengen, de Rapporteur, de Max Hahn, huet dat virbildlech gemaach, huet all Detail explizéiert vun dëse Modifikatiounen. An duerfir och him ee ganz, ganz décke Merci fir deen ausféierleche Rapport. An ech ginn heimat och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Lies. Als zweet Riednerin hunn ech ageschriwwen d'Madamm Taina Bofferding.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Merci. Ech schléisse mech dem Virriedner un a géif dann och dem Deputéierte Max Hahn Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport a ginn domadder dann direkt den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci och Iech. Dann den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll och den Accord vun der grénger Fraktioun ginn an dem Rapporteur Merci soen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci och Iech. An dann nach den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Madamm Presidentin. Mir wäerten dëse Projet de loi och matstëmmen, wollten awer nach drun erënneren, datt och am Koalitiounsaccord vun der Regierung drastoung, datt iwwerhaapt d'Commissions des loyers missten nach reforméiert ginn, notamment och en Droit d'autosaisine sollte kréie bei enger Allocation loyer, fir dofir sécherzestellen och, datt keng iwwerdeiert Loyere sollen esou subventionéiert ginn.

Mir sinn der Meenung, datt déi Commissions, datt déi Kommissiounen immens wichteg sinn an zurzäit och net ëmmer esou funktionéieren, wéi se sollten, an de Gemengen, well mer wëssen, datt vill Locataire net ëmmer sech bewosst sinn, wat hir Rechter sinn a wou se sech kéinte mellen.

Mir wäerten natierlech dat heite matstëmmen. Dat mécht Sënn, déi Reform. Mä mir wäerten eis och freeën, wa wierklech och eng richteg Verstäerkung vun dëse Kommissioune wäert duerchgezu ginn.

Ech soen Iech Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci och Iech, Här Wagner. Soss

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

Sommaire des séances publiques nos44, 45 et 46

44e séance

Ouverture de la séance publique p. 592

Message de M. le Président p. 592

Ordre du jour p. 592

6932 - Projet de loi portant modification 1. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux, 2. de la loi du 24 décembre 1985 réglementant le droit de grève dans les services du secteur communal, 3. de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et 4. de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique - second vote constitutionnel p. 592-593

7117 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques p. 593

7109 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de l'Ombudsman (2016) p. 593-598

45e séance

Ouverture de la séance publique p. 599

Hommage à la mémoire de M. Jeannot Belling, député honoraire p. 599

Ordre du jour p. 599

Heure de questions au Gouvernement

- Question n°270 du 5 juillet 2017 de M. André Bauler relative au rôle de l'ITM dans la prévention des maladies professionnelles, en particulier les pneumoconioses, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire p. 599

- Question n°271 du 6 juillet 2017 de M. Marco Schank relative au service d'autopartage appelé «car sharing», prévu par les CFL, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

et

- Question n°272 du 5 juillet 2017 de Mme Josée Lorsché relative aux initiatives du Gouvernement dans le domaine du covoiturage, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 599-600

- Question n°273 du 6 juillet 2017 de M. Roger Negri relative à la configuration future du carrefour et du bypass souterrain à l'endroit de l'actuel giratoire «Gluck», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 600

- Question n°274 du 6 juillet 2017 de M. Gast Gibéryen relative à l'extension de la N7 à partir du Fridhaff, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 600

- Question n°275 du 6 juillet 2017 de M. Marc Spautz relative aux prestations familiales en espèces et en nature, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration p. 600-601

- Question n°276 du 6 juillet 2017 de M. David Wagner relative aux travaux d'extension du Lycée technique de Bonnevoie, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 601

- Question n°277 du 6 juillet 2017 de Mme Françoise Hetto-Gaasch relative à la prise en charge du traitement de la maladie du lipœdème par la Caisse nationale de santé, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale p. 601

- Question n°278 du 6 juillet 2017 de Mme Martine Hansen relative à la promotion de produits régionaux luxembourgeois et aux suites données à la pétition n°668 «Lëtzebuerger Produkter an der ëffentlecher Restauratioun», adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs p. 601-602

Motion de M. Gast Gibéryen relative au nouvel horaire des CFL et à la refonte des lignes ferroviaires 60a et 60b p. 602-603

7074 - Projet de loi portant sur l'enseignement secondaire et modifiant

1. la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

2. la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

3 la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement (Titre VI: de l'enseignement secondaire);

4. la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée;

5. la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire;

6. la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;

7. la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote;

8. la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

9. la loi du 16 mars 2007 portant - 1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue - 2. création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation;

10. la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle;

11. la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire;

12. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

13. la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance;

14. la loi modifiée du 29 juin 2010 portant création d'une réserve nationale de chargés d'enseignement pour les lycées et les lycées techniques;

15. la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers;

16. la loi du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale;

17. la loi du 24 août 2016 portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement secondaire et secondaire technique;

18. la loi du xxx ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation p. 603-612

46e séance

Ouverture de la séance publique p. 612

Communications p. 612-613

Ordre du jour p. 613

7089 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Minamata sur le mercure, adoptée à Genève le 19 janvier 2013 p. 613
p. 614

7090 - Projet de loi 1. modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés, 2. modifiant la loi modifiée du 9 mai 2014 relative aux émissions industrielles p. 613-614

7134 - Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée technique pour professions de santé et d'un hall des sports Logopédie à Strassen p. 614-615

7064 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;

2. de la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements des données à caractère personnel concernant les élèves p. 615-621

7010 - Projet de loi portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement fondamental et modifiant

1. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

3. la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire p. 621-627

7078 - Projet de loi portant organisation de la reprise des enseignants de religion et des chargés de cours de religion et portant modification de

1. la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

2. la loi modifiée du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Archevêché, d'autre part, concernant l'organisation de l'enseignement religieux dans l'enseignement primaire p. 627-630

7127 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil p. 630-631

hunn ech keen ageschriwwen. Da géif ech direkt dem zoustännege Minister, dem Här Marc Hansen, d'Wuert ginn.

Prise de position du Gouvernement

M. Marc Hansen, *Ministre du Logement.*- Jo, Madamm Presidentin, ech maachen et da gradesou kuerz wéi alleguerte meng Virriedner. Den zweeten Deel vun där ganzer Operatioun kënnt u sech eréischt en Donneschdeg bei Iech op den Ordre du jour. Et ass jo hei eng Diskussioun, déi opkomm ass an dem Kontext vun de Gemengesyndikater. Et ass eng Simplification administrative, wéi dat ganz gutt hei gesot ginn ass. An ech sinn natierlech frou, dass dat eng breet Zoustëmmung hei fënnt, well dat mécht alleguerten de Gemengeresponsabelen, déi och no dem 8. Oktober da wäerten dorëmmer am Amt sinn, et méi einfach, fir eben déi Loyerskommissiounen ze besetzen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Minister.

Domat sinn d'Debatten ofgeschloss. A mir kënnen direkt ufänke mat ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7127 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Prokura.

De Vott ass ofgeschloss. A wéi et ugaangen ass haut, hält et och op: 60 Stëmmen derfir. E ganz gutt Resultat. Merci!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Gilles Roth), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Georges Engel), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par Mme Claudia Dall'Agnol), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

(Brouhaha)

Lauschtert elo nach ee Moment no, wann ech gelift!

Éischtens, d'Dispens vun dem zweete Vote constitutionnel: Ier Der Iech hieft, sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Merci. Zweetens, ech wëll Iech Merci soe fir Är Disziplinn. Mir si ganz gutt virukomm.

Drëttens - ganz wichteg: Muer geet d'Sëtzung um hallwer zwou un. Sidd wann ech gelift all matzäiten do, dass mer och gutt muer virukommen!

An domat hiewen ech dann d'Sëtzung vun haut op an nach eng Kéier villmools Merci.

(Fin de la séance publique à 19.19 heures)

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU **N°16** • SESSION ORDINAIRE 2016-2017

Sommaire des questions parlementaires

Question n°	Auteur	Objet
3109	Marc Baum	Création d'entreprises artisanales et formation professionnelle pour adultes
3116	Léon Gloden	Trafic de poids lourds dans le centre de Wasserbillig
3130	Martine Hansen	Produits vendus dans les écoles
3136	Gusty Graas	Trottinettes en libre service
3137	Martine Mergen	Classes anglophones au Lycée Michel Lucius
3141	Nancy Arendt	Brevet de natation
3154	Max Hahn	Lampes à diode électroluminescente (LED)
3164	Gusty Graas	Plans des infrastructures à construire dans la zone du «Ban de Gasperich»
3165	Yves Cruchten	Installations de biogaz
3169	Gusty Graas	«Littering»
3170	Marc Lies	Introduction du M-Pass à tarif réduit pour les agents de l'État
3173	Marc Lies	Traitements contre l'arthrose
3182	Alex Bodry	Colportage
3185	Octavie Modert	Fermeture de bureaux de poste
3186	Laurent Mosar	Fin de l'argent liquide
3187	Roy Reding	Immatriculation d'avions historiques
3189	Diane Adehm	Presse en ligne
3190	Laurent Mosar	Agence bancaire européenne (ABE)
3194	Nancy Arendt	Risques sanitaires et autres liés aux émissions de particules et de NO_x par les véhicules routiers
3197	David Wagner	Procédure en matière de législation fiscale
3198	Alexander Krieps, Edy Mertens	Travaux préalables à l'installation d'appareils IRM supplémentaires
3199	David Wagner	Fonds souverain intergénérationnel du Luxembourg (FSIL)
3204	Fernand Kartheiser	Excision
3208	André Bauler, Gusty Graas	Marquage routier
3280 urgente	Laurent Mosar	Traite des êtres humains

Question 3109 (30.06.2017) de **M. Marc Baum** *(déi Lénk)* concernant la **création d'entreprises artisanales et** la **formation professionnelle pour adultes:**

Avec la création de 4.506 nouveaux postes en 2016, l'emploi dans le secteur de l'artisanat a connu la hausse la plus importante depuis la crise économique de 2007-2008. 7.034 entreprises du secteur emploient désormais 90.476 salariés. Avec 144 entreprises créées l'année passée selon les informations publiées par la Chambre des Métiers, le secteur connaît pourtant une concentration accrue et par conséquent un nombre moyen de salariés par entreprise qui augmente régulièrement d'année en année.

En même temps le système éducatif luxembourgeois n'arrive pas à former assez d'artisans pour occuper les postes créés par les entreprises artisanales. Ainsi, seulement 368 personnes ont pu obtenir leur diplôme professionnel tandis que 111 professionnels du secteur ont obtenu leur brevet de maîtrise. Les entreprises artisanales sont ainsi de plus en plus contraintes de recourir à des professionnels non résidents pour pouvoir se développer et assumer leurs commandes.

Partant, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Secrétaire d'État à l'Économie:

1) Madame la Secrétaire d'État peut-elle me confirmer le chiffre des 144 créations d'entreprise dans l'artisanat?

2) Dans l'affirmative, quelle est la répartition des 144 entreprises créées en 2016 parmi les différents groupes d'activités de l'artisanat?

3) Madame la Secrétaire d'État peut-elle me fournir des informations sur la nationalité ainsi que le pays de résidence des repreneurs d'entreprises artisanales et des gérants des entreprises artisanales nouvellement créées?

4) Quels sont le niveau de formation et la moyenne d'âge des créateurs/repreneurs d'entreprises? Parmi ces personnes, combien de personnes ont effectué une reconversion professionnelle? Combien de personnes reprennent une entreprise familiale?

5) Quelle est la part des femmes parmi ces gérants/créateurs d'entreprise?

6) Combien d'entreprises artisanales ont cessé leurs activités et combien d'entreprises ont été reprises durant l'année 2016?

7) Quelle a été la création d'entreprises nette dans l'artisanat? Quelle est la part de la création d'entreprises nette dans l'artisanat dans la création nette globale d'entreprises au Luxembourg?

Dans son discours dans le cadre de l'interpellation de Monsieur le Député Félix Eischen au sujet des petites et moyennes entreprises (PME) et de la politique à mener dans ce domaine, Madame la Secrétaire d'État Francine Closener a déclaré qu'il existait déjà de nombreux programmes visant à développer la formation professionnelle continue afin de faciliter et d'encourager la reconversion professionnelle.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Secrétaire d'État à l'Économie:

8) Madame la Secrétaire d'État peut-elle me fournir des informations concernant le nombre de personnes qui se trouvent actuellement en reconversion professionnelle et ce à quel niveau?

9) Quelles formations dans le domaine de l'artisanat actuellement offertes sont accessibles à des adultes et des personnes en reconversion professionnelle?

10) Quels organismes proposent ces formations et à quel niveau de formation mènent-elles?

11) Est-il garanti que les acquis professionnels antérieurs des personnes en reconversion, tel que p. ex. des capacités d'analyse et de gestion, sont effectivement valorisés dans le processus de formation et d'orientation? Si oui, comment cette valorisation a-t-elle lieu et quels sont ses résultats?

12) L'accès aux cours dans le cadre des formations professionnelles continues est-il assuré à tous les candidats intéressés au début de chaque année respectivement de chaque semestre scolaire?

13) Les cours sont-ils proposés de façon à permettre aux candidats intéressés d'obtenir leurs diplômes dans les plus brefs délais possibles?

14) Les cours sont-ils proposés chaque année pour tous les métiers dont l'exercice nécessite un diplôme professionnel respectivement un brevet de maîtrise?

15) Combien de personnes réussissent dans leur reconversion professionnelle par le biais de la formation professionnelle pour adultes? Combien de personnes réussissent leur reconversion par le biais d'une VAE? Quelle est la durée moyenne de leur parcours formatif et le niveau obtenu?

16) Madame la Secrétaire d'État est-elle d'avis que le dispositif en place pour la reconversion professionnelle répond aux besoins de l'économie et notamment à la pénurie des artisans et offre une réponse satisfaisante à la demande des personnes concernées?

Réponse commune (17.08.2017) de **M. Etienne Schneider,** *Ministre de l'Économie,* de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse,* et de **M. Nicolas Schmit,** *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire:*

La première série de questions de l'honorable Député concerne la création d'entreprises artisanales et appelle les réponses suivantes:

Le Ministère de l'Économie a octroyé des autorisations d'établissement pour des activités artisanales à 199 sociétés nouvellement constituées en 2016. Dans la même année, 71 sociétés poursuivant des activités artisanales ont cessé leurs activités pour diverses raisons. Il y a donc une création nette de 128 sociétés poursuivant des activités artisanales en 2016.

Les autorisations d'établissement pour des activités artisanales se répartissent comme suit, selon le secteur d'activité et le sexe des dirigeants: *(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question).*

Une même entreprise peut exercer dans plusieurs secteurs d'activité.

Parmi les autorisations octroyées, 16% ont été octroyées à des ressortissants de nationalité luxembourgeoise, 15,5% à des ressortissants de nationalité belge, 8,7% à des ressortissants de nationalité allemande, 25,7% à des ressortissants de nationalité française et 17,4% à des ressortissants de nationalité portugaise. Le reste (16,5%) des autorisations a été octroyé à des ressortissants de diverses nationalités, y compris de pays tiers.

Pour ce qui est des créations d'entreprise en nom personnel, le Ministère de l'Économie a octroyé 158 autorisations pour des activités artisanales, dont 88 à des femmes et 70 à des hommes.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Un seul entrepreneur en nom personnel a demandé l'annulation de son autorisation en 2016. Plusieurs facteurs peuvent expliquer ce phénomène: Ainsi, une transformation de la forme juridique de l'entreprise en nom individuel en société n'est pas toujours détectable lors de la procédure administrative en matière d'autorisation d'établissement. Il faut également noter que les artisans en nom individuel ne sont pas répertoriés au RCS et que la cessation d'activité n'est actée qu'avec plusieurs mois de retard, quand les personnes concernées prennent le soin d'en informer le ministère. La loi modifiée du 2 septembre 2011 prévoit pour ces situations qu'une autorisation non utilisée perd sa validité au plus tard deux ans après la cessation volontaire de l'activité.

La légère différence entre les chiffres retenus par la Chambre des Métiers et les chiffres tel qu'extraits sur base des données en matière d'autorisation d'établissement peut s'expliquer notamment par une affiliation tardive à la Chambre des Métiers (p. ex. en janvier 2017) pour ce qui est des entreprises sous forme de société. La différence plus substantielle pour les entreprises en nom individuel s'explique par le fait que la cessation d'activité est souvent signalée que très tardivement au Ministère de l'Économie.

Étant donné que les notions de «repreneur d'entreprise» et de «reprise d'entreprise» peuvent refléter plusieurs cas de figure (p. ex. achat de la majorité des parts sociales ou du fonds de commerce, désignation par les propriétaires d'un nouveau dirigeant, qui lui n'est pas propriétaire majoritaire, reprise par les héritiers qui optent de désigner un dirigeant non propriétaire, etc.), il n'est pas possible d'extraire un chiffre y relatif de la base de données relative aux autorisations d'établissement, mais une analyse plus approfondie serait nécessaire, en ayant notamment recours à des enquêtes auprès des entreprises artisanales.

Ensuite, il faut noter qu'en ce qui concerne le niveau de formation des dirigeants d'entreprise, l'accès par un diplôme scolaire n'est pas le seul moyen pour pouvoir accéder aux activités artisanales. Ainsi, il est également tenu compte des expériences professionnelles que les personnes demandant une autorisation ont pu acquérir de par le passé. Si cette expérience est suffisante par elle-même au vu de la réglementation nationale, respectivement européenne suivant la directive modifiée 2005/36/CE, le Ministère de l'Économie ne demande pas aux personnes concernées de produire une copie d'un éventuel diplôme scolaire, qui n'aurait de toute façon plus d'influence sur le fait que la personne est en droit d'obtenir l'autorisation demandée.

Par ailleurs, la notion d'entreprise familiale n'est pas définie en tant que telle dans la législation luxembourgeoise. De manière générale, elle fait référence au fait que le capital de l'entreprise soit détenu majoritairement par une ou plusieurs familles ayant fondé l'entreprise. Les données relatives aux propriétés des entreprises sont conservées au Registre de commerce et des sociétés et non au Ministère de l'Économie, parce que le fait que les parts sociales d'une société soient détenues ou non par une famille fondatrice n'est pas une information pertinente pour l'octroi d'une autorisation d'établissement.

La deuxième série de questions de l'honorable Député, qui concerne la formation professionnelle continue, appelle les réponses suivantes:

Au sujet de l'accès ou de la reconversion dans des professions relevant du domaine de l'artisanat, il faut distinguer d'une part entre l'apprentissage pour adultes et les formations continues des demandeurs d'emploi d'autre part.

L'apprentissage pour adultes offre aux demandeurs d'emploi une opportunité d'obtenir une qualification professionnelle (Diplôme d'aptitude professionnelle ou un Certificat de capacité professionnelle) par le biais d'une formation professionnelle basée sur le système de l'apprentissage en alternance.

En 2016, le service d'orientation professionnelle de l'ADEM a effectué 230 placements en apprentissage pour adultes dans 27 métiers d'apprentissage tombant sous le champ de compétence de la Chambre des Métiers.

Au total, 626 personnes ont conclu un contrat d'apprentissage pour adultes au cours de l'année 2016.

Pour ce qui est des formations continues, il y a lieu de rappeler tout d'abord qu'une aide à la formation professionnelle est prévue et permet aux demandeurs d'emploi désireux de suivre une formation dans quel domaine que ce soit, y compris l'artisanat, de se voir rembourser une partie du coût d'une formation professionnelle sous certaines conditions.

De plus, dans le cadre d'une collaboration rapprochée entre l'ADEM et la Chambre des Métiers, le service «formation continue» de la

Chambre des Métiers met à disposition des demandeurs d'emploi inscrits à l'ADEM un certain contingent de places de formation figurant dans son catalogue. Dans ce sens, tout demandeur d'emploi ayant déterminé un projet professionnel réaliste en concertation avec son conseiller référent pourra introduire une demande d'inscription en formation et ainsi accéder à une liste de formations gratuites.

Ce catalogue de formations inclut des domaines variés tels que la gestion et l'organisation d'entreprise, l'alimentation, la construction, la mécanique et le secteur regroupant la mode, la santé et l'hygiène.

Finalement, des formations spécifiques répondant directement aux besoins des entreprises sont également proposées par l'ADEM en collaboration avec d'autres instituts de formation comme p. ex. le Centre national de formation professionnelle continue (CNFPC) ou l'Institut de formation sectoriel du bâtiment (IFSB).

Il convient de signaler en particulier la formation Fit4GreenJobs en collaboration avec l'IFSB dans les professions du domaine de la construction et une formation «Aide-chantier électricien» organisée en collaboration avec le CNFPC, qui débutera en septembre, et qui sont cofinancées par le Fonds social européen (FSE).

La Chambre des Métiers est partenaire de l'ADEM dans le programme Fit4Entrepreneurship, également cofinancé par le FSE, qui permet aux demandeurs d'emploi qui souhaitent se lancer dans la création de leur entreprise dans le domaine de l'artisanat de bénéficier d'un suivi compétent.

La deuxième série de questions vise la formation professionnelle continue ainsi que la reconversion professionnelle.

Toutes les formations existantes sont accessibles aux adultes et aux personnes en reconversion professionnelle sous réserve de remplir les conditions d'accès en matière scolaire.

Conformément à la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle, tous les lycées techniques ainsi que le CNFPC proposent des formations à trois niveaux, visant:

- soit le Certificat de capacité professionnelle - CCP (qui remplace les anciens CITP et CCM), durée normale de formation: trois ans;

- soit le Diplôme d'aptitude professionnelle - DAP (qui remplace l'ancien CATP), durée normale de formation: trois ans;

- soit le Diplôme de technicien - DT, durée normale de formation: quatre ans.

Les titulaires d'un DAP peuvent faire un brevet de maîtrise auprès de la Chambre des Métiers.

Depuis l'introduction de la VAE (Validation des acquis de l'expérience) en 2008, l'État luxembourgeois considère les expériences professionnelles antérieures pour l'acquisition d'un diplôme.

De 2010 à janvier 2017, 2.063 demandes ont été introduites, dont 1.531 ont été jugées recevables. De ces 1.531 demandes déclarées recevables, 668 dossiers de validation sur le fond (deuxième étape de la procédure) ont été analysés par les commissions compétentes. 213 candidats ont obtenu une validation totale, 54 une validation partielle et 353 un refus.

Ces cinq dernières années, le nombre de dossiers de l'apprentissage pour adultes n'a pas cessé d'augmenter, culminant à 1.849 pour l'année scolaire 2016-2017.

La formation continue revêt d'une grande importance dans notre société actuelle et dans un monde du travail en mutation permanente, aussi bien en termes de compétitivité des entreprises que d'employabilité des individus. La nécessité d'une formation qui va au-delà de la formation initiale est une réalité à laquelle les individus se trouvent confrontés à tout moment de leur vie professionnelle ou privée. En vue de répondre au maximum à cette nécessité, 8.735 formations sont dispensées dans 220 organismes tout au long de l'année.

Les cours de l'apprentissage initial et les cours pour adultes sont offerts toutes les années scolaires et des classes supplémentaires sont ouvertes selon le besoin. Les durées normales des formations ne peuvent pas être comprimées ou réduites.

Il y a lieu finalement de constater que la reconversion professionnelle est une voie de qualification qui rencontre un succès croissant. Au vu du nombre de nouveaux postes de travail créés chaque année, il apparaît cependant clairement que la reconversion professionnelle ne saurait suppléer seule le manque de main d'œuvre résidente dans le secteur de l'artisanat.

Question 3116 (06.07.2017) de **M. Léon Gloden** *(CSV)* concernant le **trafic de poids lourds dans le centre de Wasserbillig:**

Lors d'une séance d'information organisée par le Ministère du Développement durable et des Infrastructures à Wasserbillig le 4 juillet dernier, plusieurs personnes présentes ont exprimé leur mécontentement, d'ailleurs soutenues par les autorités locales, qu'un trafic important de poids lourds traverse le centre de Wasserbillig alors que ces poids lourds seraient en transit et dès lors ne sont pas autorisés de sortir du réseau autoroutier.

Dans ce contexte, l'idée a été formulée de fermer le pont transfrontalier à Wasserbillig pour les poids lourds dépassant un certain tonnage. La discussion a porté ensuite sur les avantages et les désavantages d'une telle mesure sans que les désavantages aient été explicités.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures:

1. Quels seraient les désavantages d'une fermeture du pont transfrontalier pour les poids lourds dépassant un certain tonnage?

2. Est-ce que le ministre considère que les désavantages primeront sur les avantages qui résulteraient d'une fermeture pour les poids lourds d'un certain tonnage, à savoir l'amélioration de la qualité de vie des résidents de Wasserbillig ainsi qu'une amélioration de la qualité d'air?

3. Est-ce que le ministre est disposé à faire en sorte que des contrôles plus réguliers concernant le transit soient opérés?

4. Est-ce que lors de la coopération entre les autorités allemandes et luxembourgeoises, dans le cadre de la Grande Région, le Gouvernement luxembourgeois a récemment insisté à nouveau sur l'importance de l'avancement du dossier «Moselaufstieg»?

Réponse (05.09.2017) de **M. François Bausch,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures:*

De prime abord, j'estime utile de rappeler les principales dispositions en matière d'itinéraires de transit telles qu'elles ressortent, dans le contexte de la présente question parlementaire, du règlement grand-ducal modifié du 5 mai 1994 limitant la circulation de transit sur une partie de la voie publique.

Mä ier ech elo awer un dat Agemaachtent ginn, wollt ech awer e Gedanken hunn un onse President, de Mars Di Bartolomeo, deen iwwert de Weekend 600 Leit aus dem Ausland hei hat, déi sech bei mir beluewegt hunn, wéi gutt dat geklappt hätt. Dann hunn ech en zweete Gedanke fir d'Madamm Mady Delvaux-Stehres, déi à l'origine vun dësem Gesetz `99 war. An dann hunn ech e Gedanken un onse Frënd Gilles Muller. Ech hoffen, dass deen duerhält.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Alexander Krieps *(DP).*- Dat gesot, déi Debatt iwwert d'Fleegeversécherung, déi leeft, säit ech elo an der Chamber sëtzen. All dräi Joer kënnt dat. An der leschter Legislatur koum en Dossier erbäi, do sollt d'Cotisatioun op 1,73 gehuewe ginn. An de politesche Konsens war wuel an der Kommissioun do, mä e war haaptsächlech ausserhalb bei de Prestatairen do - de politesche Konsens -, mat all hire Leit.

Ech war och ganz erféiert: De leschten Donneschdeg um hallwer siwen owes um Itzeger Stee hunn ech e Vertrieder vum Här Spautz senger syndikalistescher Organisatioun héieren - deen am Comité directeur vun der CNS awer wierklech ni de Mond opdeet! -, deen huet do geschwat vun der Assurance dépendance, si géife Prestatiounen ofschafen an hei an do. Ech war ganz erstaunt, wéi dee Mann dat behaapt huet. De Méindeg an enger Tribune libre, dat muss ech awer dem Kolleeg Wilmes och soen, do hunn ech och verschidde Saache vermësst. Ech weess net, wéi oft hien an där Kommissioun war, mä ech hunn net eng Kéier do gefeelt.

Dat gesot, an dann ass reklaméiert ginn...

(Brouhaha et interruptions)

Neen, neen, neen. Dat ass net perséinlech, mä en ass och an engem Wahlkampf, dee fir hie wichteg ass. Dat verstinn ech.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Alexander Krieps *(DP).*- Dat verstinn ech. An da gëtt hei gefuerdert,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här...

M. Alexander Krieps *(DP).*- ...d'Participatioun vum Stat...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Krieps.

M. Alexander Krieps *(DP).*- Hie ka mer herno eng Fro stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Krieps, neen. Dir hutt direkt den...

M. Alexander Krieps *(DP).*- Jo, da sot mer et.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir hutt den Här Wilmes direkt ugeschwat, also däerf en och reagéieren.

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Ass den Här Krieps der Meenung, datt elo mussen ëmmer d'Präsenze gezielt gi vun all den eenzelnen Deputéierten an de Kommissiounen? Dat kënne mer gären eng Kéier maachen, et oppeleeën, well ech weess net, ob Der da kënnt mam éischte Stee geheien.

M. Alexander Krieps *(DP).*- Jo, ech hunn näischt dergéint. Also, ech sinn net a 36 Kommissiounen. Ech si gewéinlech do. Wann dat lech als Äntwert duergeet. Soss fänke mer un ze zielen. Ech hunn näischt dergéint. An och de Minutage, dann „clocke" mer, wéi laang een dobannen ass.

(Interruption)

Hei ass och gefuerdert gi vun de Leit, d'Participatioun vum Stat sollt op 45% gehuewe ginn. An ech hunn e Virriedner héiere soen, 2012 wär d'Participatioun vum Stat erofgesat ginn. Neen, déi ass 2012 ëm 5% an d'Luucht gaangen, an 2013 nach eng Kéier ëm 5%. Dofir, kommt net hei behaapten, d'Participatioun vum Stat wär erofgaangen! Da musst Der d'Dossiere kucken!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Si war erofgaangen!

M. Alexander Krieps *(DP).*- Se war... Gewass! Si war op 30 erofgaangen...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Aah!

M. Alexander Krieps *(DP).*- ...a si ass elo op 40.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Aah!

M. Alexander Krieps *(DP).*- Mä laang elo virun dësem Debat.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Si war awer eng Kéier erofgaangen!

M. Alexander Krieps *(DP).*- Jo. Jo, eng Kéier. Dat ass wéi mat de Cotisatioune vun der Krankekeess.

Une voix.- Dir sidd scho laang derbäi, Här Krieps.

M. Alexander Krieps *(DP).*- Jo. Jo.

Ech hunn dem Här Gibéryen seng Ried vun `99 och éierens an der Mapp leien. Jo, déi ass och gutt.

(Hilarité)

D'Flexibilitéit gëtt hei méi geséchert. De Minister wäert ons dat herno erklären. D'Reevaluatioun ass och noutwendeg. Dat ass eng méi Prise en charge vun den demente Patienten. Wat natierlech vill Prestatairë gestéiert huet, dat ass, wann eng Kontroll kéim. Mä Dir musst awer d'Geschicht vun der Kontroll kucken, well d'Kontroll huet et fäerdegbruecht - hei ass e Pabeier, intern, zu der CNS -: eng „augmentation non expliquée" vun iwwer 10% vum Coût du personnel tëschent `13 a `14, wou keng Indextranche war a keng Carrièrë glisséiert sinn an d'Valeur monétaire schonn agefruer war. Do sinn awer d'Personalkäschten ellen an d'Luucht gaangen. Ech kommen drop zréck.

Ech mengen och, a mäi Kolleeg Edy Mertens huet dat gesot, den Hausdokter misst méi implizéiert ginn an der Evaluatioun. Mir hunn iwwer 100.000 Evaluatioune gehat säit `99. An eppes iwwer 60.000 Leit kruten en Accès.

D'Präventioun ass ugesprach ginn. Präventioun ass haaptsächlech, iert d'Leit al ginn, wa se viru 70 héije Bluttdrock, Zocker, Cholesterol an esou virun hunn. Duerno ass et éischter, wa se falen.

Ech hunn dann nach en aneren Déngen, dat war iwwert d'Kontroll vun der Qualitéit. Do ass am Dezember 2005 e Gesetz hei gestëmmt ginn. Et huet e Joer gedauert, bis e Règlement grand-ducal koum. An déi Kommissioun ass sage und schreibe an néng Joer eemol zesummekomm! Eng eenzeg Kéier! An do war d'CNS emol net dra vertrueden, an där Kommissioun. Ech erspueren Iech den Detail. Gitt et kucken!

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Dir musst och wëssen, dass an de Käschten... Et ass gesot ginn, d'Käschte wäre reduzéiert ginn. An deene fënnef Joer sinn am stationäre Secteur, wat en Drëttel vun deene Patiente betrëfft, d'Käschten ëm 70% an d'Luucht gaangen, am ambulante Secteur ëm iwwer 40%, wougéint d'Kontributioun vun den Assuréen nëmmen ëm 21% an d'Luucht gaangen ass. Wann dat e Spuerpak ass, da geséich ech dee gären!

Also, wéi gesot, keng Qualitéitskontrolle bis elo, an haaptsächlech keng Finanzkontrollen! Ech krut da gesot virun engem Joer... Am November war deen „Fact Checker" vun RTL. Déi hunn dem Statsminister Bettel seng Pai verglach mat där vum Donald Trump, „ingoing President" vun Amerika. Do hu se gesot, de Bettel géif méi Sue verdénge wéi den Här Trump.

(Interruption)

An du wollt ech awer, dass se och géifen d'Direktere vun de Reseaue kontrolléiere goen an der Fleegeversécherung, well do ass een, dee verdéngt der am Joer nach 50.000 méi wéi de Statsminister Bettel! A genau wéi fir de Statsminister Bettel kommen all déi Suen aus den ëffentleche Gelder: Cotisatiounen a Steiergelder.

Une voix.- Steiergelder.

M. Alexander Krieps *(DP).*- Jo, Steiergelder a Cotisatiounen. Dofir, kommt, mir ginn dat och eng Kéier vergläichen!

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Dir hutt et jo elo matkritt.

An dann hu mer nach ëmmer e Problem bei de Prestatairen. Si kreéieren eng Offer an déi commandéiert dann d'Demande. Dat muss ëmgedréit ginn: D'Demande soll d'Offer kreéieren! An effektiv, wéi meng Virgänger gesot hunn: De Patient soll méi betreit ginn. Mir hunn och an der Fleegeversécherung wéi an de Spideeler verschidden Informatiksystemer…

D'DP ass géint d'Cotisatioun vun den Employeuren. Ech soen Iech dat hei. Déi, déi dat wëllen, sollen et an de Wahlprogramm schreiwen!

An dann: D'Definitioun vun der Dependance hu mer och nach net. Dat gëtt et net, néierens. Mir wäre frou gewiescht, wann d'Capacité résiduelle vun de Patienten och mat consideréiert géif ginn. An d'Prestatairë sollen hir Prestatioune mutualiséieren. An de Kriibskrankheeten an esou, do hu mer näämlech keng Masse-critiquen, do mussen déi zwee Reseauen oder déi x Reseaue matenee schaffen.

Dann, ech hunn nach e puer aner Dénger, och, wéi d'Leit bezuelt ginn. De Kolleeg Baum huet gesot: „Et sinn der jo vill vun deenen elo opgebessert ginn." Mä et ass effektiv ëmmer d'Diskussioun: Ginn d'Leit bezuelt en fonction vun Diplomer oder vu Fonctiounen? Dat ass och en Déngen, deen net geregelt ass.

(Interruption par la présidence)

Merci, Här President. Ech si gläich fäerdeg.

D'Cour des comptes, déi soll och heiansdo emol e klenge Rapport spécial maachen; d'Medikamenter géint Demenz mussen derembourséiert ginn; d'Care-Migranten hu mer net opgezielt - dat sinn der 30.000 an der Schwäiz -; d'Separatioun vun Aide à domicile a Soins à domicile.

An da wollt ech awer vun dëser Plaz aus der Madamm Bofferding extra Merci soen. Si huet sech ganz vill Méi an dësem Dossier ginn als Rapportrice. An ech soen och dem Minister Schneider Merci, dem Romain Schneider, deen all déi lescht Joren elo vun dëser Legislatur hannert dësem Dossier war. An ech mengen, mir maachen haut e Fortschrëtt.

Et kann een aner Saache soen oder maachen an Zukunft, mä dat iwwerloossen ech da mengen Nogänger. Awuar!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Awuar!

(Hilarité)

An elo ass et um Sozialminister, dem Här Romain Schneider.

Prise de position du Gouvernement

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'Éischt emol géif ech mech de Virriedner uschléissen an der Rapportrice e grousse Merci soe fir hire schrëftlechen, mä virun allem och mëndleche Rapport de Mëtteg, dee se gemaach huet iwwert dës Reform vun der Fleegeversécherung. Een Dossier, an dee si sech och mat grousser Kompetenz erageschafft huet, fir och dee ganz techneschen Dossier, wéi se gesot huet, ze verstoen an eigentlech och déi richteg Ausriichtunge vun dëser neier Reform duerzestellen.

Ech muss och dem President vun der Chamberskommissioun Merci soen, deen ëmmer ganz flexibel war, datt mer dës Debatten och wierklech iwwer eng laang Zäit konnte féieren an e flotten Austausch maachen. An ech soen och den an där Kommissioun präsenten Deputéierte Merci fir dee fairen Dialog, dee mer do haten. Mat enger klenger Klammer kommen ech herno vläicht dorobber nach eng Kéier kuerz zréck.

D'Fleegeversécherung, mengen ech, ass ee vun de wichtege Piliere vun eiser Sozialversécherung, déi jo eigentlech op 1993 zréckgeet, wou d'Entwécklung koum, an 1998/1999 gestëmmt gouf, mat dem 1. Januar, e Projet, dee begleet gouf an deemools och deposéiert war vun der fréierer Sozialministesch Mady Delvaux-Stehres.

E gouf duerno, mengen ech, wierklech zu enger Success Story. A vun dëser Plaz och vu mir aus e grousse Merci engersäits virun allem un d'Personal, dat um Terrain Dag fir Dag eng Hand upéckt, datt d'Leit exzellent versuergt ginn an datt déi 13.500 Beneficiairen, siefen et déi zwee Drëttel doheem, sief et deen een Drëttel am Etablissement, eng Fleeg kréie sou wéi dat sech gehéiert, respektiv och hannendrun de Prestatairen, déi dat och zesumme mat der CNS finanziell ofwéckelen, wéi och der Cellule, déi bis elo um Terrain eng schwiereg Aufgab ze maachen hat an déi awer mat deem Personal, dat se zur Verfügung stoen hat, exzellent gemaach huet.

Wéi mer dëse Projet ausgeschafft hunn, dës Reform zur Fleegeversécherung, déi jo och 2005 eng éischte Kéier adaptéiert gouf, deemools schonn, mengen ech, fir d'Qualitéit vun der Offer ze verbesseren a fir op där anerer Säit och nei Forme vun neie Prestatiounen eranzebréngen - dat ware wichteg Elementer -, hu mer missen ausbauen. A mir sinn drop zréckgaangen, datt mer hei elo en neit Kapitel eigentlech an der Fleegeversécherung schreiwen, fir déi exzellent Fleegeversuergung - an et ass, et kann ee roueg soen, net eng vun deene beschten, mä et ass déi bescht, déi mer op der Welt carrement hunn! - och virun ze stäerken, och virun ze sécheren an nach méi op Qualitéit ze setze mat deenen eenzelne Punkten, op déi ech herno wäert agoen.

Ech hunn och probéiert - opgrond vun engem laange Prozess - jiddweree matanzebannen. D'Chamber huet direkt, an dat gouf och hei vun alle Säite gesot, matzäit ugefaange mat engem Debat, dee mer gefouert hunn. Dat war am Juli 2014. Doriwwer eraus ware virum 8. Juli 2016 och eng ganz Rei vun Diskussiounen, wou mer Brainstorminge mat de Leit vum Terrain haten, mat deene betraffene Leit, mat allen Akteuren, allen Organisatiounen, déi iergendwéi un d'Fleegeversécherung geriicht sinn an déi och hei konnten hiren Input materaginn. Soudatt mer der Kommissioun herno e Projet de loi konnte presentéieren, deen och deem ganz vill Rechnung gedroen huet, wat aus dem Debat erausgaangen ass, respektiv och de Consultatiounen an deene prakteschen Erfahrungen, déi um Terrain gemaach gi sinn, an deene Remarquen, déi och gemaach goufen.

Bis zum Schluss, mengen ech, ware ganz vill Akteuren, déi ëmmer erëm drop verwisen hunn, datt se hir Positioun net kéinten huelen, well déi néideg Reglementer géife feelen. Reglementer, déi ganz kloer a verschiddene Saache géife soen, wou et dann elo géif higoen, Normen an aneres géifen uschwätzen. Ech hunn ëmmer gesot: „Ier dëst Gesetz gestëmmt gëtt, wësst Der de Contenu vun dëse Reglementer alleguerten." An dat ass esou!

Deem hunn ech Wuert gehale virun dem Vott, virun dem Rapport. Wéi dat gemaach gouf, war jiddwereen a Kenntnis vun deene Reglementer, déi elo dem Regierungsrot wäerten ënnerbreet ginn, fir nach do approuvéiert ze ginn.

Dee Punkt also, mengen ech, ass een, dee fir mech wichteg war ze wëssen, fir net nëmmen de Kader ze setzen, mä och den Inhalt vun der Fleegeversécherung genau ze beschreiwen. En Inhalt, deen iwwregens mat alle Partner diskutéiert gouf! Hei hate mer jiddwereen drusëtzen, deen effektiv och hei eng Hand mat upéckt.

A vu menger Säit aus och hei e grousse Merci un all déi, déi gehollef hunn, dëse Contenu ze elaboréieren, ze analyséieren a Proposen an dësem Kader ze maachen. An ech mengen, och hei geet mäi Merci selbstverständlech och u meng Mataarbechterinnen a Mataarbechter, Persounen aus der Generalinspektioun, vun der Cellule vun der Fleegeversécherung, vun der Gesondheetskeess, vum Daachverband vun de Prestatairen, der COPAS, de Gewerkschaften och an allen Akteuren, déi iergendwéi involvéiert waren, déi hei hir Responsabilitéite geholl hunn a gesot hunn, wou de Schong géif drécken a wou mer dës Fleegeversécherung misste verbesseren.

An ech mengen, grad dat, wat mer de Mëtteg hei leien hunn, fir ofzestëmmen, weist, datt d'Richtung, déi mer vun Ufank un ugestrieft hunn, d'Persoun, den Assuré an de Mëttelpunkt ze stellen an doriwwer eraus ze kucken, datt mer e System géifen opbauen, dee mëttelfristeg och ofgeséchert ass,… (veuillez lire: déi richteg Richtung war). Ech kommen herno och dorop nach eng Kéier zréck, wéi mer eis virstellen, méi no eigentlech och déi eenzel Bilanen ze maachen, fir och séier kënnen ze reagéieren an net erëm 10, 15 Joer ze waarden, ier mer da musse ganz schnell reagéieren.

Erlaabt mer awer, ier ech op déi eenzel Punkten aginn, vun dëser Plaz aus och elo schonn deene Fraktiounen, déi sech hei fir dëse Projet ausgeschwat hunn, e grousse Merci ze soe fir dat Vertrauen, dat se hei an dëse Projet ginn, wou se awer och all Kéiers mat Elementer ënnerluecht hunn, firwat datt se dat heiten als e gudde Projet ugesinn.

Da muss ech mäi Bedaueren ausdrécken: Engersäits wäert ech probéieren, d'ADR nach eng Kéier dervun ze iwwerzeegen an op eenzel Punkten anzegoen - mat deenen dräi, déi Der beschwat hutt -, datt awer och déi ugepaakt ginn an och déi hir kloer Ausriichtungen an Zukunft hunn.

A bei de Kolleege vun deene Lénke géif ech drop hiweisen, datt mer eis eigentlech hei nëmmen un dat gehalen hunn, wat ausgemaach war. A wann Der eng Kéier d'Ofkommes kuckt vum 28. November 2014 mat de Gewerkschaften, dann ass dat millimetergenau agehale mat deem, wat mer hei ëmsetzen.

Wat d'CSV ubetrëfft, sinn ech eigentlech e bëssen enttäuscht vun där Haltung, déi dës grouss, déi gréisst Oppositiounspartei, déi riseg Visiounen eigentlech weist fir d'Zukunft, eigentlech hei brëngt! Engersäits hutt Der zu engem gewëssene Moment d'Amendementer net gestëmmt mam Argument - Dir hutt Iech enthalen -, fir ze soen: „Mir stëmmen déi Amendementer net, well mer d'Reglementer net doleien hunn." Bon, an der Zukunft sinn all d'Contenue vun dëse Reglementer do! Dëst Motiv ass also fort.

De Mëtteg am Rapport respektiv an der Stellungnam vum Här Wilmes hunn ech keng nei Elementer erëmfonnt, déi effektiv beweisen, datt dëst Gesetz net deem Rechnung dréit, wat d'Zilausriichtung war, an ech gesinn eigentlech dofir och net, firwat datt elo op eemol déi Wandlung kënnt, fir géint dat Gesetz hei ze stëmmen. An et feelt mer eigentlech och do, vu déi laang Zäit, wou mer zesummesouzen an der Kommissioun, an deenen eenzelne Gremien, an deenen eenzelne Forumen, fir effektiv och dës positiv Iddien da materaginn ze hunn. Ech hu keng héieren!

Mir hunn driwwer diskutéiert, konstruktiv a flott diskutéiert, fir esou wichteg Punkten erauszekréien. Déi hu mer matafléisse gelooss, mä nei Iddien, genau dat, wat Dir elo sot, hunn ech net erëmfonnt. Dofir, mengen ech, iwwerhuelt Der hei net Är Responsabilitéit, déi Der misst huelen, wéi Der eis awer ëmmer e bësse virgehäit.

Et gëtt hei geschwat vun enger Perennitéit vu Finanzen. Ech weess, am Pensiounsniveau zum Beispill, wou den Här Wiseler eis vläicht ëmmer zu Recht seet: „Mir mussen elo schonn ufänken, iwwert d'Pensiounen nozedenken! Mir mussen elo scho kucken, datt mer d'Perennitéit doriwwer ofdecken!", hei maache mer dat!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dir hutt elo gesot: „zu Recht"!

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Ganz genau hei hu mer...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dir hutt elo gesot: „zu Recht seet en dat", hunn ech héieren.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Hei hu mer genau d'Depensen, hei hu mer d'Recetten am Grëff. An alles dat, mengen ech, fanne mer hei net erëm. Dat ass eigentlech e schwaacht Argument, mä ech probéieren, och Iech iwwert déi nächst Minutten dervun ze iwwerzeegen, datt dat eng exzellent Reform ass, déi mer hei presentéieren an déi eigentlech deem Rechnung dréit, wat mer wëllen: déi fleegebedürfteg Persoun an de Mëttelpunkt ze stellen.

Dës aktuell Reform, déi hei läit, brëngt vill Verbesserungen eriwwer. An ech mengen, dës Reform brëngt virun allem emol keng Verschlechterungen, wat virun allem déi fleegebedürfteg Persoun ubetrëfft a virun allem och den Niveau vun der Prise en charge a virun allem och d'Qualitéit vun dësem Niveau. Ganz am Géigendeel!

An ech mengen, eppes ass och vun Ufank u wichteg gewiescht, datt d'Grondprinzipien jo och vun der Chamber, an doru gouf zu Recht och erënnert, am Kader vun der Konsultatiounsdebatt bestätegt gi sinn. Si bleiwe bestoen a ginn hei nach eng Kéier gefestegt. Dës Fleegeversécherung gëtt ganz einfach moderniséiert a si gëtt fir d'Zukunft prett gemaach, mat all deenen neien Erkenntnisser, déi mer hunn. A virun allem gëtt de Volet vun der Qualitéit gestäerkt.

D'Gesetz gëtt deen nohaltegen Opbau vun engem Qualitéitskontrollsystem vir. D'Kontrollkommissioun vun der aktueller Cellule, déi ënnert dem Numm „Administration d'évaluation et de contrôle de l'assurance dépendance" eng eegestänneg Verwaltung gëtt, gëtt bedeitend gestäerkt.

Et soll awer net nëmme kontrolléiert ginn, neen, et soll virun allem och eng Berodung säitens vun där Stell gemaach ginn, fir de Leit ze weisen, wat d'Fleegeversécherung ass, wat déi eenzel Punkten dra sinn a wat hei och an Zukunft nach ka verbessert ginn. An natierlech, wéi ugeschwat, muss d'Personal an dëser Verwaltung opgestockt ginn, fir och um Terrain deene Bedürfnisser kënne gerecht ze ginn.

Gläichzäiteg gëtt awer och d'Transparenz op allen Niveauen erweidert. Et ass dat e bëssen, wat souwuel op där enger Säit den Edy Mertens wéi och, mengen ech, den Här Krieps gesot huet. Déi Transparenz hei vun deem ganzen Niveau muss méi breet opgestallt ginn. Dat gëtt hei gemaach. Ech mengen, de Katalog vun de Leeschtunge mat all de Kritären, dee bis elo net ëffentlech war, gëtt elo publizéiert. De Referentiel vun den Aides et soins gëtt festgeluecht an engem Règlement grand-ducal. Mir hunn also eng ganz Traçabilitéit vun deenen eenzelne Punkten, déi bis elo am Katalog festgehale waren, déi awer keen direkt esou kannt huet.

Et wäert derfir gesuergt ginn, datt dee sougenannten „outil d'évaluation et de détermination" vun de Prestatioune permanent à jour gehale gëtt opgrond vum fleegewëssenschaft-

lechen, awer och dem technesche Fortschrëtt, deen natierlech och hei opgrond vun der Medezinn an opgrond vun der Fleeg gang und gäbe ass, woufir och regelméisseg muss adaptéiert ginn.

Zwee verschidde Reglementer si virgesinn am Kader vun dem Qualitéitskontrollsystem.

Dat éischt determinéiert d'Normen an d'Koeffizienten, déi d'Qualitéit vun de Leeschtunge betreffen an déi ënner anerem och gebraucht ginn, fir de Präis vun hinne mat de Prestatairen zesummen all zwee Joer op konventioneller Basis festzeleeën.

Dat zweet Reglement betrëfft de Contenu vun der Fleegedokumentatioun - och ee Volet, deen hei schonn ugeschwat gouf -, d'Dokumentatioun an d'Indicateuren, déi et der Administratioun erlaben, hir Aarbecht nach méi strukturéiert kënnen duerchzeféieren.

Regelméisseg a systematesch ginn d'Leeschtungen och evaluéiert, souwuel déi vun de Prestatairë wéi och natierlech déi vun de Persounen, déi sech doheem ëm eng fleegebedürfteg Persoun bekëmmeren, also vun deene sougenannten „aidants informels", meeschtens eng Persoun, déi aus dem direkten Ëmfeld vun der Persoun kënnt.

Beim Service vun de Leeschtungen am Alldag bei de fleegebedürftege Leit kënnt et zu enger méi grousser Individualisatioun, déi duerch eng renforcéiert Flexibilitéit erméiglecht gëtt. An op déi Flexibilitéit sinn eenzel Riedner agaangen, ee vun deene wichtege Punkten, deen effektiv och heidrënner erëmzefannen ass. An ebe grad dat, wat ugeschwat ass, déi Zäit, déi engem feelt, fir mat der fleegebedürftegter Persoun ze schaffen, dat ass och wierklech nach eng Kéier ënnerstrach an nach eng Kéier nei orientéiert ginn. Vill méi geziilt an adaptéiert wäert an Zukunft vun de Prestatairen op déi alldeeglech Besoinen a Wënsch vun de fleegebedürftege Leit, déi vun Dag zu Dag verschidde sinn, reagéiert kënne ginn.

D'Eropsetze vun der Transparenz a vun der Effizienz sinn zwee weider Elementer, déi mer hei kënnen ënnersträichen. D'Tatsaach, datt den Zoustand vun de fleegebedürftege Leit a regelméissegen Ofstänn, an dat ass och nei hei, a systematesch vun där neier Administratioun an Zukunft wäert iwwerpréift ginn, garantéiert, datt d'Leeschtunge permanent de Bedürfnisser vun de Leit ugepasst ginn. Et ass dat, wat de Gast Gibéryen zitéiert hat: déi regelméisseg Adaptatioune vun de Besoinen um Terrain, d'Persoun am Mëttelpunkt, dat gëtt hei méi no eriwwerbruecht.

D'Situatioun vun den Aidants informels gëtt redefinéiert a gëtt gestäerkt. Op Basis, an dat ass och nei, vun engem spezielle Formulaire, deen am Kontext vun der Evaluatioun ausgefëllt gëtt, kann hien an Zukunft besser a vill méi kloer wéi bis elo vun der Administratioun identifizéiert ginn. An d'Gesetz gesäit do och kloer an transparent Kritäre vir, fir an esou enger Situatioun ze erméiglechen, déi néideg Kontroll och ze maachen an déi néideg Mesuren dann och derzou ze huelen.

Dozou gehéieren natierlech wéi bis elo schonn d'fleegeresch Fäegkeete vun där Persoun, déi den Aidant ass, hir Disponibilitéiten, souwuel zäitlech wéi och geografesch, hir physesch an hir psychesch Belaaschtbarkeet iwwerhaapt, fir eng Persoun mat ze soignéieren.

An den Aidant gëtt virun allem an Zukunft och ee vun deenen effektiv, déi duerch verschidde Mesuren da kënnen entlaascht ginn. De professionellen Aidant informel ass selbstverständlech dem Aarbechtsrecht ënnerluecht. Dat war vun Ufank un esou an dat ass och ganz kloer esou am Text virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir vläicht e puer technesch Erklärungen awer eriwwerzeginn: A puncto vun den Actes essentiels de la vie, den AEV, gesäit dat neit Gesetz vir, eng Rei vun hinnen ze reformuléieren, ouni allerdéngs hire Contenu bedeitend ze änneren. Opgrond vun enger individueller Evaluatioun - an ech betounen „individueller Evaluatioun" -, déi persounebezunn a multidisziplinär bleift a bei där den néidege Volume vu Leeschtunge fir all Demandeur erhuewe gëtt, gëtt an enger Synthèse de Besoin vum Beneficiaire festgehalen.

D'Leeschtunge ginn dann op Basis vun Niveaue vum Prestataire a Charge geholl. Dëst bréngt eng gréisser Flexibilitéit fir d'Fleeg vun de Leit, wat dann och eng besser Liewensqualitéit wäert bedeiten a virun allem eng besser Planungssécherheet fir d'Prestatairen hannendrun.

Et ass wichteg ze ënnersträichen, datt déi verschidden Niveauen op Basis vun Erfahrungswäerter festgeluecht gi sinn. Eng Rei vu weidere Leeschtunge ginn nach méi staark wéi bis elo un d'AEV gebonnen. Dat si virun allem déi sougenannt „activités de soutien", déi och hei schonn diskutéiert an zum Deel kritiséiert goufen, déi regruppéiert ginn, déi net ofgeschaaft ginn, mä déi regruppéiert ginn an opgedeelt ginn am Kader vun neien Activités d'appui à l'indépendance, den AAIen, respektiv Activités d'accompagnement en établissement, den Aaen, an Activités de maintien à domicile, den AMDen.

Dës dräi Ënnerscheeder si wichteg, fir ze soen, datt näischt ofgeschaaft gëtt, datt d'Persounen näischt geholl kréien. Et gëtt nei regruppéiert, et gëtt nei orientéiert, et gëtt méi effikass organiséiert, fir dat och ëmzesetzen. An ech brauch nëmmen hei zu de Stonnen, déi jo anscheinend ewechfalen, ze soen, datt d'AEVe bis zu véier Stonne pro Woch kënnen individuell accordéiert ginn! Et ass dat, wat mer eng Kéier nogebessert haten nach, wat och am Konsens an der Kommissioun selwer diskutéiert gouf, fir kënnen op individuell Besoinen anzegoen, wat dann och an der Grupp bis zu 20 Stonne pro Woch méiglech ass. Dës Leeschtunge gi souwuel doheem wéi och am Etablissement gemaach.

D'AAen, par contre, si Leeschtungen, déi spezifesch an den Haiser virgesi sinn, wou mer hei virun allem - wat zum Schluss elo och ugeschwat gouf - besonnesch den Encadrement brauchen, aus Sécherheetsgrënn oder virun allem, wéi richtegerweis gesot gëtt, fir effektiv och eng sozial Ausgrenzung ze verhënneren. Also, déi bleiwe bestoen an deem dote Beräich.

Här President, Dir musst mer nach e puer Minutte ginn, well soss...

(Brouhaha)

Neen? Okay.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech si Wuess an den Hänn vun der Chamber. Wann d'Chamber dermat d'accord ass, mengen ech, kënne mer...

(Brouhaha et interruptions)

Net ëmmer, Här...

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Den Här Krieps hat och iwwerzunn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister, wann ech gelift.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Här President, ech soen Iech Merci.

(Interruption)

Et geet och just ëm eng textlech Analys. An ech wollt Iech nach eng Kéier d'Virdeeler vun dëser Reform eriwwerginn, fir datt Der Iech nach eng Kéier mat beschtem Gewësse kënnt iwwerleeën, wat Der hei ofstëmmt a wat Der hei kënnt fir e Fortschrëtt maachen, fir d'Fleegeversécherung nach eng Kéier ze verbesseren. Dofir Merci, Här President, fir dës Asiicht!

Well effektiv, d'AAe, wéi gesot, par contre si Leeschtungen, déi spezifesch an den Haiser ugebuede ginn an déi also wierklech och op de Beräich vun der sozialer Ausgrenzung aginn.

D'AMDe si Leeschtungen, déi aktiv d'Leit doheem, an hirem Heem ënnerstëtzen. An individuell kënnen hei och virun allem 14 Stonne pro Woch oder an der Grupp bis zu 40 Stonne pro Woch accordéiert ginn.

Den Aidant informel, et gouf ugeschwat, ka selbstverständlech, wéi hei stoung, aacht Stonne Weiderbildung kréien. Déi kann awer ëmmer erëm widderholl ginn. A vun do hier sinn dat also net déi aacht Stonnen, déi dostinn, mä pro Joer kënnen ëmmer erëm aacht Stonne Praxisformatioune gemaach ginn; déi wären och do.

Wat nei dobäi ass: De Pilotprojet, wat déi ganz Nuetswaach ubetrëfft, gëtt elo an d'Fleegeversécherung gesat. An hei kënnen zéng Nuechte pro Joer vun der Fleegeversécherung iwwerholl ginn. Dat ass en neien, wichtege Facteur, deen hei eriwwerkënnt. All déi aner Aiden, do ginn ech elo driwwer ewech: Aides techniques, Adaptation du logement, Matériel d'incontinence, déi ginn net ofgeschaaft, déi bleiwe bestoen, mä do wäert awer och dee ganze Katalog vu Leeschtungen nei reglementéiert ginn.

Här President, derniewent nach zwee Voleten: Éischtens, mir wäerten a mussen awer kucken - an d'Erfahrungen hunn dat och gewisen am Bilan vun der IGSS, awer och virun allem am Bilan vu Situatiounen, déi sech duergestallt hu bei Prestatairë virun allem -, datt mer kuerzfristeg all zwee Joer ee Bilan maachen iwwert dat, wat d'Qualitéit vun de Leeschtunge betrëfft. An zweetens, virun allem musse mer och kucken: Wat ass dee finanziellen Impakt? Deen ass also all zwee Joer och ze kucken an ze adaptéieren, soudatt mer net herno a Situatioune lafen, wou effektiv d'Schéier ganz schnell auserneegeet tëschent Recetten an Depensen.

An da mussen déi Diskussioune kommen, wou mer soen: Wat muss dann elo adaptéiert ginn? Musse mer net elo u Recettë goen, wou mer d'Cotisatiounen erhéijen? Och déi Saache sinn ugeschwat ginn. An dee Moment kann een dat maachen. De Moment ass dat net néideg, well mer Recettë genuch hunn, fir dës Reform och an der Depensëséit ze stëmmen.

Voilà, zum Schluss, mengen ech, soen ech all deene Merci, déi sech ausgedréckt hunn an elo scho gesot hunn, si géifen dës Reform ënnerstëtzen. Ech hoffen, datt déi Argumenter an dee bësse Surplus un Zäit, deen ech hei kritt hunn, mer et och erlaabt hunn, och déi aner dovunner ze iwwerzeegen, datt dëst eng gutt a wierklech eng wäitsiichteg Reform ass. Ech mengen, all Parteien, déi de Moment Visioune weisen, déi soen: „Mir setzen d'Persoun, déi fleegebedürfteg Persoun an de Mëttelpunkt!", déi soen: „Mir wëlle längerfristeg de System ofsécheren, wéi a villen anere Systemer", déi sollen dëst Gesetz stëmmen! An déi drécken domat aus, datt d'Persoun am Mëttelpunkt steet an datt mer e gudden an dee beschte System hunn, deen et gëtt.

Merci bien.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Här Minister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7014 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7014 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi ass mat 32 Jo-Stëmmen, bei 25 Nee-Stëmmen an 3 Abstentiounen ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7014 est adopté par 32 voix pour, 24 voix contre et 3 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mmes Martine Mergen, Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, der Orientéierungsdebatt iwwert d'Zukunft vun der EU an der Eurozon. A mir géifen direkt de Rapporteur zu dëser Orientéierungsdebatt héieren, den honorabelen Här Marc Angel, fir de Rapport vun der Kommissioun virzedroen.

3. 6944 - Débat d'orientation sur l'avenir de l'Union européenne et de la zone euro

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Här Aussenan Europaminister, Här Finanzminister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer vläicht direkt mat enger Citatioun unzefänken: «L'Europe ne se fera pas d'un coup, ni dans une construction d'ensemble: elle se fera par des réalisations concrètes créant d'abord une solidarité de fait.» Dëst Zitat vum Robert Schuman, dat ganz am Ufank vun onsem Rapport steet, ass aus dem Joer 1950. De Robert Schuman huet deemools fir d'Grënnung vun der CECA plädéiert. Mat dësem Zitat huet hien och seng Visioun dervu presentéiert, op wéi eng Manéier Europa zesummewuesse sollt.

An och haut, 67 Joer méi spéit, si mer dervun iwwerzeegt, dass dës Method nach ëmmer hir Gültegkeet huet. Et ass och en Zitat, wat d'Essenz vun onsem Rapport erëmspigelt a firwat ech och mäi mëndleche Rapport domadder ufänke wollt.

Et ass en Zitat, dat eis drun erënnert, dass et virun allem dorëms geet, konkret Verbesserungen um Terrain ze schafen. An op deem Wee, Schratt fir Schratt, komme mir an Europa och nees virun.

Grouss institutionell Debatte maachen zwar engem klenge Krees vun europäesche Spezialiste Freed an als Ideal, op dat een hischaffe soll, si se natierlech och immens wichteg, well et muss ee jo och wëssen, wouhin een eigentlech ënnerwee ass. Wann et awer u klore Resultater an Aktioune feelt, da kënnen esou institutionell Debatten de Gros vun de Bierger net begeeschteren a maträissen. An da bleiwe mer eben iergendwa ganz stoen oder dréien dem Projet Europa souguer de Réck.

Dofir plädéiere mer an dësem Rapport, sech zum momentanen Zäitpunkt net op grouss institutionell Froen ze konzentréieren, mä mir mussen ons zu dësem Zäitpunkt virun allem op politesch Inhalter fokusséieren, fir déi reell Politik weiderzedreiwen. Institutioune sollen nëmmen insofern diskutéiert ginn, wéi se fir d'Ëmsetzung vun den Inhalter vun der Politik erfuerderlech sinn. Am Geescht vun dëser Leitlinn hu mir och verschidde konkret Konklusiounen zur Zukunft vun der Eurozon gezunn.

Ech kommen herno nach am Detail dorop ze schwätzen, mä ech wëll elo just ee Beispill dozou hei nennen. Mir si selbstverständlech der Meenung, dass eng méi staark Eurozon och eng méi staark parlamentaresch Kontroll brauch. Fir dëst ze erreechen, muss een d'Gewiichtung vum Pouvoir tëschent den Institutiounen nei ausleeën, fir dass d'Europaparlament an déi national Parlamenter dës Roll och erfëlle kënnen.

An deem Sënn muss noutwendegerweis och iwwer Institutioune geschwat ginn, mä et brauch een dofir keen neit Parlament vun der Eurozon ze schafen. Dat ass eng onnéideg institutionell Debatt, wou mer dach bestoend Institutiounen hunn, déi dës Aufgab erfëlle kënnen. Dofir schwätze mir eis och géint esou en neit Parlament aus an dofir plädéiere mir awer fir eng Stäerkung vun der Roll vun de besteeënde Parlamenter.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Europa brauch eng nei politesch Volontéit. Europa brauch staark Institutiounen. Mä fir Europa staark ze maachen, däerf een net op de Wee goe vu rengen institutionelle Reformen. Wann nëmmen un institutionelle Reforme gedoktert gëtt, distanzéiert Europa sech vun de Bierger.

Dëse Rapport seet dofir: Mir brauchen e politescht Europa. An ech mengen, mir sinn um gudde Wee mat méi enger politescher Kommissioun, déi d'Debatten op d'Zukunft vun Europa ausriichte wëllt, mat engem politeschen Opwand, deen Europa guttdeet - d'Wahlen an enger Rei vun europäesche Länner weisen, dass eng grouss Majoritéit vun de Leit sech net vun engem nationalisteschen Discours de repli beandrocke léisst -, a mat nationale Parlamenter, déi dëse Besoin fir méi politesche Wëllen an Europa mat ënnerstëtzen, andeems se ëmmer méi kooperéieren.

De Fait eleng, dass d'Chamber iwwer ee Joer un der Fro vun der Zukunft vun Europa schafft, weist, dass et déi Volontéit gëtt an dass d'Parlamenter sech där Responsabilitéit och bewosst sinn a se och huelen.

Et ass also immens wichteg, dass mer deen Debat elo maachen, zu engem Zäitpunkt, wou en eben aktuell ass a wou iwwerall iwwert d'Zukunft vun Europa nogeduecht gëtt.

An dësem Rapport kéint ee sécherlech nach vilagain adaptéieren an nach villes ausbauen an abauen. Mä d'Häerzstéck ass wierklech dëse Message: Fir Europa - entre Guillemets - „ze retten" oder fir et méi staark ze maachen, musse mer Europa méi no un d'Bierger brëngen, an dofir soll ee keen institutionellen Engineering an de Vierdergrond stellen. Anstatt sech institutionell vun de Leit ewechzedenken, geet et drëm, méi a besser Politik fir d'Leit, op Basis vun deem, wat den Traité de Lisbonne erlaabt, ze maachen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir lech duerch de Rapport ze féieren, wëll ech ufänke mat engem Réckbléck dorop, firwat mer dëse Rapport iwwerhaapt geschriwwen hunn, an de Froen, déi sech ons gestallt hunn. Duerno rappeléieren ech déi wichtegst Punkten aus de Sitzungen, déi mer mat der Lëtzebuerger Zivillgesellschaft an den internationalen Ex-

perten a mat de Regierungsvertrieder organiséiert haten. An zum Schluss widmen ech mech deem interessanten Deel: de gemeinsame Konklusiounen, déi mer als Kommissioun aus dëser Debatt gezunn hunn.

D'Initiativ fir dëse Rapport geet indirekt op eng Ufro vun déi Lénk am Hierscht 2015 zréck. D'Kolleege vun déi Lénk haten deemools kuerz no der Presentatioun vum Rapport des cinq présidents eng Interpellatioun ugefrot, fir iwwert dësen ze schwätzen, genau wéi iwwert déi laangfristeg Zukunft vun der Eurozon. D'Conférence des Présidents vun dëser Chamber huet awer doropshin decidéiert, dass dëst am Fong eng Fro wier, zu där d'Chamber besser hätt, méi en ausféierlechen Debat no entspriechender Virbereedung ze féieren.

Dowéinst goufen déi méi konkret Froen iwwert de Rapport des cinq présidents an enger Question élargie am Dezember 2015 hei an der Plenière behandelt an et gouf decidéiert, méi e breeden Débat d'orientation mat Rapport ze organiséieren.

D'Froen, déi mer ons du fir dëse Rapport gestallt hunn, si wéi gesot iwwert d'Zukunft vun der Eurozon erausgaangen. Mir hunn allgemeng derno gefrot, duerch wéi eng politesch Orientatioune mer d'wirtschaftlech Entwécklung, d'Solidaritéit an d'Stabilitéit an der Europäescher Unioun kënne förderen a schliisslech och, an dat ass, mengen ech, och wichteg fir eis alleguer heibannen, wéi eng Roll dobäi d'national Parlamenter, wéi eng Roll dës Chamber dobäi ze spillen huet.

D'Preparatiounsaarbechte fir de Rapport goufen der aussepolitescher Kommissioun uvertraut, déi mech direkt am Ufank vun den Aarbechten zum Rapporteur ernannt huet.

Mir hunn dunn tëschent Januar 2016 an Abrëll 2017 eng ganz Rei vu Kommissiounssitzunge gehat, fir den Debat vun haut ze preparéieren. Dorënner waren och eng Rei Sitzunge mat Experten a mat der Zivillgesellschaft, op déi ech méi am Detail wëll ze schwätze kommen. Besonnesch ervirzeträiche war de groussen Hearing, dee mer den 3. Juni 2016 organiséiert haten zesumme mam Finanzminister, de Vertrieder vun de Gewerkschaften, de Beruffskummeren an der CSSF. Mä loosst mech chronologesch virgoen!

De 17. Februar 2016 hate mer eng éischt Reunioun mat Vertrieder vum Europaparlament vun der AFCO-Kommissioun, dat ass d'Kommissioun vun den Affaires constitutionnelles. Hir Presidentin, d'Madamm Hübner, war net derbäi, mä d'Rapportrice, d'Madamm Bresso, déi zesumme mam Här Elmar Brok e Rapport iwwert d'Zukunft vun Europa verfaasst huet, war do an de Rapport Bresso-Brok war jo och eng vun de Virlagen, déi mer als Grondlag zu dësem Rapport geholl hunn. Si hunn d'Méiglechkeeten ënnersicht, wéi d'EU sech ouni Changementer vun den Traitéë ka weiderentwéckelen.

Och d'Madamm Bresso huet ënnerstrach, dass d'Potenzial vum Lissabonner Vertrag nach laang net ausgeschëpft ass, sief dat an der Gouvernance économique oder och an enger gemeinsamer europäescher Verdeedegungspolitik, niewebäi bemierkt jo e Feld, wou entretemps ganz vill Bewegung drakomm ass.

Mir hate mat der Madamm Bresso och d'Diskussioun iwwer e Parlament vun der Eurozon an och si huet aus der Siicht vum Europaparlament drop verwisen, dass esou eng Propos d'Memberstate splécke géif an dass d'parlamentaresch Kontroll besser duerch déi bestoend Parlamenter sollt geschéien. Si ass par contre och der Meenung, dass d'Roll vun den nationale Parlamenter, zum Beispill am Europäesche Semester, misst verstäerkt ginn, mä dass d'national Parlamenter sech selwer mussen d'Moyene ginn, hir Regierungen och um europäeschen Niveau ze kontrolléieren.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Si huet ausserdeem nach den Appell gemaach, dass mir nees mussen zréckkommen op d'Méthode communautaire an de Conseil européen seng urspréinglech Funktioun nees muss unhuelen.

De 6. Mee d'lescht Joer hate mer dunn och eng ganz interessant Presentatioun vum Dokter Ian Cooper vum Institut universitaire européen vu Florenz iwwert d'Roll vun den nationale Parlamenter an der Europäescher Unioun. Bei der Prozedur vum Contrôle de subsidiarité, also beim „carton jaune" a beim „carton orange", huet hien derfir plädéiert, dass den Delai vun aacht Wochen op zwielef Wochen eropgesat soll ginn. Dëst, fir dass d'national Parlamenter méi Zäit kréien oder genuch Zäit kréien, fir eng Proposition de directive kënnen ze diskutéieren an eng Positioun auszeschaffen.

Mä virun allem huet hien och recommandéiert, eng kloer Definitioun vum Principe de subsidiarité anzeféieren. Leider ass et haut oft de Fall, dass dëse Prinzip vun den EU-Géigner pauschal als Argument géint all Propos genotzt gëtt an doduerch pervertéiert gëtt. Dat kéint duerch eng besser Definitioun vum Subsidiaritéitsprinzip verhënnert ginn, och wa mer all wëssen, dass dat e ganz schwieregen Exercice ass.

Am Kader vum politeschen Dialog huet hien och recommandéiert, dass d'national Parlamenter sech méi oft sollen ofschwätzen a gemeinsam politesch Avise schreiwen, anstatt just bilateral mat der Kommissioun a Kontakt ze trieden. Dofir bräicht een natierlech e verstäerkt administratiivt Sekretariat vun de jeeweilegen interparlamentaresche Konferenzen, déi et jo tëschent dem Europaparlament an den nationale Parlamenter gëtt.

Schliisslech hu mer awer och nach iwwert d'Méiglechkeet vum „carton vert" diskutéiert, fir dass déi national Parlamenter och kéinten aktiv Virschléi un d'Kommissioun riichten. An esou eng Prozedur gëtt et jo schonn informell an déi huet och schonn hir Friichte gedroen.

Den Highlight, mengen ech awer, vun eise Preparatiounsaarbechte war awer sécherlech de groussen Hearing, dee mer hei an dësem Sall hate mam Finanzminister, zesummen mat der Zivillgesellschaft, den 3. Juni d'lescht Joer. Mir hunn zesumme mam Finanzminister, wéi gesot, dem OGB-L, dem LCGB, der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers, der Chambre des Salariés an der CSSF iwwert d'Propositioune vum Rapport des cinq présidents diskutéiert.

Ech wäert also elo net op alleguer déi Bäiträg am Detail agoen, dat kënnt Der alles a mengem schréftleche Rapport noliesen.

Am Gespréich mam Minister hu mer awer festgestallt, dass et zu enger méi staarker Abannung vun den nationale Parlamenter a vun de Sozialpartner an d'Europäescht Semester soll kommen an dass Lëtzebuerg sech do scho virun zwee Joer ëmgestallt huet. Virun zwee Joer huet ons Regierung decidéiert, dass de Finanzminister an de Wirtschaftsminister de Pacte de stabilité et de croissance an de Plan national de réforme an der Chamber virstellen a mir dës Pläng dann och hei diskutéieren, ier se op Bréissel geschéckt ginn.

Dat war 2016 eng grouss Ännerung, an zwar eng, déi der Wichtegkeet vun dësem Dossier Rechnung dréit. Effektiv gesäit een och duerch de Rapport des cinq présidents, dass et och europawäit an esou eng Richtung goe soll.

D'Vertrieder vun der Chambre des Salariés a vun de Gewerkschaften hunn an hiren Interventioune virun allem drop higewisen, dass de soziale Volet am Rapport des cinq présidents ze kuerz kënnt. Si hunn derfir plädéiert, d'Defizitregele fir den nationale Budget nei ze definéieren, fir Investissementer kënnen ze berücksichtegen a fir verbindlech sozial Indicateuren an d'Europäescht Semester anzeféieren.

Ausserdeem hu si drop higewisen, dass d'Kompetitivitéit net just d'Lounkäschten als en negative Facteur soll abezéien, mä och d'positiv Effekter dovu mataberechnen, genau wéi Investitiounen, Innovatioun, Formatioun oder och d'Qualitéit vun de Servicer a Produiten eng Roll bei der Kompetitivitéit vu Betriber spillen.

D'Vertrieder vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers hu selbstverständlech op d'Wichtegkeet vum gemeinsame Maart a vun engem staarken a stabillen Euro fir d'Betriber higewisen, fir dass si ënner stabille Konditioune schaffe kënnen. Virun allem fir d'Betriber an engem klenge Land ewéi Lëtzebuerg ass dat enorm wichteg a si profitéiere ganz staark vun enger méi staarker europäescher Integratioun an dësem Beräich.

Mä fir dass d'Wirtschafts- a Wärungsunioun propper fonctionnéiere kann, musse Sanktiounen, wann d'Regele gebrach ginn, och duerchgezu ginn, an zwar bei de Memberstaten alleguer.

Ausserdeem brauch d'Eurozon och eng gemeinsam Budgetspolitik.

Dat zu de Positioune vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers.

Mat der CSSF hu mer schliisslech virun allem iwwert den éischte Pilier vun der Bankenunioun geschwat, d'Surveillance vum Bankesystem, woufir d'CSSF jo responsabel ass. Et gouf betount, dass deen neie System, no deem d'Banken iwwerwaacht ginn, eng radikal Ännerung duergestallt huet, déi awer zu enger besserer Koordinatioun vun den Autoritéiten an zu positiven Effekter op den „level playing field" gefouert huet.

Ech weisen och nach gär op ee Punkt hin, op deem wierklech Unanimitéit tëschent alle Sozialpartner geherrscht huet. Mir waren ons all eens, dass mer d'Schafung vun engem neie Conseil national de compétitivité net guttheesche géifen, deen d'Fräiheete vun de Sozialpartner géif beschränken. Ausserdeem gëtt et hei am Land scho genuch Organer, déi d'Kompetitivitéit iwwerwaachen: den Observatoire de la compétitivité an de Conseil économique et social.

Am Juli d'lescht Joer hate mer och nach eng Entrevue mam Gaston Reinesch a mat anere Mataarbechter vun der Lëtzebuerger Zentralbank. An dëser Entrevue hu mer direkt nach eng Kéier bestätegt, dass d'Schafung vun engem Conseil de la compétitivité fir Lëtzebuerg problematesch ass.

Zur Gouvernance vun der Eurozon hu mer festgehalen, dass, wann et zu engem Transfer vu Souveränitéit kënnt, dëse mat enger besserer parlamentarescher Kontroll muss kombinéiert ginn. Ausserdeem hu mer och festgehalen, dass d'Stabilitéitskritäre gläichermoosse fir alleguerten d'Memberstate gëlle mussen, ouni Ausnam, well si soss keng Wierkung kënnen hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, niewent all dëse Reuniounen hu mer awer och dovu profitéiert, bei de Visitte vun europäesche Politiker an héije Beamten iwwert d'Theme vun onsem Rapport ze diskutéieren. Am Oktober 2016 - pardon, Madamm Presidentin, ech hat mech geiert -, am Oktober 2016 hate mer hei am Sall e ganz interessanten Austausch mam éischte Vizepresident vun der Europäescher Kommissioun, mam Frans Timmermans.

De Frans Timmermans huet a senger Introduktioun betount, dass sech d'europäesch Integratioun nëmmen duerch eng Zesummenaarbecht mat allen Akteuren, also och mat den nationale Parlamenter, realiséiere léisst. Hien huet och betount, dass sech d'europäesch Bierger virun allem Äntwerten op déi konkret Problemer wënschen, déi sech hinne stellen, sief dat um regionalen, nationalen oder europäeschen Niveau, an dass mer dofir alleguer zesummen eis Verantwortung mussen iwwerhuelen.

An der Froestonn, déi mer du mam Här Timmermans haten, hunn ech hien no senger Meenung iwwer eng méiglech Ännerung vun den Traitéë gefrot. An ech war frou ze héieren, dass och den éischte Vizepresident vun der Europäescher Kommissioun déi aktuell Situatioun als net opportun hält fir esou eng Debatt.

Hien huet an deem Kontext do virdru gewarnt, dass d'EU mat esou enger Debatt geläämt géif ginn an dass et elo wichteg wier, dass mer gëeent bleiwen. An hien huet awer och deemools am Oktober schonn drop higewisen, dass et ganz däitlech wier, dass verschidde Memberstate vill méi wäit wéilte goe wéi anerer. Deem Fakt huet jo d'Europäesch Kommissioun bei der Presentatioun vum Wäissbuch mat hire fënnef Zukunftszeenarien dunn och entspriechend Rechnung gedroen.

Als Nächst hate mer en Austausch an der Kommissioun mat enger Damm, déi bei ons an der aussepolitescher Kommissioun wierklech eng enorm Power a positiv Energie fir d'Europäesch Unioun verspreet huet. Et war dat d'Madamm Tocci, d'Conseillère spéciale vun der Madamm Mogherini fir d'Global Strategy. Si war den 3. Februar dëst Joer bei ons, fir mat ons iwwert d'Global Strategy vun der europäescher Aussen- a Sécherheetspolitik ze schwätzen.

Och wann dat elo net d'Haaptthema vun dësem Rapport ass, hu mir dës Sitzung am Rapport awer ernimmt, well aussepolitesch Themen oft genuch direkt Repercussiounen op d'europäesch Innenpolitik hunn, sou zum Beispill, wann am Kader vun der Kris an der Ukrain Wirtschaftssanktioune géint Russland decidéiert ginn - fir nëmmen ee Beispill ze nennen.

Dofir ass et och wichteg, dass mer déi extern Dimensioun vun der Europäescher Unioun net ganz aus den Ae gelooss hunn, och wann an der Haaptsaach iwwert d'Zukunft vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun diskutéiert ginn ass.

Déi lescht Reunioun, déi mer aus Aktualitéitsgrënn awer och onbedéngt nach wollten an dëse Rapport integréieren, war d'Virstellung vum Wäissbuch vun der Europäescher Kommissioun iwwert d'Zukunft vun Europa duerch d'Madamm Yuriko Backes de 7. Abrëll. D'Madamm Backes ass d'Cheffin vun der Vertriedung vun der Europäescher Kommissioun hei zu Lëtzebuerg, mat där mer iwwregens a villen europäeschen Dossieren als Kommissioun an och als Chamber exzellent zesummeschaffen. Mir hunn an dëser Diskussioun virun allem festgehalen, dass et net deen ee perfekten Zeenario gëtt, mä dass se alleguer Vir- an Nodeeler hunn.

Den éischten Zeenario vun deene fënnef Zeenarien «S'inscrire dans la continuité» géif am Fong alles esou loossen, wéi et haut ass. Dësen Zeenario huet zwar de Virdeel, dass een dofir iwwerhaapt keng gréisser Reforme vun den Traitéen oder soss engem Beräich muss ugoen, allerdéngs huet eis dësen Zeenario zum Deel dohinner gefouert, dass d'EU iwwerhaapt an déi Polykris komm ass.

Den Zeenario zwee géif virschloen: «Rien d'autre que le marché unique.» An dësem Zeenario géif ausser der Wirtschaftsunioun eigentlech guer keen europäesche Projet méi weidergedriwwe ginn. An do si mer ons awer och all eens, dass mer domat d'Problemer net léise géifen, mä éischter neier schafen.

Den drëtten Zeenario gesäit vir, dass „ceux qui veulent plus, font plus". Dëst ass e realisteschen Zeenario, vu dass d'Méiglechkeet vun enger Coopération renforcée jo schonn am Lissabonner Vertrag virgesinn ass an een och dofir keen Traitéchangement bräicht. A mir gesi jo entre-temps och schonn, dass zum Beispill an der Defense un esou enger Coopération renforcée geschafft gëtt. Allerdéngs huet dësen Zeenario den Nodeel, dass en intransparent ass, an dass et de Problem géif verschäerfen, dass net all d'europäesch Bierger déiselwecht europäesch Rechter hunn.

De véierten Zeenario proposéiert: «Faire moins, mais de manière plus efficace.» Dëst ass en interessant Gedankespill, well een nach ëmmer kloer misst definéieren, wéi eng Beräicher dat da wieren, wou d'EU eng wierklech Valeur ajoutée huet. Et kéim drop eraus, d'Subsidiaritéit kloer ze definéieren, wéi mer dat och mam Dokter Ian Cooper diskutéiert haten.

A wéi mer do scho festgestallt hunn, ass dat e schwieregen Exercice. An ech denken och net, dass een do bei deem Exercice elo esou einfach e ganz schnelle Konsens géif fannen.

De fënneften Zeenario schliisslech gesäit vir: «Faire beaucoup plus ensemble.» Dëst ass de federalen Zeenario an deen, an deem d'EU-Memberstate missten e gréisseren Deel vun hirer Souveränitéit ofginn ewéi haut. An dofir géifen d'Prozeduren awer och verstäerkt a méi transparent gestalt ginn. Allerdéngs wier dësen Zeenario ouni Ännerung vum Traité net ze realiséieren.

Vu dass alleguer dës Zeenarien also hir Vir- an Nodeeler hunn, hu mer och missen d'Fro stellen, awéifern se sech kombinéiere loossen. An do ergi sech eng ganz Panoplie u méiglechen Zeenarien. Ech beschränke mech awer elo hei op d'Presentatioun vun de fënnef Zeenarien an onser gemeinsamer Problemanalys. An ech si sécher, dass déi eenzel Spriecher oder Spriecherinnen herno hir Vuen nach am Detail wäerte presentéieren.

Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, loosst mech elo zu den Haaptkonklusioune kommen, déi mer am Rapport gezunn hunn!

D'Aarbecht vum leschte Joer iwwer Europa erlaabt et ons haut, eng Analys doriwwer ze maachen, wéi et ëm d'EU steet a wéi et an der EU soll weidergoen. Fir de Moment huet d'Europäesch Unioun déi eminent Gefor vun der Sortie vun engem Memberstat aus der Eurozon iwwerstanen, mä se steet dofir awer elo virun der Erausfuerderung Brexit, also der Sortie vun engem Memberstat aus der Europäescher Unioun.

Dofir ass et enorm wichteg, dass mer déi europäesch Unitéit - a mir haten d'lescht Woch am Kader vum Brexit jo länger doriwwer diskutéiert -, dass mer déi europäesch Unitéit zu dësem wichtegen a kritesche Moment vun hirer Geschicht bäibehalen. Bis elo ass dat am Kader wéi gesot vum Brexit gutt gelongen an et wier ze hoffen, dass et ons geléngt, déi Unitéit och nees op de gesamten europäesche Kader ze transposéieren.

Den Zeenario dräi vum Wäissbuch, d'Coopération renforcée, also Käreuropa, dat sinn interessant Konzepter, fir virunzekommen an der europäescher Iddi och nees neien Elan ze verschafen. Mä mir mussen dobäi gutt oppassen, dass mer doduerch net nees op eng Logik zréckfalen, wou mer a Bléck vu Memberstaten denken, statt als Unioun alleguer zesumme virunzekommen.

D'Wirtschafts- a Wärungsunioun muss schrëttweis weidergedriwwen a fäerdeg gebaut ginn, fir dass se stabill ass a gutt fonctionnéiere kann, well nëmmen da ka si d'Stabilitéit bidden, vun där grad och kleng Länner wéi Lëtzebuerg ofhängeg sinn.

Déi parlamentaresch Kontroll ass ze schwaach, bis zum Deel inexistent, a muss dréngend gestäerkt ginn. Dofir solle mer awer kee Parlament vun der Eurozon schafen, mä d'Kontrollfunktioun vun den nationale Parlamenter a vum Europaparlament am europäesche Semester a bei deenen anere finanztechneschen Instrumenter besser definéieren a stäerken.

Dorun uschléissend soll een dann och nach eemol iwwert d'Règle d'or budgétaire diskutéieren, fir ze kucken, ob een Investissementer

ënner gewëssene Konditioune soll vun der 3%-Defizit-Rechnung kënnen eraushuelen. Derniewent muss och déi sozial Dimensioun am Kader vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun eng vill méi staark Roll spillen.

Mir appeléieren dofir och un d'Europäesch Kommissioun, déi sozial Froe bei all neier Proposition de directive an de Mëttelpunkt ze stellen, fir eng Convergence vers le haut ze erreechen. An der Fiskalpolitik musse mer den „level playing field" erhalen, deen de Garant fir eng equitabel Konkurrenz ass, ouni eng „race to the bottom" an der Steierpolitik ze kréien.

Schliisslech fuerdere mer d'Europäesch Unioun nach op, d'Sozialpartner éischter an den europäesche Gesetzgebungsprozess anzebannen a sech net just op d'ekonomesch Effikassitéit vum Marché unique ze fokusséieren.

Déi gréisste Gefor fir d'Europäesch Unioun ass, dass sech d'Enttäuschung vun de Bierger iwwer feelend konkret Resultater, an där mierke si ganz oft virun allem um soziale Plang, doduerch ausdrécke wäert, dass si sech géint d'EU ausschwätzen. All institutionell Reform, ech hat de Punkt schonn agefouert, riskéiert, d'Bierger weider vun der EU ze distanzéieren.

Den Traité vu Lisbonne bitt genuch Méiglechkeeten, fir d'europäesch Integratioun virunzedreiwen an eng besser Politik ze maachen. Wann dës Méiglechkeeten haut net genotzt ginn, da läit dat virun allem um feelende politesche Wëllen an un der feelender Solidaritéit tëschent de Memberstaten. An an deem Kontext wier et souwisou net realistesch, eng institutionell Reform duerchzeféieren, well d'politesch Tendenzen ze wäit auserneeginn.

Aus deem Grond wëlle mer, wéi gesot, keng institutionell Reformen direkt an och keng Zukunftszeenarien, déi kuerzfristeg e Changement vun den Traitée virgesinn. Stattdesse wëlle mer eng Verdéiwung vun der Europäescher Unioun am Kader vun de besteeënden Traitéen, e pluralistescht, e solidarescht Europa mat offene Bannegrenzen, eng Konzentratioun op europäesch Politik an e Renforcement vum konstruktive Rôle vun den nationale Parlamenter.

A fir dëse konstruktive Rôle vun den nationale Parlamenter ze stäerken, muss d'Chamber bei sech selwer ufänken. Dofir deposéieren ech heimadder eng Resolutioun am Numm vun der aussepolitescher Kommissioun, fir d'Aarbechtsweis vun der Chamber op den europäeschen Dossieren ze verstäerken an ze verbesseren. An ech sinn och frou, dass all Fraktiounen an och déi zwou Sensibilités politiques heibannen dës Resolutioun matdroen a gewëllt sinn, an déi Richtung ze schaffen.

Madamm Presidentin, heimat iwwerreechen ech Iech déi Resolutioun, déi ech mer ganz kuerz erlabe virzestellen.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

considérant

- qu'en 2006, la Chambre des Députés avait adopté une nouvelle stratégie en matière de traitement des dossiers européens pour répondre aux défis se posant à l'époque,

- que le Traité sur l'Union européenne a par la suite donné une base juridique au contrôle de subsidiarité des parlements nationaux,

- que depuis la mise en œuvre de cette stratégie, la prise de décision au niveau de l'Union européenne a évolué et nécessite aujourd'hui une coopération plus étroite entre les pouvoirs législatifs et exécutifs,

- que le pouvoir législatif nécessite davantage de moyens pour pouvoir travailler de manière plus efficace dans le domaine des affaires européennes, surtout dans les matières très complexes, par exemple dans les domaines des finances ou du commerce extérieur,

- que les parlements nationaux peuvent contribuer à la démocratisation du projet européen en y associant de manière plus large les espaces publics nationaux,

s'engage à améliorer sa procédure européenne à travers

- une prise en considération encore plus large des questions législatives européennes au niveau des commissions parlementaires par la nomination d'un rapporteur pour chaque dossier, l'introduction de délais de réponse et le suivi des dossiers essentiels à travers une procédure écrite,

- une coopération plus étroite avec le Gouvernement pour discuter en amont la position luxembourgeoise sur l'ensemble des dossiers politiques et législatifs européens en invitant les membres du Gouvernement avant et après les sessions du Conseil dans les commissions,

- l'invitation du Premier Ministre à la commission compétente selon l'ordre du jour du Conseil européen,

- l'invitation, selon sujets, des membres luxembourgeois du Parlement européen dans les commissions spécialisées,

- l'augmentation de sa propre expertise en affaires européennes,

- le renouvellement de la demande exprimée dans la lettre du 22 septembre 2010, et réitérée dans les lettres du 10 octobre 2011 et du 8 octobre 2012, adressée au Premier Ministre afin d'obtenir communication des fiches d'impact sur les propositions législatives européennes préparées par les ministères compétents, mais également la transmission des dossiers qualifiés «limités, restreints» ou des «non-papers», selon des modalités à convenir,

- une évaluation et une adaptation de l'aide-mémoire avec le Gouvernement en matière de dossiers européens aux nouvelles réalités de la politique européenne,

- le traitement prioritaire des dossiers essentiels pour le Luxembourg,

- l'augmentation du nombre de débats d'actualité en séance publique ayant comme objet un sujet européen,

- l'organisation d'un débat public lors de l'adoption d'un avis motivé ou politique,

- l'organisation plus systématique d'auditions avec la société civile sur des sujets européens pertinents,

- des échanges plus systématiques de l'Administration parlementaire avec les institutions européennes dans les domaines étant dans la compétence des commissions sectorielles,

- une meilleure concertation avec les autres parlements nationaux au sujet des papiers de consultation de la Commission européenne,

- la définition de dossiers européens prioritaires auxquels la Chambre des Députés doit réagir en prenant position.

(s.) Marc Angel, Claude Adam, Marc Baum, Eugène Berger, Alex Bodry, Fernand Kartheiser, Laurent Mosar.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci.

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Mir stellen als Chamber also fest, dass mer säit 2006 eng Prozedur hunn, eng Strategie hunn, fir europäesch Dossieren unzegoen, dass awer säithier vill Entwécklunge komm sinn, dass mer déi mussen iwwerdenken, dass mer nach méi enk mat der Regierung mussen zesummeschaffen an dass mer als Pouvoir législatif och méi Moyene musse kréien.

An eng wichteg Feststellung ass och, dass d'national Parlamenter duerch hir europäesch Aarbecht zur Demokratisatioun vum europäesche Projet bäidroe kënnen, well mir sinn et, déi ganz no bei onse Wielerinnen a Wieler sinn, bei also de Biergerinnen an de Bierger vun Europa.

Dofir wëlle mer eis als Chamber engagéieren, nach méi staark déi europäesch Dossieren an eis legislativ Aarbecht anzebannen, dass, wa mer Dossiere vu Bréissel kréien, Rapporteuren nomméieren, mer wierklech déi Dossieren nach méi intensiv, wéi mer dat bis elo maachen, suivéieren.

Mir wëllen och déi Kooperatioun, déi Kollaboratioun mam Ausseminister a mat deenen anere Ministeren, déi schonn, muss ech soen - dat kann ech als President vun der aussen- an europapolitescher Kommissioun bestätegen -, schonn exzellent ass, mä mir sollen déi nach méi verstäerken, fir dass mer zesummen en amont diskutéiere kënnen iwwert d'Positioune vu Lëtzebuerg a verschiddenen Dossieren. An, wéi gesot, déi meescht Ministere komme jo regelméisseg viru Conseilen an no Conseile bei eis.

Et ass un eis, de Presidente vun de Kommissiounen, de Sekretäre vun de Kommissiounen, de Membere vun de Kommissiounen, och ëmmer e Bléck dorop ze halen, wat um europäesche Plang leeft.

An dofir soe mer jo och: Mir sollen eis selwer, eis propre Expertise, mir sollen eis eegen europäesch Dimensioun och stäerken a jee no Ordre du jour solle mer och de Premierminister hei invitéieren, wann ee Conseil européen ass.

Une voix.- Très bien!

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Dann hu mer nach eng Evaluatioun…

(Interruption)

Jo.

Dann hu mer eng Evaluatioun an eng Adaptatioun.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Also, Dir wësst jo, dass mer en Aide-mémoire hunn. Dee war ausgeschafft gi virun e puer Joer, deen ass och Deel vun eisem Reglement, wou mer d'Zesummenaarbecht vu Chamber a Regierung an Europafroen definéiert hunn. Dat solle mer nach eng Kéier evaluéieren an, gegebenenfalls, adaptéieren. A mir sollen och regelméisseg hei Débats d'actualité maachen iwwer europäesch Froen. Ech mengen, dat war de Fall. A mir sollen do weiderfueren.

Ech erënneren drun: Virun zwou Wochen hate mer en Debat iwwert de Welthandel, wou jo Europa eng wichteg Roll spillt, d'lescht Woch iwwer Brexit, haut dat hei. Ech mengen, mir sollen an déi Richtung weiderfueren.

Mir sollen och systematesch Auditioune mat der Société civile organiséieren an eis mat hinnen iwwert déi grouss europäesch Dossieren echangéieren an och eis besser mat deenen aneren nationale Parlamenter nach ofschwätzen. Dat zur Resolutioun.

Léiwen Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapport, deen ech elo a senge grousse Linne presentéiert hunn, ass d'Resultat vun, wéi gesot, enger intensiver parlamentarescher Aarbecht, déi iwwer ee Joer gedauert huet. Et ass e Rapport, deen déi aktuell Diskussioun probéiert anzefänken, deen d'Meenunge vun der Lëtzebuerger Zivillgesellschaft gelauschtert huet an och Experten empfaangen huet, fir dorauser d'Konklusioune vun der Lëtzebuerger Chamber ze zéien.

Dëse Rapport gouf am Geescht vun engem Lëtzebuerger Konsens geschriwwen. An dofir hunn ech mech och gefreet, dass en zum Schluss mat esou enger breeder Majoritéit an der Kommissioun gestëmmt ginn ass. Dat, wat ech Iech elo presentéiert hunn, ass soi-disant alles, wat Konsens ass.

Vun de Kolleegen aus de Fraktiounen a Sensibilitéite freeën ech mech elo, am Debat ze héieren, op wéi enge Punkten hir politesch Meenung doriwwer erausgeet.

Ech soen Iech domat Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Wiseler fir d'CSV.

Débat

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Villmools Merci, Här President. Ech hat virun enger Rei Joren d'Zäit an d'Méiglechkeet an d'Chance, dem Helmut Kohl ze begéinen, eng Diskussioun och iwwer Europa mat him ze féieren. Et ass eng Begéinung, déi ech net esou schnell vergiesse wäert. An eppes, wat mech markéiert huet bei engem Mann, deen a senger Zäit gelieft huet, deen och seng Zäit an d'Geschicht vu senger Zäit geprägt huet, dee se matgeschriwwen huet, dat ware seng Iwwerzeegungen, déi en hat an déi en ausgedréckt huet, wann e mat engem geschwat huet.

Wat mech am meeschte geprägt huet, dat ass, datt et e Mann war, deen ni iwwer Europa gemeckert huet, deen ni Europa schlechtgeschwat huet, deen ni Europa d'Schold zougeschoben huet, sou wéi anerer dat alt heiansdo maachen, deen ëmmer Europa als eng Erfollegsgeschicht dohigestallt huet, beschriwwen huet, säit de 60er Joren un eng Erfollegsgeschicht.

Europa huet eis Fridde säit 60 Joer bruecht, wat awer an där mouvementéierter, zerrassener europäescher Geschicht vu Jorhonnerten aussergewéinlech ass. Europa huet d'Grenzen opgehuewen. Ech ka mech nach drun erënneren, net méi meng Generatioun, mä déi, déi 5, 10, 15 Joer méi al si wéi ech, déi stolz Fotoe gemaach hunn, wéi se op de Grenze stoungen an déi héich Barrièren an d'Luucht gehuewen hunn oder se duerchgeseet hunn.

Europa huet d'Gemeinsamkeeten, déi mer zesummen hunn, ënnerstrach. Eng gemeinsam Musek, andeem et eleng de Beethoven als den europäesche Komponist dohigestallt huet. Europa huet eis eng zolidd an eng staark Wärung ginn, déi eis awer gehollef huet, iwwert d'Krisen ze kommen.

Ech wëll net wëssen, wat geschitt wär, wa mer nach e Lëtzebuerger Frang, deen un de belsche Frang gebonne war, gehat hätten an esou enger Kris! Europa huet eis d'Méiglechkeet ginn, Studenten duerch ganz Europa fueren ze loossen. „Mäin Erasmus-Joer", schwätze se haut esou einfach, an et ass fir si eng Natierlechkeet an et ass immens flott, datt dat fonctionnéiert an an d'Studenteliewen einfach als eng Normalitéit erakomm ass.

Europa huet eis méi Sécherheet bruecht, obwuel mer an deene leschte Joren, an deene leschte Méint haaptsächlech vill Schwieregkeeten trotzdeem hunn. Mä hätte mer dat net, géife mer haut nach ganz anescht dostoen!

An Europa huet eis schlussendlech och e Krisemanagement bruecht, deen eis gehollef huet, iwwer schwéier Momenter zesummen ewechzekommen. An ech muss soen: Lëtzebuerg wär net dat, wat et haut ass, wou mer kënne stolz drop sinn, wa mer net déi ganz europäesch Geschicht hanner eis gehat hätten, déi eis gedréckt huet an déi eis gehollef huet, do ze stoen, wou mer haut stinn.

De Problem ass, datt ee sech schnell un den Erfolleg gewinnt an datt Erfollegsgeschichte ganz schnell zu eppes Normalem, zu eppes Selbstverständlechem ginn, fir wat ee sech net méi brauch anzesetzen, well et jo normal a selbstverständlech ass a well et do ass. Et kämpft een net méi fir Europa, well et eppes Alldeegleches ginn ass. Et ass normal ginn, et ass keen Zil méi. Et ass deelweis souguer eng Excuse gi fir Responsabilitéiten, déi een net selwer wëllt huelen, ewechzedrécke vun engem selwer. Europa huet och e gudde Bockel, well Europa wiert sech normalerweis net.

Et ass eng Geschicht, déi ech hei wëll erzielen, déi mech immens markéiert huet. Virun e puer Méint hate mer eng grouss Diskussioun an Zeitungen iwwer Europa, wat elo géif ufänken, de Kanner hir Tuschfaarwen ze verbidden. „Kann Europa sech dann net bekëmmeren ëm déi wichteg Saachen an net ëm déi kleng Saachen, wou se eis dann och nach d'Freed vun de Kanner ewechhuelen?!"

Ech hu mer geduecht: Wat ass dann elo do hannendrun? A wann een da kucke geet, wat geschitt ass, da gesäit een, datt Europa eng Direktiv geholl huet, wou et festsetzt, wivill Bläi effektiv a Faarwe kann dra sinn a vu wat fir engem Punkt un et ufänkt, geféierlech ze ginn, wann ee Bläi dran huet, well d'Kanner déi Faarwe jo an de Mond huelen.

An da stelle mer fest, datt evidenterweis Europa net d'Tuschfaarwe verbitt an datt all déi oder déi meescht, déi an Europa produzéiert sinn, ënner all deenen Norme leien, mä datt mer domat eng ganz Rei Importer vu bausse verbueden hunn, déi wäit iwwert deene gesondheetsschiedlechen Normen do louchen.

Hätt Europa et net gemaach, wat hätte mer da gejaut, well mer Gesondheetsregelen net agehalen hätten a well mer net eng Basisprävention an der Gesondheet gemaach hätten!

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mä wéi dat bis erkläert war, huet kee Mënsch méi driwwer geschwat. Du war et jo net interessant méi.

(Interruption)

A mer hu sécher, wa mer sichen, vill esou Beispiller, wou et esou einfach ass, de Ball emol hinzewerfen, schlechtzemaache Saachen, déi gutt sinn.

Ech hätt gär, datt mer an der Politik géifen déi Saachen ëmdréien a soen: Wat bréngt Europa eis? Europa net d'Schold ginn, mä Europa als d'Léisung vun enger Rei vun eise Problemer duerstellen.

Am Fong war de Brexit eng äänlech Geschicht. E konservative Politiker huet fir seng eege Problemer a senger eegener Partei probéiert, en Auswee ze fannen, an huet emol e Referendum versprach, well dat em gehollef huet, iwwer seng intern an duerno och iwwert déi nächst Wahlen ze kommen, andeem e gehofft huet, d'Leit géifen awer mat Nee stëmmen. Et ass awer schif ausgaangen. An et ass net anormal, datt et schif ausgaangen ass, well wann een 20 Joer Europa d'Schold gëtt, da kann et emol eng Kéier esou wäit kommen, datt d'Leit engem dat gleewen. An da stëmme se dat, wat se do gestëmmt hunn.

Europa ass net de Problem! Europa ass ganz oft d'Léisung! Ouni Europa si mer alleguer, esou wéi mer eenzel sinn, Lëtzebuerg souwisou, mä och Däitschland als grousst Land, net méi ganz vill. Et gëtt jo Länner, déi wëssen, datt se kleng sinn, an et gëtt Länner, déi et nach net wëssen, datt se kleng sinn an Europa, mä déi et iergendwou an hirer Geschicht och gewuer wäerte ginn.

2015 hu mer 22% vum PIB mondial, an zéng, fofzéng Joer nach 15%. Eis Demografie läit haut bei 6% vun der Weltpopulatioun an 2060 bei 4%. Wann ee kuckt, wéi Afrika mat 13% haut op 26% an deenen nächste Jore wäert an d'Luucht wuessen, da gesäit een, wéi déi Verschibunge sech maachen. An da gesäit een, datt Europa eng Noutwendegkeet fir eis alleguer - fir eis alleguer! - ass.

Europa huet sécherlech Problemer, mä ech géif hei einfach soen: Kommt, mer halen op, dauernd d'Problemer ze beschreiwen an ze diskutéieren; kommt, mer beschreiwen an diskutéieren d'Léisunge vun de Problemer! Domat si mer wesentlech méi utile, wéi wa mer just dauernd ronderëm de Problem dréien. A

vläicht, soen ech, mat deene Schwieregkeeten, déi elo do sinn, ass et genau déi richteg Zäit, fir waakreg ze ginn a fir et emol ganz anescht eng Kéier unzepaken.

De Jean-Claude Juncker huet an enger Ried, déi e virun e puer Deeg iwwert d'Verdeedegungspolitik gehalen huet, vun enger „sleeping beauty" geschwat, wéi en Europa beschriwwen huet. Eng „sleeping beauty", déi da misst erwächt ginn. Elo ass den Donald Trump an der Fro vun der Verdeedegungspolitik vläicht net den „prince charming", vun deem mer gäre gekësst wären. Awer trotzdeem...

Une voix.- An Äppel.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Awer trotzdeem, muss ech soen, ass hei eng Zäit, wou déi „sleeping beauty" ka waakreg ginn a wou aus hir eppes ka ginn a wou se ka weiderkommen.

Och de Brexit war en äänleche Warnschoss fir Europa, wou mer kënnen eppes draus léieren a wou mer musse weiderkommen. De Jean-Claude Juncker huet duerfir e Wäissbuch erausbruecht. De Marc Angel, deem ech Merci soe fir dee gudde Rapport, deen e mëndlech a schréftlech gemaach huet, huet och doriwwer geschwat. Dat ass och net e fäerdegt Rezept, wat do um Dësch läit, mä et ass u sech e Pabeier, wou eng Rei Solutiounen an eng Rei Pisten opgezeechent sinn. An déi ginn opgezeechent, fir datt mir, d'Parlamenter an d'Regierungen aus deene 27 Länner, sollen eng Kéier driwwer schwätzen, eis emol Gedanke maachen, wat mer da schlussendlech gär hätten, positiv gär hätten, anstatt ëmmer doriwwer ze meckeren.

Déi stellen d'Fro un d'Regierungscheffen: Jo, wat wëllt Der dann elo? Bekennt emol Faarf, wann ech gelift! An da kënne mer weider iwwert d'Zukunft diskutéieren. An an deem Sënn fannen ech et am Fong en extrem pädagogescht Instrument, wat mer do virleien hunn. An ech sinn och dankbar, datt mer hei kënnen haut am Parlament e puer Äntwerten an deem do Kontext ginn.

Wat sinn déi fënnef Zeenarien? De Marc Angel huet se schonn opgezielt.

Den éischten, dat ass deen, wat ech dann op Lëtzebuergesch - Dir hutt et op Franséisch gesot - den „Weider esou" géif nennen. No der Abberzuel vun „wake-up calls", déi mer kruten, déi mer och vun deenen Elektoralen a Frankräich, Éisträich an Holland an där leschter Zäit kruten, mengen ech ganz kloer, ass dësen Zeenario net tragbar an net méi drobar an och net méi fonctionnel.

Den zweeten Zeenario konzentréiert sech just op de Bannemaart an domadder just op dat Ekonomescht an dat Finanziellt. Dat war d'ailleurs an der Vergaangenheet de Problem vun Europa an ass a mengen Aen och net zukunftsweisend, well eis Unioun méi ass wéi just eng Fräihandelszon. A fir d'CSV ass dësen Zeenario sécherlech och keng Optioun. Et wär d'ailleurs den Zeenario gewiescht, dee Groussbritannien sech gewënscht hätt, wa se derbäibliwwe wären a wa se mat Europa weidergemaach hätten.

Deen drëtten Zeenario ass scho méi interessant. D'Kommissioun nennt en: „Wie méi wëllt, mécht méi." Muncher schwätzen och vun engem Käreuropa oder vun engem Europa à géométrie variable. D'Kommissioun hält sech e wéineg heiranner zréck. Et ass dat sécherlech net d'Idealléisung à long terme, awer kuerzfristeg a programmatesch kann an eisen Aen esou Europa mat deene sougenannte Coopérationrenforcéeën nei lancéiert ginn an erëm déi Resultater liwweren, déi d'Bierger vun Europa erwaarden, och wann d'Kommissioun dës net expressis verbis ernimmt.

Allerdéngs muss dëse Kader ëmmer en oppene Kär sinn, eng Zort Pionéierkär, deen de Wee opmécht. D'CSV ass jiddefalls der fester Iwwerzeegung, datt en intelligent an oppent Käreuropa och Gesamteuropa ka weiderbréngen. Esou wéi mer et haut op der Tëlee kucken, eng Echappée en fin de compte am Tour de France och gutt ass, wann duerno awer sämtlech Coureuren iergendwann eng Kéier iwwert d'Ligne d'arrivée kommen, et muss awer een den Éischte sinn. Mä d'Haaptsaach ass, se kommen alleguer iwwert d'Ligne d'arrivée. Genausou ass et an Europa. A besonnesch an de Beräicher Aussepolitik, Verdeedegung, Wirtschaft a Finanzen, Sécherheet oder och nach Energie.

Mir verstinn d'ailleurs d'Suergen och vun deene Staten aus Osteuropa, déi keng Zwouklassegesellschaft wëllen. Mä bei enger oppener Kärdynamik vu Coopération renforcée gesi mer dës Gefor awer ënner Kontroll. De Kär ass jiddefalls de Géigendeel vum Stëllstand a mam Stëllstand vum Enn vun Europa.

Dat trëfft och fir den Zeenario véier vun der Kommissioun zou: „Manner, awer méi effizient." Dësen Zeenario kann d'ailleurs an eisen Aen absolutt kompatibel si mat dem Zeenario dräi. Et kann ee sech virstellen, datt Europa op verschiddene Pläng vun Iwwerreguléierung méi lues trëppelt, duerfir awer do richteg Gas gëtt, wou et drop ukënnt, wou et bei de Leit an och an der Welt kann e Méiwäert schafen. A firwat net do dann als Kär funktionéieren, wann nach kee Konsens bei en alleguer do ass? „Grouss bei grousse Saachen a kleng bei klenge Saachen" hat emol een an der Kommissioun eng Kéier gesot.

Da gëtt et nach e fënneften Zeenario vu vill méi zesumme maachen. Muncher denken hei och un dat federaalt Europa. Mir als CSV hale laangfristeg un engem federalen Europa als Zil fest, awer - an ech soen dat och ganz kloer - net kuerzfristeg, net mëttelfristeg an och net als Selbstzweck oder als e Projet, wou een d'Leit zu hirem Gléck muss zwéngen. Dësen Determinismus ass e weidere Feeler aus der europapolitescher Vergaangenheet, dee mer an Zukunft mussen evitéieren.

Fir et kloer ze soen: Et ass haut net d'Zäit, fir d'Leit zu hirem Gléck ze zwéngen. Haut ass d'Zäit, fir mat enger moderner Form vu Leadership an Argumenter, fir mat Programmatik a Resultater ze iwwerzeegen. Dat ass och eng Kritik, déi een un der europäescher Konstruktioun vun deene leschte Jore sécherlech ka maachen. Den Zuch ass zwar gefuer, vläicht net ëmmer genau an déi richteg Richtung, mä heiansdo stoungen d'Leit nach um Quai a sinn net matgefuer.

Et bleiwen also an eisen Aen d'Zeenarien dräi a véier, mä net just als abstrakt Bréisseler Gedankespiller, mä als eng nei Method, déi wierklech och Resultater produzéiert fir d'Leit.

An dëser Geschirkëscht vum Zeenario dräi ass dat wichtegst Instrument wuel d'Coopération renforcée aus dem Lissabonner Vertrag. Si gëtt vu munchen als Këscht vun der Pandora ugesinn. Fir anerer ass se eng verbuerge Schatzkëscht am Traité. D'Wourecht läit wahrscheinlech an der Mëtt. Richteg genotzt, am Kader vun engem oppene Kär, ka se wierklech Europa substanziell weiderbrénge mat engem konkreten Output och fir d'Leit.

Woubäi ech och kloer wëll soen, datt ech der Meenung sinn, datt een haut ganz gutt muss oppassen, datt een net als Haaptzilsetzung vun eisen nächste Jore politescher Aktioun eng Émännerung vum Traité dohistellt. Och wa mer se laangfristeg, an dat gesi mir ganz gutt, eng Kéier brauchen. Mä mir mengen, haut domadder unzefänken, sech dorobber ze konzentréieren an ze probéieren, 27 Länner ze iwwerzeegen, Traitésännerungen ze maachen, wär e ganz geféierleche Wee, deen eis ganz vill Energie géif huelen a mat engem ganz grousse Risiko schlussendlech verbonne wär.

Duerfir wär eis Suggestioun: Kommt, mer fänken emol mat deenen Traitéen un, mat deene Moyenen, déi mer hunn - déi hu mer net all ausgenotzt an de Verträg -, an da kucke mer emol, e Stéck weiderzekommen! Dat fannen ech wesentlech an der haiteger Situatioun, an där mer sinn.

Dat bréngt mech dann zum wichtegsten Deel vun den Iwwerleeungen zur Zukunft vun den europäesche Politicken, zum Inhalt also, op deen et ukënnt, well d'Leit interesséiert net onbedéngt just de Betribssystem, d'Leit interesséieren d'Applikatiounen, déi se duerno all Dag kënne praktesch benotzen.

Mir wëllen d'Zeenariosdebatt duerfir duerch eng inhaltlech Zukunftsvisioun vun de Resultater ausweiten. D'Wäissbuch vun der Kommissioun ass do just en Input. Derbäi kommen d'Reflexiounspabeieren iwwert d'Wirtschafts- a Wärungsunioun, iwwert d'Defense, iwwert d'Globaliséierung an iwwert dat soziaalt Europa. Derbäi kënnt och d'Deklaratioun vu Roum, bei Geleeënheet vum 60. Anniversaire vun de Réimesche Verträg. All dës Pabeiere muss een zesummen an all dës Pabeieren, mengen ech, muss ee vernetzt liesen.

Ufänke wëll ech mat der Zukunft vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun, mat der Eurozon also. An domat och mat der Zukunft vum Euro, well dat jo och spezifesch en Thema vun haut de Mëtten ass.

D'Kommissioun huet och hei e Reflexiounspabeier virgeluecht, deen eng Rei vun de Recommandatioune vum Rapport vun de fënnef Presidente vun 2015 iwwerhëlt. Gläich virop wëll ech soen, datt mer hei net genuch aarbechtsmaartrelevant Wirtschaft, net genuch Wuesstumsapproche, net genuch Politik, net genuch Unioun an net genuch Bierger dran hunn. Dat gëllt virun allem fir de Stabilitéits- a Wuesstumspakt, wou d'Stabilitéit ze dacks eleng gekuckt ginn ass. Wa mer also verdéiwe wëllen, musse mer virun allem eis Wirtschaftsunioun verdéiwen.

Trotzdeem, den Euro ass haut déi zweetstäerkste Wärung vun der Welt. D'Defiziter si praktesch iwwerall erof an Europa. Den Euro ass e Succès an e Schutzschëld. Un dësem Succès hat och eise fréiere Statsminister Pierre Werner e groussen Undeel. Den Esprit vum Werner-Plang bleift richteg fir d'Zukunft vun der Eurozon: eng Wärungsunioun, déi och eng Wirtschafts-, jo, eng Sozialunioun ass an déi fir allgemeng Croissance a Wuelstand suergt an domadder och vun enger renger Stabilitéitsunioun zu enger Jobunioun gëtt.

Et ass evident, datt mer zu Maastricht an och duerno d'Konvergenz vun eise Wirtschaftspoliticke vernoléissegt hunn an eisen Aen. Mir hunn ze vill op sougenannte Spillover-Effekter gesat a gehofft, eng gemeinsam Wirtschaftspolitik géif quasi vum selwe kommen. Haut musse mer duerfir dës Wirtschafts- a Wärungsunioun vervollstännegen an esou den Euro stäerken.

Natierlech läit wéi esou dacks den Däiwel am Detail a fir den Detail ass duerfir och de Laurent Mosar zoustänneg, deen herno nach däerf a wäert op déi Problematiken do agoen.

(Interruptions)

Dat ass och säi Spezialgebitt.

(Brouhaha)

Richteg ass awer...

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Mir hunn e puer Gudder.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Den Här Mosar, den Däiwel vun der CSV!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Richteg ass awer, datt mer eis Wirtschafts- a Wärungsunioun nach méi schockresistent géint Krise musse maachen. Oder, wéi de Jacques Delors seet: „Nodeems de Pompjee passéiert ass, brauche mer elo den Architekt." Well fréier oder spéider kënnt och erëm eng Wirtschaftskris. An déi wéinegst Regierungen an Europa gi scho vun engem schéine Croissancewieder bis 2060 aus. Déi wéinegst denken esou. Mä wann een net just d'Dageswieder, mä och dat wirtschaftlecht Klima iwwert d'Jorzéngte kuckt, da gesäit een, datt dat net realistesch ass. Richteg bleift awer: Et ka kee bessere Kriseschutz wéi den Euro ginn, souguer am onperfekten Zoustand.

Mä och hei brauche mer Bewegung an der Debatt. An och hei huet d'Wahl vum Emmanuel Macron eppes an der Denkweis bewierkt. Ech si sécher net mat all Paräiser Iddi elo d'accord, awer d'Iddi vun engem Finanzminister vun der Eurozon ass interessant, fir driwwer nozedenken. Mir sinn awer iwwerzeegt, datt mer emol fir d'Éischt e professionelle President vun der Eurozon géife brauchen an datt dat sënnvoll wär.

Weider Iddien, iwwert déi et sech lount, nozedenken, sinn den europäesche Fonds monétaire an och de Budget vun der Eurozon. Well e Finanzminister ouni Budget ass wéi e Kapitän ouni Schëff. Mä gradesou kloer muss sinn: E Parlament vun der Eurozon ass keng gutt Iddi. D'Parlament vun der Eurozon muss d'Europaparlament sinn. A mir hu scho méi wéi genuch Institutiounen haut an Europa. Och hei gëllt: méi Pragmatismus a manner Dogmatik. Esou sinn iwwregens och d'Eurobonds ze gesinn, déi am Kommissiounspabeier just indirekt ugeduecht sinn. Mä à terme bleift dat eng richteg an eng gutt Saach an eisen Aen, déi mat enger Scholdenunioun näischt ze dinn huet.

Kloer ass: Mir mussen als Eurozon weider méi schockresistent ginn. Well d'Eurozon ass jo schonn e Käreuropa avant la lettre. An am Kader vun engem eventuellen Zeenario dräi kéint ech mer duerchaus och an Zukunft d'Eurozon als Käreuropa virstellen. Vläicht als e feste Wirtschaftskär, ronderëm deen duerchaus och nach aner Käre kënnen zirkuléieren. Mä och d'Eurozon muss e flexibelen an oppene Kär sinn.

Dëst gesot, géif ech gär bei d'Zukunft vum Europa vun de Resultater zréckkommen. An ech wëll mech do virun allem op déi véier Punkte vun der Deklaratioun vu Roum konzentréieren: éischtens, e séchert an e geschützten Europa; zweetens, e wuelhabend an en nohaltegt Europa; drëttens, e soziaalt Europa a véiertens, e staarkt Europa an der Welt. Dobäi musse mer zwar makropolitesch a makroekonomesch denken, mä um Enn kënnt d'Resultat awer um Mikrolevel beim Mënsch a bei jiddwer Eenzelnen un.

Mä ier een op Roum geet, fir seng Suen an d'Fontana di Trevi ze geheien, ass et gutt an der Regel, datt een och emol an den eegene Portmonni eng Kéier kuckt. Duerfir just e puer grondsätzlech Iwwerleeungen zur Zukunft vun den EU-Finanzen.

Och hei wäert den Här Mosar sécherlech duerno nach an den Detail eragoen.

(Interruption)

D'Zukunft vun den EU-Finanze gesäit an eisen Aen net roseg aus. Zum engen Deel duerch d'Ewechfale vun der Finanzcapacitéit vu Groussbritannien. Mindestens zéng Milliarden Euro pro Joer wäerten hei feelen. Dobäi kascht Europa manner, wéi mer dacks mengen. De Kommissär Oettinger schwätzt vu manner wéi enger Taass Kaffi den Dag. Pro Awunner natierlech.

Doriwwer eraus kommen an Zukunft esou oder esou vill nei Aufgaben op eis Unioun duer. An och wa mer an Zukunft méi maache bei groussen a manner bei klenge Saachen, da kascht et ënnert dem Strëch awer méi wéi an der Vergaangenheet. Anescht gesot: Europa brauch méi Suen. Dat ass an eisen Aen evident. Vun 2014 bis 2020 sollten 1.000 Milliarden (veuillez lire: eng Billioun) Euro investéiert ginn. A jo, et muss och gespuert ginn. An do soen ech och ganz kloer: „Awer net um Bockel vun de Leit an net vun de Baueren."

Dat ass eng Suerg, an ech wëll dat ënnersträichen, well mer an deene leschte Wochen nach eng Rei Manifestatiounen och am Norde vum Land haten, an dat ass eng ganz grouss Suerg, déi sech do zum Ausdrock bréngt an op déi mer musse ganz gutt oppassen, wou mer dru sinn, well ech mengen net, datt mer einfach kënne soen: „Mä dann huele mer bei dem Agrarfong Suen ewech." Esou kann et sécherlech net goen. An äänlech Suergen huet och d'EU-Personal. Mä och hei kënne mer net méi mat manner maachen. Déi Form vu politescher Mathematik geet an der Regel schif.

Trotzdeem muss een awer d'Gewiichtung vum Budget kënne kucken. A wann do de Prozentsaz vun eiser Defense wäert eropgoen, an dat ass onvermeidlech mat engem Verdeedegungsfong, da wäerten zwangsleefeg aner Prozentsätz mussen erofgoen. Och zu Bréissel gëllen déi allgemeng Gesetzer vun der Mathematik. An dat heescht och, datt d'Staten alleguer un hir Responsabilitéit mussen erënnert ginn a virun allem an Zukunft och op Rabatter an Extrawurschte verzichten.

Mëtt 2018 proposéiert d'Kommissioun dann déi nei Finanzrumm fir 2021 bis 2028. An ech hoffen, datt mer och an eiser nationaler Wahlcampagne nach kënnen op eng fair Aart a Weis doriwwer debattéieren. Well wa mer Europa wierklech wëlle weiderbréngen, da brauche mer och méi positivt Europa an eiser nationaler politescher Debatt. An och an de Gemengen iwwregens. Esou oder esou, wann et noutwendeg ass a wann et e Méiwäert bréngt, muss och Lëtzebuerg bereet sinn, méi wéi bis elo an d'EU anzebezuelen. Och dowéinst ass et wichteg, sech e gewëssenen nationale Spillraum ze erhalen.

Här President, den éischte Punkt vun der Agenda vu Roum ass also e séchert an e geschützten Europa. Dat bedeit net, datt Europa sollt zu enger Festung mat Stacheldrot ginn. Awer et bedeit sécher a kontrolléiert Aussegrenzen a vollstänneg oppe Grenzen no bannen, well déi véier Fräiheete vum Bannemaart si fir eis net verhandelbar. Besonnesch net déi fräi Zirkulatioun vun de Leit. Mä richteg ass och, an dat weisen all Émfroen, d'Sécherheet gehéiert zu den Topprioritéite vun de Leit; allerdéngs eng ganzheetlech Sécherheet, vum Sozialen iwwert dat Bannegt bis zum Internationalen.

E weidere wichtege Punkt fir d'Zukunft ass deemno d'Ofsécherung vum Schengen-Raum mat enger nach méi enker Kooperatioun vun eise Policen an och vun eise Geheimdéngschter, virun allem, wat de Kampf géint den Terrorismus ugeet. Dat ass leider eng vun de grousse Menacë vun eiser Zäit. Hei mussen déi einschlägeg Datebanken an Europa nach besser matenee vernetzt ginn. An iwwerhaapt muss d'Zesummenaarbecht vun de Forces de l'ordre nach méi grouss ginn!

Net zulescht och a Saache Cybersécherheet. Well grad de Rekrutement an d'Radikaliséierung vu potenziellen Terroriste passéiert dacks iwwert den Internet. Den Internet dierf also net zu engem rechtsfräie Raum ginn.

Och wann et ni eng Garantie wäert ginn, esou muss eist Zil awer eng Zukunft ouni Terror an Europa sinn. Mä dëst Zil muss ganzheetlech a vernetzt ugepaakt ginn a geet wäit iwwert d'Sécherheet eraus.

Virun allem bei der Terrorbekämpfung dierfen d'Memberstate sech net hannert enger falsch verstanener Souveränitéit verstoppen, well hei geet et ëm dat Liewegt! Grad beim Kampf géint den transnationalen Terrorismus brauche mer Eenheet! D'Villfalt, déi mer esou vill an Europa gär hätten, d'Villfalt kann op anere Gebidder spillen, awer net bei der Kooperatioun vun eise Sécherheetsdéngschter. Do mussen all Sécherheetsneurone matenee vernetzt ginn, fir

séier nei Menacen ze antizipéieren an drop ze reagéieren!

Den zweete Punkt vu Roum ass e wuelhabend an en nohaltegt Europa. Am Fong misst dësen zweete Punkt den éischte Punkt sinn. An esou oder esou ass et eis éischt Prioritéit, wann Europa wëllt eng Zukunft hunn. Well hei geet et ëm eng Zukunft vun der Aarbecht an domat och ëm d'Zukunft vum Alldag vun de Leit. Duerfir musse mer an Zukunft oppassen, datt d'Kreatioun vun Aarbechtsplazen ëmmer op éischter Plaz op der Agenda steet, an dat mat eiser ganzer politescher Energie. Soss kréie mer de Chômage net an de Gréff!

Et geet hei ëm eng nei Declinaisoun vun der ekologesch-sozialer Maartwirtschaft, esou wéi Europa dat och a senger Strategie Europa 2020 a Successioun vun der Lissabon-Strategie zanter 2010 probéiert. Mä déi affichéiert Strategie ass eng an déi real Praxis dacks eng aner Saach. Esou oder esou musse mer eendeiteg déi ekologesch an déi sozial Dimensioun vun der EU-Wirtschaft stäerken, well an deene leschte Joren hu mer vill just op de Maart vertraut.

Duerfir brauche mer weider massiv Investissementer. De Juncker-Plang, dee jo 2016 verduebelt ginn ass am Volume an och bis 2020 verlängert ginn ass, weist hei ganz sécher an déi richteg Richtung mat senger ambitionéierter Hieweldynamik, mat där mindestens 500 Milliarden Euro solle mobiliséiert ginn. Mä mir brauchen och hei den nationalen Input. Dat Neit bei dësem Plang, esou de BEI-Chef Werner Hoyer, dat ass jo de Risiko. Och eis Memberstate mussen an Zukunft méi Risike géint de Chômage woen.

Aus de Member- mussen Aktiounsstate ginn a mer mussen dës Investitiounen och nach méi effizient a gerecht an Europa verdeelen. Gläichzäiteg muss den Zukunftscharakter vun de Projeten nach méi kloer erausgeschafft ginn. Wann den Hiewel och bei de Memberstate wierkt, kënne mer souguer op e wesentlech méi héijen Investitiounsvolume kommen.

E weidert Element vun eisem Wirtschaftsmodell ass d'Ekologie an d'Nohaltegkeet. Hei geet et net just ëm Wäerter, also de Klimaschutz, hei geet et och ëm handfest Interêten, also ëm nohaltegen oder inklusive Wuesstum. Eng nei Zukunft fir Europa bedeit dobäi och en neien Zukunftswuesstum. Och hei musse mer ëmdenken, well grad d'„circular economy" ass net just fir Lëtzebuerg, mä och fir ganz Europa e risegen Zukunftsmarché, virun allem mat engem grousse Potenzial fir eisen Aarbechtsmaart.

Politesch muss Europa och a Saache Klimaschutz de globale Leadership iwwerhuelen an och verteidegen. Wie soll et da soss maachen, nodeems d'USA jo aus dem Paräiser Ofkommes wëllen erausklammen an dat um G20 zu Hamburg nach emol confirméiert hunn? Mir kënnen eis hei op keen anere wéi op eis selwer verloossen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Weider musse mer och eise Bannemaart, ëmmerhin dee gréissten op der Welt fir 500 Millioune Leit a mat engem BIP vu 14,7 Billiounen Euro d'Joer, weider vervollstännegen. Virun allem den digitalen, deen eleng e Potenzial vu 415 Milliarden Euro d'Joer huet, awer och dee vun der Energie. A mir brauchen och eng nei Industriepolitik fir eis Zukunft. Keng Industrie vun der Vergaangenheet, mä eng Industrie vun der Zukunft, déi nohalteg muss sinn. Gläichzäiteg dierfe mer d'Recherche an d'Innovatioun net vernoléissegen. Europa muss erëm zur éischter Adress fir Fuerscher a Studente ginn. An eis européisch Wirtschaft brauch och e faire Fräihandel.

Et kann een ëmmer kritiséieren an et kann een iwwregens och demonstréieren, esou vill ee wëllt, allerdéngs muss een dat friddlech maachen an net mat der brutaler Gewalt géint Polizisten, wéi et elo zu Hamburg um G20 geschitt ass. Mä Europa beweegt sech an enger globaliséierter Welt, ob mer dat wëllen oder net. Een Drëttel vum europäesche BIP kënnt aus dem Handel mam Rescht vun der Welt. A wann ee just net wëllt, datt hei d'Loi de la jungle virherrscht, da brauch ee fair Fräihandelsofkommessen.

A fir eis ass e Modellaccord de CETA mat Kanada. An dësem Accord schwéngt de Geescht vun der ekologesch-sozialer Maartwirtschaft an och vum europäesche Sozialmodell mat. CETA ass an éischter Linn en Accord fir d'Leit, net fir d'Grousskapital. An am selwechte Geescht hoffen ech och op eng Neiopnam vu Fräihandelsverhandlunge mat Amerika. Allerdéngs manner am Geescht vum TTIP, wéi mer et bis elo haten, well esou gëtt dat näischt, mä am Geescht vun engem CETAbis. An ausdrécklech begréissen ech och déi grondsätzlech Eenegung op e Fräihandelsaccord mat Japan.

Mir wëllen d'Hyperglobaliséierung innerhalb vun engem multilaterale Fräihandelssystem mat klore Regelen an der Rumm vun der sozialer Maartwirtschaft matgestalten. Mir wëlle se gerecht gestalten, andeems mer dat globaalt Regelwierk ëmschreiwen, wéi de Frans Timmermans dat a sengem Globaliséierungsmeeschterpabeier nennt. Just esou kënnt dee ganze System de Leit zegutt an net just der Wirtschaft.

Den drëtte Punkt läit eis natierlech och besonnesch um Häerz, an dat ass dat soziaalt Europa. En Europa also, wou keen op der Streck bleift. Eng Fuerderung, déi haut souguer vu groussen Deeler vun der Wirtschaft ënnerstëtzt gëtt, well och d'Wirtschaft sozial Stabilitéit, fir kompetitiv ze bleiwen, ganz einfach brauch. Och hei baue mer also d'Zukunft net mat Feindbiller, mä mat Zesummenaarbecht a mat enger Reconciliatioun vu Wäerter a Wuesstum, vum Mënsch a vum Maart.

E soziaalt Europa ass zënter Jorzéngten eng Prioritéit vu praktesch alle Lëtzebuerger Parteien a Politiker. An ech si frou, datt d'Juncker-Kommissioun grad am soziale Beräich Neel mat Käpp mécht. Eng formidabel Aarbecht fir d'Leit mécht hei och déi belsch Sozialkommissärin, d'Marianne Thyssen, déi sech och géint Widderstänn an dësem Domän kann duerchsetzen.

Méi wéi e Schrëtt an déi richteg Richtung ass hei de proposéierte soziale Mindestsockel. Dat ass jo och eng al Iddi vum Jean-Claude Juncker gewiescht, déi en oft an dësem Parlament och verteidegt huet a wou mer eis net brauchen ze wonneren, wa mer se elo an Europa erëmfannen. An ech mengen, datt hei och e Momentum, eng Sensibilitéit spierbar ass, déi et gëllt ze benotzen, fir an deem Domän weiderzekommen.

Dat bréngt mech zum véierten a leschte Punkt vun der Agenda vu Roum: e méi staarkt Europa an der Welt. Europa muss erëm déi dreiwend Kraaft an der Welt ginn. An éischter Linn als sougenannten „soft power", also mat Attraktiounskraaft vu sengem Fridden, vu senger Fräiheet a senger Gerechtegkeet. Awer och als „hard power" mat à terme enger eegener Arméi, déi dëse Modell och ka verteidegen. Allerdéngs net esou, wéi Europa dat jorhonnertelaang gemaach huet, mat engem postkoloniale Geescht, mä villméi mat engem Geescht vun Zesummenaarbecht, a wéi de Soziolog Richard Sennett richteg seet: „Et ass grad dës Zesummenaarbecht, déi eis Welt vu muer wäert zesummenhalen."

Dat heescht allerdéngs, datt Europa méi effizient muss ginn, och wat eis Waffesystemer ugeet. Et ass net normal, datt mer an Europa 178 verschidde Waffesystemer hunn, géintiwwer just 30 bei de Vereenegte Staten. Waffe si keng Kultur, mä en noutwendegt Iwwel. Duerfir brauche mer Waffen, ouni awer eng Kultur vun der Waff ze schafen.

Duerfir begréisse mer dee vun der Kommissioun proposéierten europäesche Verdeedegungsfong. Keen huet Waffe gär, mä wann een eng gutt Arméi wëllt, da geet dat net just mam Schreiwe vu Wäissbicher. Grad d'Defense ass och e Paradebeispill fir e Käreuropa. An dësem Zesummenhang ass d'Decisioun vum Juni-Sommet, fir eng stänneg strukturéiert Zesummenaarbecht no Artikel 42 vum Lissabonner Vertrag ze lancéieren, méi wéi ze begréissen.

Här President, nach ass et esou, datt den Asaz vu Militärgewalt ëmmer d'ultima Ratio muss bleiwen. An domadder wier ech och bei der Zukunft vun der europäescher Aussepolitik ukomm. Schued, datt mer och hei, wéi bei der Wirtschaft, kee Reflexiounspabeier hunn, well nach méi wichteg wéi eng europäesch Arméi ass d'Stäerkung vun enger gemeinsamer europäescher Stëmm an der Welt. Well als global, grouss Demokratie muss Europa och d'Stëmm vun deenen an der Welt sinn, déi keng Stëmm hunn. Och dat muss e Kärelement vun eiser gemeinsamer Aussepolitik sinn.

Mä och hei bleift nach villes ze maachen. Trotzdeem dierf een éischt Succèsen an der rezenter Vergaangenheet, wéi zum Beispill den Iran-Deal, allerdéngs nach a Kooperatioun, dat muss een effektiv soen, mat dem fréieren amerikanesche President Barack Obama, mä et dierf een trotzdeem dee Fortschrëtt, wou Europa och säin Undeel drun huet, net verkennen. Allerdéngs sinn nach ëmmer ze vill vermeintlech grouss Memberstaten net bereet, fir op de Wee vun enger gemeinschaftlecher Aussepolitik ze goen. Dobäi wäert Europa an Zukunft nëmmen nach gehéiert ginn, wann et och wierklech just nach mat enger Stëmm schwätzt.

An déi richteg gemeinsam Richtung weist och hei déi sougenannten „global strategy", déi déi Héich Representantin Federica Mogherini 2016 virgeluecht huet. Schued d'ailleurs, datt mer se net Ausseministerin däerfen nennen. Mä mir mussen aussepolitesch einfach nach méi offensiv ginn. Net mat engem falsche Selbstbewosstsäin wéi an de Kolonialzäiten, awer eben och net mat enger falscher Bescheidenheet, déi déi weltpolitesch Terrainen deenen iwwerléisst, déi just kuerzfristeg hir eegen Interêten am Sënn hunn.

Eis Strategie ass awer nach ze exklusiv atlantesch. Europa muss och méi asiatesch a méi pazifesch denken. Wat net heescht, déi normativ westlech Wäertegemeinschaft opzeginn. Ganz am Géigendeel! Dës Wäertegemeinschaft muss dat geeschtegt Fundament vun eiser Aussepolitik bleiwen. Virun allem awer musse mer eis mat eisem direkten Ëmfeld beschäftegen: mam Mëttelmierraum, mam Oste vun Europa an och mat Russland, dat mir eendeiteg vernoléissegen, mam Noen a mam Mëttleren Osten an och mat Schwaarzafrika. Ech mengen, datt ee just esou Europa ka stabiliséieren.

Här President, esou kënne mer och d'Migratiounskris un der Wuerzel, vor Ort um Terrain ugoen. Mä si mer éierlech: D'Flüchtlingsstréim aus Syrien an aus Schwaarzafrika wäerten eis nach laang beschäftegen. Europa muss och fir d'Flüchtlingen eng Gemeinschaft vun der Hoffnung sinn.

Mä gradesou richteg ass dat, wat de Michel Rocard gesot huet a wat esou oft scho benotzt ginn ass: „Mir kënnen net dee ganze Misär vun der ganzer Welt bei eis ophuelen." Mä mir mussen awer eise fairen Deel dovunner selbstverständlech huelen. Si mussen hei bei eis en neit Doheem op Zäit kënne fannen. Mä leider kënne mer net all Wirtschaftsflüchtling bei eis ophuelen, och dat muss kloer sinn.

Gläichzäiteg brauch Europa awer och, a vill méi nach wéi an der Vergaangenheet, legal Awanderung. Hei musse mer, wann ech eis Demografie an eis Ekonomie kucken, wuelverstanen am eegenen Interessi, awer och am Interessi vun den Neteuropäer, déi wëlle bei eis kommen, legal Weeër vun Immigratioun schafen.

Nach e lescht Wuert zur europäescher Demokratie. D'Europäesch Unioun ass eng Demokratie, mä grad wéi bei der Wirtschafts- a Wärungsunioun ass se nach perfektibel. Grouss Kritiker wéi de Jürgen Habermas schwätze vun engem Demokratiedefizit. Dat war fréier esou an dat ass haut zumindest deelweis iwwerwonnen. Trotzdeem brauch Europa nach méi Matbestëmmung vun de Bierger an domadder och méi Europaparlament an nach méi Afloss vun den Nationalparlamenter.

Virun allem déi europäesch Parteien, déi nach wäit ewech vun tatsächleche Parteie sinn, sinn hei gefuerdert. De Spëtzekandidateprozess vun 2014 war e wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung. Mä mir dierfen dobäi net stoe bleiwen. An deem Kontext begréissen ech d'Initiativen, fir eiser Chamber nach méi eng grouss europapolitesch Roll ze ginn. A mer ënnerstëtze selbstverständlech déi gemeinsam Motioun, déi mer ausgeschafft hunn.

Ech mengen als Konklusioun, datt mer haut an engem besonnesche Moment fir Europa sinn. Europa huet eng Zort Burnout, oder wann ech et anescht ausdrécken: eng Zort kontinental Depressioun. Mä wéi ëmmer esou an deene Momenter, kënnen dat och Momenter sinn, déi en Neistart bedeiten, déi kënnen Energie ausléisen. De Goethe huet a sengem „Faust" gesot: „Sobald du dir vertraust, sobald weißt du zu leben." Dat ass och en zentrale Problem vun Europa: Mir vertrauen eis selwer heiansdo net, a wa mer eis selwer net vertrauen, da mësstraue mer och ganz oft eisen Noperen.

Esou eng Kris wéi déi hei kann Energie developpéieren, mécht heiansdo ganz erfinderesch, fir nei Léisungen ze fannen, an huet heiansdo de Moment a sech, fir och Tabuen ëmzewerfen a fir nei Weeër unzedenken an ze goen, déi ee sech bis dohinner net getraut hat, ze goen.

An ech wëll just eng Konklusioun soen: Mir hunn d'Instrumenter an Europa! D'Fro ass, ob mer de Courage hunn an d'Energie hunn, dës Instrumenter zum Schluss ze benotzen, fir weiderzekommen. Ech wëll op jidde Fall alles maachen, datt mer mat där Iddi, déi enorm Zukunft huet, an deenen nächste Jore weiderkommen, well et kann net anescht sinn.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An nächste Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Marc Angel, de Rapporteur, President vun der aussepolitescher an Europakommissioun vun eisem Parlament, huet op eng ganz extensiv a präzis Aart a Weis de Bilan gemaach vun deenen Aarbechten, déi mer an der Chamber ronderëm d'Debatt ronderëm d'Zukunft vun der Europäescher Unioun an der Eurozon gemaach hunn. Hien huet dat noutwendegerweis gemaach duerch de Brëll vum Rapporteur, e bësse méi iwwerparteilech. Ech erlabe mer dann, am Numm vun eiser Fraktioun e puer zousätzlech Bemierkungen a Reflexiounen zu deem doten Thema ze maachen.

Wa mer haut iwwert d'Zukunft vun der Europäescher Unioun an iwwert d'Zukunftsausriichtung vun der Eurozon schwätzen, dann debattéiere mer net manner an net méi wéi iwwert d'Zukunft vun eisem Land, well Europa a Lëtzebuerg, déi si matenee verbonnen. Wa mer haut iwwert d'Europapolitik schwätzen, da schwätze mer virun allem doriwwer, ob mer capabel sinn, och an Zukunft déi grouss politesch a gesellschaftlech Erausfuerderunge vun haut a vu muer ze meeschteren.

A keen nëmmen halbweegs vernünftege Mënsch kann eeschtlech dorunner zweifelen, dass nëmmen an enger international definéierter, koordinéierter Demarche an deem strukturéierte Kader vun enger Europäescher Unioun et méiglech wäert sinn, eng Äntwert ze ginn op déi Froen, déi eis an déi och vill Matbierger beschäftegen: d'Fro vun dem wirtschaftleche Wuesstum an dem soziale Fortschrëtt, d'Beschafung vun Aarbechtsplazen. D'Fro vun der Sécherheet, besonnesch elo am Zesummenhang mat dem Phenomeen vum Terrorismus. D'Fro vum Klimaschutz, vum Kampf géint d'Ëmweltverschmotzung. D'Fro vun de Flüchtlingen. D'Fro vun der Digitaliséierung vun eiser Gesellschaft a vun eiser Wirtschaft.

Alles dat si Froen, déi een net kann eleng an op engem nationale Kader ugoen. Et si Froen, déi een nëmme kann enger Léisung zoufëieren, wann een international koordinéiert, op engem europäesche Plang sech zesummesetzt, gemeinsam Strategien entwéckelt a sech och d'Instrumenter gëtt, fir déi dann national koordinéiert ëmzesetzen.

E Réckzuch hanner national Grenzen ass Gëft. Et ass eng gefëierlech Illusioun, ze mengen, dass een duerch esou eng Politik kéint virukommen. Alleguerten, déi Europa wëlle schwächen, schwächen am Endeffekt hir eege Länner.

Besonnesch déi, wou mir och derzougehéieren, déi weder demografesch, geografesch nach politesch dat Gewiicht hunn, fir kënnen an engem kompetitiven, internationalen Ëmfeld laang matzehalen. Grad haut, wou ee gesäit, wat fir eng aggressiv, besonnesch Wirtschaftspolitik och d'USA ënnert dem Donald Trump mécht. Kuckt ee China, kuckt ee Russland, déi aner grouss international Akteuren, dann, mengen ech, liicht et jiddwerengem an, dass et wichteg ass, dass Europa, aus nationalen Interessen erausgekuckt, international Gewiicht behält, jo, ausbaut.

Mat Slogane wéi: „America first", „Deutschland zuerst", «d'abord la France», „Lëtzebuerg fir d'Éischt", komme mer net virun. Dat wäert eis nëmmen nohannegeheien a wäert eis onweigerlech an eng däischter politesch Sakgaass eraféieren. Nëmmen zesumme kënne mer déi nohalteg Bedéngunge schafe fir méi Aarbechtsplazen, fir eng besser Ausbildung, fir d'Regelung vun de Mäert, fir e staarken Ëmwelt- a Gesondheetsschutz. Dat ass jo dat, wat mer alleguerte wëllen. An do musse mer iwwert d'Grenzen eraus systematesch déi dote Problemer zesummen ugoen.

Dat setzt natierlech viraus, dass weiderhin ënnert deene 27, oder wivill dass et der och wäerten am Endeffekt sinn, e staarke Sockel vu gedeelte Wäerter, op deem mer eis Politik opbauen, besteet: d'Bekenntnis zu enger sozialer an ökonomescher Maartwirtschaft, d'Zil vun enger Vollbeschäftegung, sozialen Zesummenhalt, dat heescht also méi eng gerecht Opdeelung vun de Friichte vum wirtschaftleche Wuesstum, an och d'Verbreederung, d'Verteidegung vun den ëffentlechen an den individuelle Fräiheeten, Grondrechter a rechtsstaatleche Prinzipien.

Duerfir ass fir eis Sozialisten d'Optioun vun engem renge Bannemaart fir d'Europäesch Unioun keng Optioun. Och d'Optioun vun enger reng buchhalterescher Budgetsspuerpolitik, jo, e Budgetsspuerfetischismus, wéi een e konnt iwwert déi lescht Joren usazweis zumindest bemierken, ass fir eis als LSAP keng Optioun fir d'Weiderentwécklung vun der Europäescher Unioun.

Mä awer ech soen och, weiderfuere wéi bis elo, déi verzweifelt Sich, an alle Punkten de klengste gemeinsamen Nenner nach ze fannen, heiansdo bal eng onméiglech Sich a ganz kruzialen Dossieren, déi brennend no Léisunge jäizen, dat däerf et och net sinn. Och dat ass keng valabel Optioun. Mir mussen also déi dote Vertrauenskris iwwerwannen. An dat geet u mat enger selbstkritescher Analys, esou wéi Europa besonnesch déi lescht Jore fonctionnéiert huet, a wat sech niddergeschloen huet an engem dramatesche Réckgang vun der Zoustëmmung a breeden Deeler vun der Bevël-

kerung, wat Europa, den europäesche Gedanken an d'Europapolitik ugeet.

Mir mussen also d'Vertrauen erëmgewannen, wat verluer ginn ass bei ville Leit, bei ganz ville Bierger. A vläicht, an do deelen ech d'Aschätzung vum Claude Wiseler, ass dëse Moment grad dee richtegen, fir deen dote Sprong kënnen ze probéieren: duerch déi aggressiv, negativ Haltung vun enger Weltmuecht wéi den USA par rapport zur Europäescher Uniouη, d'Negatioun, Elenggäng ze maachen, net méi international wëlle koordinéiert a ganz wesentlechen Dossiere virunzekommen. Vläicht ass grad dat de richtege Moment, och wann een dat net däerf iwwerbewäerten.

Dat kucke mer heiansdo ze vill duerch eise Lëtzebuerger Brëll, wann an engem Nopeschstat e Wiessel komm ass mat enger Campagne, mat enger Presidentschaftswahl, déi e Mann designéiert huet, dee sech ganz kloer, ouni ze zécken, zu 100% hannert déi europäesch Iddi gestallt huet. Ob dat a Polen an an anere Länner, déi méi wäit ewech sinn, wierklech en Impakt op d'éffentlech Meenung huet, dat bezweifelen ech allerdéngs, mä et bleift awer, besonnesch wann Däitschland a Frankräich méi staark zesummeschaffen an un deemselwechte Strang zéien, dass dat och ka ganz Europa veränneren a ganz Europa no vir bréngen.

Mir mierken awer och, wa mer alleguerte wëllen am Gläichschrëtt virukommen an allen Domänen, dass mer dat wahrscheinlech net méi wäerte packen. Also muss ee schonn, méi staark nach wéi bis elo, obwuel mer dat jo usazweis scho realiséiert hunn, op dat Instrument zréckgräifen, wat an de Verträg vun der Coopération renforcée virgesinn ass, fir et also a kloer delimitéierte Politikberäicher, an eenzelne Felder, méiglech ze maachen, fir an engem offene Prozess, deen och weider erëm zouléisst, dass aner Leit derzoustoussen, an eenzelne Punkten déi Kooperatiouη méi wäit ze dreiwen.

Europa «à géométrie variable», huet et geheescht, Europa vun den „konzentresche Kreesser", vun de puer Vitessen. Egal wéi et ass, dat däerf allerdéngs net zu engem rengen Europe à la carte ginn, wou jiddwereen dann esou, wéi et him an de Kapp kënnt, däerf ukräizen, wou en da wat mécht. De gemeinsame Sockel muss nach wie vor iwwerweie par rapport zu deenen eenzelnen Deelberäicher, wou ee kann Differenzen an der Intensitéit vun den Zesummenaarbechten akzeptéieren.

Mä och dat, wëll ech soen, ass net ouni Risiken! Och wann dat elo de Konsensus hei ze si schéngt, bei breeden Deeler an der Chamber, fir ze soen: „Dat doten ass eppes, wat ee ka maachen."

De Risiko ass selbstverständlech deen, dass doduerjer den Zesummenhalt insgesamt vun der Grupp net méi grouss gëtt, mä éischter nach ofhëlt, dass sech Deeler dann net méi responsabiliséiert fillen och an anere Beräicher, wou se net mat decidéiert hunn. An d'Decisiounsprozesser ginn och méi komplizéiert, well jo da gläichzäiteg och vun dëser Chamber, a wéi am Rapport gesot gëtt...

Mä un den Institutiounen, do ännere mer eigentlech awer näischt. Europaparlament bleift Europaparlament. D'Europaparlament bleift dann och zoustänneg herno fir d'Eurozon. Da bleift jo och d'Europaparlament zoustänneg fir d'Coopération renforcée an deene Beräicher.

An am Ministerrot kréie mer eng äänlech Situatioun eran. Do hues de nach ëmmer dann de Ministerrot, a gläichzäiteg hues de awer an eenzelne Beräicher dann u sech nëmmen eenzel Länner. An dat ka souguer an eenzelne Beräicher eng Minoritéit vu Memberstate sinn, déi dann zesummeschaffen, an d'Institutioune bleiwen awer déi al. Et ass net evident, wéi dat doten am Endeffekt ka fonctionnéieren, wann ee sech dat doten ausmoolt a wann ee sech dann awer och ka virstellen, dass do kënnen Tentativë sinn, fir déi ganz Prozesser do ze bremsen.

Et ass och net ouni Risiko fir Lëtzebuerg. Firwat? Well Lëtzebuerg als Grënnerstat vun der Europäescher Unioun, mengen ech, zu Recht ëmmer wëllt, wann net bei der Lokomotiv sinn, duerfir si mer vläicht e bëssen ze kleng, mä zumindest awer am éischte Waggon vun deem Zuch sinn, deen am schnellste fiert, deen am wäitste geet.

(Interruption)

Ech hoffen, ech hunn näischt Falsches hei gesot.

(Brouhaha)

Mir mussen eis also do och bewosst sinn, dass mer an enger Dynamik, déi géif an deen dote System eragoen, eventuell och als Lëtzebuerger gedrängt ginn, an eenzelne Beräicher méi wäit ze goen, matzemaachen an enger méi staarker Harmoniséierung, vläicht souguer Uniformiséierung vun de Politicken, wou mer dat eigentlech net wëlle maachen a wou mer dann aus politeschen Ursaachen, well mer wëlle bei deenen Éischte mat derbäi sinn, do matgerappt ginn.

Ech denken do nëmmen un esou e Beispill wéi eng Tobin Tax. Dat kéint jo esou en Domän sinn, wou gesot gëtt: „Majo, elo maache mer dat dote mat!" Dat kann och bei „BEPS plus" zum Beispill de Fall sinn. Et muss ee sech also ëmmer do bewosst sinn, dass dat heiten eng Entwécklung ass, déi, theoretesch gekuckt, engem ka gefalen, déi een awer och selwer kann zu relativ schwierege politeschen Decisioune bewegen, wann een an déi dote Richtung geet.

An et muss een och fäerten, dass sech no an no kéint déi Iddi vun engem europäeschen Directoire vun e puer grousse Länner entwéckelen, déi géife Lokomotiv spillen an déi géifen determinéieren, wou et higeet, wat an deenen dote Beräicher natierlech nach vill méi staark ass, wéi wann een dat an deem breede Kader mécht vun deene 27 Länner. Also, all déi gutt Iddie sinn deemno och net esou ouni méiglech Risiken, déi een also muss bedenken, wann ee konkret doriwwer diskutéiert.

Als LSAP ënnerstëtze mer all besteeënd an nach zousätzlech Efforten, fir eng gewëssen Hyperaktivitéit bei der Ausschaffung vun europäeschen Normen ze bremsen. Norme maachen a ganz ville Felder Sënn. Dat soen ech och als fréieren Ëmweltminister, well ech gemierkt hunn, dass et sécherlech heiansdo méi einfach ass, op europäeschem Plang Normen duerchzesetzen, wéi eege Lëtzebuerger Normen hei festgesat ze kréien.

Duerfir géif ech och soen, dass d'Erfahrung weist, dass awer déi normativ Aarbecht, déi op europäeschem Plang gemaach ginn ass am Ëmweltberäich, am Gesondheetsberäich, dass déi eigentlech och der nationaler Politik Impulser ginn huet a se weiderbruecht huet. An duerfir mengen ech, dass een also do weider muss oppassen, wéi wäit een dat doten dreift.

Mä et ass scho sécher, dass do onnéideg Reglementatiounen an der Vergaangenheet gemaach si ginn, déi och der Kredibilitéit vun Europa, vum europäesche Gedanken nohalteg geschuet hunn. Mir bekennen eis weiderhin zum Subsidiaritéitsprinzip, och an der Europapolitik, an och zum Proportionalitéitsprinzip an Europa, deen ee sollt ëmmer erëm uwenden, wann et drëm geet, fir esou transnational Initiativen ze bewäerten. Manner reglementéieren ass heiansdo méi. An d'Kommissioun Juncker huet jo do éischt Akzenter gesat.

Als Sozialiste si mer och derfir, an dat ass fir eis, mengen ech, dee wesentlechste Punkt, dass déi sozial Dimensioun vun Europa gestäerkt gëtt. Déi ass zwar an den Traitéë verankert, mä awer net an deem Mooss, wéi et eigentlech misst sinn. Mir mengen awer, dass do also en Effort muss gemaach ginn an dass awer och schonn elo d'Méiglechkeet besteet, fir do grouss Schrëtt no vir ze maachen. Mir plädéiere mat groussem Nodrock derfir, dass een europäesch Mindeststandarden am soziale Beräich aféiert, net fir dee gesamte Standard am Sozialen erofzedrécken, mä fir eigentlech déi mat eropzedrécken, déi ganz ënne sinn.

Mir si fir en differenzéierte soziale Mindestloun, net deeselwechte selbstverständlech an all EU-Land, mä gemooss an ausgerechent opgrond vun der Wirtschaftskraaft vun deenen eenzelne Länner. An d'Lëtzebuerger Presidentschaft huet jo do versicht, déi sozial Dimensioun vun der EU weiderzebréngen, den Triple-A social an der Diskussioun waarmzehalen. An d'Kommissioun huet och éischt Initiative geholl, déi eis zwar net wäit genuch ginn am soziale Beräich, mä déi awer weisen, dass zumindest verstane ginn ass, dass dat absolutt Ausblénke vun deem Sozialen der europäescher Iddi e ganz grousse Schlag zougefouert huet an deene leschte Joren.

An et muss een och, an do kommen ech erëm eng Kéier op déi selbstkritesch Aschätzung vun der Politik, erkennen, an dat hunn och eng ganz Rei vu Wirtschaftswëssenschaftler vu groussen internationalen Organisatiounen erkannt, dass an der Gestioun vun der Kris zënter 2007-2008 och eng ganz Rëtsch vu Feeler gemaach si ginn, well reng eigentlech déi budgetär Equilibersituatioun als Zilsetzung - et ass bal e Selbstzweck ginn - zréckbehale ginn ass an net déi sozial grav Schied, déi dat Ganzt verursaacht, genügend an de Strategië berücksichtegt gi sinn. Dat war e Feeler. An esou Feeler mussen an Zukunft ausdrécklech vermidde ginn.

Vertraue fir Europa schafen, derfir suergen, dass an de Käpp vun de Leit Europa mat eppes Positivem a Verbindung bruecht gëtt, dat ass eist Zil. Dat muss natierlech och all Nationalpolitiker vun deem Reflex ewechbréngen, wann eng onpopulär Moossnam ze verkafen ass, dann ze soen: „Déi kënnt vu Bréissel."

Bréissel, dat weess jiddwereen, deen de Fonctionnement vun den europäeschen Institutioune kennt, dat ass awer net jiddwerengem, mengen ech, esou geleefeg ausserhalb vun deene Gremien, déi ageweit sinn, dat si politesch Gremien, wou och national Politiker drasëtzen, national Politiker mat decidéieren. An de Gros vun den Decisioune kann ouni den ausdrécklechen Accord vun den nationale Regierunge guer net geholl ginn, respektiv vum Europaparlament.

An dat ass, mengen ech, dee Feeler, deen oft gemaach ginn ass. An duerfir muss ee sech zu senge Responsabilitéite bekennen. An dat huet natierlech och Auswierkungen op déi Aart a Weis, wéi mir eis hei zu Lëtzebuerg organiséieren, fir un déi europäesch Dossieren erunzegoen. Dat ass jo ee Punkt, deen, besonnesch an der Resolutioun hei vun der Chamber, déi ausgeschafft ginn ass, zentraalt Thema ass: Wéi stelle mir eis op, fir an deenen europäesche Froe kënne matzehalen als nationaalt Parlament, fir ënner anerem och eng éffentlech Diskussioun ze férderen, déi jo oft eréischt kënnt, wann d'Decisioune praktesch scho geholl ginn?

Dass do Antagonismë bestinn tëschent dem Parlament an enger Regierung, schéngt mer ganz normal ze sinn. Duerfir mengen ech, dass awer dëst Parlament sech och däerf, an där heiter Fro wéi an anere Froen, senger Verantwortung a senger Autonomie bewosst ginn an all deenen dote Froen a sech soll méi staark abréngen a méi fréi abréngen an eng ganz Partie vun europäeschen Dossieren.

Dat heescht awer och, dass mer eisen eegene Fonctionnement, esou wéi mir schaffen als Parlament an als Parlamentarier, och selbstkritesch kucken an eis esou organiséieren, dass mer dat, besonnesch och vun der Zäit hier, vun der Intensitéit, déi vun der Aarbecht, déi dat dote mat sech bréngt, ausgeet, och kënne berücksichtegen, well soss riskéiert eis Resolutioun Lettre morte ze bleiwen, well mer selwer u sech näischt änneren un där Aart a Weis, wéi mir deen dote Volet verfollegen.

Dat gëllt net esou séier am éischte Punkt emol an där direkt zoustänneger Kommissioun fir Aussepolitik an Europafroen, dat gëllt awer besonnesch fir sämtlech sektoriell Kommissiounen, wou jo ëmmer en europäesche Volet dran ass, deen oft net genuch beuecht, oft net diskutéiert gëtt. Mir sinn ausgeklickt aus der Ausaarbechtung vun Direktiven a ganz, ganz ville Beräicher. Deen eenzege Beräich, wou et wierklech intensiv verfollegt gëtt, well dat e ganz sensibele Beräich ass, dat ass dee vun der Finanzplaz, mä fir de Rescht ass et ganz seelen, dass och vun der Chamber gefrot gëtt, dass déi zoustänneg Ministeren oder Beamte sollen e Rapport maachen iwwert d'Projets de directive, déi amgaange sinn ausgeschafft ze ginn.

Do gëtt also keen, mengen ech, genügende Suivi gemaach. A wa mer eis do wierklech och als Parlament wëlle méi staark abréngen, da musse mer eis selwer also och anescht organiséieren. Et ass also net nëmmen eng Fro vu Bereetschaft vun de Regierungen, mä et ass virun allem emol, fir d'Éischt emol eng Fro vu Bereetschaft vun eis selwer, wéi mer un déi dote Froe wëllen erugoen.

Ech betounen och hei, dass fir d'LSAP e federaalt Europa fir de Moment keng Diskussioun ass, well mer einfach net prett sinn, fir an déi dote Richtung ze goen. Da muss et fir d'Éischt zu engem Rééquilibrage politique an Europa kommen, wat d'Gewiichtung och vun deenen eenzelne Politikberäicher ugeet. Da kënne mer an enger zweeter Phas doriwwer schwätzen.

Ech menge schonn, dass Europa nach wie vor muss deenen eenzelnen Natiounen eng grouss Plaz bidden, dass mer net an engem Stadium och mëttel- a kuerzfristeg kënnen ukommen, wou sech géif eng europäesch Identitéit op déi national Identitéiten eropgrefféieren. Esou wäit si mer net. Dat bedeit also, dass mer e ganz fundamentaalt Ëmdenke maachen. Och muss eng Adhäsioun vu ganz breeden Deeler vun der Bevëlkerung an alle Länner do sinn, fir esou e Schrëtt eng Kéier kënnen ze maachen. Et verhënnert net, dat ass jo eng vun den Optiounen, déi och ugeschwat ginn ass, dass een an eenzelne Politikberäicher nach méi wäit geet, wéi een dat haut mécht.

Wat mech ëmmer e bësse stéiert, dat ass bei esou Momenter, wou ee sech wëllt nei orientéieren, wou een an enger gewëssener Vertrauenskrisesituatioun dran ass, dass ëmmer direkt de Ruff kënnt: „Mir mussen elo institutionell Reforme maachen!" Wéi esou oft sinn et och hei net d'Institutiounen, déi esou schlecht fonctionnéieren, dass do de Kär vum Problem géif leien, mä et si fundamental Divergenzen um Fong vun de Politicken, déi de Problem dach haut duerstellen an net eigentlech d'Institutiounen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Duerfir läit an eisen Aen och net déi éischt Léisung dran, fir elo d'Traitéen ze änneren oder souguer am Kader vun de bestoenden Traitéen all méiglech nei Fonctiounen ze änneren. Ganz éierlech: Ob een elo de President vum Eurogroup oder och nach den zoustännege Kommissär fir déi dote Froen an Zukunft Finanzminister nennt oder net, wat fir een Impakt huet dat dann am Konkreten? Null! Et ass Symbolik.

An ech géif warnen, och Begréffer, déi bis elo ëmmer mat Nationalstaten zesummenhänken, wéi Regierungsbegréffer, wéi Ausseminister, Finanzminister, elo wëllen esou iwwert de schläichende Wee op den europäeschen Niveau eropzebréngen! Dat dréit nëmmen zu méi Konfusioun bäi, wéi dass et géif zu iergendenger politescher Clarificatioun féieren. Duerfir also eng gewësse Virsiicht mat där Volontéit, fir sech elo Hals iwwer Kapp an eng ganz Rëtsch vun institutionelle Reformen ze stierzen, wou eigentlech nëmmen aktuell Schwächten am Inhalt vun der gemeinsamer Europapolitik bestinn!

Mir bedaueren, dass am Rapport vun de fënnef Presidenten dee fundamentalen Equilibrage vun der europäescher Politik, wou mer déi sozial Dimensioun wëlle stäerken, dass deen eigentlech guer kee Widderhall fonnt huet, well mir brauchen eng sozial Wirtschafts- a Wärungsunioun. Mir brauche méi Plaz fir Beschäftegungs- a Sozialpoliticken, och am Kader vum Europäesche Semester.

Duerfir och vläicht e puer Wuert zu der Situatioun, wat d'europäesch Wärungsunioun ugeet. D'Sozialiste wëllen eng europäesch Wärungsunioun, déi en nohaltegen ökonomesche Wuesstum erméiglecht an Aarbechtsplaze schaaft. Duerfir brauche mer véier Ziler, déi mussen erreecht ginn:

Éischtens, d'wirtschaftlech an d'sozial Konvergenz vun den EU-Memberstate muss souwuel ënnerenee wéi och innerhalb vun de Länner nees gefërdert ginn. Duerfir brauch et Investitiounen an d'Wirtschaft an an de Sozialsystem.

Zweetens, d'demokratesch Kontroll an d'Legitimitéit vun den Decisiounen um politeschen Niveau musse verstäerkt ginn duerch méi Pouvoire fir dat Europäescht Parlament, mä awer och fir déi national Parlamenter, respektiv musse mer eis als Nationalparlament déi Pouvoiren do huelen.

Drëttens, mir brauchen innerhalb vun der Eurozon Mechanismen, fir d'Risiken ze deelen an d'Solidaritéit spillen ze loossen, fir d'Stabilitéit vum Euro ze stäerken an eng schnell Erhuelung no engem extrem ökonomesche Schock ze erméiglechen.

A véiertens, mir mussen nees Vertrauen an de Finanzsecteur schafen, derfir suergen, d'Stabilitéit vun der Bankenunioun ze stäerken an d'Récklage vun de Bierger ze schützen.

Mir mussen déi grouss sozial an ökonomesch Inegalitéiten tëschent den EU-Memberstate verréngeren, also méi Kohäsioun an der Europäescher Unioun selwer erreechen, well do si ganz vill Problemer eigentlech drop opgebaut, op deenen Inegalitéiten, déi innerhalb vun der Europäescher Unioun bestinn.

Duerfir brauchen awer och d'Memberstaten déi néideg fiskal Flexibilitéit, fir kënnen a Wuesstumsinitiativen an hir Sozialsystemer ze investéieren. Mä dat geet net duer. Mir brauchen eng ambitiéis Investitiounsstrategie, déi privat a staatlech Investitiounen zesummebréngt, an dat nach méi staark wéi bis elo, virun allem och an deene Länner, déi wirtschaftlech nach ëmmer net aus der Kris richteg eraus sinn.

Mir hu gesot, och an der Wirtschaftsunioun feelt et un enger sozialer Dimensioun, fir de Sozialdumping ze ënnerbannen. Duerfir musse sozial Indicateuren, déi rechtlech bindend sinn an net nëmmen esou als Niewenindicateuren, als Alibi-Indicateuren, mat erugezu ginn, an dat Europäescht Semester verbindlech mat agebonne ginn. Dozou gehéieren och fair a gerecht Steierpraktiken. Duerfir begréisse mer och ausdrécklech déi Efforten, déi besonnesch vun dëser Regierung gemaach si ginn, fir Lëtzebuerg vun alle groen a schwaarze Lëschten erofzekréien.

Mir wëssen, dass mer momentan och a schwieregen Diskussiounen an der Europäescher Unioun sinn, wou et drëm geet: Soll d'Europäesch Unioun méi wäit an eenzelnen Domäner goen, wat d'Steierproblematik ugeet, wéi dat iwwert den europäesche Kader eraus an der OCDE gemeinsam festgehale ginn ass? Dat si keng einfach Diskussioune fir Lëtzebuerg, wou mer erëm ganz schnell, net op den offizielle schwaarze Lëschten dropstinn, mä awer erëm op déi schwaarz Lëschten an de Käpp vu

ville Leit dobausse kënne kommen. Et ass also do e Seeldanzakt, deen ze maachen ass fir eis Vertrieder op dem europäesche Plang.

Mir musse bei de Reforme vun der Bankenunioun derfir suergen, dass d'Banken hiren Deel vun der Responsabilitéit iwwerhuelen an et an Zukunft net méi de Steierzueler ass, dee muss mat senge Sue bezuelen, wann d'Banke spekulativ Geschäfter maachen an doduerjer a Schwieregkeete kommen. Duerfir brauche mer dann endlech och d'Emsetzung vun deem Resolutiounsfong a vun der Garantie fir d'Depote bei de Finanzetablissementer.

An eng noutwendeg Verdéiwung vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun kann et nëmme ginn, dat hunn ech scho gesot, wann déi demokratesch Kontroll verstäerkt gëtt, fir d'Éischt emol an den Nationalparlamenter - mir hunn driwwer geschwat -, dann och beim Europäesche Parlament. An der Kommissioun huet sech do jo d'Meenung eigentlech duerchgesat, dass ee keen neit Parlament brauch. Dat ass och ganz richteg.

D'Fro ass just, ob d'Europaparlament awer déi richteg Instanz ass, fir dat doten ze maachen, ob d'Europaparlament a senger Plenitüd déi ass, déi dann déi Kontroll do mécht. An duerfir soll ee sech d'Fro stellen, ob een do net op nach zousätzlech Mëttele géif zréckgräifen, Instrumenter zréckgräifen, ouni en neit Parlament ze schafen, wou een dann awer géif eng Énnerandeelung vun deem Europaparlament benotzen, fir déi dote Kontroll dann, wat d'Eurozon ugeet, duerchzeféieren. Dat kéint zum Beispill e spezialiséierte Comité sinn, wou sämtlech Eurozon-Memberstaten dra vertratt wären, deen da géif spezifesch deen dote Suivi vun der Aarbecht, wat d'Eurozon ugeet, kënne maachen. Ech mengen, do si jo eng ganz Partie Gedanke gefouert ginn, mä et wäert net einfach sinn, do e Konsensus ze fannen.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll net méi wäit goen hei a mengen Ausféierungen. Et ass selbstverständlech, dass mer weider mussen un deem Dossier schaffen. Dat ass e Prozess, deen ni wäert ofgeschloss sinn. Och deen heite Rapport gesinn ech éischter als en Etapperapport, deen hei gemaach gëtt, wéi dass mer elo géife waarden, wat dann op anere Plaze géif decidéiert ginn. Et ass also wichteg, dass mer eis weider als Parlament an dat Ganzt do abréngen.

Ech wëll just eng Suerg nach lassginn, déi mer schonn oft hei geäussert hunn op dëser Tribün, déi awer ufänkt, eng gängeg Praxis ze ginn an der Europäescher Unioun iwwert déi lescht Joren. Mir gleewen nach ëmmer un déi wichteg grondpolitesch Verantwortung, déi politesch gewielten Instanzen hunn. A wat eis Suerge mécht: Et ass awer, dass déi Multiplikatioun vu sougenannten „autonomen" a virun allem sougenannten „neutralen" Expertestellen - ob dat Comitéë sinn, ob dat Observatoirë sinn, ob dat Bordë sinn, wéi mer se och ëmmer nennen -, déi, ouni dass se eng Decisiounsgewalt hunn, awer duerch hir Avisen d'Politik an eng gewësse Richtung beaflossen.

Mir sinn der Meenung, dass dat eng geféierlech Entwécklung ass, déi Multiplikatioun vun deene sougenannten Expertegremien, déi kenger demokratescher Kontroll ënnerleien, déi net gewielt si ginn, déi genannt si ginn an déi awer e ganz staarke politeschen Afloss kënnen hunn. Mir sinn der Meenung, dass een d'Urresponsabilitéite vun den nationale Regierungen, vun den europäeschen Institutiounen a vun de gewielte Parlamenter soll respektéieren. Duerfir warne mer eigentlech, dass déi doten Entwécklung esou weidergeet, wéi dat déi lescht Joren an engem verstäerkte Mooss geschitt ass.

Dat gesot, ass et fir eis selbstverständlech, dass mer déi Resolutioun, déi vum Marc Angel hei presentéiert ginn ass, wäerte stëmmen, well mer wëssen, dass Europapolitik scho laang Nationalpolitik ass, an déi sougenannten Nationalpolitik sech och nëmme kann entwéckelen an engem europäesche Kader.

Merci fir Är Attentioun. A Rendez-vous bei enger nächster Debatt ëm déiselwecht Froen. Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Alex Bodry. Als nächste Riedner hunn ech den Här Eugène Berger ageschriwwen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll och direkt ufänken an dem Rapporteur, dem Marc Angel, Merci soe fir dee ganz etoffëierte Rapport. Ech mengen, et reflektéiert och déi vill Aarbecht, déi an der aussepolitescher Kommissioun gemaach ginn ass. An ech mengen, et ass och sécherlech ganz sënnvoll gewiescht, datt mer déi Diskussioune gefouert hunn, datt mer esou e Rapport gemaach hunn. Sécherlech ass et awer net en Ennpunkt, mä, ech mengen, et ass och elo grad virdru gesot ginn, eng Etapp, eng Zwëschenetapp. A mir wäerte sécherlech och hei an dësem Plenum nach an deenen nächste Méint a Jore méi wéi eng Kéier méi spezifesch iwwert déi eng oder aner Problematike schwätzen.

Madamm Presidentin, ee vun de Virspriecher, ech mengen, et war de Claude Wiseler, hat ugefaangen a vun engem Politiker geschwat, deen eigentlech ni iwwert d'EU, iwwer Europa gemeckert huet. Ech mengen, vill Politiker maachen dat net, och hei am Sall. Ech selwer och net. Ech mengen och, ech kann do fir d'Kolleege vu menger Fraktioun schwätzen. Dat ass esou bei de Politiker, mä de Rapport, dee mécht awer e Constat. Dee weist, datt et an der Realitéit bei de Bierger dobaussen aneschters ass, datt ganz vill Bierger an der Communautéit awer, ech soen emol, e gewëssent Mësstrauen, fir net méi wäit ze goen, vis-à-vis vun der Europäescher Unioun verspieren.

Dat ass an deenen enge Länner vläicht méi wéi an anere Länner, mä dat ass awer trotzdeem eng Tatsaach, déi mer mussen och als Politiker zur Kenntnis huelen. An dat Mësstrauen, dat berout och net onbedéngt op där institutioneller Konstruktioun u sech vun der Europäescher Unioun, mä huet och, mengen ech, éischter domadder ze dinn, wat fir ee Bild mer all Dag vun Europa vermëttelen, wat fir ee Bild mer och am Fonctionnéiere vun Europa vermëttelen a wat d'Leit vläicht dann awer aneschters gesinn, wéi mir dat vläicht hei gesinn.

Ech mengen, fir vill Bierger ass d'Europäesch Unioun eppes Komplexes, am beschte Fall ontransparent. Et gëtt oft vun „Dunkelkammer" geschwat. Virun allem ass Europa fir vill Leit wäit ewech vun de Suerge vun de Leit, déi se am Alldag hunn, och wäit ewech vun den Interessen, déi d'Leit hunn, wou et bei de Leit am Schong dréckt. An natierlech, wann een och eng Rei Dossiere kuckt, déi mer an deene leschte Méint, géif ech soen, och hunn, déi Krisen, déi mer an der Europäescher Unioun duerchginn, droen och net derzou bäi, datt d'Leit méi Vertrauen an d'Europäesch Unioun kréien.

Ech mengen, dat sinn also do Froen. A mir musse kucken als Politiker, adequat Äntwerten ze fannen, fir och Europa nees op déi richteg Schinnen ze kréien. Mir musse virun allem, mengen ech, erëm d'Bierger zréckgewannen, wa mer deen Defi wëlle gewannen.

An déi Äntwerte sinn eigentlech och net onbedéngt politescher oder eben institutioneller Natur, oder se sinn éischter politescher Natur. Ech mengen, wann ee vu Mësstraue vun den EU-Bierger schwätzt, da gëtt et e puer Äntwerten, fir deem entgéintzewierken. Ech mengen, eng ganz wichteg Saach, vläicht dat Wichtegst, ass do, datt een emol op Transparenz spillt.

Wa mer iwwert déi Froen diskutéieren, wéi d'EU soll an Zukunft gestréckt sinn, dierf een dat wierklech net hanner zouenen Diere maachen. Et muss een d'Leit do mat implizéieren. Et muss een d'Bierger informéieren. Et muss een natierlech och, well mir si jo all Volleksvertrieder, dat heescht, mir vertrieden all déi Bierger, déi national Politiker, déi national Politik mat abannen.

En zweete Punkt ass natierlech, datt ee sech och muss op déi Froe konzentréieren, déi d'Bierger erreeche respektiv déi sech och wierklech ëm d'Suerge vun de Bierger dréien. Ech mengen, dat ass dat, wat besonnesch e ganz wichtege Punkt ass.

An ech mengen, mir mussen awer och de Leit dann erëm weisen, wat jo awer alles Positives vun der EU ausgaangen ass fir all d'Bierger hei an Europa. Ech mengen, eent, dat ass vläicht dat Wichtegst, wat och vill Leit ëmmer erëm vergiessen, datt mer eigentlech elo schonn iwwer 70 Joer Fridden op eisem Kontinent hunn. Ouni Europa wier dat jo net méiglech gewiescht. Et ass ganz oft, datt d'Leit dat awer vergiessen. Dat ass awer och haut nach eng vun de wichtege Missioune vun där Schicksalsgemeinschaft.

Mä et si vill aner praktesch Saachen, déi d'Leit oft vergiessen am Alldag, déi een hinnen ëmmer erëm muss rappeléieren, wat Europa awer engem Eenzelne bréngt: fräi Zirkulatioun; iwwerall an Europa studéiere kënnen; eng gemeinsam Wärung, net mussen, wa mer op Tréier akafe fueren, erëm D-Mark wiesselen, oder op Diddenuewen do dann de franséische Frang; eng Rei sozial Standarden, déi mer awer zesummen erreecht hunn. Sécherlech wënsche sech da Verschiddener, datt ee géif méi wäit goen.

Ech denken un all déi Acquisen, déi een awer huet, zum Beispill am Emweltberäich. Ech mengen, wann ee géif kucken, déi verschidde Politicken, géif ech soen, datt vläicht, ech denken do och, well ech alt fréier als Statssekretär méi domadder ze dinn hat an et dann och méi realiséiert hunn, datt et awer eigentlech eng Success Story vun der Europäescher Unioun ass, datt do ganz vill Ëmweltpoliticke vu Bréissel ausgaange sinn an et herno dann och an deenen eenzelne Memberstaten ëmgesat ginn ass.

Ech mengen, dat sinn alles besteeënd Avantagen, déi et och am besteeënden Traité elo scho ginn a wou och elo nach Spillraum ass mat deem besteeënden Traité. Wat wëll ech soen? Datt mer also net onbedéngt mussen elo nei Diskussiounen ufänken, ob mer de Lissabonner Traité mussen iwwerschaffen, aner Traitéë mussen iwwerschaffen. Et ass jo och eng aner Gefor derbäi. Wa mer den Traité elo géifen opmaachen, bréngt dat jo eng aner Gefor, an zwar datt dann op eemol alles och a Fro géif gestallt ginn, wat awer an deem Traité steet. Da weess een zwar, wou een ufänkt, mä et weess een net, wou een herno da géif derbäi erauskommen.

Ech mengen, en anere Punkt, dee wichteg ass, fir d'Vertraue vun de Bierger zréckzegewannen, ass deen, wéi d'Europäesch Unioun als Gemeinschaft a wichtegen Dossieren, a wichtege Froen zesummen agéiert. A wat een och einfach muss feststellen, ech mengen, a méi wéi engem Dossier ass d'Demarche éischter déi, datt reagéiert gëtt, am beschte Fall. Ganz oft gëtt dat dann och nach op Krise gemaach, dat heescht, datt een et iwwerhaapt zu Krise komme léisst (veuillez lire: Ganz oft gëtt dann och eréischt op Krise reagéiert, dat heescht, datt een et iwwerhaapt zu Krise komme léisst, ier een eppes mécht).

Ech mengen, wat wichteg ass, dat ass, datt d'Europäesch Unioun erëm muss méi virausgesinn, méi anticipéieren. Si muss agéieren, amplaz ze reagéieren. Well an der Lescht hat een an enger Rei Dossieren, wichtegen Dossieren dann awer méi wéi eng Kéier d'Impressioun, datt dat do, ech géif scho bal soen, an eng gewëssen Navigation à vue ausgeaart ass. An och dat ass eppes, wat kee Vertraue bei de Bierger dobausse vermëttelt.

Ech wéilt hei ee Beispill nennen, ech kéint der vill zitéieren, mä ënner anerem dat, wat dat vläicht am beschten illustréiert, dat ass am Dossier vun der Flüchtlingskris, wou sech dat bemierkbar gemaach huet, wou dann och an honnert verschidde Richtunge gezu ginn ass. An dat ass eppes, wat net gutt ass. Datt een also do och muss kucken, datt d'Europäesch Unioun an där Richtung als Schicksalsgemeinschaft och erëm méi staark zesummen handelt. An dat ass jo och genau dat, wat se ëmmer staark gemaach huet, wann een zesummen un engem Strang gezunn huet. Wann dat stëmmt, ech mengen, da kann een och zesummen am Interessi vun den eenzelne Bierger schaffen.

Bon, d'Fro, déi natierlech och ëmmer nees opkënnt, dat ass déi, ob déi sozial Aspekter, déi sozial Froen an Europa vernoléissegt goufen. Dee Virworf gëtt och am Rapport vun de fënnef Presidente méi oder manner, ech soen emol, thematiséiert. Ech mengen och, wann een e Bilan géif zéien, muss ee feststellen, datt awer sécherlech och am soziale Beräich eng ganz Rei Fortschrëtter komm sinn. Ech wäert vläicht spéider nach eng Kéier, Madamm Presidentin, dorobber zréckkommen.

A wat jo och eigentlech eppes ass, wat eigentlech e Liichtbléck elo ass, fir datt d'Europäesch Unioun erëm méi zesummesteet, zesummeréckelt, dat ass eigentlech dat, wat sech elo grad aus enger Kris ergëtt, oder d'Resultat vun enger Kris. Ech mengen, de Brexit ass eng vun deene grousse Krisen, déi d'Europäesch Unioun kennt. En huet awer bewierkt, datt mer elo, wéinstens de Moment - kommt, mir paken Holz un, datt dat dann och esou bleift! -, geschlossen an deem Dossier do weider agéieren. Ech hat dat och schonn d'lescht Joer (veuillez lire: Woch) gesot, datt dat eigentlech, wann een et esou wëllt huelen, awer e klenge positiven Aspekt ass fir déi aner Memberlänner, datt mer do dann erëm méi zesummestinn, ferm zesummestinn. A wéi gesot, ech hoffen, datt dat dann och bis zum Schluss wäert halen.

Ech mengen, et ass jo och esou, wann een d'Geschicht vum europäesche Kontinent opschléit, da gesäit ee jo och, datt mer ëmmer nëmme Fortschrëtter gemaach hunn, wa mer zesummegehalen hunn. An dat gëllt besonnesch, ech mengen, dat gëllt och op anere Plazen, och op anere Kontinenter an der Geschicht, mä besonnesch gëllt dat fir d'Europäesch Gemeinschaft.

Mä ech hat elo vum Brexit geschwat an ech mengen, dat ass jo och esou, datt de Brexit fir eng Tendenz steet, déi mer an enger ganzer Rei vun europäesche Memberlänner awer och beobachte kënnen, datt och op nationalem Niveau - ech hu jo virdru vun de Bierger geschwat - vill Politiker, ech mengen, awer zu Europa stinn, mä datt awer och, dat muss een och soen, manner hei zu Lëtzebuerg, mä awer a villen oder verschiddene Länner d'Legitimitéit vun der Europäescher Unioun a Fro gestallt gëtt, datt also och do de Repli op den nationale Stat ëmmer erëm festzestellen ass.

Dat artikuléiert sech jo dann och besonnesch iwwer nationalistesch oder extremistesch Parteien, sief dat a Frankräich, Holland, anere Länner, och a verschiddene fréieren Ostblocklänner. An ech mengen, eng Konsequenz vun esou engem Denken, esou engem Striewen erëm méi op den nationale Stat, dat ass jo dann am Endeffekt de Brexit elo. An dobäi gesäit ee jo awer dann am Endeffekt, an dat misst eng Lektioun si fir alleguerten déi, déi och mam Gedanke spillen, erëm aus der EU erauszeklammen, datt dat net d'Solutioun ass.

D'Erausklammen aus der EU, dat stellen elo d'Leit a Groussbritannien fest, dat léist keng Problemer, au contraire, et bréngt der op alle Fall. A Groussbritannien hate mer Campagnen, ech géif soen, nenne mer et emol esou, déi op Onwourechten opgebaut waren: Do hunn dann déi, déi fir de Leave waren, déi hu prophezeit, datt alles géif besser ginn ouni d'EU. D'Realitéit ass awer déi, datt elo fir Groussbritannien alles vill méi komplizéiert ass. An et war jo esou, dat ass och oft zitéiert ginn, datt d'Leit méindes dann emol op Google gekuckt hunn, wat dann Europa alles fir Groussbritannien bedeit huet. An du sinn der ganz vill awer op eemol erféiert respektiv haten en zimlech ferme Kueder, wéi se erwächt sinn.

Ech mengen och besonnesch fir eis als klengt Land, wat ëmmer op seng grouss Nopere gekuckt huet a sech jo awer och ni verstoppt huet - et ass virdru gesot ginn, wat vläicht net d'Lokomotiv, awer den zweete Waggon ass -, ass et kloer, datt mir d'Europäesch Unioun brauchen. An och ouni d'EU geet et scho guer net an enger globaliséierter Welt, wéi mer der haut eng hunn. D'Fro ass also fir eis, mengen ech, hei zu Lëtzebuerg net, ob mer eng EU, mä d'Fro ass einfach déi, wéi eng EU mer brauchen. D'Fro ass awer och: Wivill Europa a wéi enge Beräicher?

An dat bréngt mech dann zu deene fënnef Zeenarie vum Livre blanc vun der Kommissioun iwwert d'Zukunft vun der EU. Och nëmme ganz kuerz de Rappell hei.

Den éischten Zeenario, dat ass jo „Carrying on", also den „Weider wéi bis elo", wéi ee géif soen. Ech mengen, do stelle mer jo awer fest, datt dat eng Rei Froen opwerft.

Deen zweeten Zeenario: „Nothing but a single market", also nëmmen de Marché unique. Ech mengen awer kënnen ze soen, datt d'EU méi ass wéi just de Marché unique.

Dann den drëtten Zeenario: „Those who want more do more." Also déi Länner, déi wëlle méi maachen, verdéiwen hir Kooperatioun an enger Rei Beräicher. Ech mengen, dat ass dat, wou och virdru schonn déi eng oder aner méi geschwat hunn: Géométrie variable, Kerneuropa, mä sécherlech kéint een do och soen, datt et e Risiko ass vun engem Europa mat e puer Vitessen.

Dann dee véierten Zeenario: „Doing less more efficiently." Manner zesummeschaffen, mä duerfir méi effektiv. Ech mengen, dat ass och eppes, wou een eng Rei awer interessant Aspekter ka maachen, Zesummenaarbecht grad an deenen Domänen, wou d'EU Resultater bréngt. An da misst een natierlech och do den EU-Budget op déi nei Prioritéiten zouschneiden. Do géif awer dann natierlech och den Decision-making méi einfach ze verstoe sinn.

Ben, an dann de fënneften Zeenario: „Doing much more together", also nach vill méi zesummeschaffen, nach méi eng Verdéiwung vun der EU. Ech mengen, och do huet een de Moment Schwieregkeeten, fir dat och de Leit dobaussen, de Bierger dobausse kënnen ze vermëttelen.

Also ech mengen, um Enn, Dir hutt et vläicht eraushéieren, (veuillez lire: ass et den Zeenario) dräi an och Elementer vum véier, déi do interessant sinn, déi och realistesch sinn. Ech huelen un, um Enn wäert wuel keng komplett puristesch Variant erauskommen, mä éischter dann eng Mëschung vu verschiddenen Zeenarien. Also éischter dann den dräi a véier.

Madamm Presidentin, ech wäert dann och nach op verschidden, méi präzis Punkte vum Rapport agoen. Ech sinn elo net den Detailspriecher vu menger Fraktioun.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Kënnt deen nach? Kënnt deen nach?

M. Eugène Berger *(DP).*- Dat net, ech versichen also, dat mat ofzedecken, ech versichen, Allrounder ze sinn. Ben, ech mengen, déi Froen zu der Eurozon, ech wëll do och elo keng grouss weltbewegend Aussoe maachen. Ech wëll wierklech méi, well do si jo awer eng Rei

konkret Pisten oder Froen, déi am Rapport sinn, déi kuerz illustréieren.

Ech mengen éischtens, d'Wirtschaftsunioun ass kloer kee Selbstzweck. Mä eng zolidd Wirtschaftsunioun, dat muss een awer soen, ass en zolidd Réckgrat vun engem staarken Europa, besonnesch vis-à-vis vun der Welt dobaussen. Natierlech och fir eng Stabilitéit bannen. Mä dat ass awer och esou, wa mer wëllen e seriöe Partner, Handelspartner an egal wéi ee politesche Partner an der Welt sinn, da muss een haut do natierlech och eng staark Ekonomie am Réck hunn, soss geet et net.

An hei, fir vläicht op méi e präzise Punkt anzegoen, d'Kommissioun, déi proposéiert jo, e bëssen en neie System anzeféieren, deen hëllefe soll, dann och d'Performance an d'Reformen ze evaluéieren an deenen eenzelne Länner, dat heescht ënnert dem Term vun der Rationaliséierung vum Europäesche Semester. Ech denken, esou nei Institutioune kënnen interessant sinn. Mir sollten awer och net eise spezifesche Kontext vergiessen. Och mat all deene Modeller - ech ginn net op se all an - oder all deenen Iddien, dat sinn Euro-Minister an Eurozon-Minister an esou weider, mengen ech, mir sollten awer ëmmer kucken, ier een erëm nei Institutiounen, nei Gremie schaaft, wat awer schonn de Moment existéiert a gutt fonctionnéiert. Souwuel um europäesche Plang respektiv besonnesch hei zum Beispill an deene Wirtschafts- a finanzielle Budgetsfroen hu mer awer och eng Rei Gremien um nationale Plang, déi awer gutt fonctionnéieren.

Ech mengen, hei zu Lëtzebuerg hu mer en Observatoire de la compétitivité, mir hunn de Statec, dee regelméisseg Statistiken erausgëtt, mir hunn aner Akteuren, déi Analysen a Recommandatioune maachen. Fir de Budget am A ze behalen, hu mer de CNFP gestëmmt, deen eng extern Evaluatioun vun eise Statsfinanze mécht an esou weider.

Also einfach nëmme fir ze soen, datt mer eng Rei Gremien hunn, déi déi wirtschaftlech a budgetär Situatioune bewäerten, iwwerpréiwen, kucken, ob mer do op der richteger Schinn sinn, an eis Recommandatioune ginn. A wann een elo erëm nei Gremie schaaft, riskéiert een awer, do vläicht net méi den Duerchbléck ze hunn, respektiv herno kéint een och op eemol an d'Situatioun kommen, datt sech do déi eng an déi aner Gremie vläicht dann d'Lufthoheit, fir et emol esou ze soen, géife streideg maachen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An och wann een déi aktuell Prozedure vum Europäesche Semester kuckt, esou erschénge mer déi awer relativ sënnvoll, wéi mer se de Moment hunn, déi fonctionnéieren och ganz gutt an effikass. Et wär als Rappell: Hei zu Lëtzebuerg ass et jo esou, datt d'Regierung der Kommissioun hir budgetär a wirtschaftlech Richtlinnen oder Ausriichtungen eragëtt, de PSC an de PNR. Dat maache mer dann am Fréijoer, an da mécht jo d'Kommissioun hir Recommandatiounen.

An hei muss ee jo och ervirsträichen, datt mer do an de leschte Joren och ganz vill Efforte gemaach hunn, fir d'Chamber hei, eist Gremium hei, eist héicht Haus an déi Prozedur nach méi mat anzebannen, wat mer an deene leschte Jore ganz gutt gemaach hunn a wou praktesch jo och an dem leschte Joer elo, deene leschten zwee Joer den État de la nation och en Element vun där ganzer Prozedur e bësse war. Ech mengen also, dëse System huet sech bewäert an der EU, mä och hei zu Lëtzebuerg. An et kann een also och op deem Wee da weiderfueren, ouni elo musse vill nei Systemer anzeféieren.

Ech erënneren och un d'Regel vum OMT bei de Statsfinanzen, eng Richtlinn, wéi d'Länner hir ëffentlech Finanze geréiere sollen oder mussen. Et ass jo esou, datt een dat Zil normalerweis muss erreechen. Net all Land ass wéi mir hei zu Lëtzebuerg e Musterschüler. A wann dann d'Finanzen net méi dem OMT entspriechen, wann d'Finanzen aus dem Rudder lafen, da ka jo och d'Unioun, d'Kommissioun Mesuren imposéieren. Mir hunn dat gesi bei Griichenland, datt dat do ka gemaach ginn. Mä ech mengen awer och, als Interessegemeinschaft mécht dat awer och Sënn, datt dann, ech soen emol Bréissel, Europa sech do mat amëscht, well d'EU ass nëmmen esou staark eigentlech wéi hire schwächste Member. An all Land huet doduerjer och d'Responsabilitéit, seng ëffentlech Finanzen am Gréff ze hunn, fir datt mer dann all zesummen eng staark Gemeinschaft sinn.

D'Finanzunioun: Ech mengen, den 21. Oktober 2015 gouf eng Serie vu Mesurë festgehalen, fir déi wirtschaftlech a monetär Unioun weider ze stäerken an d'Bankenunioun Stéck fir Stéck dann och nach méi komplett ze maachen. Lëtzebuerg huet dat vun Ufank u matgedroen. An ech wëll an deem Kontext och nëmmen drop hiweisen, datt mer op dëser Plaz an deene leschte Méint, Joren eng Rei Gesetzer gestëmmt hunn, déi och genau an déi Richtung gaange sinn, sief dat elo iwwert den europäesche Resolutiounsmechanismus oder iwwert déi nei an d'Liewe geruffe Bank Recovery and Resolution Directive, kuerz BRRD.

D'Bankenunioun, muss ee soen, funktionéiert och iwwert d'Surveillance vun den net systemesche Banken an Zesummenaarbecht mat den nationalen Zentralbanken an esou weider. Et ginn hei och Punkten, iwwert déi een nach diskutéiere kann. Ech mengen, mir wëssen, datt deen Dossier och net ofgeschloss ass: zum Beispill, ob déi 50 Milliarden aus dem Resolutiounsfong genuch sinn. Da kënnt d'Fro natierlech vun der Responsabilitéit vun de Memberstaten och ganz schnell op. Awéiwäit soll een de Risiko, deem d'Banken ausgesat sinn, net emol um nationalen Niveau minimiséieren, ier een da vun enger europäescher Resolutioun schwätzt? An esou weider.

Ech mengen, dat ass e Sujet, wou ee ganz schnell och an techneschen Detailer oder a Spezialistendetailer wäert sinn. Ech mengen einfach, wat ee soll zréckbehalen an där Fro, dat ass, datt mer e System brauchen, datt mer Banken hunn, déi op stabille Féiss sinn, datt mer net erëm an déi Situatioun kommen, wéi mer dat an der relativ rezenter Vergaangenheet hate mat wirtschaftleche Repercussiounen an der ganzer EU a virun allem och am Endeffekt Repercussiounen op all eenzelne Bierger an Europa.

E Wuert, wierklech e kuerzt Wuert zur Fiskalitéit an der Unioun. Hei ass jo BEPS dat grousst Stéchwuert. Ech ginn elo och do net op all d'Detailer an. Einfach nach eng Kéier fir ze rappeléieren: Lëtzebuerg ënnerstëtzt all d'Initiativen an deem Beräich, schafft extrem konstruktiv mat. A mir sinn hei an deenen Dossiere Fiskalitéit, Harmonisatioun an esou weider, ech mengen, eigentlech wierklech net bei de Bremser. Do géif ech awer carrement soen, datt mer net nëmmen am zweete Waggon sëtzen, mä do sëtze mer och wierklech an der Lokomotiv.

Wat awer bei all deenen Dossiere wichteg ass, dat ass, datt et international een „level playing field" gëtt, wéi mer dat esou schéin nennen. Wëllt soen, datt natierlech an Europa fir jiddwereen déiselwecht Regele solle gëllen, mä doriwwer eraus, datt déi Regelen, déi mer eis an Europa ginn an all de Steierfroen, natierlech dann och weltwäit solle gëllen, fir datt een eng fair Konkurrenz huet.

Kuerz och e Wuert, ech kommen net derlaanscht, natierlech zum Juncker-Plang. Wa mer och iwwer Investitiounen an Europa schwätzen, einfach nëmme fir ze soen: Et war sécherlech sënnvoll, e massiven Investitiounsplang an a fir Europa ze lancéieren, besonnesch och an déi europäesch Infrastrukturen ze investéieren. Eng Infrastruktur mengen ech, déi jo och net nëmme fir dës Generatioun gutt ass, mä déi och dann nach fir zukünfteg Generatioune gutt ass.

Ech mengen, wann ee sech d'Zuelematerial do ukuckt, dann ass dat schonn impressionnant: Bis de September 2016 goufen 33,5 Milliarden Euro investéiert, dat souwuel duerch d'EU selwer wéi dann eben och duerch déi europäesch Investmentbank. An hei an deem Investitiounsplang ass jo och eng vun de Ciblen, datt och besonnesch déi kleng Entreprisen ënnerstëtzt goufen, awer och Projeten am Beräich Energie a Recherche. An ech mengen, dat sinn alles Politikfelder, déi och e laangfristegen Notze wäerten hunn.

De Budget vun der EU: Ech mengen, zum Budget vun der EU ginn et verschidde Froen, déi een do kann diskutéieren. Éischtens déi, wéi een d'Suen - ech soen emol salopp - erakritt. Do gëtt et jo dann den europäesche Budget, wou verschidde Sourcë gespeist ginn, zum Beispill duerch Kontributioune vun de Memberlänner, duerch d'TVA, déi d'Länner kréien. Awer dann och déi sougenannten traditionell eege Ressourcen, déi duerch d'Importer an d'EU direkt un d'EU selwer ginn.

Ech mengen, d'Fro ass hei natierlech och do an deem Kontext, fir festzeleeën, wivill Prozent vum Budget iwwert den direkte Wee an déi europäesch Keess fléissen, also onofhängeg vun de Memberstaten. Am Moment gesinn d'Traitéen eng Limitt vun 1,2% vir. Ech mengen awer, wat méi interessant ass, soen ech emol, wéi d'Suen also erakommen - dat ass natierlech och eng wichteg Fro, well ee jo domadder Politik mécht -, ass eben awer och: Wat fir eng Politik mécht ee mat deene Suen? Dat heescht: Wou setzt een d'Prioritéite mat dem Budget?

Ech mengen, wann een elo d'Prioritéite vum EU-Budget fir 2018 kuckt, ouni deen elo bis an de leschten Detail ze zerplécken: Wat hei awer ze begréissen ass, dat ass zum Beispill de Programme Horizon 2020 oder den Erasmus +, déi gestäerkt goufen. Mir begréissen natierlech och, datt weider Ressourcë fir déi europäesch Initiative pour l'emploi des jeunes fräigesat ginn.

Bon, d'Kommissioun huet hir Prioritéite fir 2018 virgestallt. Och d'Parlament huet seng Recommandatiounen dozou ginn. Natierlech mussen och d'Efforten an de Migratiounsfroen an der gemeinsamer europäescher Asylpolitik finanziell verstäerkt ginn. Och aner Mesuren, ech denken un de Klima, un den Handel, mussen natierlech och an deem Budget weidergefouert ginn.

Ech wéilt dann erëm vum Terrain e bësse vun, ech soen emol, all deene Froen, Wirtschafts-, Finanzfroen, Eurozonfroen, op dee Volet vun der politescher Unioun zum Schluss nach eng Kéier zréckgoen. Ech mengen, een Haaptuleies vun der Lëtzebuerger Presidence, dat war jo, fir de Bierger méi mat anzebannen. An ech hat jo och eigentlech domadder ugefaangen, datt et wierklech dat ass, wat immens wichteg ass, datt mer de Fokus op d'Bierger leeën.

Hei sinn natierlech dann net nëmmen d'EU-Institutioune gefuerdert, mä och déi eenzel Memberlänner, déi do och musse kucken, fir d'Bierger méi mat anzebannen an déi ganz Prozesser. A wann ech soen, déi eenzel Memberlänner, da si mir et natierlech och als Volleksvertrieder, déi do mussen eis Verantwortung iwwerhuelen. Dat heescht, datt mer natierlech och als Nationalpolitiker déi verschidden europäesch Dossiere musse kennen a och natierlech d'Méiglechkeet mussen hunn, eis an déi ganz Diskussioun net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä awer och an déi ganz Debatten, ech soen emol, zu Bréissel iergendwéi kënnen anzeklinken, mat anzebréngen, do och eben déi Suerge vun de Bierger kënne mat anzebréngen.

Dat bréngt mech dann op déi Diskussiounen, wéi mer eis eigentlech och kéinten hei an der Chamber nach besser opstellen, fir där Roll gerecht ze ginn. Bon, mir hunn eis wärend dem Opstelle vun deem Rapport natierlech vill mat deene Froe beschäftegt. Déi sinn awer och net nei, déi Froen: Wéi kënne mer eisem nationale Parlament do méi Kompetenze ginn? Hu mer genuch Know-how? Hu mer genuch Personal? An esou weider.

De Rapport huet do verschidde Mesurë proposéiert, déi sech jo och reflektéieren an enger Resolutioun, wéi d'Chamber da ka méi enk an déi europäesch Dossieren agebonne ginn. Ech mengen, eppes, wat wichteg ass ze ënnersträichen, ass, datt mer awer schonn eng ganz Rei Informatioune kréien. Et ass einfach: Wéi kënne mer se verschaffen? Wéi kënne mer se herno utilement an eiser politescher Aarbecht besser benotzen? An der politescher Aarbecht, bei de Projet-de-loien, bei de groussen Diskussiounen, déi ëmmer ustinn. Ganz oft hu mer Dossieren, déi hir Originnen zu Bréissel hunn a wou mer awer net ëmmer à même sinn, fir déi och alleguerten ze suivéieren. Ech mengen, et ass kloer, datt dat natierlech och méi Mataarbechter bedéngt, an datt mer eis eigentlech do och eens sinn, datt mer, wa mer wëllen nach méi intensiv a méi kompetent an deenen europäeschen Dossiere schaffen, dann och gutt mussen zougeschafft kréien an datt mer also do kënnen Efforte maachen.

Dann och nach déi Fro: Wéi verfuere mer, oder wéi ass d'Relatioun mat eiser Regierung, mat de Ministeren, an den europäeschen Dossieren? Ech mengen, wann ee kuckt, net nëmmen déi lescht dräi Joer, och doriwwer eraus, muss een awer éierlechkeetshalber soen, och bei viregte Regierungen, huet dat eigentlech u sech ëmmer ganz gutt fonctionnéiert. Mir sinn do eigentlech ëmmer ganz gutt gefuer, och wann dat net formell an iergendengem Chambersreglement festgeluecht ass. Ech mengen, d'Ministeren haten ëmmer, wéi gesot, och schonn a viregte Regierungen, dee richtegen, ech géif emol soen, „Feeling", fir ze wëssen: Wat fir eng Dossiere si wichteg? Bei wat fir engen Dossieren ass et wichteg, och wann dat net formell festgehale gëtt wéi an anere Länner, wou eigentlech do eng aner Prozedur ass, wéi Dänemark, mä och Litauen, wou ech rezent mam Chamberspresident en Austausch hat, wou eigentlech do ëmmer muss en Accord vun der Chamber...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Lettland.

M. Eugène Berger *(DP).*- Lettland, entschëllegt, Här President, jo, Lettland, wou den Accord - et gëtt och nach aner Memberstaten, wou dat ass - do muss ageholl ginn. Ech mengen, mir hunn e System, deen awer op géigesäitege Respekt a Verständnis stéisst, an dat eigentlech och an ëmmer an der Vergaangenheet. Ech denken elo nëmmen un d'Kommissioun, wou ech President sinn, an der COFIBU, datt do ëmmer de Finanzminister, ier e fir wichteg Diskussiounen op Bréissel geet, den Avis vun der Kommissioun freet, well hie jo dann och weess, datt en da gestäerkt zu Bréissel ass. Wann e weess, en huet déi ganz Chamber, oder wéinstens déi ganz COFIBU am Réck, da weess en, datt en do natierlech och ka mat méi - wéi soll ech soen? - Selbstsécherheet, net Selbstsécherheet, mä awer mat méi Poids do kann Dossiere verdeedegen.

E lescht Wuert awer, wat ech nach wollt soen, dat ass d'Sozialunioun, dat wollt ech trotzdeem net vergiessen, och do nach vläicht schnell e lescht Wuert. Ech mengen, den Triple-A social, dat war och eng Prioritéit vun der Lëtzebuerger Presidence, a mir sinn eis also och bewosst, datt dat e wichtegen Dossier ass. Déi sozial Froe si wichteg. An och hei muss d'Europäesch Unioun an dësem Dossier weiderhi Responsabilitéit, vläicht nach méi Responsabilitéit iwwerhuelen. Dobäi soll een awer och net vergiessen, dat ass grad wéi hei zu Lëtzebuerg: Wann ee wëllt eng effizient Sozialpolitik maachen, muss een natierlech, wéi een dat ëmmer esou schéi seet, virdrun de Kuch baken, fir deen dann och kënnen ze verdeelen. Dat heescht also och, datt, wa mer wëllen eng staark Sozialpolitik an Europa maachen, da brauche mer awer och eng staark Wirtschaftspolitik, déi kee Selbstzweck ass, mä déi och am Endeffekt der Sozialpolitik soll hëllefen.

Ech mengen, d'Fro, déi vill beschäftegt, dat ass: Eng Konvergenz vun deene verschiddene soziale Systemer, déi mer an Europa awer nun emol hunn, ass déi méiglech? Mir hu ganz vill verschidde Systemer, déi och ëmmer historesch gewuess sinn an deenen eenzelne Memberlänner. Mir hunn e ganz staarken, performanten, grousszügege Sozialsystem. An deenen anere 27 Länner ass dat net ëmmer esou de Fall. An ech mengen, dat ass eppes, wat juristesch, dat muss een einfach wëssen, och wann ee ganz vill gudde Wëllen a politesch Ofsiichten huet, immens komplex ass. Mä nach soll et awer eist Zil sinn, datt mer all den EU-Bierger an der Europäescher Unioun sollen e Sozialsystem ubidden, deen dann och dësen Numm verdéngt.

Ech mengen, Här President, ech géif bei deene verschiddene Sujeten a Remarquen dozou bleiwen. Ech mengen, et ass haut schwéier, eng Konklusioun ze zéien, et ass en Debat, deen awer op alle Fall ganz sënnvoll ass. Ech hoffen, datt deen Debat och vläicht e bësse bei de Bierger ukënnt, wa mer wëllen deenen dat méi vermëttelen. Ech mengen, et sinn eng Rei Pisten, déi hei opgezeechent gi sinn. Déi eng oder déi aner, also och d'Fraktiounen, hu jo och Stellung bezunn zu de verschiddenen Zeenarien, wéi se déi eng oder aner Fro an deem ganzen Dossier Eurozon gesinn. Dat ass sécherlech sënnvoll, och fir ze wëssen, a wat fir eng Richtung eis Regierung ka weidergoen.

Ech mengen, 2018 wäert sécherlech och e Schlësseljoer gi fir d'Europäesch Unioun, mat den Decisioune vun deenen Zeenarien, mat Brexit a mat aneren Dossieren. Ech mengen, eppes ass awer fir eis kloer, dat ass: Egal wéi, d'Zukunft vu Lëtzebuerg läit an Europa. A mir sinn awer och iwwerzeegt, datt Europa nach kann eng grouss Zukunft viru sech hunn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Berger. An nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir huelen eis de Mëtteg gutt Zäit, fir iwwert d'Zukunft vun der Europäescher Unioun a vun der Eurozon ze schwätzen, esou gutt Zäit, datt mer schonn e bëssen an den Owend erakommen. Dat ass den duebele Meritt engersäits vun de Kolleege vun déi Lénk an anerersäits dem President vun der aussepolitescher Kommissioun, dem Marc Angel vun der LSAP.

Déi Kolleege vun déi Lénk hate schonn den 9. September 2015 e Bréif geschriwwen, wou se eng Interpellatioun ugefrot haten. An dat ass dunn an der aussepolitescher Kommissioun an en Débat d'orientation transforméiert ginn. An d'Aarbechte fir dee Rapport, dee mer dann haut als Basis fir eis Debatt hunn, hu sech iwwer bal annerhalleft Joer gezunn.

Mir hunn et hei mat enger Fläissaarbecht vum honorabele Kolleeg Angel ze dinn, an duerfir him e grousse Merci.

Mir hunn de Rapport matgestëmmt, mir ënnerstëtzen déi Aussoen, déi am Rapport stinn. A well de Rapporteur jo schonn a sengen ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapporten de Werdegang vum Rapport erkläert huet an och op déi verschidden Entrevuen, déi mer haten, agaangen ass, ginn ech direkt iwwer zum fënneften Deel, dem Deel vun de Konklusiounen a Recommandatiounen.

«L'Europe n'occupe pas l'avant-scène du débat national, sauf en cas de crise majeure», steet

direkt am Ufank vun de Konklusiounen. Dee Saz war an der Vergaangenheet richteg, wou mer net esou oft iwwer Europa geschwat hunn, a well mer et haut mat engem Europa vun de Polykrisen ze dinn hunn, ass déi Ausso och haut nach ëmmer richteg. Eng Tatsaach ass, datt mer ganz oft an der Chamber an eisem Débat national Referenzen zu Europa, zur EU maachen.

Un éischter Stell denken ech do un déi vill Gesetzer, wou mer EU-Direktiven ëmsetzen, un zweeter Stell un déi vill Debatten, déi mer am Beräich vun der Aussepolitik hei féieren. Mir haten d'lescht Woch eng Brexit-Debatt hei an der Chamber, een Dossier, dee ganz kloer souwuel europäesch ass wéi och national. A senger aussepolitescher Ried vum 21. Mäerz 2017 hat eisen Ausseminister, de Jean Asselborn, ronn 35-mol d'Europäesch Unioun ernimmt, 76-mol sot hien europäesch a 55-mol Europa.

A senger Ried hat den Här Asselborn och déi fënnef Zeenarie vum Jean-Claude Juncker sengem Wäissbuch ugeschwat, an déi si jo och vun all Riedner hei erwäänt ginn. Mir haten och d'Madamm Yuriko Backes an der Kommissiouun, déi hat eis och déi fënnef Zeenarien nach eng Kéier duergeluecht. A genee wéi eise Minister si mir der Meenung, datt den Zeenario 1 „Weider wéi bis elo" kaum dee richtege Wee ass. Ech mengen, mir kréie vun de Leit dobaussen, vun de Wieler gesot, datt mer eis musse Gedanke maachen, datt d'EU muss anescht funktionéieren.

Och den Zeenario 2, datt Europa op e gemeinsame Bannemaart misst reduzéiert ginn, ass fir eis keng Optioun, well dat géif heeschen, d'EU géif sech nach méi op eng Stäerkung vun de Finanz- a Kapitalmäert verstäipen an déi sozial Acquise géifen nach manner wichteggeholl ginn.

Den Zeenario 3, een Europa mat verschiddene Vitessen, schéngt dem Minister an eis méiglech ze sinn, dat ass awer net eise Wonschzeenario.

Den Zeenario 4, een Europa, dat manner mécht, mä dat, wat et mécht, besser mécht, ass fir de Minister ee realisteschen Zeenario, fir eis awer éischter net, aus deem einfache Grond, datt mer net wëssen, wat Europa dann elo manner soll maachen. An duerfir war ech och frou iwwert dat Beispill vum Claude Wiseler, deen um Beispill vun de Faarwe gewisen huet, datt Direktiven, déi engem vläicht komesch virkommen, wann ee se hannerfreet, da stellt ee fest, datt et einfach ass, mat populisteschen Aussoen Direktive lächerlech ze maachen. Mä ech mengen, datt et net fair ass vis-à-vis vun der Europäescher Unioun, wann een net op de Fong geet a wann ee liichtfankeg esou Uerteeler stellt.

Mir hu jo hei zu Lëtzebuerg oft Besuch vun EU-Kommissaren a vun EU-Politiker, niewent deene sechs Europadeputéierten. Mir haten nach virun e puer Deeg den Här Carlos Moedas hei, de Kommissär fir Recherche, Innovatioun a Science, dee gesot huet, déi Beräicher, déi hien ebe vertrëtt, Recherche, Innovatioun a Science, bräichte méi budgetär Moyenen. Den Här Tajani, de President vum EU-Parlament, dee viru 14 Deeg hei war, hat zu Recht gesot, d'Europäesch Unioun misst méi maache bei deene wichtegen Dossiere Sécherheet, Immigratioun, Jugendchômage, Klimawandel. Hien huet do recht. An den Här Moedas an den Här Tajani soen, an ech huelen un, den Här Oettinger kënnt iwwermuer, dee wäert eis dat och soen, wou mer iwwerall méi musse maachen, fir d'europäesch Politik virunzedreiwen. Et ass ebe just d'Fro: Wou huele mer déi Moyenen hier?

Ech hat den Här Tajani op en Artikel am Magazin „Politico" ugeschwat, wou stoung, hien hätt gesot, et misst ee Sue bei der aktueller gemeinsamer Agrarpolitik spueren, déi jo aktuell 40% vum EU-Budget ausmécht.

(Interruption)

Bal 40%. Den Här Tajani huet geäntwert, hien hätt nach ni esou eppes gesot, hien hätt och nach ni iwwer PAC, also Politique agricole commune geschwat. Ech gleewen him dat natierlech, mä seng Äntwert war awer net zefriddestellend. Et ass einfach ze soen, mir bräichte méi Sue fir deen een oder deen anere ganz wichtege Beräich, mä nëmmen déi allerwéinegst soen, wou déi Suen do sollen hierkommen.

Mir wëssen alleguer, datt mam Brexit deemnächst den zweetgréissten Netto-Abezueler an d'EU wäert ewechfalen. Mir wëssen och, wéi schwéier et dierft gi fir déi aner Länner, dësen Ausfall opzefänken.

Eng Schlësselroll fir déi Weiderentwécklung vun der EU dierften awer grad just och d'Finanze vun der EU hunn. Och wann dat vu verschiddene Politiker anescht duergestallt gëtt, de Budget vun der EU ass zimlech bescheiden: 2015 waren dat 154 Milliarden Euro. Dat ass net vill fir 28 Memberlänner. Däitschland eleng huet e Budget vu ronn 300 Milliarden!

déi gréng sinn der Meenung, datt de Brexit net däerf zu enger Reduzéierung vum EU-Budget féieren. D'EU brauch an Zukunft och méi eege finanziell Ressourcen, fir méi a besser an d'Zukunft vun den europäesche Länner kënnen ze investéieren.

Mir si mat der Ausso vum Rapport d'accord, dee seet, datt mer elo keng Diskussioun iwwer Ännerunge vun de Verträg brauchen. Mir brauchen och keng institutionell Debatt. Mir brauche Politiker, déi sech erëm bewosst ginn an dat och kloer an däitlech soen, datt mer d'EU net geschaaft hunn, fir lénks a riets Subsiden ze verdeelen, mä fir eng gemeinsam Politik ze maachen, fir gemeinsam Ziler ze erreechen, déi mer als eenzel Staten net kënnen erreechen. Grouss gemeinsam Ziler sinn eise Bannemaart, den internationalen Handel, Klimapolitik, Biodiversitéit garantéieren, de Wuelstand an d'Sécherheet garantéieren.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- De Paul-Henri Spaak huet schonn an de 50er Jore sënngeméiss gesot: „Et gëtt zwou Zorte Länner an Europa: déi kleng Länner, déi sech däers bewosst sinn, an déi kleng Länner, déi sech däers nach net bewosst sinn."

Vis-à-vis vun den Erausfuerderunge vun der Globaliséierung ass och ee Land wéi Groussbritannien ee klengt Land. An enger globaliséierter Welt musse mir Europäer méi no beieneréckelen a besser zesummeschaffen. Wa mer d'Vertraue vun de Bierger erëm wëllen zréckgewanne fir d'EU, a mir mengen, datt dat deen eenzege Wee ass, dee mer kënne goen, da muss d'EU erëm ee Projet ginn, deen d'Leit virun den negativen Auswierkunge vun der Globaliséierung schützt.

Fir déi gréng ass d'Optioun 5 vum Wäissbuch déi Optioun, déi fir méi e gemeinsamt Handelen a fir méi Zesummenaarbecht an alle Beräicher schwätzt, déi beschten Optioun. Och den Här Asselborn sot, datt deen Zeenario fir Lëtzebuerg sécherlech wënschenswäert wier, eng ideal Virstellung. A mir mussen him leider och recht ginn, wann e mengt, datt awer zurzäit deen Zeenario net ganz realistesch wier, well leider eng ganz Rei vu Memberstaten dat guer net wëllen, an dat, obschonn d'Gewiicht vun Europa an der Welt ofhëlt, obschonn d'Spannungen an der Welt zouhuelen, obschonn den Drock op déi héich europäesch Standarden am Beräich vun de Mënscherechter, de Sozialsystemer, dem Ëmweltschutz zouhëlt.

A wa mer eis da mussen zefriddegi mat engem Europa, dat verschidde Vitessë geet, dann däerfen zumindest net d'Acquis communautaires vun de leschte Joren a Jorzéngten a Fro gestallt ginn. An déi sougenannte Coopération renforcée muss ëmmer een oppene Prozess bleiwen, fir datt och muer déi Länner kënnen deelhuelen, déi haut nach net esou wäit sinn.

Här President, mir verschléissen eis net enger Debatt iwwer institutionell Reformen an der EU, gesinn awer doranner am Moment keng Prioritéit. Mir sinn der Meenung, datt de Lissabon-Vertrag schonn haut genuch Potenzial huet, fir konkret Projeten ze initiéieren, den Alldag vu ville Leit an der Europäescher Unioun ze verbesseren an erëm Schrëtt fir Schrëtt d'Vertrauen an d'europäesch Institutiounen zréckzebréngen.

Ech wëll hei op fënnef esou Punkten agoen a se opzielen.

Éischtens: Mir mussen derfir suergen, datt d'Kafkraaft vun de Leit mat klengem Akommes erëm klëmmt. Duerch d'Kris an der Eurozon an déi Austeritéitspolitik, déi doropshin octroyéiert ginn ass, gesi vill Bierger d'EU virun allem als Motor fir Ongläichheet, sozial Ongerechtegkeet an Ausname fir déi Räich. Den europäesche Projet, dee jorzéngtelaang mat Konvergenz, Wuelstand a Fortschrëtt associéiert ginn ass, gëtt haut als Gefor fir de Wuelstand a fir eist soziaalt Netz gesinn. Europa leit drënner, datt et eng Course no ënne gëtt bei de Leit, bei de Steieren, bei de soziale Standarden.

Dat gëllt deelweis souguer fir Däitschland, dat gëllt awer virun allem fir déi Memberstaten, déi keng gutt Grondofsécherung op nationaler Basis hunn. De Jean-Claude Reding vun der Chambre des Salariés hat zu Recht un en Dokument aus dem Joer 2000 vun 250 Parlamentarier erënnert, dat eng Convergence sociale an Europa gefuerdert huet. Convergence, Zesummeschaffen, Harmoniséierung vun de Beméiungen um Plang vum Chômage, der Aarmut, dem Wunnen an der Bildung si wichteg, och wann dat national Domäne vun der Politik sinn.

D'Gewerkschafte verdeedegen zu Lëtzebuerg alleguer, mä och soss an Europa, an der grousser Majoritéit de Prozess vun der europäescher Integratioun, och déi englesch Gewerkschaften hu sech géint de Brexit ausgeschwat. Si sinn Alliéierter an de Beméiunge fir méi Europa a fir ee bessert Europa. Si soen awer och, an zu Recht, datt, wann d'sozial Konditiounen a verschiddene Länner esou sinn, datt eng deloyal Konkurrenz hei ka gefouert ginn, da kann de Bannemaart net funktionéieren.

Zu engem sozialen Europa gehéiere fir eis sozial Mindeststandarden, besonnesch och Mindestléin, dei mindestens 60% vum jeeweilegen nationalen Duerchschnëttsloun duerstellen. D'EU-Parlament huet sech schonn däitlech fir d'Aféiere vum Mindestloun an alle Memberstaten ausgeschwat. Elo ass et un der EU-Kommissioun, fir aktiv ze ginn.

Zweet Beispill: Mir brauche méi Steiergerechtegkeet a méi Transparenz bei der Besteierung vun Entreprisen. D'Leit erliewen et als fundamental ongerecht, datt grouss multinational Entreprisen nëmme knapp 1% Steieren ofginn, de Bäcker ëm den Eck awer bal 30%. Eng fair a gerecht Steierpolitik dréit wesentlech derzou bäi, datt d'Bierger erëm Vertrauen an Europa kréien.

Mir wëssen natierlech och, datt d'Steierpolitik grondsätzlech am exklusive Kompetenzberäich vun de Memberstate läit. Mä d'EU kann iwwer hir Kompetenzen am Beräich vum gemeinsame Bannemaart eenzel Mesurë fir méi Steiertransparenz huelen, zum Beispill den „country-by-country reporting". Déi EU-Direktiv iwwert den „country-by-country reporting" vun 2016 ass ee Schrëtt an déi gutt Richtung, deen nach ausbaubar ass.

An da stelle mer natierlech fest, datt, wann et kee Fortschrëtt gëtt an europäesche Froen, dann ass et net onbedéngt d'EU-Kommissioun, déi do schëlleg ass, a scho guer net d'EU-Parlament. Blocagen entsti ganz oft am Europäesche Rot.

De Robert Menasse, een éisträicheschen Auteur, deen ënner anerem och dëst Joer op der Feier vum 60. Joresdag vun de Réimesche Verträg eng Festried gehalen hat an deen och viru Kuerzem eng Konferenz zu Lëtzebuerg ginn hat, ass ganz streng, wat den Europäesche Rot betrëfft. „Die Schwächung der Kommission und die Stärkung des Rates war der Sündenfall des Vertrags von Lissabon", schreift hien a sengem Buch „Der Europäische Landbote".

An natierlech gëtt et dat Spannungsfeld tëschent den Nationalstaten an der EU. D'Nationalstate ginn a Richtung Privatiséierung, zum Deel, well se vun der EU dohinner gedréckt gi sinn, awer eben nëmmen zum Deel dowéinst. Si maache Sozialofbau an zéie sech aus wesentleche Statsaufgaben zréck, si bedreiwen eigentlech systematesch Statsofbau. De Motto vum schlanke Stat ass d'Leitmotiv. Mä do, wou et sënnvoll wier, e bëssen Nationalstat ofzebauen zugonschte vun der Europäescher Unioun, do spille se staarke Stat.

Esou wichteg Theme wéi Sozialpolitik, Steieren, Asyl, Migratioun, Mindestléin wanderen net op EU-Ebene. Si gi mëssbraucht als Verhandlungsmass am Géintenee vun Nationalstaten.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Dat huet natierlech dermat ze dinn, datt eng Regierung eppes brauch, fir bei hire Wieler ze punkten. An et huet sech jorzéngtelaang ugebueden, déi positiv Decisiounen als eegene Produit ze verkafen an déi manner positiv an awer noutwendeg op Bréissel ze drécken.

De Lëtzebuerger Wahlsystem ass och net besonnesch dankbar fir en internationaalt Engagement. Gewielt gëtt déi Persoun zu Lëtzebuerg, déi zu Lëtzebuerg am visibelsten ass. Déi Zäit, wou e Lëtzebuerger Deputéierten zu Bréissel oder Stroossbuerg an interparlamentaresche Reuniounen ass, entzitt e sech dem Wieler. Fir säin Asaz an europäeschen Dossiere riskéiert en, vum Wieler bestrooft ze ginn, säin Asaz am Ausland interesséiert d'Press wéineg bis guer net, de Wieler kritt och wéineg mat dervun, de Politiker feelt awer eventuell um Wäifest oder um Hobbymaart.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- A villen anere Länner gëtt iwwert de Placement op enger Lëscht vun enger Partei bestëmmt, wie gutt Chancen op eng Wahl huet. Dat huet och net just Virdeeler, ass awer méi favorabel, fir sech als nationale Politiker och am internationalen Dossier an zu Bréissel ze engagéieren.

Drëttens: Mir brauchen Investissementer an d'Liewensqualitéit. An do gesi mir gréng dräi Schwéierpunkten: Digitals, Energie an Transport.

Mir sinn net prinzipiell géint Fräihandelsaccorden. Mir brauchen awer virun allem eng konsequent Investitiounspolitik an Europa. Den Export aus der EU eraus dréit just 20 bis 25% zum wirtschaftleche Wuesstum an der EU bäi. Virun allem d'Handwierk lieft vum Bannemaart. Fir eis ass et kloer, datt mer solle méi an Europa investéieren, an datt et jo haut souguer d'OECD selwer ass, déi dat duerchaus akzeptéiert, a Prêten, op déi zréckgegraff gëtt fir sënnvoll Investissementer, ginn och souguer vun der OECD haut guttgeheescht.

D'Welt vun haut ass schonn digital, d'Welt vu muer nach vill méi. D'EU soll Virreider am Dateschutz an am Ausbau vu Breetbandkonnexioune sinn. D'Produktiounsprozesser vu muer wäerten héich effizient an 100%eg erneierbar sinn. Eng erfollegräich EU-Industriepolitik muss de Klimaschutz eescht huelen, och a besonnesch, wa Leit wéi den aktuellen US-President déi Kaart fir hiert Land liichtfankeg verspillen. An effizient Technologien an an erneierbar Energien investéieren ass an d'Zukunft investéieren.

Eis Stied brauche propper Loft. Duerfir solle mer méiglechst schnell vum Diesel erofkommen an eis zilstrebeg op de Wee vun der Elektromobilitéit maachen, natierlech a Richtung 100% erneierbar. Dat ware schonn emol dräi Felder, wou et sech lount, massiv ze investéieren, wou de Benefiss vun dësen Investissementer direkt den EU-Bierger zeguttkënnt.

Véierte Punkt: D'Léift zu Europa geet duerch de Mo. Knapp 50 Milliarden Euro ginn all Joers an déi gemeinsam Agrarpolitik an Europa. Dat sinn, wéi scho gesot, bal 40% vum Budget. Um Ufank vun der Europäescher Gemeinschaft waren dat nach iwwer 60% vum Budget. An an eisen Ae gëtt et keng Alternativ zu enger gemeinsamer Agrarpolitik. Mir gesinn och kaum Spuerpotenzial hei, mir gesinn awer d'Méiglechkeet an d'Noutwendegkeet, der gemeinsamer Agrarpolitik eng aner Ausriichtung ze ginn. Mir brauchen eng Landwirtschaft, déi d'Biodiversitéit an de Klima schützt, déi respektvoll mat Déieren ëmgeet, déi de ländleche Raum liewenswäert erhält an déi de Leit, déi an der Landwirtschaft schaffen, ee gerechte Loun erméiglecht.

Fënneften a leschte Punkt, deen ech hei e bësse méi ausféierlech wëll opgräifen: Sécherheet. Sécherheet gëtt ëmmer méi e wichtegt Thema an Europa. Mir sollen de Leit hiert Bedierfnis no méi Sécherheet eescht huelen. Am Kontext vun de ville Krisen an eisen Nopeschregiounen an den Erwaardungen, wat nach alles op eis zoukomme wäert duerch d'Aussepolitik vum 45. US-President, schéngt et eis eng Noutwendegkeet ze sinn, fir och méi enk sécherheets- a verdeedegungspolitesch Zesummenaarbecht an Europa unzestriewen.

Mir bleiwen awer derbäi, datt eng Erhéijung vun de Militärbudgeten op 2% vum BIP weder realistesch nach wënschenswäert ass. Déi nach 28 Memberstate gi ronn 200 Milliarde fir hir Defense aus. Dat ass dräimol esou vill wéi Russland. Dat sinn enorm vill Suen, wann ee se effizient ausgëtt. D'EU hat, an huet och nach no der rezent decidéierter Globalstrategie, just e regionalen a ganz begrenzten Usproch op Uerdnungsmuecht. An enger Etüd vum EU-Parlament ass ausgerechent ginn, datt an Europa all Joers 26 Milliarden Euro an der Defensepolitik duerch Ineffizienze verschleidert ginn. Déi 28 Arméicheffe vun den EU-Memberstaten haten 2011 300 „Pooling and Sharing-Projeten" zesummegestallt, déi all näischt kascht hätten, mä Synergië bruecht hätten. De Bannemaart fir Rüstungsgidder funktionéiert schlecht. Mir hunn et mat enger héich fragmentéierter Industrielandschaft ze dinn. Méi Ausgabe fir d'Defense heescht an deem Kontext net méi Sécherheet, mä méi Verschwendung.

Här President, zum Schluss nach e puer Wuert iwwert d'Eurozon. Et ass haut gewosst, datt bei der Aféierung vum Euro Feeler gemaach gi sinn. Griichenland an Italien sinn an d'Eurozon komm, obscho se d'Kritären net erfëllt haten. De politesche Wëllen hat sech iwwert d'wirtschaftlech Facteuren ewechgesat. De Stabilitéitspakt ass ganz large gehandhabt ginn, Strofe waren zwar virgesinn, mä si géint keen eenzegt Land verhaange ginn.

Nach méi gefëierlech fir den Euro ass awer d'Tatsaach, datt den noutwendege stabille sozialen a wirtschaftlechen Ënnerbau net gi war. Néierewou soss op der Welt gëtt et ee Stat oder e Grupp vu Staten, déi eng gemeinsam Wärung hunn, awer keng gemeinsam Wirtschafts- a Sozialpolitik maachen! D'Steiersätz si queesch duerch Europa ënnerschiddlech. D'EU-Länner maache sech géigesäiteg Konkurrenz, anstatt a Richtung Konvergenz ze goen.

An de Problem ass, datt vill politesch Responsabel net bereet sinn, Kompromësser ze maachen, fir eng gemeinsam Linn ze fannen an dëse Politikberäicher. An awer, den Euro ass nach ëmmer e Succès. D'Croissance an der Eurozon soll 2017 bei 1,6% leien, d'selwecht wéi 2016. A fir 2018 ass en äänlechen Taux viraus-

gerechent. De Wuesstum ass also net rasant, mä relativ stabill. Bei deene ville Positioune vu rietse Parteien aus Frankräich, aus Holland, fir aus der Eurozon erauszegoen, ass et vläicht och emol gutt, eng Kéier drun ze erënneren, datt bis haut nach just Länner an d'Eurozon bäikomm sinn. 2007 Slowenien, 2008 Malta an Zypern, 2011 Estland, 2014 Lettland an 2015 nach Litauen. Ech mengen, datt d'Eurozon nach laang net um Enn ass.

Här President, mir gesinn, datt déi national Parlamenter zwar nëmme ganz begrenzt an de legislativen europäesche Prozess agräifen, mä ëmmerhin ënnerläit eis d'Kontroll vum Subsidiaritéitsprinzip. Mir hunn d'Recht an d'Méiglechkeet, duerch politesch Debatten, wéi déi haut, wéi déi d'lescht Woch, Stellung ze bezéien an eis an interparlamentaresche Konferenzen, wéi dem COSAC zum Beispill - déi eenzeg, déi e permanent Sekretariat huet, an ee permanent Sekretariat ass wichteg bei esou Gremien, well d'Parlamentarier wiesselen, mä et ass wichteg, datt mer och eng Memoire hu vun deene Reuniounen -, ze informéieren an ze konzertéieren.

Brauche mer eng „Assemblée parlementaire de la zone euro"? Mir mengen net. Dat ass och nach vu kengem anere revendiquéiert ginn, ass awer am Rapport. Et ass och nach am Rapport rieds gaange vun dem „carton jaune", wou bis elo just zweemol d'Initiativ gemaach ginn ass, dem „carton rouge", dee mam Brexit gestuerwen ass, a mir mengen och, datt mer deen net méi solle waakreg maachen, an dem „carton vert", wou déi Méiglechkeet, iwwert deen eng Initiativ ze huelen, net esou ganz evident ass. Och am Rapport gëtt eng Kéier gesot, dat wier méiglech, eng aner Kéier gëtt gesot, duerfir misst den Traité geännert ginn. Ech fannen d'Initiativ interessant, mä ech kann dat net beuerteelen, ob dat méiglech ass mam aktuellen Traité.

Lëtzebuerg, an dat hunn eigentlech och all Virriedner gesot, huet bis elo all Etappe vun der europäescher Integratioun ënnerstëtzt, a mir hu wirtschaftlech dovu profitéiert. Mir sinn awer och ofhängeg vun enger EU, déi gutt funktionéiert. A wann et Europa laangfristeg net gutt geet, wann et mat Europa géif biergof goen, da géife mir och riskéieren, séier mat biergof gezunn ze ginn.

Wat an Europa am Moment am meeschte feelt, schéngt eis eng Visioun vun enger europäescher Zukunft, déi Jonk an Al beweegt. Wann ech soe Jonk an Al, a wann een d'Analys mécht vun de Leit, déi a Groussbritannien gestëmmt hunn, da stellt ee fest, datt déi Jonk zu enger grousser Majoritéit fir den „Stay" gestëmmt hunn, mä leider Gottes net zu enger grousser Mass wiele gaange sinn, soss hätte mer vläicht en anert Resultat. Duerfir geet et drëm, fir déi Jonk méi ze begeeschtere fir den europäesche Projet. An déi Eeler, ech erlabe mer dann ze soen, datt déi awer och vläicht eng Vue hunn op hir eege Jugend, déi duerch iergendeppes verkläert ass. Also, et geet wierklech drëm, fir erëm eng positiv Visioun vun der Europäescher Unioun ze kréien. Vläicht bräichte mer een neie Martin Luther King, mat enger Ried, wéi hie se 1963 zu Washington gehalen hat: „I have a dream", oder zumindest een Obama mat engem „Yes, we can".

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Ech sinn awer optimistesch, datt mer och weider zu Lëtzebuerg eis mat der Europäescher Unioun entwéckelen. Ech ënnerstëtzen och am Numm vun der grénger Fraktioun déi Resolutioun.

Ech ginn do awer och e klenge Bemoll ze bedenken, wann ech kucken, wat mer eis alles hei selwer operleeën. Do steet dran, mir sollen «une considération encore plus large, une coopération plus étroite, une augmentation», nach eng Kéier «augmentation» an esou weider, mir wëllen eis ganz vill virhuelen. Dat ass och gutt esou, dat ënnerstëtze mir.

Mä ech erënneren awer e bëssen drun, wéi mer hei am Parlament schaffen. Mir hu gesot: „Mir maache keng extra Kommissioun fir Affaires européennes." Dat ass och richteg, well Europa eben all d'Kommissioune betrëfft. Mir sinn awer dann, an dat steet am Rapport, lokal Experten, regional Experten, national Experten an elo si mer och nach Europa-Experten. An da muss ee sech och eng Kéier selwer hannerfroen als Deputéierten: Wat packe mer alles? Mir kennen alleguerten déi Moyenen, déi mer an eise Fraktiounen hunn. Dat ass en hallwe Mataarbechter op den Deputéierten. Duerfir mengen ech, datt dat eng interessant Debatt ass, déi mer dann nach wäerte féieren.

An deem Sënn soen ech Iech Merci fir d'Opmierksamkeet. A mir ënnerstëtzen déi Resolutioun.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt e grousse Merci un den Här Marc Angel fir säi Rapport. Ech muss allerdéngs soen, datt mir als ADR dee Rapport net matgedroen hunn, well mer mat villem, wat an deem Rapport ugeklongen ass a wat och haut schonn hei presentéiert ginn ass, net d'accord sinn.

Mir hunn eng realistesch Approche zu Europa. Eng realistesch Approche, déi och ëmmer matbedenkt: Wéi kënne mir eis Lëtzebuerger Interessen, och d'Interesse vun eisem Land an engem Europa, wat awer weider zesummewiisst, wierklech vertrieden? An eben do vertriede mir heiansdo aner Standpunkte wéi déi aner Parteien heibannen.

Et war interessant, déi Debatt nozelauschteren. Ech hu festgestallt, datt d'CSV zum Beispill haut nach eng Kéier betount huet, datt se laangfristeg e federaalt Europa wëllt. Datt déi Partei also grondsätzlech d'accord ass an och ëmmer erëm betount, datt se d'Staatlechkeet vu Lëtzebuerg bereet ass opzeginn. Dat ass eppes, wat eis kloer ënnerscheet vun der CSV. Mir als ADR sinn net bereet, Lëtzebuerg opzeginn. Mir hätte gär en Europa vun den Natiounen, wat enk zesummeschafft, wat ganz vill Elementer kann hunn, déi och supranational funktionéieren, awer op jidde Fall en Europa vun den Natiounen an net e federaalt Europa.

Et wonnert eis och, datt d'CSV an hirer Approche mat Eurobonds spillt, also mat enger Vergemeinschaftung vu Scholden, déi am Traité och net virgesi sinn, déi souguer vum Traité verbuede ginn. An awer wëllt d'CSV dat duerchsetzen. Et ass an eisen Ae falsch, wann eis spuenesch, eis portugisesch, eis italienesch oder aner Frënn an anere Memberlänner Scholde maachen, datt d'Lëtzebuerger Steierzueler déi solle matbezuelen. Dat ass net déi Approche, déi mir verdeedegen.

Mir hu vun der LSAP héieren, datt d'LSAP duerchaus méi vernënfteg ass, méi bewosst, datt mer eng Staatlechkeet hunn, datt mer déi och solle verdeedegen. An awer ass do e bësse spekuléiert ginn: „Et ka sinn, datt mer matgerappt ginn a verschiddenen Entwécklungen, wéi eng Finanztransfersteier oder esou." Neen, mir denken, mir loossen eis net matrappen a Saachen, déi eisen ekonomeschen oder aneren Interesse grondsätzlech schueden.

An och bei deene Grénge stellt sech d'Fro. Den Här Adam huet erkläert, datt d'Europäesch Unioun méi Ressourcë brauch. Heescht dat méi Steieren? Heescht dat, datt d'Steierlaascht fir d'Lëtzebuerger soll klammen? Oder solle mer op Steiere verzichten, fir deen Transfer a Richtung Europa ze maachen? Alles dat sinn Onkloerheeten. An dofir musse mer eis hei mat der ADR awer op eng vill méi realistesch Linn kënne festleeën, déi och ëmmer d'Interesse vum Land am A behält.

Europa ass an engem schlechten Zoustand. Och wann dat haut hei net esou oppen ugeschwat ginn ass vun de Virriedner, mä et ginn eng ganz Rei gravéierend Problemer. De Brexit ass just e Symptom. An ech géif wierklech apeléieren, wéi mäi Frënd Roy Reding et schonn déi aner Woch gemaach hat, fir net de brittesche Wieler ëmmer als een duerzestellen, deen net capabel wier, d'Konsequenze vu sengen Entscheedungen ofzeschätzen!

Dës Regierung huet ëmmer e Problem mat Referendumen. Hei zu Lëtzebuerg waren 20%, déi d'Situatioun verstanen hunn, wann een der Regierung nolauschtert, 80% hunn dat net. A beim Brexit ass et äänlech. Déi, déi derfir gestëmmt hunn, déi hunn net verstanen, wat se wollten. Mä déi, déi dergéint gestëmmt hunn, dat ass déi gescheit Minoritéit. Also, esou kann een net un e Referendum erugoen! Et ass eng demokratesch Decisioun geholl ginn. De Brexit ass fir eis eng Tatsaach, e stellt Europa virun eng institutionell Kris an e stellt eis och viru Konsequenzen.

An ech mengen, eng vun den éischte Konsequenzen, déi och haut e puermol ugeschwat ginn ass, ass déi finanziell. Do ass gesot ginn: „Mir mussen dat kompenséieren, wat elo feelt am europäesche Budget, well d'Vereenegt Kinnekräich net méi abezilt." Neen! Wann Europa manner Suen zur Verfügung huet, da muss sech der Decken no gestreckt ginn. An da musse mer ebe kucken, datt mer eis Depensen de Recetten upassen. Ech mengen, dat ass dee Wee, deen ee soll goen, an net elo ufänken ze probéieren, esou ze maachen, wéi wann esou e grousst a wichtegt Land wéi dat Vereenegt Kinnekräich nach Member wier. Et ass et net méi, an da musse mer eben eis Ambitiounen als Europäesch Unioun upassen.

D'Migratiounskris ass hei nëmme ganz, ganz wéineg ugeschwat ginn. Ech kommen doweinst nach méi drop zréck. Mir hätten déi Migratiounskris, déi eng katastrophal Kris fir Europa war, wahrscheinlech déi gréisst säit dem Enn vum Zweete Weltkrich, déi mer hei haten an nach ëmmer hunn - si ass jo net eriwwer -, déi hätte mer net kritt an där Form, wann europäesch Institutiounen net gebraucht, mëssbraucht gi wären, fir se nach ze amplifiéieren. An ech kommen op deen Aspekt nach weider zréck.

Mat der Eurokris ass Griichenland e gutt Beispill. Griichenland, wat praktesch net erlaabt krut, aus dem Euro auszescheeden, obschonn et ëmmer erëm an der Diskussioun war an de verschiddene Réit, wou heiansdo d'Decisioun scho bal geholl war, fir Griichenland goen ze loossen, an et awer net gaangen ass. Da muss een awer kucken: Wéi ass dann elo d'Situatioun? Wat fir sozial Häerten huet dat an deem Land verursaacht, an och an anere Länner, déi gewësse Programmer ënnerworf goufen? Ass dann net déi Häert, mat där Griichenland behandelt gouf an nach ëmmer behandelt gëtt, fir eis och eng dauernd Erënnerung drun, datt mer mussen deen Euro-System grondsätzlech a Fro stellen an och seng Schwächten unerkennen, mat alle Virdeeler, déi e fir eis huet? Mä och do musse mer eis realistesch mat där Fro auserneesetzen

An en anere Rëss, deen duerch Europa geet, dat ass kloer a baussepoliteschen Domänen, notamment zum Beispill dat Verhältnis zu Russland, wat eis ëmmer erëm beschäftegt, wou mer als Europäesch Unioun haut an enger Geiselroll gefaange si vun enger Minoritéit vu Memberstaten, déi aktiv antirussesch Politik wëlle bedreiwen, a wou mer net capabel sinn, erauszekommen aus där Situatioun, wou mer och als Lëtzebuerger Regierung an als Lëtzebuerger Politik am Allgemengen eng aner Positioun vertrieden. Ech froe mech, ob d'LSAP zum Beispill als Partei iwwerhaapt eng Visioun huet vun hirer Russlandpolitik, oder ob d'Regierung eng huet! Den Här Asselborn ass am Conseil ëmmer bei deenen, déi d'Sanktioune verlängeren, an den Här Schneider, vun därselwechter Partei, fiert op Moskau, fir - mat Recht, wat mer ënnerstëtzen - d'Russe mat u Bord ze huelen, wéi beim „space mining" an anere Saachen.

Ech mengen, heibannen ass keng Partei, déi eigentlech seet: „Déi Antirusslandpolitik an déi Sanktioune si vernënfteg, mir mussen dat virumaachen." Ma da kommt, mir hunn och de Courage, fir ze soen: „Mir halen op domadder a mir kucken, datt mer d'Verhältnis zu Russland op eng aner Basis stellen!"

Et ass fir eis, an där Situatioun, wou Europa an enger déiwer Kris ass, verwonnerlech festzestellen, datt elo eng Flucht no vir soll gemaach ginn. Datt ausgerechent an esou enger Situatioun elo op eemol Europa soll nei Initiativen huelen a verdéift ginn, amplaz emol fir d'Éischt ze probéieren, ze konsolidéieren, ze festegen, wat muss berouegt ginn an esou enger Situatioun. Neen, elo solle mer nach eng Verdeedegungsdimensioun kréien. Dat ass extrem kriddelech. Mir sollen och nach d'Wärungsunioun verdéiwen, wat och ganz problematesch ass.

An et gëtt alles gemaach, ouni d'Traitéen ze veränneren! An ech mengen, hei läit eng ganz Symbolik dran, well eigentlech d'Europäesch Unioun - an dat huet een haut och däitlech erausgespuert -, well eigentlech vill Leit, déi an Europa Verantwortung hunn, wëssen, datt se net méi gedroe gëtt vum Wëlle vun hire Vëlker doheem, vun hirem Elektorat. Si wëssen dat. Si wëlle weidermaachen, vun uewen no ënnen de Leit eppes imposéieren, amplaz mat de Leit Europa ze bauen. Si wëssen a se spieren dat, se hunn e Mësstraue géintiwwer dem Vollek, dofir keng Referendumen, wa méiglech och keng Parlamenter. Mir gi virun, laanscht d'Parlamenter.

Mir hunn dat och ëmmer erëm gesinn an deene leschte Jore beim Euro, wa mer ëmmer méi streng Regele kréien, déi zum Deel laanscht d'Parlamenter gaange sinn, iwwert de Wee vu Reglementer, wou eigentlech Direktiven hätte misse gemaach ginn, an all méiglech Schrëtt, fir ze probéieren, nëmmen net eng Approbation parlementaire oder eng Discussion parlementaire wierklech ze provozéieren. Net nëmmen hei, mä an deene betraffene Staten alleguer.

An dat ass net dat Europa, wat mir eis virstellen. Mir stellen eis keen Europa vir, wat vun uewen no ënne laanscht d'Bierger soll opgebaut ginn, mä als ADR soe mir: „Mir baue gär Europa mat de Leit, am Vertraue vun de Leit, mam Mandat vun de Leit." An do ass eng grondsätzlech „Bottom-up", wann Der esou wëllt, amplaz „Top-down", mä dat ass eng grondsätzlech aner Astellung. Et ass am Respekt virum Mandat, well mir sinn ni eppes aneres wéi just Mandatairë vum Vollek, a mir ginn do net iwwer eis Pouvoiren eraus.

Et wor och interessant, ze gesinn, wéi d'CSV probéiert, dat politescht Europa eigentlech mat Gadgeten opzebauen, déi a kengem Traité stinn. Eng politesch Kommissioun, déi Iddi vun enger politescher Kommissioun, déi steet a kengem Traité, mä trotzdeem gëtt hei gesot: „Et gëtt eng europäesch politesch Kommissioun." Dat ass dann esou eppes wéi eng europäesch Regierung. Wat se net ass, a wat och net esou an den Traitéen ugeduecht ass! Déi Iddi vun engem Spëtzekandidat bei Europa, dat ass eng Absurditéit. Mir haten dat an deene leschten Europawahlen, mä wat huet et fir e Wäert, e Spëtzekandidat ze hunn, deen op kengem Wahlziedel kann ugekräizt ginn?

Alles dat sinn „Fictions de l'esprit". Et sinn europäesch Enthusiasmen, déi vläicht do derhannertstinn, politesch Tatsaachen, déi op näischt berouen, an déi awer do sollen no vir bruecht ginn. Och dat ass net eise Wee an Europa. Mir wëllen net eppes Politesches zauberen, wat a kengem Traité, a kenger realistescher Appreciatioun vun Europa iwwerhaapt ka bestoen.

Mir wëllen als ADR och Stellung huelen zu deenen Zeenarien. Wat ass dann eis Visioun? Ech hu gesot, anescht wéi d'CSV: „Mir ginn net op de Wee, datt mer eist Land wëllen opléisen an Europa. Mir si fir en Europa vun den Natiounen." Mir si fir e Subsidiaritéitsprinzip, wat wierklech gelieft gëtt, also no bei de Bierger d'Decisiounen huelen. Mir bauen Europa mat de Bierger an net géint d'Bierger. A mir brauchen e Bannemaart an eng Wärungsunioun. Dat ass deen eigentleche Fong, dee mer brauchen: Zeenario 2, awer Zeenario 2 plus.

Mir kënnen ëmmer doriwwer erausgoen an engem Modell 3 oder 4, wéi dat hei ëmmer erëm gesot ginn ass. Dat musse mer kucken, awer mir kucken dat pragmatesch, mir kucken et flexibel. Mir kucken: Wat ass an eisem Interessi? Mir sinn dacks schonn ze wäit gaangen. Mam Exequatur zum Beispill, wou mer deen ofgeschaaft hunn, si mer ze wäit gaangen, well mer d'Rechtssécherheet vun de Bierger hei am Land reduzéiert hunn. Dat wär mat der ADR net geschitt. Et ass awer an der leschter Regierung esou ugeholl ginn, datt mer hei juristesch Decisiounen aus dem Ausland unerkennen, wou mer wëssen, datt déi Justizsystemer zum Deel total korrupt sinn. An awer gi mer hei hin a mir erkennen esou Decisiounen un. Mir hätten dat net gemaach.

(Interruption)

Dat soziaalt Europa ass och eppes, wat mir eis wënschen, an dat hu mir säit éiweg am Wahlprogramm. Et gëtt elo Modellen, den Här Adam huet rappeléiert: 60% vum Mindestloun. Mä et gëtt, an dat ass och kloer, immens Geforen an deem Beräich. Ech weess, datt hei Slogane sinn, och vun der Säit vun eise sozialistesche Kolleegen an esou weider, datt ëmmer erëm betount gëtt: „Jo, mir mussen en Triple-A social kréien!" Jo, dergéint huet kee Lëtzebuerger eppes, soulaang mir an eisem Modus vu Räsonnement bleiwen. Da wär et schéin, wa mer deen Triple-A social kéinten exportéieren, mä d'Wierklechkeet ass net esou. D'Wierklechkeet ass déi, datt et kee gemeinsamt Versteesdemech an Europa gëtt, wat dann dat soziaalt Europa soll sinn.

Wann een der Kommissioun nolauschtert, den Här Timmermans huet dat nach eng Kéier widderholl, wéi en hei war, dann huet e gesot: „Dat ass, géint d'Scholde kämpfen, géint d'Dette publique, d'Ofschafe vun der Dette publique." An natierlech hänkt dat zesumme mat enger Austeritéitspolitik, déi d'Gewerkschaften a vill aner Akteuren ëmmer erëm aktiv kritiséieren. Dat ass d'Approche vun der Kommissioun. Datt d'Gewerkschaften eng aner hunn, ass kloer, mä wann een dann an den Detail erageet, da mierkt een, datt och fir Lëtzebuerg Geforen an der Iddi vum sozialen Europa sinn.

Mir haten déi Diskussioun iwwer national Kommissiounen, déi sollen agesat ginn, fir dat ze kontrolléieren. Mir mussen eis froen: Wéi ass et da mam Lëtzebuerger Index, wa mer ufänken, d'Sozialpolitik an Europa ze harmoniséieren? Wéi ass et mat der Autonomie, mat der Tariff-Autonomie, mat Gehälterverhandlungen, mat eise Méiglechkeeten, selwer iwwer eis Struktur an der Remuneratioun an de Betriber, beim Stat an esou weider ze diskutéieren? Wat géif dovunner bleiwe bei deene Conseils nationaux de compétitivité? Am Ableck soe mer neen. Mä wie weess, wat dann alles nach do ka kommen!

D'Verréngerung vun de Käschte vun der Aarbecht ass en Zil vu ville Leit an Europa. An et ass eng Gefor fir all déi Leit, déi sozial denken. Dat heescht, mir wëllen als ADR, wéi aner Parteien hei och, e soziaalt Europa, mä loosse mer eis bewosst sinn, datt do och Geforen domat verbonne sinn!

D'Migratioun, dat ass eppes, wat ech nëmme ganz kuerz wëll uschneiden. Awer ech wëll Iech dat net erspueren, well et ass vun Ufank un e Rechtsbroch gewiescht! A wa mir an Europa wëllen e Vertrauen an Europa schafen, wa mer wëlle soen: „Europa ass eng Rechtsgemeinschaft", an ech mengen, et ass wichteg, datt mer eis dorobber kënne beruffen, well Rechtsstat, Rechtsgemeinschaft, Europa op rechtleche Basen ass net vuneneen ze trennen, ma déi ganz Migratiounsproblematik war vun Ufank un e Rechtsbroch, verursaacht eesäiteg vun der däitscher Regierung. E Broch vun der Genfer Flüchtlingskonventioun. E Broch vun de Genfer Konventioune vun 1949. E Broch vun der Dublin-Konventioun, déi ëmmer erëm dann ausgesat ginn ass, wann et déi däitsch Regierung arrangéiert huet, an elo erëm soll gëllen. Och an där Situatioun mat Italien eventuell erëm soll gëllen, wat elo eleng gelooss gëtt.

An net nëmmen, datt et e Rechtsbroch war vun Ufank un, mä en hätt och kënnen all Ableck ausgesat ginn! A wann een déi Publikatioune liest, déi a leschter Zäit do erschéngen, d'Analyse vum Verhale vun der däitscher Regierung, da muss een ëmmer soen, datt dat erratesch war. Et wär zu all Ableck méiglech gewiescht, d'Grenzen zouzemaachen. Mä d'Bundeskanzlerin wollt keng onpopulär Biller, also ass et net gemaach ginn. Si wollt keng onpopulär Biller, soulaang et op der däitscher Grenz war. Wann et zu Idomeni war, war kee Problem. Wann et elo un der tierkesch-syrescher Grenz ass, ass kee Problem. Dat ass d'Realitéit an Europa.

An d'Roll vun der Lëtzebuerger Presidence, dat war eng Vasalleroll. Dat war an der Presidence...

(Brouhaha)

Dat war eng Vasalleroll, wou d'Lëtzebuerger Regierung dat gemaach huet, wat Berlin decidéiert huet. An dat ass eppes, wat...

(Interruptions)

...e graven, en déiwe Gruef an Europa matverursaacht huet. An dat ass net eriwwer!

(Brouhaha)

U sech hätt ee kënne vun dëser Regierung erwaarden, datt se Léiere gezunn hätt, datt se sech net méi an dat däitscht Boot eranzéie léisst, wat esou vill Schued gemaach huet doduerch. Datt ganz vill Länner elo och mat eis Problemer hunn, dat huet verschidden Ursaachen, mä déi Diskussiounen, déi mer elo hunn, an den Här Minister Asselborn féiert déi och, datt d'Migratioun, d'Verdeelung vu Flüchtlingen an d'Solidaritéit op monetärer Basis, datt dat zesummenhänkt, dat verdéift erëm eng Kéier de Gruef an Europa. Mir wëllen dat net. Mir hätte gär, datt mer zréckkommen op eng rational Politik, datt mer respektéieren, datt d'State kënne selwer decidéieren, wie bei hinne wunnt a wien net.

An dat ass bei den EU-Bierger,...

(Interruption)

...do hu mer d'Liberté de circulation des personnes - Här Asselborn, lauschtert gutt, well et ass interessant fir Iech! -, mir hunn dat am Traité.

(Brouhaha)

Mir hunn am Traité d'Liberté de circulation des personnes, mä dat gëllt fir EU-Bierger, dat gëllt net fir Drëttstatler. Déi ganz Logik derhannert, déi hält sech net. An et ass normal, et ass vollkommen normal, datt déi Diskussiounen, oder datt vill Staten iwwerhaapt net ëmsetzen, wat do an der Lëtzebuerger Presidence par vote à majorité qualifiée decidéiert ginn ass. Si setzen et net ëm. Déi Eenzeg, déi et ëmsetzen,...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

...dat sinn d'Lëtzebuerger!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dat sinn d'Lëtzebuerger!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Ech wollt, Här President,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir hutt herno all Zäit, fir drop ze äntwerten.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- ...ech wollt just dem Här Kartheiser soen, e soll sech nach ee Mount gedëllegen.

(Brouhaha)

Da kënnt d'Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff. Da kann den Här Kartheiser dat kommentéieren.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech hunn net héieren, wat Der gesot hutt, Här Minister. Kënnt Dir nach eng Kéier...

Une voix.- De Paschtouer priedegt nëmmen eemol.

(Hilarité)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Et ass, wéi Dir wëllt. Et ass, wéi Dir wëllt.

Une autre voix.- „De Paschtouer" hutt Der richteg gutt gesot!

(Hilarité)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Also, nom Här Asselborn senger Ënnerbriechung wëll ech just nach zwee Wierder soen iwwert den Euro an dann zur Konklusioun kommen, well ech mengen, d'Zäit ass jo elo eriwwer.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, d'Zäit ass eriwwer.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Voilà.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kommt zur Konklusioun, Här Kartheiser!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Voilà, dat maachen ech dann och gär.

Beim Euro hate mer genau déiselwecht Situatioun. Mir haten och dauernd Vertragsverletzunge beim Euro. Mir haten, dat huet den Här Adam och gesot, Konvergenzkritären, déi gebrach gi sinn, eigentlech ëmmer erëm, an dat ass jo och eppes, wat d'Vertraue vun de Bierger an d'Verträg ënnergrueft: datt se gesinn, datt eigentlech d'State sech net drun halen an iwwerhaapt keng Sanktioune geholl ginn. An och dorauser muss een da kënne Konklusiounen zéien.

Den Euro bréngt fir Lëtzebuerg eng Rei Gefore. A mir hunn och do eng Situatioun, wou mer riskéieren, datt eis monetär Situatioun doduerch veronséchert gëtt, datt den Euro auserneebrécht. An et ass net onméiglech, datt den Euro gespléckt gëtt.

Ech wéilt also als Konklusioun, och zugonschte vum Här Asselborn, nach eng Kéier widderhuelen, datt d'ADR fir d'Verdeedegung vun eisen nationalen Interessie steet, wa mer Europa zesumme bauen. Mir sinn net géint Europa. Mir sinn europäesch Realisten. A mir respektéieren d'Traitéen. Mir si fir Subsidiaritéit a mir si virun allem derfir, datt mer, wa mer Europa bauen, d'Traitéë respektéieren, an d'Leit respektéieren, well ouni Mandat vum Vollek maache mir näischt!

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Nächste Riedner ass den Här Marc Baum vun déi Lénk.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Et gëtt wuel kee Land an Europa, wat esou vun der europäescher Integratioun profitéiert huet wéi Lëtzebuerg a gläichzäiteg och esou ofhängeg ass vun där europäescher Integratioun.

De Fraktiounschef vun der Sozialistescher Partei, den Här Bodry, huet virdrun zu Recht gesot, datt eng Debatt iwwert d'Zukunft vun Europa och ëmmer direkt verbonnen ass mat enger Debatt iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg. Mir gesinn dat och esou, och well mer vläicht net grad glécklech si mat där doter Europäescher Unioun, net mat hire Strukturen an zemools och net mat hirer Politik. Mä mer mussen awer als Realitéit unerkennen, datt eist Land ouni d'Europäesch Unioun e ganz schwéiere Stand an der Welt hätt.

Deementspriechend enttäuscht si mer awer iwwert d'Aart a Weis, wéi d'Thema vun der Zukunft vun der Europäescher Unioun an der Eurozon hei am Parlament diskutéiert gëtt.

Den Här Adam hat et virdru scho gesot: Den 9. September 2015 huet de Serge Urbany eng Interpellatioun gemaach, eng Demande d'interpellation, déi duerno an en Débat d'orientation ëmgewandelt ginn ass mat Rapport, ënnert der Zoustëmmung vun alle Fraktiounen a Sensibilitéiten. Dat war elo viru 673 Deeg. An d'Fro ass awer berechtegt, wat dann elo geschitt ass an deene 673 Deeg, wat geschitt ass, wat och net stattfonnt hätt, wa mer deen Debat an dee Rapport net hätten.

A wat do iwwreg bleift, dat ass en Hearing mat de Sozialpartner virun engem Joer, eng Reunioun mam President vun der Lëtzebuerger Zentralbank virun engem Joer an zwou Reunioune vun der aussepolitescher Kommissioun, fir dëse Rapport unzehuelen. Mir hätten eis vläicht méi Debatte gewënscht an der aussepolitescher Kommissioun an och vläicht méi strukturéiert a punktuell cibléiert Debatten.

Bon, elo hu mer dës Debatt hei an der Chamber, nom Modell 2 mat 15 Minutten. Mir sinn net besonnesch glécklech doriwwer, mä dat ass elo eben esou. Mä virum Hannergrond vun deem, wat den Här Bodry virdru gesot huet: „D'Debatt iwwert d'Zukunft vun Europa ass eng Debatt iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg", fanne mer et awer scho bezeechnend, datt de Premier de Choix getraff huet, en Tennismatch op London kucken ze goen...

(Brouhaha)

...an net hei bei dëser Debatt derbäi ze sinn. Virun zwou Woche bei der Brexit-Debatt,...

(Brouhaha général)

...virun zwou Woche bei der Brexit-Debatt...

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Awer en éierbaren Tennismatch!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- ...ware fënnef Ministeren, fënnef Ministeren do!

(Brouhaha)

M. Claude Lamberty *(DP).*- Eis Regierung ass vertrueden, an dat ass Nation Branding total!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Dat weist de Stellewäert, de Stellewäert, deen d'Regierung där doter Debatt gëtt!

(Brouhaha)

Well Lëtzebuerg war dach emol eng Kéier de Motor vun der europäescher Integratioun, dat Land, wat vermëttelt huet, dat Land, wat vermëttelt huet...

M. Claude Lamberty *(DP).*- Et si scho méi Entreprisen, déi vun England heihinnerkommen.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- ...tëschent deenen eenzelne Länner a wat ëmmer Virreider war um Wee fir eng politesch Unioun,...

(Interruption)

...an dovunner ass awer net méi vill iwwreg bliwwen!

Den Här Ausseminister mécht sech nach bemierkbar um Plang vun der Flüchtlingskris. An dat begréisse mer och. Mä fir de Rescht ass Lëtzebuerg zimlech vill ofgemellt an den zentralen Diskussiounen ëm d'Zukunft vun Europa.

An dat ass keen Zoufall. Well et läit dorunner, datt d'Regierung vill ze vill domat beschäftegt ass, an de Couloiren zu Bréissel de Status quo a Steierfroen oprechtzëerhalen. Mir sinn do net d'Lokomotiv! Mir sinn éischter de Bremser! Mir bremse beim ëffentlechen „country-by-country"! A mer bremse bei der gemeinsamer Betribsbesteierung!

De Fokus vun der Lëtzebuerger Europapolitik ass esou op dës Froen, op dës Steierfroen ausgeriicht, esou drop ausgeriicht, datt mer net nëmme Steierfroe blockéieren, mä e groussen Deel vun der europapolitescher Diplomatie doduerjer blockéiert ass. A genee dat ass et, wat d'Europäesch Unioun läämt: dës Attitüd vun all Land, fir sech säin eegene klenge Virdeel ze sécheren an dobäi dat Ganzt aus den Aen ze verléieren. An doranner ass dës Regierung kee Stéck besser wéi iergendeng aner Regierung an der EU.

Här President, d'Biergerinnen an d'Bierger an Europa hunn net méi d'Gefill, datt se an engem gemeinsame Boot sëtzen.

An der Belsch verléiert de Camionschauffer säin Job wéinst dem Sozialdumping a Rumänien. An Éisträich muss e Libraire säi Buttek zoumaachen, well Amazon zu Lëtzebuerg e Ruling kritt huet a just nach 0,5% Steiere bezilt. A Frankräich flitt e Fabrikaarbechter endgülteg an de Chômage, well seng Firma a Polen delokaliséiert, wärend de Fabrikaarbechter an Däitschland e Misärssalaire akzeptéiere muss, well e gesot kritt, soss géif seng Firma a Lettland delokaliséieren.

D'Bierger an Europa hunn net méi d'Gefill, gemeinsam an engem Boot ze sëtzen. Si hunn d'Gefill, ënnereneen an enger knallhaarder Konkurrenz ze stoen.

Millioune vu Leit an Europa si fir e Verbuet vum Glyphosat, deen als kriibserreegend agestuuft gëtt, a gesinn dann, wéi dës Substanz vun der EU-Kommissioun eng nei Erlaabnis kritt. Millioune Leit sinn a ganz Europa op d'Strooss gaangen, fir géint CETA, TTIP ze demonstréieren oder hu Petitiounen dergéint ënnerschriwwen, fir dann ze gesinn, wéi hir Meenung einfach ignoréiert gëtt. Si kréie mat, wéi grouss Autoskonzerner d'Politik an d'Konsumente bewosst täuschen an dann ouni Sanktiounen dovukommen. Si gesinn den deegleche Lobbyzirkus zu Bréissel a verstinn intuitiv, datt hir Interêten net priméieren.

D'Bierger an Europa hunn net méi d'Gefill, datt d'EU si beschützt. A Portugal muss e chronesch Kranken op säin Traitement verzichten, well mat de Strukturreformen aus Bréissel d'Gesondheetsprestatioune gestrach goufen. A Spuenien wëssen a gesinn Zéngdausende vu Jugendlechen, datt se net méi d'Chance hunn, e gutt bezuelten CDI ze kréien, well den Aarbechtsmarché op Virgab vu Bréissel dereguléiert gouf. An a ganz Europa huet ee gesinn, wéi dat griichescht Vollek ofgestrooft an erniddregt ginn ass am Numm vun der Finanzoligarchie, fir Banken ze retten.

Verbatterung, Roserei, Angscht virum sozialen Ofstig si kee Randphenomeen an Europa méi, mä erfaassen ëmmer méi Schichte vun der Bevëlkerung a ganz Europa. D'Leit versti vläicht net d'Spëtzfindegkeete vun deene politeschen a wirtschaftlechen Ofleef, mä si verstinn awer, datt eppes schifleeft zu Bréissel. Si verstinn, datt do eng Politik gemaach gëtt, déi op Konkurrenz an op Renditten opgebaut ass an net op Solidaritéit a Mënschlechkeet. Eng Politik, déi ganz kloer hinnen ze verstoe gëtt: Wie schwaach ass, deen ass selwer schold a brauch keng Hëllef ze erwaarden. Do si mer ukomm!

An de Kär vum Problem ass eng politesch Elitt, déi an hirer neoliberaler Weltsiicht gefaangen ass an déi ausser Strukturreforme fir méi Kompetitivitéit oder dem Opstelle vu militäreschen Interventiounscapacitéiten net méi vill ze bidden huet; eng politesch Elitt, déi rücksichtslos eng Politik verfollegt, déi eenzeg an eleng op Exportiwwerschëss ausgeriicht ass, an déi amgaangen ass, dat Versprieche vu Solidaritéit, Demokratie a Wuelstand, dat d'Europäesch Unioun am Ufank ofginn huet, komplett a säi Géigendeel ze verwandelen. Eng Elitt, déi amgaangen ass, deen ambitionéiertste politesche Projet an der Geschicht mat Vollgas widdert d'Mauer ze rennen!

M. Alexander Krieps *(DP).*- Oh, mäi Gott!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Här President, ech hu leider keng Zäit fir méi eng déif gräifend...

(Brouhaha)

...Analys, da misst och net en DP-Deputéierten hei den Härgott uruffen.

(Brouhaha général)

M. Alexander Krieps *(DP).*- Glécklecherweis! Allez, allez!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Ech wëll awer op verschidde Saachen agoen. Ech misst nääämlech méi déif iwwert d'Aart a Weis schwätzen,...

M. Alexander Krieps *(DP).*- Jo, jo, jo. Maacht dat!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- ...wéi d'EU mat der Kris vun 2008 ëmgaangen ass.

(Interruptions diverses)

Zum Deel si wichteg Elementer dovunner an dem Rapport, dee mer och guttheeschen, wéi déi Kris benotzt ginn ass, fir genau déi Politik ze verstäerken, déi eis iwwerhaapt an déi Kris gefouert huet!

Et misst ee schwätzen iwwert d'Austeritéitspolitik, déi Millioune Leit veraarme gelooss huet an eng ganz Generatioun geaffert huet um Altor vun der Kompetitivitéit.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Eng Austeritéitspolitik, déi d'Inegalitéiten tëschent de Länner, de Regiounen an den Individue verstäerkt huet, genausou wéi se dem Rietsnationalismus a ganz Europa zu engem neien a schrecklechen Opschwong verholl ef huet.

An natierlech misst een och méi déif iwwert d'Griichenlandkris schwätzen an iwwert de Rôle vun all eenzelnem Akteur an där Tragedie, y compris och de Rôle vun der lëtzebuergescher Regierung.

Dës Griichenlandkris war eng, wou d'Europäesch Unioun hiert ellenst Gesiicht gewisen huet a wou Europa e Signal un d'Populatioune geschéckt huet, wou se geléiert gi sinn, wat et heescht, wa se sech géint de Konsens (veuillez lire: den neoliberale Konsens) wieren. An natierlech misst een och méi déif iwwert déi méi generell wirtschaftlech Ongläichgewiichter innerhalb vun der Eurozon schwätzen, iwwer Leeschtungsbilanzen a Lohnstückkosten an iwwer komplett absurd Budgetsregelen, iwwert déi Aart a Weis, wéi bestëmmte Memberstaten hir dominant Positioun mëssbrauchen, fir aner Länner widdert d'Mauer ze drécken.

Et misst een iwwert déi evident Lacunne vun der Wärungsunioun schwätzen an iwwert d'Wahrscheinlechkeet, datt se eis bei der nächster Kris erëm eng Kéier ëm d'Ouere flitt. An natierlech iwwert d'Flüchtlingskris an iwwert deen aarmséilege Spektakel, dee virun allem den Europäesche Rot an och do eenzel Länner veranstalten. Iwwert deen eklatanten Demokratiedefizit zu Bréissel an d'Ontransparenz vun Entscheedungsprozeduren, notamment wat den Eurogroup ubelaangt. Net ze schwätze vun all deenen inoffiziellen oder offiziöse Gremien an Expertegruppen, déi keng

demokratesch Legitimatioun hunn an Decisioune wesentlech matbestëmmen.

An natierlech och iwwert d'Handelspolitik misst ee schwätzen, déi awer am Interessi vun deene grousse Multinationalle gefouert gëtt an déi um Ursprong ass vu ganz ville globale Feelentwécklungen an déi och aner Kollateralschied mat sech dréit, wéi zum Beispill Migratiounsbewegungen op anere Kontinenter.

Dofir wëll ech awer, well ech net kann an den Detail goen, déi puer Momenter, déi ech hunn, op dat konzentréieren, wat an eisen Aen dréngend ass, nämlech Léisungen ze proposéieren, wéi d'Europäesch Unioun misst néidegerweis transforméiert ginn.

Här President, ech wëll mech hei bewosst net op deen een oder deen aneren Zeenario aus dem Wäissbuch aloossen. Dat ass eng Diskussioun, déi een aus ville verschiddene Gesiichtspunkte féiere kann, déi schlussendlech vun der eigentlecher Fro oflenken.

Wichteg ass, datt d'EU erëm eng Politik mécht, déi am Déngscht vun de Leit steet, vun hire Biergerinnen a Bierger steet an déi vulnerabel Gruppe stäerkt a beschützt. D'Austeritéitspolitik muss ophalen an deen destruktive Konkurrenzkampf vun den Natioune muss ersat ginn duerch e solidarescht Matenee vun de Populatiounen.

Wann dat ouni Traitésännerunge geet, dann ass dat sécher méi einfach. Mä et däerf een awer och keng Angscht hu virun institutionelle Verännerungen, wann déi am Sënn vun de Biergerinnen a Bierger sinn. Da gi se nämlech och vun hinnen akzeptéiert!

Wat sinn dann elo dës Reformen, déi eiser Meenung no misste kommen, fir datt d'Europäesch Unioun erëm zu eppes gëtt, wat een erëm als fortschrëttlech bezeechne kéint? E Projet, dee fir Fridden, Solidaritéit, sozial Gerechtegkeet a soziale Fortschrëtt steet?

Éischtens, de Sozial- an de Fiskaldumping tëschent den EU-Membere muss ophalen. Duerfir brauche mer eng gemeinsam ambitionéiert Sozialpolitik, déi am Mëttelpunkt vun allen Iwwerleeunge steet. Mir brauchen eng koordinéiert Lounpolitik, déi d'Aarbecht erëm opwäert. Mir brauchen eng gemeinsam Betribsbesteierung a streng Mesurë géint Fiskaldumping a Steierflucht.

Zweetens brauche mer eng demokratesch, dat heescht eng vum Europaparlament kontrolléiert europäesch Wirtschaftsregierung mat engem eegene Budget, dee seriö ze huelen ass, fir op déi spezifesch Situatioun vun all Memberland kënnen anzegoen. Et musse Mechanisme vun enger Ausgläichsunioun agefouert ginn, mat dem Zil vun ausgeglache Leeschtungsbilanzen tëschent den Eurolänner. Iwwerschëss musse verhënnert ginn.

Drëttens brauche mer verstäerkt europäesch Investitiounsprogrammer, fir strukturschwaach Raim ze stäerken a fir déi sozial-ökologesch Transitioun ze packen. Dës Investitiounsprogrammer kënnen net eleng iwwert de private Secteur gefouert ginn, mä brauchen ëffentlech Gelder, déi duerfir mobiliséiert musse ginn. An dat geet wäit iwwert d'Hiewelwierkung vun engem Juncker-Plang eraus.

Véiertens: Et brauch een och eng gemeinsam Scholdepolitik mat Eurobonds. Dat heescht jo net, datt mer d'Scholde vun deenen anere bezuele mussen, mä just, datt mer e gemeinsamen Taux an eng gemeinsam Haftung hunn.

Fënneftens: Mir brauchen eng staark Reguléierung vun de Finanzmäert, fir datt se erëm op d'Besoine vun der Realwirtschaft ausgeriicht ginn an och fir zukünfteg Finanzkrisen ze vermeiden. An dorënner falen eng Trennung vun Invest an traditionellem Bankegeschäft, d'Aschränkung vun der Spekulatioun an d'Aféierung vun enger Finanztransaktiounssteier.

Sechstens: Mir brauchen eng radikal Demokratiséierung vun der EU a méi Transparenz an de politeschen Instanzen. An dat heescht virun allem, datt d'Europaparlament méi Pouvoir muss kréien op d'Käschte vum Europäesche Rot an datt d'Konzept vun der europäescher Biergerinitiativ vill méi Gewiicht muss kréien.

Här President, natierlech heeschen esou Veränerunge fir Länner, déi am Moment op der Sonnesäit stinn, datt se méi mussen an e gemeinsamt Dëppen abezuelen, datt se eventuell och mussen de Fouss vum Gas huelen a Waasser an hire Wäin schëdden. Mä laangfristeg ass dat déi eenzeg Méiglechkeet, wéi mer dëse gemeinsame Projet wëlle retten.

De Kapp anzéien a sech duerchwurschtelen, wéi dat am Moment geschitt, ass keng Optioun fir eis. Mir wënschen eis oder mer géifen eis wënschen, wann dës Regierung sech géif zesummerappen an eng Europapolitik géif féieren, déi net eleng vun nationalem Egoismus, mä vun europäescher Solidaritéit a vu längerfristege Visioune geleet wier.

Här President, wat de Rapport ugeet, sou ass dësen net grondsätzlech schlecht. Mä eis Positiounen, déi ech grad exposéiert hunn, fanne sech doranner nëmmen deelweis erëm. Mir fannen, datt den analyteschen Deel vum Rapport ganz wesentlech a wichteg Elementer opzielt, mä mer mengen, datt en net konsequent ass an datt d'Konklusioune vum Rapport eigentlech deenen analytesche Schwaachpunkte vun der Konstruktioun net entspriechen.

Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wéi de Kommissiounspresident Jean-Claude Juncker viru véier Méint säi Wäissbuch zur Zukunft vun Europa virgestallt huet, sot hien, an ech zitéieren: „Deen däischtersten Dag am Joer 2017 wäert mat Sécherheet méi hell si wéi deen Dag, deen eis Pappen a Grousspappen op de Schluechtfelder verbruecht hunn." Dës Ausso ass am Ufank vun dësem Joer gemaach ginn an do hunn d'Joresausblécker éischter zu der Zort méi düster Lektür gehéiert.

Politesch, awer och wirtschaftlech Commentateuren hunn ee vu Skepsis gepräägte Panoptikum vu Risiken a Suergen zesummegestallt. Mä wéi esou oft kënnt alles aneschters, soudatt et net auszeschléissen ass, datt am Ufank 2018, wann déi üüblech Réckblécker op 2017 kommen, déi Ausblécker vläicht guer net méi esou düster sinn, wéi se nach am Ufank vun dësem Joer waren.

D'Potenzial fir dës positiv Iwwerraschung huet dann awer virun allem déi politesch a wirtschaftlech Entwécklung an Europa. Interessant ass dës Noriicht, well se jo eigentlech guer net zu deem Bild vun Europa als enger verluerener Regioun am permanente Krisenzoustand passt. An dat ëmsou méi, well d'Unzeeche fir e wirtschaftleche Comeback vum Ale Kontinent eigentlech net méi ze iwwersi sinn.

Wat ass do passéiert? Mä ganz einfach: Europa wiisst erëm. An allen Euro-Länner huet d'Wirtschaft d'Rezessioun iwwerwonnen. Säit 2013 si knapp 4,5 Milliounen nei Aarbechtsplazen entstanen, an zwar net nëmmen an Däitschland, mä och a Spuenien, Frankräich, Italien a souguer a Griichenland. Dës nei Croissance, dës nei Aarbechtsplazen, dësen neien Elan an Europa an an der Eurozon sinn net einfach esou vum Himmel gefall, mä hunn och politesch Ursaachen.

Eng dovunner ass ouni Zweifel och de sougenannte Juncker-Plang, deen eendeiteg positiv Effekter fir d'Leit an op d'Wirtschaft hat.

Och, Här President, ass um Atmosphäresche ganz besonnesch an deene Méint nom Brexit eppes geschitt: nämlech, datt ëmmer méi jonk Mënschen amgaange sinn, erëm d'Virdeeler vun enger Europäescher Unioun ze entdecken. Dës jonk Generatioun huet geléiert, iwwer fräi Zirkulatioun sech selwer ze entfalen, a si ass zum Deel vum EU-Bashing, dee vun der Politik a vun de Medien oft bedriwwe gëtt, souguer richteg degoûtéiert.

A fir dës jonk Generatioun ass d'Europäesch Unioun weder eng Fantasie vun Europanostalgiker nach en egalitäert Kuckucksee. An dës jonk Generatioun ass och bereet, sech méi politesch ze engagéieren, wéi een dat bei deene rezente franséische Legislativwahle konnt konstatéieren, wou net nëmme méi Fraen, mä och wesentlech méi jonk Politiker, zum Deel souguer ënner 30 Joer, op de Lëschte kandidéiert hunn an och gewielt gi sinn.

Här President, nodeem mäi Fraktiounschef Claude Wiseler e méi generellen Iwwerbléck iwwert d'Zukunft vun der Unioun gemaach huet, géif ech mech a menger méi kuerzer Interventioun haaptsächlech mat der Zukunft vun der Eurozon an op där anerer Säit awer och mat der Flüchtlingsproblematik beschäftegen, net ouni awer e ganz grousse Merci un eise Président-rapporteur ze maachen, deen dat, wéi mer et vun em gewinnt sinn, op eng ganz komplett, detailléiert Manéier gemaach huet, awer och haaptsächlech um Niveau vun den Diskussiounen ëmmer op war fir all Suggestiounen a Kriticken. Duerfir dem Här Angel e ganz grousse Merci!

Här President, déi zwou Froen, op déi mir an den nächste Wochen a Méint mussen eng Äntwert ginn, sinn déi vun der Gouvernance vun dem gemeinsamen europäesche Wirtschaftsraum an déi domadder zesummenhängend Fro vun engem europäesche Finanzminister an op där anerer Säit vun der Reform vum EU-Budget.

Mir sinn hei fir villes op, well d'Eurozon brauch eng nei Dynamik, awer an enger éischter Phas sollt ee sech emol Gedanken iwwert d'Zukunft vum Eurogroup selwer maachen, ier ee sech mat der Reform vum EU-Budget auserneesetzt an ier ee sech och iwwert de Sënn an den Zweck vun engem europäesche Finanzminister ausdréckt.

Grondsätzlech kann esou e Finanzminister, Dir Dammen an Dir Häre, Sënn maachen, mä da muss en awer och Moyenen hunn! An den institutionelle Rumm muss stëmmen! An hei bleift awer nach ganz vill Denk- an Iwwerzeegungsaarbecht ze leeschten.

En attendant, Här President, plädéiere mir elo emol fir e vollberufflechen Eurogroup-Chef, well mer der Iwwerzeegung sinn, datt dëst en eminent wichtege Posten ass, deen een eigentlech net gläichzäiteg mat engem Finanzministermandat an engem Memberland soll ausüben.

Wat d'Fro vun de Finanze vun der Europäescher Unioun an domadder och den EU-Budget betrëfft, si mir saiséiert op där enger Säit mam Rapport vum Mario Monti an op där anerer Säit mam Wäissbuch vum Kommissär Oettinger, dee mer jo och wäerten an deenen nächsten Deeg hei an der Chamber gesinn.

Ech hunn elo net d'Zäit, fir an den Detail vun dësen zwee Rapporten anzegoen, allerdéngs ass et esou, datt et dem Här Monti am Géigesaz zum Här Oettinger net virun allem ëm méi Geld an der EU geet, mä hie wëllt en neie System aféieren, andeem hie wëllt ewechkomme vun den Iwwerweisunge vun de Memberstaten op Bréissel, bei deem jiddwereen duerno genau norechent, wivill datt en dann abezuelt huet an herno erëm erauskritt. Och wann d'Objektiver vum Här Monti duerchaus éierbar an novollzéibar sinn, besteet dach d'Gefor, datt herno europäesch Steierzueler bei sengem System duerno duebel bezuelen, nämlech trotz direkter Steier un d'EU géifen nämlech wahrscheinlech - a loosse mer eis do keng Illusioune maachen! - déi allermannsten EU-Memberstaten hir Steieren erofsetzen, soudatt finalement de Bierger méi géif un Europa bezuelen.

Souwisou, Dir Dammen an Dir Hären, muss ech Iech soen, datt ech net iwwerzeegt sinn, datt d'Aféiere vun enger eegener EU-Steier momentan besonnesch politesch sënnvoll wier. Ech hunn éischter d'Gefill, datt Europa sech domat kee Gefale wäert maachen, well ech fäerte ganz, datt da ganz vill Bierger erëm an hirem Skeptizismus an Onmutt géintiwwer Europa wäerte bestäerkt ginn.

Allerdéngs, an do deelen ech dem Här Oettinger säin Uleies, steet d'Europäesch Unioun virun immensen neien Aufgaben, wann ech nëmmen d'Flüchtlingsthematik kucken, awer och op där anerer Säit d'Extensioun, iwwert déi jo scho geschwat ginn ass, vum EU-Juncker-Plang.

All dës nei Aufgabe wäerten net nëmmen en héije Käschtepunkt mat sech bréngen, mä si fir eis och absolutt prioritär, a mir mussen dann och duerfir deen néidege Finanzement fannen.

Derbäi kënnt, datt duerch d'Ewechfalen, an dat ass de Mëtten och schonn e puermol hei ugeklongen, vu mindestens zéng Milliarden, déi Groussbritannien all Joers an den EU-Budget abezuelt huet, déi net méi wäerten do sinn, mer hei en zousätzlecht Lach kréien.

Et wär also sënnvoll, Här Finanzminister, wa mir eis an deenen nächste Wochen a Méint géife Gedanke maachen, wéi dat Lach ka gestoppt ginn a wéi mer déi immens Erausfuerderungen, déi op d'Unioun zoukommen, finanziell an deenen nächste Jore kënne schëlleren.

An deenen Diskussioune wäert fir vill Leit eng eege Steier - loosse mer eis do näischt virmaachen! - dee méi bequeme Wee duerstellen. Allerdéngs, an duerfir wëll ech och direkt virun esou enger Steier warnen, kënnen eege Finanzquelle vun der EU herno d'Basis bilden, fir datt an enger nächster Etapp no der Méiglechkeet geruff gëtt, och kënnen als EU Scholden ze maachen, an dann hätte mer niewent de Steieren eng zweet traditionell Finanzéierungsquell erschloss. An dat, Dir Dammen an Dir Hären, wär absolutt net gutt fir d'Europäesch Unioun!

An da komme mer schlussendlech zu där éiweger Fro, déi mer och an eisen nationale Budgetsdebatte féieren, nämlech datt et net fir d'Éischt kann drëm goen, méi Recetten ze generéieren, mä dorëm, déi besteeënd besser a méi effizient auszeginn.

Eppes Positives, Här President, kann awer de Brexit hunn, an do sinn ech eigentlech prinzipiell mam Här Oettinger d'accord: dat ass d'Ewechfale vum sougenannten „Britten-Rabatt", deen 1984 vun der Madamm Thatcher erstridde ginn ass an deen als Konsequenz e komplizéierte System vu weidere Rabatte fir aner State mat sech bruecht huet. Den Här Oettinger wëllt déi alleguer ofschafen, andeem e seet, wa Groussbritannien géif goen, an ech zitéieren en: „géif d'Mamm vun alle Rabatten entfalen an domadder kéint ee jo dann och d'Kanner zéie loossen." Mir sinn der Meenung, datt een d'Fro vun de Rabatte soll a muss am Kontext vun der Reform vum EU-Budget kucken.

Zu deem Sujet eng lescht Bemierkung, déi dann och schonn am Wäissbuch vun der Kommissioun virgeschloe gëtt, nämlech eng sougenannte Konditionalitéit fir EU-Ausgabe virzegesinn. Wat heescht dat konkret an der Praxis? D'Ausbezuele vun EU-Mëttele bei Infrastrukturprojete géif zum Beispill vum Stand vun der Rechtsstaatlechkeet a verschiddene Memberstaten ofhängeg gemaach ginn.

Dëst ass eng Iddi, Här President, déi mir net onsympathesch fannen. Fir eis muss et allerdéngs kloer sinn, datt um Niveau vun der Rechtsstaatlechkeet dëst nëmme kann a leschter Instanz vum Europäesche Geriichtshaff kontrolléiert ginn. Iwwert dës Propositioun eraus ass et fir eis awer och gradesou kloer, datt et an der Europäescher Unioun och muss eng gewësse Solidaritéit ginn, och, mä net nëmmen an der Flüchtlingsthematik.

Mir sinn also der Meenung, Här President, datt mer eis effektiv solle Gedanke maachen, wéi mer Rechter a Flichte vu Memberstaten erëm méi enk kënne matenee vernetzen. An ech erlabe mer och do, am Numm vu menger Fraktioun lech eng Motioun dozou ze deposéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant la solidarité entre États membres comme étant un principe fondateur de l'Union européenne;

- constatant le manque flagrant de solidarité de certains États membres dans le cadre de l'application du Plan de relocalisation des réfugiés;

- considérant le «lien manifeste entre l'État de droit et la bonne mise en œuvre des investissements publics et privés soutenus par le budget de l'UE» supposé par le récent document de réflexion sur l'avenir des finances de l'UE;

- considérant dans ce sens l'ouverture par la Commission européenne de procédures légales contre la Hongrie, la Pologne et la République tchèque;

- considérant que la solidarité entre États membres ne constitue, selon les dires du Président de la Commission européenne, pas «une voie à sens unique» mais que celle-ci doit s'exercer dans un esprit de réciprocité;

- considérant que l'image internationale de l'Union européenne a également souffert de ce manque manifeste de solidarité et d'efficacité européennes,

invite le Gouvernement

- à promouvoir le principe fondateur de solidarité entre États membres,

- à soutenir au niveau européen toute initiative permettant l'application du Plan de relocalisation des réfugiés par tous les États membres en application du droit communautaire,

- à agir proactivement afin de favoriser le lien entre l'État de droit et la bonne mise en œuvre des investissements publics et privés soutenus par le budget de l'UE.

(s.) Laurent Mosar, Octavie Modert, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Erlaabt mer dann, Här President, zu mengem zweete Punkt iwwerzegoen, nämlech d'Flüchtlingsthematik!

Och hei ass d'Aktualitéit eng dramatesch, ganz besonnesch an Italien, wat amgaangen ass, ënnert dem Drock vun de Flüchtlingszuelen ëmmer méi un an éischter iwwert d'Limitte vu senge Capacitéiten ze kommen.

Dëst weist allerdéngs och, datt mer nach laang net iwwert de Bierg sinn, an datt d'Flüchtlingsthematik wahrscheinlech dee gréissten Defi vun der Europäescher Unioun an deenen nächste Jore wäert bleiwen.

Här President, virun allem solle mir eis hei näischt virmaachen. Ech hunn et virdru gesot, datt ee säit Wochen a Méint erëm e bësse méi mat Zouversiicht kann an d'Europäesch Unioun an an hir Zukunft kucken. Bei all dëser Zouversiicht solle mer awer net vergiessen, datt dësen Optimismus eng ganz zaart Plänzelchen ass, déi erëm ganz schnell kann zertrampelt ginn, wann d'Zuel vun de Flüchtlingen an den nächste Wochen a Méint a Richtung Europa erëm massiv an d'Luucht geet.

Här President, wat virun allem awer wichteg ass, ass, datt d'Europäesch Unioun keen esou e rotloost an zerstriddend Bild méi hei wäert ofginn, wéi dat am Joer 2015 an och deelweis elo nach de Fall ass.

Ech hunn haut net d'Zäit, fir mech méi am Detail mat där enorm wichteger Thematik ze beschäftegen, duerfir awer just e puer Wierder.

Éischtens, an dat kann eigentlech net oft genuch ëmmer erëm widderholl ginn, ass, datt mer an dësem Dossier an Europa virun allem Solidaritéit brauchen. An duerfir kann an dierf et net sinn, datt verschidde Länner einfach ewechkucken an och iwwerhaapt net bereet sinn, sech un deem kollektiven Effort vun der Relokalisatioun vu Flüchtlingen ze bedeelegen.

Virun e puer Deeg ass bei der Geleeënheet vun der Trauerfeier vum Helmut Kohl iwwer seng Roll a seng Meritter fir Europa geschwat ginn. An een Zitat vun him ass ganz besonnesch bei mir hänke bliwwen, dat eigentlech perfekt op déi aktuell Situatioun an der Europäescher Unioun, och ganz besonnesch par rapport zu gewëssenen Ostblock-Länner, passt.

Den Helmut Kohl huet gesot, an ech zitéieren: „Es ist leider bei uns Teil des Denkens geworden, dass man nur über Rechte und kaum mehr über Pflichten spricht." (veuillez lire: „Es ist leider bei uns ein Teil des Denkens geworden, dass man überwiegend von den Rechten und kaum mehr von den Pflichten spricht.")

Abee, et géif verschidde vun deenen Ostblock-Regierungscheffen, déi entre autres an der éischter Rei op der Trauerfeier vum Här Kohl stoungen, emol guttdoen, sech erëm eng Kéier dat Zitat zu Häerz ze huelen, net nëmmen, mä awer och ganz besonnesch am Kontext vun der Flüchtlingsproblematik.

Här President, wann ech da bei der Ëmverdeelung sinn, wëll ech awer och betounen, datt d'Ëmverdeelung, d'Relokalisatioun net eleng kann d'Äntwert sinn op d'Migratiounen aus dem zentrale Mëttelmier. Déi allermeeschte Mënschen, déi sech a Booter aus Libyen Richtung Italien op de Wee maachen, hu keen Usproch op Asyl. De Kommissär Avramópoulos huet virun enger Rei vun Deeg vun enger Zuel vun 80% - 80%! - vu Mënsche geschwat, déi keng Chance hunn, Asyl an Europa kënnen ze kréien. Fir dës Mënschen also an Europa ze verdeelen, ergëtt, Dir Dammen an Dir Hären, ganz wéineg Sënn.

Bei den Nigerianer, der allergréisster Grupp vun dëse Mënschen, läit d'Schutzquot bei engem Véierel, beim Bangladesch, der zweetgréisster Grupp, läit se nach wäit drënner. Wien awer keen Asyl a kee Schutz domadder an Europa ka kréien, dierf och net bleiwen a muss erëm a seng Heemecht zréckbruecht ginn. A wat nach vill méi wichteg ass: All méiglech Noamer mussen och mat alle Mëttele vun enger oft déidlecher Iwwerfaart ofbruecht ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, esou grouss de Misär an d'Perspektivlosegkeet grad a verschiddenen Hierkonftslänner a Westafrika och sinn, ass engem Nigerianer an engem Senegalees da wierklech gehollef, wann e fir esou eng Rees seng lescht Erspuernisser opbréngt, vill Leed a Risiko op sech hëlt, fir da schlussendlech an Europa just de Choix tëschent Ofschibung an Illegalitéit ze hunn?

Och dës Fro, Kolleeginnen a Kolleegen, mengen ech, musse mer wierklech eng Kéier ganz seriö diskutéieren, wa mer och iwwer zukünfteg Moossname wëllen diskutéieren.

Duerfir ass dat Wichtegst, datt Europa an alleguerten d'Memberstaten hei endlech un engem Strang zéien, wa mer déi doten Erausfuerderung dann iwwerhaapt wëlle packen. Et muss hei gemeinsam Drock gemaach ginn a finanziell Ureizer musse geschafe ginn och fir déi Hierkonftsstaten, fir datt se bereet sinn, déi Mënschen erëm bei sech zréckzehuelen. Och muss d'Europäesch Unioun substanziell Italien ënnerstëtzen, mat eegene Grenzschützer, Asylrechtspezialisten, fir hinnen och ze hëllefen, d'Situatioun ongeféier erëm an de Gréff ze kréien.

Mir mussen awer virun allem, an ech weess, datt dat vill méi einfach gesot wéi gemaach ass, Här Ausseminister, versichen, d'Situatioun a Libyen an de Gréff ze kréien, well dee ganze Chaos besteet jo eigentlech net am Mëttelmier, mä besteet zu engem Deel a Libyen. Och hei, an ech weess dat, gëtt et keng einfach Léisungen. Mä et kann een awer trotzdeem mat punktuelle Mesuren d'Situatioun verbesseren, andeem een zum Beispill versicht, Opfangstrukturen an deem Land en place ze setzen, déi zumindest den Usproch hunn, e Minimum vu Mënscherechter ze respektéieren. D'Prioritéit muss awer sinn, d'Grenz zu Libyen endlech och kënnen ze kontrolléieren.

Ech sinn duerfir och net averstane mat deenen, déi soen, a Libyen kéint een iwwerhaapt guer näischt maachen, a wann, da géif dat schrecklech laang daueren, bis et iergendwéi eppes géif bewierken. Well wann een dat esou seet, géif jo dat och bedeiten, datt all Joer weider ronn 200.000 Mënschen an Italien géifen ukommen, der Dausenden erdrénken an Zéngdausenden a Libyen ënner grausame Bedéngungen deelweis gefaange gehale ginn.

Ech muss Iech soen - ech weess net, wéi et Iech geet: Et ass fir mech moralesch onerdräglech an och politesch onhaltbar. Et gëtt scho Verschiddenes, wou d'EU sech kann och um Niveau vun der Rhetorik verbesseren. Si sollt alleguerten déi Mënscheschlepper konsequent als dat bezeechnen, wat se sinn, Här President, näämlech Sklavenhändler, a si soll och versichen, mat alle Moyene wierksam géint déi Aktivitéite vun deene Leit do virzegoen.

An deem Kontext géif ech och nach eng Kéier rappeléieren, Här Ausseminister, datt ee jo kéint Frankräich stellvertriedend fir d'Europäesch Unioun invitéieren, sech am Sécherheetsrot ëm e Mandat ze beméien, dat als Aufgab hätt justement d'Bekämpfung vun deene Schlepperbanden, déi jo awer zu engem ganz groussen Deel och responsabel fir de Misär vu ganz ville Mënsche sinn.

Dat géif dann awer och nach dat militärescht Virgoe vun der EU a libesche Gewässer, an ech mengen, dat schéngt mir eng wesentlech Fro, op eng vëlkerrechtlech Grondlag stellen a weider och Schrëtt am Kampf géint déi doten Zort vu Krimineller erméiglechen.

Ech weess, an ech hunn et och virdru gesot: All Schrëtt am Bezuch op Libyen ass extrem riskant, duerfir muss en och genau iwwerluecht a kloer ofgegrenzt sinn, awer esou, wéi et am Moment geet, kann et fir meng Fraktioun a fir mech net méi einfach virugoen.

Schlussendlech, Här President, musse mir eis awer och als Europäesch Unioun vill méi intensiv an nohalteg mat de Flüchtlingsursaache beschäftegen. Ech bedaueren, datt d'Bekämpfung vun deene Fluchtursaachen an der Zwëschenzäit zu enger Floskel, deelweis, verkomm ass, déi vill Politiker eigentlech just benotzen, fir vum eigentlechen Thema ofzelenken.

Wat mir hei brauchen, ass ganz einfach eng nei Politik géintiwwer dem afrikanesche Kontinent. Mir mussen alleguerten déi Länner als gläichwäerteg Partnerlänner consideréieren a kucken, iwwer fair ausgehandelt Handelsverträg hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, hire wirtschaftleche Potenzial auszeschëpfen. Europäesch Firme musse vill méi um afrikanesche Kontinent investéieren a mussen och an deem Sënn vun der Unioun ënnerstëtzt ginn.

Mir mussen awer virun allem ophalen, Här President, mat enger protektionistescher Politik, an ech soen dat hei ganz haart, virun allem am landwirtschaftleche Secteur, déi dozou féiert, datt afrikanesch Länner mat europäesche Produiten iwwerschwemmt ginn, wat ganz oft den Doud vun der Landwirtschaft a ville vun deene Länner do bedeit.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Kuerz gesot: Mir mussen ewechkomme vun engem System vun Assistanat hin zu engem richtege Système de partenariat.

Schlussendlech musse mer an der Europäescher Unioun d'Kontributioun vun deenen eenzelne Memberlänner un der Entwécklungshëllef emol erëm eng Kéier ganz seriö op de Leescht huelen.

Fir meng Fraktioun a fir mech selwer ass et op jidde Fall total inakzeptabel, datt europäesch Memberlänner an där aktuell äusserst sensibeler a problematescher Situatioun um afrikanesche Kontinent mam Gedanke spillen, hir scho relativ reduzéiert Entwécklungshëllef nach erofzesetzen.

Ech muss Iech soen: Ech fannen et eigentlech en Hohn, datt mir an der Europäescher Unioun, an dat ass kee Reproche, dee mer eis selwer mussen adresséieren, et net fäerdegbréngen, alleguerten als EU-Memberlänner 1% vun eisem PIB an d'Entwécklungshëllef ze investéieren, well domadder géife mer sécherlech substanziell d'Situatioun vu ville Mënschen op deem afrikanesche Kontinent verbesseren.

Alles dat, Här President, weess ech, brauch Zäit, mä et brauch virun allem de Wëllen, zesummenzeschaffen! Nationalismus a Populismus si leider an Europa nach ëmmer präsent, wéi den EU-Kommissiounspresident Jean-Claude Juncker dat nach virun e puer Deeg ënnerstrach huet. D'Migratiounsbewegunge vun Afrika a Richtung Europa wäerten an deenen nächste Joren eng, an ech hunn et virdru gesot, vun deenen allergréissten Erausfuerderungen un d'Europäesch Unioun duerstellen.

Déi europäesch Gesellschafte wäerte sech an deene kommende Joren a Jorzéngte fundamental änneren, well vill, ganz vill Mënsche wäerten an Europa kommen. Géint Veränneruung ass jo prinzipiell iwwerhaapt näischt anzewennen, mä si muss gesteiert ginn. An am Moment ass hir Vitesse ze héich an hiren Ausmooss ze grouss. D'EU muss an den nächste Méint beweisen, datt si béides am Gréff huet. Si wäert dat awer nëmme fäerdegbréngе mat enger méi enker Koordinatioun a mat vill, vill méi Solidaritéit tëschent deenen eenzelnen EU-Memberlänner.

Nëmmen, Dir Dammen an Dir Hären, wa jiddwer Memberstat motivéiert an determinéiert ass, an déiselwecht Richtung ze steieren, huet d'Europäesch Unioun d'Chance, déi vläicht gréissten Erausfuerderung an hirer Geschicht ze packen.

An ech géif ophale mat engem Zitat vum Jean Monnet: «Ce qui est important, ce n'est, ni d'être optimiste, ni pessimiste, mais d'être déterminé.»

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Mosar. An d'Wuert huet elo den Ausseminister, den Här Jean Asselborn.

Prises de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'Éischt dem Här Angel e grousse Merci soe fir seng Aarbecht, an och der Kommissioun. Ech mengen, dat ass eng Aarbecht vun e puer Méint gewiescht. An dat, wat Der hei presentéiert hutt, Här Deputéierten, ass wichteg, mengen ech, fir Europa, mä fir Lëtzebuerg richteg ze positionéieren am europäeschen Debat.

Ech géif vläicht ufänke mat deem Wuert „Polykris", dat Der jo och benotzt hutt, an do e Wuert, wat och gesot ginn ass am Kontext vun dëser Debatt, virun allem erausträichen, näämlech dat Wuert „Solidaritéit", politesch Solidaritéit. Dat ass fir mech d'Einmaleins vun der europäescher Iddi iwwerhaapt, fir vun enger europäescher Gemeinschaft zu enger Unioun ze kommen, déi méi ass wéi just eng Additioun vun nationalen Interessen.

Op Lëtzebuergesch heescht dat, dass ee fir deen aneren do ass, sief et fir ze schützen, sief et fir e weiderzebréngen opgrond vun de Verträg. Deele mat deenen, deenen et manner gutt geet, an de Wuelstand op e méiglechst héijen Niveau stellen, ass eng aner Dimensioun vun der politescher Solidaritéit an Europa. Hëllefen a Krisenzäiten, dass d'Laaschte gerecht verdeelt ginn, misst och een normale Reflex si vu Solidaritéit.

Et ass eis verdammte Flicht, géif ech mengen, de Friddensprojet mat geliefter, mat effektiver politescher Solidaritéit ze verdeedegen an och virunzebréngen. Et gëtt keng flexibel Solidaritéit, esou wéi et keng flexibel Mënschlechkeet gëtt. D'„ever closer union" wäert de Brexit iwwerliewen a wäert och d'Motivatioun ëmmer bleiwen, fir d'Verantwortung fir d'Zukunft vun der Europäescher Unioun kloerzemaachen.

Ech wéilt vläicht zou Remarquë maachen hei. Déi eng, well mer jo hei ënner eis sinn, un den Här Claude Wiseler, dee mat Recht gesot huet, dass den Helmut Kohl ee groussen Europäer war, deen och Europa ëmmer als Erfollegsgeschicht duergestallt huet. Den Här Mosar huet grad geschwat, dass den Här Kohl gesot hätt: An der Europäescher Unioun gëtt et Rechter, mä et gëtt och Flichten.

Dat, wat - ech mengen, wou ech net eleng sinn an Europa - schwéier ze verstoen ass, ass, dass den Här Viktor Orbán bis zu sengem Doud eigentlech als beschte Frënd vun him ugesi ginn ass, dass och den Här Viktor Orbán dee war, deen als Leschte beim Här Kohl passéiert ass. Dat ass a mengen Aen eng Contradictio in terminis, een Oxymoron, dee schwiereg ze verstoen ass an dee menger Meenung no och net grad derzou bäidréit, fir Europa méi verständlech ze maachen.

Dat Zweet, wat ech wollt soen, ass: Mir hunn hei an der Chamber een Debat, mir hunn decidéiert gehat an der Regierung, dass zwee Leit sollen hei qualitativ dem Debat gewuess sinn. Dat ass engersäits de Finanzminister fir den Euro an et ass de Minister, deen zoustänneg ass fir Europapolitik. Mir stellen eis dem Debat. Mir hoffen, wéi ech gesot hunn, deem gewuess ze sinn.

An ech mengen, dass et net ubruecht wier, fir hei géint de Premier ze argumentéieren. Dat schéngt mer deplacéiert ze sinn. Mir hunn an der Regierung mat dem Accord och vun der Commission des Présidents, der Conférence des Présidents decidéiert, dass dat déi Kompositioun wier, déi d'Regierung géif heihinnerschécken.

Nun, am Rapport huet d'Chamber eng ganz Rëtsch vun Iwwerleeungen ervirgehuewen, déi et eis erlaben, d'europäesch Politik besser ze gestalten. De Bierger muss dat zentraalt Element bleiwen, esou wéi mer dat och wärend eiser Presidence ëmmer erëm plädéiert hunn. De Rapport ënnersträicht richtegerweis och, dass déi national Parlamenter eng ganz zentral Roll derbäi spillen an zur Demokratiséierung vun der Europäescher Unioun och bäidroen.

D'Wäissbuch iwwert d'Zukunft vun Europa, dat d'Kommissioun an dësem Mäerz virgestallt huet, ass jo ee Versuch, erëm Vertrauen hierzestellen. An ech wëll, fir Zäit ze wannen, net erëm eng Kéier op déi fënnef Zeenarien agoen. Ech mengen, mir sinn eis hei bal alleguerten eens, dass d'Optioun 1 an d'Optioun 2 net dat sinn, wat mer wëllen. Bei der Optioun 3 kombinéiert mat der Optioun 4 kéint een natierlech driwwer schwätzen. Mä mir wësse bei der Optioun 3, dass déi Coopération renforcée ee Reizwuert ass fir verschidde Länner, virun allem am Oste vun der Europäescher Unioun. An duerfir géif ech awer mengen, dass ee sech seriö muss mat der Optioun 3 befaassen. Et kënnen net déi Länner sinn, déi op der Brems stinn, déi den Tempo vun de Reformen a vun neien Initiativen an der Europäescher Unioun total blockéieren.

D'Optioun 4, „méi maache mat manner", kombinéiert, wéi ech gesot hunn, mat der Optioun 3, ass net ze verwerfen, mä ech mengen - de Kolleeg vun de Gréngen, den Här Adam, huet dat och kloer gesot -, dass d'Optioun 5 eigentlech sollt déi bescht sinn.

Allerdéngs, do komme mer och an eng Kontradiktioun eran, dat ass, dass, wa mer wëllen d'Optioun 5 hunn, dann, mengen ech, komme mer net laanscht Ännerunge vun den europäesche Verträg.

Ech mengen, an deem Kontext do hunn ech d'Chamber verstanen. Ech mengen, an der Regierung ass och keen, dee sech an d'viischt Front setzt a seet: „Mir mussen elo Vertragsveränneruungen hunn, fir Europa méi fit ze maachen."

Ech géif et vläicht esou formuléieren, wann ee gesäit, dass een Zuch mat ville Waggonen op d'Schinn gesat gëtt, dass Lëtzebuerg net sollt carrement am Eck stoe bleiwen. Mä Dir hutt recht, mengen ech, als Chamber, an och wann een zéng Joer oder zwielef Joer hautno derbäi war, da weess een, wéi schwéier et ass, iwwerhaapt Ännerungen an de Verträg duerchzesetzen.

Wat elo déi Reflexiounspabeieren ugeet, sinn der jo fënnef vun der Kommissioun proposéiert ginn, an ech mengen, dass d'Kommissioun och do eng ganz gutt Aarbecht mécht. Ech wëll op dräi agoen.

Dat eent, dat ass d'Globaliséierung. Dee Pabeier ass den 10. Mee virgestallt ginn. An do sinn zwee Voleten, een externen Deel an och een interne Volet. Deen externe Volet deit jo un, dass gemeinsam Regelen op internationalem Niveau néideg sinn, fir eng nohalteg Weltuerdnung ze erreechen. Ausserdeem géif den externe Volet mat der Aarbecht vun der Europäescher Unioun weiderfueren, andeems nei Regele fir eng méi gerecht Konkurrenz opgestallt géife ginn. Weider handelspolitesch Schutzinstrumenter an och ee multilateraalt Investitiounstribunal kéinte géint onfair Praktiken eng Léisung sinn.

Den interne Volet vum Reflexiounspabeier proposéiert Léisungen, fir d'Sozialpolitik an och de Bildungssystem ze verbesseren. Dee Reflexiounspabeier ass interessant, well e schléit och vir, d'Strukturfonge fir d'Upassung un d'Globaliséierung fir Leit, déi am Chômage zum Beispill sinn, ze verwenden. Déi Fonge kéinten deene Leit bei der Sich no enger neier Aarbechtsplaz hëllefen. An, wéi scho gesot, ass de Fräihandel jo kee Selbstzweck. De fräien Handel ass ouni fair Regelen net méiglech. Duerfir, eng progressiv europäesch Handelspolitik erlaabt et eis, d'Globaliséierung a mengen Ae matzegestalten.

Natierlech geet et net nëmmen drëms, nei Aarbechtsplazen ze schafen, mä och dës Aarbechtsplazen a vollem Respekt an am Aklang mat eisen europäesche Standarden zum Aarbechts-, Sozial- an Émweltrecht ze gestalten.

Nëmmen eng Handelspolitik, déi keng nei Ongläichgewiichter produzéiert, verdéngt d'Etikett „europäesch". D'Europäesch Unioun ass nach ëmmer dee stäerksten Handelsblock weltwäit. Mä mir sollen eis net täusche loossen! Dat wirtschaftspolitescht Gewiicht vun der Europäescher Unioun wäert an deenen nächste Joren tendenziell, wéinst dem Brexit op jidde Fall, no ënne goen.

D'Europäesch Unioun ass eleng och net staark genuch, fir déi multilateral Handelsuerdnung ze stäipen a weider auszebauen. Duerfir si mer als Europäesch Unioun op Handelspartner ugewisen an duerfir och amgaangen, mat Länner Handelsaccorden auszehandelen, déi déi nämlecht Wäerter hunn an och déi nämlecht Wäerter deele wéi mir.

Mir hunn, et ass ugeschwat ginn, déi lescht Woch en Accord de principe jo mat Japan fonnt. An dëst ass ee ganz wichtegt Signal an dësen Zäiten. Nom Réckzuch vun Amerika aus dem Transpazifeschen Accord an der Aussiicht, dass anerer an Zukunft kéinten d'Regele vum internationalen Handel bestëmmen, war Japan ganz staark drun interesséiert, mat engem Partner zu engem Ofschloss ze kommen, op dee Verlooss ass.

Nun, deen endgültegen Accord muss jo an den nächste Méint ausgehandelt ginn. Mä wat sech elo schonn ofzeechent, dat ass deen ëmfangräichsten Handelsaccord, deen d'Europäesch Unioun jee ofgeschloss huet.

Eis europäesch Standarden, an ech wëll dat ënnersträichen hei, am Ëmwelt-, am Aarbechtsrecht, am Sozialrecht bleiwen a vollem Ëmfang geschützt. Déi ëffentlech Servicer stinn net zur Verhandlung. A mir hu fir d'éischte Kéier an esou engem Accord eng explizitt Verflichtung fir d'Ëmsetzen och vum Paräiser Klimaaccord. Dat ass wichteg. Dat heescht, dass an Zukunft keen Handelsaccord méi ofgeschloss ka gi mat engem Land, wat sech net verflicht, dem Paräiser Accord Rechnung ze droen.

D'Europäesch Kommissioun geet dervun aus, dass ongefeier 31 Milliounen Aarbechtsplazen an Europa vum Aussenhandel ofhänken. 80% vun den europäeschen Exportateure si kleng a mëttelgrouss Betriber. Et ass also net just fir déi grouss multinational Konzerner, déi vum fräien Handel kënne profitéieren, mä och vill fir kleng a mëttel Betriber, dass mer mussen op der Schinn vum fräien Handel zu Accorde kommen.

Deen zweete Pabeier, deen ech wëll uschneiden, ass d'Verdeedegung. An dësem Reflexiounspabeier ginn dräi Zeenarie virgeschloen, déi d'Entwécklung vun der europäescher Verdeedegung bis an d'Joer 2025 virgesinn, jee nodeem wéi een Zeenario d'Europäesch Unioun elo wiele wäert.

Ausserdeem gëtt virgeschloen, en europäesche Fong fir d'Verdeedegung anzeriichten. De Fong géif an zwee Voleten agedeelt ginn: ee Volet, deen d'Fuerschung betrëfft, an ee Volet, deen d'Weiderentwécklung an d'Acquisitioune betrëfft. Déi Projeten, déi vum Fong finanzéiert géifen, wieren am Virfeld vun de Memberstate festgehale ginn. A bis 2019 wier de Fong elo mat 90 Millioune finanzéiert, dovunner 25 Milliounen am Joer 2017.

Deen éischten Zeenario géif et de Memberstaten erméiglechen, op fräiwëlleger Basis ze kooperéieren. Deen zweeten Zeenario géif der Unioun erméiglechen, hir militäresch Capacitéit ze maximéieren, an national Ressourcë kéinte méi rationell benotzt ginn. An dee leschten Zeenario géif eng Sécherheets- a Verdeedegungsunioun opstellen. An da kéint den Artikel 42 vum Vertrag iwwert d'Europäesch Unioun, deen de Kader an d'Aarbechtsweis vun der gemeinsamer Sécherheets- a Verdeedegungspolitik definéiert, ganz exploitéiert ginn.

Den europäesche Fong fir d'Verdeedegung géif Projete vun der europäescher Defense finanzéieren. Et ass net, dass duerch déi Initiativ hei d'Ausgabe fir d'Verdeedegung an Europa géife steigen. Bien au contraire, et géif versicht ginn, wéi mir als Lëtzebuerg dat jo och ëmmer matgedroen hunn, fir méi Synergien ze erméiglechen a fir méi sënnvoll eben an d'Verteidegung zesummen ze investéieren.

Da vläicht, Här President, déi sozial Dimensioun, déi och hei ugeschnidde ginn ass an déi mer selbstverständlech och an der Europäescher Unioun, wa mer iwwert d'Zukunft vun Europa schwätzen, mussen an de Vierdergrond stellen. Et gëtt a mengen Ae keng Zukunft fir d'Europäesch Unioun an deem Sënn, wéi mer se kannt hunn elo, wa mer weiderhi verluere Generatioune sozialpolitesch an Europa hunn.

D'Euroskepsis, déi besteet an Europa, ass baséiert op ganz, ganz déif gräifend sozial Aschnëtter, déi a ville Länner sinn. Mir hunn dat a ville Südlänner, mir hunn et och a Länner am geografeschen Oste vun Europa. D'Europäesch Unioun ka sech net ewechducke virun deene sozialen Aschnëtter an deene soziale Mankoen, déi bestinn. Duerfir brauche mer och an der Sozialpolitik méi gemeinsam Schrëtt an déi richteg Richtung.

D'Evolutioun, déi mer konnte feststellen, ass, dass d'Europäesch Kommissioun am Laf vum leschte Joer jo zwou Propose gemaach huet am Kader vun der Verstäerkung vun där sozialer Dimensioun. Fir unzefänken, huet se déi europäesch Sail vun de soziale Rechter publizéiert, déi sech ronderëm dräi Themen artikuléiert: Chancëgläichheet an Zougang op den Aarbechtsmaart, equitabel Aarbechtskonditiounen an, drëttens, soziale Schutz an Aglidderung an d'Gesellschaft.

D'Publikatioun heivun ass no enger breeder ëffentlecher Consultatioun komm a beinhalt souwuel legislativ wéi net legislativ Propositiounen. An et ass gutt festzestellen, dass dës Thematik och fir d'Kommissioun vu grousser Wichtegkeet ass a si sech asetze wëllt fir d'Schafe vun engem fairen Europa mat enger méi staarker sozialer Dimensioun.

Dee Reflexiounspabeier iwwert d'sozial Dimensioun geet vun dräi verschiddenen Zeenarien aus. Déi éischt Propositioun berifft sech dorobber, déi sozial Dimensioun op d'Bewegungsfräiheet ze beschränken. Dëst bedeit, dass d'europäesch Legislatioun am soziale Beräich sech géif op grenziwwerschreidend Fäll beschränken an d'Memberstate soss fräi wieren, op nationalem Niveau sozial, educativ a kulturell Norme fräi festzeleeën.

Déi zweet Propositioun encouragéiert verschidde Memberstaten, virun allem déi an der Eurozon, zu méi Kooperatioun am soziale Secteur, ouni déi aner Memberstaten ze forcéieren, et hinne gläichzemaachen. Et géif een hei an de Verträg an deem Kader vun enger verstäerkter Kooperatioun agéieren a sech prioritär op den Aarbechtsmaart, d'Kompetitivitéit, d'Geschäftsëmfeld, d'ëffentlech Administratioun a verschidden Aspekter vun der fiskaler Politik konzentréieren.

An da schlussendlech déi drëtt Optioun, dat wier eng generell Verdéiwung vun der sozialer Dimensioun an Europa. A fir dëst ze erreechen, misst fir d'Éischt eng déif goend Reevaluatioun vun der Legislatioun, Kooperatioun, Orientatioun an och dem Finanzement op europäeschem Niveau a soziale Froe stattfannen. Och hei kéinten d'Memberstaten an der zweeter Etapp wielen, a verschiddene Secteuren nëmmen zu e puer gemeinsam méi wäit ze goen.

Mir wäerten eis also am Kader vun de Gespréicher iwwert d'Zukunft vun Europa mat deenen anere Memberstaten zu dësen dräi Zeenarie beroden. An ech kéint gleewen, dass mer wäerte gemeinsam kënnen Europa sozialpolitesch an eng vill méi ambitiéis Richtung steieren.

D'Polykris, vun där am Rapport vum Här Angel rieds ass, ass haut net méi an esou engem negativen Ëmfeld wéi nach virun e puer Wochen, e puer Méint. Ech mengen insgesamt, dass et méi positiv Zeeche gëtt, dass sech dat europäescht Blat zum Besseren dréit, zu méi Optimismus op jidde Fall. Et gëtt erëm méi Hoffnung, well a Frankräich jo d'Euroskepsis, de Rietspopulismus entscheedend gebremst gouf, well sech och déi europäesch Wirtschaft insgesamt méi positiv entwéckelt a well mer och a Saache Brexit d'Eenheet vun deene 27 staark behalen hunn. Et gëtt also Hoffnung, Hoffnung, op déi mer mussen opbauen, fir d'Gefore vum Populismus ee fir alle Mol ze bekämpfen.

Déi gesellschaftsoppen a fräiheetlech Kräften an der Gesellschaft musse weiderhin zesummenhalen, fir ee gemeinsamt Zeeche géint de Populismus ze setzen. Et ass also Zäit, fir lues awer sécher de Krisemodus ze verloossen. An esou gëtt Europa erëm eng Erfollegsgeschicht, wéi mer se kannt hunn a fir déi mer eis ëmmer och agesat hunn hei am Land.

All dës positiv Zeeche sollten eis awer elo schonn an eisem Courage bestäerken, weiderhin Europa aktiv matzegestalten, d'Problemer unzepaken, Léisungen ze fannen, ganz am Sënn, wéi ech gesot hunn am Ufank, vum Prinzip vun der Solidaritéit, ouni awer d'Aen zouzemaachen - an ech sinn elo beim Här Mosar nach eng Kéier, dee mat Recht kritiséiert huet - virun den destruktive Konsequenzen, déi fir d'Unioun am Kader vun der gemeinsamer Migratiounspolitik entstinn, soulaang mer net capabel sinn, eng kohärent Laaschteverdeelung tëschent den europäesche Staten op d'Been ze brëngen. An hei si mer erëm beim Ecksteen Solidaritéit, deen, wann en an der Migratiounspolitik zesummebrécht, Europa kéint an de Koup falen dinn.

Ech hunn déi Motioun hei gekuckt. Ech wëll vläicht ier ech zum Fong, oder ech wëll net zum Fong eppes dozou soen, mä zu Libyen.

Här Mosar, mir sinn zu dësem Moment elo an dëse Stonnen amgaangen, als Lëtzebuerg en Amendement fir d'Konklusiounen opzebauen a wou mer och eng Chance hunn, dass mer duerchkommen dermadder den nächste Méindeg bei den Ausseministeren, wat a Libyen an den Territorialgewässer geschitt, dass, wann - dat ass jo och richteg -, wa mer als Europäesch Unioun där EUNAVFOR-Missioun zwou nei Kompetenze ginn hunn, näämlech déi, fir engersäits de Waffenembargo ze kontrolléieren, an anerersäits, fir ze kucken, dass dee Business vun de Schleiser gebrach gëtt, da musse mer och wëssen, mat deene Suen, déi investéiert ginn, fir Coast Guards op libescher Säit dohinner ze stellen, wat dann d'Folleg ass vun deenen hiren Aktivitéiten.

Dir hutt dee Film vläicht gesinn, Dir hutt Artikele gelies, dass de Moment am Territorialgewässer vu Libyen d'Leit aus de Booter erausgeholl ginn, fir se ze retten, wat richteg ass; mä wat mer net kënnen toleréieren, dat ass, dass déi Leit zréckgeschéckt ginn a Libyen a Campen, wou d'Mënschlechkeet klenggeschriwwe gëtt, wat zum Deel Campe sinn, déi ze vergläiche si mat Konzentratiounslageren, wou Leit zu Honnerten op ganz enkem Raum sinn ouni Toiletten, ouni Duschen. Dat muss ugeprangert ginn. Dat kann net sinn, dass mat europäesche Gelder esou Aktivitéite weidergefouert ginn.

Duerfir geet et nëmmen, dass déi Coast Guards, déi a Libyen agesat ginn an déi vun der Europäescher Unioun trainéiert sinn, d'Leit zréckschécken a Strukturen, wou d'UNHCR a wou och d'OIM, dat heescht UNO-Organisatiounen, an - firwat och net? - no engem gewëssene Moment EU-Organisatioune präsent sinn. Allerdéngs ass dat eng Fro och vun der Sécherheet, fir kënnen a Libyen de Moment ze operéieren.

Mä gleeft mer, wat Är Motioun ugeet, ech mengen, Lëtzebuerg huet zënter 2005 versicht, an der Migratiounsfro wierklech europäesch ze agéieren, europäesch ze plädéieren an ze argumentéieren!

An dat, wat elo a Libyen ass, wat eise schwieregste Problem ass, ass eigentlech dee Problem, mat deem alles ugaangen ass 2015, am Ufank vum Joer, do huet et gekippt op eben d'Tierkei a Griichenland, a mer sinn elo erëm bei Italien. An dee Problem, dee mer a Libyen an Italien hunn, ass natierlech, well Libyen e Land ass ouni Gesetzer de Moment, mä och well mer an der Europäescher Unioun et net fäerdegbruecht hunn, eng europäesch Migratiounspolitik op d'Been ze stellen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Ausseminister. An d'Wuert huet elo den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Här President, léif Kolleegen aus der Regierung, Dir Dammen an Dir Häre Deputéiert, fir d'Éischt géif ech gären ufänke mat engem Merci un den Deputéierte Marc Angel fir déi vill Aarbecht iwwert déi lescht Joren am Domän vun der Europapolitik a fir dee ganz gudde mëndlechen a schréftleche Rapport, zu deem ech jo och zum Deel bäigedroen hunn, andeem ech esou vill wéi ech konnt op deene komplizéierte Sujete mat der Kommissioun zesummeschaffen.

D'Wirtschafts- a Wärungsunioun ass fir Lëtzebuerg essenziell. Dat ass net eng politesch Ausso, dat ass ganz einfach eng Tatsaach. D'Zukunft vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun ass och ganz staark verbonnen a vernetzt mat der Evolutioun vun der Europäescher Unioun selwer. Mir sinn hei op enger historescher Kräizung ugelaangt, an eng historesch Kräizung, wou de Stëllstand keng Optioun ass.

Mir hunn haut de ganze Mëtten iwwert déi verschidden Zeenarie geschwat, an ech mengen, et besteet relativ vill Konsensus hei am Lëtzebuerger Parlament, dass mer eng Präferenz hu fir eng Mëschung vum Zeenario dräi a vum Zeenario véier. Mä et ass awer esou, wann ee wëllt d'Wirtschafts- a Wärungsunioun stäerken, wat mer, mengen ech, och zu engem groussen Deel wëllen, da si mer awer och zum Deel am Zeenario fënnef. Am Zeenario fënnef, deen a Richtung méi Federalismus geet. Et ass wahrscheinlech haut an elo net déi richteg Zäit, fir dat vill ze verdéiwen, mä et ass awer evident, dass d'Eurozon schonn en fait e groussen Deel vu Federalismus a sech huet. Wann ee schonn eng gemeinsam Wärung huet, ass een do, historesch gesinn, ganz wäit gaangen.

Virewech wëll ech awer och soen, dass et ganz kloer ass, egal wéi wichteg d'Wirtschafts- a Wärungsunioun ass a wéi vill mer se och wëlle stäerken: Europa ass natierlech net nëmmen eng Saach vu Wärung a vu Mäert, et ass haaptsächlech e Friddensprojet. Dat muss een ëmmer am Hannerkapp behalen. An dee Friddensprojet huet eis Wuelstand bruecht, huet eis Liewensqualitéit bruecht, déi hiresgläichen an der Welt sichen. A se huet eis awer och e soziaalt Netz bruecht, wat vläicht net genuch entwéckelt ass a wou nach vill ze maachen ass, mä mir sinn awer an der Welt déi Géigend, wou d'soziaalt Netz am beschten entwéckelt ass.

Zur Stëmmung an Europa géif ech gär folgende Saz soen: „Wat en Ënnerscheed e Joer kann ausmaachen!" Dee Moment, wou Groussbritannien mat engem Vott per Referendum decidéiert huet, aus Europa erauszegoen, haten der vill prophezeit, dass et mat Europa géif ganz séier biergof goen an dass vill aner Länner deeselwechte Wee géifen aschloen. Vill haten Angscht virun deene verschiddene Wahlen, déi an Europa sollte sinn. An ee Joer nom Brexit gesäit villes anescht aus. D'Wahl vum amerikanesche President hat natierlech och eng Influenz drop. An ech géif soen, wann een nach virun engem Joer vläicht gemengt huet, dass Europa an engem Tunnel wier wéinst der Polykris, vun där de Jean Asselborn geschwat huet, da fänkt een awer elo un, um Enn vum Tunnel e Liichtbléck ze gesinn.

Hoffnung kënnt op, nei Iddie kommen op an d'Vertrauen ass amgaangen ze klammen. Ech deelen also d'Meenung vun deenen, déi dat haut hei geäussert hunn, dass Europa erëm op engem positive Wee ass. Dat wëllt net heeschen, dass déi Problemer, déi do waren an déi net geléist sinn, net méi mussen ugepaakt ginn, mä mir sinn an enger Opbrochstëmmung.

Ech wéilt dann iwwer zwee Sujeten haaptsächlech elo schwätzen, déi de Jean Asselborn jo och annoncéiert hat, an zwar en europäesche Finanzkader no 2020, dat wäert den éischten Deel sinn. An den zweeten Deel ass dann dediéiert der Wirtschafts- a Wärungsunioun.

De Budget vun der Europäescher Unioun stellt 1% duer vum Revenu national brut vun der ganzer Unioun. Dat sinn op siwe Joer gekuckt ongefeier 1.000 Milliarden Euro. An dat stellt fir Lëtzebuerg 2% vun eisem nationale Budget duer. Dat sinn 1,5 Euro pro Persoun pro Dag.

A mat deem annerhallwen Euro pro Persoun pro Dag huet all Lëtzebuerger an all Entreprise ganz vill Virdeeler: Mir kënnen eis fräi bewegen an Europa, eis Bauere kréien Direkthëllefen, d'Wëssenschaftler kréie gehollef, d'Entreprisen hunn Accès op de grousse Maart. Ech fannen, dass déi 1,5 Euro Invest derwäert sinn.

D'Zesummesetzung vum europäesche Budget huet evoluéiert iwwert d'Zäit, mä wa mer haut eng Foto maachen, gesi mer, dass nach ëmmer 70% vum Budget vun der EU consacréiert si fir Agrardepensen a fir Kohäsiounsfongen. Dass do nei Erausfuerderungen optauchen, schéngt mer evident. An dass do Ëmschichtunge musse geschéien, schéngt och inevitabel. D'autant plus, dass verschidde Sujete vill méi Wichtegkeet kritt hunn an Europa; ech denken do un de Jugendchômage, un d'Flüchtlingskris, un d'Sécherheet an natierlech un de Klimawandel.

Lëtzebuerg wäert op jidde Fall déi Diskussioune ganz proaktiv begleeden an huet hei keng Apriorien. Mä déi Diskussioun, déi gëtt natierlech doduerch nach méi schwéier, well Groussbritannien amgaangen ass erauszegoen a mer doduerch 17% vum Revenu national brut verléieren. An dat gëtt natierlech der ganzer Diskussioun nach eng additionell Dynamik.

Wéi mer elo dat, wat feelt am Budget wéinst dem Exit vu Groussbritannien, léisen, steet op. Verschiddener géife gären d'Depensen immens reduzéieren. Anerer géife gäre méi an de Budget erabezuelen. An eng drëtt Optioun ass och, nei Recettë fir den EU-Budget ze fannen, esou wéi de Rapport Monti dat proposéiert huet. Lëtzebuerg ass op, fir op deenen dräi Pisten ze schaffen an eng gutt Kombinatioun vun deenen dräi ze erreechen.

Kloer ass och fir eis: Wann ee vun Europa méi freet - an ech hu virdru vu Klimaschutz geschwat, vu Sécherheet a Flüchtlingen ënner anerem -, jo, da muss een och Europa déi néideg Moyene ginn!

Op engem Punkt si mir ganz kloer, mengen ech, zu Lëtzebuerg, dat ass, dass mer keng Rabatter méi am EU-Budget wëllen. Dat war deemools an den 80er Jore vun der Madamm Thatcher agefouert ginn, exigéiert ginn an huet zu ganz villen Excèse gefouert an huet haaptsächlech d'Iddi vun Europa denaturéiert. Well et ass een net an Europa dran, fir esou vill Suen anzebezuelen, wéi een der erauskritt. Europa ass net eng Bank. Europa ass e Friddensprojet, wéi ech virdru gesot hunn, an dat muss ee qualitativ moossen. An dofir wär et gutt, dass een elo, wou dat Land, wat de Rabatt am meeschte wollt, erausgeet, dann dee ganze Mentalitéitswiessel, deen do an den 80er Joren erakomm ass, géif lassginn.

Mir hunn also eng Rëtsch Optiounen, wéi mer hei kënne virgoen. A Lëtzebuerg wäert sech derfir schloen, dass Europa déi néideg Moyene soll kréien, fir sengen ambitiéisen Ziler gerecht ze ginn, an och derfir ze suergen, dass den EU-Budget soll transparent, equilibréiert an effikass sinn.

Ech kommen elo zum zweeten Deel vu menger Presentatioun, an zwar d'Verdéiwung vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun. Mir begréissen do d'Propositiounen, déi d'Kommissioun gemaach huet.

Fir d'Éischt wëll ech emol virausschécken, dass den Euro e Succès war an e Succès ass. Natierlech huet e seng Schwächten, mä wat hätte mer dann an Europa gemaach an der Welt-

wirtschafts- a Finanzkris, wa mer den Euro net gehat hätten? An d'Bierger selwer sinn déi gréisste Beneficiairen dovunner, dass et den Euro gëtt, net nëmmen, well se kënne méi liicht duerch Europa reesen, mä well se natierlech immuniséiert si par rapport zu de Wärungsschwankungen, déi et virdru gouf.

Den Euro ass déi zweetwichtegst Wärung an der Welt, stellt ongeféier e Véierel vun alle Reserven, déi et an der Welt gëtt, duer an et ass eng Wärung, déi vun 340 Milliioune Leit gebraucht gëtt.

Eis Wärung ass en fait en Zeeche vun der Stabilitéit, déi Europa an der ganzer Welt mat sech brëngt. Leider huet een an deene leschte Joren dovunner net vill héieren, well alles dat, wat den Euro gutt gemaach huet, ass net beschriwwe ginn, an alles, wat schifgaangen ass, huet natierlech ganz vill Visibilitéit kritt. D'Erfolleger, wéi dat och haut e puermol hei gesot ginn ass, ginn net oft vun de Medien erëmgeholl. Good news is no news.

Den Euro huet seng Teenagekris iwwerwonnen, dat kann een haut behaapten. Wann ee kuckt, wivill Länner an deene leschte fënnef Jore gehollef kruten am Kader vun der Eurozon, da muss ee soen, dass d'Resultat am Fong geholl ganz positiv ass. Gehollef krute Spuenien, Portugal, Irland an Zypern an natierlech och Griichenland. Bei deenen éischte véier, déi ech genannt hunn, mengen ech, ass all Mënsch sech eens, dass dank der Eurozon an dank der gemeinsamer Wärung deene Länner an där schwéierer Phas gehollef ginn ass an dass se elo besser dosti wéi virun der Kris.

Bei Griichenland war et méi schwéier. Mä wiville vun Iech ass dann opgefall, dass d'lescht Woch en fait en Accord konnt fonnt gi fir eng zweet Ausbezuelung vun der Tranche un d'griichesch Regierung vun 8,5 Milliarden? Souguer iwwert dee Montant, deen absolutt néideg gewiescht wier. A wann ech mech net iren, wäert d'Kommissioun haut proposéieren, dass d'Procédure de déficit excessif fir Griichenland soll opgehuewe ginn. Dat ass eng wonnerbar Noriicht, déi wahrscheinlech elo vill manner Echo kritt wéi all déi schlecht Noriichten iwwert déi lescht Joren iwwer Griichenland.

An Europa si mer de Moment an enger Phas vun Expansioun. Mir hunn elo 16 Trimesteren hannerenee Croissance gehat. Mir hunn eng Croissance, déi bal 2% ass an der Eurozon an an Europa an alleguerten d'Indicateure si positiv. De Chômage ass d'lescht Joer fir d'Éischt säit laanger Zäit ënner 10% gefall, en ass elo scho ganz no bei 9% als Moyenne an Europa. A mir gesinn och, dass den Invest an Europa endlech erëm no uewe geet. Mir wëssen, dass d'Ziffere fir Lëtzebuerg nach vill méi gënschteg sinn: Mir hunn eng Croissance, déi dat Duebelt ass vun der europäescher Moyenne an och eisen Invest ass praktesch duebel esou héich wéi d'europäesch Moyenne.

An dat erkläert och, firwat Lëtzebuerg do an de Statistiken an Europa gutt steet. Mir sinn eent vun de Länner mat de beschte Statsfinanzen, wat och duerch en Triple-A honoréiert gëtt.

Mä d'Kris huet awer och Vulnerabilitéite gewisen an dofir si jo an der Period 2010, 2011, 2012 eng ganz Rëtsch vu Konventiounen adoptéiert ginn. Ech nennen déi wichtegst Konventiounen, déi hei duerch d'Parlament natierlech ratifizéiert gi sinn: de Fiscal compact, den „Sixpack" an den „Twopack".

Wat awer an där Period ganz kloer ginn ass, dat ass, dass, fir de Pacte de stabilité et de croissance ze respektéieren, dat heiansdo en héije soziale Präis huet. A Lëtzebuerg ass eent vun deene Länner, wat sech derfir asetzt, dass déi sozial Komponent vum Pacte de stabilité et de croissance soll méi gekuckt ginn, dass eis Wärungs- a Wirtschaftsunioun och soll eng Jobunioun ginn. Mir haten dat och zu enger Prioritéit vun eiser Presidence gemaach, wou mer jo den Triple-A social groussgeschriwwen haten.

Wann ech elo kucken, wéi mer eis dann elo solle positionéiere par rapport zu den Developpementer an der Wirtschafts- a Wärungsunioun, wëll ech fir d'Éischt emol ënnersträichen, dass ech an deene leschte Woche ganz proaktiv virgaange sinn, andeem ech eng bilateral Reunioun hat mam Wolfgang Schäuble zu Berlin. Gëschter hat ech eng bilateral Reunioun mam Bruno Le Maire. Ech wäert zum Schluss vum Mount op Roum fléien, fir eng bilateral Reunioun ze hu mam Minister Padoan. An ech schaffen drun, fir dass mer eng Benelux-Reunioun solle kréien, zum Schluss vläicht vum August, Ufank September, fir eng Koordinatioun och um Niveau Benelux fäerdegzebréngen.

Wat vläicht haut net genuch erausgeschielt ginn ass, wat bei der Wirtschafts- a Wärungsunioun e Schlëssel ass, ass, dass am Fënnef-Presidente-Rapport en fait eng Distinctioun gemaach ginn ass tëschent Mesures à court terme a Mesures à long terme, fir déi Wirtschafts- a Wärungsunioun ze beliewen an ze verbesseren. Déi Mesuren, déi à court terme geholl kéinte ginn, dat sinn der eng ganz Rëtsch, déi net exigéieren, dass d'Traitéë musse changéiert ginn. Déi, déi à long terme sinn, déi verlaangen natierlech, dass mer d'Traitéë changéieren.

An ech muss Iech soen - an ech hunn och mam Jean Asselborn elo nach haut driwwer geschwat -, mir zu Lëtzebuerg als Regierung si relativ op um Sujet, wat een dann à long terme muss maachen. Mir mengen net, dass dat Institutionellt muss an de Vierdergrond gesat ginn, mä wa mer elo en Elan feststellen, wéi mer amgaange sinn, een ze gesi mam Resultat vun de franséische Wahlen, wou de proeuropäesche Kandidat gewonnen huet, wann do eng historesch Opportunitéit ass, dann däerf ee sech awer näischt verschléissen.

Mä eng Saach no där anerer. Mir sollten och emol kucken, wat een à court terme ka maachen. D'Stéchwuert, dat éischt, wat et scho gëtt, ass d'Bankenunioun. Ganz kuerz, mir si frou iwwert dat, wat erreecht ginn ass: d'eenheetlech Supervisioun mat der Europäescher Zentralbank an de Single resolution board fir d'Resolutioun vun de Banken. Mä beim Dépôt de garantie, do ass de System nach net genuch communautariséiert. A mir si fir eng europäesch Solutioun do an och fir en „backstop" vun Europa. Dat ass en fait e Sécherheetsnetz, wat vun dem Europäesche Stabilitéitsmechanismus kéint geséchert ginn. Den ESM huet säi Sëtz hei zu Lëtzebuerg a mir wäre ganz derfir, dass de Rôle vun dem ESM sollt an Zukunft gestäerkt ginn. Mir wäerten eis derfir asetzen.

Net alles, wat an der Bankenunioun proposéiert ginn ass, gefält eis. Mir wëllen och derfir suergen, dass deen néidegen Equiliber tëschent de Besoine vun de klengen a grousse Länner oprechterhale gëtt an dass, zum Beispill wat d'Stabilité financière ubelaangt, d'Stabilitéit vun de Banken net nëmme soll am Mammenhaus, an der Capitale sinn, mä awer och an de Filialen. A mir hu jo eng Bankeplaz mat ville Filialen.

Mir ënnerstëtzen, an dat ass en zweete konkrete Projet, d'Kapitalmaartunioun. Ënner eiser Presidence sinn zwou Direktive verhandelt ginn, déi elo zum Ofschloss kommen. D'Titrisatioun an d'Prospektdirektiv, déi solle mat sech brëngen, dass Kleng- a Mëttelbetriber méi liicht kënnen Accès op d'Capitallen op de Bourse kréien.

Zur Debatt steet och hei, fir de Rôle vun der ESMA, déi europäesch Agentur, déi zu Paräis ass, ze verstäerken. Do préiwe mir gär, ob dat wierklech och indispensabel ass.

Wat elo d'Propositioune vun der Kommissioun ubelaangt, wat d'Verdéiwung vun der Wirtschafts- a Wärungsunioun ubelaangt, géif ech emol soen, dass Lëtzebuerg do fir all Propositiounen en oppene Geescht huet. Mir wäerten dat zesumme mat de Partner diskutéieren. Fir eis ass an deem dote Kontext eng Iddi fundamental, dat ass déi vun der Responsabilitéit a vun der Solidaritéit.

Vill Länner froen, dass méi Solidaritéit soll geschéien (veuillez lire: kommen). An ech mengen, mir zu Lëtzebuerg kënnen a sollen eis deem net verschléissen. Mä mir kënnen nëmme méi Solidaritéit kréien, wann déi existéierend Regelen alleguerten agehale ginn an d'Regele fir all d'Länner, kleng oder grouss, d'selwecht applizéiert ginn. Nëmmen dat schaaft dat néidegt Vertrauen, dat ee brauch, fir a Richtung méi Solidaritéit ze goen. Et war ëmmer eng Qualitéit vun Europa, de richtegen Equiliber tëschent all deene Saachen ze fannen. An ech sinn och confiant, dass mer dat wäerten an Zukunft fäerdegbréngen.

Wann ech elo d'Propositioune vun der Kommissioun kucken, wat de long Terme ubelaangt, wou proposéiert gëtt, dass mer sollten en Eurozon-Finanzminister hunn, en europäesche Budget sollen hunn a vläicht souguer en europäesche Fonds monétaire international, dat sinn natierlech Spréng vun enger ganz ambitiéiser Natur a wou mer menger Meenung no nach net ganz preparéiert sinn. Mä ech wëll, wéi gesot, vu Lëtzebuerger Säit net soen, dass mer dat net kënnen an d'A faassen, mä et muss een do realistesch bleiwen.

Wichteg ass et, dass d'Nationalparlamenter do mat agebonne sinn. D'Légitimité démocratique spillt sech net nëmmen um Niveau vum Europaparlament of, mä och um Niveau vun den Nationalparlamenter. A wa mer da wierklech gäre Saachen an d'A faasse wéi e Fonds monétaire international à l'européenne oder e Finanzminister, dee sech exklusiv ëm Europa bekëmmert, dat sinn Decisiounen, déi d'Souveränitéit vun alle Länner natierlech reduzéieren. An do muss d'Nationalparlament ganz no associéiert ginn.

En conlusion géif ech am Fong geholl gären dräi Saache soen.

Mir mussen - eent - Europa dem Bierger méi no brëngen. Dat ass eng Saach de longue haleine. Dat muss een déi ganzen Zäit maachen. An ech kann Iech soen: All Lëtzebuerger Minister wäert dat um europäeschen Niveau maachen.

Dat Zweet ass, mir mussen dee richtegen Equiliber fannen tëschent méi Pouvoir fir Europa par rapport zu de Länner. Déi richteg Vitesse fannen, wéi mer et wëlle maachen, dat ass net einfach.

An da leschtens, mir sollen als Lëtzebuerger hei bei der Wirtschafts- a Wärungsunioun proaktiv matschaffen. Mir hu vill Kredibilitéit. Mir sinn dat eenzegt Land, wat de Pacte de stabilité et de croissance ëmmer agehalen huet. Mir hunn d'Gewunnecht, mat eisen dräi Nopeschlänner zesummenzeschaffen a wäerten dat och hei maachen, mä mir kënnen och, mengen ech, am Benelux eng wichteg Roll spillen.

Wéi ech dem Bruno Le Maire gëschter gesot hunn: De Couple franco-allemand, dat ass de Motor vun Europa, mä de Benelux, dat ass den Uelech, fir dass de Motor gutt fonctionnéiert.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Domat si mer um Enn vun den Debatten ukomm.

Résolution 1

Mir si saiséiert mat enger Resolutioun, déi, souwäit ech gesinn, vun alle Fraktiounen a Sensibilitéite gedroen ass.

An dofir meng Fro: Kënne mer iwwert déi Resolutioun à main levée ofstëmmen? Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Vote sur la résolution 1

Da géif ech Iech bieden, wien derfir ass, dat ze weisen.

Géigeprouf: dergéint?

Enthalungen?

Domat ass d'Resolutioun 1, wéi se vun der Kommissioun ausgeschafft ginn ass, eestëmmeg ugeholl.

Motion 1

Bei der Motioun ginn ech dervun aus, dass se motivéiert ass.

Gëtt et Wuertmeldungen zu der Motioun? Den Här Angel.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Jo. Här President, ech war e bëssen iwwerrascht iwwert déi Motioun hei vum Här Mosar, well se fuerdert d'Regierung op, eppes ze maachen, wat se souwisou mécht. All d'Regierungsmemberen a besonnesch och den Här Asselborn ginn net midd, um europäesche Plang d'Solidaritéit grousszeschreiwen. En huet seng Ried haut hei ugefaangen, wou e gesot huet, dass d'Solidaritéit d'Einmaleins vun der Europäescher Unioun ass. En huet seng Ried domat opgehalen. Dofir fannen ech et scho bal eng Frechheet, wann een dës Regierung opfuerdert am Kader vun der Applikatioun vum Plan de relocalisation, wat d'Flüchtlingen ubelaangt, ze soen, se missten zu Bréissel an op anere Plazen d'Solidaritéit promouvéieren.

Den Här Ausseminister an och seng Kolleege maachen näischt aneschters. Dofir wollt ech d'CSV froen, ob se net awer vläicht wéilt déi Motioun hei zréckzéien, well, ech mengen, grad den Här Mosar, deen déi hei geschriwwen huet, entrüst sech oft iwwer Twitter, wann den Här Minister Kloertext schwätzt. Dofir wär ech wierklech frou,...

(Interruption)

...wa mer haut déi Motioun hei net...

Op jidde Fall, mir als LSAP, an ech géif de Kolleege vun der Majoritéit och recommandéieren, déi Motioun hei net ze stëmmen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo. Also, mat allem Respekt fir den Här Angel, ech mengen, en ass am falsche Film. Ech weess net, ob en nach zu Wimbledon beim Gilles Muller ass, mä et geet iwwerhaapt net dorëm. Här Angel, Dir hutt mir net nogelauschtert!

Plusieurs voix.- Oh!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Dir hutt mir net nogelauschtert. Et geet hei, an dat hunn ech hei ausgefouert, ëm déi Propositioun...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- ...vum Här Oettinger, dee proposéiert huet am Kader vu sengem Wäissbuch, eng Konditionalitéit anzefëieren, wat de Lien tëschent Rechtsstaatlechkeet, Solidaritéit an EU-Ausgaben ass. Dat steet ganz kloer ënnendrënner am leschten Tiret!

An ech muss lech awer soen, wann d'Majoritéit déi do net wëllt stëmmen, da solle mer awer ophalen, hei nach eppes ze soen! Mir hunn elo laang a breet iwwer Solidaritéit geschwat. Ech hunn dat quasiment aus alle Mënner héieren. Wat mir hei proposéieren, ass, datt d'Regierung u sech deen dote Volet vun der Propositioun Oettinger soll ënnerstëtzen, well mer dat eng gutt Saach fannen.

An ech hu keen héieren, deen u sech do de Contraire gemaach huet. Et geet guer net ëm dat, wat Dir do gesot hutt, Här Angel. Et geet hei ëm eng konkret, punktuell Propositioun aus dem Wäissbuch vum Här Oettinger.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Also…

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Angel!

M. Marc Angel *(LSAP).*- Ech liesen hei: «- à promouvoir le principe fondateur de solidarité entre États membres, - à soutenir au niveau européen toute initiative permettant l'application du Plan de relocalisation des réfugiés (...)». Ech mengen, dat ass dat, wat permanent vun dëser Regierung gemaach gëtt.

An ech mengen, zu dem Här Oettinger senge Proposen ass den Här Gramegna och agaangen an huet gesot, dass mer...

(Interruption par M. Laurent Mosar)

...mat allem do kënnen d'accord sinn. Ech fannen dat hei... Dir zitéiert elo just een Tiret vun Ärer Motioun. Mä ech bleiwe bei menger Meenung: Mir sollen déi ofleenen.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här Angel, fir lech entgéintzekommen a fir et méi einfach ze maachen: Ech proposéieren, datt mer déi zwee éischt Tireten ewechloossen.

Une voix.- Aah!

Une seconde voix.- Da bleift net méi vill.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Kartheiser an dann den Här Ausseminister.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Da bleift net méi vill.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Also, ech weess elo net, opgrond vu wéi engem Text ech soll argumentéieren, dee schrëftlechen oder deen neien, wou nëmmen nach een Tiret do ass. Dofir wëll ech probéieren, generell e puer Kommentaren ze maachen iwwert d'Approche hei an deem Text.

Wann et nëmmen ëm den État de droit an Europa geet, dann ass dat natierlech eng Proposi-

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

tioun, fir de Lien ze maachen tëschent engem Netrespekt vum État de droit, wann deen dûment constatéiert ass. An da muss ee kucken, datt déi Prozeduren, déi dat virgesinn, och voll respektéiert sinn an datt sech eben do och ka rechtsgülteg a politesch vertraglech op e Constat verlooss ginn, deen deen Ableck eventuell déi aner Memberstaten oder europäesch Institutioune kann derzou bréngen, sech Gedanken ze maachen, wéi domadder kann ëmgaange ginn.

Ob awer de Wee vun der finanzieller Erpressung - well et ass jo eigentlech dat - dee richtegen ass politesch, fir Länner zu engem Verhalen ze bréngen, wat anerer fir richteg halen oder vun deem ee mengt, datt et eng laangfristeg Solidaritéit an Europa géif begënschtegen, fir op dee Wee ze goen, dat woen ech ze bezweifelen! Ech soen, déi politesch - soe mer emol - Rationalitéit, déi Méiglechkeet, fir mat Länner esou ëmzegoen, datt ee Land an Europa mat deem aneren op dës Manéier soll ëmgoen an dorauser e positivt Resultat sech erwaart, dat schéngt mer méi wéi zweifelhaft.

Datselwecht ass de Solidaritéitsgedanken. De Solidaritéitsgedanken, deen interesséiert déi osteuropäesch Länner, well ëm e puer vun deene geet et jo haaptsächlech, allgemeng selbstverständlech, well an den Traitéë gëtt jo dee Gedanken an dee Begréff e puermol ernimmt, mä besonnesch am Verhältnis zu den Artikelen iwwert d'Verdeedegung an d'Sécherheet, 42, an awer och iwwert d'Fonds de solidarité, wou mir an enger historescher Roll sinn, déi mer eis ginn hunn um Enn vum Kale Krich, fir eben deen Deel vun Europa, dee manner Gléck hat wéi mir, well en eben ënner kommunistesche Regimmer gelidden huet, fir et hinnen ze erlaben, ekonomesch op eisen Niveau erunzekommen.

Dat sinn zwee Begréffer vu Solidaritéit, déi emotional ganz wichteg sinn an Osteuropa. A wa mer déi Begréffer benotzen, däerfe mer och déi Dimensioun net aus den Ae verléieren: Wéi eng Reaktioune provozéiere mer an deene Länner, wa mer op dëse Wee ginn?

Ech géif dervir warnen, op dee Wee ze goen. Ëmmer, éischtens, allgemeng an Europa, datt ee probéiert, deen aneren ënner Drock ze setzen. Ech mengen net, datt dee Wee zu eppes féiert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Hei geet et awer ëm Rechtsstaatlechkeet, wëll ech just soen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo. Also, d'Rechtsstaatlechkeet hunn ech gläich am Ufank gesot, Här Wiseler, éischtens muss e Broch constatéiert sinn. An dat hu mer net bis elo. Zweetens, wann e constatéiert ass, da géif ech lech proposéieren, datt mer zesummen iwwerleeën, a mat deene Länner zesummen iwwerleeën, wat mer kënne maachen, fir d'Rechtsstaatlechkeet ze verbesseren.

An eng lescht Bemierkung: D'Rechtsstaatlechkeet huet net nëmmen an Osteuropa Problemer, mä och a Westeuropa. An och hei zu Lëtzebuerg kënne sech esou Problemer presentéieren. An ech mengen, et ass richteg, datt ee Land deem aneren och do iwwert d'Schëller kuckt, datt een deem aneren hëlleft, fir eventuell op Saachen opmierksam ze maachen, déi net gutt sinn, an datt dat am Dialog gekläert gëtt, an net probéiert gëtt, iwwer Muechtspiller oder finanziell Mechanismen oder e Mëssbrauch vun europäeschen Institutiounen, fir Usiichten an engem Land duerchzesetzen, dat éischter engem anere seng sinn. Op deem Wee, mengen ech, komme mer an Europa net virun.

Ech soen Iech Merci.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Vläicht nach den Här Mosar an dann den Här Ausseminister,...

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo. Ech wëll awer nach eng Kéier...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ...fir d'Diskussioun ofzeschléissen. Här Mosar!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- ...dem Här Kartheiser äntwerten. Eleng och d'Reaktioun vum Här Kartheiser weist, datt eis Motioun justifiéiert ass.

Ech wëll nach eng Kéier hei widderhuelen: Et geet drëm, datt eng Konditionalitéit soll agefouert ginn an e Lien gemaach ginn tëschent der Rechtsstaatlechkeet. Ech hunn uewen, wéi ech meng Ried gehalen hunn, präziséiert, déi Rechtsstaatlechkeet misst vun dem Europäesche Geriichtshaff unerkannt ginn. Dat hunn ech kloer gesot. An dat ass natierlech d'Konditioun.

Et geet net einfach duer, datt nëmmen een dat behaapt. Mä fir eis ass dat awer wichteg, well ech kann awer elo wierklech net novollzéien, datt mer hei alleguer vu Solidaritéit schwätzen, a wann d'Kommissioun emol endlech eng konkret Propositioun mécht, da proposéiert den Här Angel, d'Motioun ze verwerfen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Ausseminister huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Ech probéieren, Här President, fir e wéineg Uerdnung hei an eis Debatt ze kréien.

Ech mengen, keen ass... Mir hunn ugefaangen, Här Mosar, Här Angel, an där leschter Kommissioun heiriwwer ze schwätzen, well den Här Oettinger war bei den Europaministeren am Conseil. Mir hate jo eng liicht Debatt an der Kommissioun doriwwer, déi mer och gutt iwwerwonnen hunn. An ech sinn deen Éischten, dee seet, dass een dee Lien tëschent der Rechtsstaatlechkeet an der Solidaritéit an dem Budget, deen opgestallt gëtt fir d'Joren 2020 an duerno, dass een dee soll net maachen. Dat ass evident.

Wann ech awer elo déi Motioun hei kucken, Här Mosar, an dat ass de Punkt. Dir schwätzt hei a praktesch allen Tirete vun der „Relocation" a vun der Solidaritéit a Saache Flüchtlingen. An dann hanne kënnt dat vum État de droit. Also duerfir, ech géif dat heite proposéieren: Kommt, mir hunn e Freideg den Här Oettinger hei zu Lëtzebuerg. Mir schwätze mat him, esou wéi e mat eis am Conseil geschwat huet. A wann en hei... Mir stellen em all d'Froen, déi mer ze stellen hunn: Dir als Deputéierten, mir als Regierung.

An dat, wat do erauskënnt, géif ech mengen, ass et der Méi wäert, dass d'Chamber hei an engem grousse Konsens deenen, déi domadder konfrontéiert sinn am Conseil, dann och de Réck stäipt a seet - also, wann dat doten zur Sprooch kënnt; an ech weess, dass den däitsch-franséische Motor, wéi den Här Gramegna elo grad gesot huet, dat doten och an d'A faasst -, ënner wat fir Konditiounen, ënner wat fir Aspekter.

Et ass extrem geféierlech, fir elo Solidaritéit, État de droit a Suen an een Dëppen ze geheien. Mä ech soen Iech awer: Esou kann et net weidergoen! Dat hu verschidde Leit och hei gesot. Mir kënnen net dauernd d'Rechtsstaatlechkeet mat de Féiss rennen an och net dauernd d'Solidaritéit mat de Féiss rennen an et kritt keng Konsequenzen. Dat däerfe mer net maachen!

An duerfir géif ech proposéieren, am Sënn vun der Saach - et geet elo net hei ëm Oppositioun a Majoritéit -: Kommt, mir lauschteren e Freideg dem Här Oettinger no an da preparéiere mer an der Kommissioun, wann Der dat wëllt, en Text, deen dann d'ganz Chamber ka matdroen!

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Mosar!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Also, ech sinn d'accord. Ech halen elo net drop, datt haut iwwert déi Motioun ofgestëmmt gëtt.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ech sinn d'accord, datt mer déi an d'Kommissioun renvoyéieren. A wann dann den Här Oettinger e Freideg kënnt, da kucke mer, wat derbäi erauskënnt. An dann hunn ech och kee Problem, well jiddweree kennt mech, wann aner Kolleegen der Meenung sinn, déi misst op engem Punkt nach completéiert ginn, kann ech domadder liewen.

Also, mir sinn d'accord, datt se an d'Kommissioun renvoyéiert gëtt. Soss froe mer fir e Vott.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ass dat...

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Also, dass mer eis gutt verstinn: Ech géif mengen, déi Motioun hei sollte mer op kee Fall stëmmen. A mir sollten elo, dat war meng Propositioun, Här Mosar, lauschteren, wat den Här Oettinger eis seet, a kucken, an der Kommissioun een Text ze preparéieren, dee vun der ganzer Chamber ka gedroe ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ass dat eng Propositioun, déi ka vu jiddwerengem gedroe ginn? Här Mosar?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Wann dat heescht, datt et e Renvoi en commission ass, jo.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister?

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Jo, ech kann net tranchéieren, Här President, ob Dir elo Renvoi en commission maacht. Mir solle kucken, ee seriöen, zolitten Text ze kréien, dee mer an der Kommissioun preparéieren.

Bon, elo ass et un Iech.

Plusieurs voix.- Zum Vott!

D'autres voix.- Renvoi!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay. Mir waren no bei engem Konsens. Wann dat net de Fall ass, da géif ech zum Vott kommen.

Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen nach.

An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss: 23-mol jo, 34-mol neen an 2 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun 1 ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Félix Eischen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Spautz), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet (par Mme Octavie Modert).

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par Mme Cécile Hemmen), M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Marc Angel), Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens (par M. André Bauler) et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Rendez-vous muer de Moien um néng Auer.

Merci, a kommt gutt heem!

(Fin de la séance publique à 20.22 heures)

SÉANCE 48 JEUDI, 13 JUILLET 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 7093 - Projet de loi sur l'exploration et l'utilisation des ressources de l'espace
- *Rapport de la Commission de l'Économie: M. Franz Fayot (intervention de M. Léon Gloden)*
- *Discussion générale: M. Laurent Mosar (dépôt d'une motion), M. André Bauler, M. Gérard Anzia (interventions de M. Laurent Mosar), M. Roy Reding, M. Marc Baum (interventions de M. Franz Fayot et Mme Nancy Arendt)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie (intervention de M. André Bauler)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*

3. 6853 - Projet de loi ayant pour objet la mise en place d'un régime d'aide à l'investissement à finalité régionale
- *Rapport de la Commission de l'Économie: M. Frank Arndt*
- *Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 7112 - Projet de loi modifiant:

1. le Code du travail;

2. la loi modifiée du 9 novembre 1990 ayant pour objet la création d'un registre public maritime luxembourgeois, en vue de transposer la directive (UE) 2015/1794 du Parlement européen et du Conseil du 6 octobre 2015 modifiant les directives 2008/94/CE, 2009/38/CE et 2002/14/CE du Parlement européen et du Conseil, et les directives 98/59/CE et 2001/23/CE du Conseil, en ce qui concerne les gens de mer
- *Rapport de la Commission de l'Économie: Mme Tess Burton*
- *Discussion générale: M. Léon Gloden, Mme Simone Beissel (intervention de M. Eugène Berger), M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen (intervention de Mme Simone Beissel)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre.

(Début de la séance publique à 09.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleeginnen a Kolleegen, ee schéine gudde Moien! Ech maachen heimat d'Sitzung op.

An ech mengen, interpretéieren ze kënnen, dass d'Regierung am Moment keng Matdeelung ze maachen huet. Ass dat richteg, Här Vizepremier?

(Assentiment)

Merci. Da géife mer...

(Sonnerie d'un portable)

...den Tëlefon ausmaachen an dann direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7093 iwwert de Space Mining. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Dir kennt d'Regelen an ech ginn duerfir d'Wuert direkt weider un den Här Rapporteur, de Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

2. 7093 - Projet de loi sur l'exploration et l'utilisation des ressources de l'espace

Rapport de la Commission de l'Économie

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, d'lescht Woch ass de Rapport Lamy fir d'Orientatioun fir Recherche, Developpement an Innovatioun nom Horizont 2020 an der EU publizéiert ginn. An d'lescht Woch war och de Kommissär fir Recherche, Developpement an Innovatioun Carlos Moedas bei ons op Besuch.

An deem Rapport stinn eelef Recommandatiounen dran an eng dovun ass, fir ze soen, dass Recherche, Developpement an Innovatioun eng Approche par mission soll adoptéieren, dass se soll global Challengë fir d'Welt an d'Mënschheet ugoen an déi och privilegéieren an der Recherche.

Et geet drëm, dass Recherche an Innovatioun d'Leit soll mathuelen, matrappen, liicht ze communiquéiere si mam Zil, d'Wichtegkeet vun RDI besser duerzestellen. A genau esou e Projet ass d'Lëtzebuerger Initiativ Space Resources: eng, déi e globalen Challenge - d'Raritéit vun de Rare Metaller op der Äerd - ugeet an déi mat de Leit hirer Imaginatioun spillt, eng, déi se dreemen deet. Well wat ass méi faszinant, wéi an de Weltraum ze flécien an do nei Aktivitéiten ze exploréieren?

Wa mer haut iwwert dëse Projet de loi 7093, iwwert de sougenannte Space Mining schwätzen, da sief nach eng Kéier un en anere liicht verréckte Projet erënnert. Deen ass méi wéi 30 Joer hier: Den 22. Januar 1986 ass iwwert de Projet de loi 2972 ofgestëmmt ginn.

Dir hutt et verstanen: Deemools ass an der Chamber diskutéiert ginn iwwert d'Fro, ob de Lëtzebuerger Stat soll eng Garantie vun 3,5 Milliarde Frang gi fir de Finanzement an d'Garantie vum Satellittesystem GDL. Deemools ass iwwer zwee Sitzungsdeeg ganz intensiv debattéiert ginn. Et ass deemools ëmmerhin ëm 5% vum Statsbudget gaangen. Haut géife mer vu 700 Milliounen Euro schwätzen. Et ass sech gefrot ginn: Solle mer? Solle mer net? Ass et de Risiko wäert? Ass do wierklech eng Zukunft am Secteur vun de Satellitten? Et ass vill diskutéiert ginn iwwert d'Debouchéen am Satellittemarché an iwwert d'Liewensdauer vun de Satellitten.

Dëst waren déi Haaptfroen, alleguer justifiéiert Froen, déi ons Kolleege sech deemools gestallt hunn. A mir wëssen haut, dass d'SES eng Success Story gouf fir onst Land mat ganz positive Retombéeë fir seng Wirtschaft, seng Renommee. An de gesamte Secteur vun der Weltraumindustrie hei zu Lëtzebuerg ëmfaasst haut eng ronn 30 Entreprisen, déi 700 Leit beschäftegen, an alleguerten hu se de près ou de loin mat der SES ze dinn.

De Risiko, deen de Stat deemools geholl huet, well deemools sinn et keng Assurancë gi fir de Lancement vun engem Satellitt, huet sech gelount. An trotzdeem haten d'Zweifler net onrecht, hir Bedenken unzemellen.

Haut, gutt 31 Joer duerno, wäerte mer viraussiichtlech haut de Moien dësen neien, wichtege Gesetzestext fir Lëtzebuerg stëmmen. De Projet 2972 gouf deemools vun der CSV matgedroen. Jo, de Pierre Werner an de Jacques Santer waren, mengen ech, souguer, kann ee soen, d'Päpp vun dësem Projet.

Une voix.- Dat waren nach Zäiten!

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.*- Et steet mir als Rapporteur net zou, fir de Kolleege vun der CSV iergendeppes nozeleeën, mä ech weess awer, an ech hunn erausgespuert aus den Aarbechten an der Kommissioun, wann ech elo eng Kéier dierf hei d'Star-Wars-Terminologie beméien, dass et bei hinnen eng däischter an eng hell Säit vun der Kraaft gëtt an dësem Dossier.

(Brouhaha)

An ech géif Appell un déi hell Säit vun der Kraaft maachen, an...

Une voix.- Déi däischter Säit ass méi staark.

(Brouhaha)

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.*- ...un déi hell Säit vun der Kraaft maachen…

M. Léon Gloden *(CSV).*- „May the Force be with you!"

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.*- ...a se invitéieren, dëse Projet och dës Kéier matzedroen.

(Brouhaha et hilarité)

Här President, mir leeën haut d'Grondlag fir eng nei Wirtschaftsnisch fir Lëtzebuerg. Mir schafen e legale Kader, fir et privaten Operateuren ze erlaben, Materien am Weltall ze exploitéieren a mat zréck op d'Äerd ze bréngen. Wéi esou oft fänke mer hei u mat de rechtleche Ramebedéngungen.

D'Success Story vun RTL ass ugaange mat den nationale Radios- an Tëleesfrequenzen, d'SES huet op orbital Positioune vu Lëtzebuerg opgebaut. An dëse Projet baut op enger rechtlecher Sécherheet op, déi mer heimat schafen an déi duerch Lëtzebuerg unerkannt gëtt, näämlech d'Proprietéit iwwert d'Ressources de l'espace.

D'Initiativ spaceresources.lu brauch dëst Gesetz, fir ze decolléieren. Et ass d'Signal un d'Akteure vun der Économie de l'espace, dass mer dës Wirtschaftsbranche eescht huelen a bei ons wëllen developpéieren.

Dës Initiativ geet op Kontakter vum deemolege Generalkonsul zu San Francisco, de Georges Schmit, zréck, 2012, mat verschiddenen amerikaneschen Akteuren. An et ass de Meritt vun Iech, Här Wirtschaftsminister Schneider, a vun der Regierung, dass Der dëse Projet an d'Potenzial vun dësem Projet verstanen hutt an e mat weidergedroen hutt.

Säit Space Resources ugangs 2016 lancéiert gouf, ass den Interessi immens grouss. An de Minister geet sécher a senger Ried dorops an, soudass ech dat elo hei net brauch ze maachen.

Mir brauchen e Rechtskader, well mer gären en „first-mover"-Avantage hätten. A wéi wichteg dat ka sinn, ka jiddweree sech ukucken um Beispill vun der Fongebranche, wou mer 1985 eng Direktiv ëmgesat hunn, déi et onser Fongebranche erlaabt huet, haut d'Nummer 1 an Europa ze sinn, wat international Fongen ugeet.

Mä dëst ass net d'Enn vun der Geschicht. Mir hunn all verstanen, dass de juristesche Kader fir d'Exploratioun an d'Notzung vun abiotesche Ressourcen am Weltraum, Mineralie wéi Gold, Nickel, Platinn, Eisen, mä och Waasser a verschiddene Gaser, alles aneres wéi op zolitte Féiss steet. Dofir ass et ze begréissen, dass d'Regierung parallell heizou beméit ass, en neien, méi séchere juristesche Kader fir d'Exploratioun an d'Appropriatioun vu Ressourcen aus dem Weltraum ze fannen, an dat op multilateraler Basis.

De Forum dofir ass primär d'UNO, mä mir investéieren ons och an den The Hague Space Resources Governance Working Group, dee vun der Uni Leiden animéiert gëtt a wou eng Rei Regierungen, Entreprisen an aner Unien un der Formulatioun vun engem neien internationale Kader schaffen, dee bis Enn 2017 soll mat enger Propos kommen.

A wann ee sech déi „building blocks" ukuckt, déi Sujeten, mat deene sech deen The Hague Space Resources Governance Working Group do beschäftegt, dann trëfft een en fait op déiselwecht Sujeten, déi ons och an der Kommissioun beschäftegt hunn, näämlech déi vun den Objektiver, d'Definitioune vun den „key terms", d'Prinzipien, den Accès zu de Ressourcen an d'Utilisatioun. Dat sinn déi zentral Themen, déi och op internationalem Plang nach weider mussen ausgedäitscht ginn.

Dir hutt ons och erkläert, Här Minister, an der Kommissioun, dass Dir amgaange sidd, e Memorandum of Understanding mat verschiddene Länner ze diskutéieren. Do si fir de Moment Portugal, déi Arabesch Emirater, Brasilien a Japan derbäi, mä och aner Länner, mat deenen Der an der Diskussioun sidd, grouss Länner wéi Russland a China.

Den Zweck ass et awer, à terme d'UNO derzou ze bewegen, en neien Traité ze adaptéieren, deen den Outer Space Treaty vun 1967 ersetzt. An et ass gutt esou, dass mer hei net Cavalier seul maachen an dass mer dat an enger inklusiver, multilateraler Approche maachen.

Här President, woura besteet dëse Projet de loi 7093? En artikuléiert sech ëm zwee grouss Prinzipien. Dee wuel wichtegsten Artikel ass deen éischten. E seet aus, dass „les ressources de l'espace (…) susceptibles d'appropriation" sinn. An hannert dësem banalen, relativ banale Saz verstoppt sech awer déi Haaptdiskussioun, déi mer an der Kommissioun haten. De Statsrot hat heizou fundamental Froen opgeworf an déi hu mer och extensiv diskutéiert. Am Kär geet et dorëm, ob déi Ressourcen iwwerhaapt kënnen appropriéiert ginn.

Den Traité, dee Lëtzebuerg an déi meescht aner Länner ratifizéiert hunn, den Outer Space Treaty vun 1967 verbitt just d'Exploitatioun an Appropriatioun vu Corps célestes duerch souverän Staten. E seet awer näischt aus iwwert d'Appropriatioun duerch Privatentreprisen.

Et gouf sech ugeleent un eng majoritär Rechtsdoktrinn, déi par analogie zu der Konventioun vu Montego Bay vun 1982 iwwert de Mieresgrond räsonéiert, déi seet, dass déi Saachen, déi do sinn, haaptsächlech Fësch, res communis sinn. Dat heescht, dat si Biens communs, déi kënne gefëscht ginn an och appropriéiert ginn. Äänlech verhält et sech mat de Ressources minières, déi am Weltraum géife fonnt ginn.

Et sief awer hei gesot, dass de Wirtschaftsminister eng Etüd en commande ginn huet bei der Uni Lëtzebuerg iwwert déi rechtlech a regulatoresch Aspekter vun der Utilisatioun vu Weltraumressourcen. Mir kruten déi Etüd och an der Kommissioun. Mir hu se gekuckt an dëst ass eng seriö Studie, déi d'Approche vun dësem Projet de loi guttheescht, déi awer och recommandéiert, dass Lëtzebuerg sech à terme eng comprehensiv a global Loi sur l'espace sollt ginn, déi generell e Rechtskader fir all d'Aktivitéiten am Weltraum soll virschreiwen.

Mä et bleiwen nach munch Froen, déi opstinn. An déi kënne just an engem zukünftegen, neie Kader geregelt ginn. Déi hu mer och extensiv diskutéiert an der Kommissioun, wéi zum Beispill: Wat ass mat der internationaler Reconnaissance vun deem Recht op Ressourcen, wat Lëtzebuerg den Operateure gëtt? Wat geschitt, wann déi Mineralien anzwousch anescht bruecht ginn, fir verschafft ze ginn? Et gëtt fir de Moment einfach keng Äntwerten op dës Froen. An et gesäit een, dass dës Froe justement den Objet sinn, wéi gesot, vun deem The Hague Space Resources Governance Working Group.

Deen zweete grousse Prinzip, Här President, ass, dass een en Agrement brauch vum Wirtschaftsminister a vum Minister fir Medien, fir kënnen eng Missioun fir d'Ofdroe vu Weltraumressourcen ze maachen. Dat ass e Kader, dee sech un dee vum Gesetz vun 1993 iwwert de Secteur financier uleent. Et brauch een eng gewësse finanziell Assise, eng Honorabilitéit vun den Dirigenten a vum Aktionariat, also äänlech wéi am Finanzsecteur.

Den Agrement ass ëmmer perséinlech a kann net cedéiert ginn. Den Exploitant muss säi Siège a säi Centre d'affaires zu Lëtzebuerg hunn. Soss sinn d'Konditioune fir en Agrement vum Statsrot e bësse méi enk gezurrt ginn, wéi et, mengen ech, dem Wirtschaftsministère vläicht léif gewiescht wär, souwuel wat déi finanziell, technesch a rechtlech Modalitéite vun der Missioun ugeet wéi och d'Gouvernance an d'Kontroll vu Risike bis zu finanziellen Assisen an der Honorabilitéit vun Aktionären an Dirigeanten. All dës Konditioune mussen zu jidder Zäit erfëllt sinn.

Well dowéinst d'Ministeren och eng Appreciatioun iwwert de Seriö vum Projet ofginn, stellt sech eng Fro vun der Responsabilitéit. Dat eent ass d'Responsabilitéit fir de Schued, deen am Weltraum entstoe kann, also direkt nom Decollage vun der Missioun. Hei seet den Outer Space Treaty a sengem Artikel 6, dass de Stat, ënnert deem den Operateur säin Agrement huet, ëmmer mathaft. Dat anert awer ass de kommerzielle Risiko: Wat ass, wann et am schlëmmste Fall eng Faillite gëtt vun deem Exploitant?

Hei si mer an engem Beräich, wou héich Montanten an d'Spill kommen. Wann een zum Beispill 200 oder 300 Milliounen Euro op der Bourse gesammelt huet an da geet een d'Baach eran. An hei ass de Risk, dass dann, zesumme mat den Aktionären an den Dirigeanten, och de Lëtzebuerger Stat mat ugesicht gëtt, well dee mam Agrement eng Aart Caution commerciale ginn huet.

Mir waren ons schlussendlech eens an der Kommissioun, dass de Stat hei ëmmer nëmmen eng Obligation de moyens huet, also just muss uerdentlech seng Verifikatioune maachen a soss keng Verantwortung huet fir de kommerzielle Risk vun der Aktivitéit.

D'Kommissioun huet och begréisst, dass d'Regierung bei der ESA eng Etüd en commande ginn huet, fir déi potenziell Responsabilitéit am Zesummenhang mat der Exploitatioun vun de Ressourcë besser ze encadréieren. Dëse Rapport wäert awer eréischt an zéng Méint fäerdeg sinn.

Et sief och nach erwäänt, dass d'Ministere fortwärend musse préiwen, dass d'Konditioune vum Agrement erfëllt bleiwen, a si mussen och eng Surveillance vun der Missioun maachen. Wa bannent 36 Méint d'Aktivitéit net ugefaange gëtt, kann den Agrement entzu ginn. Weiderhi gesäit d'Gesetz strofrechtlech Sanktioune vir, wa géint verschidden Dispositioune vum Gesetz verstouss gëtt.

Här President, ech ginn net op déi finanziell Aspekter vun dësem Projet de loi an. Ech verweisen hei op de schréftleche Rapport. An ech mengen ze wëssen, dass de Minister och nach wäert op d'Investissementer vum Lëtzebuerger Stat an dëser Initiativ ze schwätze kommen an och op d'Kontributioun an d'ESA.

Här President, nach ganz schnell e Wuert iwwert d'Aarbechten an der Kommissioun: D'Handelskummer huet sech erwaardungsgméiss positiv iwwert dëse Projet geäussert, well mer heimat eng nei Kompetenznisch fir d'Lëtzebuerger Ekonomie schafen. De Statsrot huet sech a sengem éischten Avis ganz kritesch mat dësem Projet de loi auserneegesat. En hat eng Partie Opposition-formellen, virun allem wéinst juristeschen Onsécherheeten. Op anere Plazen huet de Statsrot den Netrespekt vun der Hiérarchie des normes opgeworf, Restriktiounen an der kommerzieller Fräiheet vun de Leit, Obligatioune fir Redevancë per Gesetz ze fixéieren an de Mangel u Präzisioun vu verschiddene strofrechtleche Sanktioune kritiséiert.

Wéi scho gesot, hate mer laang a flott Diskussiounen an der Kommissioun. An ech mengen, mir hunn all dës Punkten ausdiskutéiert.

Här President, wann ee sech den „mission statement" um Site vu spaceResources.lu ukuckt, da kann ee liesen, dass do steet, dass dat oberst Zil ass, dass Lëtzebuerg wëllt zur friddlecher Fuerschung an dem dauerhafte Gebrauch vu Ressourcen am Weltraum fir d'Wuel vun der Mënschheet bäidroen. Dat ass e schéine Saz. Mir wëllen et also op eng gewëssen Aart a Weis am Weltraum besser maache wéi op der Äerd.

Et ass gewosst, dass d'Konzeptioun vum Traité de la lune, deen d'Ressources de l'espace als Bien commun de l'humanité ugesinn huet, sech net duerchgesat huet um internationalen Niveau als internationale Standard. Mir begréissen dëse Projet, och well mer et net als eng nei Ruée vers l'or gesinn, déi an engem rechtsfräie Raum geschitt a wou dee Schnellste gewënnt. Neen, wéi gesot, mir probéieren, parallell zu dësem Projet en neien internationale Rechtskader matzedefinéieren, matzegestalten. Wëssend awer, dass d'Technologie fir déi eigentlech Exploitatioun vun abiotesche Ressourcen eréischt wahrscheinlech an 22 bis 25 Joer dës Exploitatioun méiglech mécht, hu mer, wéi gesot, nach Zäit, fir dëse Kader auszeschaffen. Et ass also en „work in progress".

Mir invitéieren dofir d'Regierung an de Wirtschaftsminister, sech derfir anzesetzen, dass déi nei Traitéen an international Norme wäitgeeënd effektiv dem Bien commun nëtzen an dass et eng juste Repartitioun vun de Ressourcë gëtt.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir Är Opmierksamkeet. An ech ginn och elo schonn den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar fir d'CSV.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Wirtschaftsminister, de Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, ass um Hannergrond vun enger méi grousser Diversifikatioun vun eiser Wirtschaft ze gesinn, méi ewech vun der Ofhängegkeet vum Finanz- a Bankesecteur. An deem Sënn ass déi Initiativ vun der Regierung, fir d'Verankerung vun eisem Land am Weltraum an an de Weltraumaktivitéiten ze verstäerken, eng absolutt luewenswäert a verdéngt et duerfir och, op eng objektiv Aart a Weis analyséiert ze ginn.

D'Exploratioun vum Weltall an d'Detektioun vu Ressourcen ass prinzipiell dann och am Interessi vun der Mënschheet. An duerfir sinn all déi innovativ Weltraumtechnologien eng Visioun, där mir eis sollen, wann net souguer mussen uschléissen.

Eist Land kann dann och bei esou enger Missioun eng wichteg sozial Roll iwwerhuelen a gläichzäiteg ee vun deene wichtegste Standuerter fir d'Entwécklung vun dëse Weltraumtechnologië ginn. Dee gréisste Meritt vun der Regierung, an dat gesti mir och ganz gär als

CSV-Fraktioun an, ass et dann och, eist Land mat dësem Projet op Weltkaart vun de Weltraumtechnologië gesat ze hunn.

D'Initiativ vum Space Mining kann also sécherlech an den nächste Joren zu der Gebuert vum NewSpace bäidroen. An och wann eng Rei vu Leit d'Initiativ vun esou innovativen Technologien éischter nach an de Beräich vun der Science-Fiction stellen, stellt dëst dach fir eist Land eng unique Geleeënheet duer, fir net nëmmen ee vun de Moveren, mä souguer ee vun den Akteuren, de Playeren also vun dësen Zukunftstechnologien ze ginn.

Här President, de Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, stellt u sech dann och eng éischt Appliktioun duer vun dësen Technologien a schaaft virun allem, an de Rapporteur huet dat virdru jo och erkläert, dat juristescht Fundament, op deem sech déi nei Technologien an Zukunft kënnen entwéckelen.

Meng Fraktioun an ech selwer hunn duerfir och prinzipiell e Préjugé favorable fir d'Initiativ vun der Regierung, well mir ganz einfach mëttel- a laangfristeg Chancë gesinn, déi dëst fir eist Land a säi Wirtschaftsstanduert kann duerstellen.

Dës Initiativ, genausou wéi de Projet de loi, stellen allerdéngs net nëmmen eng Chance duer, mä werfen awer och eng ganz Rei vu Froen iwwer technesch Machbarkeet, finanziell Risken, juristeschen Encadrement op, zu deene mer zumindest um Dag vun haut nach net am Besëtz vun allen Äntwerte sinn.

Ech wëll meng Interventioun ufänken, andeem ech e Merci soen un de Président-rapporteur, deen net nëmmen zwee ganz gutt Rapporten ofgeliwwert huet, mä wou ech och fannen, datt en et an der Kommissioun erméiglecht huet, eng kritesch Betruechtung och mat a Consideratioun ze huelen, an ouni Prejugéën einfach och bereet war, op all déi méi kriddelech Froen anzegoen, op déi ech dann och elo wäert an deenen nächste Minutte selwer agoen.

Här President, mir hunn eis an der Fraktioun laang an am Detail mat de Chancen an de Riske vum Space Mining beschäftegt a mir hunn eis d'Entscheedung net einfach gemaach. An et ass och net grad esou, wéi de Rapporteur virdru gesot, datt et méi Heller a méi Däischterer an der Fraktioun ginn. Ech gehéiere manifestement haut zu deene méi Däischteren.

(Brouhaha et interruption par M. Alex Bodry)

An ech mengen allerdéngs, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt dat hei…

(Interruption)

…datt dat hei e Projet ass, deen trotzdeem eng Rei vu Froen opwërft, déi net nëmme mir eis hei an deem Raum stellen, mä déi och ganz vill Biergerinnen a Bierger sech dobausse stellen. An ech mengen, et ass duerfir och gutt, datt ee sech awer intensiv mat deene Punkte beschäftegt.

Här President, mir hunn also eng Rei vu Froen, bei deene mer nach op Äntwerte waarden. Mir maachen haaptsächlech och eng Rei vu Propositiounen, wou een eiser Meenung no dee Projet an déi Initiativ nach ka verbesseren, a mir wäerten all déi Propositiounen an eng Motioun eranhuelen. An eis definitiv Decisioun, ob mer dëse Projet stëmmen, hänkt dann och dovun of, ob d'Regierung déi Motioun do unhëlt oder net.

Ier ech awer zu deene verschiddene Punkte kommen, déi menger Fraktioun a mir selwer awer eng Rei Suerge maachen, wëll ech trotzdeem op e Vergläich zréckkommen, deen an deene leschte Wochen a Méint oft gemaach ginn ass, deen och virdrun erëm vum Rapporteur gemaach ginn ass, näämlech de Vergläich tëschent dem SES-Projet an dem Projet vum Space Mining.

Ech mengen näämlech, datt déi intellektuell Éierlechkeet vun eis alleguerte verlaangt, datt mer awer eng Kéier ganz genau kucken, datt mer hei awer eng Rei vun Differenzen hunn tëschent dem deemolegen SES-Projet an dem Projet vum Space Mining. An ech wëll trotzdeem awer op déi Differenzen agoen.

Fir d'Éischt wëll ech drun erënneren, datt de Projet SES u sech en Investissement vum lëtzebuergesche Stat an eng kommerziell Gesellschaft war, wärend de Space Mining u sech als Objektiv huet, en neie Marché ze schafen, näämlech dee vun de Weltraumtechnologien.

En zweeten, an dat ass vläicht dann och mat dee wichtegsten Ënnerscheed, Dir Dammen an Dir Hären, ass deen, datt et um Niveau vun der Entwécklung vun deene jeeweilegen Technologien trotzdeem ganz grouss Ennerscheeder gëtt, wat den Entwécklungsstand betrëfft.

Zur Erënnerung: Esou war näämlech den SES-Projet deen drëtte Satellitteprojet an eisem Land, deen dann och finalement iwwert d'SES realiséiert ginn ass. Deen éischte war, an dat wëll ech lech awer trotzdeem nach eng Kéier alleguerten an Erënnerung ruffen, de Projet LuxSat aus de Joren 1972 bis 1974, wat u sech en éischten Essai war. Dono koum de Projet Coronet vum amerikaneschen Investisseur Clay Whitehead - dee jo och dann zu engem spéideren Datum ee vun de Partner vun der SES sollt ginn -, dee schlussendlech dann och 1985 zu der Gebuert vun der SES gefouert huet.

Am Géigesaz zu de Weltraumtechnologien, mat deene mer eis haut beschäftegen, ass also deemools 1985 d'Technologie vun de Satellitte schonn extrem wäit entwéckelt gewiescht. An dat ass jo eng Technologie - fir all déi Leit, déi sech e bësselchen domat beschäftegen -, déi sech u sech op d'Missioun Sputnik am Joer 1957 baséiert.

Dat Eenzegt, wat deemools 1985 eigentlech dat neit Element war, ass, datt Enn vun den 80er Joren de Marché vun de privaten Televisiounschaînen explodéiert ass, wat natierlech d'Attraktivitéit vun de Satellitte wesentlech méi grouss gemaach huet. Am Vergläich dozou hu mer haut beim Space Mining eigentlech bis elo just eng eenzeg Missioun, näämlech 2014 déi sougenannte Missioun Rosetta, bei där fir d'Alleréischt an der Geschicht eng Sonde op en Asteorid geschoss ginn ass.

Wat de Stand vun der Entwécklung also betrëfft, kann een ongeféier, ech weess, datt dat ëmmer schwiereg ass, besonnesch wann ee selwer kee Spezialist ass, kann een trotzdeem déi Missioun Rosetta mat der Missioun Sputnik aus dem Joer 1957 vergläichen. 1957, Dir Dammen an Dir Hären, bis 1985, dat sinn also bal 30 Joer, déi tëschent der éischter Satellittenapplikatioun an der Grënnung vun der SES leien. A wa mer haut elo deeselwechten Zäitraum géife berücksichtegen, quitte datt een elo weess, datt dat vläicht eppes méi schnell geet, 2014 plus zwanzeg bis drësseg Joer, da wësse mer also, wéini et eventuell zum Eropschéisse vun där éischter Missioun, déi dann eventuell och Ressourcë géif ofbauen, ka kommen.

An och, Dir Dammen an Dir Hären, wann deemools de lëtzebuergesche Stat e grousst finanziellt Engagement geholl huet, andeem en eng Garantie financière vum lëtzebuergesche Stat ausgestallt huet, kann een dat trotzdeem net vergläiche mat der Envergure vun engem Space-Mining-Projet, dee sécherlech e Multiple vun deem vun der SES duerstellt.

Här President, dat gesot, wollt ech dann op déi fir eis kruzial Froen agoen. An deem héich technesche, juristesche Projet ass eigentlech just - an de Rapporteur huet dat jo virdrun erausgestrach - een eenzegen Artikel, an Här Minister, et hätt een eigentlech kënnen de Projet de loi quasiment op deen Artikel limitéieren, dee wierklech dobaussen d'Investisseuren interesséiert. Dat ass deen Artikel, dee kloer seet, datt d'Ressourcen, déi dann an Zukunft bei esou Weltraummissiounen ofgebaut ginn, automatesch Proprietéit si vun deemjéinegen, deen déi Missioun do ënnerhëlt. Dat ass also deen Artikel, deen dann och versicht, dobaussen deene potenziellen Investisseuren eng gewësse Rechtssécherheet ze ginn.

Dësen Artikel, an ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, vum Minister bis zum Président-rapporteur, kann natierlech nëmme Sënn ka maachen, wa mer en an en internationaalt Ëmfeld kënnen abetten. Well loosse mer eis näischt virmaachen: Et geet elo net duer, datt mir hei als kleng Lëtzebuerger ganz eleng esou een Artikel an eist Gesetz festschreiwen, fir datt dat och eng international juristesch Unerkennung kritt.

Mir haten an der zoustänneger Kommissioun jo och eng länger Diskussioun, wéi esou eng international juristesch Unerkennung kéint ausgesinn. A mir sinn eis eigentlech och doriwwer eens, datt dat eigentlech idealerweis misst e multilateraalt Instrument sinn. A wat kéint dat bescht multilateraalt Instrument sinn? Dat wär u sech eng Adaptatioun an eng Modifikatioun vum Space Treaty vun 1967.

Déi Angscht oder déi Bedenken, déi mer awer hunn, sinn: Wann een e bëssen d'Vereenten Natioune kennt, weess een, datt dat elo net e Gremium ass, dee ganz schnell an effektiv schafft, soudatt natierlech d'Gefor besteet, datt dat schrecklech laang dauere kann, ier et dann, wann iwwerhaapt, zu enger Modifikatioun vun deem Space Treaty kënnt. A mir hunn deemools jo och proposéiert, et soll ee kucken, ob et net eng Méiglechkeet gëtt, vläicht deen internationalen an de multilateralen Agreement do bei enger anerer internationaler Institutioun unzesidelen. An eng Méiglechkeet kéint zum Beispill, dat hu mer jo och an der Kommissioun gesot, d'OCDE sinn, wat éischter eng Institutioun ass, déi méi wirtschaftlech fokusséiert ass, soudatt een och dat eng Kéier kéint kucken.

Mir sinn awer gradesou der Meenung, an do deele mer d'Aschätzung vum Wirtschaftsminister, datt ee parallell soll kucken, méiglechst vill bilateral Accorde mat de groussen Akteuren ofzeschléissen. An ech mengen, déi grouss Akteuren, déi kenne mer alleguerten, et geet vun den Amerikaner iwwert d'Russen, d'Chineesen, d'Inder, d'Japaner an esou virun, datt mer versichen, déi grouss Akteuren awer alleguerten zumindest mat an d'Boot ze kréien. Well wa mer dat schonn emol fäerdegbruecht hätten, wär e wesentleche Schrëtt gemaach.

Fir eis, an, ech mengen, et misst eigentlech jiddwereen och domadder d'accord sinn, steet a fält natierlech dee gesamte Projet mat der internationaler Reconnaissance vun deem Proprietéitsrecht. Well wann do keng international Suite a keng international juristesch Unerkennung kënnt, fäerten ech, datt et ganz schwéier gëtt, an Zukunft Investisseure just mat eisem Projet de loi hei op Lëtzebuerg ze kréien.

Här President, eng aner Fro, déi eis Fraktioun vill beschäftegt huet, ass déi, wat de finanziellen Engagement ubetrëfft, deen d'Regierung generell och am Kontext vun dësem Projet wëllt huelen. Momentan sinn 200 Milliounë vun der Regierung virgesinn. Dovu sinn der schonn 200 (veuillez lire: 25) engagéiert.

Mä och hei muss ee sech bewosst sinn, an ech hunn ech virdru gesot, datt 200 Milliounen an esou engem Aktivitéitsberäich just emol net eng Drëps op de waarme Steen sinn, well, fir déi dote Weltraumtechnologien ze entwéckelen, schwätze mer dann éischter a Gréissteneerdnunge vu Milliarden Dollaren oder Euro.

An dobäi kënnt, Här President, een Element, mengen ech, wat och kee contestéiert, dat ass, datt bei neien Technologien, déi entwéckelt ginn, déi gréissten Investissementer u sech an deenen éischten zéng Joer vun esou engem Projet wäerten ufalen.

An dofir fanne mir, a mir hunn dat och an der zoustänneger Kommissioun gesot, datt et eigentlech gutt wier, wann d'Regierung eis awer hei géif méi präzis Indikatioune ginn, net nëmmen iwwert déi nächst zwee, dräi Joer, mä carrement iwwert déi nächst zéng Joer. An ee vun de Punkten, déi mer dann och an eis Motioun erageholl hunn, ass deen, datt mer d'Regierung invitéieren, eis esou e Businessplang iwwer eng Dauer vun zéng Joer nozereechen.

Ech weess, datt de Wirtschaftsminister mer wäert herno äntwerten, datt et jo elo net de lëtzebuergesche Stat ass, deen déi Milliounen oder Milliarden Euro muss virstrecken, fir an d'Entwécklung vun deenen Technologien dranzestiechen. Nach musse mer awer wëssen, datt, wa mir wierklech hei wëllen e Standuert vu Weltraumtechnologië ginn, datt dat awer och eng Rei vu finanziellen Engagementer vum Land comportéiert. Doniewent, an dat ass e Punkt, iwwert deen ech och elo wollt kuerz schwätzen, ass et jo esou, datt d'Regierung envisagéiert, a prinzipiell si mer och domadder d'accord, och selwer Participatiounen an deene Firmen ze huelen, déi sech an deenen nächste Joren hei wäerten implantéieren.

Här President, en nächsten, vläicht fir eis dee wesentlechste Punkt, ass dee vun de Risken, déi eventuell op de lëtzebuergesche Stat kéinten zoukommen, an d'Hypothees, datt sech an eisem Land eng Rei vu Gesellschafte wäerten nidderloossen, déi dann och fir deen dote Genre Aktivitéite wäerten Agrementen ufroe respektiv dann och kréien.

Mir sinn eis eigentlech an der zoustänneger Kommissioun an der Analys alleguerten eens, datt et iwwerhaapt keng Méiglechkeet gëtt, fir hei d'Responsabilitéit vum Stat komplett erauszehuelen. Dat ass no internationale Konventiounen iwwerhaapt net méiglech. Mir mussen also, ob mer dat wëllen oder net, eng Responsabilitéit vum Stat ëmmer prinzipiell mat eranhuelen.

An dofir si mer frou, datt och an Diskussiounen, déi dann och gelaf sinn an der Kommissioun, d'Regierung decidéiert huet, bei der ESA eng Étude des risques an Optrag ze ginn, well ech mengen, mir si wierklech hei an engem Gebitt, wou quasiment haut kee ka soen: Wat sinn déi Risken, déi do kënne kommen? Wat ass d'Ampleur, den Impakt vun deene Risken?

Duerfir mengen ech, datt et wichteg ass, datt déi doten Etüd gemaach ginn ass. Iwwregens huet de Ministère och nach zwou aner Etüden an Optrag ginn: eng iwwert déi sougenannten „Value chain in space resources and the possible niches for Luxembourg" an eng „Value chain in the space cluster as a business accelerator". Och déi Etüde begréisse mer.

A fir eis ass et wichteg, datt mer elo net nëmmen déi Etüden do maachen, mä datt wann d'Etüde fäerdeg sinn, datt se bien-entendu fir d'Chamber disponibel sinn, datt se och an där zoustänneger Kommissioun natierlech vun deene Leit presentéiert ginn, an, le cas échéant, wat net auszeschléissen ass, datt mer dann och déi Adaptatioune virhuelen, zu deene Konklusiounen, wou déi Etüde kommen.

En nächste Punkt, iwwert deen, mengen ech, eigentlech och iwwerhaapt keng Diskussioun dierft an dësem Haus sinn, ass, datt et extrêmement wichteg ass, datt mer eis Uni Lëtzebuerg méiglechst enk an dëse Projet mat abannen an och versichen, eng méiglechst grouss Zuel vu Centres de recherche am Kader vun der Exploratioun an der Utilisatioun vun de Weltallressourcë bei eis ze kréien.

Ech muss soen, datt do de Wirtschaftsministère eigentlech bis elo wéineg konkret Aussoe gemaach huet. An ech wär vläicht och frou herno an der Debatt, wann en eis kéint soen, wat genau och d'Interkonnexioun zwëschent deem dote Projet, deenen Aktivitéiten, déi do kommen, awer och der Recherche, der Innovatioun an domadder der Roll vun der Uni Lëtzebuerg ka sinn.

Well hei hu mer eng unique Chance - eng unique Chance! -, Dir Dammen an Dir Hären, fir Fuerscher aus der ganzer Welt unzeziéen. An ech mengen, do wär et nëmmen normal, wann och eis Uni Lëtzebuerg dovunner kéint profitéieren.

Schlussendlech, Här President, e leschte Punkt, deen awer net deen onwichtegsten ass an dee mat der Ethik an der Nohaltegkeet ze dinn huet. An ech weess net, ob verschidde Kolleeginnen a Kolleegen de Moien deen Artikel am „Monde", dee gëschter dra war, dee sech och in extenso mat dësem Projet beschäftegt, gelies hunn. An ech mengen, datt do vun enger Rei vu Spezialisten, enger Rei vun Observateuren awer hei Froen opgeworf ginn, déi een net einfach soll esou an den Eck drécken an déi eng gewësse Wichtegkeet hunn.

D'Fro ass, an ech mengen, dat ass e bësselchen och d'Suerg vu ville Mënschen, déi sech fir dee Projet hei interesséieren, datt, wann dann eng Kéier an 20 Joer déi Weltraumtechnologië fonctionnéieren a mer kënnen iwwer Missiounen am Weltall op Asteroiden an op Planeten op Ressourcen accedéieren, muss et awer sécher sinn, datt mer hei keng Pandora-Béchs opmaachen, Här Minister, an datt et hei duerch quasiment illimitéiert Ressourcen, déi mer hunn, zu enger Verschwendung vu Ressourcë kënnt.

An ech muss lech soen, datt mir hei an och ganz besonnesch och menger Fraktioun um Häerz läit, datt och all déi Punkten iwwer „circular economy" natierlech respektéiert ginn. Ech muss lech och soen: Mir haten och an der Kommissioun do ganz interessant Diskussiounen.

Ech war, dat muss ech awer och hei soen, e bësselchen enttäuscht, Här President. Ech hunn eigentlech iwwerhaapt keng Positioun vun eise grénge Kolleegen iwwerhaapt…

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- …zu dësem Projet héieren.

(Interruption)

An hei zu engem Punkt, deen awer, muss ech lech soen, ee vun deenen allerwichtegsten ass, näämlech d'Ethik, d'Nohaltegkeet, wär ech awer net onfrou gewiescht, och emol eng Kéier ee vun deene grénge Kolleegen ze héieren, déi jo soss, zu Recht, ëmmer schnell do sinn, wann et iwwert den Ofbau vu Ressourcen zum Beispill an Afrika geet. Och hei lafe mer äänlech Geforen. Mä, wéi gesot, herno ka jo dann nach de mandatéierte Riedner vun deene Grénge eis soen, wat en dovunner hält.

Une voix.- Dat wäert e maachen!

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Fir eis, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, dierf et op kee Fall zu engem Raubbau vu Ressourcen am Weltall kommen. An d'Entreprisen, deene mir an Zukunft wäerten en Agrement ausstellen, musse sech och, Här Minister, engagéieren, Héchststandarden hei ze respektéieren. Dat gëllt natierlech och am besonnesche Sënn fir déi Entreprisen, wou de lëtzebuergesche Stat Participatioune wäert huelen, well mir wëllen hei net eng äänlech Diskussioun kréie wéi beim Pensiounsfong. Ech mengen, et ass scho wichteg, datt hei och de lëtzebuergesche Stat e ganz kloert Signal schéckt, datt dat muss op eng nohalteg Aart a Weis geschéien.

Här President, zum Schluss nach e puer Wuert iwwert dat, wat mir als Land iwwerhaapt an déi ganz Aktivitéite vum Space Mining kënne mat erabréngen.

Wat eis national Kompetenzen ubetrëfft, ass et sécherlech den Know-how vun eiser Finanzplaz an eiser Fongenindustrie, souwéi eigentlech déi exzellent Reputatioun vu Lëtzebuerg am Weltraumsecteur mat sengem Space Cluster. Mir

ënnerschätzen och net d'Opportunitéit, fir iwwert de Space Mining nei Kompetenzen, an ech hunn et virdru gesot, fir eis Uni.lu kënnen opzebauen, a ganz besonnesch och nei Acquisitiounen an Opportunitéite fir FinTechen ze schafen.

D'Schwächten, an ech mengen, déi soll een awer och hei ganz kloer ernimmen, Här President, sinn, an dat huet elo net ëmmer mat dësem Projet ze dinn, déi trotzdeem schwaach Culture d'entrepreneuriat, an haaptsächlech, an dat riskéiert, och an deenen nächste Joren e Problem ze ginn, d'Feele vu spezifesche Qualifikatiounen a Ressourcen, wou et dach wäert un enger Rei vu Beruffer feelen. D'Gefore vun esou enger Aktivitéit sinn, an ech hunn et virdru scho gesot, datt déi grouss Investissementer haaptsächlech am Ufank vun där Entwécklung vun dësen Technologien ufalen, an déi Technologien am Moment nach net schrecklech wäit fortgeschratt sinn.

Ech kommen zu menger Konklusioun. Déi ass, datt mir als CSV-Fraktioun exzellent Chancë gesinn, fir nei Aktivitéiten am Beräich vum Weltraum an eist Land ze kréien. A mir hunn och d'Gefill, datt d'Visioun vun der Regierung a vum Wirtschaftsminister zum Deel sécherlech ganz passionnant ass, awer op enger ganzer Rei vu Punkten nach net ausgeräift ass. Duerfir, wéi gesot, jo dann och eis Motioun. Mir sinn dofir och der Meenung, datt dee Projet an déi Initiativ nach kënne verbessert ginn, och wann déi verschidden Etüde virleien. A mir sinn och bereet, dës Aarbechte positiv ze begleeden.

Ech wollt awer och nach eng Kéier hei soen: Zu Recht, ech hunn et och elo gesot, ass d'Regierung jo eigentlech och gelueft gi fir och d'Aart a Weis, wéi se hei communiquéiert. Ech wollt awer och nach eng Kéier dat ënnersträichen, wat de Kolleeg Franz Fayot gesot huet, datt awer e grousse Meritt un dësem Projet och en Här huet, deen op der Tribün sëtzt, de Georges Schmit, wat u sech, an ech mengen, do ass de Minister och d'accord, een, wann net den Haaptinitiateur vun där Iddi ass.

Ech hunn et virdru gesot: Mir hunn alleguerten déi Propositiounen a Suggestiounen an enger Motioun agekleet, wou mer dann och eise Vott dovunner ofhängeg maachen, ob d'Regierung déi Motioun unhélt oder net.

An ech hunn, léif Kolleeginnen a Kolleegen, heiansdo, wann ech och an der Press och déi Begeeschterung gesinn, mat där vill Entreprisë sech elo hei wëllen zu Lëtzebuerg etabléieren, d'Gefill, mir wieren hei an esou enger Goldgriewerstëmmung ukomm, vun där, Här Minister, eist Land sécherlech kann a muss a soll profitéiren. Mä och, Här President: De Weltall ass keen Eldorado an de Space Mining ass keng Alchimie.

Mir mussen eis also bewosst sinn, an Dir wësst dat, dass d'Konkurrenz op dësem Maart an deenen nächste Jore wäert ëmkämpft sinn an datt do mat haarde Bandagë wäert operéiert ginn. Trotzdeem ass dëst eng interessant nei Schinn, op déi d'Lëtzebuerger Regierung am Kader vun enger Diversifikatiounspolitik setzt. A wéi ech gesot hunn: Mir ënnerstëtzen dat och, ënnert där Bedéngung, déi ech virdru gesot hunn.

Nach, Dir Dammen an Dir Häre, ass de Weltall net alles. An ech hunn dat och schonn e puermol op dëser Tribün gesot: Et gëtt och niewent dem Weltall nach ganz vill Kleng- a Mëttelbetriber. A mir wären heiansdo och frou, Här Minister, wann Iech Äre laange beschwéierleche Wee aus dem Weltall och emol erëm eng Kéier hei géif méi op Lëtzebuerg féieren, fir Iech awer och fir déi Kleng- a Mëttelbetriber anzesetzen, déi och nach ganz wichteg si fir d'lëtzebuergesch Wirtschaft.

Voilà! Wéi gesot, mir begleeden dëse Projet positiv. Mir waarden dann elo mat Spannung drop, wéi d'Decisioun vun der Regierung par rapport zu eiser Motioun ausfält.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Motion

La Chambre des Députés,

- considérant que le Luxembourg a une capacité d'innovation importante et se montre prêt à prendre certains risques lorsque les enjeux sont importants;

- considérant que l'exploration et l'utilisation des ressources de l'espace extra-atmosphérique représentent un tel enjeu et qu'il importe de positionner le Luxembourg en tant que pôle et précurseur européen de l'exploration et de l'utilisation des ressources spatiales;

- considérant que cet enjeu nécessite l'établissement d'un cadre juridique quant à la propriété des ressources de valeur dans l'espace et la réglementation de l'agrément et de la surveillance des missions d'exploration et d'utilisation des ressources de l'espace;

- considérant qu'au-delà du cadre juridique national, l'établissement d'un cadre normatif international concernant l'exploitation des ressources de l'espace extra-atmosphérique à travers des accords bilatéraux et multilatéraux est indispensable, notamment face aux insécurités juridiques actuellement persistantes liées à l'interprétation du Traité sur l'Espace de 1967, pour atteindre l'objectif de sécurité juridique quant à la propriété des ressources spatiales de valeur et le développement économique à long terme;

- considérant que le consensus politique et un large soutien par la société civile, le monde académique et de la recherche ainsi que les milieux d'affaires sont essentiels pour l'appui de ce projet inscrit dans la durée;

- considérant qu'un soutien à long terme nécessite de la part du Gouvernement une transparence quant aux mesures à prendre ainsi qu'une collaboration avec la Chambre des Députés et les divers acteurs;

- considérant que le Grand-Duché en tant que First Mover européen aura l'opportunité d'établir un vrai cluster au Luxembourg dans le domaine de l'exploration et l'utilisation des ressources de l'espace, attirant des entrepreneurs, investisseurs et scientifiques;

- considérant que cette initiative représente donc aussi une grande opportunité pour l'Université du Luxembourg;

- considérant qu'en matière environnementale, il convient de tenir compte de la pollution de l'espace extra-atmosphérique en raison des activités d'extraction ainsi que de la pollution de la Terre en raison de la présence de telles ressources et de leur exploitation,

invite le Gouvernement

- à continuer des négociations au sein des organisations/commissions/comités internationaux afin d'adopter un cadre normatif multilatéral dans les meilleurs délais, situé auprès de l'ONU ou d'une autre organisation internationale telle que l'OCDE, et résultant idéalement dans une adaptation du Traité sur l'Espace de 1967,

- à conclure, parallèlement aux négociations multilatérales, des accords bilatéraux avec les États majeurs actifs dans le domaine de l'exploitation et de l'utilisation des ressources spatiales, tels que les États-Unis, le Japon, la Russie, la Chine, etc.,

- à développer un plan directeur («Master Plan»), dans le délai d'une année après l'entrée en vigueur de la loi sur l'exploration et l'utilisation des ressources de l'espace, contenant en outre les objectifs pour les années à venir, les mesures supplémentaires à prendre, les éventuelles adaptations législatives, les dispositifs à la formation, à la recherche, etc.,

- à présenter à la Chambre des Députés un plan financier («Business Plan») considérant les dépenses de l'État luxembourgeois dans le domaine de l'exploration et l'utilisation des ressources de l'espace,

- à informer la Chambre des Députés sur les études commandées par le Gouvernement, à savoir les études «ESA technical evaluation», «Value chain in space resources and the possible niches for Luxembourg» et «Value Chain in the Space Cluster as a business accelerator», afin de discuter et de déterminer les amendements éventuels à la loi sur l'exploration et l'utilisation des ressources de l'espace,

- à continuer l'intégration de l'Université du Luxembourg et des centres de recherche dans le domaine de l'exploration et l'utilisation des ressources de l'espace,

- à prendre en considération l'impact environnemental de l'exploration et de l'utilisation des ressources spatiales,

- à mettre en place une politique d'investissement socialement responsable portant sur les normes et conventions internationales signées et ratifiées par le Grand-Duché de Luxembourg desquelles découlent des obligations sociales et éthiques et couvrant les domaines de l'environnement, de la responsabilité sociale et solidaire ainsi que de la responsabilité institutionnelle,

- à tenir au courant la Chambre des Députés sur toutes les évolutions dans le domaine de l'exploration et l'utilisation des ressources de l'espace et à l'impliquer dans les décisions majeures du Gouvernement.

(s.) Laurent Mosar, Diane Adehm, Emile Eicher, Léon Gloden, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler, Laurent Zeimet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. Ass dat d'Motioun? Merci, da ginn ech se direkt weider. An d'Wuert huet deen nächste Riedner, den Här André Bauler fir d'DP.

M. André Bauler *(DP).*- Merci, Här President. Den Här Mosar, mäi Virriedner, huet elo just dem Här Georges Schmit felicitéiert fir seng Meritten an dësem Projet. Ech géif mech deem natierlech och uschléissen. Ech wollt awer och engem Éislecker Jong hei felicitéieren, deen eis an der Kommissioun mat vill Kompetenz begleet huet, näämlech dem Mario Grotz, deen dann déi aner Säit vum Ducksall sëtzt. Och him dann e grousse Merci fir säin Engagement.

Här President, wéi ech fir d'Éischt vun der Regierung hirem Projet Space Mining héieren hunn, war ech e bëssen irritéiert. Ech hu mech gefrot: A wat solle mir kleng Lëtzebuerger dann op dësem Feld beweegt kréien? Dat Ganzt huet mer direkt den Agententhriller „Moonraker" aus dem Joer 1979 an de Kapp geruff, an deem de viru Kuerzem verstuerwene Roger Moore, alias James Bond 007, eis op eng äusserst plastesch Manéier veranschaulecht huet, wat et bedeit, an de Weltraum ze fléien.

Här President, et gëtt ëmmer gesot, datt, wann ee Visiounen huet, ee besser hätt bei den Dokter ze goen. Ech fannen, datt een awer an der Politik Leit brauch, déi laangfristeg denken, déi wäitsiichteg sinn, déi un déi nächst Generatiounen denken, an net nëmme kuerzfristeg bis bei déi nächst Wahlen.

Bei laangfristege Projete gesäit een d'Resultat dacks eréischt Jore méi spéit, mä et sinn déi Projeten, déi herno an de Geschichtsbicher ernimmt ginn. Jo, et ass schonn zimlech kéng, wa mir Lëtzebuerger op eemol d'Visioun hunn, de Weltall mat Hëllef vu friemem Know-how a mat friemem Kapital ze exploréieren an eventuell spéider ze exploitéieren. An dach muss ee sech bewosst sinn, datt mer et Enn den 80er Jore gepackt haten, fir eis als Satellittestanduert ze positionéieren.

Nach an de 70er Joren hätt kee Mënsch dat fir méiglech gehal. An och an den 80er Jore gouf et Stëmmen, déi dëser Visioun zimlech skeptesch géintiwwerstoungen. Am Dezember 1988 ass et du gegléckt, vun der Weltraumstatioun Kourou aus e Satellitt an de Weltall erop ze schéissen. De Risiko war ganz héich. Mir hate Chance an d'Aventure ass gegléckt. Haut ass Lëtzebuerg de Sëtz vun engem Global Player am Satellitteberäich an de Lëtzebuerger Stat verdéngt gutt un de positive Resultater vun SES Astra.

Här President, d'Wirtschaftsgeschicht vu Lëtzebuerg zeechent sech tatsächlech duerch eng Rëtsch där glécklecher Zoufäll oder Iwwerraschungen aus. Si zeechent sech awer och a grad duerch eng voluntaristesch Politik aus. Jo, eis Bankeplaz ass esou zum Beispill an de 60er Jore vum leschte Jorhonnert an enger Lag gewiescht, fir vun den Eurodollare profitéieren ze kënnen an duerno vun der däitscher Quellesteier, déi derzou gefouert huet, vill Kapital op eis Finanzplaz ze bréngen. Entscheedungen, déi an anere State getraff goufen an déi méi restriktiv ware wéi bei eis an op déi mer wierklech keen Afloss haten, hunn derzou gefouert, datt mer eis entwéckele konnten, ouni gréisser Ustrengunge mussen ze maachen.

Ech erënnere mech an deem Kontext un eng Ausso vum Richard von Weizsäcker, dem fréiere Bundespresident, am Kader vun enger Statsvisitt zu Lëtzebuerg 1988. Hie sot deemools: „Luxemburg, glécklicheres Land, in dem man noch von der Quelle trinken kann, ohne Steuern zu zahlen." Ma esou liicht soll ee sech et awer net maachen, well et huet schliisslech och eng konkret steierlech an infrastrukturell Politik gebraucht, fir de Standuert Lëtzebuerg méi attraktiv ze maachen. Do konnt ee sech op alles, mä net just op Surprisë verloossen. Banken, Fongen oder industriell Firme wieren net bei eis komm, hätte mer net konsequent an Infrastrukturen investéiert an op ville Pläng innovéiert.

De Lëtzebuerger Stat huet esou seng Souveränitéit ausgespillt, sief et an der Stolindustrie, wou d'Verhüttungsklausel 1882 derfir gesuergt huet, datt d'Eisenäerz hei zu Lëtzebuerg, also op eisem nationalen Territorium, a Stol transforméiert gouf.

Ouni dës Politik, ouni de Wëlle vum souveräne Stat Lëtzebuerg wier eist Eisenäerz, dat souwisou nëmmen 3% vum louthrengesche Bassin minier ausgemaach huet, exportéiert ginn a mir hätten ni eng eegestänneg Stolindustrie op d'Bee gestallt. Et ass also de souveräne Stat, deen hei mat enger geziilter Politik derfir gesuergt huet, datt mer en institutionellt Émfeld geschafen hunn, ouni dat mer eis ni esou entwéckelen hätte kënnen, wéi mer dat haut kennen, wéi mer dat haut wëssen.

Datselwecht gëllt och fir d'Verdeele vun de Radiosfrequenzen, wat RTL zur Success Story gemaach huet. Wéi de François Anen 1924 ugefaangen huet, vun engem Späicher an der Beaumontsgaass aus ze senden, hat kee geduecht, datt dorauser 1931 d'Compagnie luxembourgeoise de radiodiffusion géif ginn an datt Radio Lëtzebuerg fir d'éischte Kéier no verschiddenen Testwochen de 15. Mäerz 1933 als éischte Privatsender géif op Sendung goen.

Dëst gëllt awer och fir aner Entscheedungen, zum Beispill d'Schafung vun der Universitéit oder déi spezifesch Gesetzgebunge fir eis Finanzplaz. A vergiesse mer net, datt eis Integratioun a méi grouss wirtschaftlech Raim wéi den Zollveräin virun exakt 175 Joer oder den Europäesche Wirtschaftsraum eis et iwwerhaapt erlaabt huet, fir eis ze entwéckelen an zu méi Wuelstand ze kommen!

Sou gesi waren déi scheinbar Pertes de souveraineté fir Lëtzebuerg leschten Enns e Souveränitéitsgewënn. Hätte mer net als souveräne Stat iwwerlieft, da wiere mer haut e Stéck vu Frankräich oder der Wallonie, vläicht och Äifel, jee nodeem, wéi d'Geschicht gespillt hätt. Da wiere mer haut ganz anescht opgestallt. Mir hätten iwwer 15% Chômage an net déi sozial Ofsécherung, ëm déi vill Länner eis beneiden.

Glécklecherweis wollt d'Geschicht et anescht. Villes, wat d'Existenz vu Lëtzebuerg op d'Spill gesat hätt - denke mer nëmmen un d'Zäit virum zweete Londoner Vertrag! -, villes vun deem ass also net agetrueden. Mir hunn als eegestännege Stat iwwerlieft. Wéi huet de Gilbert Trausch eemol esou treffend geschriwwen: «L'histoire est pleine d'imprévus et ne manque pas d'ironie.»

Wa mer haut dësem Gesetzesprojet also zoustëmme wëllen, setze mer alt nees en Akzent als souveräne Stat. Mir notzen dee klenge Spillraum, dee mer a puncto Souveränitéit hunn, fir, sollte mer da Chance hunn, e Virsprong op anerer ze hunn. Mir legiferéieren, fir esou vum „first mover advantage" kënnen ze profitéieren. Mir wëllen eis also am Beräich Space Mining positionéieren, besonnesch am Beräich vun der Innovatioun an der Fuerschung. Jo, de Wëllen ass do, fir „first mover" ze sinn, sou wéi mer dat an den 80er Joren - de Franz Fayot hat dat scho ganz treffend a sengem mëndleche Bericht gesot - bei der Fongenindustrie reusséiert hunn, wéi mer fir d'Éischt d'UCITS-Direktiv ëmgesat hunn, wuelgemierkt och do déi éischt UCITS-Direktiv.

Wien hätt deemools geduecht, datt dat klengt Lëtzebuerg déi éischt Fongenindustrie op der Welt no Amerika géif gi respektiv déi éischt Fongenindustrie an der Europäescher Unioun?!

Här President, Space Mining ass e Laangzäitprojet. Däers ass sech och d'Regierung bewosst. E wäert Ressourcë mobiliséieren an Headquarteren op Lëtzebuerg bréngen. Et gëtt vu ronn 60 Entreprisë geschwat, déi komme wëllen. Den Här Minister Schneider hat dat a sengem leschten „Background" gesot. Souguer d'ESA, also d'Europäesch Weltraumagentur, wëllt elo bei dësem Projet matmaachen, obwuel dës Agence am Ufank éischter kritesch oder retizent oder souguer skeptesch wor.

Natierlech ass Space Mining esou eppes wéi eng Science Fiction fir d'Skeptiker an d'Kritiker. Jo, et ass e gewote Projet fir eis bescheide Lëtzebuerger Verhältnisser, eppes Ongewinntes, jo, bal Skurrilles. Bei der SES Astra war dat net vill anescht. Obwuel d'Fachleit eis soten, datt ee bei de Satellitten deemools scho genau wousst, wou ee géif higoen a wat een erreeche géif, steet dat awer beim Space Mining nach wuertwiertlech an de Stären.

Deemools ass dee Projet awer vun deene meeschten als quasi verréckt Iddi duergestallt ginn. Deemools huet de Lëtzebuerger Stat eng Garantie gestallt, déi 5% vum Statsbudget ausgemaach huet. Et war e risikoräiche Projet. Et gouf gefaart, datt d'Satellitten eroffalen an e grousse Schued uriichte kéinten. Haut, iwwer e Véierels Jorhonnert méi spéit, ass den SES-Projet eng eenzeg Erfollegsgeschicht. De Stat ass mat 30% Aktionär an SES Astra an en ass mat hinnen zesummen de gréisste Satellittebedreiwer weltwäit.

Jo, och Asteroide kënnen eroffalen. Ma dee Risiko ass och ginn, wa mer keng Weltraumfuerschung maachen. Ëmmer nees sinn Asteroiden oder Stécker dovunner um Globus ageschloen. Déi Gefor besteet och weiderhin! Et gëtt ebe keng honnertprozenteg Sécherheet an dësem Beräich. Eppes schéngt just sécher ze sinn: De Projet vum Space Mining an de gesetzleche Kader, dee mer haut stëmme sollen, ass eng grouss Publicitéit fir Lëtzebuerg. Vill Betriber ausserhalb vun der Europäescher Unioun sinn also op eis opmierksam ginn a si schénge sech eppes dovunner ze verspriechen.

De Wirtschaftsminister schwätzt vun enger Visioun, déi ee muss hunn. E schwätzt vun 100 Méiglechkeeten, déi sech mam Space Mining erginn, dorënner d'Optanke vu Satellitten am Weltall, de sougenannten „refuelling". Géif dat net geschéien, da géifen déi Satellitten no zéng Joer Lafzäit net méi fonctionnéieren. E schwätzt

vun der Méiglechkeet, fir aus dem Weltall Analysen an Observatiounen ze maachen, zum Beispill am Beräich vun der Landwirtschaft.

Här President, kommt mir schwätzen och vun de Risiken! Et gëtt der eng ganz Rëtsch, déi caléiert Wëssenschaftler eis an der Fachliteratur opweisen. Loosst mech der e puer erauspicken, net fir ze stëppelen, net fir de Projet schlechtzerieden, mä well mer jo éierlech mat eis selwer wëlle sinn an de Realitéiten an d'Ae kucken!

De gréisste Risiko wäert ëmmer dee sinn, datt de ganze Projet den Erwaardungen net gerecht gëtt: entweder well d'Technologien sech awer net esou weiderentwéckelen, fir et eis ze erméiglechen, op Asteroiden ze fléien an do ze fuerschen, oder well et sech erausstellt, datt d'Ressourcen, déi een op Asteroide fënnt, net déi Valeur hunn, déi esou eng Weltraumexpeditioun rentabel mécht. Mä mir mussen och éierlech si mat eis selwer: Kee flitt an de Weltall, fir just e puer flott Fotoen ze maachen. Den Invest an esou eng Expeditioun muss sech lounen. Et kann een och e Substitutiounseffekt net ausschléissen. Et kann näämlech duerchaus sinn, datt déi Materialien, also rar metallesch Elementer, déi een hei wëllt siche goen, duerch nei wëssenschaftlech an technologesch Entwécklunge souzesoen ersat ginn, also am grousse Ganzen iwwerflësseg ginn, ier zum Beispill Platinn vum Asteroid op der Aerd ukomm ass.

Den zweete Risiko, deen ech wëll nennen, ass deen, datt déi Firmen, mat deene mir am Moment zesummeschaffen, vu finanzstaarke Konsortien opkaaft ginn, soubal Profitter um Himmel wénken. Dës Konsortie kéinten eventuell net um Standuert Lëtzebuerg interesséiert sinn.

Eng drëtt Gefor läit bei de Patenter. Déi Patenter, déi déi speziell Sonden, Roboteren a Steierungsprogrammen ofdecken, kënnen duerchaus auslafen, ier och nëmmen een Cent domadder verdéngt ass. An deem Fall kann nëmme mat der éischter Generatioun, déi noutwendegerweis nëmmen e puer Maschinnen ëmfaasst, e kuerzfristege Profitt realiséiert ginn.

E véierte Risiko läit an der Ännerung vum Regimm vun der Sonn. Et gëtt Zäite vu staarke Sonnenexplosioune mat héijem Sonnewand. Dës kéinten d'Sonden technesch futtimaachen. Derbäi komme laang Reaktiounszäiten, fir vun der Aerd aus d'Sonden an e sougenannte Schutzmodus ze bréngen.

Aner Froen, déi sech an dësem Kontext stellen, si folgend - ech kann net op se all agoen, mä zum Beispill déi hei: Wiem gehéiert den Asteroid, wann en an d'Waasser fält? Deem Éischten, deen e ka recuperéieren? Oder deem, deen e Claim drop huet? Oder deem, deen en als Éischte lokaliséiert? Hei gëtt et Erausfuerderungen am internationale Recht, déi geklärt musse ginn.

Här President, et gëtt awer net nëmme Risiken, et gëtt och Opportunitéite beim Space Mining. Wann deem jo net esou wier, kéinte mer de Projet direkt vergiessen. Eng positiv Saach ass déi, datt d'Entwécklung vun neie Materialien, déi d'Weltraumbedéngungen iwwerstinn, och fir sougenannt „normal" Applikatiounen ze gebrauche sinn.

D'Recherche an d'Innovatioun ronderëm de Space Mining hëllefen eis elo schonn, fir besteeënd Technologien ze verbesseren, denke mer un d'Lasertechnologien oder un d'Batterietechnologie. Hei sinn nees Nanomaterialien am Fokus, déi bei reduzéiertem Gewiicht méi eng héich Effikassitéit an Durabilitéit kënnen hunn. Dat wierkt sech positiv op de Laangzäittransport vun de Sonden aus. Fir vill Mining-Applikatioune ginn effektiv kuerzzäiteg héich elektresch Stréim gebraucht.

Och aner Verbesserunge si méiglech, zum Beispill bei der Solartechnologie, well ebe speziell Solarpanneaue gebraucht ginn, fir ënnerwee nozelueden. Alles an allem kann de Projet vum Space Mining zu Verbesserunge féieren, wéi zum Beispill och bei den 3D-Drocktechnologien.

Här President, ech kéint esou weiderfueren an och drop hiweisen, datt de Space Mining duerchaus zu neien Erkenntnisser an der Satellittentechnologie féiere kann. Ech denken hei un d'Mikro- an un d'Nanosatellitten, déi erlabe sollen, fir op eng méiglechst effikass Manéier Asteroiden unzesteieren an ze analyséieren, ier een Exploitatiounssonden dohinnerschéckt.

Villes wier nach ze soen, mä dat géif hei effektiv ze wäit féieren. Eppes kann een awer zréckbehalen, och a grad beim Space Mining gëllt ee Prinzip: „Der Weg ist das Ziel." Mir steieren zwar e bestëmmt Zil un, ma um Wee zu dësem Zil perfektionéiere mer eis a mir kommen zu neien Erkenntnisser.

Här President, eng lescht grouss Fro war déi vun der Imitatioun, vum sougenannten „Nachahmungseffekt", vun deem mer och an der Kommissioun geschwat hunn. Wéi grouss ass also de Risiko, fir imitéiert ze gi bei dëser Legislatioun?

Dorobber kann een äntwerten a soen, datt all Natiounen, déi elo schonns Weltraumtechnologien hunn oder entwéckele kéinten a wäerten, direkt Konkurrente ginn; denke mer un d'USA, u Russland, u China, u Japan, Indien, an anerer innerhalb vun der Europäescher Unioun! Lafe Patenter aus, ier déi Maschinnen, déi domadder ënnerwee sinn, eppes zréckbruecht hunn oder kuerz duerno, maache se finalement all mat. Den aktuelle Space Act erlaabt jiddwerengem, fir Material als säint ze deklaréieren, dat hie vun der Surface oder aus engem Weltraumkierper erausgeléist huet. Trotzdeem bleift et schwéier, well e Patent kënnen ze benotzen, heescht net, eng Technologie ze beherrschen.

Här President, haut stëmme mer iwwer e Gesetzesprojet, deen e legale Kader setzt fir alles, wat sech ëm déi sougenannten „space resources" dréit. Dem Rapporteur Franz Fayot soen ech hei an dësem Kontext e spezielle Merci fir säi ganz gudde schréftlechen a mëndleche Bericht.

Fir als Land an dësem Domän eng komplett Legislatioun ze hunn, muss awer och nach en zweet ëmfaassend Gesetz iwwer all déi aner Activités spatiales gestëmmt ginn. Mir brauchen näämlech och en Autorisatiounsregimm fir all aner Aktivitéiten am Weltall. Mir wäerten donieft also e Regimm brauchen, falls bei Expeditiounen auslännesch Frequenze benotzt ginn. All dës Detailer wäerten dann an enger nächster Etapp musse gestëmmt ginn, fir datt eis Gesetzgebung an dësem Kontext komplett ass.

Här President, ech weess net, ob mer haut als Chamber Geschicht schreiwen. Wann ech längst ënnert dem Buedem leien, wäerte mer wuel, wa mer Chance hunn, éischt gräifbar Resultater Opweises hunn. Ech weess net, ob mer kënne soen, datt mer vun haut un an eng nei Zäit steieren. Am September 1792 bei der Kanonad vu Valmy war de Johann Wolfgang von Goethe ganz euphoresch, wéi e geschriwwen huet: „Von hier und heute geht eine neue Epoche der Weltgeschichte aus und ihr könnt sagen, ihr seid dabei gewesen."

Ech denken, datt mer an dësem Kontext net esou pathetesch wéi den Här Goethe sollte sinn. Ma mir sollten awer eng gutt Portioun Optimismus mat dësem Projet verbannen: Optimismus, well d'Regierung de Standuert Lëtzebuerg méi bekannt a méi attraktiv mécht. Optimismus, well mer eis op der ekonomescher Weltkaart duerch dëse Projet méi siichtbar maachen. Optimismus, well mer iwwert dëse Wee nei Aktivitéiten unzéien, eis also diversifizéieren. Optimismus, well mer dat éischt Land sinn, dat op dësem Feld e legislative Kader ubitt. Dat geschitt net all Dag, an ech hoffen, datt anerer eis enges Daags dorëms beneide wäerten.

Wéi deem och ëmmer ass: „Wien net wot, dee wënnt och net", seet d'Spréchwuert. Mir sollten d'Gonscht vun der Stonn notzen an haut e gesetzleche Kader schafen, dee spezialiséierte Betriber entgéintkënnt. Da wäert sech weisen, wivill Investissementer an dësem Beräich op Lëtzebuerg kommen a wat fir Retombéeën eiser Wirtschaft, déi mer weider diversifizéiere mussen, zeguttkomme wäerten.

Bei all deem visionären, dat an dësem Projet stécht, si mer awer, Här President, gutt beroden, nieft eisem zilstreebegen an optimisteschen Denken deemüteg ze sinn an ze bleiwen.

Mir sollen de Courage hunn, fir no de Stären ze gräifen, ma nëmmen, wa mer mat zwee Féiss um Buedem bleiwen!

(Brouhaha)

Well wéi huet den däitsche Schréftsteller Wilhelm Raabe esou treffend geschriwwen: „Sieh nach den Sternen, hab acht auf die Gassen!" Dëst gesot, wëll ech den Accord vun der Demokratescher Partei ginn an ech soen Iech Merci fir Är dach awer ganz grouss Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Bauler. An nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia fir déi gréng.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech ginn haut e bëssen ugeschloen an d'Ronn, ech hunn e klenge Virus agefaangen. Et ass sécherlech kee Weltraumvirus. Mä ech probéieren awer, mäi Message eriwwerzebréngen, och wann dat dann net grad akustesch ëmmer esou verständlech ass, wéi een dat soss gewinnt ass.

E Merci un de Franz Fayot, dee souwuel an der Kommissioun dat gutt geleet huet an e propperen a vollstännege Bericht gemaach huet, souwuel mëndlech wéi schréftlech.

Déi Leit, déi Visiounen hunn, do sinn déi gréng der Meenung, dass mer se net solle bei den Dokter schécken, dat hat de Virriedner och scho gesot. Leit, déi Visiounen hunn, déi solle mer ënnerstëtzen, deene solle mer hëllefen, a mir solle Leit, déi Visiounen hunn, och guidéieren. An dëse Projet de loi ass e Guidage, dee gemaach gëtt fir dës Leit.

De Weltraum, deen huet eis schonn ëmmer begeeschtert. Ech denken do un de Jules Verne, deen huet dat schonn am 19. Jorhonnert geschriwwen, dass mer an d'Héicht solle goen, awer och an d'Déift. Ech denken awer och un e Lëtzebuerger, dee vläicht net esou bekannt ass, den Hugo Gernsback. Deen ass ausgewandert ëm 1900, wéi vill aner Lëtzebuerger Bierger, an en ass duerno Amerikaner ginn, wéi dat elo grad bemierkt ginn ass. Dat war en Tüftler an Erfinder an deen huet 40 Patenter ugemellt, ënner anerem fir eng Dréchebatterie. En ass domat awer ni räich ginn. Mä dorënner ass en iwwerhaapt net bekannt, en ass bekannt als e Papp vu Science-Fiction, well en och dee Literaturgenre matgegrënnt huet Enn den 20er Jore vum 20. Jorhonnert.

Ech denke beim Weltall awer fir mech ëmmer primordial un de Georges Remi, un den Hergé, deen zwou BDe geschriwwen huet, an 1950 huet en dann den Tintin, de Käpten Haddock mam Tournesol, deen den Initiator war, de Fuerscher war, de Geck war, de Visionär war, op de Mount geschéckt. An 19 Joer méi spéit ass dat Realitéit ginn. An duerfir mengen ech, dass ee vu Visiounen ausgeeënd iwwert déi noutwendeg Recherche och an d'Realitéit vun esou Projete kënnt. Souwäit mäin Ausfluch zu de Visiounen!

Mir brauchen also ganz kloer Recherche am Weltraum, an de Weltraumtechnologien, an duerfir brauche mer och niewent dem staatleche Kapital och Privatkapital. An dës Richtung schafft dëse Projet de loi.

Da wëll ech ganz kuerz op de mandatéierte Spriecher vun der CSV agoen, deen elo grad no eisem Rapporteur d'Ried hei opgemaach huet. Hien huet hei gesot, dass et eng Diversifikatioun vun der Lëtzebuerger Wirtschaft ass. déi gréng sinn der Meenung, dass et domat net duergeet, dass dat ze kuerz gräift. Et geet e ganze Krack méi wäit. En huet hei gesot, dass Lëtzebuerg domat op d'Weltkaart kënnt vun de Weltraumtechnologien. Ma en Deel ass jo schonn do, wou u sech 1985 d'SES Lëtzebuerg op der Weltkaart placéiert huet. Dat ass jo schliisslech den zweeten Opérateur mondial, wat d'Satellittentechnik ugeet. An och dëse Projet de loi wäert Lëtzebuerg nach eng Kéier op der Weltkaart positionéieren.

A grad well esou vill Technologie am an ëm de Weltraum feelt, ass et gutt, elo e rechtleche Kader ze schafen, en Usaz ze schafen, fir Privatkapital ze mobiliséieren. An ech ginn em gär recht, an duerno ginn ech dorop an, dass et richteg a gutt ass, dass mer musse kucken, iwwert d'UNO de Space Treaty vun 1967 unzegoen an eis international Regelen ze gi fir d'Exploitatioun vun de Ressource-spaciallen.

An zu gudder Lescht wäert ech herno natierlech op d'Nohaltegkeet agoen, op déi Fro, déi e puermol opgeworf ginn ass an der Kommissioun, fir bei de Gréngen de Wuerm ze zéien, wéi se dann dozou stinn a wéi se dat gesinn am Kader vun dësem Projet de loi.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ech si gespaant!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Majo, ech wäert da probéieren, Äre Wënsch gerecht ze ginn. Ech komme fir d'Éischt zum Weltraumrecht: Déi international Richtlinn, firwat brauche mer déi? Ma ganz kloer, d'Antarktis, d'Héichmier, de Weltraum, déi hunn eppes gemeinsam: Et si Commons, et sinn Allgemenggidder.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Duerfir brauche se och Protektioun, se brauche Regelen. A se brauchen och Regelen, déi international unerkannt sinn. Dass Lëtzebuerg elo hei nieft den USA, déi 2015 den American Space Act ënnerschriwwe respektiv geleescht hunn, als ee Land, als europäescht Land als Éischt higeet a sech eng Reglementatioun gëtt, e Gesetz gëtt, fir u sech d'Exploitatioun vum Espace ze regelen, ass, mengen ech, dee richtege Wee. Well da kënnt och Bewegung an dësen Dossier. An et soll ee sécherlech bilateral Accorde fannen, fir u sech méi Leit ëm dëse Projet ze vereenegen a fir och international Regelen duerno realiséiert ze kréien.

An et ass an enger Logik vun der SES, déi 1985 zu Lëtzebuerg gegrënnt ginn ass, zu Betzder, wou Der jo wësst, dass dat Pionéier waren an der Satellittentechnik. Ech hat virdru gesot, si sinn den Zweeten um Weltmaart. An et ass och u sech an där Logik, wou dëse Projet de loi kënnt. 2011 huet d'SES jo eng Stëftung gemaach fir d'Uni Lëtzebuerg, fir do e Léierstull ze schafen, dee besat ginn ass mat der Dozentin Mahulena Hofmann. An zwar geet et hei ëm Weltraumtelekommunikatioun a Mediecht a wou säit leschtem Hierscht 2016-2017 och e Master ugebuede gëtt. Also ass et an enger gewëssener Logik, an enger gewëssener Konsequenz vun dëser Fuerschung op der Uni Lëtzebuerg, vun dëser Ausbildung op der Uni Lëtzebuerg, dass mer higinn zu Lëtzebuerg an och Privatkapital mobiliséieren an e rechtleche Kader schafen.

An déi gréng si ganz kloer der Meenung, dass et internationale Regele bedarf, fir Konflikter virzebeugen, wann zum Beispill zwee privat Akteure géifen op engem selwechten Asteroid wëlle Minnerai ofbauen oder aner Ressourcen - Waasser - do wëlle gewannen.

A ganz kloer, fir déi gréng ass et extrem wichteg, dass mer derfir suergen, dass keng Waffen a keng Waffentechnologie am All Verbreedung fannen, well ganz kloer de Weltraum eben en Allgemenggutt ass.

Zur Nohaltegkeet gehéiere fir eis ganz kloer - de mandatéierte Spriecher vun der CSV ass ganz Ouer -…

(Interruption)

…propper Loft, gesonde Buedem, proppert Waasser. Dat brauche mer hei op der Aerd. Dat ass evident. Dat ass eis Liewensressource. An duerfir kënne mer och net mengen, dass mir iwwer eng Weltraumtechnologie dës dräi Komponente kéinte veränneren.

D'Energiefro, déi muss och ganz kloer hei op der Aerd geléist ginn. Erneierbar Energien ass der grénger Meenung no déi Pist, déi mer do musse goen. Well wa mer d'Energiefro net hei léisen, dann hu mer jo och déi Ressourcë guer net, fir u sech déi bemannten oder net bemannte Missiounen an de Weltraum ze schécken. Duerfir ass et primordial, dass mer fir d'Éischt hei eis Hausaufgabe maachen. Anescht ass et jo guer net méiglech. An dat ass, mengen ech, ganz kloer d'Nohaltegkeetsfro beäntwert.

Mä…

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Dat war net iwwerzeegend!

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Bon, Iech kann ee vläicht net iwwerzeegen, wat d'Nohaltegkeet ugeet. Ech hat jo schonn eng Kéier hei plädéiert, wann Der Aren Zéngpunkteplang kuckt, dass ech do ganz wéineg vun Nohaltegkeet an Arem Plang fonnt hunn. Dat war d'lescht Joer. Ech waarden op deen neie Programm da fir 2018.

(Brouhaha)

An dann hoffen ech, do vill méi Substanz ze fannen. Da maachen ech deen Dossier vun der Nohaltegkeet ganz gär och zou, wat d'CSV betrëfft.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Sou. Loosst den Här Anzia elo schwätzen! Här Anzia, wann ech gelift, fuert virun a provozéiert d'Kolleegen net ze vill, well soss gitt Der ëmmer gestoppt! Sou, den Här Anzia huet eleng d'Wuert.

(Interruption)

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech kommen erëm eng Kéier zréck zu dëse Missiounen. Déi Missiounen, mir maache se fest um Space Mining. Dat ass jo a war…

(Interruption)

Dat ass jo vläicht dann den Endstadium och vun där Exploitatioun vun deem Objet, deen do kéint geschéien. Et muss een awer oppassen, dass et sécherlech net esou wäert sinn, dass mer elo Spacebuggien hei opriichten, déi tëschent der Aerd an den Asteroiden hin an hier pilgeren. Et wäert sécherlech eng éischt Approche,…

(Interruption)

…eng éischt Approche an Notzung ginn, wou…

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Sou, elo…

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Et wäert sécherlech eng éischt Approche an Notzung ginn, wou de „refuelling" vun de Satellitte wäert Prioritéit hunn. Dat heescht, dass mer kucken, Ressourcen ze gewannen op Satellitten, sief et Waasser, sief et Energie, sief et soss Mineralien, fir déi Satellitte méi laang um Liewen ze halen. Dat ass nohalteg. Et wäert och sécherlech esou sinn, dass mer och wäerte kucken, déi bemannte Statioun op der ISS mat de Ressourcen ze beliwweren, déi noutwendeg

sinn, fir och do manner Trafic musse vun der Äerd erop ze maachen.

A sécherlech wäert et och ee Volet sinn, well dat hunn ech e bësse gesinn: Et gëtt jo nëmmen zwou Méiglechkeeten, wat mer mat engem Satellitt maachen, wann en um Enn vu senger Liewensdauer ukomm ass. Entweder beférdere mer en aus senger stationärer Émlafbunn erof, fir Plaz ze maache fir en anere Satellitt, an da loosse mer e vergléien an der Atmosphär. Oder mer schécken en op de Weltraumkierfecht. Dat ass op enger geostationärer Bunn, wou e ronderëmflitt mat anerem Weltraumschrott a wou en u sech do da bis an d'Onendlechkeet verbleift.

An do ass eben dann d'Fro, an ech mengen och ganz sécher, dass dës Missioun an dëse Kader gesat gëtt an dësem Projet de loi, fir grad d'Liewensdauer vun dëse Satellitten ze verlängere respektiv dee Weltraumschrott, deen awer ganz rar Mineralien a Stoffer a sech huet, ze recuperéieren.

Dat mécht Sënn an dat ass nohalteg. Dat ass sécherlech op där Trajectoire. An déi Trajectoire ass laangfristeg. An dorop kommen ech elo an deem nächste Punkt ze schwätzen, ob dat elo zéng Joer, zwanzeg Joer oder drësseg Joer dauert, dat sief derhigestallt. Deene Géngen hirer Meenung no ass et onwahrscheinlech wichteg, dass mer eng laangfristeg Visioun hunn, déi och wäit iwwert dëst Jorhonnert, voire Jordausend erausgeet.

Déi laangfristeg Visioun, firwat schwätze mer dovun? Oder schwätzen ech elo dovun? Ma de bloe Planéit, deen huet eppes Eenzegaarteges u sech. Déi Kombinatioun vu Waasser, Atmosphär a vun der Sonn bréngt et mat sech, dass mer iwwerhaapt hei kënne liewen. D'Sonn ass eise Seegen, ass awer och eise Fluch. Ben, ouni d'Sonn gëtt et kee Liewen op der Äerd.

(Interruption)

D'Sonn gëtt vun Astrophysiker op en Alter vu 4,5 Milliarde Jore geschat, se ass anscheinend an der Halschent vun hirer Liewensdauer ukomm a se hätt nach eng Kéier eng äänlech Period viru sech. Mä de Problem, dee sech stellt, dat ass kloer, ass deen, dass d'Temperatur vun der Sonn an d'Luucht geet, dass se sech ausdeent. An domat huet se en eminenten Impakt op d'Liewen hei op der Äerd.

Dat ass zwar fir eis als Mënschen, déi mir nëmmen e Stëbskär sinn, wann ech den Alter betruechten, wéi laang mir hei op dësem Planéit sinn, natierlech wäit, wäit, wäit ewech, déi 500 oder 1.000 Millioune Joer, bis dass d'Ozeaner verdämpen an u sech kee Liewen op dëser Äerd méi wäert méiglech sinn. An duerfir si mir als déi gréng och der Meenung, dass een elo Léisungen an där doter Philosophie, an där Optik muss sichen.

Do gëtt et vun der NASA a vun der ESA - déi schaffen dorop - och e puer Iwwerleeungen, fir déi Zäit méi laang ze kréien, also vläicht d'Liewensdauer vun eisem Planéit nach eng Kéier ëm eng Millioun Joer ze verlängeren, d'Äerd also ze réckelen op hirer Bunn, am Ufank méi wäit ewech ze kréie vun der Sonn an dann erëm méi nobäi ze kréien, well wann d'Sonn ufänkt ze vergléien an hir Ressourcen net méi do sinn, da feelt eis u sech déi Sonn.

An da brauche mer natierlech, an dat ass déi laangfristeg Komponent, iergendeppes wéi eng Space Arche Noah. À voir wien do drasëtzt, ob mer dann eis Bevëlkerung an eis Biodiversitéit dodra verpaken. An da musse mer vun dësem Planéit eng Kéier a ferner, ferner Zukunft fortréckelen.

De Stephen Hawking - an ech selwer si jo vun der Formatioun hier absolutt guer net deen, deen do ka matschwätzen, ech si just Ingenieur an net Fuerscher -, en eminenten Astrophysiker réit elo schonn, dass ee sech mat deem Gedanke misst beschäftegen, fir d'Äerd eng Kéier ze verloossen. Déi Zäitrumm huet en eng Kéier uginn an engem Interview, hunn ech gelies, mat dausend Joer, en huet dat duerno erofgesat. En nennt dat „expedition new earth" an e gëtt do verschidden Ursaache vir: Bon, eng Kéier natierlech déi Veränneerungen, déi d'Sonn mat sech bréngt, awer och Ursaache wéi Klimawandel, Pandemien, Asteroidaschlag an Äänleches, firwat e seet, mir mussen eis elo mat deem Volet beschäftegen.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, déi gréng fuerderen am Kader vun dësem Projet de loi ganz kloer eng etlech Saachen. An do sinn ech a verschiddene Saache mat menge Virriedner hei ganz sécher op enger Linn, bei anere vläicht manner. Fir déi gréng ass kloer: Mir mussen d'Hausaufgab op der Äerd maachen an eis elo net an eng Illusioun erastierzen, dass elo mat dëse Missiounen eis Problematiken, wat Loft, Buedem, Waasser, Energie a Klimafroe ugeet, geléist ginn. Dat muss hei geléist ginn.

Mir brauchen - dat ass och ganz kloer eis Meenung - international Regelen, fir de Weltraum ze schützen ouni Waffen an ouni Gewalt. A ganz kloer schéngt eis Gréng awer och déi Visioun fir déi zukünfteg Generatiounen - net eng, zwou, dräi, mä dausende Generatiounen - noutwendeg, dass een och d'Fuerschung am All ustéisst, fir dass een u sech dëser Zivilisatioun, wann ee mengt, dat wär derwäert, eben och eng fern Zukunft nach kann erméiglechen.

Elo ass dëse Projet de loi vläicht e ganz, ganz klengen, awer e wichtege Bausteen an dës Richtung, fir eben d'Fuerschung och um private Volet unzestoussen. Ob et elo awer, wéi et an engem Artikel vun der „woxx" gefuerdert gëtt, mir missten deemnächst e Weltraumministère zu Lëtzebuerg schafen an e Weltraumminister - do war och eng ganz flott Karikatur vum Här Minister Schneider an engem Astronautekostüm mat Karbiddsluucht um Kapp - misst gemaach ginn, dat wëll ech dann effektiv deene Leit mat Visiounen hei iwwerloossen a géif d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Anzia. Als nächste Riedner hunn ech den Här Roy Reding ageschriwwen. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech wollt dem Franz Fayot e grousse Merci ausdrécken, fir eis mat grousser Präzisioun den Inhalt vun dësem Text duergeluecht ze hunn.

Ech war net frou iwwert den André Bauler. Ech wollt ruffen: „Très bien!", en huet mer mäin Agangssaz geklaut, näämlech dee vun der Souveränitéit. Dëse Projet freet eis als ADR ganz besonnesch och dowéinst, well mer hei emol eng Kéier kënnen e Gesetz stëmmen, net wéinst iergendenger europäescher Legislatioun, déi muss ëmgesat ginn, mä well mer hei eis national Souveränitéit kënne benotzen, fir an engem Beräich aktiv ze ginn.

Natierlech ass de Space Mining net nëmmen eng Souveränitéitsnisch, et ass eng Kompetenznisch. Et ass jo och dat, wat de ganze Projet esou interessant mécht. Et weisen awer och déi Diskussiounen, an ech mengen, de Franz Fayot ass och do ganz präzis op déi Problemer agaange mat deenen internationalen Traitéen, wéi gefäierlech et ka sinn, international Verflichtungen anzegoen. Zu deem Moment, wou ee se ageet, ass ee sech vläicht net ëmmer bewosst, wat se bedeiten. Haut si mer frou, datt mer de Moon Treaty net ratifizéiert hunn.

De Minister sot an der Kommissioun - an ech ginn em ganz recht -: „D'Belsch an d'Hollänner hu sech deemools an de Fouss geschoss!" Hätt dat eis net och kënne passéieren? Hätt hei ee grouss Oppositioun gemaach, wa gesot gi wär: „Kommt, mir ratifizéieren dee Moon Treaty!"? An duerfir muss ee ganz gutt oppassen, wat fir eng international Verflichtungen datt een ageet.

Ech hunn eng Parallell, ech mengen, de Wirtschaftsminister, deen dann haut wéinst dësem Projet do ass, hat déi Noriicht do vum Google-Rechenzentrum. Och do si mer handicapéiert duerch en internationalen Traité, eng international Verflichtung.

Wann do esou vill Elektresch verbraucht gëtt, wéi solle mer dann nach eis Reduktiounsziler an der Energie anhale kënnen? Selbstverständlech musse mer dann nees ganz nei Produktiounen opbauen an esou weider. Mir ginn also handicapéiert an enger souveräner Decisioun, déi mer huelen oder och net huelen, duerch international Traitéen.

Den Outer Space Treaty vun 1967 hu mer ratifizéiert. An do ginn ech och net méi op déi Expertendiskussioun am Detail an. Mä et geet drëm: E Stat däerf sech en Himmelskierper net uneegnen, mä däerf e Ressourcë benotzen? An do seet d'Studie ganz kloer - an do beugen ech mech dann deene Juristen, déi sech domadder laang a breet ausenanergesat hunn -: Bottom Line, den Outer Space Treaty, „never specifically refers to such resources." An da gëllt den allgemenge Rechtsprinzip, deen esou wichteg ass, näämlech datt alles, wat net verbueden ass, erlaabt ass.

Et ass also eng gutt Saach, datt mer hei dëse rechtleche Kader schafen. Mir wëllen awer selbstverständlech keng „space cowboys", déi mat Lëtzebuerger Fändel dorëmmer reesen. An duerfir gesäit dësen Text vir, datt et een Agrement gëtt an eng Assurance gëtt, an dat ass ganz gutt esou.

Zum Thema Assurance hunn ech eng Fro, déi ech scho gestallt hunn de 4. Juli am Bezuch op den SES-Satellitt, deen aus der Bunn geroden ass. An do geet et ëm d'Responsabilitéit vum Stat, déi eventuell Responsabilitéit vum Stat, wann eng Assurance vun enger privater Gesellschaft e Schued net géif decken oder net méi géif decke respektiv de Schued méi héich wier wéi déi Assurancendeckung.

A wa mer da scho bei de Sue sinn, da schwätze mer hei vu Steiergelder. Och dat ass en Aspekt, deen een net däerf vernoléissegen. Mir hunn eis ganz vill Gedanke gemaach: Ginn hei Honnerte Milliounen an de Sand gesat, an iergendeng Iddi, an iergendee Projet? Oder gi se verstänneg investéiert? Bis elo goufen, wann ech richteg informéiert sinn, 25 Milliounen engagéiert, dovunner zéng Milliounen tatsächlech ausginn, an déi haaptsächlech a Participatioune vum Stat a Firmen, déi aktiv sinn an deem Space Mining. An do wäre mer ganz frou, fir vum Minister méi Detailer ze kréien. Vläicht kann en eis soen, wéi eng Gesellschaften dat sinn, mä virun allem awer och, wéi héich déi Participatioun ass, déi de Stat do hélt.

Déi positiv Nouvelle, wat d'Suen ugeet, ass, datt mer bis elo als Lëtzebuerg all Joer 25 Milliounen Euro un d'ESA iwwerweisen. An do war net ganz vill Retour. An dëse Projet mécht et elo méiglech, datt mer do e Scheck zréckkréien.

Et ass hei vill gesot ginn, wat dee Space Mining alles begräift. Ech mengen, Asteroide falen och haut schonn op d'Äerd. Duerfir wësse mer, wat déi Asteroiden alles kënne beinhalten: Gaser, Metaller an natierlech och Waasser. Et ass och scho geschwat gi vum Hydrogène, dee ka benotzt gi fir Satellittebetankung, eng ganz interessant Iddi. An et ass och schonn ugeklongen, de Weltraumschrott, deen en echte Problem duerstellt, kann eventuell zur Kreatioun vun engem Weltraum-, engem Space-Lamesch féieren.

Net richteg novollzéie kann ech d'Positioun vum Laurent Mosar. Alles, wat e gesot huet, ass richteg. All déi Bedenken, déi en huet, si richteg. All déi Froen, déi e gestallt huet, sinn net falsch. Mä et muss een awer eng Kéier zu enger Decisioun kommen. Well dee gréisste Problem ass, wa mer Milliarde wëllen unzéien un Investitiounen an dëst Land op Basis vun dësem Projet, da muss et den Investisseure bewosst sinn, datt och 2018, wann et eventuell zu enger CSV-Regierungsbedeelegung kënnt, dëse Projet viru Bestand huet an net vernoléissegt gëtt, mä mat därselwechter Kraaft an Energie weidergedriwwe gëtt wéi déi, déi haut de Wirtschaftsminister un den Dag leet.

(Interruption)

Dat alles, fir zum Ofschloss ze soen, datt mir als ADR dëse Gesetzesprojet gutt fannen, datt mer em zoustëmmen, mä datt mer och insgesamt d'Demarche vun der Regierung an dësem spezielle Feld begréissen, déi Transparenz an och déi Kraaft an Energie, mat där hei virgaange gëtt.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Reding. Als leschten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Madamm Presidentin. Déi lëtzebuergesch Space-Resources-Initiativ huet virun engem décke Joer, wéi de Minister Etienne Schneider se fir d'éischte Kéier annoncéiert huet, zu allgemengem Erstaune gefouert, och bei eis. Déi Allerwéinegst konnte sech virstellen, datt den Ofbau vu Ressourcen am Weltraum technesch méiglech, ekonomesch sënnvoll an iwwerhaapt einfach esou vu Lëtzebuerg kéint decidéiert ginn. Wéi awer lues a lues méi Informatioune bekannt goufen an de Minister méi driwwer erzielt huet an och Pressereese gemaach huet, huet sech erausgestallt, datt dës Iddi vun der Regierung awer eigentlech ganz einfach ze verstoen ass.

Se ass häerzlech wéineg innovativ a se steet éischter fir e klassesche Modell. Jo, se dreift souguer e klassesche Modell weider op d'Spëtzt, e Modell, deen dem wahnsinnegen an zerstéieresche Striewen no ëmmer méi vun e puer Milliardären ënnerworf ass an héchstens am Sënn vun deene räiche Leit funktionéiert. E Modell, dee keng mënschlech oder natierlech Grenze vun der ekonomescher Entwécklung méi kennt a mat deem mer grad amgaange sinn, d'Grondlagen op der Äerd vun eiser mënschlecher Existenz ze zerstéieren. An e Modell, deen dem Gros vun der Weltbevëlkerung liewenswäert Entwécklungsméiglechkeeten hélt.

Madamm Presidentin, dëse Wirtschaftsmodell wëlle mir net an duerfir stëmme mir och haut géint dëst Gesetz. Dat heescht awer net, datt mir géint d'Exploratioun vum Weltraum sinn an datt Lëtzebuerg och doranner eventuell eng Roll kéint spillen. Well wann et an dësem Gesetz iwwert d'Erfuerschung vum Weltraum an domadder verbonnen Erkenntnisser iwwert d'Mënschheet oder de Bien commun vun eis alleguerte géif goen, dann hätte mer heizou och eng aner Haltung. Mä et geet hei explizitt net ëm wëssenschaftlech Recherche, wéi de Statsrot dat opgeworf an och suggeréiert huet.

Neen, et geet ëm d'Kommerzialiséierung vu Ressourcen. De Minister Schneider huet dat an der Kommissioun och däitlech betount. Mir si géint dës Initiativ a géint dëst Gesetz, well et bedenklech, deelweis gefäierlech Entwécklunge verstäerkt a lasstrëppelt a virun allem well et e Bild vun der Zukunft entwërft, dat mir esou net matmole wëllen.

Madamm Presidentin, duerfir wäerte mir aus fënnef Grënn dergéint stëmmen.

Éischtens versicht d'Regierung mat dësem Gesetz, de Weltraum mat senge Ressourcen ze privatiséieren, eppes, wat virdru kloer e Bien commun war, wat der ganzer Mënschheet gehéiert huet, soll privatiséiert ginn. Nodeems op der Äerd esou gutt wéi all Eck an all Ressource exploitabel an der Profittlogik ënnerworf ginn ass, ginn elo d'Grenze weider verréckelt, fir nei Méiglechkeeten ze fannen, fir d'Accumulatioun weiderzedreiwen.

Lëtzebuerg mécht sech heimadder zum Handlanger vu verschiddene méi oder manner groussen Entreprisen, déi awer eppes gemeinsam hunn: datt se vun e puer vun deene mächtegste Milliardären op der Welt kontrolléiert ginn. D'Regierung geet hei en „public private partnership" an an de Minister Schneider vertrëtt dat jo och ganz offensiv, dee souguer bedeite kann, datt ëffentlech Gelder, wéi dat och scho geschitt ass, an esou Privatentreprisen investéiert ginn.

Zweetens investéiert d'Regierung net nëmmen ëffentlech Gelder an dës Initiativ, mä se investéiert a benotzt och d'Souveränitéit vun eisem Land, fir dat ze maachen. D'Regierung schaaft hei net eng Kompetenznisch, mä an alleréischter Linn eng Souveränitéitsnisch am Interêt vun deenen Allerräichsten. D'Regierung léisst mat dësem Gesetz dat internationaalt Recht méi oder manner lénks leie respektiv interpretéiert et zumindest emol zimlech eesäiteg. Lëtzebuerg huet den Outer Space Treaty ratifizéiert an erkennt domat de Prinzip vum Patrimoine commun de l'humanité un. Soumat ginn et keng national Souveränitéitsrechter um Weltraum. An och keng vun deenen zweifelhafte Rechtfertegungen am Exposé des motifs vum Gesetz kann dat entkräften. De Statsrot huet dat a sengem éischten Avis och ënnerstrach.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An duerfir proposéiert de Statsrot, de ganzen éischten Artikel vun deem Gesetz ersatzlos ze sträichen. Just, an do huet de Minister recht, ouni deen alleréischten Artikel hätt dat Gesetz keen Inhalt méi. Et hätt keen Inhalt méi, wann net géif drastoen, datt d'Weltraumressourcen „susceptible d'appropriation" wieren. Mä et bleift awer d'Fro, ob e Land wéi Lëtzebuerg unilateral internationaalt Recht interpretéieren a souguer deemno wéi nei setze kann. Mir mengen dat net. A mir mengen och net, datt et am Interêt vun eisem Land ass.

Iwwerhaapt, d'Sécurité juridique, déi heimadder soll geschafe ginn: De Statsrot ass och a sengem Avis doriwwer zimlech kloer. Wann et d'Zil sollt gewiescht sinn, Rechtssécherheet ze schafen, dann huet deen Text, dee mer virleien hunn, dat Zil verfeelt, well den Text méi juristesch Froen opwërft, wéi en der beäntwert.

Drëttens läit dëser Initiativ en zudéifst verstéierend Welt- a Mënschebild zugronn, dat graff gesot doranner besteet, datt d'Mënschen op der Äerd net méi mat deem auskommen, wat de Planéit eis bitt, respektiv se fréier oder spéider alles hei zerstéiert hunn a mer elo dowéinst am Weltraum no Alternative musse sichen. Ëmmer dann, wann d'Kritik un där Space-Resources-Initiativ haart ginn ass, ass gesot ginn - och vum Här Schneider schonn e puermol -, dat wier alles Science-Fiction, wat mir géife soen.

Ech wëll Iech elo emol e bësse Science-Fiction erzielen. Den Elon Musk, de CEO vu SpaceX, also déi Entreprise, déi de GovSat an den Orbitt geschoss huet, an deen ëmmer erëm vum Här Schneider bei all gudder Geleeënheet als avantgardistescht Virbild dohinnergestallt gëtt, deen Elon Musk begrënnt seng Investissementer domadder, datt d'Mënschheet enges Daags misst op de Mars ëmgesidelt ginn, well op der Äerd kee Liewe méi méiglech ass. Dat, Här Schneider, ass Science-Fiction. Et ass eng Dystopie a se kléngt net no enger besonnesch liewenswäerter Zukunft.

(Brouhaha)

Här President, d'Regierung stellt mat dësem Gesetz alles dat a Fro, wat se am Kader vun der Rifkin-Debatt oder der Rifkin-Etüd zumindest emol ugekënnegt hat: lokal a regional Wirt-

schaftskreesleef, eng Kreeslafwirtschaft, wou all d'Matièrë recycléiert a revaloriséiert ginn, erneierbar Energien, ressourcëschounend Produktiounsprozesser an esou weider. An dës Felder gëtt proportional zu Space Resources wéineg investéiert. Et héiert een de Wirtschaftsminister och wéineg doriwwer schwätzen. Et gesäit een en och wéineg op der Welt ronderëmjetten, fir sech an deene Beräicher Inspiratioun an Expertis sichen ze goen. Grad dat wieren awer an eisen Aen déi ekonomesch Perspektiven, déi fir déi allermeeschte Leit d'Méiglechkeeten zu Matsprooch a Mataarbecht bidde géifen an esou eng staark gesellschaftlech Basis kéinten hunn.

D'Space-Resources-Initiativ ziilt op de Contraire of. Vu Cohérence des politiques ass do keng Spuer méi.

Véiertens bleiwe bei der Space-Resource-Initiativ an der Struktur vun deem, wat sech ekonomesch hannendru verstoppt, virun allem d'Bevëlkerung am globale Süden alt erëm eng Kéier op der Streck. Nodeem sech déi räich Industriestaten a Multinationale mat jorzéngtelaanger Ausbeutung vun deenen ärmste Länner a Leit e groussen Deel vum Ressourcëkuch op der Äerd ënnert den Nol gerappt hunn, ginn déiselwecht elo hin, vläicht an enger anerer Form, a Lëtzebuerg ass dës Kéier jo dann ee vun den „first mover", a wëlle sech en zweete Kuch, deen duerch den technologesche Fortschrëtt eventuell iwwerhaapt eng Kéier erreechbar kéint sinn, ënnert den Nol rappen. Well sollten eng Kéier d'Ressourcen am Weltall exploitéiert kënne ginn, esou wier dësen Ofbau immens deier an den Zougang zu de Ressourcen an de Gewënn duerch den Handel mat de Ressourcen ënnert den aktuelle Virzeechen och nach immens ongerecht verdeelt.

Domadder huele mer deene Länner mat hire Bevëlkerunge weideren Entwécklungsspillraum a schafen ëmmer méi ongerecht Verhältnisser op der Welt. An et ass och dowéinst, firwat d'Entwécklungslänner sech mat Hänn a Féiss géint en internationaalt Ofkommes wieren, well se wëssen, datt se ënnert de kommerzielle Virzeeche wéi an dësem Gesetz komplett géifen op der Streck bleiwen.

Fënneftens lancéiert d'Regierung mat dëser Initiativ eng nei Course no Ressourcen, déi wéi an der Vergaangenheet schonn dacks zu internationale Konflikter féiere kann: Konflikter ëm d'Ressourcen am südchinesesche Mier, wou et ëm d'Proprietéitsrechter un der Mer profonde geet, sollten eis interpelléieren. An d'Kricher ëm Äerduelech sinn awer scho méi bluddeg an och brandgefëierlech a si hunn d'Struktur vum internationale System déi lescht Jorzéngte geprääägt, Länner zerstéiert a Bevëlkerungen deelweis zerstéiert.

Datt Lëtzebuerg hei einfach esou virprescht, ouni dat an enger multilateraler Kooperatioun zum Beispill op europäeschem Niveau ze maachen an elo deelweis Alliéierter, deelweis Konkurrenten huet, wéi d'Vereenegt Arabesch Emirater oder d'USA, sollt eis alleguer interpelléieren an zitt d'Legitimitéit vun dëser Initiativ definitiv an Zweifel.

Dat seet och déi Etüd, déi d'Regierung an Optrag ginn huet, déi Etüd vun der Uni Lëtzebuerg, wou drasteet: „It is highly recommended that Luxembourg is ready for facing criticism, especially from the side of developing countries, but also from Belgium and the Russian Federation."

Här President, dëst Gesetz ass net zukunftsweisend, et ass réckwäertsgewannt. Et entstaamt der Imaginatiounssphär aus dem Ufank vum 20. Jorhonnert, wou d'Virstellung dominant war, datt d'Natur, eist natierlech Ëmwelt gratis do wieren a just drop waarde géifen, vun Industriellen exploitéiert ze ginn, ouni Rücksicht op Verloschter. A mir wëssen och, datt d'Ausbeutung vun der Natur de pair gaangen ass mat der Ausbeutung vum Mënsch.

An ech mengen, Här Fayot, wann Dir sot, datt hei soll probéiert ginn, et am Weltall besser ze maache wéi op der Welt, da muss ee soen: Am Weltall gëtt et net besser gemaach wéi op der Welt a virun allem net mat deem heiten Text. A virun allem sollte mer kucken, datt et eis Aufgab ass als Politiker, fir hei op der Welt eng liewenswäert Situatioun hierzestellen.

Dëst gesot, Här President, fäerten ech ganz, datt den…

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.*- L'un n'empêche pas l'autre, Här Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Pardon?

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.*- L'un n'empêche pas l'autre.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Ah, mir hunn dann op jidde Fall d'Prioritéit dorobber, fir op der Welt e liewenswäert Liewen hierzestellen.

Här President, ech fäerte ganz, datt den…

(Brouhaha)

Ech fäerte ganz…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Datt Är Riedezäit ofgelaf ass.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Ech fäerte ganz, datt de Major Tom Etienne Schneider de Kontakt zum „ground control" definitiv verluer huet. Merci!

(Brouhaha)

Une voix.- Très bien!

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Houston, we have a problem. Hei ass Luxembourg, we have a problem.

M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet de Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischt wëll ech e ganz grousse Merci dem Rapporteur soe fir säi Rapport, mä och der ganzer Kommissioun fir déi spannend an interessant Diskussiounen, déi mir iwwert déi Zäit haten, fir dee Projet de loi hei kënnen zesummen ze preparéieren. Ech wëll och direkt virausschécken, dass ech och ganz gutt ka mat där Motioun vun der CSV-Fraktioun liewen, mam Inhalt dovunner, an dofir och kee Problem gesinn, fir déi unzehuelen an och ze respektéieren.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Très bien!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech wëll awer hei virun allem dem ganze Parlament e grousse Merci soen, dem ganze Parlament e grousse Merci soe fir dee staarke Support, bon, bis op d'Kolleege vun der Fraktioun vun deene Lénken. Mä déi aner hunn all e volle Support ginn, fir déi doten Initiativ ze maachen. An dat ass wichteg. Et ass wichteg, wann een als Land wëllt en neie Wirtschaftssecteur developpéieren, zemools wann ee wäert de Lead huelen, europawäit an och weltwäit ee vun de Leader wäert sinn, dann ass et wichteg, dass d'Parlament do derhannertsteet an dass d'Parlament d'Regierung och doranner ënnerstëtzt.

Et ass och wichteg, dee Konsens kënnen no baussen ze weisen. Well international Investeuren, déi sech u Lëtzebuerg interesséieren, sinn natierlech och interesséiert drun: Wéi geet et da weider, wann eng Kéier eng aner Regierung do ass, wann eng Kéier en anere Wirtschaftsminister do ass? Ass mäin Invest dann och nach ëmmer sënnvoll oder changéieren déi d'Meenung a gesinn dee Secteur net als interessant oder wichteg un?

Ech mengen, domadder, dass Der haut déi Unanimitéit quasi gewisen hutt, dat hëlleft ganz vill, ebe just an deem dote Kontext.

Ech wëll vläicht e kuerzen Historique maachen, wéi et zu där Initiativ hei komm ass. Et ass effektiv esou, dass ech am Februar 2012 Minister gi sinn. An ee vun deenen éischte Leit, déi bei mir am Büro waren, war den deemolege Chef vum NASA Ames Research Center, den Dokter Pete Worden, deen de Georges Schmit mer organiséiert hat. An dee Mann huet mer vun all deenen Opportunitéiten am Espace gezielt, wou ech mech am Ufank wierklech gefrot hunn, wat dee Mann gefëmmt hätt,…

(Hilarité)

…an ech och geduecht hunn: Dat ass alles Science-Fiction, wat deen der do zielt.

Et huet mer awer keng Rou gelooss an et huet eis als Equipp um Ministère keng Rou gelooss. A mir hunn dofir mat ganz ville Leit ugefaang ze diskutéieren. Mir hunn un internationale Konferenzen, wou et ëm dee Sujet vum New Space gaang ass, deelgeholl. Mir hu selwer finalement eng Konferenz hei zu Lëtzebuerg organiséiert gehat am Joer 2015, wat e grousse Succès war, well eben d'Experte vun der ganzer Welt och op Lëtzebuerg komm sinn.

A mir waren eis eigentlech herno eens. An, wéi gesot, et ass net vun haut op muer esou, dass de Minister opgestan ass a geduecht huet: „Sou! Elo maache mer emol eppes Neies", mä dat do ass wierklech gewuess. Dat ass wierklech laang analyséiert ginn.

2012, wéi gesot, hu mer ugefaang. 2015 hu mer dunn decidéiert, mir wëilten eis dora lancéieren. Firwat? Well mer eis sécher sinn, dass et net d'Fro ass, ob dat doten alles geschitt, mä d'Fro ass ebe just, wéini dass dat doten alles geschitt. Och wann et engem am Ufank esou kléngt, an ech mengen, et ware jo och e puer Riedner, déi dat opgeworf hunn, et ass villes speziell, wann ee vum Space Mining schwätzt, dass dat jo haut eigentlech nach net rentabel ass. Dat ass ganz richteg, mä dee ganze Business, dee mer hei wëllen opbauen, deen huet natierlech e Businessmodell à court terme, à moyen terme an à long terme.

Ech gi vläicht just e puer Beispiller fir déi verschidde Businessmodeller. Een à court terme, deen haut scho fonctionnéiert, sinn natierlech déi ganz Satellittenaktivitéiten, déi ronderëm eisen Äerdball fonctionnéieren, d'Äerdobservatioun. Do ginn hautdesdaags Servicer verkaaft vu Satellittebedreiwer, déi zum Beispill enger grousser Firma, déi am Düngerberäich täteg ass, hire Clienten hir Felder aus dem Weltraum analyséiert an dann déi Informatioune weidergëtt, fir zum Beispill ze soen: „Do an do brauch däi Client net ze düngen. Do brauch en dat net, an op anere Plaze muss en et maachen."

Dat heescht, deen, deen haut Commodities verkeeft, andeem en einfach dem Agriculteur tonneweis Dünger verkeeft, dee verkeeft haut e Service, andeem e seet: „Hei, do an do brauchs de guer keen Dünger, oder do brauchs de es manner." Dat ass e Win-win, natierlech well et en neie Businessmodell ass, mä awer och e Win fir d'Ëmwelt.

Äerdobservatioun ass och an engem anere Beräicher ëmmer méi populär, zum Beispill deem bei de Wënzer. Wënzer si jo och eppes, mat deem mir zu Lëtzebuerg vill ze dinn hunn. Ech war a Portugal e Betrib besichen. Déi hunn all eenzel Rief nummerotéiert, an déi kréien aus dem Weltraum gesot, wéi eng Riewe sollen a kënne gepléckt ginn a wéi eng nach net zeideg sinn.

Wann Dir haut als Wënzer sot: „Mir huelen de Südhang. Haut gëtt deen ugefaang, gepléckt ze ginn", da gëtt dee gepléckt, mä Dir wësst, dass Der ëmmer en Deel vun Drauwen derbäi hutt, déi nach net zeideg sinn. Wann Der also haut kënnt genee soen aus dem Weltraum eraus, wat gutt ass a wat net gutt ass, kënnt Der domat Är Quantitéit an Är Qualitéit steigeren. Also och e Service, deen haut scho verkaaft gëtt, wat also och zu där Initiativ Space Resources gehéiert.

Mëttelfristeg Businessmodeller sinn och ee Sujet, deen hei ugeschwat ginn ass vu verschiddenen Deputéierten. Dat ass zum Beispill de Refuelling vu Satellitten. Haut schéisst eng Gesellschaft wéi SES de Satellitt an d'Luucht. Dat kascht 130 Milliounen Euro. A wann deen zéng Joer do gelaf ass, da musse se en opginn, aus deem einfache Grond, well e kee Spritt méi huet. Firwat brauch en dee Spritt? Mä well en dauernd seng Positioun muss wiesselen, fir zum Beispill auszeweechen, wann iergendeppes op en duergeflu kënnt, fir dass en dovunner net getraff gëtt.

No 10, 12, 13 Joer ass dann esou ee Satellitt näischt méi Wäert, aus deem einfache Grond, well e kee Spritt méi huet. Doduerjer, dass et awer méiglech ass, dat Äis, dat mer am Weltraum fannen, op Asteroiden, um Mound, dass mer dat ëmwandelen a Waasser, dann an Hydrogène, gëtt et duerchaus elo e Businessmodell, fir déi Satellitten dann opzetanken, domat natierlech hir Liewensdauer bedeitend ze erweideren, wat alt erëm eng Kéier en interessante Businessmodell ass.

An ech weess, dass grouss Satellittefirmen, ënner anerem déi, déi hei zu Lëtzebuerg ass, schonn esou Kontrakter ënnerschriwwen hunn, wou se seet: „Ma, wann Dir déi Technologie hutt, wann Der dat maacht, da gi mir och bei lech Client", wat eng logesch Evidenz ass. Wann een de Choix huet, ee Satellitt opzetanken oder fir iwwer 100 Milliounen en neie mussen an d'Luucht ze schéissen, dann ass dat e Problem.

An do kommen ech och op den Här Anzia, deen dat ganz richteg erkannt huet. Dat do ass natierlech och d'Nohaltegkeet.

Une voix.- Très bien!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Dat ass och d'Nohaltegkeet. Iwwerleet emol: Déi ganz Energie, déi gebraucht gëtt a verpolvert gëtt, fir en neie Satellitt an de Weltraum ze schéissen, wann Der dat alles net méi braucht, wann Der net méi musst dat Waasser eropschéissen, wat zum Beispill déi Astronauten, déi op enger ISS schaffen, just fir Iech ze soen, onofhängeg vum Spritt…

Mä de Präis, fir ee Kilo Mass vun der Äerd an de Weltraum ze kréien, läit bei ronn 10.000 Dollar de Kilo. Dat heescht, en Astronaut, deen zwee Liter Waasser den Dag drénkt, deen drénkt fir 20.000 Euro Waasser. Ech mengen, do kritt een emol keng zwou Fläsche Wäin, déi esou deier sinn, wéi dat Waasser, wat do uewe consomméiert gëtt. Wann Der et also kënnt sur place gewannen, da brauch Der et ebe weder ëmweltverschmotzend eropzeschéissen, nach hutt Der dee ganze Käschtepunkt.

Et ass och esou, dass natierlech fir d'Exploratioun vum Weltraum, déi Méiglechkeet, fir Waasser ze notzen an a Spritt ëmzewandelen, eis natierlech eng ganz aner Méiglechkeet nach gëtt, fir d'Exploratioun ze maachen, well mer just déi Energie op der Äerd tanken an eise Rakéiten, soen ech elo emol, déi mer brauchen, fir aus der Unzéiungskraaft vun der Äerd erauszekommen. An duerno tanke mer eben dat op, wat mer brauchen a wat mer en plus am Espace selwer produzéieren.

Wa mer da vun deem méi laangfristege Modell schwätzen, da schwätze mer effektiv vum Space Mining. Et ass eigentlech dat den Term, deen ëmmer gebraucht gëtt, mä deen offiziellen Term ass Space Resources, well et ebe méi wäit geet wéi just Space Mining.

Wat ass domadder gemengt? Ma ebe just doduerjer, dass mer all déi Asteroiden, all déi Objets célestes, déi ronderëm eis schwirren, dass mer déi jo amgaang sinn ze analyséieren an op hir Contenance vu Mineralie ze préiwen, mä dass mer déi an Zukunft och wëlle benotzen. Net nëmmen… Also, déi éischt Iddi ass eigentlech net déi, fir zum Beispill Platinn an aner Selten Äerden, déi mer brauchen, zum Beispill am weideren Developpement vun eise moderne Kommunikatiounsmëttel, well mer déi brauchen am Bau fir d'Konstruktioun vun där ganzer Headware, mä d'Iddi ass déi, dass mer dat am Espace brauchen, dass mer dat am Espace notzen, fir zum Beispill aner Planéite kënne bewunnbar ze maachen op ganz laang Zäit.

Et ass och ganz kloer, dass et haut absolutt onwirtschaftlech ass, fir och, même wann Der Platinn fannt, fir deen erofzebréngen, well d'Technologie nach net esou wäit ass, dass dat wirtschaftlech haut ze maachen ass. Mä wann ech lech do d'Beispill dierf gi vun engem Computer. E Computer huet an de 70er Jore 4 Milliounen Dollar kascht. Haut hutt Der e Smartphone fir 400 Dollar an e kann dausendmol méi wéi dee Computer aus de 70er Joren. Dat heescht, deen technologesche Fortschrëtt, dee jo weider wäert kommen, dee wäert natierlech derfir suergen, dass och déi doten, deen Harvesting eigentlech vu rare Materialien am Weltraum, an och d'Transformatioun am Weltraum selwer dovun, wirtschaftlech och machbar ass.

Ech mengen, et ass och ganz kloer, dass mer déi Feeler, déi mer hei op der Äerd gemaach hunn, wéi mer an d'Industrialiséierung vun eiser Ekonomie komm sinn, natierlech net dierfe reproduzéieren am Weltraum. Duerfir mécht Lëtzebuerg sech och ganz staark um internationale Plang, fir eben och Léisungen ze fannen, wat zum Beispill de Weltraumschrott ugeet. Well de Weltraumschrott ass eigentlech e Problem, dee ganz grav gëtt, well en alles a Fro stellt, wat mer iwwerhaapt am Espace maachen, all déi Satellitten, déi permanent riskéie-

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

ren, getraff ze gi vun iergenwelchen Objeten, déi ronderëm fléien.

Also, mir setzen eis ganz kloer fir déi Responsabilitéit an, déi all Land huet, mä och all Akteur am Espace, fir dass dat, wat en do mécht, dass en och erëm muss derfir suergen, dass et erëm erauskënnt, dass een net méi einfach nëmmen higeet a Satellitten oder aner Saachen, déi een net méi brauch, einfach fléie léisst, mä dass een d'Responsabilitéit soll kréien, déi dann och erëm anzesammelen, ze recycléieren - why not? -, an domadder deem Problem e Rigel virzeschiben.

Et ass e Fait, an et ass och hei gesot ginn, dass Lëtzebuerg elo dat éischt EU-Land ass, dat sech esou eng Gesetzgebung gëtt. Mir sinn dat zweet Land op der Welt. Just d'USA hunn nach en äänlecht Gesetz. Mä ech mengen, dass mer eis méi schlau ugeluecht hu mat eisem Gesetz, wéi d'Amerikaner dat bei sech gemaach hunn. Firwat?

(Interruption)

Gelift?

Ma well d'Amerikaner soen an hirem Gesetz: „Déi Rechter, déi een duerch Gesetz kritt, gëlle just soulaang, wéi d'Firma méi wéi 50% amerikanescht Kapital ass."

Elo wësst Der awer, dass an deem Beräich ganz vill Start-uppen ënnerwee sinn. A Kalifornien sinn der eng Onmass, déi sech eben an deem dote Secteur developpéieren. Iergendwann brauchen déi méi grouss Zomme vu Suen. A wa se dann op de Kapitalmarché ginn a se fanne keen amerikanescht Kapital, dann hu se e reelle Problem, well se da jo net méi ënnert d'US-Gesetzgebung falen.

An dofir sinn déi natierlech och all immens interesséiert un deem, wat Lëtzebuerg mécht, well mir déi Limitatioun net virgesinn. Lëtzebuerg hat ni den Drang derzou, ze soen, et misst alles nëmme mat Lëtzebuerger Kapital gemaach ginn, well soss géife mer hei net ganz vill maachen, mengen ech. An dofir ass Lëtzebuerg natierlech fir déi doten Entreprisen extrem interessant.

Bon, ech mengen, wann ee kuckt, deen enormen Interêt, dee mer generell an der Welt kruten, wéi mer déi heiten Initiativ am Februar d'lescht Joer lancéiert hunn, eleng dat ass schonn Nation Branding, och dat ass gesot ginn, well wierklech emol eng Kéier vu Lëtzebuerg geschwat gëtt, ouni dass vill vun der Finanzplaz geschwat gëtt, mä wierklech, dass Lëtzebuerg als fortschrëttlecht Land duergestallt gëtt, dat wierklech an d'Zukunft kuckt a probéiert, d'Zukunft matzegestalten.

Mir ginn effektiv iwwerrannt vu Firmen, déi bei eis uklappen, well se sech interesséieren, fir sech zu Lëtzebuerg nidderzeloossen, well se interesséiert sinn, gewuer ze ginn, wat mer dann am Detail maachen. Mir hunn och eng ganz Rei international Fuerschungsinstituter, déi u Lëtzebuerg interesséiert sinn. An och hei hat virdrun e Riedner vun der ESA geschwat, der European Space Agency, vun där ech d'Chance hat, zwee Joer President ze sinn um politeschen Niveau, a wou ech dee Sujet ëfters ugeschwat hunn. An d'Skepsis war ëmmer relativ grouss. Dat heescht, dass eigentlech kee groussen Interêt bei der ESA do war, fir an deen heite Projet mat anzeklammen.

Elo, wou mer lancéiert sinn, huet dat sech komplett geännert, well se gesinn hunn, dass deen New Space wierklech d'Zukunft ass. A mir hu virun e puer Wochen um Bourget elo en Accord mat der ESA ënnerschriwwen, wou d'ESA eben elo wëllt Lëtzebuerg ënnerstëtzen am Developpement vun deem heite Secteur. Een Argument méi, dat weist, dass mer definitiv op der richteger Schinn sinn.

Wat sinn elo déi nächst Steps? Also, dat, wat mer elo wäerten deemnächst maachen, dat ass, dass mer eng Agence spatiale grënnen, net ze verwiessele mat der NASA oder der ESA, mä eng Agence spatiale, déi wierklech just de kommerzielle Volet ofdeckt. An déi Agence spatiale soll finanzéiert ginn iwwer en Investmentfong a Form vun enger „public private partnership", déi eben driwwer hänkt, an iwwert deen da Firmen ugezu ginn, andeem mer kënnen Investitiounen an déi Firme maachen, esou wéi mer och schonn aner Fongen opgeluecht hunn am Beräich vun de jeunes Pousses oder de Start-uppen, wéi se op Englesch genannt ginn.

Vläicht ee Wuert zum finanziellen Engagement vum Stat. Wéi ech d'Initiativ lancéiert hunn, hunn ech mer an der Regierung eng Kredittlinn gefrot vu ronn 200 Milliounen Euro, fir mech ebe lancéieren ze kënnen an déi heiten Initiativ. Firwat?

Éischtens emol, fir kënnen no baussen ze dokumentéieren, dass et eis wierklech eescht gemengt ass. Wann ech do mat zwou Millioune gereest komm wär, dann hätten d'Leit héchstens iwwer eis gelaacht. Mä mat 200 Millioune war dat eng ganz aner Geschicht, wat och en immensen Echo an der internationaler Press fonnt huet.

Et ass awer net esou, dass mer déi Suen onbedéngt all brauche wäerten. Mir hu bis elo ronn 25 Milliounen engagéiert, an déi 25 Milliounen hu mer quasi exklusiv benotzt, fir an esou Firmen ze investéieren. Dat heescht, mir hunn d'Suen net ausginn, mä mir hunn d'staatlech Suen investéiert. Mir weisen domadder, dass et eis eescht ass a mir soen: Mir hunn dat doten eng Kéier bei der SES gemaach. Mir verdéngen haut nach ëmmer gutt Suen, héich zweestelleg Milliounebeträg all Joer, un Dividenden, well mer deemools de Courage haten, doran och eng Participatioun ze huelen. A genee dat wëlle mer eben och hei an deem heite Projet maachen.

Also, den Invest oder d'Ausgabe vum Stat sinn also ganz limitéiert. A wa mer Suen ausginn, dann ass et haaptsächlech eben, fir a Firmen ze investéieren. Et ass also keng Depense, mä et ass en Investissement.

Et ass och esou, dass mer um internationale Plang vill Engagementer amgaang sinn ze huelen. Mir hunn MoUen ënnerschriwwe mat Länner wéi Portugal. Mir sinn an de leschte Verhandlunge mat Länner wéi Japan, den Emiraten, mat Polen, mat Tschechien. Mir sinn awer och an Diskussioune mat Russland, wou ech uganks September wäert op Wladiwostok fléie mam russesche Vizepremier, fir mat hinnen iwwer en Accord ze schwätzen. Mat China maache mer datselwecht. Mat Südafrika maache mer et. A mat Kasachstan hu mer och scho geschwat, fir an déi dote Richtung ze goen.

D'Iddi ass och déi - en attendant, dass d'Nations Unies hire Space Act vun 1967 amendéieren, fir dass et dann e Recht gëtt, wat da weltwäit ofgedeckt ass -, eng Zwëschenetapp ze maachen, andeem mer e multilateralen Agreement maache mat all deene Länner, déi och bereet sinn, mat an déi dote Richtung ze goen.

Et ass och richteg, wéi den Här Mosar virdru gesot huet, dass et bestëmmt Adaptatioune wäert musse ginn zu deem Gesetz. Mir haten eis am ursprénglechen Text e bësse méi Sputt gelooss, méi Flexibilitéit gelooss, déi de Statsrot leider awer net wollt zouloossen. Dofir hu mer dat erausgeholl, mä ech ginn dovunner aus, dass mer deen Text en cours de route nach regelméisseg wäerten upassen

Et ass och esou, dass mer natierlech mat der Uni Lëtzebuerg ganz enk zesummeschaffen. D'Uni denkt och driwwer no, fir e Master anzeféieren am Beräich Espace, also fir Ingenieuren. Mir schaffe ganz enk mam LIST. Mat Firme vun deenen New-Space-Firmen, déi op Lëtzebuerg komm sinn, schaffe se schonn zesummen. De Fonds national de la recherche schafft mat eis et cetera.

Voilà! Vläicht och eng Remarque vum Här Mosar, wat d'Konkurrenz ugeet. Natierlech, iergendwann wäerten och aner Länner op déi dote Schinn goen, mä dann hu mer awer den „first mover advantage". Firwat solle Firmen, déi dann heihi komm sinn, déi dee ganze Mikrokosmos u Firmen hei opgebaut hunn, da wiesselen, wann een aneren hinne just datselwecht bitt a wa se hei schonn alles sur place hunn.

Dir hat mech och kritiséiert. Dir sot, ech sollt mech och e bësse méi ëm d'Lëtzebuerger Ekonomie këmmeren. Ech mengen awer, dass Der... Also, éischtens emol verstinn ech do Är Positioun net, well Dir sidd jo déi Partei, déi ëmmer warnt virun ze vill Wuesstum a virum 1,2-Milliounen-Awunnerstat, wat awer den Développement économique nun emol zumindest deelweis mat sech brëngt.

Mä ech wëll Iech awer och drun erënneren, dass mer an deene leschte Méint awer fir bis zu enger Milliard Investissementer hei an d'Industrie konnten annoncéieren, dass mer elo iwwer eng weider Milliard bei Google diskutéieren an dass am September spéitstens nach weider Honnerte Millioune wäerten do derbäikommen. Also, maacht Iech keng Gedanken. Ech hunn de Buedem ënnert de Féiss hei net verluer. A mir wäerten eis weider fir d'Lëtzebuerger Ekonomie staark asetzen.

Voilà! Meng Zäit ass leider ofgelaf. Ech wëll nach just op dem Här Reding seng...

Gelift?

Une voix.- D'Riedezäit!

(Hilarité)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Den Här Reding hat nach vun der Responsabilitéit geschwat, falls eppes geschitt. Ech mengen, dat ass déiselwecht, déi mer haut hu vis-à-vis vun enger SES. Déi Firmen, déi mussen natierlech..., mir hu jo dann e Regulateur, dee seet, ënner wéi enger Konditiounen déi kënnen am Espace täteg sinn. Déi kréien natierlech dann och d'Obligatiounen, sech ze assuréieren, mä natierlech ass et herno esou, wann dann eppes doriwwer eraus geschitt, hu mer déiselwecht Responsabilitéit, wéi mer se haut oder wéi mer se scho 35 Joer hu mat enger SES.

Ech wëll just zum Schluss, wann Der erlaabt, Här President, nach mengem ganzen Team e Risemerci soen, well déi lafe wierklech op der Felg. Et hat keen domadder gerechent, dass mer esou e Succès géifen hunn an där heiter Geschicht.

Ech wëll dem Georges Schmit Merci soen, deen elo am Advisory Board weider schafft un där doter Initiativ, an dee mech, wéi gesot, deemools a Kontakt bruecht huet mat der NASA, mat all deene Responsabelen an deem dote Beräich. Him e ganz grousse Merci fir seng super Aarbecht.

Wéi gesot, mengem ganzen Team ëm de Mario Grotz, déi Dag an Nuecht, kann ech bal soen, un deem Projet hei schaffen. An och e grousse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der Uni, mam Fonds national de la recherche, mam LIST, awer och mat de Firmen, déi haut schonn am Privatsecteur täteg sinn an déi dat doten eng super Saach fannen.

Nach eng Kéier e grousse Merci Iech alleguerte fir dee staarke Soutien fir déi heiten Initiativ.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ech ginn dann och dervun aus, dass d'Diskussioun iwwert d'Motioun matgelaf ass, vu dass de Minister jo a senger zousätzlecher Zäit gesot huet, e géif d'Motioun acceptéieren. Vu dass et déi lescht Sëtzung ass virum Summer, mengen ech, war d'Chamber hei e bësse méi indulgent mat der Riedezäit.

Dat gesot, wa keng Wuertmeldunge méi zur Motioun sinn, da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwergoen, de Projet 7093.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7093 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 55-mol jo, 2-mol neen, bei insgesamt 57 Participatiounen um Vott. Domat ass de Projet 7093 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Félix Eischen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A voté non: M. Alexander Krieps.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

A mer géifen domat zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6853 iwwert d'Aféierung vun enger Hëllef fir regional Investissementer. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Frank Arndt.

3. 6853 - Projet de loi ayant pour objet la mise en place d'un régime d'aide à l'investissement à finalité régionale

Rapport de la Commission de l'Économie

M. Frank Arndt *(LSAP), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi mat der Nummer 6853 ass den 12. August 2015 vum Wirtschaftsminister deposéiert ginn. Doropshin hunn d'Consultatiounschamberen an de Statsrot hir jeeweileg Avisen ofginn. D'Zil vun dësem Gesetzestext ass et, den aktuelle regionale Régime d'aide, deen de 15. Juli 2008 gestëmmt ginn ass an deen den 30. Juni 2014 à terme komm ass, duerch en neie Régime d'aide à l'investissement régional ze ersetzen.

Den Artikel 107 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun erlaabt et der Kommissioun, fir bestëmmte Regiounen an engem Land staatlech Bäihëllefen un d'Betriber auszebezuelen an an déi méi schwaach Regioune vun deem jeeweilege Land ze investéieren.

Et ass elo fir d'Éischt un der Europäescher Kommissioun festzeleeë mat Hëllef vu spezifesche Kritären, wat fir eng Regiounen an de Benefiss vu Regionalhëllefe kënne kommen. Duerno ass et un de jeeweilege Regierungen, fir, am Respekt vun der europäescher Virgab, déi Kombinatioun vu Regiounen ze fannen, déi vun esou Hëllefe kënne profitéieren. Déi sougenannte Kaart gouf de 14. Abrëll 2014 finaliséiert an der Kommissioun hannerluecht, a schlussendlech och den 11. Juni 2014 approuvéiert. Soumadder huet Lëtzebuerg eng weider Förderungsperiod accordéiert kritt fir d'Period vum 1. Juli 2014 bis den 31. Dezember 2020.

D'EU-Reglement Nummer 651 vun 2014 deklaréiert och aner Zorte vun Hëllefen, déi kompatibel mam Bannemarché sinn. No Récksiicht vu spezifesche Kritären a Konditioune kënnen och individuell Hëllefen aus engem Régime d'aide oder sougenannten Ad-hoc-Hëllefen accordéiert ginn, ouni déi vun der Kommissioun mussen approuvéiert ze kréien. Am Kontext vun dësem Reglement ass dann och dëse Projet de loi elaboréiert ginn.

Vu datt de Regimm vun Hëllefen, dee mat dësem Projet de loi kreéiert gëtt, de Kritäre vum EU-Reglement entsprécht a vu datt dëse Régime d'aide sech just op déi Regiounen applizéiert, déi op der sougenannter Kaart agezeechent sinn, muss de Regimm net nach eng Kéier an d'Kommissioun oder net nach eng Kéier vun der Kommissioun approuvéiert ginn, mä ledeglech musse mir d'Kommissioun iwwert d'Mise en place vun dësem Regimm informéieren, soubal de Regimm a Kraaft trëtt.

Op nationalem Niveau sinn d'Regionalhëllefen en Instrument, duerch déi de Stat d'Wirtschaft kann ënnerstëtzen an diversifizéieren. Dësen Typ vun Hëllefe schreift sech domadder an e laangen Historique vun der Politique de développement et de diversification économique an eisem Land an.

Ech erënneren do just un d'Diversifikatiounspolitik am Kader vun der Ëmstrukturéierung vun eiser Stolindustrie, déi säit den 1970er Jore be-

driwwe gouf. D'Regionalhëllefen erméiglechen et, fir kënnen an eenzele Regioune vum Land eng spezifesch an eng geziilt wirtschaftlech Förderung ze maachen. D'Zil ass et, déi wirtschaftlech Entwécklung vu verschiddene Géigende vum Land ze ënnerstëtzen, de Chômage an deene Regiounen ze bekämpfen an d'Wirtschaft ze diversifizéieren.

Mat geziilte Regionalhëllefe steiere mir och ee wichtegt Stéck zur Beschäftegungspolitik an de Gemengen an an de Regioune bäi, well mir jo net nëmmen a Maschinnen a Betriber investéieren, mä och a Mënschen. A besonnesch am Industriesecteur, do, wou oft manner qualifizéiert Personal gebraucht gëtt, kann een duerch d'Kreatioun vun zousätzlechen Aarbechtsplazen de Chômage bekämpfen.

Am Kader vun där leschter Förderungsperiod konnten eng Rei vu groussen Investissementsprojete realiséiert ginn. Am leschte Rapport vun der Kommissioun ass nozeliesen, datt 2013 22 Regionalhëllefen accordéiert goufen op Basis vum Gesetz vum 15. Juli 2008 zur Ënnerstëtzung vun der Wirtschaftsentwécklung.

Déi wirtschaftlech Entwécklung zum leschte regionalen Hëllefsregimm kann een och an Zuelen ausdrécken. Soumat hunn déi 22 Regionalhëllefen een Investissement an enger Héicht vun 260 Milliounen a bis zu 630 Aarbechtsplazen hei am Land geschaaft. Nom neie Gesetz wäerten an Zukunft déi Betriber just nach vu Regionalhëllefe kënne profitéieren, wa si an där betraffener Gemeng een neit Etablissement oder eng nei Aktivitéit kreéieren. Dëst ass ee vun deene grousse Changementer par rapport zur leschter Förderungsperiod, wou deemools keen Ënnerscheed gemaach gouf tëschent grousse Betriber a PMEen.

Mat dësem Gesetz gëtt séchergestallt, datt grad Kleng- a Mëttelbetriber gehollef kréien, déi duerch hir beschränkt Dimensiounen net déi Méiglechkeeten hu wéi grouss Betriber. Déi Regiounen, déi vum neien Hëllefsregimm wäerte kënne profitéieren, sinn net méi déi nämlecht wéi virun der leschter Förderungsperiod. D'Lignes directrices vun der EU-Kommissioun hu sech als Zil gesat, d'Regionalhëllefen erofzesetze respektiv méi cibléiert ze verdeelen. Dofir sinn d'Kritären och erëm eng Kéier vill méi streng gi wéi an de Jore virdrun.

D'Kritären, déi an de Lignes directrices vun der Kommissioun definéiert gi sinn, schreiwen ënner anerem vir, fir dass eng eligibel Regioun grouss strukturell Changementer duerchlafe misst an och eng Mindestpopulatioun vun 10.000 Awunner misst hunn.

Wat bedeit dat elo konkret fir eist Land? Wéi eng Regiounen, wéi eng Gemenge kënnen an der lafender Förderungsperiod ënnert dee Régime d'aide falen? Opgrond vun de Simulatiounen, déi gemaach goufen, huet d'Regierung zwou Regioune proposéiert, an deenen zwou Gemengen zréckbehale goufen. Fir d'Regioun Südwesten ass et d'Gemeng Déifferdeng, a fir d'Regioun Südosten d'Gemeng Diddeleng.

Une voix.- Aah!

M. Frank Arndt *(LSAP), rapporteur.-* Verschidde Leit héieren dat do gär.

Wat de finanziellen Impakt vun deem Gesetz wäert sinn, do ass et schwiereg, zouverlässeg Aussoen iwwert dee genaue Käschtepunkt ze maachen, well een zu dësem Zäitpunkt nach net ka soen, wivill Betriber esou eng regional Aide à l'investissement wäerten ufroen, a wivill vun deenen Ufroen um Enn och wäerten approuvéiert ginn. Trotzdeem kann een dervun ausgoen, dass duerch dee méi restriktive Kader de Montant vun den Aiden an der lafender Period ofhuele wäert, besonnesch vis-à-vis vun der Period 2007 bis 2014.

An dat entsprécht iwwregens dann och der Logik vun der Europäescher Kommissioun. Et geet een dovunner aus, datt pro Joer ee bis zwee Projete wäerten approuvéiert gi respektiv eng 2,5 Milliounen un Investissementshëllefen ausbezuelt ginn.

Här President, komme mer nach zu den Avise vun den Handelskummeren. D'Chambre de Commerce weist an hirem Avis vum 6. Oktober 2015 drop hin, datt d'Gesetz e ganz favorabelen Impakt op déi wirtschaftlech Entwécklung vum Land wäert hunn an eng ganz Partie vun Aarbechtsplaze wäert schafen.

D'Handelskummer hält och fest, datt d'Lëtzebuerger Autoritéiten déi enk Marge de manœuvre vun de fixéierte Richtlinne maximal hei ausgeschëpft hunn. Vu datt an der Vergaangenheet keen Ënnerscheed bei der Attributiouun vun den Hëllefen tëschent groussen, klengen a mëttel Betriber gemaach gouf, dëst awer mam neie Gesetz ännert, hannerfreet d'Chambre de Commerce den Impakt op déi méi grouss Betriber.

Trotz dëser Bemierkung begréisst d'Chambre de Commerce, datt déi kleng a mëttelgrouss Betriber zousätzlech ënnerstëtzt ginn. D'Handelskummer gehäit och Fro op, ob eng Gemeng, déi net eligibel ass, fir Regionalhëllef ze kréien, awer an de Genoss vun der Hëllef ka kommen, wa si un eng eligibel Gemeng ugrenzt.

Weiderhin ënnersträicht d'Chambre de Commerce de complementairë Charakter vun dëse regionalen Hëllefsregimmer a betount, datt d'Hëllefsregimmer am Beräich vun der Recherche, der Entwécklung an dem Ëmweltschutz ëmmer méi prioritär ginn. An deem Sënn ass et der Handelskummer wichteg, datt déi zwee Hëllefsregimmer zesummen eng nohalteg wirtschaftlech Entwécklung ustriewen.

Här President, komme mer elo nach zum Avis vun der Handwierkerkummer. An hirem Avis vum 7. Januar 2016 formuléiert d'Chambre des Métiers e puer Bemierkungen. D'Chambre des Métiers begréisst, dass fir d'Mëttelbetriber eng Majoratioun vun 10 Prozentpunkte méiglech ass an datt fir kleng Betriber dës Majoratioune souguer op 20 Prozentpunkte kënnen eropklammen. D'Chambre des Métiers encouragéiert an deem Kontext d'Regierung, fir an Zukunft weiderhin déi Regionalhëllefen an den traditionelle Secteur ze cibléieren a primär an déi Kleng- a Mëttelbetriber ze investéieren.

Här President, komme mer nach zum Avis vum Statsrot. Deen hat eng Partie vun Oppositionformellen a sengem éischten Avis formuléiert, dëst wéinst juristeschen Onsécherheeten an dem Netanhale vun der Gesetzeshierarchie. An opgrond vun dësem Avis sinn dunn den Artikel 12 an den Artikel 14 suppriméiert ginn, an den Titel vum Gesetzestext ass doropshin och ëmformuléiert ginn.

Dëst gesot, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Gesetzestext.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Arndt. An déi éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Françoise Hetto. Madamm Hetto, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätze jo haut iwwert de Projet de loi 6853, dee sech mat de staatleche Subventioune fir Investissementer an de Betriber a bestëmmten Deeler vum Land an och ënner bestëmmte Konditioune beschäftegt.

De Rapporteur Frank Arndt, deem ech ganz häerzlech wëll Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen an och schréftleche Rapport, ass scho ganz am Detail dorobber agaangen. Mir hunn héieren, an der viregter Period, tëschent 2008 an 2013, waren et véier Regiounen, an deenen Entreprisë vun dëse Subventioune konnte profitéieren: de Südweste mat Déifferdeng a Suessem, de Südoste mat Diddeleng, den Oste mat Iechternach, Mäertert, Mompech a Rouspert, an den Norde mat Clierf, Eeschweller, Wolz a Wëntger.

Zukünfteg kënnen nach just Entreprisen aus de Regioune Südosten, also Diddeleng, a Südwesten, Déifferdeng, an de Genoss vun deene staatleche Subventioune kommen. Den Norden an den Oste falen eraus. Den Ursprong dovunner läit an de Lignes directrices vun der EU-Kommissioun, déi d'Kritäre fir d'Selektioun vun deene Regioune virginn. Op där Basis huet d'Lëtzebuerger Regierung 2014 Diddeleng an Déifferdeng proposéiert. Jo, et stëmmt, dass d'Kritäre méi restriktiv gi sinn, an awer ass et bedauerlech, dass d'Regierung net versicht huet, och eng Regioun aus dem Norden oder aus dem Oste mat eranzehuelen.

Opgrond vun de verschiddene Kritären, notamment dem Chômage, mä awer och der Awunnerzuel, wier dat méiglech gewiescht. Ech ginn Iech e Beispill. An der Regioun Norde gëtt et ronderëm d'Nordstad e Chômagetaux, dee bei 12,5% läit an domadder méi héich ass wéi zum Beispill dee vun Déifferdeng mat 11,4%. An der Regioun Norde gëtt et och nach ronderëm Wolz ee Chômagetaux, dee méi héich ass wéi 10%. An och an der Regioun Oste ronderëm Iechternach läit de Chômagetaux iwwer 10%. Hei hätt een de ländleche Raum wesentlech kënne stäerken an domadder zu senger Entwécklung bäidroen.

Et hätt een en plus fir eng besser geographesch Verdeelung vun den ekonomeschen Aktivitéite gesuergt. Net ze schwätze vun dem positiven Impakt dovunner op d'Schafe vun Aarbechtsplazen an d'Reduzéierung vum Trafic.

Amplaz deemno zwou Regiounen aus dem Süden ze huelen, hätt een och kënnen eng Regioun aus dem Norden oder Osten derbäihuelen. Hei geet et äänlech wéi bei de Gemengefinanzen: de ländleche Raum gëtt vernoléissegt. Mir bedaueren dat zudéifst.

Vu dass d'Ëmsetzung vun dësem Gesetz allerdéngs eng Noutwendegkeet ass an och urgent ass, nodeem dat viregt Gesetz schonn 2014 ausgelaf ass, wäerte mir als CSV dat heite stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Joëlle Elvinger.

Mme Joëlle Elvinger *(DP).-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Regierung investéiert esou vill wéi nach keng Regierung virdrun. D'Demokratesch Partei wënscht sech natierlech, dass niewent dem Stat och eis Entreprisen investéieren. Fir d'Betriber ze motivéieren an hir Strukturen um Standuert Lëtzebuerg ze investéieren, gëtt et eng Panoplie vun Investitiounshëllefen.

Dat Gesetz, wat mir haut stëmmen, ass en Deel vun der Strategie, fir eis Ekonomie ze förderen an och ze diversifiéieren. Am Mäerz hate mir schonn e Gesetz gestëmmt, dat deen neie Kader festgeluecht huet fir d'Hëllefen, déi an d'Recherche, an den Developpement an an d'Innovatioun ginn. Donieft ginn et och nach Hëllefe fir Investissementer, déi der Ëmwelt zeguttkommen. Dëse Projet de loi wäerte mir och an noer Zukunft hei an der Chamber stëmmen.

Haut setze mir awer en neie Kader fir d'Hëllefe fir Entreprisen, déi a sougenannt defavoriséierten Zonen investéieren. Ee vun den neie Kritäre vun der EU-Kommissioun, fir eng Zone défavorisée ze sinn, ass, dass op d'mannst 10.000 Leit an der concernéierter Regioun liewe mussen. Dofir erfëllen zum Beispill d'Zone-économicken aus dem Éislek leider net dës Konditiounen.

En anere Kritär ass d'Aarbechtslosegkeet. An Dir hutt et scho vu menge Virriedner héieren: Déi zwou Gemengen, déi déi nei Kritären erfëllen an déi als Zone défavorisée zréckbehale goufen, sinn Diddeleng an Déifferdeng. D'lescht Woch hat erëm eng Entreprise ugekënnegt, sech zu Déifferdeng ze implantéieren. D'Firma OCSiAl wäert awer iwwer 100 Milliounen Euro an eng Produktiounslinn an an e Centre de recherche investéieren. Op deem Site wäerten da ronn 200 nei Aarbechtsplaze geschafe ginn. Dat ass net déi eenzeg Entreprise, déi grad am Süden an zemools zu Déifferdeng an zu Diddeleng investéiert. Déi Hëllefen hunn deemno en direkten Impakt beim Choix, wou e Betrib sech implantéiert.

Här President, et kann een natierlech elo bedaueren, dass mat dësem Gesetz manner Entreprisen eligibel wäerte sinn, fir un déi nei Aiden ze kommen. Effektiv gëtt an Zukunft den Akzent méi op d'PMEe gesat. Dëst ass awer keng Entscheedung vun eiser Regierung. Déi huet näämlech nach de Maximum erausgeholl vun deem, wat mat den neie Ligne-directricë fir d'Joren 2014-2020 méiglech ass. D'Konditioune vun der Stee, fir vun Aiden ze profitéieren, sinn näämlech méi streng a méi strikt ginn.

Leider kréie gréisser Entreprisen an Zukunft keng Hëllef méi, wa si sech vergréisseren, mä nëmme wa si en neie Site schafen oder op engem bestoende Site eng ganz nei Aktivitéit ufänken. Dat ass bedauerlech, well grad dës Entreprisen an deene leschte Joren am meeschten Demandë gemaach hunn.

Déi Kleng- a Mëttelbetriber hirersäits kréien awer weider Hëllefen, wa si ausbauen. Déi Aidë gi souguer ëm 10% fir mëttelgrouss Entreprisen an ëm 20% fir kleng Entreprisë majoréiert. En anere positive Punkt ass, dass an Zukunft och Firmen am Beräich vun de Bank- a Finanzdéngschtleeschtunge vum Eenzelhandel a vun de Professions libérales vun dësen Aidë profitéiere kënnen.

Här President, dëse Gesetzesprojet gesäit genau wéi d'Gesetz vun 1993 vir, dass de Stat kann Terraine kafen a Gebaier amenagéieren, fir de Betriber zur Verfügung ze stellen. Anescht wéi am Gesetz vun 1993 sinn dës elo net méi exklusiv fir eng Activité industrielle reservéiert, ma jiddwereen, deen eng Activité économique bedreift, kann esou Lokaler vum Stat zur Verfügung gestallt kréien. Dëst ass eng Upassung, déi der ekonomescher Realitéit vum Land Rechnung dréit.

Lëtzebuerg wëllt an nei Technologien a Startuppen investéieren, an dofir ass et nëmme logesch, dass dës Betriber, déi am Secteur vun der Logistik, vun den Ekotechnologien a vun Humanwëssenschaften aktiv sinn, och kënne vun esou Terraine profitéieren. Doniewent kritt de Stat d'Méiglechkeet, fir Terrainen ze kafen, déi als Kompensatioun fir aner Zone-économicken déngen.

Dëst gesot, soen ech dem Rapporteur Merci fir säi mëndlechen a schréftlechen Rapport a ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Den nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).-* Merci, Här President. Ech géif den Accord vun der grénger Fraktioun erabréngen a soen natierlech dem Rapporteur e grousse Merci fir säin detailléierte mëndlechen a schréftleche Rapport.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Ass dat korrekt?

(Assentiment)

Dann huet den Här Wirtschaftsminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Jo, Merci, Här President. Ech wëll och hei op dëser Plaz just dem Rapporteur e grousse Merci soe fir säin detailléierte Rapport. Ech mengen, dass dat heiten ee wichtegen Outil ass, dee mer eis elo erëm ginn, fir ebe just PMEe kënnen ze ënnerstëtzen a méi defavoriséierte Regiounen, woubäi natierlech ëmmer schwéier ass, zu Lëtzebuerg vun defavoriséierte Regiounen ze schwätzen.

Mä hei hu mer natierlech vis-à-vis vu Bréissel drop gehal, dass mer déi doten Aiden zumindest nach kënnen an zwou Stied weiderféieren. Dat ass an deem heite Fall Déifferdeng an Diddeleng. A mir sinn elo frou, dass mer dat dann haut hei kënne mat Ärem Vott besigelen, an hunn also ee Moyen méi, wéi de Rapporteur dat richteg gesot huet, fir ebe just Entreprisen, déi sech an deenen zwou Stied nidderloossen, ze ënnerstëtze bei hirem Investissement.

Ech mengen, dass dat e ganz wichtege Projet ass a soen dem Parlament dofir e grousse Merci fir de Vott.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och. Da si mer prett, fir ofzestëmmen. An dat maache mer dann och direkt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6853 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer: 60-mol jo. De Projet 6853 ass ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen zum leschte Projet vun dem Moie kommen. Dat ass de Projet 7112 iwwert d'Protektioun an d'Rechter vun de Séileit, d'Transpositioun vun enger europäescher Direktiv. An d'Wuert huet d'Madamm Rapportrice. Dir zwee hutt d'Wuert.

4. 7112 - Projet de loi modifiant:

1. le Code du travail;

2. la loi modifiée du 9 novembre 1990 ayant pour objet la création d'un registre public maritime luxembourgeois, en vue de transposer la

directive (UE) 2015/1794 du Parlement européen et du Conseil du 6 octobre 2015 modifiant les directives 2008/94/CE, 2009/38/CE et 2002/14/CE du Parlement européen et du Conseil, et les directives 98/59/CE et 2001/23/CE du Conseil, en ce qui concerne les gens de mer

Rapport de la Commission de l'Économie

Mme Tess Burton *(LSAP), rapportrice.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi de President et elo grad gesot huet, komme mer elo zu deem leschte Projet de loi fir haut de Moie mat der Nummer 7112. Dëse Projet de loi ass de 25. Januar 2017 vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider deposéiert ginn. Mir setze mat dësem Projet de loi eng EU-Direktiv ëm, déi schonn elo am Oktober a Kraaft soll sinn. Et besteet also eng gewëssen Urgence fir dëst Gesetz, dat mir haut hei stëmmen.

Mat dëser neier Direktiv gi fënnef méi al Direktiven ëmgeännert, an dat, fir d'Aarbechtskonditioune vun de Séileit ze verbesseren an hinne méi Aarbechtsrechter zouzeschwätzen.

Konkret ginn dräi Artikelen aus eisem Code du travail ëmgeännert. Zousätzlech gi Referenze vum Code du travail bäigesat am modifizéierte Gesetz vum 9. November 1990, mat deem de Registre public maritime gegrënnt ginn ass.

Dës Verbesserunge vun de Liewens- an Aarbechtskonditioune vun de Séileit, déi mir mat dësem Gesetz elo hei schafen, goufe vun der internationaler Aarbechtsorganisatioun, der OIT, a vun der Europäescher Kommissioun initiéiert. Mir als LSAP kënnen dës Initiativen nëmme begréissen an ënnerstëtzen.

Här President, komme mer kuerz op den Historique ze schwätzen! D'Convention du travail maritime vun 2006 ass duerch e Gesetz vum 10. Juli 2011 hei bei eis approuvéiert ginn an 2013 a Kraaft getrueden. Duerch dëst Gesetz goufen d'Aarbechts- an d'Liewenskonditioune fir d'Séileit festgehal, wéi och minimal Normen am Beräich vun der Sécherheet an an der Gesondheet vun de betraffene Leit. Doduerch, dass eng relativ grouss Unzuel u Länner dës international Konventioun ënnerschriwwen huet, kann eng gewësse fair Konkurrenz tëschent de Leit, déi an enger Reederei schaffen, séchergestallt ginn.

Déi virdrun ernimmte Konventioun regelt d'Aarbechtskonditioune vun enger ronn 1,2 Millioune Séileit. An an där Konventioun vun 2006 goufen 68 aner Konventioune mat agebonnen an awer och aktualiséiert. Esou kann een och soen, dass d'Konventioun vun 2006 eng Aart internationale Code du travail vum Schëffstransport ginn ass.

D'Europäesch Unioun huet decidéiert, fir dës Normen ze komplettéieren an esou de Memberstaten et ze verbidden, Séileit a verschiddene Fäll auszegrenzen, esou wéi dat mat deene fënnef méi alen Direktive punktuell méiglech war. Déi fënnef genannten Direktive bezéie sech zum Beispill op de Schutz vum Salarié am Fall vun enger Insolvenz vum Patron, op d'Kreatioun vun engem europäesche Betribsrot oder d'Duerchféierung vun enger Informatiouns- a Konsultatiounsprozedur fir d'Mataarbechter an op de Schutz vun Aarbechtsrechter am Fall vum Transfert vun där Entreprise oder bei Massenentloossungen.

Här President, d'Memberstate vun der Europäescher Unioun konnte bis haut eng Partie Séileit vun dësen Aarbechtsrechter ausschléissen. Mat där Direktiv, déi mer elo hei ëmsetzen, huet d'Europäescht Parlament an de Conseil déi al Direktiven iwwerschafft, soudatt an Zukunft keen EU-Land déi betraffe Leit vun dësen Aarbechtsrechtsdispositioune méi kann ausschléissen. Dës Direktiv berout och op engem largë Konsens zwëschent de Sozialpartner aus dem Séifaartssecteur, déi beméit waren, fir engersäits d'Aarbechts- an d'Liewenskonditioune vun hire Leit ze verbesseren, an anerersäits awer och Spezifissitéite vum Séifaartssecteur ze consideréieren.

An dësem Gesetzestext, deen haut zum Vott hei steet, hu mir also verschidden Adaptatiounen zréckbehalen, soudatt mer e manner groussen Ënnerscheed vun den Aarbechtsrechtskonditiounen zwëschent den Aarbechter um Mier mat deenen um Land hunn.

Et ass e Schratt an déi richteg Richtung, wat d'Verbesserung vum Aarbechtsrecht fir d'Séileit ugeet. Dat heescht, d'Séileit hunn elo praktesch déi nämlecht Rechter, wat d'Vertriedung, d'Informatioun an d'Consultatiounen ugeet, wéi och deen nämlechten Aarbechtsrechtsschutz am Fall, wou d'Entreprise faillite geet, Deeler outgesourced ginn oder bei Massenentloossungen.

Här President, ech kommen zum Schluss nach kuerz op déi eenzel Avisen ze schwätzen.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 10. Mäerz 2017 de Gesetzestext approuvéiert. D'Chambre de Commerce begréisst, datt duerch dës Direktiv d'Séileit gläichgestallt gi mat den Aarbechter um Land, wat hir Aarbechtsrechter an d'Aarbechtskonditiounen ugeet. An d'Chambre de Commerce ënnersträicht och, datt mat der Verbesserung vun de Liewens- an Aarbechtskonditiounen de Schëfffaartssecteur méi attraktiv gëtt, fir nei Leit ze rekrutéieren.

Dësem positiven Avis schléisst sech d'Chambre des Métiers och un an hirem Avis vum 17. Mäerz 2017.

An de Statsrot hat a sengem Avis keng gréisser Remarquen, just kleng Textverbesserungen, déi d'Kommissioun och esou iwwerholl huet. Esou konnt d'Wirtschaftskommissioun d'lescht Woch hir Aarbechten zu dësem Projet de loi ofschléissen, wat och gutt esou ass, well, wéi am Ufank gesot, soll dee Projet de loi schonn ab Oktober a Kraaft sinn.

Dëst gesot, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Burton. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Léon Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).*- Merci, Här President. Fir d'Éischt der Rapportrice Merci fir de schréftlechen a mëndleche Rapport. Här President, et ass bekannt, datt Lëtzebuerg eng grouss Schëfffaartnatioun ass. An deemools, wéi déi Decisioun geholl ginn ass, fir an déi doten Nisch ze goen - dat erënnert mech e bëssen un déi Diskussioun, déi mer haut mam Space Mining gefouert hunn -, do si mer dobaussen och e bësse belächelt ginn.

Duerch déi effikass Qualitéitsaarbecht, déi awer am Cluster maritime geschitt ass, an an de Verwaltungen a bei de Professionellen, huet sech d'Héichschëfffaart séier dobaussen en Numm gemaach ënner lëtzebuergeschem Pavillon, well mir hunn d'Qualitéit promouvéiert. A mir hunn och opgepasst, datt d'sozial Standarde respektéiert gi sinn.

An duerfir, dës sozial Standarde ginn duerch dëse Projet de loi renforcéiert. An dat kënne mir als CSV nëmme begréissen. An duerfir stëmme mir dëse Projet de loi mat.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An als Nächst ass d'Madamm Simone Beissel ageschriwwen.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Merci, Här President. Virop och der Madamm Rapporteur Tess Burton en häerzleche Merci fir hiren exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Et geet jo hei drëm, fir d'Aarbechtskonditioune vun de Séileit ze verbesseren, notamment fir hir Informatioun ze verbesseren an och de Schutz vun Insolvenz vun de Reederen, vun den Employeuren.

Mir änneren hei verschidden Artikele vum Code du travail ëm an och verschidde Referenzen an eisem Registre public maritime kommen dran.

Dir Dammen an Dir Hären, all Progrès an dësem Secteur, deen ass wëllkomm. An engem vu menge ville viregte Liewen hat ech d'Chance, wärend laange Joren ganz laang ëmmer am Summer op ville Mieren ze sinn. Ech war op grousse Schëffer. Ech hat d'Chance...

(Exclamations et hilarité)

M. Eugène Berger *(DP).*- Virun der Päischtcroisière!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ee Moment! Ech mengen, dat Bescht kënnt nach.

(Hilarité générale)

Une voix.- Virun der Päischtcroisière!

Mme Simone Beissel *(DP).*- Ech hunn als Passager libre mam Bundesgrenzschutz zwëschen dem fräien Däitschland an der DDR mat gehollef. An duerno war ech wärend ganz laange Jore mat der Wasserschutzpolizei, heiteg Küstenwache, déi zu Flensburg stationéiert war, ënnerwee, fir ze hëllefen, ebe just an der Ostsee Kontrollen ze maachen. An ech war ganz vill an den Häfe vun Travemünde, Kiel a bien entendu och zu Hamburg.

De Problem war, dass ech do ganz oft mat Frachteren, Handelsfrachteren, déi niewen eis un der Pier louchen, a Kontakt war an de Misär konnt gesinn, wat do lass war: raschteg, knaschteg Schëffer, Kombüsen - dat heescht Kichen, déi den Numm net verdéngen -, de Sanitär eng Katastroph, e ganze Koup Leit, déi krank waren, schlecht lessen, d'Pai: naja!, Krankekeess heiansdo, vu Pensiounsrechter emol net ze schwätzen.

Am Gespréich mat hinnen hu mer gesinn, dass och d'Isolatioun total war. Dir wësst, dass wärend Jorhonnerten ëmmer nëmmen d'international Kommunikatioun um Mier duerch d'Beflaggung gaang ass, duerch déi grouss Pavillonen. Dat Éischt, wat mer geléiert hunn, dat war ëmmer, wa schwiereg Chargen do transportéiert gi sinn a wann d'Schëffer an der Quarantän waren. Duerno koum d'Morse, duerno koum de Funksproch, mä dat war ëmmer alles an der Kommandozentral op der Bréck. An d'Leit alleguerten, d'Mannschaften, d'Séileit, déi haten ni d'Chance, fir ze kommunizéieren.

Et koum eng riseg Ännerung duerch zwou Saachen: éischtens, den internationalen Drock fir d'Éischt vun der OIT. Awer d'OIT, wësst Der, huet nëmme kënne Recommandatioune maachen. An d'Patronat, dat heescht déi grouss Reedereien, waren net domat d'accord, well se selwer Avantages de concurrence haten duerch de Fait, dass dee ganze Secteur duerch 68 Konventioune regléiert war, déi hott an har gezunn hunn a keng Unicitéit.

An du koum Europa an d'Spill, an do notamment de Comité économique et social européen, dee jo eng Composition tripartite huet. D'Patronat, d'Gewerkschaften an de Stat hunn ugefaangen, Drock ze maachen.

Du koumen déi éischt Direktiven 2002, 2008 an 2009. An déi 2015 huet elo e richtege Quantesprong gemaach, well niewent dem Konsens, deen da mat Ach a Krach tëschent de Reeder an notamment de Gewerkschafte komm ass, hunn déi modern Technologien eng ganz nei Welt gemaach fir alleguerten d'Séileit, déi mir am Fachjargon ëmmer „Marineros" genannt hunn.

Elo si se dem Kapitän, deen ëmmer „seul maître à bord" war wärend Jorhonnerten, net méi ausgeliwwert. Mat dem System vun de Satellitte kënne se egal op wat fir enge Breedegrade kommunikéieren, si sinn informéiert, si kommen an d'Häfen. Si sinn organiséiert a si kënne sech wierklech schützen.

Mir sinn zu Lëtzebuerg scho säit Laangem gutt opgestallt gewiescht. Mir hunn eise Code du travail, dee streng ass par rapport zu aneren. Mir hunn d'Gesetz iwwert de Registre public maritime, d'Gesetz vun 1990. Et ass hei gesot gi vun der Madamm Rapporteur, dass mer d'Convention internationale maritime, déi 2006 geholl ginn ass, 2011 scho ratifizéiert hunn, a si ass zanter 2013 schonn a Kraaft. Mir si gutt opgestallt. Op mer eng „Seefahrernatioun" sinn, dat loossen ech dohigestallt.

Jiddefalls si mer international an där Hisiicht bekannt a gutt opgestallt. Mä dat hei ass ganz wichteg, well nach zousätzlech wierklech d'Sécherheet, d'Liewensqualitéit, d'Aarbechtsbedéngunge vun alleguerten de Leit, déi um Mier do schaffen, verbessert ginn. An dat steet eis, notamment och, well mer de Pavillon maritime hunn, deen elo weltwäit ganz bekannt ass, gutt zu Gesiicht. An dofir ass et ganz wichteg, dass mer haut zu enger ganz staarker Majoritéit dëse wichtege Projet de loi stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Beissel. An als Nächsten huet de Gérard Anzia d'Wuert.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Här President, ech muss natierlech elo passen. Also, déi Liewenserfahrung do, déi kann ech hei net an d'Spill bréngen. Ech géif der Rapportrice Merci soe fir hire gudde Rapport, mëndlech a schréftlech. An ech géif dann natierlech soen, dass mir och solidaresch mat de Séileit sinn an natierlech dëse Projet de loi wäerte stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus der Rapportrice Merci soe fir hire gudde Rapport. Mir wäerten dee Projet hei stëmmen. An ech mengen, no deene groussen Informatiounen, déi mer och elo vun der Madamm Beissel kritt hunn,...

(Hilarité)

...wësse mer och genau, ëm wat datt et geet. Ech hat just net erausfonnt, ob d'Madamm Beissel als Matrous oder Kapitän op dëse Schëffer war.

(Hilarité)

Mä iergendwéi muss et eng wichteg Fonctioun gewiescht sinn.

(Hilarité générale)

Une voix.- Matrous!

Mme Simone Beissel *(DP).*- Dir wësst, dass mäin Häerz ganz oft a säit laange Jore Matrous ass, mä ech sinn och ganz oft de Kapitän.

Une voix.- Très bien!

(Hilarité et interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci gesot. Ech ka vläicht an engem Saz eng aner Experienz bäidroen.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Do gëtt et just an deem heite Secteur ganz einfallsreich Geeschter, déi och emol op d'Iddi komm waren, fir e Schëff ënner enger Flagg segelen ze loossen an an eng aner Sécurité sociale eranzehuelen. Esou geschitt hei zu Lëtzebuerg, esou refuséiert hei zu Lëtzebuerg. Deem seng Flagg een huet, deem seng Sécurité sociale een och huet. Dat ass zumindest de Schutz, deen een de Matrouse muss zousécheren.

Dat gesot, huet elo de Schëfffaartsminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci, Här President. Ech wëll dann och op dëser Plaz der Rapportrice e grousse Merci soe fir hire Rapport. Ech mengen, deem ass näischt méi hinzuzefügen.

Ech wëll awer dem Här Gloden recht ginn, dee bemierkt huet, dass déi Diskussioun, déi mer viru Joren haten, wéi mer de Pavillon maritime agefouert hunn, eigentlech eng äänlech war wéi déi éischt Diskussioun, déi mer de Moien hei haten iwwert d'Space Resources, Space Mining. Déi Zäit ass och vill gestaunt ginn, firwat e Land, dat emol keen direkten Accès un d'Mier huet, esou ee Pavillon maritime bräicht. Et war vill driwwer diskutéiert ginn. Haut ass et awer ee Secteur, dee ganz vill Succès huet an immens vill Business ronderëm dee Secteur op Lëtzebuerg ugezunn huet.

Dat gesot, mengen ech, dauert et awer nach e bëssen, bis mer hei iwwert d'Sécurité sociale vun de Space Miners mussen diskutéieren. Ech mengen, do hu mer nach e bëssen Zäit.

Ech soen Iech villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Minister. Déi Space Miners, déi falen dann ënnert d'Sécurité sociale vum Mars.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7112 et dispense du second vote constitutionnel

Dat gesot, fänkt de Vott un. Voilà, an d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi 7112 ass unanime ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech brauch da bal net d'Fro ze stellen no der Dispens vum zweete Vott. Mä ech kréien awer trotzdeem den Accord.

(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir sinn um Enn vun den Aarbechte vun de Moien ukomm. Rendez-vous de Mëtten um zwou Auer.

Merci. D'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 11.37 heures)

SÉANCE 49

JEUDI,
13 JUILLET 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 7149 - Projet de loi portant modification du Code du travail en vue de l'introduction d'un nouveau dispositif de lutte contre le chômage de longue durée
- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Claude Lamberty, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen (intervention de Mme Nancy Arendt), M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. 7033 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 février 2001 concernant les syndicats de communes
- *Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Frank Arndt*
- *Discussion générale: M. Emile Eicher, M. Max Hahn, M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. 6593 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 16 juin 2004 portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État;

2. de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;

3. de la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire;

4. de l'article 32 du Livre 1er du Code de la sécurité sociale
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Gilles Baum*
- *Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Georges Engel, M. Claude Adam, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (intervention de Mme Françoise Hetto-Gaasch)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. Discours de M. le Président
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Félix Braz, M. Nicolas Schmit, M. Dan Kersch et M. Claude Meisch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen heimat d'Sëtzung op.

Ech mengen, mir géifen direkt zum offiziellen Ordre du jour iwwergoen. Als éischte Punkt hu mer de Projet de loi 7149 fir den Asaz géint de Laangzäitchômage. De Rapporteur, den honorabele Georges Engel, ass prett an de Mikro ass säin.

2. 7149 - Projet de loi portant modification du Code du travail en vue de l'introduction d'un nouveau dispositif de lutte contre le chômage de longue durée

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, aarbechtslos ze sinn, dat ass net schéin. Keng Aarbecht ze hunn, huet eng Rei vun Auswierkungen op deen eenzelne Mënsch selwer, op seng finanziell Situatioun, op seng Famill, op säin Emfeld, op seng Gesondheet, op seng physesch a psychesch Gesondheet, mä och op d'Gesellschaft am Allgemengen.

Zanter 28 Méint geet bei eis hei zu Lëtzebuerg de Chômage zréck, virun allem bei deenen, déi ënner 30 Joer hunn. D'Zuel um 31. Mee war déi folgend: e Minus vu 5,3% op ee Joer. Dat ass gutt esou. Dat huet mat enger Rei vu Facteuren ze dinn: eng gutt ekonomesch Situatioun, e gutt gesellschaftspolitescht Emfeld, gutt Aarbecht vun deene villen Akteuren, déi sech fir d'Leit, déi schaffen oder déi wëlle schaffen, hei zu Lëtzebuerg asetzen.

Och d'Demandeurs d'emploi vulnérables, also déi gesondheetlech Problemer hunn, wéineg qualifizéiert sinn oder iwwer zwielef Méint op der Sich no Aarbecht sinn, profitéiere vun deem Réckgang, mä leider awer net genuch. Laangzäitchômeure maache 47% vum Total vun de Chômeuren aus. 59% vun hinne si wéineg qualifizéiert, 60% sinn iwwer 45 Joer al, 40% hunn eng ageschränkt Capacité de travail oder si Salarié handicapé.

Wie Chômage longue durée seet, seet ganz oft Exklusioun, ganz oft Aarmut a Prekaritéit. An duerfir genau maache mir dëse Projet de loi, deen als Zil huet, e staatlechen „coup de pouce" ze ginn, fir dass definitiv a stabel Aarbechtsplaze geschafe gi fir Laangzäitchômeuren.

Dës Mesure schreift sech an an d'Logik vun enger Rei vun Akzenter, déi scho gesat goufen, notamment d'Gesetz, wat Ufank 2016 gestëmmt gouf a wou de Contrat de réinsertion-emploi fir Leit iwwer 45 Joer a fir Leit, déi de Statut vum Handicapéierten hunn, agefouert ginn ass. Déi Mesure ass gutt, geet awer leider net duer.

Betraff vun dësem Projet hei si Persounen iwwer 30 Joer, déi zanter op d'mannst zwielef Méint op der Sich no enger Aarbecht sinn an op der ADEM ageschriwwe sinn. Vill vun hinne sinn an enger Occupation temporaire indemnisée, enger OTI, enger Mesure, déi zwar de Meritt huet, d'Leit ze aktivéieren, mä déi Betraffe bleiwe weider Chômeur, hu kee feste Kontrakt a riskéieren, iwwer kuerz oder laang an den RMG ze falen. Well si awer schaffen, also wierklech Aarbecht maachen, sollen iwwert d'Bestëmmunge vun dësem Projet de loi richteg fest a sécher Aarbechtsplaze mat onbefristete Kontrakter dorauser ginn.

D'Philosophie also ass, Aarbecht amplaz Chômage ze finanzéieren. D'Suen, déi also bis elo an d'Indemnité de chômage an temporär Mesuren investéiert goufen, ginn elo an d'Schafe vu sécheren, festen Aarbechtsplazen investéiert fir Leit, déi soss schlecht oder keng gutt Chancen hunn, eng fest Aarbechtsplaz ze fannen.

Konkret heescht dat, hei ginn Plaze geschafen am Beräich vum Stat, de Gemengen, dem Parapublic, de Fondatiounen, den Etablissementer, Associatiounen, de Sociétés d'impact sociétal, déi zu 100% aus Parts d'impact bestinn - do wou 100% also vum Gewënn nees an d'Societéit investéiert ginn -, vu Fondatiounen an Asblen. Viséiert sinn hei zum Beispill deemno och Aarbechtsplazen a Crèchen, an Altersheimer oder Behënnertenatelieren. Natierlech muss hei d'Qualifikatioun fir déi eenzel Aarbechtsplaz och stëmmen. Hei sollen also keng Aarbechtsplaze bradéiert ginn.

Hei sollen also nei Aarbechtsplaze geschafe ginn, nei Aarbechtsplaze mat engem Contrat à durée indéterminée - mir wäerten also hei net Plazen ersetzen, dat wär kontraproduktiv -, an dat och a Beräicher, wou keng deloyal Konkurrenz provozéiert gëtt.

Dës Mesurë sinn also och fir d'Demandeurs d'emploi de longue durée iwwer 30 Joer. De Remboursement, dee leeft iwwert de Fonds pour l'empoi. Dat éischt Joer ginn 100% vun de Frais salariaux en charge geholl, dat zweet Joer 80% an dat drëtt Joer 60%, gedeckelt awer op 150% vum soziale Mindestloun. De Salaire ass also net limitéiert op de soziale Mindestloun, mä soll déi normal Lountabell berücksichtegen.

Bei Demandeurs d'emploi de longue durée iwwer 50 Joer, do bleift de Remboursement vun 100% vun de Frais salariaux bis d'Pensioun bestoen, och do gedeckelt bis zu 150% vum Salaire social minimum.

Mir hunn awer och Securitéiten hei am Gesetz agesat. Falls deen esou rekrutéierte Laangzäitchômeur bannent sechs Joer géif gekënnegt kréien, ouni dass d'Grënn op hie selwer zréckzeféiere wären, muss de Patron 75% vun den Hëllefen, déi e kritt huet, zréckbezuelen. Och dat ass eng richteg an eng wichteg Mesure.

Fir dëst Joer sinn déi Plazen emol op 150 Plaze limitéiert. Et geet jo elo eréischt un. Am September kéinte jo dann déi éischt Poste gestëmmt ginn oder geschafe ginn an duerno gëtt d'Zuel Joer fir Joer iwwert d'Budgetsgesetz fir dat anert Joer fixéiert. Déi éischt Plaze sollen eis dann erlaben ze evaluéieren, wat dat fir dat nächst Joer soll fir de Fonds pour l'emploi bedeiten.

Weider Ännerungen am Gesetz sinn déi folgend: D'Dauer vun enger OTI gëtt op sechs Méint limitéiert an e Promoteur wäert fir déiselwecht Aarbecht nëmmen nach eng OTI op zwielef Méint kënnen huelen. Mir mussen also verhënneren, an dat gëtt och hei gemaach, dass d'Plaze permanent duerch OTI besat ginn, ouni dass déi Betraffe kënnen oder wäerten e feste Kontrakt kréien. Dat ass op alle Fall net dat, wat mer wëllen, mir hätte scho gären, dass dat solle fest Aarbechtsplaze ginn. An dat soll mat dëser Mesure also verhënnert ginn.

D'OTIen hunn an Zukunft och d'Recht op all Supplementen, déi fir normal Salariéë virgesi sinn, ouni dass d'Supplementen als Revenu accessoire fir de Chômage ugesi ginn. D'OTIen iwwer 50 Joer wäerten an Zukunft kënnen hir Mesurë mat Tranchë vun zwielef Méint weider erneiert kréien, ouni dass se an den RMG géife falen an doduerch eventuell géife verléieren.

De Stage de professionnalisation wäert an Zukunft fir Demandeurs d'emploi ab 30 Joer opstoen. Dës Stagë sinn eng gutt Méiglechkeet, nei Beräicher kennenzeléieren a Kontakter mat de Patrone kënnen ze maachen, fir duerno eng definitiv Aarbecht kënnen ze kréien.

An zu gudder Lescht: Bei der Aide à l'embauche fir eeler Chômeuren am Privatberäich soll an Zukunft nëmmen nach d'Part patronale, mä net méi deen Deel vum Assuré vun de Cotisatiounen zréckbezuelt ginn, well d'Patrone mat deem Deel jo näischt ze dinn hunn. Dat war effektiv eng komesch Bestëmmung an déi gëtt elo och ofgeschaaft.

Den Depôt vum Gesetz war den 9. Juni 2017. Am Avis vum Statsrot vum 4. Juli koumen eng Partie Kriticken, déi awer virun allem formaler Natur waren, zum Beispill wat an engem Règlement grand-ducal oder wat am Gesetz sollt stoen, war doranner enthalen. An deem huet d'Kommissioun dann och Rechnung gedroen.

Dat hei ass e wichtege Projet. E geet géint de Laangzäitchômage vir. E probéiert, deen an de Grëff ze kréie fir e verhältnismëisseg modeste Coût a gëtt de Betraffenen eng reell Perspektiv op eng Aarbecht a fir aus der Prekaritéit erauszekommen.

Virun allem, an dat ass mer ganz wichteg, gi mer deene Leit hei e Stéck Dignitéit zréck. Dat muss et eis wäert sinn. Mir brauchen also eng Diversifikatioun vun all deene Mesuren, déi mer ubidden. An dat hei ass een Deel dovunner, ee Glidd an der Kette vun deem, wat mer musse maachen, fir de Laangzäitchômage an de Grëff ze kréien.

Ech ginn domadder och schonn direkt den Accord vun der sozialistescher Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Aly Kaes.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, laut den aktuellen Zuele si 7.108 Persoune méi wéi zwielef Méint bei der ADEM gemellt, also bal…, jo, hei ass grad 47% gesot ginn, ech hunn der 46. Ech mengen, do solle mer eis och net driwwer streiden, ob een op- oder ofrënnt, et ass op jidde Fall en héije Prozentsaz vum Gesamtchômage.

Vum Laangzäitchômage si virun allem Leit betraff, déi eng Rei Problemer hunn, notamment en Handicap oder Reclassement externe. Op ee Joer gekuckt ass de Laangzäitchômage an absolutten Zuelen ëm gutt 600 Unitéite gefall. Och de Chômagetaux vun dëse Leit ass liicht réckleefeg.

De Statec schreift a senger leschter Note de conjoncture, datt d'Baisse vum Gesamtchômage am éischten Trimester 2017 zu 18% op manner Chômeuren, déi méi wéi zwee Joer bei der ADEM ageschriwwe sinn, an zu 60% op d'Baisse vu Chômeuren, déi méi wéi ee Joer bei der ADEM gefouert sinn, zréckzeféieren ass.

Elo kéint ee jo doraus schléissen, datt d'ADEM hirem Rôle gerecht ginn ass an dës Leit aktiv vermëttelt hätt. Dat ass awer an eisen Aen, jo, nëmmen zum Deel richteg. Sécherlech kommen aktuell eng ronn 200 Persounen an de Genoss vum sougenannte Contrat de réinsertion-emploi. Mä nach feelt en definitive Bilan vun där Mesure, well d'Zil ass et jo, déi Leit an en normaalt Aarbechtsverhältnis ze kréien.

Et wier gutt, wann den Här Minister eis kéint soen, awéifern d'Promoteuren déi reell Perspective d'emploi, déi se laut Gesetz mussen offréieren, och ageléist hunn.

Jo, et muss een hei och ënnersträichen, datt de Contrat de réinsertion-emploi zesumme mam Stage de professionnalisation eigentlech den deemolege Stage de réinsertion professionnelle ersat huet. Laut ADEM-Statistike sinn 2015 en moyenne 544 Leit an de Genoss vum Stage de réinsertion professionnelle komm. Haut profitéieren awer just nach, wéi ech et virdru gesot hunn, liicht méi wéi 200 Leit vu béide Mesuren.

Dat erkläert zum engen, firwat ech soen, datt d'ADEM hei nëmmen aktiv vermëttelt huet.

Zum anere wësse mer och, datt eng ganz Partie Leit, déi an der Vergaangenheet vun der ADEM betreit goufen, iwwert déi lescht Méint no enger medezinnescher Analys - mir hunn dat nach eng Kéier och an der Kommissioun diskutéiert - gerode kruten, d'Invaliditéit oder d'Invaliditéitsrent unzefroen. Insgesamt 408 Persounen huet d'ADEM tëscht dem Januar 2015 an November 2016 dozou motivéiert. An do ass an der Zwëschenzäit sécherlech nach déi eng oder déi aner Persoun derbäikomm.

De Wee an d'Invaliderent erkläert an eisen Aen zu engem Deel de Réckgang vum Chômage de longue durée. Mir begréissen awer ganz kloer, datt d'Zuelen an déi richteg Richtung weisen, woubäi de Wee dohinner natierlech näischt oder net alles mat aktiver Aarbechtsmaartpolitik ze dinn huet.

Dir Dammen an Dir Hären, am Gesetzesprojet vun haut geet de Minister nei Weeër. Mir ginn e Schrëtt méi wäit. Et geet hei net drëm, schwéier vermëttelbar Leit an d'Pensioun ze schécken, am Géigendeel. Et geet drëm, hinnen eng fest Ustellung unzebidden. Dat solle laut dem Här Minister zu engem groussen Deel Leit sinn, déi enger Occupation temporaire indemnisée noginn, an dat an deene meeschte Fäll zur vollster Satisfaktioun vum jeeweilege Patron.

Mir begréissen duerfir absolutt dëst Gesetz. Et geet drëm, an d'Aarbecht ze investéieren an net an de Chômage, well de Chômage mécht sech definitiv net bezuelt.

Natierlech hätt een och kënne méi wäit goen an all Chômeur, dee méi wéi 50 Joer ass, eng

fest Ustellung ubidden. Keng Opreegung! Dat wier och an eisen Aen de falsche Wee gewiescht. Dat hätt an eisen Aen zu enger Prekarisatiouun vun der Altersaarbecht gefouert. Dat ass och ee vun de Grënn, firwat mer eis mat der Propos vum Här Minister, an enger éischter Phas nëmmen 150 Leit d'Chance an eng besser Zukunft ze ginn, averstanen erklären.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech hunn et ugedeit, d'CSV wäert dëse Projet matstëmmen,…

Une voix.- Très bien!

M. Aly Kaes *(CSV).*- …well en de Leit, déi wäit ewech si vun engem geregelten Aarbechtsverhältnis, en CDI, sou wéi den Här Rapporteur et gesot huet, erméiglecht.

150 Laangzäitchômeure sollen an e stabillt Aarbechtsverhältnis kommen, entweder beim Stat, bei de Gemengen, bei de Syndikater, bei Établissement-publicken, bei enger SIS oder bei Fondatioune respektiv Asblen.

Jo, an dësem Kontext stellt sech dann awer och d'Fro, firwat de Privatsecteur net kann an de Genoss komme vun dësen Emplois d'insertion. Gouf et do eng Demande vum Privatsecteur? Déi Fro hu mer eis gestallt a bis dato hu mer nach näischt vun dëse Betriber héieren. Och ass nach keen eenzegen Avis vun iergendenger Beruffschamber - et war kuerz, och dat hu mer an der Kommissioun diskutéiert - hei am Haus agaangen. Et wier awer definitiv och interessant, gewuer ze ginn, wéi hir Meenung zu dësem Projet de loi ass.

De Minister huet eis seng Explikatiounen dozou geliwwert. En huet eis awer och an Aussiicht gestallt, dëse Volet ze préiwen. Ech mengen, beim Vott vum nächste Budgetsgesetz, wou jo d'Unzuel, sou wéi et virdrun och scho gesot ginn ass, vun den Emplois d'insertion fir 2018 definéiert gëtt, kéint de Minister eis da seng Konklusiounen dozou presentéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mech elo mat der Mesure phare vun deem Gesetzesprojet befaasst, näämlech Laangzäitchômeuren iwwer 50 Joer bis zur Pensioun duerch ëffentlech Gelder eng Pai ze ginn an deenen ënner 50 Joer degressiv iwwer dräi Joer 100%, 80% a 60% vun hirer Pai ze assuréieren.

Mir si frou, datt dës Suen u sech do ukommen, wou se gebraucht ginn. Mir hoffen awer och, jo, datt mat dësem Projet d'Land net an enger bestëmmter Form an zwee gedeelt gëtt.

Ech erkläre mech: Mir wëssen, datt d'Kollektivvertragsverhandlungen op Gemengenniveau bei PRO-SUD nach net ofgeschloss sinn. Mir wëssen och, datt do Proposen um Dësch leien, fir eng nei Carrière ze schafen, déi schwéier vermëttelbare Leit eng Chance soll ginn, e feste Vertrag ze kréien. An aneren Ecker vum Land sinn awer d'Kollektivvertragsverhandlunge schonn ofgeschloss, ouni datt esou eng Carrière existéiert.

Et ass also net ausgeschloss, et besteet mindestens eng Gefor, datt et hei zu enger ongläicher Behandlung vun de Gemengen an domat och vun de Laangzäitchômeure jee no Wunnsëtz ka kommen.

Bon, ech ginn awer dovun aus, datt dem Minister net un esou enger Zwouklassegesellschaft geleeën ass, a wënschen him duerfir eng ganz glécklech Hand beim Accordéiere vun dësen 150 Posten. Dobäi ass et jo esou, datt mer och an der Kommissioun gesot hunn: Mir mussen dat Gesetz esou séier wéi méiglech kréien, well soss ass d'Chance, fir iwwerhaapt nach 150 Posten ze schafen, méi schwéier fir dëst Joer realiséierbar, fir dat iwwerhaapt nach kënnen ëmzesetzen.

Ech ginn och dovun aus, datt de Minister beim Bilan beweise kann, datt en u sech all Regiounen an all Gemenge respektéiert, déi bereet sinn, esou enge Persounen eng Perspektiv wëllen ze erméiglechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mech net mat deenen anere Punkte vun dësem Gesetzesprojet befaasst. De Rapporteur, den Här Engel, huet dat awer am Numm vun der Kommissioun an allen Detailer beliicht, an ech soen him natierlech e ganz grousse Merci duerfir, dat souwuel fir dee mëndleche wéi fir dee schréftleche Rapport.

Mat dësem Projet bleift de Laangzäitchômage awer weider ganz sécher en Thema. Dëse Projet ass u sech awer eng Drëps Waasser op e waarme Steen, well mer jo awer nëmmen 150 Leit, jo, vun iwwer 7.000 kënnen eng Perspektiv ginn.

E groussen Deel vun hinne sinn, wéi gesot, Leit mat Handicap oder am Reclassement externe. Iwwert déi lescht Méint ass och vill iwwert déi lescht Reform vum Reklassementsgesetz geschwat ginn. An do ginn et nach ëmmer eng ganz Rei vu Problemer, déi ganz kloer schnellstens musse behuewe ginn.

Am Kontext vum État de la nation dëst Joer goufen Adaptatiounen an Aussiicht gestallt. Dat sinn elo scho bal dräi Méint hier. Déi konkret Problemer sinn awer scho méi laang bekannt. Et entsteet esou lues a lues - jo! - eng Urgence an dësem Dossier. Et ass awer esou, datt an der Kommissioun, an dat soll een och fairerweis hei soen, och den Här Minister gesot huet, datt, och wann dat Gesetz eréischt viru Kuerzem gestëmmt ginn ass, hien awer bereet wier, am Hierscht eng Diskussioun iwwert déi do Problemer ze féieren. An da gesi mer jo, wat dobäi erauskënnt.

Op jidde Fall Leit, déi intern reklasséiert goufen, an ech huelen elo nëmmen e puer Beispiller, ginn a verschiddene Fäll manner gutt behandelt wéi Leit, déi vun Ufank un extern reklasséiert goufen, aus enger Rei Ursaachen; et kann een dat esou an esou gesinn. D'Zesummespill tëschent Aarbechtsmedezinn a Kontrolldokter verleeft net ëmmer „optimal", fir et och fäin ze soen. Dat si just, wéi gesot, e puer Problemer, déi sech stellen.

Mat dësem Gesetz ass och d'ADEM nach laang net aarbechtslos. Dat kann een och soen. Si ass weider gefuerdert, dës Leit sou gutt et geet ze betreien. Der ADEM muss also alles dru geleeë sinn, fir déi Leit virun enger laanger Phas vun Aarbechtslosegkeet ze bewahren. Dat kann nëmme geléngen, wann d'Demandeurs d'emploi op eng nach besser, méi personaliséiert Prise en charge kënnen zréckgräifen, op eng besser Kooperatioun mat de Patronen - hei muss een och soen, hei si schonn eng Rei Efforte gemaach ginn - an net zulescht op eng adaptéiert Formatiounsoffer.

Bon, dat gesot, ginn ech ofschléissend dann den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An nächste Riedner ass den Här Claude Lamberty.

M. Claude Lamberty *(DP).*- Merci, Här President. Léif Kolleegen, d'Chômagezuelen, déi mir Mount fir Mount geliwwert kréien, sinn déi lescht Zäit positiv a ginn an déi richteg Richtung. Wat ee muss soen a wëssen: Zanter 28 Méint geet de Chômage onënnerbrach erof!

Une voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP).*- Am Verglach mam Dezember 2013 gëtt et iwwer 2.000 Aarbechtsloser manner zu Lëtzebuerg. Dat sinn 2.000 Eenzelschicksaler. Dat sinn 2.000 Leit, déi virdru keng Aarbecht haten an haut aktiv an der Aarbechtswelt integréiert sinn.

Gläichzäiteg ginn och ëmmer méi fräi Aarbechtsplaze bei der ADEM gemellt. Eis Wirtschaft ass also amgaangen, sech ze erhuele vun där Kris, déi och Lëtzebuerg net verschount hat. Eis Betriber hunn erëm méi Vertrauen, méi Vertrauen an d'Zukunft an traue sech och, erëm méi ze investéieren.

Och wann d'Aarbechtslosegkeet ofhëlt, si mir natierlech nach laang net bei enger Vollbeschäftegung ukomm, déi mer eis alleguerten heibanne wënschen. Et gëtt vill Ursaachen, firwat eng Persoun trotz Wonsch, schaffen ze goen, keng Aarbecht fënnt. Soulaang et Leit gëtt, déi schaffe wëlle goen a sech och beméien, eng Plaz ze fannen, an awer aus ënnerschiddlechen Ursaache keng Aarbecht kréien, soulaang hu mir d'Flicht, no neie Weeër ze sichen, fir deene Leit och ze hëllefen.

Laangzäitchômage ka ganz séier zu engem Däiwelskrees ginn. Lücken am CV a souguer d'Schaffen a Beschäftegungsmesurë gëlle leider oft als Ausschlosskritär. Virun allem Mënschen ab 50 hunn et um Aarbechtsmarché net ëmmer einfach, wa si ongewollt hir Aarbecht verléieren a sech berufflech nach eng Kéier ëmorientéiere mussen. Dat nämlecht gëllt fir Persounen, déi just bedéngt aarbechtsfäeg sinn an awer gäre schaffe géifen. Dës Leit gi mat dësem Projet de loi ugesprach.

Ech muss och soen, dass mir d'Haaptiddi hannert dësem Projet immens gutt gefält: Net de Chômage finanzéieren, mä an den Emploi investéieren. Aarbechtslosegkeet kascht eis immens vill, net nëmme Suen, déi iwwer Chômagegeld oder RMG ausbezuelt ginn, mä virun allem och de Schued fir eng Gesellschaft, déi et net fäerdegbréngt, dass all hir Memberen enger geregelter Aarbecht kënnen nogoen. Et geet also net nëmmen ëm Suen, et geet ëm vill méi. Et geet ëm e Selbstwäertgefill, ëm en Zeechen, dass d'Leit sech erëm gewierdegt fillen, wa se hir Capacitéiten a Kompetenzen an den Déngscht vun der Allgemengheet stellen dierfen a kënnen.

Fir eis als Demokratesch Partei ass et wichteg, dass hei keng Alibiplaze geschafe ginn. Hei solle reell nei Plazen entstoen a Beräicher, wou e konkrete Besoin besteet. Et sinn nei Plazen am ëffentleche Beräich, déi souwuel de Mënschen hëllefen, déi soss keng oder schwieregst Aarbecht fannen, wéi et och nei Aarbechtsplaze sinn, déi mir als Gesellschaft am Alldag och brauchen.

Wat mer net wëllen a wat och net mat dësem Gesetz ugestrieft gëtt, ass, dass oppe Plazen, zum Beispill nodeem en Aarbechter an d'Pensioun gaangen ass, also Plazen, déi souwisou missten nei besat ginn, dass déi vum Stat géife finanzéiert ginn. Dat gëllt et, ëm all Präis ze verhënneren, well mer soss keng zousätzlech Aarbechtsplaze géife schafen, mä eventuell souguer jonke Leit Plaze virun der Nues géifen ewechschnapen.

Ech denken hei un Aarbecht, wou et wuel e konkrete Besoin gëtt, mä bis elo déi zoustänneg Akteuren net wollten oder konnte Personal astellen, well entweder net déi néideg Suen do waren oder aner Prioritéiten existéiert hunn. Dat heescht awer net, dass dës Aarbecht manner wichteg wier. Grad an de Gemengen, beim Stat oder och bei Syndikater, déi mat dësem Projet ganz besonnesch viséiert sinn, gëtt et esou vill Aarbechten, déi een am Déngscht fir de Bierger iwwerhuele kann a muss, dass een eigentlech ëmmer neit Personal brauch.

Et ass eis awer och immens wichteg, dass keng Concurrence déloyale geschafe gëtt a Beräicher, wou d'Privatentreprisen aktiv sinn. Vu staarke Betriber profitéiert jiddwereen. Dëst sief op dëser Plaz nach eng Kéier ganz däitlech gesot!

Et sinn d'Betriber, déi eis Aarbechtsplaze schafen, duerch déi déi grouss Majoritéit vun der Lëtzebuerger Populatioun hiert Liewe finanzéiere kann. Et muss also ganz kloer kontrolléiert ginn, dass mat dësem Gesetz net Aarbecht op där enger Plaz geschafe gëtt a gläichzäiteg am Privé Aarbecht verluer géif goen, well de Betrib duerch d'ëffentlech Hand Konkurrenz géif kréien.

Dëst gesot, e ganz grousse Merci un de Rapporteur, deen dat exzellent gemaach huet, den Här Engel. Ech ginn dann och heimadder den Accord vu menger Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 7149 féiert nei Mesuren an, fir dem Laangzäitchômage entgéintzewierken. An dat ass och gutt esou. E grousse Merci un de Rapporteur, de Georges Engel, deen am Detail d'Raffinesse vum Gesetz virgestallt huet. Ech bräicht u sech iwwerhaapt net méi hei ze intervenéieren an ech wäert och net méi am Detail op d'Mesuren agoen. Verschidde Saache sinn eis awer als déi gréng wichteg hei ze soen.

Mir deelen d'Analys vum Minister vun den Zuele vum Chômage, wéi elo grad gesot ginn ass: Säit 28 Méint ass den Taux de chômage amgaang erofzegoen, wat jo positiv ass. An et ass awer och ze erkennen, dass de Laangzäitchômage eben e ganz schwierege Volet ass, deen och grouss Suergen, och eis grouss Suerge mécht. An duerfir, mengen ech, muss ee grad beim Laangzäitchômage iwwer zwielef Méint also en anert Handwierksgeschir erbäihuelen, fir deem entgéintzewierken. A mat dësem Projet de loi gëtt jo dat Handwierksgeschir prett gemaach.

Mir deelen och d'Analys vum Minister, wat d'Altersstrukturen ugeet, déi am Chômage sinn, och am Laangzäitchômage sinn. Duerfir ass et och gutt, dass an dësem Gesetz den Ënnerscheed gemaach gëtt tëscht deenen, déi méi al wéi 30 Joer sinn, an deenen, déi méi al wéi 50 Joer sinn, wou mer alleguerte wëssen, dass et da fir déi Leit ganz schwiereg ass, fir nei Perspektiven ze fannen, an dass et, wa se schonn zwielef Méint am Chômage waren, ëmsou méi schwéier ass.

Net vergiesse soll een awer hei och, wa mer iwwer Prozenter an Zuele schwätzen - duerfir hunn ech déi bewosst hei net a menger Ried matagebonnen -, dass et ëm Eenzelschicksaler geet, ëm eenzel Leit, Leit, déi an engem Stot sinn a Familljen, wou eng Laangzäitaarbechtslosegkeet dozou féiert, dass awer eng Prekaritéit entsteet.

Mir hate viru Kuerzem hei en Debat iwwert de Risque de pauvreté. An et ass ganz kloer: Leit ouni Aarbecht, déi sinn deem ausgesat. Duerfir ass et gutt a richteg, dass mer hei nei Moossname fonnt hunn an dësem Projet de loi, déi dann och wäerte kënne verhënneren, dass Leit ebe wierklech an enger Gesellschaft, déi iwwert d'Aarbecht definéiert ass, der Exclusion sociale ausgesat sinn, wou dat eben och virprogrammméiert ass.

Elo sinn d'Akteuren um Terrain gefuerdert, a virop de Stat an d'Gemengen, déi ënner anerem iwwert déi Mesure vun den OTIe Leit a Beschäftegung hunn, fir Aarbecht ze maachen, déi regulär do ass - an et ass jo och do, wou dee Volet vun dësem Projet de loi usetzt -, fir u sech hinzegoen an déi Kuerzzäitkontrakter, déi u sech eng Pist gi fir Chômeuren, dass se kënnen Expérience professionnelle sammelen, dass se vläicht en Trëtt fannen, fir déi kënnen iwwerzeféieren an e Contrat de travail à durée indéterminée.

Duerfir begréisse mir als déi gréng och explizitt déi Mesure, wou gesot gëtt: „Mir investéieren an Aarbecht an net an de Chômage", an deenen zwou Kategorië vu Laangzäitchômeuren, déi ebe schonn hei vum Georges Engel presentéiert gi sinn. Ech ginn elo net méi dorop an.

Eligibel sinn ausser dem Stat an de Gemengen awer och d'Établissements publics, natierlech och d'Gemengesyndikater. Et sinn natierlech awer och d'Fondatiounen, déi d'Méiglechkeet hunn, dovun ze profitéieren, dann d'Asblen an och déi nei Sociétés d'impact sociétal.

Just nach eng Kéier, fir ze soen, virdrun ass gesot ginn, hei kéint elo kee Privaten dovu profitéieren: Dat ass jo net honnertprozenteg richteg. Déi kënne wuel dovu profitéieren, wa se eben en Impact sociétal hunn a wa se also derfir suergen, dass u sech déi Gelder, déi erwirtschaft ginn an esou enger Gesellschaft, enger Sàrl, enger SA, enger Kooperativ, erëm zu 100% an d'Gesellschaft erafléissen, soudass u sech esou dës Mesuren hei och fir de Privatmarché accessibel ginn.

Als déi gréng wënsche mir eis, dass dës Mesuren e groussen Uklang fanne bei den Akteuren um Terrain an dass mer d'nächst Joer e positive Bilan zu dësem Projet de loi kënnen zéien.

A mir deelen och d'Analys vum Minister, dass et awer eng Grupp vu Chômeure gëtt, wou mer aner Mesuren nach mussen ergräifen. Dat sinn d'Salariés handicapés an d'Salariés à capacité de travail réduite, déi meeschtens aus engem Reclassement externe hierstamen. An do ass jo op der Pressekonferenz de leschte Méindeg mat dem Minister Schmit a mat der Ministesch Cahen an och der Gesondheetsministesch Lydia Mutsch u sech eng nei Pist, en neie Projet virgestallt ginn, fir grad där Grupp vu Leit am Chômage ze hëllefen.

Här President, ech komme schonn zum Schluss a wëll soen, dass d'Längt vu menger Ried a menger Interventiouun déi Kéier och erëm eng Kéier ëmgedréit proportional ass zu der Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och vun eiser Säit dem Kolleeg Georges Engel Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. An ech mengen, en huet virun allem d'Gesetz gutt am Detail hei erkläert. D'Recht op Aarbecht, soe mer ëmmer, ass e Mënscherecht. An trotzdeem hu mer iwwerall op der Welt Leit, déi am Chômage sinn, an och Lëtzebuerg bleift dovunner net verschount.

D'Problematik vum Chômage, déi kritt een net mat engem Fangerstréch oder engem Zauberbengel vun haut op muer geléist. Däers si mer eis alleguer bewosst. Dat hunn och déi vergaange Joren alleguer gewisen.

Lëtzebuerg ass an enger spezifescher Situatioun, wa mer bedenken, datt mer a Lëtzebuerg e Rekordwuesstum am Ableck hunn, datt mer quasi all Joers 10.000 zousätzlech Aarbechtsplaze schafen a souguer méi. A wann een zéng Joer zréckkuckt, dann hu mer an zéng Joer souguer 100.000 nei Aarbechtsplaze geschaaft. An awer ass an deem Zäitraum de Chômage vun 13.000 op iwwer 20.000, wa mer d'Beschäftegungsmoossnamen derbäihuelen, geklommen.

Et ass am Fong eng paradox Situatioun, wou mer eis Froe musse stellen, wéisou datt dat méiglech ass.

Sécherlech wësse mer, datt an deenen zwee gudde leschte Joren de Chômage zréckgaangen ass. Ech mengen, ech hunn dat och scho gesot, well et ass jo net déi éischt punktuell Moossnam, déi mer haut hei stëmmen, mä mir hunn ënnert dësem Minister Nicolas Schmit schonn eng Rei vun esou Moossname gestëmmt. An ech hunn och all Kéiers hei gesot: „Mir stëmmen déi gäre mat!", well et ass nëmme punktuell, wéi mer kënne reagéieren,

fir op déi spezifesch Situatiounen anzegoen. An all déi Moossname wäerten hir Wierkung hunn, déi eng méi, déi aner manner. A wann et der och nëmmen e puer wieren, ass et derwäert, datt mer hei Gesetzer stëmmen, fir datt d'Leit eben eng Aarbecht fannen a sozial ofgeséchert ginn.

Derbäi kënnt awer och sécherlech dee wirtschaftlechen Opschwong, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, och selbstverständlech. Wann d'Ekonomie dréit, wann eisen Nopeschlänner hir Ekonomie dréit, da bedeit dat fir eis Ekonomie en Opschwong. A mam Opschwong kommen automatesch dann och nei Aarbechtsplazen, déi geschaaft si ginn.

An eng aner Situatioun, déi dozou gefouert huet, datt de Chômage erofgeet, ass sécherlech och, datt mer zënter e puer Joer méi verstäerkt Leit an d'Invalidepensioun schécken, déi mer virdrun och an enger prekärer Situatioun gelooss hunn, a wou mer woussten, datt déi Leit net méi géifen op den Aarbechtsmaart kommen, a se awer net an d'Pensioun geschéckt hunn. An ech mengen, dat war och do déi richteg Léisung an Decisioun, fir déi Leit dann einfach an d'Invalidepensioun ze schécken, fir ebe kënnen deene Leit och eng Garantie ze ginn.

Sécherlech ass ee weidere Punkt - an dee léise mer net esou séier! - eise Schoulsystem, well mir wëssen, datt hei am Land eisen Aarbechtsmaart an der Konkurrenz steet mam Ausland a virun allem mat de Grenzregiounen, mat Däitschland, Frankräich an der Belsch. An do spillt natierlech den Niveau vun der Formatioun eng Roll. A mat der Politik, déi mer awer hei iwwer Jorzéngte maachen - a mir hunn nach dës Woch erëm e Gesetz gestëmmt, wou mir als Partei der Iwwerzeegung sinn, datt doduerch erëm den Niveau erofgesat gëtt -, a wa mer mengen, mir misste weiderfueren, ëmmer nëmmen den Niveau an der Schoul erofzesetzen, da wäerten déi Leit och an Zukunft ëmmer méi Problemer kréien, am Kader vun der Konkurrenz mat der Grenzregioun, fir hei eng Aarbecht ze fannen.

Mir sinn also der Meenung, datt mer niewent all deenen anere Moossnamen a priori mussen eis Schoul erëm esou fit maachen an erëm d'Leeschtung an de Vierdergrond stellen, fir datt se och an deem grousse Konkurrenzkampf um Aarbechtsmaart kënne bestoen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Zu deene Punkten, firwat datt de Chômage awer och zréckgeet - ech hunn der eng Rei opgezielt hei -, zielt awer och d'Reform vun der ADEM. An ech mengen, ech si jo net bekannt als een, deen als Oppositiounspolitiker d'Regierung oder e Minister lueft, mä ech mengen, den Nicolas Schmit huet och hei de Courage gehat, fir eben eng Reform duerchzezéien. En huet, wéi en ugetratt ass - loosse mer dat ganz éierlech soen! -, eng katastrophal Situatioun virfonnt,…

Une voix.- Dat ass richteg!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- ...wat d'Resultat vun enger Politik vun der CSV war, déi laang den Aarbechtsminister…

(Protestations)

Jo, loosse mer dach éierlech sinn! Also, d'CSV huet laang den Aarbechtsminister gestallt. An do ass eng katastrophal Situatioun hannerlooss ginn,…

(Interruption)

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Hie war dach selwer Minister, den Här Schmit.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …déi ass elo redresséiert ginn. An ech mengen, et muss ee soen, datt d'Arbeitsamt haut, d'ADEM, ganz gutt fonctionnéiert. Et héiert ee souwuel aus de Betriber wéi vun de betraffene Leit, datt se gutt strukturéiert ass, datt e System dran ass. An ech mengen, mir kënnen eis nëmmen alleguer felicitéieren, datt mer d'ADEM esou konnte reforméieren.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Déi Reform, déi mer elo haut maachen, ass e weidere Schrëtt, deen erëm e puer Honnert Leit aus dem Chômage wäert eraushuelen an deenen eng fest Aarbechtsplaz wäert ginn. Ech brauch net an d'Detailer eranzegoen vun deene verschiddene Moossname fir déi iwwer 30 an iwwer 50 Joer. Dat huet de Rapporteur am Detail gemaach.

Mä ech mengen, mir mussen eis alleguer bewosst sinn, datt dat doten alles Leit sinn, déi net duerch hir Schold a priori an där Situatioun sinn. Déi eng hunn eben hir Aarbecht verluer. Déi aner hunn eben e gewëssenen Handicap, duerch dee se keng Aarbecht kréien. Bei aneren ass et eben opgrond vun der Schoulbildung, datt se keng Aarbecht fannen. A mir wëssen, datt all déi Leit do praktesch keng Chance méi hunn, fir an den Aarbechtsmaart eranzekommen. Virun allem déi iwwer 50 Joer wäerte keng Chance méi hunn, an eisen Aarbechtsmaart eranzekommen.

An do hu mer dann de Choix: Mir loossen déi vun enger Moossnam an déi aner Moossnam rennen, hei e puer Méint, do e puer Méint, do e Joer, do e Joer, lauter prekär Situatiounen, déi déi Leit och perséinlech an eng Situatioun setzen, datt se mengen, si wieren aus der Gesellschaft ausgeschloss, si wiere keng vollwäerteg Mënschen.

Well wat gëtt et méi Deprimantes fir e Mënsch, wéi wann e keng Aarbecht méi huet?! Wann een drop ugewisen ass, datt een iergendwéi vum Stat oder esou op Wohlwollen hei eppes kritt, an ni sécher ass, ni sécher ass, datt dat och esou bestoe bleift?! An déi Leit iwwer 50 Joer gi wahrscheinlech keng Emprunte méi maachen. Mä wa se emol wëllen ee maachen, kréie se opgrond vun där Situatioun emol kee Geld méi geléint, fir eben an hir Famill oder Gott weess wat ze investéieren, well se kee garantéierte Revenu hunn.

An duerfir ass dat heiten eng formidabel Iddi, fir elo hinzegoen an deene Leit, déi permanent vun enger Moossnam an déi aner ginn, fir deenen elo ze soen: Ma dann huele mer déi elo an eng definitiv Aarbecht a mir maachen dat och an dem Secteur public an an deem assimiléierten - de Rapporteur huet se alleguer opgezielt -, fir datt och do, géif ech mengen, méi geséchert ass, datt keen Abus geschitt, wa mer dat op deem Niveau beloossen, a mir ginn deene Leit erëm e Mënscherecht zréck, näämlech datt se eng fest Aarbechtsplaz kréien.

Dat ass enorm wichteg, datt mer dat maachen, well wat géifen déi Leit soss maachen?

A wa mer dann och dee finanzielle Punkt kucken, da wäert deen net esou gewalteg sinn, well déi Leit jo och elo indemniséiert ginn. Déi Leit ginn och elo iergendwéi duerch all déi aner Moossname finanzéiert, an de Coût, deen hei genannt ginn ass, deen ass net allze grouss. An ech mengen, wa mer elo de Leit hir Dignitéit zréckginn a mir séchere se of, dann hu mer vill fir déi Leit gemaach.

An et steet eis als Politik an als e räicht Land wéi Lëtzebuerg gutt zu Gesiicht, datt mer och a priori un déi dote Leit denken, well mir verdeele jo och vill Gelder op anere Plazen, wou et net esou ubruecht ass, wéi et misst sinn. Dat Geld, dat heihinnergeet, ass gutt.

An duerfir, Här President, fënnt dat heiten doudsécher eis Zoustëmmung. Mir schwätzen hei vun 800 Leit, déi kënnen ënnert déi Moossname falen. Mir wëssen, datt mer der dëst Joer 150 huelen, duerno gëtt et iwwert d'Budgetsgesetz festgeluecht. Dat wäert dann eng Rei, zwee, dräi Joer daueren oder vläicht véier, mä mir kréien déi Leit lues a lues do eran.

A wichteg ass och - an duerfir ass et och, mengen ech, gutt, datt et sech op déi heite Secteure limitéiert -, datt mer jo d'Konditioun setzen, datt eng nei, eng zousätzlech Aarbechtsplaz muss geschafe ginn. Bei enger Gemeng, bei engem Syndikat oder all deenen Organisatiounen, déi opgezielt gi sinn, ass dat novollzéibar, ob och do wierklech eng Plaz geschafe gëtt, well wann dat e grousse Betrib ass, deen e puer Honnert Leit huet, ass et net noweisbar, fir ze soen: „Elo huet en eng nei Plaz geschafen, esou eng Plaz fir déi Leit hei." Duerfir fannen ech de Wee och gutt, datt mer dat op deen heite Secteur limitéiert hunn, well mer do eng gewësse Garantie hunn, eng Transparenz hunn, datt och de But dovun ass, datt eng nei Aarbechtsplaz geschafe gëtt.

Duerfir wëll ech och ofschléissend soen, datt dat heite fir eis e gutt Gesetz ass an datt mer frou sinn, fir dat kënnen haut matzestëmmen.

Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An domat huet d'Wuert dee leschte Riedner zum Projet, den Här Marc Baum.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Et ass jo relativ seelen, datt mer Debatten hei an der Chamber féieren, wou esou eng grouss Unanimitéit ze héieren ass.

Une voix.- Zerstéiert dat net!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Ech wäert mech beméien. Mä emol kucken! Emol kucken!

(Interruption)

Vläicht wäert awer deen een oder anere méi oder manner zefridden domadder sinn. Ech wëll duerfir och op dat aus eiser Siicht politesch Interessant a Wäertvollt un deem heiten Text agoen.

Dat, wat nieft der Unanimitéit opfält, ass jo d'Vitesse, mat där dat heiten duerch d'Institutioun gaangen ass. De 6. Juni gouf den Text deposéiert an nëmmen e Mount drop gëtt en elo hei an der Chamber votéiert, souguer esou séier, datt souguer d'Beruffskummeren eréischt gëschter - Här Kaes, si hunn en Avis ofgi gëschter -, nodeems de Rapport an der Chamberskommissioun ugeholl ginn ass, iwwerhaapt dozou komme konnten, hiren Avis ofzeginn.

Et kann ee sech natierlech duerchaus berechtegt froen: Firwat déi Hetz? Mä virun allem kann ee sech froen: Firwat kënnt dee Projet esou spéit? Well et ass jo e Projet, deen elo net vun enger grousser legistescher Komplexitéit ass, soudatt een deen hätt misse Méint a Méint am Ministère mautsche loossen.

Duerfir d'Fro: Firwat elo esou séier duerch d'Instanzen? Awer virun allem: Firwat eréischt elo?

An ech mengen, Här President, ech hunn de Verdacht - soe mer emol esou! -, datt engem Deel vun der Regierung,…

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- ...zumindest dem Aarbechtsminister, bewosst ginn ass, datt, obwuel mer e gigantesche Wuesstum vun iwwer 5% hunn, d'Chômagezuelen net an deem Mooss zréckginn, wéi dat eigentlech misst sinn, wann Zéngdausenden nei Aarbechtsplaze geschafe ginn, besonnesch net an där Kategorie vu Leit, déi schonn zënter längerer Zäit am Chômage sinn.

Et kann awer och sinn, datt den Aarbechtsminister de Plan de stabilité et de croissance studéiert huet, deen d'Regierung am Abrëll op Bréissel geschéckt huet am Kader vum Semestre européen. An deem Dokument sinn näämlech déi makroekonomesch Perspektive vun der Regierung fir déi nächst Joren opgezeechent. An dat Dokument seet, datt viraussiichtlech 2017 an 2018 Perspektive sinn, datt d'Chômagezuel weider soll erofgoen an datt dann ab 2019 awer de Chômage erëm soll an d'Luucht goen, 2019, 2020, 2021, bis en dann 2021, sou d'Perspektiv, erëm bei 7% soll leien. An dat obwuel an deem ganzen Zäitraum weider Dausenden an Dausenden Aarbechtsplaze geschafe ginn!

Also, wann aus offizielle Regierungsdokumenter ervirgeet, datt de grousse Wuesstum net onbedéngt automatesch gläichbedeitend ass mat Vollbeschäftegung a verallgemengertem Wuelstand, dann ass dat natierlech problematesch. Et ass politesch problematesch, mä et ass virun allem gesellschaftlech problematesch, well da kréien näämlech ëmmer méi grouss Deeler vun der Gesellschaft näischt méi mat vun deem dichtege Wuesstum am Land an et riskéiert een, datt déi sozial Schéier net méi kleng, mä souguer nach méi grouss gëtt.

Här President, an der Vergaangenheet sinn et an deem sougenannten „Kampf géint de Chômage" virun allem zwee Elementer gewiescht, déi predominant waren an déi de Problem awer net léise konnten:

Éischtens, laang Zäit huet et geheescht, datt, fir de Chômage ze bekämpfen, et wichteg wier, den Aarbechtsmaart méi flexibel ze maachen. A Flexibiliséierung huet awer och Dereguléierung geheescht. An iwwer Joren ass den Aarbechtsmaart weider dereguléiert ginn.

Beim éischte PAN-Gesetz huet et souguer nach geheescht, d'Mesure, fir d'Aarbechtszäit ze dereguléieren, wier e Mëttel am Kampf géint de Chômage. Mir hu gemierkt, datt d'Dereguléierung net zu manner Chômage gefouert huet, mä een Element vun der Dereguléierung war, datt Aarbecht méi prekär ginn ass, datt Interimsboîtë wéi Champignonen aus dem Buedem geschoss sinn an datt en onbefristeten, ordinären Aarbechtsvertrag net méi d'Regel war.

En zweet Element vun där aler Aarbechtsmaartpolitik war, datt een op eemol op d'Iddi komm ass, datt een, amplaz de Chômage ze bekämpfen, de Chômeur bekämpfe soll. An de Chômage ass dunn op eemol net méi gesi ginn als Resultat vum Fonctionnement oder vum Dysfonctionnement vun engem ekonomesche System, mä dee gesellschaftleche Phenomeen Aarbechtslosegkeet ass individualiséiert ginn: Et war elo deen eenzelne Chômeur, dee responsabel sollt gemaach gi fir seng Situatioun.

A mir kënnen eis jo nach alleguer erënneren u Mesurë ronderëm d'Gesetz 5611 an och d'Protester an d'Widderstänn do dergéint. Dat huet natierlech net „Bestrofung" geheescht, mä „Aktivéierung", ganz esou, wéi wann et just Leit wieren, déi eng amorph Mass géifen duerstelle vu lobotomiséierten Zombien, déi ee just laang genuch picke misst, fir datt se endlech géife paréieren. An natierlech ass awer och net all Mesure gläichbedeitend mat Strof, mä a ganz ville Fäll hat een awer dee fade Bäigeschmaach.

Mënschen, déi am Chômage sinn, ginn haut dacks erugezunn, fir Aarbechte vun ëffentlechem Interessi ze maachen. Dat heescht, si leeschten do Aarbechten ouni awer regulär Aarbechtskontrakter an doduerch och ouni déi allgemeng Schutzbestëmmunge vum Code du travail, wat d'Aarbechtszäiten, Sonndesaarbecht, Iwwerstonnen et cetera ugeet. A si sinn doduerjer zum Deel fir d'Promoteuren, an zum groussen Deel och ëffentlech Promoteuren, also Gemengen an och de Stat selwer, duerchaus bëlleg Aarbechtskräften. Mä déi Leit hunn no där Mesure just an deene mannste Fäll och nëmmen déi geréngste Perspektiv op eng Feststellung.

Nieft dëser politescher Orientéierung vun der Lutte géint de Chômage sinn et natierlech ganz vill wäertvoll Initiative ginn op lokalem, regionalem Plang an der Économie sociale et solidaire, déi versicht hunn, géint de Phenomeen vun der Aarbechtslosegkeet unzekämpfen, zum Deel mat engem ganz groussen Engagement, awer dacks just mat partiellen Erfolleger. Mä och hinne waren oder sinn deelweis nach ëmmer d'Hänn gebonnen, well ganz dacks déi spezifesch Mesuren ëmmer zäitlech begrenzt sinn an de Betraffenen domadder wierklech keng wierklech Perspektiv gebuede konnt ginn.

Här President, d'Häerzstéck vun dësem Gesetz ass an eisen Aen de bescheidene Versuch, an enger anerer Logik d'Aarbechtsvermëttlung an den Aarbechtsmaart ze denken, an dëst aus véier Grënn:

Éischtens, den uerdentlechen an zäitlech onbefristeten Aarbechtsvertrag ass net méi d'Fernzil, wat een no enger Ribambelle vu Mesuren a Mesuretten iergendwann no Jore vläicht eng Kéier erreeche kann, mä et ass eng konkret Perspektiv, déi sech u Leit adresséiert, déi méi wéi zwielef Méint am Chômage sinn.

Zweetens gëtt heimadder och kee Spezialstatut fir eng bestëmmt Kategorie agefouert, mä dee Salarié, deen ënnert dës Mesure fält, ënnerläit voll a ganz de Schutzbestëmmunge vum Aarbechtsrecht, déi fir all Salariéen an deem Beräich, an deem Betrib gëllen. Also sinn och déi Leit gebonnen un de gëllende Kollektivvertrag. Déi Betraffe sinn also net automatesch a fir éiweg um onqualifizéierte Mindestlounniveau, mä kënnen och am Kader vun där Aarbecht hir Avancementer an hir Carrière hunn.

Drëttens ginn et zurzäit souwuel beim Stat wéi och bei de Gemengen eng ganz Rëtsch Aarbechten, déi vu Leit duerchgefouert ginn, déi an enger prekärer Mesure sinn, d'OTIen zum Beispill, obwuel dëst Aarbechte sinn, déi regelméisseg ufalen an eigentlech eng ordinär Aarbechtsplaz duerstelle kéinten.

Mat dësem Gesetz ginn un éischter Plaz d'Akteuren aus dem ëffentlechen oder paraëffentleche Secteur ugehalen, richteg an uerdentlech Aarbechtsplazen ze schafen, amplaz dauerhaft op prekärer zréckzegräifen. A mat dësem Text ginn och keng bestoend Plazen ersat, mä neier geschafen.

An dëst bedeit och, véiertens, datt et eng Incitatioun ass fir d'Gemengen, de Stat, d'Asblen, d'Société-d'impact-sociétallen, Aarbecht ze schafen, Aarbecht mat engem sozioekonomeschen Notzen, sou wéi dat am Ursprongstext och nach geheescht huet, also och den Ausbau vum Service public, voire parapublic. Et géifen nämlech eng Rëtsch Aarbechte ginn, déi am Interessi vun de Bierger sinn, zum Beispill an der Betreiung, der Fleeg an der Ënnerstëtzung vun eelere Leit a Kanner, awer och an anere Beräicher wéi den Espaces verts, Aarbechten also vu gesellschaftlechem Notzen, also vun Notze fir eis alleguerten.

Här President, dëst ass ouni Zweifel e gudden a wäertvolle Projet, dee mir als Lénk ënnerstëtzen, well en dorop cibléiert ass, nëtzlech Aarbechten ze schafen an doduerjer de betraffene Leit eng Perspektiv ze bidden. Dëst Joer ass et dat iwwerschaubart Zil vun 150 Aarbechtsplaze bei aktuell 6.400 Laangzäitaarbechtslosen, déi ënnert dës Mesure géife falen, déi a Fro kommen, fir vun dëser Mesure ze profitéieren. Mä eleng schonn un deem Verhältnis gesäit een, datt et net déi ultimativ Äntwert op de Problem ass, mä awer e sënnvollen Ufank.

Duerfir bedauere mer awer, datt et deemno wéi an Zukunft einfach ass - an deemno wéi eng politesch Konstellatioun an Zukunft méiglech ass -, d'Zuel vun deenen, déi eventuell ënnert dës Mesure géife falen, am Budgetsgesetz einfach op null ze setzen. Et bräicht een also eigentlech emol net d'Gesetz ausser Kraaft ze setzen, fir datt et einfach auslafe kéint. Dat ass schued!

Här President, d'Zäit leeft mer dovun. D'Salariatskummer huet an hirem Avis och nach eng Rëtsch konkret Froen opgeworf, wou mer net d'Zäit haten, se an der Kommissioun ze diskutéieren. Ech denken, datt een dat awer nach eng Kéier nohuele sollt. Virun allem freet d'Sa-

lariatskummer awer och eng Etüd, wou mer emol nach eng Kéier alleguer d'Aarbechtsmoossnamen op de Leescht huelen an op hir jeeweileg Wierksamkeet iwwerpréiwen.

Och zum Reklassement mengen ech, datt déi Ukënnegunge vum Här Minister a vun de Regierungsmembere sënnvoll sinn an datt ech mech drop freeën, wa mer am Hierscht dann hoffentlech en neie Projet virgestallt kréien, dee bestoend Feeler ausmäerzt.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An et ass elo um Här Aarbechtsminister, dem Här Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn zwar elo nach net d'Intentioun, direkt an de Congé ze goen. Wann dat esou wier, géif ech mat enger grousser Satisfaktioun an de Congé goen. An ech géif och soen, no deem, wat ech hei héieren hunn, hutt Dir alleguerten elo d'Recht, mat Satisfaktioun an de Congé ze goen!

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Well dat, wat mer haut maachen, ass effektiv eng wichteg Etapp an der Bekämpfung vum Chômage. Ech wëll och hei ganz kloer soen, datt dat wahrscheinlech ee vun deene Projeten ass, déi extrem séier duerch d'Meandrë vun de Prozedure gaange sinn.

Ech hat eng Wett gemaach, an zwar eng Wett mam President, fir ze soen: „Fir mech, déi Leit, déi am Laangzäitchômage sinn, déi Zäit geet duer! A mir mussen elo déi richteg Äntwert fannen an déi richteg Léisung preparéieren."

An ech soe jiddwerengem Merci, och der Kommissioun, deen dat ënnerstëtzt huet, fir dee Projet nach virun der Summervakanz duerchzebréngen. Firwat? Wa mer dat net gemaach hätten, dann hätte mer dëst Joer verluer. Mir hunn dëst Joer net verluer an duerfir stinn déi 150 Leit, déi 150 Emploien dran, well an deene Méint, déi ons bleiwen no der Vakanz, wäerten déi kënne besat ginn, wäerten déi kënne kreéiert ginn an dann och besat ginn.

Et ass vu praktesch jiddwerengem gesot ginn: Mir kënnen eis freeën, datt de Chômage zu Lëtzebuerg zréckgeet. E geet regelméisseg zréck. Et geet och relativ staark zréck. Mir sinn, wann een elo deen traditionellen Taux de chômage kuckt, erëm ënner 6%, bei 5,7. Dat sinn 0,7% manner wéi nach d'lescht Joer ëm déi nämlecht Zäit. Obwuel ech och dat deelen, wat vu Verschiddene gesot ginn ass: „E geet net esou séier zréck, wéi een eigentlech këint unhuelen, wann een e vergläicht mat der Création d'emplois, déi all Mount hei zu Lëtzebuerg stattfënnt." Mir leien elo net méi bei 3%. Mir leien elo schonn iwwer 3%. An do ass natierlech e Problem: op där enger Säit e Chômage, dee méi lues geet wéi d'Création nette vun Emploi. Dat si strukturell Problemer, déi mer hunn. A fir strukturell Problemer ze bekämpfen, muss ee ganz einfach op nei Weeër, op nei Approchen zréckgräifen.

Och de Chômage de longue durée ass zréckgaangen, muss ech hei soen, 7,9% vun engem Joer op dat anert, vu Mee 2017 op Mee 2016. Mä dat läit - an ech hu kee Problem domat, dat unzëerkennen - ënner anerem dorun, well d'Zuel vun deene Leit, déi am Reklassement, am externe Reklassement sinn, och zréckgaangen ass. Déi ass largement natierlech och doduerch zréckgaangen, well eng Rei Leit an eng Pension d'invalidité komm sinn.

Ech gesinn dat awer net als e Problem un! Ech gesinn dat als eng intelligent Manéier un, fir e Problem ze léisen, well et wier jo awer komesch, Leit am Chômage ze halen, se all Mount ze convoquéieren, se ze kujenéieren an engem gewëssene Sënn, tout en sachant, datt mer hinnen näischt ze offréieren hunn. An duerfir ass déi Approche, fir ze soen: „Een, deen net méi ka schaffen, een, dee keng Méiglechkeet méi huet, en Job ze fannen, dee muss dann och vum gesondheetleche Point de vue d'Recht op eng Invaliditéit hunn."

Mä trotz deem Recul bleiwen eppes iwwer 7.000 Leit, déi scho méi wéi ee Joer am Chômage sinn. Dat ass eng Zuel. Mir kënnen iwwert déi Zuel vill diskutéieren. Mir kënne se analyséieren. Mä 7.000 Leit, dat si Mënschen, dat si Schicksaler, dat si Problemer!

Ech géif Iech all roden, e Rapport ze liesen, deen de franséische Conseil économique, social - et environnemental, heescht en dobäi - gemaach huet iwwert de Chômage. An en huet analyséiert, wat de Chômage fir deen Eenzelnen heescht; well jo ëmmer gesot gëtt: „Oh, de Chômage, oh, d'Leit huelen déi Zäit...", an esou weider. Dat, wat de Conseil économique, social et environnemental do seet, dat ass dat heiten: Eng Rei Pathologien, Krankheete komme vill méi heefeg bei deene Leit, déi am Chômage sinn. Kardiovaskulär Krankheeten, souguer verschidde Kriibse kënnen op déi Depressiounen zréckgefouert ginn, déi déi Leit, déi am Laangzäitchômage sinn, kréien. Alles dat, mä och déi sozial Exklusioun, deen Isolement, dee sozialen Isolement, dat ass eigentlech dat, wat och vill Leit concernéiert, déi am Laangzäitchômage sinn.

Duerfir ass déi Mesure hei eng Mesure, déi dorop ageet, déi eigentlech op mënschlech Schicksaler ageet. Well versetzt Iech emol ee Moment an d'Situatioun vun deem, dee schonn ee Joer, zwee Joer, dräi Joer am Chômage ass, deen all Mount op d'ADEM geet a gesot kritt: „Ma probéier do! Schreif do! Géi dohin!", deen honnert - honnert! - Demandë schreift! Wann hien eng Äntwert kritt oder si eng Äntwert kritt: ëmmer eng negativ!

Wat geschitt do? Do geschitt emol éischtens d'Gefill, eigentlech kee Wäert méi ze hunn, net méi gebraucht ze sinn. Do geschitt eppes, wat am Ufank Enttäuschung heescht a wat ganz schnell eigentlech Hoffnungslosegkeet, Verzweiflung bedeit, Resignatioun. Resignatioun, dat ass dat, wat d'Leit, déi am Laangzäitchômage sinn, empfannen. Nun ass awer grad Resignatioun dat Schlëmmst - dat Schlëmmst! -, fir erëm en Job ze fannen. Well wat fir eng Entreprise, wat fir en Employeur geet hin an en embauchéiert e Resignéierten, een, deen eigentlech d'Hoffnung opginn huet, deen de Glawen u sech selwer opginn huet? Keen oder ganz wéineg!

An duerfir, dat, wat mer hei wëlle maachen, dat ass, de Leit d'Vertrauen erëmginn, d'Selbstwäertgefill erëmginn, fir ze soen: „Natierlech hunn ech d'Recht an ech hunn och d'Kompetenz! Ech hunn d'Méiglechkeet, e Contrat à durée indéterminée ze kréien."

Dat ass dat, wat mer maachen: d'Loscht erëmginn, mueres opzestoen, ze schaffen an net, wéi Verschiddener dat richteg gesot hunn, aus enger Mesure an déi aner an dann erëm e Passage iwwer ee Joer oder zwee duerch de Chômage ze goen - alles dat bréngt näischt - oder an den RMG, deen hunn ech vergiess, an den RMG ze falen.

An duerfir ass genau dat heiten dat, wat mer brauchen. Mir ginn hei de Leit net nëmmen en Job. Mir ginn hinne méi. Mir ginn hinnen eigentlech hir Dignitéit zréck. Mir ginn hinnen erëm hiert Selbstwäertgefill zréck. An dat, mengen ech, ass fir eng Gesellschaft - an et huet een et gesot -, déi eigentlech eng vun deene wohlhabendste Gesellschaften, vun deene räichste Gesellschaften ass, eppes, wat en Dû misst sinn, wat eng Flicht ass, eng sozial Flicht, déi mer jiddwerengem schëlleg sinn.

Nu wëll ech soen…, et ass gesot ginn: „Firwat hutt Der dat net scho sechs Méint oder zwee Joer éischter gemaach? Wéi sidd Der drop komm?" Jo, ech soen Iech ganz éierlech: Ech sinn drop komm no enger Analys, wou ech gesinn hunn, datt de Chômage zréckgeet, mä mir behalen ee Problem eigentlech an duerfir kréie mer dee Chômage net méi drastesch zréck.

An ech sinn drop komm, well ech duerch Zoufall en Artikel gelies hunn iwwer eng Mesure a Frankräich vun engem Mann, engem fréiere Jesuit, dee sech engagéiert huet, fir grad dat doten ze maachen, an et fäerdegbruecht huet, och a Frankräich a kierzester Zäit e Gesetz stëmmen ze loossen. An dat Gesetz heescht: „Territoire sans chômage de longue durée" oder „Chômage de longue durée taux zéro". An dat huet mech dozou bruecht, fir ze soen: „Ma wann dat dach méiglech ass, a Frankräich a verschiddene Regiounen ze maachen, firwat ass dat net méiglech, hei zu Lëtzebuerg ze maachen?

(Interruption)

Ech hunn näischt géint d'Jesuiten.

Ma dat huet mech dozou bruecht, déi Propositioun ze maachen an och ze verlaangen, datt mer se ganz schnell iwwert d'Bün kréien. Mä et ass net nëmmen dee Fransous, deem ech dat ze verdanken hunn.

Et ass och den Här Weise, komescherweis den Här Weise. Ech weess net, ob Der den Här Weise kennt. Den Här Weise war bis virun e puer Méint de Chef vun der Bundesagentur für Arbeit, eigentlech e Mann, deen net elo fir säin extreme Sozialengagement bekannt war, mä als Manager d'Reform vun der Bundesagentur ganz staark no vir bruecht huet an och eis hei zu Lëtzebuerg bei der Reform vun der ADEM gehollef huet. Dat ginn ech gären zou.

An den Här Weise ass zum Enn vu sengem Mandat, dat heescht am Mäerz, zur Konklusioun komm, datt een och an Däitschland, wou et jo en Jobwunder gëtt, wou jo de Chômage och zréckgeet - eigentlech genau déi nämlecht Situatioun wéi bei eis -, de Chômage de longue durée, de Chômage vun deene Schwächsten net këint zréckbrénge mat normale Methoden. An en huet gesot: „Neen, mir bezuelen en Hartz IV, mä mir hätte besser, mir géifen a sozial Aarbecht, a kollektiv, an ëffentlech Aarbecht investéieren."

Dat ass also och eng Konklusioun, déi vun engem Mann, deen den däitschen Aarbechtsmaart ganz gutt kennt an e geréiert huet iwwer Joren, gesot ginn ass. An dat mécht, datt mer och haut hei eppes decidéieren, wat, mengen ech, sozial gesi ganz innovativ ass an och wäert ganz schnell positiv Resultater bréngen.

Zu e puer Froen, déi Der gestallt hutt. Dat Éischt ass: Firwat net de Privatsecteur? Ma, Här Kaes, ech hunn Iech dat schonn eemol gesot: Wann déi Leit do am Privatsecteur en Job fonnt hätten, dann hätte se e fonnt, da wiere se net Chômeur de longue durée iwwer zwee oder dräi Joer! A si hätten net schonn dräi Passagë beim Forum gemaach an trotzdeem keng Aarbechtsplaz fonnt. Et sinn déi Leit, déi eis interesséieren, grad déi Leit, déi net méi eng Chance hunn am Privatsecteur.

An et ass och dat, wat den Här Weise seet. Dee seet: „Firwat dauernd an d'Leit, an d'Formatioun, an d'Formatioun investéieren, wou mer wëssen, datt och d'Formatioun déi Leit net zréck op de sougenannte privaten Aarbechtsmaart bréngt?!"

Grad duerfir hu mer de Privatsecteur erausgeholl, well fir de Privatsecteur hu mer jo Mesuren. De Contrat de réinsertion-emploi ass eng Mesure fir de Privatsecteur, wou ee 50% - zwar nëmme 50% - vum Salaire wärend engem Joer plus d'Cotisation sociale rembourséiert kritt. An trotz allem hu mer e gutt Resultat, mä net eent, wat mech vum Stull geheit, an an annerhallwem Joer iwwer 220 Plazen esou kreéiert kritt. Dat ass net fantastesch, mä et sinn déi.

Mä mam Privatsecteur géife mer dee Problem do net ugoe kënnen. An duerfir loosse mer déi Mesurë fir de Privatsecteur fir de Privatsecteur sinn. A mir mussen also Mesuren huele grad vun deenen ëffentlechen oder sozialen Institutiounen, déi hëllefe kënnen, deen do Problem besser ze léisen.

Firwat 150? Well ons dräi Méint bleiwen an ech ons en Zil setze wëll an net wëll soen: „Oh, elo probéiere mer dat emol, mir setzen eis keen Zil." Momentan hunn ech eng Persoun an der ADEM genannt, déi dat dote Fulltime mécht. Déi ass haut an enger Gemeng gewiescht, si ass muer an enger Gemeng, si huet déi Diskussioune mam PRO-SUD gefouert.

An ech kann Iech nëmme soen, dee Feedback, deen ech kréien, ass ganz positiv vun de Gemengen, déi bereet sinn, eng Hand unzepaken, déi bereet sinn, ze hëllefen, dee Problem do ze léisen. An ech hat d'ailleurs mam President vum Syvicol eng ganz positiv Diskussioun a Reunioun, wou mer och zu deenen dote Konklusioune komm sinn.

A sécher, de Kollektivvertrag: Mir wëllen net Kollektivverträg aus den Aangelen hiewen! Dat ass doudsécher net meng Intentioun, bien au contraire, wou ech awer ëmmer muss soen: „Et kann een natierlech debattéieren, ob Leit, déi a verschiddene Mesurë schaffen, net awer en Impakt hunn op Leit, déi mat Kollektivverträg schaffen." Dir kennt dat och, Här Kaes, wou Leit déi nämlecht Aarbecht maachen an enger Initiativ an um Mindestloun leien, wärend anerer mam Statut vum Gemengenaarbechter oder Beamten ganz aner Konditiounen hunn.

Duerfir hunn ech gesot: „Nee, de Mindestloun dierf net ëmmer just d'Limitt sinn!" De Mindestloun sécher, mä duerfir gi mer bis 150%, do ass also och eng Marge. A wann een da mengt, et misst een 165% bezuelen, da mengen ech, da misst et engem Promoteur dat och wäert sinn, engem déi 15% dropzeleeën. Duerfir, ech mengen, dat si grosso modo déi, déi…

Ee Wuert zu de Reklasséierten: Sécher si vill Leit, déi am Reklassement sinn, hei concernéiert. Well 85,8% vun de Reklasséierte si scho méi wéi ee Joer am Chômage oder an hirem Statut. 85,8% vun de Reclassés externes! A si stelle 46% vun de Chômeurs de longue durée insgesamt duer. A grad op déi Leit musse mer zougoen.

A mir musse kucken, an duerfir hu mer och elo dat neit Instrument vum COSP - Handicap a Reklassement - kreéiert: Wat sinn d'Méiglechkeete fir déi Leit, erëm och an esou Jobben ze kommen? Well dat si jo normal Jobben, mä et geet natierlech drëm, sécher ze sinn, datt déi Leit och net nëmmen déi Kompetenz hunn, fir deen Job ze maachen, mä datt se natierlech och physesch d'Méiglechkeet an d'Capacitéit hunn, erëm zréck op den Aarbechtsmaart ze kommen. Mä Reklassement heescht jo net Invaliditéit, Reklassement heescht nach mussen a kënnen disponibel ze si fir den Aarbechtsmaart, ausser et kënnt een an d'Invaliditéit.

An duerfir wäerte mer natierlech besonnesch och mat deene Leit schaffen an hinnen eng Perspektiv ginn an hinnen och d'Méiglechkeet ginn, aus hirem Statut an aus der Hoffnungslosegkeet erauszekommen, déi vill Leit betréfft, déi scho laang eng Aarbecht sichen an ëmmer, ëmmer op e Refus stoussen. Datt mer deene Leit erëm eng nei Hoffnung ginn!

Ech soen Iech op jidde Fall fir déi Ënnerstëtzung vun haut e grousse Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Aarbechtsminister. An ech gi ganz gär zou, dass en deen Defi, deen e gestallt krut, erfëllt huet.

(Interruption)

En hat vun enger Wett geschwat.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat géife mer zum Vott iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7149 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procurationen. An de Vott ass ofgeschloss.

Mir hunn: 58-mol Jo..., 59-mol Jo, keen Neen, keng Abstentioun.

(Brouhaha et interruption)

Jo, et ass wahrscheinlech een, deen net geholl gouf. Also ech hat direkt ëmgeschalt, soudass mäi Vott net geholl ginn ass.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- 59, an et feelt awer nach een.

(Concertation interne)

Okay, den Här Eischen. Dann hu mer 60-mol Jo, unanime.

(Exclamations)

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth (par Mme Martine Mergen), Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da froe mer nach d'Dispens vum zweete Vott.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

3. Ordre du jour

An ech wollt d'Chamber froen, ob se dermat d'accord wär - déi zwee Ministeren hu sech dorop gëeenegt an ech hunn och nogefrot bei den Orateuren -, dass mer de Projet 7033, ee Modell 0, kéinte virzéien. Wann d'Chamber domat d'accord ass, da géife mer dat maachen.

(Assentiment)

Merci villmools. An de Rapporteur, den Här Frank Arndt, huet direkt d'Wuert.

4. 7033 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 février 2001 concernant les syndicats de communes

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

M. Frank Arndt *(LSAP), rapporteur.*- Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech

mengen, de Moien hat ech de Schnellzuch drop. De Mëtteg loossen ech mer da gutt Zäit.

(Hilarité)

Mir sti jo kuerz virun der Vakanz. Ech hat gehofft, datt ech Iech eng schéi Vakanz kéint wënschen. Mä gutt, dat wäert de Gilles Baum dann duerno kënne maachen.

De Projet 7033, deen am August 2016 vum Minister Dan Kersch deposéiert ginn ass, ass u sech elo eppes, wou ech och gär gehat hätt, datt mer dat de leschten Dënschdeg hätte kënnen un dem Max Hahn säi Projet hannendrunhänken. Da wiere mer, mengen ech, séier fäerdeg gewiescht, well et genau déiselwecht Thematik betrëfft. Ech hunn de Max Hahn gefrot: „Gëff mer emol deng Ried, well ech mengen, ech muss knäipen."

(Hilarité)

Et ass kee Copy-paste drop, mä et ass awer esou, datt, wéi ech als Rapporteur genannt gi sinn - an ech hale mech elo einfach net méi un dat, wat ech hei stoen hunn -, et d'Saach vill méi einfach gemaach huet, fir Iech ze soen: Mir haten e Problem als Gemengen, wa mer an déi Aventure eragaange sinn. De Laurent Knauf, mäin Distriktskommissär an der Zäit, huet da bis zu 258 Leit misse mobiliséieren am Land, fir op eng Plaz ze kommen, fir e Vott ze maachen, wou mer eis alleguer eens waren! Ech wëll awer elo kengem e Vott viraushuelen.

An déi Simplification administrative, déi dann elo geschitt, ass u sech, datt mer dat däerfe mat Mathëllef vum Interieur maachen. Den Interieur wäert dat an enger Bréifwahl maachen, déi eis et erlaabt, dat dann eben net méi mussen op der Plaz ze maachen, wou mer dann hibestallt gi sinn, awer iwwer eng Bréifwahl ze maachen, wou nach ëmmer de Gemengerot deen ass, dee bestëmmt, wien en als Kandidat presentéiert a proposéiert. An dat wäert och esou bleiwen. A schlussendlech gëtt de Mandat och esou verlängert, datt en (veuillez lire: datt en net) ophält, bis deen neie genannt ass.

Ech denken, d'Gemengepolitiker, an där si vill heibannen, wäerte Merci soe fir dee Schratt, deen do gemaach ginn ass. An ech mengen, datt dat Gesetz hei eng grouss Zoustëmmung wäert fannen. Déi zwou Säiten, déi ech opgeschriwwen hunn, hunn ech elo an e puer Wierder resuméiert. Dofir nach eng Kéier e grousse Merci un Iech, Här Minister, awer och un d'Mataarbechter, fir dee Schratt, deen Der elo gemaach hutt, souwuel bei de Loyerskommissioune wéi hei, fir eng Simplification administrative fäerdegzebréngen, déi néideg war.

A fir weider Avise verweisen ech op dee schréftleche Rapport, dee bäiläit. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also ech géif dann och allen anere Riedner soen, si sollen hir Rieden op d'Säit leeën an elo just…

(Hilarité)

Den Här Eicher huet dann d'Wuert.

Discussion générale

M. Emile Eicher *(CSV).*- Genau dat hat ech elo wëlles, Här President. Erlaabt mer awer trotzdeem, mengem Kolleeg, dem Frank Arndt, e Merci ze soe fir säi konzise schréftleche Rapport a säi ganz perséinleche mëndleche Rapport haut de Mëtteg.

(Hilarité)

Ech mengen, eng Saach, déi sécher ass: Dat hei ass e Projet de loi, deen, ech kann et direkt soen, vun der CSV gedroe gëtt, well et och enger laangjäreger Fuerderung vum Syvicol entsprécht.

(Interruptions et brouhaha)

Et sinn zwou Neierungen an ech kann awer do soen, wat déi Neierunge sinn: Dat ass fir d'Éischt dann emol d'Sécherheet - an dat ass, mengen ech, awer ganz wichteg! -, et gëtt Sécherheet geschaaft an där Period tëschent de Gemengewahlen an der Konstitutioun vun den neie Comitéen a Büroen. Do war bis elo ëmmer en zimlechen Techtelmechtel an dat war ganz schlecht, well besonnesch bei ganz grousse Syndikater hate mer ganz vill Rechtsonsécherheet. An dat gëtt op dësem Wee awer elo ganz kloer gekläert.

Une voix.- Très bien!

M. Emile Eicher *(CSV).*- Ech fannen, och wann et nëmmen eng ganz kleng Neierung ass, et ass awer trotzdeem eng ganz wichteg.

Dat anert ass eben dat, wat den Här Arndt elo scho gesot huet, datt mer awer wierklech elo net méi déi Prossessioun vun Honnerte vu Conseilleren organiséieren, wéi am Fall vum Syvicol, ausser der Stad Lëtzebuerg, wou mer all Conseiller ugeschriwwen hunn, déi sech an engem Dag hu misse fräihuelen, fir ofstëmmen ze goen. Dat leeft elo vill méi einfach am Sënn och vun der Simplification des procédures. Duerfir ass et elo méi einfach, per Vote par correspondance ofzestëmmen. Villmools Merci fir dat!

Mä ech wollt awer trotzdeem vun der Geleeënheet profitéieren, well ech hat gesot: „eng kleng Reform", et ass awer och eng gréisser Reform vum Minister ugekënnegt ginn. An ech géif och den Här Minister vläicht froen, ob an deem Sënn scho Viraarbechte gelaf sinn, ob en eis vläicht kéint e puer Informatiounen dozou ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a wollt mech awer och dem Här Arndt uschléissen, well ech hat och gehofft, dee Leschten ze sinn a jiddwerengem eng ganz flott Vakanz, eng erhuelsam Vakanz, och Iech, Här President, ze wënschen. Mä bon, voilà, dat ass awer elo net gelongen!

(Brouhaha et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Majo, da Merci och dem Här Eicher.

(Hilarité)

An da gi mer dem Här Hahn d'Wuert weider.

M. Max Hahn *(DP).*- Och ech wäert da probéieren, dat ouni Ried ze maachen, Här President. Wann dat Äre Wonsch ass,…

(Brouhaha)

…da wäert ech deem natierlech Rechnung droen. An ech géif dann dem Rapporteur, mengem Kolleeg, dem Frank Arndt awer hei vun dëser Plaz e ganz grousse Merci soe fir säin dach e bëssen onkonventionellen, awer ganz sympathesche mëndleche Rapport, deen en eis hei virgedroen huet, an natierlech och fir säi schréftleche Rapport. Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun.

An an deem Sënn géif ech dann och den Accord vun der Demokratescher Partei ginn an…

M. Claude Lamberty *(DP).*- Schéi Vakanz!

M. Max Hahn *(DP).*- …schéi Vakanz wënschen.

(Hilarité)

Une voix.- A gudden Appetitt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir sinn nach net esou wäit.

Une voix.- Vill Gléck an der Nationallotterie!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dann hu mer als Nächsten den Här Roberto Traversini.

M. Roberto Traversini *(déi gréng).*- Merci. E Rapport, dee schnell a gutt war, an einfach. Ech hunn deen och direkt verstanen. Merci!

A mir ginn natierlech och do den Accord vun eiser Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech ginn och vun eiser Säit aus den Accord zu dësem Projet, a genau wéi den Här Traversini hu mir och de Rapport verstanen.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Baum huet d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Här President, an deem Fall wëll ech Jubel, Trubel, Heiterkeit och net ënnerbriechen a ginn och den Accord vun der lénker Fraktioun.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Aah!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An Här Minister, d'Lat ass ganz héich geluecht.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech mengen, dat heiten ass dee beschte Beweis, dass een och mat klenge Schrëtt heiansdo ganz wäit no vir ka kommen. Ech wéilt jiddwerengem e Merci soen, deen hei matgeschafft huet. Effektiv, et ass esou, wéi mer et elo hei scho vun e puer Riedner exposéiert kritt hunn: Et ass eng wesentlech Simplification administrative fir déi Leit, déi an hirer Fräizäit als Gemengepolitiker aktiv sinn, fir deenen d'Liewe wesentlech méi einfach ze maachen.

Op där enger Säit hu mer natierlech d'Simplificatioun vun der Prozedur vun der Nominatioun, vun der Designatioun vun den Delegéierten, op där anerer Säit, an den Här Eicher ass dorobber agaangen, e wichtegt Element: d'Prolongatioun vum Mandat, bis se dann och effektiv remplacéiert sinn, wat déi néideg Rechtssécherheet schaaft. Dann och d'Revocatioun, déi ersat gëtt duerch de Remplacement, dat heescht, dass de Gemengerot respektiv déi Gemengeréit, déi een Delegéierten zesummen designéiert hunn, zu all Moment d'Recht hunn, fir deen Delegéierten och erëm zréckzezéien. Och dat ass e ganz wichtegt Element vun dësem Gesetz.

Duerfir jiddwerengem Merci, deen dorunner matgeschafft huet. An esou, wéi et ausgesäit, schléisse mer eis jo deem un, wat den Här Schmit elo hei realiséiert huet, näämlech Eestëmmegkeet. An doriwwer kann ech mech nëmme freeën!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Mir géifen dann zum Vott iwwert den Ensembel vum Projet iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7033 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Dir hutt et virausgesinn, Här Minister: 60 Stëmmen derfir, Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen dann zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6593, den Organisatiounsstatut vum Centre socio-éducatif de l'État. An de Rapporteur, den Här Gilles Baum, ass prett. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

5. 6593 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 16 juin 2004 portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État;

2. de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;

3. de la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire;

4. de l'article 32 du Livre 1er du Code de la sécurité sociale

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Gilles Baum *(DP), rapporteur.*- Villmools Merci, Här President. An ech entschëllege mech, dass ech elo net kann an där gudder Laun, wéi mer elo hei waren, weiderfueren. Mir schwätzen elo iwwer e wierklech ganz seriöt Thema. Mir schwätzen iwwert déi Jugendlech, déi net d'Chance haten, eng gutt Kannerstuff ze hunn, déi Jugendlech, déi keng Hand haten, déi se geleet huet, keng Hand haten, déi se begleet huet, an déi iwwert d'Geriicht an eng staatlech Struktur fir Mannerjäreger placéiert ginn.

Eleng schonn d'Nummer vum Rôle, de 6593, léisst drop schléissen, dass et schonn eng Zäitchen hier ass, wéi dee Projet de loi hei an der Chamber deposéiert ginn ass. Dëst, well mer eng Abberzuel vun Avisen ageholl hunn, dëst awer och, well de Projet de loi dräimol beim Statsrot war.

Wann et ëm d'Aschränkung vun der Fräiheet geet, da muss ee bis an de leschten Detail derfir suergen, dass gewëssen international Normen a Standarde respektéiert ginn. Wann et dann nach ëm Mineurë geet, da muss een ëmsou méi oppassen.

Mat dësem Text droe mir elo der Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter, dem Conseil de l'Europe, dem Europäesche Comité géint Folter an diverse Recommandatioune vun der UNO Rechnung. Zil ass et, déi Mannerjäreg ze schützen, déi an eng Struktur vum Stat kommen, sief dat zu Dräibuer oder zu Schraasseg, wou am Moment 92 Jongen a Meedercher betreit ginn.

Dëst Gesetz gëtt de verschiddene Servicer vun den Zentren eng legal Basis an erlaabt eis, d'Unité de sécurité zu Dräibuer, besser bekannt ënnert dem Term UNISEC, elo definitiv opzemaachen, an dat mam Zil, dass keng Mannerjäreger méi sollen op Schraasseg an de Prisong kommen. Et regelt awer och déi intern Organisatioun an d'Paie vun deene Leit, déi do schaffen.

Och gëtt de Régime disciplinaire festgeluecht no de Regelen, déi international gëlle fir Mannerjäreger, déi vum Stat placéiert ginn. Des Weidere schaaft dëst Gesetz déi legal Basis fir de Projet individualisé, deen den Encadrement vum Mineur soll verbesseren, fir déi informatesch Gestioun vun den Donnéeën, fir d'Kierperduerchsichungen, d'Fouillen, déi konform zu internationalem Recht musse sinn, a fir d'Gläichheet vum Salaire vun de Leit, déi an der UNISEC wäerte schaffen, an de Leit, déi am Prisong oder am Centre de rétention schaffen.

D'UNISEC, dat ass eng vun deene siwen Unitéite vum Centre socio-éducatif de l'État. Si iwwerhëlt Aufgaben am sozioeducative Beräich, am schouleschen, am therapeutesche Beräich, awer och am Beräich vun der Präventioun. Et ass eng geschlossen Unitéit, déi bis zu zwielef Mannerjäreger ophuele kann, opgrond vu geriichtlechen Uerteeler.

Et ass selbstverständlech, dass an engem Rechtsstat all Mesure, déi d'Fräiheet an d'Rechter aschränkt, muss op enger legaler Basis foussen an déi international Prinzipie muss respektéieren, wat Jugendlecher ugeet, deenen zäitweileg d'Fräiheet entzu gëtt. De Projet de loi mécht och e ganz kloren Ennerscheed tëschent den educative Mesuren an den disziplinäre Mesuren.

Den Direkter an d'Personal stelle fir all Jugendlechen e Projet individualisé op, deen d'Prise en charge wärend an awer och no sengem Openthalt an der Struktur festleet, fir de Jugendlechen op seng Entloossung an d'Fräiheet virzebereeden an d'Ziler vun der sozialer Integratioun an d'Gesellschaft festzeleeën.

De Projet individualisé hëlt Récksiicht op dat psychosoziaalt Ëmfeld vum jonke Mënsch viru senger Zäit an der Struktur, op seng Familljesituatioun, seng Perséinlechkeet, seng Besoinen an Erwaardungen.

Dëse Projet gëtt also am Interêt vum Jonken opgestallt, an Zesummenaarbecht a mat der Zoustëmmung vun de geriichtlechen Instanzen. De Jonke soll un der Ausaarbechtung vu sengem Projet matschaffen. Seng Elteren oder den Tuteur kréien de Projet matgedeelt. Dee Jonken, deen an eng Struktur kënnt, ass gehalen, d'Regele vum Zenter anzehalen, hien ass gehalen, dem Personal ze follegen a mat de Leit zesummenzeschaffen, déi säi Projet individualisé ëmsetzen.

Den Direkter ass de Chef hiérarchique vum Zenter. Him zur Säit steet en Directeur adjoint an déi Responsabel vun deene verschiddenen Unitéiten. Dës assuréieren d'Gestioun vun deene verschiddenen Unitéiten. Si gi vum Direkter fir zwee Joer ernannt an hiert Mandat ka weidergefouert ginn, et kann erneiert ginn.

Fir all Site gëtt e Plan de gestion de crise opgestallt. Fir d'Sécherheet am Zenter sinn natierlech d'Agenten zoustänneg. D'Police suergt fir d'Sécherheet dobaussen oder wärend engem Transfert vun engem Zenter an d'UNISEC. D'Police passt och op déi Jonk op, wa si an d'Klinik mussen, wann eng Garde néideg gëtt, well ee Jonken als geféierlech agestuuft gëtt oder wann e Risiko besteet, dass e fortleeft.

Falls d'Gardienen et net sollte fäerdegbréngen, fir d'Sécherheet an d'Uerdnung an engem Zenter erëm hierzestellen, rifft den Direkter oder säi Remplaçant d'Police zu Hëllef.

Wat elo d'Disziplinn ugeet, do ënnerscheede mer tëschent „mesure disciplinaire" an „sanction disciplinaire". D'Mesure disciplinaire huet zum Zil, d'Uerdnung direkt erëm hierzestellen, wärend Sanktiounen natierlech eng repressiv Wierkung hunn. Nom Prinzip vun der Légalité des peines muss d'Verhalen, wat zu enger Strof

féiert, kloer an engem legalen Text festgeschriwwe sinn. Beim Régime disciplinaire gëtt dem Gesondheetszoustand vum Jugendlechen, senger Maturitéit, senger Verletzlechkeet, awer och den Emstänn an der Gravitéit vun de Fakte Rechnung gedroen.

Wärend der Prozedur kritt de Jugendlechen e pädagogeschen Encadrement. Hie kann d'Personal, dat hie betreit, gesinn an och d'Hëllef vun engem Affekot ufroen. Kee Jonke kann enger Mesure oder Sanction disciplinaire ënnerleien, ouni am Virfeld iwwert dat Feelverhalen, wat him virgeworf gëtt, informéiert ginn ze sinn an ouni dass hie sech konnt verdeedegen. Virun enger Decisioun gëtt hie vum Direkter oder sengem Vertrieder zu de Faite befrot.

Verstéiss, déi zu enger Mesure disciplinaire féieren, kënne sinn: Ungehorsam, dat heescht de Fait, net ze follegen, all Aktivitéit, déi d'Uerdnung an d'Sécherheet am Zenter gefäerdet, d'Sécherheetsmesurë mëssuechten, d'Futtimaache vu Géigestänn, déi dem Stat oder enger anerer Persoun gehéieren. D'Konsequenzen dovunner, also d'Mesures disciplinaires, sinn eng schréftlech Aarbecht oder eng onbezuelte Botz- oder Fléckaarbecht, déi awer net méi laang wéi aacht Stonnen däerf daueren.

Am Fall vun engem Verstouss gëtt vum Agent oder dem Educateur e Bericht geschriwwen, wou drasteet, wat geschitt ass, och d'Depositioun vum Jonken an eventuell d'Depositioune vun Zeien. Den Direkter oder säin Adjoint bewäerten doropshin, ob d'Procédure disciplinaire néideg ass.

D'Decisioun gëtt deem Jonke matgedeelt, dee se kann ufechten. An deem Fall gëtt de Jugendriichter ageschalt, deen d'Entscheedung hëlt. Géint dës Mesurë kann de Jugendlechen e Recours virum Jugendriichter aleeën, géint d'Decisioun vum Jugendriichter gëtt et allerdéngs kee Recours.

Wat déi disziplinär Sanktiounen ugeet, do ass en Openhalt an enger Kummer virgesinn, en Isolement temporaire, deen awer op kee Fall méi laang wéi 72 Stonne kann daueren, an och wärend deenen 72 Stonne muss de Jugendleche mindestens eng Stonn pro Dag an d'frësch Loft gelooss ginn.

Eng disziplinär Sanktioun kann nëmmen a schlëmme Fäll, déi och dokumentéiert sinn, ausgesprach ginn. Dozou gehéiert: wann e Jugendlechen e puermol fortgelaf ass, sexuell oder physesch Aggressioun, e schlëmme Verstouss géint d'Sécherheetsvirschréften, deen d'Liewe vun anere Jugendlechen, vun de Gardienen oder den Educateure géif op d'Spill setzen, e widderhuelte Verstouss géint d'Uerdnungsvirschréften, de Besëtz, d'Consommatioun, d'Produktioun oder de Verkaf vun Drogen, de Besëtz an d'Uwendung vu Waffen a Munitioun, an den Opruff zu enger Emeute.

Bei de Sanktiounen ass d'Prozedur déiselwecht: e Rapport d'évaluation duerch den Direkter an am Fall, wou contestéiert gëtt, eng Decisioun vum Jugendriichter. Hei ass e Recours non suspensif beim Jugendriichter méiglech, an dat bis zu siwen Deeg no der Notifikatioun.

Och wann e Jugendleche fir eng Zäitchen agespaart gëtt, däerf den Infirmier oder den Dokter zu all Moment bei hie goen.

Wat elo de Volet vun de Fouillen ugeet, also Kierperduerchsichungen, do ënnerscheede mer dräi Typpen: déi einfach Fouille, dat heescht, déi, wou d'Kleeder ofgetaascht ginn, wou gekuckt gëtt, wat an den Täschen ass, d'Ganzkierperfouille, dat heescht, déi, wou de Jugendleche sech muss ganz oder deelweis ausdoen, an déi intimm Fouille, déi awer just duerchgefouert gëtt, wann en akute Risiko fir d'Personal oder aner Jugendlecher kéint bestoen. Dës Fouille kann och nëmmen a Präsenz vun engem Dokter a vun engem Dokter duerchgefouert ginn.

Dës Akte mussen awer am Respekt vun der Mënschewierd duerchgefouert ginn. Déi Ënnersichungen, Duerchsichunge ginn duerchgefouert vun op d'mannst zwee Agente vum selwechte Geschlecht wéi dee Jonken, dee gekuckt gëtt.

Och déi perséinlech Saache grad ewéi d'Kummer an den Dortoir vum Jugendleche kënnen duerchsicht ginn, an do däerf de Jugendlechen derbäi sinn, et sief dann, et géif eng akut Gefor bestoen.

Dëst Gesetz schaaft awer och déi legal Basis fir d'Zesummestellen an d'Verwalte vun dräi verschiddene Fichieren: dem individuelle Fichier mat de perséinlechen Donnéeën, engem Fichier vun der UNISEC, deen d'Entréeën an d'Sortien an der UNISEC dokumentéiert, an e Fichier spécial, deen d'Fouillen dokumentéiert.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Fir Transparenz suergt de Fait, dass och festgehale gëtt, vu wiem a wéini a firwat en Dossier konsultéiert gouf, an dës Donnéeë ginn an der Regel no dräi Joer geläscht.

D'Verwalte vun der UNISEC ass eng richteg Erausfuerderung fir d'Direktioun a fir all déi Leit, déi do schaffen, well se deeneselwechte Risiken, deeneselwechten Exigenzen, deeneselwechten Ufuerderungen ausgesat si wéi déi Leit, déi am Prisong schaffen. Well d'Aarbechtsbedingungen déiselwecht sinn, awer och fir d'Attraktivitéit vun der Aarbecht ofzesécheren, schaaft dëst Gesetz e Parallellismus, wat d'Paien an déi berufflech Virdeeler ugeet, tëschent dem Personal, wat an der UNISEC schafft, an dem Personal am Prisong oder am Centre de rétention.

Wéi gesot, et koume ganz vill Avisen eran, ganz vill interessant Avisen, niewent deene vun de Beruffskummeren och den Avis vun der CNPD, den Avis vun der Association nationale des communautés éducatives et sociales, dem Parquet, der Cour de justice, dem ORK an och der Mënscherechtskommissioun. Ech verweisen heifir op de schréftleche Rapport, genausou fir d'Informatiounen, déi Dir géift brauchen zur Fiche financière.

Ech géif hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Här Patrick Thoma an dem Här Manuel Achten vum Ministère Merci ze soe fir d'Begleeden an d'Ënnerstëtze wärend der ganzer Zäit, wou mer un deem Projet hei geschafft hunn. An ech géif där neier Equipp ronderëm de Ralph Schroeder eng glécklech Hand wënschen an hirer neier, sécher net einfacher, awer sécher nobler Aufgab.

Domat ginn ech dann och den Accord vun der Demokratescher Partei. Ech géif mech freeën iwwer eng breet Zoustëmmung, a genausou géif ech mech freeën, wann Dir alleguerte géift gesond a monter aus der Vakanz zréckkommen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Rapporteur Gilles Baum. Als éischt ageschriwwe Riednerin hunn ech d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch. Madamm Gaasch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëll ech dem Rapporteur, dem Gilles Baum, e ganz häerzleche Merci soe fir säi wierklech exzellente schréftlechen an och mëndleche Rapport. Dëse Gesetzestext gouf jo nach ënnert der CSV deposéiert a mëttlerweil sinn eng ganz Partie Adaptatiounen an och Amendementer derzou gemaach ginn.

D'Amendementer, déi dës Regierung hei erabruecht huet, hunn eng ganz Partie vu Verbesserunge mat sech bruecht, déi mer och wierklech begréissen, esou zum Beispill, dass all Jugendlechen e sougenannten „projet individualisé" kritt. Dat ass e ganz wichtegt Element, op dat den Här Baum och schonn am Detail agaangen ass, en Element, wat dem Erzéier erlaabt, dee Jonke wierklech individuell ze begleeden an eng reell Liewensperspektiv fir a mat him zesummen auszeschaffen.

Da begréisse mer awer och nach ënner villen anere Saachen, dass d'Mesure d'isolement temporaire vun zéng op dräi Deeg reduzéiert gouf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten zum Volet vun de Mesures a Sanctions disciplinaires déi lescht Woch nach en Amendement an der Kommissioun eragereecht, fir dem Personal sur place méi Moyenen ze ginn, fir direkt kënnen ze reagéieren, wann dee Jugendleche sech dann dernieftbehëlt. Mir hate proposéiert, fir niewent den normalen „mesures éducatives", déi d'Educateuren am Alldag benotzen, sougenannt „mesures de bon ordre" anzeféieren amplaz vun deenen „mesures disciplinaires", déi elo am Gesetz stinn. Eis Mesures de bon ordre géifen näämlech keng Recoursméiglechkeet erlaben, mä au contraire, si géifen et erlaben, dass d'Educateure kéinten direkt op e Feelverhale vum Jugendleche reagéieren. Et wier domadder vill méi kloer fir dee Jonken, wat säin onerwënscht Verhalen als direkt Konsequenz géif mat sech bréngen.

Mir hunn eis dobäi un der franséischer Legislatioun orientéiert, esou wéi de Conseil d'État dat och a sengem virleschten Avis suggeréiert hat.

Madamm Presidentin, eisen Amendement hätt wesentlech zur Verbesserung vum Gesetz bäigedroen, a mir bedaueren, dass d'Kommissioun net gewëllt war, sech déi néideg Zäit ze loossen, dësen Amendement am Detail ze studéieren - et waren dach awer eng ganz Partie Säiten - an dann an enger nächster Sitzung ze diskutéieren. Et wier jo definitiv net op dräi weider Méint ukomm, elo wou mer schonn esou vill Joren op dëse Projet waarden. Esou wéi een déi lescht Woch konnt um Radio vum neien Direkter héieren, leien d'Problemer näämlech och nach op enger ganz anerer Plaz, an ech wäert och herno dorobber ze schwätze kommen.

Ech wéilt awer kuerz op den Inhalt vun eisem Amendement agoen. Mir sinn der Meenung, dass, esou wéi et elo am Gesetz virgesinn ass, et e falsche Message ass fir e jonken Delinquant, dass, wa soll eng Mesure disciplinaire gesprach ginn, hie ka Recours maachen an no engem Affekot froen. Dëst erlaabt näämlech an deem Fall net, dass den Erzéier kann eng direkt Äntwert op e Feelverhale ginn.

Vu wat schwätze mer? Ma et geet zum Beispill drëms, dass een engem Jonke muss kënne soen, wann hien da wärend dem Mëttegiesse säin lesse widdert d'Mauer gejummt huet, dass hie soll dohinnergoen, dat oprafen an opbotzen, an dat, ouni dass hie seet, hien hätt e Recht op en Affekot.

Mir sinn der Meenung, dass ee muss kënnen direkt reagéieren, fir ze verhënneren, dass sech e Gefill vun Impunitéit kann entwéckelen, esou nom Motto: „Et geschitt mer jo souwisou näischt." Direkt reagéieren, dat wier laut eisem Amendement zum Beispill: en Entschëllegungsbréif verlaangen, eng Mediatioun unuerdnen, e Rappel à l'ordre ausspriechen oder ee fir eng kuerz Zäit aus enger Gruppenaktivitéit ausschléissen, wann dat da sollt erfuerderlech sinn. An dat alles, ouni dass dee Jonke bei dëse Mesures de bon ordre kann op pädagogesch a psychologesch Ennerstëtzung zréckgräifen an ouni dass hien d'Assistenz vun engem Affekot ka verlaangen. Ee prealabelt Gespréich géif natierlech där Mesure virausgoen, e Bericht géif alles festhalen an e jäerleche Bilan mat alle Mesures de bon ordre géif dem Jugendriichter natierlech virgeluecht ginn.

Eis Mesures de bon ordre wieren am Fong geholl ze gesinn als esou eng Tëschestuf tëschent den normale Mesures éducatives an der Sanction disciplinaire, déi hirersäits jo ganz kloer eng Recoursméiglechkeet géif erlaben. Pour rappel, d'Sanction disciplinaire beinhalt jo, dass de Mineur fir 72 Stonne maximal kann an en Zëmmer gespaart ginn.

Do dernieft ass et fir eis awer och kloer, dass dat Ganzt och eng educativ Dimensioun an dëser Mesure de bon ordre enthält. Dee Jugendleche muss näämlech léieren, dass d'Zesummeliewen eng Rei Regele verlaangt, déi net verhandelbar sinn. Esou wéi et elo am Gesetz steet, ass dat awer net de Fall. Eis Propositioun géif den Educateuren an hirer schwiereger Aarbecht am Alldag mat de Mineuren hëllefen, eng Handhab ze hunn, fir direkt kënnen ze reagéieren, e kloert Zeechen ze setzen; verschidden Niveauen deemno vu Mesuren a Sanktiounen, jee nodeem, wat ee sech zu Schold komme gelooss huet.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, et bleiwen awer nach eng ganz Partie Froen op. Et ass näämlech net kloer, wéini e jonke Mënsch iwwerhaapt an d'UNISEC kënnt. Dëst Gesetz bezitt sech jo op ganz Dräibuer, also do, wou d'Jonge sinn, an awer och op Schraasseg, wou d'Meedercher sinn, an net just op d'UNISEC. Et misst duerfir onbedéngt präziséiert ginn, wéi eng kriminell Faiten e jonke Mënsch an d'UNISEC bréngen. Hei feele Kritären, kloer Kritären, déi fir jiddwereen erkennbar sinn.

Hei zu Lëtzebuerg ass et jo esou, dass dës Decisioun der Appreciatioun vum Riichter ënnerläit. Mä ass et dann net awer esou, dass jonk Delinquantë kloer Messagë brauchen a kloer musse wëssen, wéi ee Verhalen dann och wéi eng Konsequenze mat sech bréngt?

Da feelt eis och en Alterskritär: Ab wéi engem Alter kann een dann iwwerhaapt elo an d'UNISEC kommen? An et ass och weiderhin net formell verbueden, e Mineur an de Prisong fir Erwuessener ze schécken. Och dëst misst endlech schwaarz op wäiss an dëst Gesetz geschriwwe ginn.

Mir ënnerstëtzen awer och d'Fuerderung vum neien Direkter, dass niewent de Sitten Dräibuer a Schraasseg nach weider Strukturen iwwert d'Land fir Mineure missten ageriicht ginn, wou a klenge Gruppen eng ganz intensiv educativ Aarbecht kéint geleescht ginn. Dat ass leider relativ schwéier a Gruppe vu bis zu 20 Jonken ze bewältegen.

